relatif à l'adaptation budgétaire du projet de réaménagement de la „Croix de Gasperich" avec reconstruction de l'ouvrage d'art 216 sur l'A6 et réaménagement du carrefour formé par la route nationale 4 et le chemin repris 186

Par la loi du 14 décembre 2001, le Gouvernement avait été autorisé à faire procéder au réaménagement de la «Croix de Gasperich» avec reconstruction de l'ouvrage d'art 216 sur la A6 et réaménagement du carrefour formé par la route nationale 4 et le chemin repris 186. L'article 2 de la loi précitée prévoit que les dépenses occasionnées ne peuvent dépasser la somme de 10.510.685,45 euros, sans préjudice des hausses légales pouvant intervenir jusqu'à achèvement des travaux.

Conformément aux dispositions de l'article 3, les dépenses sont imputables sur le Fonds des routes.

Le présent projet de loi a pour objet d'autoriser le Gouvernement à adapter l'enveloppe financière arrêtée par la loi précitée pour la porter de 10.510.685,45 euros à 15.115.185,45 euros TTC. La dépense supplémentaire de 4.605.000 euros est détaillée par l'exposé des motifs de la façon suivante:

Les dépenses de 600.000 euros pour les études n'avaient pas été prises en compte dans le devis à base du projet de loi;

Les lots 1 et 2 ont été adjugés à des montants supérieurs au devis de 15,79% respectivement de 26,89%. Avec le glissement entre l'A3, l'A6 et la bretelle Luxembourg/Sud-Trèves le dépassement pour ces lots se chiffre à 1.762.000 euros;

Le chantier de l'O.A. 216 présente un dépassement de 900.000 euros causé principalement par la déviation des câbles 65 kW de la Ville de Luxembourg sur une longueur beaucoup plus importante que prévue ainsi que de diverses positions non prévues au bordereau des prix;

Les frais pour le déplacement de la conduite SEBES accusent un dépassement de 870.000 euros par rapport à l'estimation de la convention avec le SEBES;

Les frais pour l'éclairage public d'un montant estimé à 300.000 euros n'étaient pas prévus.

La réserve pour imprévus s'élève à 172.500 euros.

Dépôt par Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, le 14.07.2004

Rapporteur: M. Marcel Sauber

Travaux de la Commission des Travaux publics (Président: M. Nicolas Strotz; nouveau président: M. Lucien Clement):

05.10.2004	Désignation d'un rapporteur
	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
19.10.2004	Examen et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 28.10.2004

5365 - Projet de loi

relatif à l'adaptation budgétaire du projet de réaménagement du carrefour formé par l'A 4 (route d'Esch-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies

Par la loi du 1er août 2001, le Gouvernement avait été autorisé «à faire procéder au réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant la construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies». Les dépenses occasionnées étaient fixées à une enveloppe globale de 11.427.841,49 euros sans préjudice de l'incidence des hausses légales des prix pouvant intervenir jusqu'à leur achèvement. La Commission rappelle que le carrefour formé par l'A4 et la rue de Merl avait été construit dans le cadre du programme général d'établissement d'une grande voirie de communication fixé par l'article 6 de la loi du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un Fonds des Routes et notamment du projet d'*«une nouvelle route d'Esch-Alzette à Luxembourg, entre Lallange et Hollerich (Place SS.-Pierre et Paul), et son raccordement à la ceinture de contournement de la ville de Luxembourg»*.

D'après l'exposé des motifs, les dépenses supplémentaires se résument comme suit:

Le montant pour l'ensemble de l'éclairage public de l'ouvrage a été sous-estimé, la variante retenue pour l'éclairage des parois de l'ouvrage par LED et le dédoublement de l'éclairage central des rampes présentent un supplément de 1.100.000 euros (TVA comprise).

Les plantations pour mesures compensatoires, aménagement du bac central du giratoire ainsi que l'aménagement de plantations côté Merl n'étaient pas prévues dans le devis et reviennent à 105.000 euros (TVA comprise).

Les travaux d'équipements de voirie non prévus (travaux de marquage, pose de glissières et de la signalisation verticale…) représentent un montant estimé à 575.000 euros (TVA comprise).

Réserve pour imprévus: 80.500 euros (TVA comprise).

A l'instar de ce qui précède, l'adaptation des dépenses autorisées par la loi du 1er août 2001 s'élève à un montant arrondi de 1.900.000 euros.

Dépôt par Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, le 14.07.2004

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Travaux publics (Président: M. Lucien Clement):

05.10.2004	Désignation d'un rapporteur
	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
19.10.2004	Examen et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 28.10.2004

SÉANCE SOLENNELLE D'OUVERTURE DE LA SESSION PARLEMENTAIRE 2004-2005

M. le Président Lucien Weiler, accompagné par M. le Secrétaire général Claude Frieseisen, accueille à l'entrée du Palais grand-ducal S.A.R. le Grand-Duc Henri qui, accompagné par S.A.R. la Grande-Duchesse Maria Teresa, le Premier Ministre M. Jean-Claude Juncker et la suite grand-ducale, se rend à l'Hôtel de la Chambre des Députés pour clore la deuxième session extraordinaire 2004 et ouvrir la session ordinaire 2004-2005.

Une haie d'honneur de l'Armée et de la Police grand-ducale est postée le long du tapis rouge conduisant du Palais à la Chambre des Députés.

Au péristyle de l'Hôtel de la Chambre, LL.AA.RR. sont accueillies par les membres du Bureau et par M. Benoît Reiter, Secrétaire général adjoint.

Elles sont ensuite conduites à Leurs places dans la salle de séance où deux sièges sont installés sur une estrade au pied de la Présidence. La suite de LL.AA.RR., composée de M. Jean-Jacques Kasel, Maréchal de la Cour, et de M. Henri Chrisnach, Aide de Camp, prend place à droite de la Présidence.

Aux tribunes ont pris place: les membres du Corps diplomatique, les représentants du pouvoir judiciaire, le Président du Conseil d'État, le Président de la Cour des Comptes, le Médiateur, des membres luxembourgeois du Parlement européen et les représentants de la presse.

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'Etat.

La séance publique est ouverte à 15.02 heures

Ordre du jour

1. Paroles de bienvenue de M. Lucien Weiler, Président de la Chambre des Députés, entouré par M. le Vice-Président Jos Scheuer et M. le Vice-Président Niki Bettendorf
2. Clôture de la 2e session extraordinaire 2004 et ouverture de la session ordinaire 2004-2005 et discours de S.A.R. le Grand-Duc Henri
3. Composition du Bureau et renouvellement du mandat du Secrétaire général
4. Composition des commissions parlementaires
5. Délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales
6. Présidence d'honneur et octroi du titre honorifique de leur fonction à des anciens députés

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

1. Paroles de bienvenue de M. Lucien Weiler, Président de la Chambre des Députés, entouré par M. le Vice-Président Jos Scheuer et M. le Vice-Président Niki Bettendorf

Altesse royale,

et ass fir d'Lëtzebuerger Chamber eng grouss Éier, haut um éischten Dag vun där éischter uerdentlecher Sessioun vun där nei gewielter Chamber Iech an deem nei gewielte Parlament als Statschef kënnen ze begréissen an als Gaascht an eiser Mëtt wëllkomm ze heeschen. Erlaabt mer dofir, Monseigneur, Iech am Numm vun der Chamber an och vun der Regierung ganz häerzlech an dësem Haus ze begréissen.

Déiselwecht warem Gréiss ginn un d'Grande-Duchesse, déi, sou wéi dat an alle Monarchien an Europa de Gebrauch ass, Iech op dësem Dag a bei dëser spezieller Geleeënheet begleet. Dofir, Madame, häerzlech wëllkomm an eisem Parlament.

Monseigneur,

d'Relatiounen tëschent dem Statschef an dem Parlament sinn hei zu Lëtzebuerg besonnesch enk. Dat ass net eréischt esou, Monseigneur, zënter dem 9. Oktober 2001, wou de Lëtzebuerger Statschef, an der Persoun vun Iech, fir d'éischte Kéier eng nei Chambersessioun opgemaach huet, an dat opgrond vum Artikel 72(3) vun eiser Verfassung, dee seet: «Toute session est ouverte et close par le Grand-Duc en personne, ou bien en son nom par un fondé de pouvoirs nommé à cet effet.»

D'Bezéiungen tëschent dem Haff an der Chamber ginn op d'Mëtt vum 19. Jorhonnert zréck, op d'Gebuertsstonn vun eiser Verfassung. Et war am Joer 1848, wéi Lëtzebuerg sech am eigentleche Sënn vum Wuert eng parlamentaresch Verfassung ginn huet. Eng gewielte Volleksvertriedung huet deemools d'Ständeversammlung ofgeléist.

Dësen Iwwergank huet sech ageschriwwen an déi gesellschaftlech Dynamik, déi 1848 iwwert eise Kontinent geschwappt ass, an déi eng nei Uerdnung an déi politesch Verhältnisser an Europa sollt brénge.

D'Europäer waren am Opbroch, an d'Lëtzebuerger si mat opgebrach an eng nei Zäit, an eng méi staatlech a konstitutionell Logik.

Mat senger Eedesleeschtung op d'Verfassung huet 1848 de Kinnek-Groussherzog Wëllem den II. d'Legitimitéit vun der Volleksvertriedung unerkannt an d'Ära vun der konstitutioneller Monarchie hei zu Lëtzebuerg agelaut. De Kinnek-Groussherzog an d'Chamber goufen déi zwou Branchë vun der gesetzgebender Gewalt.

Et sinn haut de Grand-Duc an d'Chamber, déi zesummen den éischte Pouvoir, de legislative Pouvoir, exercéieren. Kee Gesetzesprojet vun der Regierung kann an der Chamber déposéiert ginn ouni d'Autorisatioun vun Iech, Monseigneur, a virun allem ka kee Gesetz, wat mir hei diskutéiert hunn a wat mir hei ofgestëmmt hunn, a Kraaft trieden ouni Är „Sanktioun", dat heescht ouni Är Approbatioun.

Monseigneur,

et gëtt awer, iwwer all verfassungsrechtlech Considératiounen eraus, e puer aner Nuewelschnéier, déi eis matenee verbannen.

Et ass do zum Beispill eist gemeinsaamt Uleies, eis gemeinsam Suerg ëm dat Land an ëm déi Mënschen, fir déi mer Verantwortung droen. Déi Mënschen, déi hiert Vertrauen an Iech an an eis setzen, fir datt mer gemeinsam dat Bescht maachen, dat Bescht gi wat mer kënnen, fir eng besser, fir eng méi solidaresch a fir eng méi gerecht Gesellschaft ze schafen.

Villes hu mer hei erreecht, villes bleift nach ze maachen.

Mir wëssen, Monseigneur, datt Dir an d'Grande-Duchesse en oppent Ouer an e grousst Häerz hutt fir all déi aus eiser Gesellschaft, deenen et net esou gutt geet, an déi, déi Hëllef brauchen. Monseigneur, Madame, dat fënnt eisen déiwe Respekt.

An Ärer Trounried, Monseigneur, de 7. Oktober 2000, hat Dir ënnerstrach, datt Dir un der Säit vun alle Matbierger wëllt sinn a Freed a Leed mat hinnen deele wëllt. Dir hutt Wuert gehalen, an dat wëssen d'Mënschen dobaussen an dat wësse mir heibannen ze schätzen.

Monseigneur,

ech wëll ofschléissend op engem prezise Punkt d'Verbonnenheet vum Statschef mat der Chamber an der Praxis dokumentéieren.

An all deene groussen - an heiansdo och manner grousse - Momenter vun eiser Geschicht huet de Statschef ëmmer de Wee an d'Chamber fonnt.

Ech wëll nëmmen ee Beispill dofir ginn:

Wéi d'Grande-Duchesse Charlotte 1945 aus dem Exil heemkomm ass, huet si drop gehalen, als éischten offiziellen Akt an dëst Haus ze kommen, fir mat der provisoresch geschafener Assemblée consultative d'Momenter vun der definitiver Befreiung ze erliewen.

Monseigneur,

Respekt a Verbonnenheet sinn de mënschlechen Zement vun eise Relatiounen. E Respekt an eng Verbonnenheet, déi Zäiten iwwerdaueren, déi e Stéck Lëtzebuerg sinn, e wiesentlecht Stéck vun eiser staatlecher Identitéit a vun eiser institutioneller Wierklechkeet.

Dat ass gutt esou an dat soll och esou bleiwen.

Monseigneur,

et ass elo un Iech, fir Gebrauch ze maache vum Recht, dat den Artikel 72(3) vun eiser Constitutioun dem Grand-Duc reservéiert fir eng Parlamentssessioun „en personne" op- an zouzemaachen.

Monseigneur, Dir hutt d'Wuert.

2. Clôture de la 2e session extraordinaire 2004 et ouverture de la session ordinaire 2004-2005 et discours de S.A.R. le Grand-Duc Henri

S.A.R. le Grand-Duc.- Opgrond vum Artikel 72(3) vun der Constitutioun maachen ech déi zweet extraordinär Sessioun 2004 zou an déi ordinär Sessioun 2004-2005 op.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, et ass mir eng grouss Freed, déi éischt Sessioun vun der neier Legislaturperiod haut kënne feierlech an der Chamber opzemaachen. Wann dat schonns elo déi zweete Kéier ass, wou ech dës verfassungsrechtlech Prerogativ selwer ausüben, wëll ech domat de wichtege Stellewäert, deen eis direkt gewielte Chamber am politesche Liewe vun eisem Land huet, ënnersträichen.

Mat der Grande-Duchesse ass eis Presenz haut bei Iech och den Ausdrock vum Wëlle vun eiser Famill, all politesch Responsablen an hirer Verantwortung ze ënnerstëtzen.

Den Ufank vun dëser neier Legislatur ass de Moment fir e puer Gedanke mat Iech ze deelen iwwert dat wat ass, mä virun allem iwwert dat wat ons bevirsteet.

Duerch déi vill Gespréicher, déi ech an der Lescht mat de Leit, déi ech begéint hunn, hat, stellen ech gewëssen diffus Angschtgefiller fest wat eis Zukunft ubelaangt.

Dofir gëtt et effektiv gutt Grënn:

Déi markant Ideologien, déi d'19. Jorhonnert mat eriwwerbruecht huet, sinn iwwerholl;

dat traditionellt Bild vun der Famill gehéiert a ville Fäll zur Vergaangenheet;

d'Natioun steet ëmmer méi ënnert der Emprise vun der Europäescher Unioun;

den technologesche Fortschrëtt gëtt ëmmer méi gesinn als eng Gefor fir d'Aarbechtsplazen a fir d'Erhalung vun eiser Natur;

de Konkurrenzkampf mat den neien europäesche Partner gëtt identifizéiert mat Délocalisatioune vu Betriber;

onse Sozialmodell gëtt als net méi finanzéierbar beschriwwen.

An anere Wierder, vill Wäerter, déi waren, gi gäre pauschal als iwwerholl duergestallt.

Wat mer dann nach an der Welt haut gesinn, ass alles wéi net encourageant. Krich, Hongersnout an Terrorismus prägen all Dag d'Biller op der Televisioun.

D'Gefor ass da grouss, ëmmer méi nostalgesch ze ginn. Aussoe wéi „Mir sinn net méi op der Héicht" oder „Fréier war alles besser" kritt een ëmmer méi zu Ouren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, mir sollen eppes Wesentleches ni vergiessen: D'Zukunft, am Géigesaz vun der Vergaangenheet, ass nach net geschriwwen. D'Zukunft ass e kollektiivt Zesummespill, wou all Mënsch gefuerdert ass ënnert dem Impuls vun der Regierung. Et bleift, datt dat, wat op ons duerkënnt, sech progressiv an dësem Haus erausschielt.

Eent ass sécher: De Maart an d'Wirtschaft sinn oft blann. E gesonde Budget ass wichteg. Dat geet awer net duer fir eng Gesellschaft a Bewegung ze setzen. Hei ass d'Politik gefuerdert. Si entwéckelt Projeten, gefiddert mat Ambitiounen. All Gebidder sinn, wat d'Zukunft ubelaangt, betraff, sief dat d'Schoul, eist soziaalt Netz, d'Infrastrukturen, d'Wirtschaft, d'Sécherheet, d'Kultur, d'Gesondheetswiesen, de Sport an eis Plaz an Europa an an der Welt.

Dofir brauche mir net nëmme Suen, mä och Imaginatioun a kloer Zilsetzungen. Dat alles brauch och e Wëllen, deen hautdësdags vun alle Betraffene matgedroe gëtt: d'Verwaltungen, d'Gemengen, d'Zivilgesellschaft, den Handel an d'Betriber, eis nei geschafen Universitéit an eis Centres de recherche.

Et muss kloer sinn, datt de Stat net alles kann iwwerhuelen, wat eis Zukunft betrëfft. Lokal Initiative si sécher wënschenswäert, wéi mer dat viru kuerzem bei enger Gemengefusioun festgestallt haten.

Dat ass wouer hei am Land, mä och an der Groussregioun. D'Akzeptanz vun all deene Reformen, déi sech dës Regierung, wéi hir Virgänger, virgeholl huet, ass méi grouss wa vun der Basis d'Initiative gedeelt sinn.

Eis Entwécklungspolitik, op déi mer jo net nëmmen e bësse stolz kënne sinn, ass e gutt Beispill an dësem Zesummenhank. Ass et net duerch dat permanent Zesummespill vu Regierung, de sëllechen ONGen an deene ville Matbierger, déi sech am Benevolat betätegen, datt dëst Resultat zustane komm ass?

Erlaabt mer op dëser Plaz och meng Iwwerzeegung auszedrécken, datt de Civisme erëm méi e grousse Stellewäert am Kader vun eisem Schoulprogramm kréie muss. Eis Schüler musse wësse wéi eis demokratesch Institutioune fonctionnéieren. Fir responsabel Bierger schéngt dat mir essenziell ze sinn.

Loosse mer och Tribüne schafen, wou delikat gesellschaftlech Problemer, wéi déi héich Zuel vu Suiciden, déi mer hei am Land hunn, analyséiert ginn, an dat an engem Moment wou dës dramatesch Realitéit ons op eng besonnesch tragesch Manéier konfrontéiert huet.

Nëmmen esou kënne mer och nei Iddien an nei Weeër, wéi zum Beispill d'Aféierung vun der duebler Nationalitéit oder d'Adoptioun vun der europäescher Constitutioun duerchsetzen.

Wat d'Gläichberechtegung vu Mann a Frau betrëfft, wëll ech dës Geleeënheet benotzen, fir Iech ze proposéieren d'komplett Egalitéit an der Trounfolleg och bei ons anzeféieren.

Mir hunn dëser Deeg vill un déi erënnert, déi ons d'Fräiheet erëmbruecht hunn a virun allem un déi, déi dofir hiert Liewe gelooss hunn. Mir sinn hinnen dat schëlleg. Esou wëlle mer och ni déi vergiessen, deene mer eise Wuelstand verdanken.

Fir dat alles, datt och Lëtzebuerg muer am groussen Europa op Zack bleift, brauche mir just dee Geescht an dee Wëllen, deen déi Generatioune virun eis oft an ënner vill méi schwéieren Ëmstänn bewisen hunn.

Ech si sécher et feelt net un Enthusiasmus bei onser Jugend.

Erlaabt mer hei déi formidabel Leeschtunge vun eise jonke Sportler an deene leschte Wochen ervirzesträichen. Datselwecht kënne mer um Gebitt vun der Kultur feststellen. Mat deem Bëss an Engagement ass et mer net Angscht fir eis Zukunft.

An deem Geescht sinn ech iwwerzeegt, datt mir zesummen an den nächste fënnef Joer vill leeschte kënnen, an allem viraus e Land, wou et sech fir all Bierger gutt liewe léisst, ob Lëtzebuerger oder net; e Land, wou d'Visiounen zu Realitéite ginn; e Land, wou Freed, Toleranz a Solidaritéit grouss geschriwwe sinn.

Ech soen Iech Merci.

(Applaudissements)

M. le Président.- Monseigneur, ech denken, datt den Applaus vun der Chamber an der Regierung beweist, datt Är Ried an déi Froen, déi Der ugeschnidden hutt, den Zousproch an d'Unerken-

nung vun eis alleguer heibanne fonnt hunn, an ech sinn iwwerzeegt, dass déi vill Lëtzebuerger an auslännesch Matbierger, déi Är Ried iwwert d'Televisioun matverfollegt hunn, dat net anescht gesinn. Duerfir e ganz besonnesche Merci.

D'Sitzung ass domadder ënnerbrach.

(Interruption de la séance publique à 15.17 heures)

* * *

(Reprise de la séance publique à 15.32 heures)

Kolleeginnen a Kolleegen, déi öffentlech Sitzung geet weider.

3. Composition du Bureau et renouvellement du mandat du Secrétaire général

Den éischte Paragraph vum Artikel 5-1 aus dem Chambersreglement gesäit Folgendes vir:

«Au début de chaque session, la Chambre nomme un Président, trois vice-présidents et sept membres au plus.»

Ech froen deemno d'Chamber, ob mer d'Zesummesetzung vum Chamberbureau, esou wéi mer se décidéiert haten, bäibehalen?

(Assentiment)

Ass d'Chamber och domat averstanen, d'Nominatioun vum Här Claude Frieseisen als Generalsekretär fir d'Sessioun 2004-2005 ze erneieren?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

De Bureau bleift deemno fir d'Sessioun 2004-2005 an där Form bäibehalen, wéi en an der Sitzung vum 3. August 2004 agesat gouf. Dat heescht:

ech selwer als President;

Vize-Presidenten:

1. den Här Jos Scheuer,
2. den Här Niki Bettendorf,
3. den Här Laurent Mosar;

Memberen:

déi Häre Michel Wolter,
Ben Fayot,
Henri Grethen,
François Bausch,
Robert Mehlen,
Lucien Clement
an Alex Bodry;

Generalsekretär:

den Här Claude Frieseisen.

De Grand-Duc Henri gëtt doriwwer a Kenntnis gesat.

4. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Kompositioun vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, kruten d'Deputéierten eng Lëscht ausgedeelt mat der Zesummesetzung vun de Kommissiounen.

Dozou ass een Ännerungsvirschlag säitens der Presidentekonferenz agaange wat d'Denominatioun vun der Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense et de la Coopération ubelaangt.

Fir hiert grousst Wierkungsfeld méi prezis ze beschreiwen, gouf folgend Benennung virgeschloen:

Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.

Des Weidere wëllt ech op e Redressement op dëser Lëscht hiweisen. Deemno ass d'Madame Christine Doerner an der Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement duerch d'Madame Françoise Hetto-Gaasch ersat ginn, déi hirersäits an der Petitiounskommissioun duerch d'Madame Christine Doerner ersat gouf.

Gëtt et nach iergendwellech Ännerungsvirschléi?

(Assentiment)

Den Här Henri Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- D'Madame Brasseur ersetzt mech an der Commission de l'Économie fir de Volet „Sports", wat Der sécherlech verstitt.

(Hilarité)

M. le Président.- Ech mengen, dass d'Chamber vollt Verständnis huet fir de Wonsch vun der Demokratescher Partei an deementspriechend deen Ännerungsvirschlag och unhëlt.

Ass d'Chamber mat der Lëscht vun deenen Ännerungsvirschléi, déi den Här Grethen an ech elo just proposéiert hunn, averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dës Lëscht dréit och Informatiounen iwwert d'Presidenten an d'Vize-Presidente vun de Kommissiounen.

Ass d'Chamber d'accord och déi Lëscht ze confirméieren?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou décidéiert.

Déi gesamt Lëscht mat hiren Ännerunge gëtt am Compte rendu veröffentlecht.

Den Här Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, meng Fraktioun biet lech an der Conférence des Présidents nach eng Kéier ze kucken, ob een net wierklech sollt eng Commission de l'Égalité des chances asetzen, well mer mengen, dass dee Sujet esou wichteg ass, dass eng Kommissioun sech sollt domadder beschäftegen.

(Interruption)

Här President, ech wëll d'Madame Jacobs berouegen. Déi zéng Membere vun eiser Fraktioun interesséiere sech fir dee Sujet brennendst.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Dir wiert mäi Choix!

M. le Président.- Dee Wonsch bréngt jo dat zum Ausdrock, wat d'Demokratesch Fraktioun an der leschter Legislaturperiod ëmmer ënnerstrach huet, d'Noutwendegkeet vun esou enger Kommissioun.

Ech huelen dee Wonsch, Här Grethen, selbstverständlech mat an d'Presidentekonferenz, obschonn ech weess, datt schonn aner Décisioune gefall sinn, mais il n'est jamais trop tard pour bien faire. Mir kënnen ëmmerhin emol nach eng Kéier driwwer diskutéieren. Deementspriechend wäert ech Ärem Wonsch Rechnung droen.

5. Délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Et ass ebenfalls eng Lëscht mat der Zesummesetzung vun eisen Delegatioune bei den internationale parlamentaresche Versammlungen ausgedeelt ginn.

Bis elo ass keen Ännerungsvirschlag agaangen.

Gëtt et dozou nach iergendwellech Ännerungsvirschléi? A wann dat net de Fall ass, da géif ech d'Chamber froen ob se mat där Lëscht, déi mer hunn, averstanen ass?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Och dës Lëscht gëtt am Compte rendu veröffentlecht.

6. Présidence d'honneur et octroi du titre honorifique de leur fonction à des anciens députés

Dir Dammen an Dir Hären, op Empfehlung vum Bureau a gemäss den d'Artikelen 180 bis 183 vun eisem Chamberreglement proposéieren ech der Madame Erna Hennicot-Schoepges den Titel vun der Éierepresidentin ze ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Virschlag averstanen?

(Assentiment)

Deemno ass d'Madame Hennicot-Schoepges zur Éierepresidentin vun der Chamber ernannt. Am Numm vun lech alleguer an a mengem eegenen Numm presentéieren ech hir eis häerzlech Félicitatiounen!

Des Weideren huet de Bureau virgeschloen, enger Rei vu fréieren Deputéierten den Éierentitel vun hirer Funktioun ze ginn, an zwar der Mme Simone Beissel, den Häre Jeannot Belling a Jean Colombera, der Mme Agny Durdu, den Häre Gusty Graas, Fernand Greisen an Nico Loes, der Mme Ferny Nicklaus-Faber, dem Här Alexandre Krieps, der Mme Maggy Nagel, den Häre Jacques F. Poos, Jean-Paul Rippinger, Jacques Santer, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach an Nicolas Strotz, der Mme Renée Wagener an dem Här Georges Wohlfart.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert. Den neien Éierendeputéierten eis Félicitatiounen!

Dir Dammen an Dir Hären, déi nächst Sitzunge si virgesi fir de 26., de 27. an den 28. Oktober.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.38 heures)

MARDI, 26 OCTOBRE 2004 — 2E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés
3. Ordre du jour
4. Heure de questions au Gouvernement
   - Question N° 1 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Marco Schank relative aux installations photovoltaïques en zone verte et l'établissement d'un plan sectoriel pour parcs éoliens, adressée au Ministre de l'Environnement
   - Question N° 3 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Henri Kox relative à la promotion et aux primes en faveur des énergies renouvelables, adressée au Ministre de l'Environnement
   - Question N° 2 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Niki Bettendorf relative à la lutte contre le tabagisme au niveau national, adressée au Ministre de la Santé
   - Question N° 4 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Anne Brasseur relative aux infrastructures sportives, adressée au Ministre des Travaux publics et au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire
   - Question N° 5 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Robert Mehlen relative aux travaux de la route du Nord, adressée au Ministre des Travaux publics
   - Question N° 6 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Viviane Loschetter relative aux droits de pension en cas de divorce, adressée au Ministre de la Sécurité sociale
   - Question N° 7 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Gast Gibéryen relative à un rapport annuel sur les subventions de l'État, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire
5. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng relative à l'avenir de la Société Nationale des Chemins de Fer (SNCFL)

(Discussion générale)

6. 4754 - Proposition de loi portant
   1. révision des articles 11, paragraphe (6), 32, 36 et 76 de la Constitution;
   2. création d'un article 108bis nouveau de la Constitution - Second vote constitutionnel

(Discussion générale - Second vote constitutionnel)

7. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Wann dat net de Fall ass, da wéilt ech zu folgende Kommunikatioune kommen.

1. Communications

1) Conformément à l'article 7, paragraphe 5 de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes et aux dispositions des articles 117 à 130 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée, 30 jours au moins après la présente communication, à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes en remplacement d'un membre démissionnaire.

Les intéressés posent leur candidature par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas, ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être adressées au Président de la Chambre des Députés au plus tard dans les 15 jours qui suivent la présente communication.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2 de la loi précitée sont remplies, à savoir:

a) être de nationalité luxembourgeoise,

b) jouir des droits civils et politiques,

c) offrir les garanties de moralité requises,

d) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction,

e) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès dans l'une des matières suivantes: sciences économiques et sociales, études de réviseur d'entreprise, droit et science politique.

La présente information sera publiée sous forme de communiqué de presse par le Greffe.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Depuis le 5 août 2004, les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. 5376 - Projet de loi portant approbation du Protocole relatif à l'adhésion de la Communauté européenne à la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne „EUROCONTROL" du 13 décembre 1960, telle qu'amendée à plusieurs reprises et coordonnée par le Protocole du 27 juin 1997 et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 8 octobre 2002

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 07.09.2004

2. 5377 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant les mesures à prendre pour interdire et empêcher l'importation, l'exportation et le transfert de propriété illicites des biens culturels, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à sa seizième session, à Paris, le 14 novembre 1970

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 07.09.2004

3. 5378 - Projet de loi portant approbation des amendements aux articles 25 et 26 de la Convention du 17 mars 1992 sur la protection et l'utilisation des cours d'eau transfrontières et des lacs internationaux, adoptés par les Parties à la Convention le 28 novembre 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 07.09.2004

4. 5379 - Projet de loi modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

Dépôt: M. le Ministre de la Sécurité sociale, le 09.09.2004

5. 5380 - Projet de loi portant réglementation du commerce des semences et plants et concernant la mise en culture de semences et plants génétiquement modifiés

Dépôt: M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 10.09.2004

6. 5381 - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la mission de l'Union européenne en Bosnie-Herzégovine

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de la Défense: le 27.09.2004

7. 5382 - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la mission SFOR de l'OTAN en Bosnie-Herzégovine

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de la Défense: le 27.09.2004

8. 5383 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 9 mai 2003 concernant la participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (ISAF) sous l'égide des Nations Unies

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de la Défense, le 27.09.2004

9. 5384 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard

Dépôt: M. le Ministre de la Justice, le 30.09.2004

10. 5385 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à procéder à la construction d'une tour-radar à l'aéroport de Luxembourg, y compris l'acquisition et l'installation des équipements techniques, ainsi que les aménagements extérieurs

Dépôt: M. le Ministre des Transports, le 11.10.2004

11. 5386 - Projet de loi

1) complétant la transposition de la directive 2003/88/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant certains aspects de l'aménagement du temps de travail;

2) modifiant la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de services des employés privés;

3) modifiant la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée de travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie;

4) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 concernant les services de santé au travail

Dépôt: M. le Ministre du Travail et de l'Emploi, le 12.10.2004

12. 5387 - Projet de loi modifiant la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé „centre hospitalier neuropsychiatrique"

Dépôt: M. le Ministre de la Santé, le 14.10.2004

13. 5388 - Projet de règlement grand-ducal complétant le règlement grand-ducal du 3 février 1998 portant exécution de Directives des C.E. relatives à la réception des véhicules à moteur et de leurs remorques ainsi que de tracteurs agricoles et forestiers à roues

Dépôt: M. le Ministre des Transports, le 18.10.2004

14. 5389 - Projet de loi portant transposition de la directive 2002/65/CE concernant la commercialisation à distance de services financiers auprès des consommateurs et portant modification de:

- la loi du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance;

- la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique;

- l'article 63 de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Dépôt: M. le Ministre du Trésor et du Budget, le 18.10.2004

15. 5390 - Projet de règlement grand-ducal concernant la fixation des caractères et des conditions minimales pour l'examen des variétés de vigne

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 22.10.2004

4) Par lettre du 19 octobre 2004 Monsieur le Député Henri Kox a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur la politique agricole, la sécurité alimentaire, la santé et le bien-être des animaux.

5) M. Ben Fayot, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense et de la Coopération de la Chambre des Députés, a représenté le Parlement luxembourgeois lors d'une réunion des Présidents des délégations auprès de la COSAC (Conférence des Organes spécialisés dans les affaires communautaires et européennes), qui s'est déroulée le 13 septembre 2004 à La Haye.

Les parlementaires des États membres de l'Union européenne et des pays candidats ont préparé la XXXIIème COSAC qui se déroulera les 22 et 23 novembre 2004 à La Haye. Lors de ladite réunion, les représentants parlementaires discuteront entre autres sur leur nouveau rôle dans le contrôle du respect du principe de subsidiarité, en particulier le mécanisme d'alerte précoce introduit dans le Protocole sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité annexé à la Constitution européenne.

Aux termes du Protocole, tout Parlement national d'un État membre peut, dans un délai de six semaines à compter de la date de transmission d'un projet d'acte législatif européen, adresser aux Présidents du Parlement européen, du Conseil et de la Commission un avis motivé exposant les raisons pour lesquelles il estime que le projet en cause n'est pas conforme au principe de subsidiarité. Dans le cas où un tiers des Parlements concluent au non-respect du principe de subsidiarité, le projet de la Commission européenne doit être réexaminé.

Les parlementaires profiteront également de la réunion de novembre pour échanger leurs points de vue sur le calendrier des ratifications de la Constitution et l'éventuel recours à un référendum dans les différents États membres de l'Union.

6) Des parlementaires de 140 parlements ont assisté à la 111ème Assemblée de l'UIP (Union interparlementaire) qui s'est déroulée à Genève du 28 septembre au 1er octobre 2004. La délégation luxembourgeoise était composée par M. Niki Bettendorf, Vice-Président de la Chambre des Députés, ainsi que par M. Lucien Clement, M. François Bausch et M. Robert Mehlen, membres du Bureau.

Sur proposition de la délégation iranienne, avec l'appui du groupe géopolitique Asie-Pacifique, les quelque 500 parlementaires ont discuté sur la situation alarmante en Iraq et la nécessité d'une action parlementaire pour y restaurer la paix et la sécurité. Les représentants des différents parlements ont plus particulièrement encouragé les Nations Unies à recourir à l'expertise de l'UIP lors des conférences internationales consacrées au rétablissement de la démocratie en Iraq. L'UIP propose d'ailleurs d'assister ledit pays dans l'établissement et la consolidation de l'institution parlementaire et d'aider le nouveau Parlement iraqien au cours de l'élaboration de la nouvelle Constitution.

Lors de leurs débats, les représentants parlementaires se sont aussi intéressés au rôle des parlements dans le renforcement des mécanismes multilatéraux de non-prolifération des armements et de désarmement à la lumière des nouveaux défis qui se posent en matière de sécurité ainsi qu'au rôle des parlements pour préserver la biodiversité. Les représentants des différents parlements ont par ailleurs évalué les progrès réalisés depuis la Quatrième Conférence mondiale sur les femmes, qui s'est déroulée en septembre 1995 à Beijing, et insistent notamment sur une présence renforcée des femmes au niveau des partis politiques grâce à l'introduction de quotas.

Les parlementaires ont également suivi une conférence sur le respect du droit international humanitaire et ont pu profiter de l'occasion pour discuter notamment avec le Président du Comité international de la Croix-Rouge, M. Jakob Kellenberger.

7) M. Ben Fayot, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense et de la Coopération de la Chambre des Députés, a représenté le Parlement luxembourgeois lors de la conférence des présidents des Commissions parlementaires des affaires étrangères des parlements de l'UE, du Parlement européen et des Parlements de la Bulgarie, de la Roumanie, de la Croatie et de la Turquie, qui s'est déroulée du 30 septembre au 1er octobre 2004 à La Haye.

Lors de leurs entretiens, les parlementaires ont procédé à un échange de vues avec M. Javier Solana, Haut Représentant de l'Union européenne pour la PESC et ont obtenu des explications de M. Bernard Bot, Ministre des Affaires étrangères des Pays-Bas, sur les progrès de la PESC et de la PESD sous présidence néerlandaise. Les Présidents se sont par ailleurs intéressés à la position des pays en voie de développement dans le cadre des négociations de l'OMC.

Les représentants des parlements ont également décidé de poursuivre leurs efforts pour améliorer le contrôle parlementaire de la PESD en renforçant leur coopération et en mettant en place un mécanisme qui permettrait aux parlements d'être mieux informés dans ce domaine.

8) «La lutte contre le terrorisme est une nécessité absolue pour assurer la sécurité» - «Il est impossible de nier toutefois que le terrorisme ait aussi une dimension politique et les pays occidentaux doivent relever ce double défi de l'exclusion politique et sociale qui frappe non seulement des millions de défavorisés mais aussi des jeunes gens éduqués. Il faut répondre à l'attente de ceux qui veulent une société moins matérialiste et une distribution plus équitable du bien-être. Cette réponse ne saurait être imposée d'en haut, elle doit être construite par tous.»

Telles quelques-unes des phrases clés prononcées par Lord Judd lors du débat d'urgence sur le défi du terrorisme dans les États membres du Conseil de l'Europe, débat d'urgence qui figurait à l'ordre du jour de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe qui a tenu la quatrième partie de sa session ordinaire de 2004 du 4 au 8 octobre à Strasbourg.

Étaient présents à cette session tous le membres de la nouvelle délégation constituée après les élections législatives du 13 juin 2004 à savoir: M. Marcel Glesener, Président de la délégation, Mme Lydie Err, Vice-Présidente, et M. Charles Goerens, représentants, M. Norbert Haupert, Mme Anne Brasseur et M. Jean Huss, suppléants.

Aussi Monsieur Marcel Glesener continue-t-il son mandat de Président de la Commission des questions sociales, de la santé et de la famille, mandat qui a débuté en janvier cette année-ci.

L'Assemblée a écouté les discours de:

- Mme Gertrude Mongella, Présidente du Parlement panafricain,

- M. Terry Davis, Secrétaire Général du Conseil de l'Europe et

- M. Supachai Panitchpakdi, Directeur général de l'Organisation mondiale du commerce.

Les principaux sujets à l'ordre du jour des huit séances étaient les suivants:

- rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente;

- le programme de Doha pour le développement: le commerce mondial à la croisée des chemins;

- fonctionnement des institutions démocratiques en Serbie-Monténégro;

- la mise en œuvre de la Résolution 1358 (2004) sur le fonctionnement des institutions démocratiques en Azerbaïdjan;

- stratégie européenne pour la promotion de la santé et des droits sexuels et reproductifs;

- participation des femmes aux élections;

- l'OCDE et l'économie mondiale avec une intervention de M. Herwig Schlögl, Secrétaire général adjoint de l'OCDE;

- mise en œuvre des Résolutions 1361 et 1374 sur le respect des obligations et engagements de l'Arménie;

- réchauffement climatique: au-delà de Kyoto;

- nouveaux concepts pour évaluer l'état de développement démocratique;

- campagne pour lutter contre la violence domestique à l'encontre des femmes en Europe;

- éducation à l'Europe et

- les tendances en matière de population en Europe et leur sensibilité aux mesures des pouvoirs publics.

La matinée du jeudi 7 octobre était réservée à la Tchétchénie avec comme sujets pour les débats:

- la situation politique en République tchétchène: mesures visant à accroître la stabilité démocratique conformément aux normes du Conseil de l'Europe,

- la situation des droits de l'homme en République tchétchène et

- la situation humanitaire de la population tchétchène,

débats au cours desquels sont intervenus M. Alvaro Gil-Robles, Commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe, et M. Alou Alkhanov, Président de la République tchétchène.

Un débat d'actualité sur les relations entre la Géorgie et la Fédération de Russie figurait également à l'ordre du jour.

En dehors de la communication de M. Jan Petersen, Ministre des Affaires étrangères de la Norvège et Président du Comité des Ministres, l'Assemblée a écouté:

- l'allocution de S.A.S. le Prince Héréditaire Albert de Monaco dans le cadre de l'adhésion de Monaco comme 46e pays à l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe,

- l'allocution de M. Giovanni Di Stasi, Président du Congrès des pouvoirs locaux et régionaux de l'Europe et

- le discours de M. Recep Tayyip Erdoğan, Premier Ministre de la Turquie.

Il faut retenir aussi qu'au titre de la Slovaquie, M. Jan Sikuta fut élu Juge à la Cour européenne des Droits de l'Homme à compter du 1er novembre 2004 jusqu'au 31 octobre 2010.

L'Assemblée a adopté une série de recommandations, de directives et de résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

9) Par lettre du 20 octobre 2004 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre les positions et résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 13 au 16 septembre 2004:

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion du protocole fixant, pour la période du 3 décembre 2003 au 2 décembre 2007, les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et le Gouvernement de Maurice concernant la pêche dans les eaux de Maurice;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion du protocole relatif à la conclusion du protocole fixant les possibilités de pêche thonière et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et la République démocratique de Madagascar concernant la pêche au large de Madagascar, pour la période allant du 1er janvier 2004 au 31 décembre 2006;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord sous forme d'échange de lettres relatif à la prorogation du protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et la République du Cap-Vert concernant la pêche au large du Cap-Vert pour la période allant du 1er juillet 2004 au 30 juin 2005;

- résolution sur la situation au Bélarus;

- résolution sur la situation en Irak.

2. Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Op Virschlag vun der Presidentekonferenz froen ech d'Chamber, ob se domat averstanen ass ee Projet de loi an eng Proposition de loi vum Rôle ze sträichen, déi an der Tëschenzäit géigestandslos gi sinn. Et ass dat de Projet de loi 5076 iwwert d'Recht op Eegentum a Bewegungsfräiheet an zweetens d'Proposition de loi 5167 iwwert deen neien Artikel 940-1 am Code de procédure civile.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass dann esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Ordre du jour vun dëser Woch.

(Interruption)

Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt Iech just kuerz ënnerbriechen. Zwou Kommunikatioune sinn nach vergiess ginn. Dat Éischt ass: Mir hunn e Bréif geschriwwen als Fraktioun, dass an der aussepolitescher Kommissioun den Här Felix Braz de Volet Immigratioun an Asyl iwwerhëlt. An dat Zweet ass: Ech hunn Iech gëschter e Bréif geschriwwen, wou ech den Dépôt gemaach hu vun enger Resolutioun iwwert d'Asetze vun engem Zukunftskonvent. Dat ass elo net virgedroe ginn, mä ech hunn dat gëschter schréftlech erageschéckt. Et war elo just fir dat ze rappeléieren.

M. le Président.- Très bien, Här Bausch. D'Chamber hëlt Akt vun Ären zwou Kommunikatiounen, déi normalerweis d'Presidentschaft hätt misse maachen, mä elo hutt Dir et selwer gemaach an domat, mengen ech, wier deem Rechnung gedroen.

3. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Chamber ubelaangt, denken ech, dass eng Ufro do ass fir eng Modifikatioun. Ech wëll awer fir d'éischt emol den Ordre du jour virdroen, a wann ech dee virgedroen hunn, da géife mer gegebenenfalls debattéieren, ob et zu enger Modifikatioun vum Ordre du jour kënnt oder net.

An hirer Réunioun vum 21. Oktober huet d'Presidentekonferenz fir dës Sitzungswoch folgenden Ordre du jour virgeschloen: Haut de Mëtteg hu mer éischtens eng Froestonn un d'Regierung, eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert d'Zukunft vun der Eisebunnsgesellschaft, dann drëttens d'Diskussioun an den zweete Vote constitutionnel iwwert d'Verfassungsofännerung 4754 nom Modell 2. Bei dësem Punkt gëtt nom Artikel 114 vun der Verfassung ofgestëmmt, dat heescht dass eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert ass. An dësem Fall ass de Vote par procuration net erlaabt.

Dann hu mer mar um hallwer dräi:

1) de Projet de loi 5336 iwwert de Bau vun engem Fleegeheem zu Ierpeldeng bei Ettelbréck nom Modell 1;

2) de Projet de loi 5320 iwwert den Ëmbau vum Altersheim op der Rumm nom Modell 1;

3) d'Diskussioun an den zweete Vote constitutionnel vun dem Projet de loi 5165 iwwert de Blanchiment, och nom Modell 1;

4) de Projet de loi 5326 iwwert d'Affektatioun vum Resultat vum Compte général 2002, ebenfalls no dem Modell 1;

5) de Projet de loi 4938 iwwert de Compte général vum Joer 2000, och nom Modell 1.

Iwwermar, en Donneschden um hallwer dräi hu mer:

- de Projet de loi 5321 iwwert de Bau vun engem Fleegeheem zu Klierf nom Modell 1;

- de Projet de loi 5176, d'Ofännerung vun enger UNO-Konventioun géint d'Folter, nom Modell 1;

- de Projet de loi 4691, en Ofkommes tëscht de Benelux-Staten an anere Länner iwwert d'Zréckweisung vun illegalen Awanderer nom Modell 1;

- de Projet de loi 5364, eng budgetär Upassung vum Bau vum Gaasprecher Kräiz nom Modell 1 an

- de Projet de loi 5365, eng budgetär Upassung bei der Gestaltung vun der Kräizung Escher Strooss a Märeler Strooss nom Modell 1.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

Den Här Jaerling freet d'Wuert zum Ordre du jour. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, opgrond vum Artikel 76-5 vun eisem Chamberreglement erlaben ech mer eng Ännerung vum Ordre du jour hei ze froen.

Den 23. am Heemount 2004 hat ech dem Här Wirtschaftsminister eng schréftlech Fro gestallt, d'Fro 14, am Zesummenhang vun der Participatioun vum Lëtzebuerger Stat bei der Kapitalerhéijung vun der Arcelor. Den 11. am Karschnatz huet den Här Minister mech an engem Schreiwes op e Pressecommuniqué higewisen, deen den 30. am Heemount vum Wirtschaftsministère am Zesummenhang mat der Kapitalerhéijung vun der Arcelor publizéiert géif. De Pressecommuniqué - ech kann nach méi lëtzebuergesch schwätzen an da verstitt Dir guer näischt méi - sollt deem Courrier bäileeën, e louch awer net bäi.

Wéisou ass et méiglech, dass de Wirtschaftsminister den 30. am Heemount e Pressecommuniqué kann zu deem vu mir ugeschniddenen Thema publizéieren, awer net capabel ass mir den 11. am Karschnatz op meng Fro zum selwechten Thema ze äntweren?

Ech muss awer fairnesshalber zouginn, dass den Här Minister sech mëndlech bei mir entschëllegt huet, schréftlech awer op meng Fro bis haut nach ëmmer keng Äntwert virläit.

Ech fannen et e schlechte Stil vun engem Minister, wann en op eng kloer Fro keng Äntwert gëtt a mech einfach op e Communiqué verweist. Ech hunn der Madame Statssekretärin, déi fir d'Relatioune mam Parlament zoustänneg ass, meng Bedenken iwwert dee Stil matgedeelt an ech hunn och do keng Äntwert kritt, net emol en Accusé de réception.

Et besteet menger Usiicht no do e reelle Problem tëschent der Regierung am Moment an dem Parlament, wann dat mam Froebeäntwerten esou weidergeet. Well de 14. am Broochmount hat ech dem Här Statsminister a menger parlamentarescher Fro Nummer 3 eng konkret Fro gestallt iwwert d'Wirtschaftsspionage hei am Land. D'Äntwert war leedeglech en Exposé iwwer eis Legislatioun, ouni awer mol iwwerhaapt op meng Fro anzegoen.

De 16. am Karschnatz hunn ech a menger Question parlementaire Nummer 46 un den Här Justizminister verschidde Froe gestallt iwwert d'Vëlofuerer an d'Foussgänger, an d'Froen Nummer 5, 6, 7 an 8 aus deem Schreiwes goufen net beäntwert. De 24. am Karschnatz 2004 a menger Question parlementaire Nummer 53 hat ech dem Här Finanzminister eng Fro gestallt iwwert de Refus vun Euroschäiner a verschidde Geschäfter. Meng Froe 4, 5 a 6 aus deem Schreiwes goufen net beäntwert. De 26. am Karschnatz 2004 hat ech dem Här Finanzminister eng Fro gestallt, d'Fro Nummer 60 iwwert d'Eurocentmënzen. Hei ass an enger auswäichender Äntwert op d'Zentralbank verwise ginn.

Ech kann net domat d'accord sinn, wéi d'Parlament hei vun der Regierung behandelt gëtt. D'Parlament huet d'Recht d'Regierung ze kontrolléieren. Eent vun den Initiativrechter heivunner sinn d'Questions parlementaires an déi musse kloer beäntwert ginn, wann ee gären Transparenz hätt.

Här President, dofir halen ech drop, datt am Zesummenhank mam Artikel 76-5 vun eisem Chambersreglement meng Froen Nummer 3 vum 14. am Heemount, Nummer 14 vum 23. am Heemount, d'Nummer 46 vum 16. am Karschnatz, d'Nummer 53 vum 24. am Karschnatz an d'Nummer 60 vum 26. am Karschnatz op den Ordre du jour vun der Chamber kommen, fir integral beäntwert ze ginn an ech hoffen, datt mat menger Interventioun a mat der Äntwert op meng virzitéiert Froen hei am Parlament kloergestallt ass, dass eng besser Relatioun zwëschent der Regierung an dem Parlament muss vun Ufank un hei zustane kommen, an ech hoffen och, datt meng Froen, déi ech op Lëtzebuergesch hei am Lëtzebuerger Parlament stellen, och op Lëtzebuergesch beäntwert ginn, ausser wann et sech effektiv ëm héich technesch Froen handelt.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Grethen vläicht direkt och dozou.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, et ass praktesch e Fait personnel. Mä am Heemount war ech nach Wirtschaftsminister.

(Hilarité)

M. Henri Grethen *(DP).*- Et ass elo natierlech, wa mäi Successeur vläicht net mat där néideger Prezisioun - op déi am Karschnatz - duerno…

(Hilarité)

…op déi Fro geäntwert huet, da war et vläicht, well d'Transmissioun vun de Pouvoiren an domadder d'Informatiounen am Wirtschaftsministère net optimal funktionéiert hunn.

Ech sinn awer frou, dass mäin Nofolger op e Communiqué verwisen huet, deen ech nach am Heemount iwwert déi Operatioun publizéiere gelooss hat, an deem eigentlech alles drasteet an an deem een déi Informatioune misst kënne fannen. Et kann een näischt anescht op déi Fro äntweren, déi ech nach an der Erënnerung hunn, déi den Här Jaerling gestallt huet, wéi dat, wat dee Moment an deem Communiqué stoung.

M. le Président.- Wat dem Här Jaerling seng Remarque ubelaangt iwwert d'Relatiounen tëschent der Chamber an der Regierung, wat d'Beäntwerte vun de Froen ubelaangt, hunn ech mer erlaabt e Bréif un d'Regierung ze adresséieren, wou ech se op déi eenzel Dispositioune vun eisem Reglement opmierksam gemaach hunn an ech hunn dat bal gemengt kënnen ze soen, datt et eng Fro vu Respekt vis-à-vis vum Parlament ass, fir, wann et nëmme méiglech ass, an deenen Délaien, déi an eisem Reglement virgesi sinn, op d'Froen ze äntwerten.

Ech hunn awer zur selwechter Zäit och e Bréif un d'Deputéierte gemaach, fir och si drop opmierksam ze maachen, datt mer e Chambersreglement hunn an datt bei der Opstellung vun de Froen, an der Formuléierung vun de Froen, och d'Deputéierte sech mussen halen un dat, wat an eisem Reglement virgesinn ass.

(Interruption)

Wat elo d'Demande ubelaangt vum Här Jaerling, fir eng Modifikatioun vum Ordre du jour virzehuelen, esou ass et säi Recht, opgrond vum Artikel 76-5, wann e Minister net bannen engem Mount geäntwert huet, fir dës Froe kënnen hei en Séance publique duerzeleeën a gegebenefalls och d'Äntwerten ze kréien.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech, an ech denken de Greffe och, elo liicht iwwerfuerdert si mat all deene Froen, déi hei opgeworf gi si vum Heemount bis zum Karschnatz…

(Hilarité)

…an ech weess net, wat nach derbäi war.

Ech mengen, mir missten elo mol kucke fir de Relevé vum Här Jaerling ze kréie vun all deene Froen, déi hien elo gäre beäntwert hätt an déi hie gären um Ordre du jour vun der Chamber hätt. Dat ass säi Recht. Mir kënnen dat och maachen. Mä mir mussen awer kucken, datt mer och déi zoustänneg Ministeren hei hunn, fir dann op d'Froen ze äntwerten.

Esou datt ech géif bieden, den Här Jaerling, dass mer eis elo mol kënnten a Rou déi Froen ukucken, déi hien hei gäre géif stellen a beäntwert kréien, da kucken, ob d'Regierungsmemberen dës Woch disponibel sinn. Ech géif den Här Jaerling froen, wann dat net de Fall ass: Hält hien dann awer drop fir se dës Woch ze huelen oder kënne mir se eng aner Woch huelen, wann d'Regierungsmembere kënnen do sinn?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Bon, Här President, et ass keng Geschicht vun Zäit. Et ass einfach eng Geschicht, dass ech déi Froe gäre beäntwert hätt, déi ech gestallt hunn. Ob déi elo dës Woch oder déi nächst Sessioun - also déi nächste Kéier, wou Chamber ass - beäntwert ginn, dat spillt u sech keng Roll.

M. le Président.- Très bien, ech géif also proposéieren, dass mer de Moment mol géifen den Ordre du jour, esou wéi ech e virgedroen hunn, bäibehalen. Mir géife kucken, wat hei néideg ass vun Äntwerten, a wa Regierungsmemberen disponibel wieren an Zäit hätte fir dës Woch nach an d'Chamber ze kommen, da géife mer mat deenen en Dag an eng Stonn ausmaachen, wou se heihinner kéime fir déi Froen ze beäntwerten. Mir kommen also dorobber zréck.

Voilà! Bon, ech denken, dass mer dann ënnert där Restriktioun den Ordre du jour vun dëser Chamber vun dëser Woch kënnen esou unhuelen, wéi ech e virgedroen hat. Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir hunn also haut de Mëtteg fir d'éischt eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten. Ech wëll bemierken, dass d'Presidentekonferenz mech gebieden huet an där Problematik hei, esou wéi och pour le reste, wat d'Riedezäit ubelaangt, opzepassen, datt mer och no eisem Reglement verfueren. Ech géif also esougutt d'Deputéierte wéi och d'Regierungsmembere bieden, fir sech un déi Zäit ze halen, déi virgesinn ass.

Mir hunn eng éischt Fro, d'Fro Nummer 1 vum Här Marco Schank un den Ëmweltminister iwwert d'Installatioun vu Sonnekollekteren a Wandmillen. An zur gläicher Zäit hu mer d'Fro Nummer 3 vum Här Henri Kox un den Ëmweltminister iwwert d'Prime fir erneierbar Energien.

Ech denken, dass et utile wier, wann een déi zwou Froe kéint mateneen huelen. Dat heescht, déi zwou Froe gi gestallt an de Minister huet seng Zäit fir op déi zwou Froen, eng no där aner, ze äntwerten. Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Voilà. Dann hätt den Här Schank elo d'Wuert fir seng Fro iwwert d'Installatioun vu Sonnekollekteren a Wandmillen ze stellen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 1 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Marco Schank relative aux installations photovoltaïques en zone verte et l'établissement d'un plan sectoriel pour parcs éoliens, adressée au Ministre de l'Environnement

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt eng Fro un eisen neien Ëmweltminister stellen, an zwar am Kontext vun den erneierbaren Energien. Dir wësst, datt erneierbar Energië jo e Pilier si vun der Nohaltegkeetspolitik vun der fréierer a vun dëser Regierung, an ech wollt am Fong zwou Saache wëssen, och am Zesummenhank mat der Akzeptanz vun den erneierbaren Energien, déi mir perséinlech ganz wichteg ass dobaussen.

Fir d'éischt mol déi éischt Fro am Kontext mat der Photovoltaik. Mengen Informatiounen no sinn eng Partie där Anlage genehmegt ginn an der Zone verte, an ech wollt wëssen, ob den Ëmweltminister och an Zukunft wëllt ähnlech verfueren am Kontext mat dem Naturschutzgesetz - éischtens -; zweetens ob hien der Meenung ass, datt déi Anlagen och musse vun der Gemeng, also an deem Fall vum Buergermeeschter, genehmegt ginn.

An zweetens wollt ech am Kontext vun der Wandenergie wëssen, ob et net sënnvoll wier e Plan sectoriel an deem Kontext ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Voilà, dann huet den Här Kox d'Wuert.

- Question N° 3 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Henri Kox relative à la promotion et aux primes en faveur des énergies renouvelables, adressée au Ministre de l'Environnement

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, se ass zwar e bëssen anescht - meng Froestellung. Et geet zwar wuel och ëm d'alternativ Energien, déi och fir mech e ganz wichtegen Apport sollten duerstellen. Et geet ganz speziell ëm déi zwee Reglementer; d'Reglement vum 17. Juli 2001 iwwert d'Promotioun vun erneierbaren Energien an dat zweet Reglement ass den 28. Dezember 2001 gestëmmt ginn, wou et ëm d'Prime d'encouragement geet. Mir wëssen alleguerten, déi zwee Reglementer lafen aus zum 31. Dezember.

Dobaussen am Secteur ass eng grouss Veronsécherung: Wat passéiert mat deene Gesetzer? Wéi gi se weider? Gëtt nach weider Ënnerstëtzung gewährt? Wéi héich sinn déi Ënnerstëtzungen? Et geet jo net nëmmen ëm de Rôle vun der Photovoltaik. Et ass d'Biomasse. Et ass d'Wandenergie. Et ass d'Waasserenergie. Et ass d'Solarthermie, déi och e ganz wichtegen Apport sollt duerstellen.

Meng Fro also: Wéi, wéini a wou triede se elo un, déi Diskussiounen, respektiv soll ee net elo schonn eng Verlängerung virgesi vun deenen zwee Reglementer, dass een eng Iwwergangszäit virgesäit, zumindest vun dräi bis

sechs Méint, géif ech mol mengen, bis mer déi Diskussiounen all kënnen anstänneg duerchgefouert hunn?

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Den Här Ëmweltminister huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Déi zwee Kolleegen, d'Deputéierte Kox a Schank, werfen eng Fro op, déi effektiv eng gewëss Veronsécherung dobausse mat sech bréngt. Ech mengen do ass keen Zweiwel. Dat heescht souwuel bei deene Leit, déi amgaange sinn Anlagen ze décidéieren oder scho wäit fortgeschratt sinn an hire Preparatiounen, wéi och beim Secteur wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt.

D'Tatsaach, dass déi zwee Reglementer - fir vläicht mat der Fro vum Här Kox unzefänken - den 31. Dezember 2004 auslafen, ass jo keng Décisioun gewiescht, déi elo eis, dës Regierung, implizéiert. Ech menge mir hunn eng Tatsaach virfonnt am August, et war virun allem am September, an d'Fro, déi sech stellt, ass fir d'éischt déi, dass dat eng Rei budgetär Implikatiounen huet, déi mer d'lescht Woch hei an dëser Chamber vum Budgetsminister nach eng Kéier erkläert kritt hunn.

Effektiv huet et sech erausgestallt an de Virbereedunge vum Budgetsprojet 2005, dass dat eng Diskussioun wäert ass ze kucken inwiewäit, an ech mengen dann net emol insgesamt d'Totalchifferen un Dépensen, déi dat bedeit, mä och d'Fro inwiewäit dass een eng Ausbalancéierung kritt par rapport zu budgetäre Kreditter, déi een implizéiert, oder awer och iwwert de Stroumpräis, ob een zum Beispill iwwert de Fonds de Compensation ka fueren. Dat ass jo eng ganz essenziell Fro och vun der Gestaltung vun deem wat mer an deenen nächste Joren op deem Plang wëlle maachen.

Ech wëll dofir soen, dass d'Regierung ganz staark drun interesséiert ass, an ech mengen dat ass jo awer scho ganz wichteg, dass de finanzielle Förderprogramm soll weidergefouert ginn iwwert den 1. Januar 2005 eraus, dass mer zweetens der Meenung sinn, dass ee vun der Geleeënheet an der Zäit, och wa se ganz knapp ass, soll profitéiere fir net nëmmen eng kleng Revisioun ze maachen, fir also eenzel Tauxen oder bei der Aspeisprime zum Beispill an d'Luucht oder erofzesetzen, mä dass ee wierklech eng Reform soll maache fir ze kucken: Ass et net noutwendeg eng Ausbalancéierung ze maache fir eenzel Saache manner ze förderen, awer dofir eng Rei vun anere Saache méi ze förderen? Zum Beispill am Zesummenhang mat enger méi staarker Energieeffizienz, déi verschidde Saache kënnen hu par rapport zu anere Saachen. Ech ginn net an den Detail. Ech mengen Dir verstitt wat ech domadder wëll soen.

An da mengen ech och déi Fro ze klären, déi de Budgetsminister an d'Regierung insgesamt interesséiert, ze kucken ob mer hei, bei eenzelne Subventionéierungen, och eng Ausbalancéierung musse maachen tëschent deem wat ee seet: Hei ass den Intérêt fir Geld ze verdénge méi grouss wéi den Intérêt eppes ze maache fir d'Ekologie. Och déi Soucien, mengen ech, solle mer kucken. Jiddefalls, d'Kreditter vum Ëmweltministère sinn dofir do fir eenzeg an eleng d'Leit ze ënnerstëtze fir eppes ze maache fir d'Ëmwelt, fir d'Ekologie, an net onbedéngt fir eppes ze maache fir derbäi Geld ze verdéngen. Och dee Souci, an ech mengen dozou sti mer, dass eis dee Souci interesséiert, musse mer considéréieren.

Da war et eng Fro am September: eng Revisioun oder eng Reform? Mir hunn eis dofir entscheet fir méi déif ze goen, d'Analys méi déif ze maachen. Mir si säit zwee Méint amgaangen intensiv mat alle Mataarbechter, souwuel an der Ekonomie wéi och am Environnement, well mer eis och verschriwwen hunn dat zesummen ze maachen, dorunner ze schaffen. Mir wäerten en éischten Entworf der Regierung an zwou Woche kënnen ënnerbreeden.

Ech hu mech an der Ëmweltkommissioun dozou verflicht fir déi zwee Reglementer - herno gëtt et vläicht nëmme méi eent, wa mer se zesummeleeën, ech mengen dat ass awer eng onwichteg Fro -, natierlech och dann an der zoustänneger Kommissioun, souwuel d'Ekonomie wéi den Environnement an enger Commission jointe, wann déi zwou Kommissiounen domat d'accord sinn natierlech, ze diskutéieren an dann esou schnell wéi méiglech an de Conseil d'État ze goe fir ze kucken d'Reglementer esou schnell wéi méiglech a Kraaft ze kréien, woubäi mengen ech den Datum net onbedéngt déi wichtegst Fro ass.

Éischtens kënne mer Facturë vun deem Regime, dee mer haut hunn, mathuele bis den 31. Mäerz 2005, an op där anerer Säit mengen ech ass et méiglech fir och herno Anlagen, déi op der Basis gemaach gi vun deem neie Regime, och ze considéréiere vum 1. Januar un. Esou dass den Zäitraffer zwar spillt, mä dass en net, mengen ech, elo esou wichteg ass.

Wat déi Fro ubelaangt vum Här Schank, ass dat eng Fro, déi eis effektiv ganz vill Suerge mécht. Et ass esou, dass mer am neien Naturschutzgesetz, ech mengen am Artikel 6, eng Bestëmmung am leschte Moment erageholl hu fir Anlagen am Beräich vun den erneierbaren Energien och iwwert d'Naturschutzgesetz kënnen an de Zones vertes ze bewëllegen op der Basis vun der Utilité publique. An ech si mam Kolleeg Marco Schank d'accord, dass mer hei wéinstens zwee Soucië mussen hunn.

Mir mussen de Souci hu vun der Utilité publique. Mir mussen awer och de Souci nach ëmmer hunn, géing ech soen, vun der Landschaft, vun deem wat mer eventuell u Landschaftsverschandelung maachen, an ech mengen, dass de Souci muss sinn an dass deen an der Zwëschenzäit bei der Regierung och ass, fir déi zwou Saachen ze kucken.

Mäi Virgänger, oder de fréiere Statssekretär, fir et richteg ze soen, huet eng Rei vun Anlagen op der Basis vun deem alen Naturschutzgesetz vun 1982 bewëllegt mat dem Argument vun der Utilité publique. Ech mengen, dass een an der Zwëschenzäit déi zwou Saache muss kucken, an ech wäert jiddefalls och an der Approche déi zwou Saache kucken. Well ech denken, dass mer awer mussen oppassen - an de Marco Schank huet Recht ze soen, dass effektiv ëmmer méi Leit sech d'Fro stellen, dass een engersäits zwar Anlage brauch fir eis Zilsetzung vun de 5,7% vun erneierbarem Stroum vun eiser Stroumconsommatioun bis zum Joer 2010 ze erreechen, da musse mer an der Förderung weiderfueren, soss kann dat Zil onméiglech erreecht ginn -, mä dass een op där anerer Säit awer muss oppassen, wann ech dat salopp ka soen, wat een dobaussen an der Landschaft effektiv och uriicht.

Ech mengen dee Souci schéngt mer wichteg ze sinn, souwuel bei de Photovoltaiksanlagen, wann et sech ëm grouss Megaanlagen handelt, wéi och bei de Wandmilleparken, wou een déi zwee Soucië muss hunn, esou dass ech also d'Attitüd wäert anhuelen an Zukunft fir mech mat deenen zwou Saachen ze beschäftegen. Utilité publique engersäits, ech mengen et ass unerkannt bei den erneierbaren Energien, dass et d'utilité publique ass. Mä op där anerer Säit awer och ze kucken: Wéi ass dat mam Naturschutz, mat der Ästhetik vun der Landschaft an esou virun, wéi ass dat domadder kompatibel?

An dann ass et richteg, dass d'Gemengen an de Buergermeeschter eng Responsabilitéit behalen. Mir si bei eenzelnen Anlagen, ech wëll elo keng hei nennen, am Kontakt mat de Buergermeeschtere fir ze kucke wéi d'Responsabilitéite vum Buergermeeschter a vum Ministère si fir gemeinsam eng Attitüd ze fanne par rapport zu der Décisioun, déi mer dann definitiv ze huelen hunn.

Ech hunn, dat éiert mech, d'Recht kritt vum Landesplanungsminister Jean-Marie Halsdorf, fir a sengem Numm ze soen, an hien huet dat op enger Aweiung, déi mer viru kuerzem zu Buerschent hate vun engem Wandmillepark, och nach eng Kéier däitlech gemaach, dass mer der Meenung sinn - den Dossier huet zwar schonn e bëssen e laange Baart -, dass e Plan sectoriel um Niveau vun de Wandmillen, mä och um Niveau vun esou Anlage vun erneierbaren Energien effektiv noutwendeg ass, an hien huet mer confirméiert, dass hien d'Regierung sous peu géif mat dem Prinzip vun esou engem Plan sectoriel an den éischten Aarbechte befaassen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann huet d'Wuert den Här Niki Bettendorf fir d'Fro Nummer 2 un de Gesondheetsminister iwwert den Tubak. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Dir fëmmt jo esou gär.

M. le Président.- Maacht mer elo kee Misär!

- Question N° 2 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Niki Bettendorf relative à la lutte contre le tabagisme au niveau national, adressée au Ministre de la Santé

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Här President, aus engem Pressecommuniqué vun der Europäescher Kommissioun vum 22. Oktober, also déi lescht Woch, geet ervir, datt d'Europäesch Unioun hir Lutte géint den Tabagissem intensifiéiert. Et gouf eng grouss Campagne médiatique annoncéiert. Haut kenne mer verschidde geschriwwen Texter op den Zigarettepäck, wéi zum Beispill „fumer nuit gravement à la santé et à votre entourage". Elo solle Biller op de Päck ze gesi sinn, wéi zum Beispill krank Longen, e Kadaver an der Morgue, eng Tumeur am Hals, Zänn, déi erausfalen. Dat Ganzt wierklech ofstoussend. Ech wollt dofir vun eisen Autoritéite wëssen, ob hei zu Lëtzebuerg esou Biller op den Zigarettepäck virgesi sinn?

Här Minister, Dir hutt och duerchblécke gelooss, datt Der an der Tubaksbekämpfung nei Weeër wëllt goen. Kënnt Dir ons vläicht soen, wéi Dir dat an der Zukunft gesitt?

Merci am Viraus.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den Här Gesondheetsminister huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir mech e bëssen en ongewinntent Gefill well d'Rolle sech ëmgedréint hunn. Ech ka mech ganz gutt un déi Zäit erënneren, wou ech op där anerer Säit stoung a Froen un d'Regierung gestallt hunn. Aus Respekt, deen ech ëmmer ageklot hunn, wéi ech nach op där anerer Säit stong, probéieren ech dann dofir esou gutt wéi méiglech op d'Froe vun de Kolleegen Deputéierten ze äntwerten an ech sinn dem Niki Bettendorf ganz dankbar fir seng Fro. Si erlaabt mer dem Oppositiounspolitiker de Spigel virzehalen an en drun ze erënneren, wat d'Approche an där doter Thematik vu senge Kolleegen an der Regierung war.

M. Henri Grethen *(DP).*- Do fir musst Dir mir net de Spigel virhalen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Mä da muss ech méi e grousse Spigel huelen.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här Minister, dat ass vum 22. Oktober, dat ass vun der leschter Woch.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- A gläichtzäiteg gëtt et mer dann d'Geleeënheet fir déi nei Weeër ze definéieren. Déi Approche vun der viregter Regierung an där heiter Fro war eng minimalistesch an de Carlo Wagner weess dat, well e voll gudder Intentioune wëlles hat zu senger Zäit d'OMS-Konventioun géint den Tabagismus duerch d'Regierung ze bréngen a ratifizéieren ze loosse vun der Chamber. En ass leider deemools net duerchkomm an d'Regierung huet sech Däitschland ugeschloss, fir e Recours géint déi nei Direktiv ze huelen. Dee Recours leeft nach ëmmer. Dofir also, d'Approche vun dem Här Bettendorf senge Kolleege war éischter méi eng minimalistesch. Wat elo d'Approche vun…

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, mir waren der Meenung, esou laang am Regierungsrot géif gefëmmt ginn, sollt een net ze vill helleg sinn!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech mengen, hei geet et awer net nëmmen drëm fir Regierungsmemberen ze schützen, mä et geet drëm fir eng richteg an eng courageiert Approche vis-à-vis vun engem vun den Haaptkrankmaacher ze huelen, an do soll een, wann ech gelift, net nëmmen no sech selwer kucken, mä do soll een och no deenen anere kucken. Well, an Dir hutt mer d'Stéchwuert ginn, de Longekriibs stellt bei de Männer 8,5% vu sämtlechen Doudesfäll duer, mat Tendenz no ënnen, well ëmmer méi Männer bereet sinn opzehale mat fëmmen. Bei de Frae stellt de Longekriibs ëmmerhin nach 2,5% vu sämtlechen Doudesfäll duer, mat steigender Tendenz, esou dass also en Handlungsbedarf do ass, besonnesch da wann een a säi Programm geschriwwen huet, dass ee méi gesond Liewensaart a -weise wëllt förderen, dass ee preventiv wëllt wierken an dann also och notoresche Krankmécher wëllt un de Pelz goen.

An der Regierungserklärung fannt Der dofir eng Rei vun Unhaltspunkten. Sensibiliséierungsaktioune géint den Tabagismus, verstäerkte Schutz vun Net-Raacher, Hëllef fir déi, déi bereet sinn opzehalen a Schutz vun deene ganz Jonke virum Tubakkonsum.

Den Här Bettendorf huet mech gefrot, wéi ech zu de Propositioune vum Här Byrne stinn. Déi sinn net nei, an och do kann ech soen, dass déi viregt Regierung zu de Propositioune vum David Byrne, déi enthale sinn an där viregter Direktiv, och eng minimalistesch Approche hat, well schonn deemools war et méiglech fir déi Pictogrammen op Tubaksverpackungen ze bréngen. Déi lescht Regierung war der Meenung, dass dat net dee richtege Wee war an huet fir déi minimalistesch Approche optéiert, fir nëmme schwaarz op wäiss Warnungen op Tubakspackungen ze schreiwen.

(Interruptions)

Ech muss Iech soen, Här President, den Här Lucien Lux huet seng Zäit net voll ausgenotzt.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir wësst datt dat net geet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech kommen zur Konklusioun. Ech si selbstverständlech op fir nei Kennzeechnunge vun den Zigarettepäck an ech wëll lech soen, dass an der Lutte géint den Tabagismus ech e Freideg dem Regierungsrot proposéieren, dass d'Konventioun vun der OMS ratifizéiert gëtt an dësem Haus. Doniewent hu mer als Regierung schonn décidéiert, am Rahme vum Budget 2005, d'Zigarettepräisser ze héijen. Ech wäert och der Regierung proposéieren, de Mindestalter fir u Kanner oder u Jugendlicher Tubak ofzeginn op 16 Joer eropzehiewen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Ech stelle fest, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech gesot hat, dass ech gären hätt dass mer eis Zäit géifen anhalen aus Fairness, déi eng vis-à-vis vun deenen aneren, d'Parlament vis-à-vis vun der Regierung. Här Minister, Dir hutt eng Minutt méi Zäit gebraucht fir eng Äntwert ze ginn. Ech wëll lech soen, wann Der sot, dass dat ganz kuerz gewiescht wär, Dir hutt eréischt bei dräi Minutten 29 ugefaangen op d'Fro ze äntweren.

(Brouhaha général)

Wann Der éischter ugefaangen hätt op d'Fro vum Här Bettendorf ze änweren, da wier et ganz einfach gewiescht fir Iech un d'Zäit ze halen. Ech wollt dat direkt bei där éischter Fro gesot hunn, fir datt déi aner sech och kënnen dorunner halen a wësse wéi et geet.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer un d'Fro Nummer 4 vun der Madame Brasseur un de Bauteminister an un den Innenminister iwwert d'Sportsinfrastrukturen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 4 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Anne Brasseur relative aux infrastructures sportives, adressée au Ministre des Travaux publics et au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci, Här President. Ech probéieren da mech un d'Reglement ze halen, esou wéi Dir dat richteg maacht, an ons Ënnerstëtzung fannt Der mat Sécherheet dobäi, well d'Reglementer sinn nämlech do fir observéiert ze ginn.

Ech hunn eng Fro un den Travaux-publics-Minister an un den Innenminister iwwert d'Sportsinfrastrukturen.

Den Här Krecké a senger Qualitéit als Sportsminister huet d'lescht Woch op enger Table ronde iwwert de Sport gesot, an Zukunft dierfte keng Schoulgebaier méi gebaut ginn ouni adequat Sportsinfrastrukturen. Déi Fro, déi ech mer stellen: Sinn an der Vergaangenheet Schoule gebaut ginn ouni adequat Sportsinfrastrukturen? Wa jo, wellech? An dat ass eng Fro un de Bauteminister.

Den Innenminister wollt ech froen, ob d'Gemenge Schoulbaute realiséiert hätten ouni Sportsinfrastruktur? Wa jo, wellech?

An da wollt ech froen, wat d'Regierung da gedenkt fir do ze hëllefen, wou déi néideg Sportsinfrastruktur net do ass. Dat ass menges Wëssens bei ale Gebaier. Ob do elo en extrae Projet besteet fir deem nozekommen? A finalement wat d'Regierung da wëllt maache fir deem Appel vum Här Krecké Folleg ze leeschten?

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Déi zwee Ministeren hu véier Minutten Zäit. Si solle

sech déi deelen, wa mer no dem Reglement fueren. Der Madame Brasseur hir Froe ware kuerz a prezis. Ech denken, dass d'Äntwerte vun der Regierung dat och kënne sinn.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir direkt op d'Fro ze äntweren: Et ass esou, dass effektiv déi Projeten, déi mer an der leschter Zäit haten, alleguer Projete sinn, déi selbstverständlech déi Infrastrukture bëinhalt hunn, an dat ass zum Beispill de Lycée technique Josy Barthel zu Mamer, de Lycée Aline Mayrisch, de Jongelycée zu Esch, de Lycée classique vun Dikrech, wat alles Projete ware wou genügend Sportinfrastruktur derbäi war.

Bei den Infrastrukturen, déi elo en voie de réalisation sinn, gëllt fir e groussen Deel datselwecht. Dat ass de Lycée technique Mathias Adam zu Péiteng, wou ee muss soen, datt keng Piscine derbäi ass, mä dee Problem vun der Piscine ass awer mat der Gemeng zesumme geregelt ginn. Dat, denken ech, hutt Dir nach mat ausgehandelt. De Lycée technique vun Esch-Raemerech, de Lycée technique Nic Biver vun Diddeleng, de Lycée technique Joseph Bech Maacher an de Lycée technique du Nord, deen elo am Réibau ass, wou och déi noutwendeg Infrastrukture virgesi sinn.

Datselwecht gëllt fir déi Projeten, déi elo an der Etüd sinn. Esch-Lalleng, de Lycée technique vu Jonglënster, déi wierklech an der Préparatiounsphas sinn, grad esou wéi de Lycée technique Hubert Clement, deen op d'Terres Rouges soll kommen, souwäit dee scho preparéiert ass, gesi selbstverständlech alleguer déi Strukture vir.

Do wou Schwieregkeete sinn, dat ass bei zwee Projeten. Dat ass de Lycée technique du Centre an d'Extensioun zu Dummeldeng. Wéi gesot, dee Projet kennt Dir och ganz gutt, wou keng Plaz um Terrain war fir déi Sportinfrastrukturen derbäi ze setzen an dann och aner Schwieregkeeten am Dikrech-Ettelbrécker-Raum, wou et net duergeet mat deene Strukturen, déi mer momentan hunn, an datselwecht gëllt och fir de Lycée technique pour Professions de santé, woubäi awer bei den Neibauten, déi mer amgaange sinn ze maachen, notamment dee Projet, dee soll op Bouneweg kommen, selbstverständlech probéiert gëtt op deem Terrain, dee mer hunn, déi Strukturen derbäi ze setzen.

Dat heescht, et ass evident: Well de Sport um Programm steet, musse Sportinfrastrukture wa méiglech bei déi nei Gebaier kommen. Do wou dat schwiereg ass oder wou Terrainsschwieregkeete sinn, mussen aner Solutioune gesicht ginn, fir dass mer d'Schoulprogrammer kënne maachen.

M. le Président.- Merci, Här Bauteminister. Dat war kuerz, prezis an an der Zäit. D'Regierung gesäit also, datt et geet. Den Här Innenminister huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de Volet ugeet vun de Gemengen, wollt ech der Madame Brasseur äntweren, dass am Fong geholl, wou Sportsinfrastrukture bei Schoule kommen, den Innenminister sech op déi Aart a Weis domat befaasst, andeem dass en eng Approbatioun gëtt. Déi Approbatioun orientéiert sech awer net u statisteschen Elementer, well wat d'Gemenge gären alleguerten hätten, dat ass eng Gemengenautonomie. Ech wëll och guer net an deem heite Kader iergendwéi eppes géint déi Gemengenautonomie ënnerhuelen. Ech fannen, si sollen en toute responsabilité décidéieren, wou wat kënnt.

Ech wëll Iech awer matdeelen als Landesplanungsminister, dass ech dem Ministère vun der Landesplanung mat op de Wee ginn hunn, dass mer en Inventaire wëlle maachen, wou mer all déi Equipementer an all Infrastrukturen hei am Land, ob dat sportlecher sinn, kultureller oder soss öffentlech Gebaier, fir ze kucke wou déi regional am Land sinn, fir dann am Kader vum Programme directeur de l'aménagement du déi Zonen, déi mer Zones à développement nennen, also do wou Entwécklunge solle geschéien, fir do kënne besser ze plangen, Infrastrukturen hinzesetzen, eben en fonction vun der regionaler Gewiichtung.

Dat huet och scho mäi Virgänger, den Här Wolter, esou gesinn an ech gesinn dat genau d'selwecht. Mir maachen elo deen Inventaire an da wäerte mer dann do Décisiounen huelen an deenen nächste Wochen. An da wäerte mer och esou d'Subsidepolitik - an dat ass eng Fro op déi ech herno dem Här Gibéryen äntwere wäert - och esou orientéieren, dass mer dat als Ganzt kënne gesinn, fir eist Land beschtméiglech an dësem Beräich auszestatten.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer un d'Fro 5 vum Här Robert Mehlen un de Bauteminister iwwert d'Nordstrooss. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 5 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Robert Mehlen relative aux travaux de la route du Nord, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Chantier, deen eis de Moment vill Suerge mécht, ass d'Nordstrooss. Mir wëssen alleguer, datt e finanziell relativ wäit aus dem Rudder leeft. Dat Gesetz, wat de 27. Juli 1997 initialement gestëmmt gi war, huet eng Dépense vu 14,8 Milliarde Frang virgesinn. D'Previsioune sinn haut, ouni Adaptatioun un de Bauindex, ronn 22 Milliarden, fir bei de Frangen ze bleiwen. Dat si bal 50% méi. Wann een dat un den aktuelle Geldwäert adaptéiert, da kënnt een op ronn 25 Milliarden där aler Frangen.

Eng Ursaach dovun, dat wësse mer alleguer, sinn d'Tunnelen. Ech erënnere ganz kuerz un d'Schwieregkeeten am Tunnel Markusbierg, wat zwar eng aner Streck war, mä ganz besonnesch och am Gousselerbierg. An deem Trajet, deen elo nach ze baue bleift, hu mer zwee grousser Tunnelen. Den Tunnel Grouft vu ronn 3 Kilometer an den Tunnel Stafelter vu knapp 2 Kilometer. Mir wëssen, datt Tunnele schrecklech deier ginn, datt se komplizéiert sinn, datt se deier zousätzlech Infrastrukture brauche wéinst der néideger Sécherheet, an datt virun allem d'Lëtzebuerger Ekonomie net schrecklech vill dovu profitéiert, well mer keng Entreprisen hunn, déi doranner spezialiséiert sinn.
Dofir wollt ech den Här Minister froen:
1) Aus finanzielle Grënn, gëtt de Projet wéi geplangt realiséiert?
2) Gëtt en aus finanzielle Grënn eventuell zäitlech gestreckt?
3) Ass d'Regierung eventuell bereet, do wou et nach méiglech ass, an notamment den Tunnel Stafelter ze iwwerdenken, an eventuell op deen Tunnel ze verzichten, wat een Erofsetze vun de Käschte géing mat sech bréngen?
4) Ginn déi aner gréisser Projeten duerch de Käschtepunkt vun der Nordstrooss zréckgestallt, notamment bezitt déi Fro sech op d'Contournementen?
Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Bauteminister huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Ech wëll ufanks déi kuerz Remarque maachen, datt et awer net einfach ass op eng Fro ze äntweren, déi am Wuertlaut, deen ech um 11 Auer de Moie krut, heescht: „iwwert d'Aarbechten un der Nordstrooss". Dee Wuertlaut war extrem generell, an elo ginn ech dann eng ganz Rei prezis Saache gefrot, eenzel Punkte vum Projet, wou et awer am Résumé méi schwéier ass dorop ze äntweren.

Dofir soen ech effektiv: Dee Projet hei gëtt e gutt Stéck méi deier! Aus enger ganzer Rei Grënn gëtt e méi deier an deene verschiddene Sektiounen, déi mer hunn, well mer bei der Autobunn Tréier-Iechternacherstrooss, déi fäerdeg ass, eng Extensioun op eng drëtt Pist gemaach hunn, well beim Tunnel Stafelter, Tunnel Grouft haaptsächlech et esou ass - an dat ass an der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire scho virun enger ganzer Zäit erkläert ginn -, dass eng ganz Rei Sécherheetsmoossnamen hu misse bäigesat ginn, notamment eng drëtt Pist, well och op där anerer Säit beim Tunnel Gousseldeng eng ganz Rei Schwieregkeeten dra waren, ass effektiv dee Projet mat enger ganzer Rei Zousazkäschte verbonnen.

Dofir hunn ech drop gehalen, esou fréi wéi méiglech an d'Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire ze kommen, fir dat nach eng Kéier ze exposéieren, fir och déi Zuelen op den Dësch ze leeën. An net méi spéit wéi gëschter hat ech och d'Méiglechkeet fir deene Leit an der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire de ganzen Dossier mat deem ganzen Detail vun de Käschtepunkten op deenen eenzelne Punkten an deenen eenzelnen Deeler vun der Aarbecht virzeleeën. Ech mengen, dat ass déi Aart a Weis wéi ee muss zesummeschaffen, fir an deenen Dossieren esou kloer wéi méiglech ze sinn.

Wat elo déi prezis Froen ugeet, déi den Här Mehlen hei gestallt huet, do ass et esou, datt effektiv dee Projet, deen elo den Tunnel Grouft ass - wat déi nächst Phas ass, wa mer zu Luerenzweiler ukomm sinn -, 2003 ausgeschriwwe ginn ass. Do ass och elo d'Soumissioun ofgeschloss, esou datt deen Tunnel wäert an deenen nächste Wochen, denken ech, effektiv an déi praktesch Phas goen, also dann och gebaut gëtt.

Ech mengen, datt déi Froen, déi sech doranner résuméiert hu fir ze soen, wéi fuere mer elo weider, oder wéi geet dat, sech an engem Moment, an deem mer elo sinn, net méi stellen, well mer einfach mat der Pist, mat dem Tracé vun der Nordstrooss do sinn, wou mer sinn, a well mer musse weiderfueren do wou mer elo ukomm sinn. Ech gesinn net wéi mer et anescht kënne maachen an ech mengen och net, datt et sënnvoll wär ze soen, mir géingen deen elo dräi, véier, fënnef Joer zréckstellen, well et wierklech eppes ass, wat amgaangen ass gemaach ze ginn a wou ech mengen, datt een och soll doduerchkommen.

Dofir och mäi Wëllen esou schnell wéi méiglech mat engem Gesetzesprojet hei bei Iech an d'Chamber ze kommen, fir dann och iwwert déi nächst véier, fënnef Joer déi finanziell Ofsécherung vun deem Projet kënne mat Iech hei ze maachen.

Wat elo d'zäitlech Streckung vun deem Projet ass, denken ech, datt ee selbstverständlech muss op de Budget, op déi finanziell Lag kucken, déi an deenen nächste Joren zur Verfügung steet. Nach mengen ech, dass dat hei e Projet ass, wou, wann een en elo ufänkt, a mir fänken elo mam Tunnel Grouft un, et derwäert ass esou schnell wéi méiglech an deem weiderzekommen, well et kloer ass, datt een deen Deel vum Tunnel, wat de Grouft, den Tunnel Stafelter an dat Stéck am Gréngewald, wat derzwëschent ass, ugeet, net kann an eenzelnen Tranchë gebrauchen. Dat heescht, wann ee mat engem Tunnel ufänkt, kënnt een néierens anescht méi vun där Strooss erof. Et ass een also obligéiert bis op d'Iechternacherstrooss weiderzefueren, fir datt dat Ganzt e Sënn huet.

Esou datt ech mengen, mir hunn dat ugefaangen, mir sollen et och fäerdeg maachen, fir datt déi ganz Infrastruktur an dee groussen Investissement, déi mer do maachen, eng Utilitéit hunn.

Dann ass et esou, datt, wat déi aner Projeten ugeet, der eng ganz Rei um Regierungsprogramm sinn. Wat d'Contournementen ugeet, dat ass eng Diskussioun wou mer sécherlech wäerten an deenen nächste Wochen, wa mer iwwert déi eenzel Fongen am Kader vum Pluriannuel schwätzen, kucke mussen, wéi mer dat hikréien. Ech hoffen, datt mer dee Programm vu wichtege Contournementen, déi an der nächster Zäit ze maache sinn, och kënnen an deenen nächste Joren esou weiderféieren.

Voilà, ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann un d'Fro 6 vun der Madame Loschetter un de Minister fir sozial Sécherheet iwwert de Splitting. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 6 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Viviane Loschetter relative aux droits de pension en cas de divorce, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Fro wier och séier gestallt a si riicht sech effektiv un de Minister vun der Sécurité sociale.

Am Koalitiounsaccord betreffend d'Sécurité sociale, am Passage vun den Assurances pension, wëll ech zitéieren: «En tout état de cause, le Gouvernement remettra sur le chantier le projet visant le splitting en cas de divorce, quitte à revoir les différentes solutions possibles en l'occurrence.»

Meng Fro, Här Minister, an deem Kontext wier: Wat ass genee mat deem Passage gemengt a wat verstitt Dir, Här Minister, ënnert dem Term Splitting?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den Här Gesondheetsminister a Minister vun der Sécurité sociale huet an dësem Fall d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eng kuerz Fro, eng kuerz Äntwert, wat mer dann erlaabt fir déi Minutt ze récupéréieren, déi ech Iech virdru geklaut hunn.

Effektiv huet d'Madame Loschetter de Regierungsprogramm korrekt zitéiert. Ech wëll awer just ergänzend dozou soen, dass niewent deem Text och en Aarbechtsgrupp fonctionnéiert huet a fonctionnéiert, dee vum Rentendësch agesat ginn ass an dee soll préiwen, wéi een a Richtung Individualiséierung vun de Pensiounsrechter kéint goen. Dee Grupp huet seng Aarbechten esou gutt wéi ofgeschloss. Dir wësst an deem Grupp waren d'Sozialpartner, war de Conseil national des Femmes, waren déi betraffe Ministèren. Deen Aarbechtsgrupp schléisst also de Rapport of, iwwergëtt en der Regierung an da wäert dee Rapport öffentlech virgestallt ginn.

Dee Rapport setzt sech ausenaner mat den individualiséierte Rechter, mä och mam Prinzip vum Splitting, Splitting aus verschiddene Vuen: Splitting vu Pensiounsrechter insgesamt oder Splitting vu Pensiounsrechter limitéiert op de Scheedungsfall. Do gëtt et eng Rei vun Optiounen. Wann de Rapport da virläit, wäert ee kënne Stellung dozou bezéien an, wéi dat am Regierungsprogramm heescht, dee limitéierte Splittingsprojet - et sinn der eigentlech zwee, ee fir de Secteur privé an ee fir de Secteur public - erëm op de Métier huelen. Mir wäerten dann zesumme mussen déi Décisiounen huelen, déi sech opdrängen.

Dat gesot sinn ech mat menger Äntwert um Enn an hunn zwou Minutten an 20 Sekonnen erëm zréckgeholl.

Ech sinn also fir déi nächste Kéier, wann ech hei optrieden, eng Minutt am Bonus.

Villmools Merci.

(Interruptions)

M. le President.- Merci, Här Minister. Mir kommen un déi lescht Fro vun haut, d'Fro Nummer 7 vum Här Gast Gibéryen un den Innenminister betreffend d'Subventiounspolitik vum Stat. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 7 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Gast Gibéryen relative à un rapport annuel sur les subventions de l'État, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. An enger Interpellatioun de 5. Abrëll 2000 iwwert d'Gemengefinanzen hat ech hei opgeworf, datt et wichteg wier, fir an dem Kader vun der Transparenz e Rapport annuel opzestellen, wou niewent deene bekannten Transferten, déi iwwert de Budget lafen an d'Gemengebudgeten, och géifen all aner Participatiounen, déi vun deene verschiddene Ministèren a Form vu Participatiounen oder Subsidë vis-à-vis vun de Gemenge ginn, datt een déi an engem Rapport annuel sollt festhalen, wou dann och d'Kritären an d'Konditiounen, fir déi Subsiden ze kréien, géife festgehale ginn, d'Montanten, den Engagement respektiv, ob se scho liquidéiert wieren, bezuelt wieren oder net.

Och géif dat méi zur Transparenz bäidroen. Et géif och dozou déngen, datt d'Allgemengheet Kenntnis krit vun de Méiglechkeeten, déi et gëtt bei der Investitioun vu Projeten. Et wier also eng Gläichbehandlung vun de Gemengen an et wier och wichteg an der Diskussioun, wat d'Opdeelung vun de Kompetenzen zwësche Stat a Gemengen ubelaangt, wann déi Chifferen um Dësch géife leien, genausou gutt wéi et och fir d'Regionalplanung scho wichteg ass, wéi déi Transferte vun de verschiddene Ministèren un déi Gemenge ginn.

Meng Fro ass also, ob den Här Innenminister bereet wier, sou e Rapport annuel ze maachen, an deem sämtlech Transferte vu sämtleche Ministèren un déi eenzel Gemenge géife festgehale ginn.

M. le President.- Merci, Här Gibéryen. Den Här Innenminister huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zu dem Här Gibéryen senger Suggestioun an op seng Fro wollt ech Folgendes äntwerten.

Mir sinn derbäi e System auszeschaffen, wéi d'Gemenge kënne funktionéieren. Dee System, wéi d'Gemengen am Kader vum IVL oder vun deem Geescht, deen doduerch sech am Land breet gemaach huet, kënne funktionéieren, baséiert natierlech op engem Finanzement, an dee Finanzement

kann een nëmme global féieren. A wann een e global féiert, da muss een d'Dotation de l'État dobäihuelen. De Fong muss also derbäi sinn, et muss den ICC derbäi sinn, Impôt commercial, d'Recettë vun de Gemenge mussen derbäi sinn, Impôt foncier, an dat heescht och d'Subsiden. D'Subsidë sinn net vill diskutéiert gi bis elo am Kader vun dem Finanzement vun de Gemengen, mä dat muss mat an déi Diskussioun geféiert ginn.

Also Är Iwwerleeunge si richteg, an dat kënnt ee mat engem Beispill illustréieren, dat mir relativ net friem ass; dat Beispill vun enger Schwemm, déi zu Rodange gebaut gëtt, déi lo bal no neiesten Erkenntnisser 20 Milliounë kascht huet a fir déi iwwer 7 Milliounen u Subsiden ausbezuelt ginn. Dat ass also net näischt. Et muss een dat an d'Diskussioun aféieren a mir wäerten och kucken, sou gutt wéi méiglech déi Donnéeën ze kréien, wat d'Subsiden ugeet, fir do d'Flux financiers ze kréien.

Do brauch een natierlech den Accord vun deenen anere Ministeren. Ech mengen awer, dass do e gewëssene Konsensus ass, fir do eng gewëssen Transparenz ze kréien. Mir wäerten do e Groupe de travail interministériel maachen, an deem déi eenzel Ministeren da kucken, wéi déi ganz Fluxen do stattfannen, fir dann eng Grille auszeschaffen, wéi déi Subsidë sollen ausbezuelt ginn. Dat ass allzäit meng Visioun vun der Saach, well ech mengen, an deenen Diskussiounen, wat de Finanzement vun de Gemengen ugeet - et geet net anescht -, kann een dee Volet do net négligéieren.

Wann een d'ailleurs eise Regierungsprogramm liest, do steet och drageschriwwen: «Les mesures d'incitation financière, le cas échéant à trouver au Fonds de développement régional, comprennent les contrats de développement régionaux à conclure par référence aux plans régionaux ainsi que l'aide au logement et l'aide au développement économique. Les instruments existants dans ces deux derniers domaines d'intervention seront adaptés de manière à les rendre compatibles avec les objectifs de l'IVL.»

Dat heescht also, dass kënnen am Beräich zum Beispill vum Développement économique, also vun der wirtschaftlecher Entwécklung, oder och der Aide au logement, all deene Regionalpläng iwwert de Logement, do kënnen iwwer Fonds de développement régionaux, iwwer regional Fongen, Suen - géif ech soen - doriwwer lafen. Dat sinn natierlech keng duebel Subventiounen. Wa se iwwert dee Wee do lafen, da lafe se net iwwert de lokale Biais, mä dat ass eng vun de Pisten, déi also am Regierungsprogramm stinn. An hannendru steet dann och: «Les différents départements ministériels seront chargés de mettre au point une grille de lecture pour l'attribution de subsides aux collectivités locales. Il sera veillé à ce que la composante régionale soit dûment intégrée dans les systèmes de subvention existants.»

Also, dat ass dee Geescht fir regional ze denken a regional ze kucken. Ech weess och, datt eise Premierminister och eng ähnlech Lecture huet vun deem heite Problem, sou dass ech mengen, dass mir missten deemnächst sou e Groupe de travail interministériel op d'Bee setzen, an da kéint och eventuell dann esou ee Rapport, wéi Dir e suggéréiert, le moment venu - géif ech soen -, an der Chamber hei virgestallt ginn.

Also gesinn ech, hei si mir iergendwou op enger Wellelängt, an ech mengen, et ass am Interesse vun eisem Land an eise Gemengen, wa mir géifen an déi Richtung zesummeschaffen.

M. le President.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Heure de questions ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. De Punkt betrëfft d'Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert d'Zukunft vun der Eisebunnsgesellschaft. Et handelt sech hei ëm eng Interpellatiounsufro vum Här Felix Braz, déi an eng Aktualitéitsstonn ëmgewandelt ginn ass.

D'Riedezäit ass nom Artikel 78-2 vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn 10 Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils 5 Minutten an der Regierung eng Véirelsstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Grethen, Schreiner a Jaerling. D'Wuert huet lo den Här Felix Braz als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

5. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng relative à l'avenir de la Société Nationale des Chemins de Fer (SNCFL)

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuerger Eisebunn befënnt sech am Ëmbroch. Et ass wuel net deen éischten awer wuel dee gréisste vun hirer scho laanger Geschicht. Am Beräich vum Giddertransport ass den Ëmbroch schonn agelaut duerch d'Paquets ferroviaires 1 an 2, déi an enger éischter Phas den Transport fret deels liberaliséiert hunn, an an enger zweeter Phas - dat ass de Paquet ferroviaire 2 - bis Ufank 2006 den Transport fret wäerte vollstänneg liberaliséieren, mat e puer neie Rereguléierungselementer.

An der Diskussioun ass och e Paquet ferroviaire 3, deen de grenziwwerschreidende Persounentransport betrëfft. Dat ass dann déi éischte Kéier, dass de Persounentransport dovunner betraff ass, an dee Paquet ass fir 2008 ugesat.

Sollt de Paquet 3 duerchgoen, dierft et dann och nëmmen nach eng Fro vun der Zäit sinn, bis e Paquet 4 an d'Gespréich bruecht géif ginn, an dat heescht, dass dann och géing haart driwwer nogeduecht ginn, fir den nationale Persounentransport ze liberaliséieren. Dat heescht, datt den nationale Maart vum Persounentransport och géing fir Konkurrenz opgemaach ginn.

Op dësem Hannergrond, deen zu Lëtzebuerg och no der Regierungserklärung bis haut méi Froen opgeworf huet wéi datt en Äntwerte kritt hätt, huet déi gréng Fraktioun eng Interpellatioun vun der Regierung ugefrot. Op déi Demande ass leider net positiv geäntwert ginn, wat mir bedaueren, well dann hätt d'Parlament mat där néideger Zäit all déi wichteg Punkten, déi sech am Kontext vun den Erausfuerderunge fir d'Lëtzebuerger Eisebunn stellen, kënnen diskutéieren. Mä wat net ass, kann nach eng Kéier ginn, an déi gréng Fraktioun wäert mat dëser Heure d'actualité vun haut net déi lescht parlamentaresch Initiativ am Eisebunnsdossier geholl hunn.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, den Ëmbroch vun der Eisebunn huet nach en aneren Hannergrond, an zwar dee vum IVL, dat Integratiivt Verkéiers- a Landesplanungskonzept, dat vun der Noutwendegkeet schreift am Joer 2020 e „modal split" ze erreeche vu 25/75, woubäi der Bunn an deem Kontext déi mat Ofstand gréisste Bedeitung - net déi eenzeg, awer déi gréisste Bedeitung - bäigemooss gëtt.

Enk widder dësem zweete Punkt läit och deen drëtte relevanten Aspekt fir d'Zukunft vun der nationaler Eisebunn, nämlech de Kyoto-Protokoll, deen zanter der rezenter Ratifizéierung vu Russland a Kraaft getrueden ass a wou Lëtzebuerg sech engagéiert huet, fir bis 2010 seng CO_2-Emissiounen ëm 28% par rapport zum Referenzjoer 1990 ze reduzéieren.

Leschte Punkt, deen hei muss erwähnt ginn, ass deen, deen och muss an Aklang bruecht gi mat der Entwécklung vun der Eisebunn, dat ass deen dass hei zu Lëtzebuerg d'Ekonomie nach ëmmer wiisst, an - „bon an mal an" - netto e puer Dausend Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg dobäikommen, an déi Augmentatioun vum Volumen muss och capacitéitsméisseg vun der Eisebunn an den nächste Joere bewältegt ginn.

Dës véier Elementer - d'Paquets ferroviaires, den IVL, de Kyoto-Protokoll an déi wuessend Ekonomie - setzen am Wesentlechen de Kader, an deem sech Lëtzebuerg op der Fro vun der Zukunft vun der Eisebunn muss bewegen. Et ass also wäit méi wéi nëmmen tësche Gänseféisercher „den europäesche reglementaresche Kader" mat sengen ekonomeschen Aspekter. Et ass d'Sich no engem Equiliber tëschent reglementareschen, ekonomeschen an awer och gesellschaftspoliteschen Aspekter, d'Sich awer och no Clienten, déi net forcéiert kënne ginn; Clienten, déi wëllen iwwerzeegt ginn.

An dat ass fir eis Gréng an dëser Diskussioun ee vun den Haaptpunkten, wann net den Haaptpunkt selwer. Et geet schlussendlech drëms, duerch déi Mesuren, déi d'Regierung ergräift, duerfir ze suergen, dass eng rapid wuessend Zuel vu Leit Ursaache genuch fënnt fir op den Zuch ze klammen a sech bei den Déplacementer fir déi doten Optioun décidéiert.

D'Eisebunnsdirektioun huet an hirer Sëtzung vum 22. Mäerz 2004 e Strategiepabeier op den Dësch geluecht. E Pabeier, dee schonn hefteg kritiséiert ginn ass, deen awer zumindest de Mérite huet, dass en d'Debatt lancéiert huet, och op deene Punkten, déi manner agréabel sinn. En huet allerdéngs keng Vue d'ensemble, well e sech am Wesentlechen op déi reglementaresch, ekonomesch an och betriblech Aspekter beschränkt.

Här President, eisen Transportminister ass eng Stellungnahm wéi déi vun der Eisebunnsdirektioun nach schëlleg. En ass se schëlleg an der Regierungserklärung an en ass se schëlleg an den öffentlechen Deklaratiounen, déi den Transportminister zënter senger Vereedegung gemaach huet.

Fir de Sozialdialog bei der Bunn ze relancéieren, huet d'Regierung eng Tripartite Eisebunn virgesinn. Déi soll, dem Transportminister no, eréischt an engem gudde Joer agesat ginn. Woufir dee Verzuch noutwendeg ass, huet den Transportminister eis nach net erkläert. E kritt et och net erkläert! Well et eng falsch Décisioun ass. An engem Joer, Här Minister, sinn d'Fakten net anescht an och net besser wéi haut. Am Géigendeel!

D'Entwécklung geet hire Wee, och um europäesche Plang. D'Regierung seet an hirer Erklärung, dass se kenger weiderer Liberaliséierung zu Bréissel wäert zoustëmmen, ouni dass e seriöe Bilan vun de Paquets ferroviaires 1 an 2 gemaach gëtt. Dat ass wuel richteg, mä och d'Paquets ferroviaires 1 an 2 sinn zu Bréissel géint de Lëtzebuerger Vote geholl ginn, an dat wäert beim drëtte Paquet net anescht ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, bei den Diskussiounen ëm d'Zukunft vun der Eisebunn geet et och ëm Geld, ëm ganz vill Geld. Méi wéi 100 Milliarden al Frange stinn am Raum, wann ee sämtlech Investitiounen an den eenzelne Projeten, déi an der Lescht an der Diskussioun waren, zesummenzielt. Dat wär - fir lech eng Gréissenuerdnung ze ginn - ronn 40% vun den Dépensë vum Statsbudget 2005. Et ass also déi Gréissenuerdnung ëm déi et sech dréit, wann ee vun der Reform a vun der Moderniséierung vun der Eisebunn schwätzt. A wann d'Lëtzebuerger Regierung, d'gesamt Regierung, hir Virstellungen zu der Zukunft vun der Bunn op den Dësch wäert leeën, dann huet virdrun net nëmmen den Transportminister d'Wuert kritt. Dann hunn och de Finanz- an de Budgetsminister matgeschwat, an zwar e gewaltegt Wuert.

An den Transportminister, Dir Dammen an Dir Hären, mécht sech eiser Meenung no Illusiounen, wann e liichtfankeg e Joer verléiert fir den Dossier Eisebunn an aller Transparenz an enger Tripartite unzegoen. D'Illusioun nämlech, dass en déi Kreditter wäert kréien déi e brauch, da wann e mengt dass e se misst kréien, fir d'Zukunft vun der CFL ze bestreiden, wann en net virdrun d'Parlament direkt agebonnen huet a wann en net virdrun duerch Transparenz an der Saach, duerch Argumenter den néidegen Drock op de Finanz- an de Budgetsminister opgebaut huet.

Här President, de 27. September vun dësem Joer huet den Transportminister der CFL hir Transportlizenz iwwerreecht, fir dass se an der ganzer Europäescher Unioun Persounen a Gidder kann transportéieren. Dat ass en Dokument, dat elo nach mat vill Sënn muss gefëllt ginn. Dovun ofgesinn ass d'Regierung bis haut nach all Äntwert schëlleg bliwwen op déi grouss Erausfuerderungen, déi virun der CFL stinn.

Mir wëllen duerfir der Regierung e puer prezis Froe stellen:

Éischtens: Wat hält de Minister vum Strategiepabeier vun der Eisebunnsdirektioun vum 22. Mäerz 2004? E Pabeier, deen all de Fraktioune scho virun de Wahle vun der Direktioun virgestallt ginn ass, fir dass no de Wahle méiglechst wéineg Zäit géing verluer goen an deem wichtegen Dossier. Ass dee Strategiepabeier, Här Minister, éischter positiv oder éischter negativ?

Zweetens: Wëllt de Minister net awer léiwer d'Tripartite Eisebunn direkt aberuffen? Wou gëtt soss bei der Eisebunn an deenen nächste 15 Méint diskutéiert: am Comité mixte d'Entreprise, an der Délégation centrale, an der Commission paritaire oder awer an den neien Aarbechtsgruppe vum Verwaltungsrot? Och dat ass en Argument fir d'Tripartite méi séier anzeberuffe wéi den Transportminister dat wëlles huet.

Drëtt Fro: Wéi wëllt de Minister d'Parlament an d'Tripartite abannen?

Véiert Fro: Wéi steet de Minister zur noutwendeger Kapitalaugmentatioun bei der Bunn? Och eng wesentlech Fro, déi bis haut nach ouni eng éischt Äntwert bliwwen ass.

Fënneft Fro: Wéini ginn d'„contrats service public par rail et route" an d'„contrats de l'infrastructure" verlängert, an zwar esou an hirer Durée, dass se laangfristeg genuch ausgeluecht si fir déi héich Investitiounen, vun deene mer schwätzen, och kënnen ze amortiséieren?

Sechst Fro: Wéini a wéi wëllt de Minister d'Train-Tram-Konzept a säi Finanzement finaliséieren?

Siwent Fro: Wat ass dem Minister seng Strategie beim Giddervérkéier?

Aacht, an domadder zweetlescht Fro - Här Lux, Dir hutt fënnef Minutte méi wéi ech fir ze äntwerten, dat misst Iech et erlaben, op déi Saachen ze äntwerten.

(Interruption)

Une voix.- Dir wollt keng Interpellatioun!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Mir haten Iech eng Interpellatioun proposéiert, dann hätte mer alleguerten eng Stonn gehat.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Wann Der e bësse méi lues géingt schwätzen, da kéint ech wéinstens Zäit hu fir se opzeschreiwen.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här Lux, ech hunn, well ech mat där do Remarque gerechent hunn, mer scho virgeholl, Iech eng Kopie vu menge Froen an de Grapp ze drécken.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Dat ass ganz léif.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Aachtens: Wéi stellt sech de Minister de Statut vum neie Personal bei der Eisebunn vir?

An néngt a lescht Fro: Wéi steet de Minister zur Filialisatioun vun der Bunn an der Unitéit vun de gewerkschaftleche Rechter, déi domadder zumindest deelweis a Gefor wären?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Elo kënnt deen éischte Riedner, de Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV stoung nach ëmmer zum öffentlechen Transport, an esou ass et och logesch an normal, dass mir un d'Eisebunn als ee vun den Haaptacteure vum öffentlechen Transport gleewen.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Am Regierungsprogramm huet déi nei CSV-LSAP-Regierung sech kloer fir eng besser Mobilitéit ausgeschwat. Souwuel de Persoune- wéi de Gidderverkéier wäert a muss an Zukunft eng nach méi wichteg Roll spillen. Vill ze laang ass dem Schinneverkéier eng stéifmütterlech Roll zougestane ginn. Investissementer sinn an de Stroossenverkéier gefloss a weider näischt an de Schinnentransport.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Oh, Här Gira, Dir hat d'Chance nach net fir dran ze sinn!

An deene leschte Joren ass awer festgestallt ginn, dass dat de falsche Wee war. Ëmweltproblemer, Kyoto, Stauen op eise Stroossen, Accidenter an esou weider hunn dat Ëmdenke bewierkt, an et ass wichteg, dass dem Transportmëttel Eisebunn ëmmer méi Opmierksamkeet zougedeelt gëtt. Fir dass awer d'Schinn eng reell Chance huet, musse fair Wettbewerbsbedingunge geschafe ginn. Eis Schinneninfrastruktur muss ausgebaut an deenen neitsten Ufuerderunge gerecht ginn.

Duerfir ënnerstëtzt d'CSV och déi Efforten, déi vun der leschter Regierung am Rumm vum Projet „mobilitéit.lu" gemaach gi sinn a wou déi nei Regierung gewëllt ass, dee Wee virunzegoen. Vill Zäit ass verluer gaangen an duerfir ass et wichteg, dass déi Projete Lëtzebuerg-Kierchbierg vun der Nordstreck hier, awer och vun der Gare Lëtzebuerg aus, mat Ubannung un de Findel realiséiert ginn. Den Ausbau vun der Streck Péiteng-Lëtzebuerg, den Ausbau vum Fentenger Dräieck, de Bau vun engem neie Viadukt Polvermillen, fir nëmmen dës ze nennen, mussen an Ugréff geholl ginn, an déi sinn och Bestanddeel vun der Regierungserklärung.

Och weider Projeten am Kader vun der Rekonversioun vun den Industriebraachen Esch-Belval mat der Ubannung un d'Stad Lëtzebuerg si vu gréisster Wichtegkeet. Datselwecht gëllt fir d'Moderniséierung vun der Gare Lëtzebuerg mat Ubannung un de Stadzentrum, an

do hu mer jo déi lescht Zäit an der Öffentlechkeet matkritt, dass do d'Diskussiounen tëschent dem Minister mat der Stad Lëtzebuerg elo op där richteger Schinn stinn.

D'IVL-Etüd huet jo kloer an däitlech gewisen, dass d'Schinn d'Réckgrat vum öffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg soll a muss duerstellen. Grad duerfir ass et wichteg, dass Investissementer an d'Infrastrukture gemaach ginn, fir dass d'CFL d'Méiglechkeet kritt, e schnellen, pünktlechen a komfortablen öffentlechen Transport op der Schinn unzebidden.

Duerfir félicitéiere mir d'Regierung, dass si am Budget 2005 zousätzlech finanziell Mëttelen am Fonds du Rail virgesinn huet. Zesumme mat dem neie Material, deenen zwielef neien elektresche Locomotricen, deene 85 neien duebelstäckege Voituren an deenen neien 20 elektresche Lokomotiven, déi d'CFL kaaft huet an déi deemnächst geliwwert solle ginn, wäert d'Eisebunn an deenen nächste Joren eng nach méi wichteg Roll am öffentlechen Transport kënne spillen.

Den öffentlechen Transport an och de Gidderverkéier fonctionnéieren awer och net ouni Personal, fonctionnéieren net ouni eis Eisebunner. Bei all deenen technesche Moderniséierungen däerf een de Mënsch och net vergiessen an de Mënsch däerf net ze kuerz kommen. Duerfir ass et noutwendeg, dass d'CFL och weiderhi genuch motivéiert a qualifizéiert Personal huet. Och den Accueil an den Encadrement vum Client ass wichteg. Ouni d'Presenz vun den Eisebunner an den Zich an op de Garë kënnt et bei de Reesenden zu Onsécherheetsgefiller, déi et ze behiewe gëllt.

Bedéngt duerch d'Liberaliséierung an Europa, déi am Gidderverkéier scho säit dem 15. Mäerz 2003 amgaang ass, kritt d'CFL ëmmer méi Schwieregkeeten am Fret fir sech um Marché ze behaapten. Als CSV si mir der Meenung dass et wichteg ass, dass eis Ekonomie eng gutt, kompetent national Schinnenan Transportgesellschaft huet a behält an dass duerfir alles gemaach gëtt, dass d'CFL och am Fret all Méiglechkeet kritt, fir an dësem Beräich ze bestoen.

Ech mengen, dass mat geziilte finanziellen an organisatoresche Mëttelen alles muss gemaach gi fir de Gidderverkéier ze moderniséieren, an alles soll a muss gemaach gi fir engersäits neien zousätzlechen Transport op d'Schinn ze kréien an anerersäits bestehenden op der Schinn ze behalen.

Och eis Eisebunnsgesellschaft selwer, d'CFL, muss Efforte maachen. Bekanntlech hunn déi Verantwortlech, zesumme mat engem Consultant, eng Strategie erstallt fir déi méiglech Pisten opzezeechnen, wéi de Betrib sech am Kader vun dëser europäescher Liberaliséierung ka positionéieren a weider entwéckelen. Dës Strategie fënnt net iwwerall groussen Applaus a si gëtt bekanntlech vun den Transportgewerkschafte SYPROLUX an FNCTTFEL ofgelehnt. Fir awer virunzekomme soll a muss am Sozialdialog mat alle Betraffenen dës Strategie analyséiert ginn. Dofir begréisse mir, dass déi vum SYPROLUX schonn 2003 gefuerdert Tripartite elo 2005 soll zesummegeruff ginn. An där Tripartite sollen a mussen all Elementer berücksichtegt ginn, d'gesamt Transportpolitik, de Gidderverkéier, d'Aufgab vun der CFL an der Transportpolitik, d'Personalpolitik.

Och de soziale Volet däerf net ze kuerz kommen. Wann et zu Ëmstrukturéierunge sollt kommen, da mussen déi mam Lëtzebuerger Modell gemaach ginn am Dialog tëschent der Regierung an de Sozialpartner, a mir sinn dovun iwwerzeegt, dass déi nei Regierung dat och esou wäert maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst war nëmmen eng Partie vun de Problemer vun der Eisebunn, awer déi musse schnellstens ugepaakt ginn, a mir sinn dovun iwwerzeegt, dass déi nei Regierung och dat wäert maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. le President.- Merci, Här Spautz. Als nächste Riedner ass den Här Grethen agedroen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, interessant wär et bei dëser Debatt gewiescht, wann een d'Äntwerte vum Transportminister op déi Froen, déi den Här Braz opgeworf huet, hätt kënnen elo schonn hunn, éier ee selwer muss intervenéieren. Well awer eis Organisatioun esou ass wéi se ass, musse mer da mat enger anerer Situatioun trotzdeem eens ginn.

Ech wëll fir d'Demokratesch Partei hei ënnersträichen, dass mir déi fest Iwwerzeegung hunn, dass dëst Land eng performant Eisebunn brauch, an ech maachen do eng Nuance, an déi, deene se net opgefall ass, et ass eng Nuance tëschent Eisebunn an Eisebunnsgesellschaft.

D'Land brauch eng Eisebunn, d'Leit am Land brauchen d'Eisebunn an d'Entreprisë brauchen d'Eisebunn. Mä wat fir eng Eisebunn brauche mer? Eng Eisebunn, déi am 19. Jorhonnert stoe bliwwen ass, oder awer eng Eisebunn, déi konsequent d'Défië vum 21. Jorhonnert ophëlt. Mir hunn an der viregter Regierung d'Weichen an déi richteg Richtung gestallt, andeem mer iwwert de Konzept IVL, awer ganz besonnesch iwwer „mobilitéit.lu" gesot hunn, mir brauchen hei zu Lëtzebuerg eng performant Eisebunn, déi eis et erlaabt, Bunn a Bus zesummen, e „modal split" vu 25% zu 75 ze erreechen.

Dofir hu mer eis d'Moyene ginn an der viregter Regierung. Mir hunn dat Material bestallt, wat elo no an no an den Asaz kënnt a wat eng wesentlech Qualitéitssteigerung ausmécht, déi den öffentlechen Transport iwwert d'Bunn méi attraktiv mécht. A gläichzäiteg si mir higaangen a mir hu grouss Infrastrukturprojeten initiéiert, an do kann een opzielen, ob dat d'Duebelgleisegkeet vun der Streck Péiteng-Lëtzebuerg ass, wou ech bedaueren, dass mer am Juli 2000 hei an der Chamber d'Gesetz gestëmmt hunn, an deen éischte Forage vun der Eisebunnsgesellschaft, déi mat der Duerchféierung vun den Aarbechte chargéiert ass, déi éischt Buerungen, Sondéierungen, ob den Terrain et géif hierginn, déi si kuerz virun de leschte Wahle gemaach ginn.

Ech hoffen, dass mäi Successeur e bësse méi Chance huet an der Zesummenaarbecht mat der Eisebunnsgesellschaft, an ech kënnt dann niewent der Duebelgleisegkeet Péiteng-Lëtzebuerg, Belval-Usine/Belval-Mairie, Tram an Eisebunn op de Kierchbierg an op de Findel, d'Ligne Esch-Lëtzebuerg, déi nei Ligne Beetebuerg-Lëtzebuerg, déi Périphériesgare um Houwald an zu Zéisseng, den Nordausgank vun der Gare Lëtzebuerg, déi zweet Bréck iwwert de Gronn, a schliesslech och d'Ubannung un d'TGV-Netz opzielen, déi definitiv Mériter vun der leschter Regierung sinn.

Mä d'Eisebunnsgesellschaft, déi déi Infrastrukturen notzt, muss sech awer an engem europäeschen Ëmfeld bewegen an do, wéi gesot, gëllt et net de Kapp an de Sand ze strecken. Do kann een nach „combat d'arrière-garde" maachen, do kann een nach hoffen, wéi eenzel Eisebunnsgewerkschaftler dat maachen, dass se sech an d'Pensioun gerett kréien, éier dann de Bewäis muss ugetruede ginn, wat fir eng Zukunft d'Eisebunn huet.

Mir musse wëssen, dass d'Lëtzebuerger Eisebunn an engem europäeschen, liberaliséierten Ëmfeld muss eens ginn. Dat ass eng Eisebunn, déi muss am Intérêt vum Land a vu sengen Entreprisë sinn. Et ass eng Eisebunn déi muss wëssen, dass se vun hire Konkurrenten näischt geschenkt kritt. Et ass eng Eisebunn déi muss wëssen, dass se hei zu Lëtzebuerg net an engem Secteur protégé ass, mä dass haut schonn am Wuerentransport de Konkurrenzkampf do ass. Muer wäert Arcelor, dee gréisste Client vun der Eisebunn, net wéinst de schéinen Ae vun Eisebunner an Eisebunnsgewerkschaftler dovun ofgesinn, enger Privatentreprise eventuell hir Transporter ze iwwerdroen.

Dat si Realitéiten. Et muss een als Deputéierten och de Courage hunn op der Chamberstribün déi Realitéiten ze soen, statt d'Leit an enger falscher Sécherheet ze weien, wéi wann näischt kënnt do passéieren. Dofir huet déi viregt Regierung am Oktober 1999 d'Eisebunnsdirektioun gefrot, wat fir eng Strategie si wëllt fueren. Mir hu leider eréischt kuerz virun de Wahlen am Mäerz hir Äntwerte kritt, hunn och der Eisebunnsdirektioun d'Autorisatioun ginn, deemools als Transportminister, fir deenen eenzelne Parteien dat virzedroen. Do ass elo jidderee gefuerdert, an et ass net eng Tripartite, déi déi Problemer wäert léisen, Här President, well et ass eng ganz drolech Tripartite. Et gëtt eng Tripartite wou d'Eisebunnsdirektioun - de Stat huet 98% vun den Aktien - muss dat maache wat d'Regierung seet. Et geet also duer wann d'Regierung den Dossier studéiert an da mat der Chamber zesummen hir Décisiounen hëlt.

M. le President.- Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Koalitiounsprogramm, an dat gëtt jo och duerch de Projet vum Budget 2005 dokumentéiert, bekenne sech d'Majoritéitsparteien zu engem leeschtungsfäegen öffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg an zu enger Eisebunn, déi d'Réckgrat dovu soll duerstellen. An eigentlech misste mer eis jo och parteiiwwergräifend eens sinn, dass mer, wa mer den unzestriewenden Undeel um öffentleche Verkéier vu 25/75 „modal split" bis zum Joer 2020 wëllen erreechen, hei am Land eng Eisebunn brauchen, déi performant ass, dat ass richteg, déi e Service vu Qualitéit ubitt, déi sécher an attraktiv ass, déi an der Lag muss si fir d'Mobilitéitsbedürfnisser vun de Leit, déi hei wunnen an hei schaffen, ze befriddegen an déi hire Beitrag zur wirtschaftlecher an zur industrieller Entwécklung vum Land ka leeschten, an dat muss gëllen esouwuel fir den traditionelle Schinnentransport wéi fir d'Ubannung un déi modern Héichgeschwindegkeetsnetzer. Et muss awer och gëlle fir eng flächendeckend Beförderung vun de Gidder, well d'Verlagerung vun engem groussen Deel vum Giddertransport op d'Schinn haut eng absolut gesellschaftspolitesch Noutwendegkeet duerstellt.

D'Eisebunn spillt also hei zu Lëtzebuerg ganz kloer, vollekswirtschaftlech gesinn, eng ganz bedeitend Roll an de Stat ass a bleift gefuerdert fir déi entspriechend Moyenen zur Verfügung ze stellen an d'Rahmebedingungen ze schafen, fir dass si dës Roll och kann ausüben.

D'Liberaliséierungswell, déi zënter dem Ufank vun den 90er Joren och den Eisebunnsberäich iwwerrullt, mécht dëse Prozess awer sécher net méi einfach. Am Géigendeel, an en huet bis haut och nach net zu engem Qualitéitssprong am öffentlechen Transport a ganz Europa gefouert. Et ass awer wichteg, dass mer d'Eisebunn an d'CFL-Gesellschaft fit maache fir déi zukünfteg Erausfuerderungen.

Et sinn an der Vergaangenheet eng Rei vu positiven Akzenter gesat ginn. Déi Optiounen déi geholl gi sinn a puncto Uschafung vun neiem Material, e Programm vun ëmmerhin 572 Milliounen Euro, waren iwwerfälleg an déi nei Infrastrukturprojeten, déi zum Deel décidéiert an zum Deel nach an der Etüd sinn, sinn absolut noutwendeg wann d'Eisebunn an der Lag soll si fir an der Zukunft déi zousätzlech Transportopkommes am Gidder- an och am Persouneverkéier, ze bewältegen, a fir ze verhënneren, dass mer vun den Nopere mat den Traficer contournéiert ginn, esou wéi et och elo erëm leider nees ab dem 14. Dezember wäert de Fall sinn, wou Containerzich vun Antwerpen op Basel net méi iwwer eist Netz transitéieren, mä iwwert dat däitscht Netz wäerte geleet ginn. A just dofir ass et och wichteg, dass Partnerschaften ugestrieft gi mat den traditionellen Eisebunnsentreprisen aus den Nopeschregiounen, déi ähnlech Problemer hunn. An als Beispill wëll ech do eis Nordstreck zitéieren, déi fir eis vu kapitaler Bedeitung ass, déi awer hire Status als international Eisebunnsstreck ëmmer méi an ëmmer erëm a Fro gestallt kritt. A puncto Investitioune wëll ech och nach soen, dass et onbedéngt wichteg ass, fir esou séier wéi méiglech d'Bestellung vun Train-Trams-Material, op dat mir jo fir d'Zukunft wëlle setzen, an d'Wee ze leeden, an dass och de Bau vun engem neie Centre de maintenance fir d'Eisebunn endlech soll definitiv op d'Schinne gesat a finanziell ofgeséchert ginn.

A wa mir vun Neiinvestitioune schwätzen, dann däerfe mir och net den normalen Entretien vun dem bestoenden Netz vergiessen. Deen ass awer nëmme garantéiert, wéi et schonn hei gesot ginn ass, wann och genuch Personal do ass fir en auszeféieren. Dat ass awer de Moment net ëmmer de Fall. Mir wëssen, dass d'Eisebunn an deene leschte Jore massiv Personal ofgebaut huet, deels duerch Moderniséierungen, deels awer och duerch willkürlech Rationaliséierungen, déi reng betribswirtschaftlechen Iwwerleeungen zu Gronn loungen an déi sécher net dozou bäigedroen hu fir d'Qualitéit vun den ugebuedene Servicer unzehiewen. Dofir ass et wichteg, och am Hibléck op déi zukünfteg Strategiediskussiounen, dass et net zu engem weideren Ofbau vun der Sozial- a vun der Sécherheetskultur bei der Eisebunn kënnt.

Wann dann awer Rieds geet, an dat ass net de Kapp an de Sand stiechen, vum Ofschafe vum Statut, der Verschlechterung vun den Aarbechtsbedingungen, Lounkierzungen, dem Astelle vun net rentablen Traficer, déi dann op d'Strooss verlagert ginn, dem Zoumaache vu Guicheten, dem Ofschafe vun de Kontrollen an den Zich an esou weider, dann ass dat aus menger Siicht éischter kontraproduktiv a muss zumindest ganz eescht hannerfrot ginn.

An och duerch d'Opsplitterung vun der Gesellschaft an eegestänneg Filiale fir déi verschidden Aktivitéitsberäicher, géif d'Eisebunn als integréierte Betrib ophalen ze existéieren an därselwechter Logik verfalen, wéi aner Länner, déi an der Zwëschenzäit d'Erfahrung hu misse maachen, dass Privatiséierung a Liberaliséierung am Eisebunnsberäich méi Problemer geschafen hu wéi der geléist gi sinn. An entretemps misst awer och jiddfergem kloer gi sinn, dass just eng integréiert Eisebunnsgesellschaft de Garant ass fir e sécheren a qualitativ héichwäertegen Eisebunnstransport. Alles anescht géif d'Effizienz, d'Wirtschaftlechkeet an d'Sécherheet ganz eescht compromettéieren.

A grad dofir ass et wichteg, dass sech Zäit geholl gëtt - Här Grethen, ech si fäerdeg - fir d'Tripartite ze preparéieren, fir d'Virschléi vun der Direktioun, awer och déi vun de Gewerkschaften ze hannerfroen an ze analyséieren. Et versteet sech vum selwen, dass natierlech bis dohinner am Kader vun der Gestion journalière elo keng Décisiounen däerfe geholl ginn, oder héchstens am Sozialdialog, an de Gremien, déi herno all Strategiediskussiounen zur Makulatur maachen.

M. le Président.- Här Schreiner, Dir musst elo zum Schluss kommen.

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Ech sinn elo direkt fäerdeg, Här President.

Als LSAP erwaarde mir eis vun der Tripartite kloer Perspektiven, fir eng integréiert CFL-Gesellschaft, déi och an Zukunft d'Aufgab muss hunn, eng flächendeckend Versuergung am Persounen- an am Giddertransport ze gewährleeschten. Ech mengen opgrond vun de steigende Mobilitéitsusprëch vun de Leit an der noutwenneger wirtschaftlecher Diversifizéierung hei am Land ass dat bestëmmt kee Luxus.

Merci an entschëllegt, dass ech meng Zäit iwwerschratt hunn.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, politesch muss am Transportwiesen dru geduecht ginn, datt dat Zil vun engem méi héije „modal split", dat offiziellt Zil ass 25/75, esou séier wéi méiglech erreecht gëtt. Dëst aus ëmweltpolitischen, landesplanereschen a wirtschaftlechen Iwwerleeungen eraus.

Dat ass nëmme mat enger performanter, käschtegënschteger a grenziwwerschreidender Offer un öffentlechem Persounentransport méiglech. D'Réckgrat vun esou enger Offer ass a bleift d'Bunn. Dofir muss eis national Eisebunnsgesellschaft an hirem Beméien, hir Capacitéit ëm 300% ze héijen, politesch massiv ënnerstëtzt ginn. D'Investitiounen an neit Material musse virugedriwwe ginn, fir datt d'CFL an Zukunft op enger gudder Ausgangsbasis mat anere Bedreiwer ka konkurréieren.

Leider ass de Koalitiounsprogramm vun der neier Regierung zimlech vag, wat d'Zukunft vun eiser nationaler Eisebunnsgesellschaft betrëfft. Den ADR fënnt dëse Programm souguer zimlech onverantwortlech, zumools wann een Décisiounen, déi musse geholl ginn, op 2005 opschubt, an och nach un eng Tripartite ferroviaire verweist, well d'Liberaliséierung vun der Bunn ass op EU-Niveau scho längst gekannt a längst décidéiert. Déi éischt Direktiv vum Conseil fir dee Beräich geet op den 29. Heemount 1991 zréck. Uganks 2006 muss de gesamte Gütertransport komplett liberaliséiert sinn, an 2008 och de Persounentransport.

(Coups de cloche de la Présidence)

Fir sech dorobber virzebereeden, huet d'CFL schonn e Strategiepabeier virgeluecht. Leider hëlt awer d'Politik net hir Responsabilitéit a riskéiert esou, datt fir d'CFL, bis et emol esou wäit ass, dann den Zuch fort ass. Eng vun den éischte Konsequenze wäert den Ofbau vun iwwer 330 Aarbechtsplaze bis 2009 op der CFL sinn. Eng aner Konsequenz wäert sinn, datt dat nei agestallte Personal mat däitlech manner Gehalt wäert auskomme mussen. Dat kann ee ganz kloer als Sozialofbau bezeechnen, an dat ass eppes virun deem mir am Hibléck op d'EU an hirer weiderer Verdéiwung ëmmer gewarnt hunn. Op ville Felder kann dës politesch

gewollten dramatesch verschäerft wirtschaftlech Konkurrenzsituatioun vu Lëtzebuerg nëmmen e sozialen Nivellement vers le bas bedeiten.

Wa mir och den Hierscht 2005 fir d'Tripartite ferroviaire als vill ze spéit ugesinn, esou kënne mir dach mat béiden Hänn de Passus am Regierungsprogramm ënnerschreiwen, dee verséchert, datt dat aktuellt Personal vun der CFL säi Statut awer och säi Rémunératiounsniveau behält. Hei misst, fir datt d'CFL konkurrenzfäeg bleift, de Stat d'Differenz an der Pai vum aktuelle Personal zu deenen am neie Statut agestallte Salariéë finanzéieren.

Mir insistéieren awer hei och drop, datt net un de Carrièrë vum aktuelle Personal gefréckelt gëtt, andeems se zum Beispill verkierzt ginn. Mä mir hunn awer net allze vill Vertrauen an dës Regierung; se ass nach keng dräi Méint am Amt an huet et scho fäerdeg bruecht, hir Wieler 2-mol massiv ze bedréien. Ech erënneren un de Wielerbedruch mam Finanzement vun der Mammerent. Dat stoung a kengem Wahlprogramm! Am CSV-Wahlprogramm stoung souguer just de Contraire am entspriechende Passus iwwert d'Pensiounskeesen.

An dunn d'Steiererhéijungen, wou den ADR virun de Wahle sot, d'finanziell Situatioun vum Stat wier miserabel, an no de Wahle géingen d'Steieren erhéicht ginn; deemools gouf Schwaarzmolerei virausgesot. Da gouf awer de Budget fir 2005 mat engem Defizit vun 89 Milliounen Euro presentéiert. Ah jo, wien hätt dat da geduecht, d'indirekt Steiere ginn erhéicht! Dowéinst fanne mir et esou verdächteg, datt dës Tripartite iwwert d'Eisebunn eréischt no de Gemengewahle soll stattfannen, also no den nächste Wahlen.

Dëst vergëft och dee ganze soziale Klima an der CFL. D'Personal an de Guichete fäert duerch Automaten ersat ze ginn. D'Zuchbegleitpersonal mécht sech och Gedanken iwwer seng berufflech Zukunft. Och héiert een, dass d'Carrièrë solle gekierzt ginn. Momentan gëtt een zum Beispill just Lokführer als Mécanicien am Grad A5. Et ass ze fäerten, dass op deem neie Material an an enger CFL ënner Wettbewerbsdrock een d'Leit schonn am Grad A3 op d'Maschinne léisst. Dat gëtt méi bëlleg schonns an der Ausbildung. Dat bedeit awer och eng allgemeng Entwäertung vun deem Job. Och wat den CFL-Busbetrib ugeet, besteet total Ongewëssheet. Dat ass einfach ontolerabel!

Doduerch datt d'Tripartite op sech waarde léisst vergeet wäertvoll Zäit; Zäit, déi ee kënnt notze fir de Surcoût ofzebauen. Och hei gi wéinst parteitaktëschem Calcul, fäerten ech, d'Zukunftschancë vum CFL-Busbetrib op d'Spill gesat. Wéi gëtt d'CFL international kompetitiv an iwwerliewensfäeg gemaach? Op kee Fall mat deene Propose vun der Regierung, déi gradesou raschteg si wéi d'Material vun der CFL. Dofir fuerdert den ADR vun der neier Regierung am Bunndossier Klorheet, an dat esou séier wéi méiglech.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domadder ass d'Lëscht vun de Riedner an dëser Debatt ausgeschöpft. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Transportminister.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt mat engem Zitat ufänke vu virun engem Joer hei bei enger ähnlecher Debatt iwwert d'Zukunft vun der Eisebunn. En Zitat, wat folgendermoosse gelaut huet: „Déi noutwenneg Reforme vun der Eisebunnsgesellschaft, déi mécht een net einfach bannent e puer Joer mam Briecheisen." Et ass d'Zitat vum Fraktiounschef vun deene Gréngen, vum Fränz Bausch, an ech ënnerschreiwen et absolut.

Dofir, well dat do richteg ass, mengen ech, misst ee vläicht awer d'Décence hunn, där neier Regierung, dem neien Transportminister a virun allem der Saach, ëm déi et hei geet, déi Zäit ze ginn - fir datt et esou gedeit wéi mir et fir d'Zukunft vun der Eisebunn, a virun allem d'Zukunft vun den Eisebunner, an deem, wat d'Noutwennegkeet vum öffentlechen Transport hei am Land ass -, fir dass dat gedeie kann.

Well ech stellen nämlech ëmmer erëm fest, och de Mëtten, déi, déi d'Regierung an den Transportminister froen: „Wéi haalt Der et da mam Strategiepabeier vun der Eisebunnsdirektioun?", déi si selwer bis elo ni an der Lag gewiescht fir ze soen, wat si da prezis dovunner halen. Et gi vill Froe gestallt, och de Mëtten, och vun deene Gréngen. Mä ech hunn Äntwerten, wéi si dann…

Une voix.- Wann Der d'Interpellatioun ugeholl hätt, dann hätte mer eng hallef Stonn Zäit gehat...

(Interruption)

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Dat heescht also, nëmmen de Fait, dass Der amplaz 30 Minutten 10 Minutten hutt, …

Une voix.- Dat ass eng grouss Differenz.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- …mécht Iech et onméiglech fir de Mëtteg hei ee Saz ze soen, nämlech: „Déi Gréng si mam Strategiepabeier vun der Direktioun d'accord." Dat wär an 10 Sekonnen ee Saz gewiescht, deen Der hätt kënne soen. Dofir mengen ech, Här Bausch…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Mir wollte länger driwwer diskutéieren, mä Dir wollt dat net.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här Bausch, et ass e bëssen einfach, wann ee Problemer… Et ass eng berühmten Taktik, wann ee Problemer huet mam Fong, da geet een op Argumenter vun der Form. Ech mengen, et wier ganz einfach gewiescht…

(Interruption)

Et wier ganz einfach gewiescht…

M. le Président.- Loosst den Här Minister schwätzen, wann ech gelift!

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Et wier ganz einfach gewiescht de Mëtteg eng kloer Positioun ze huelen, wann een dann eng gehat hätt, well ech mierke bei allen Interlocuteuren, dass sech ëm déi Froen, wou et da wéi deet a wou et dann och an der Diskussioun, déi mer an der Tripartite ze féieren hunn, wäert wéi doen et ze diskutéieren, jiddferee sech laanschtschlängelt fir doriwwer eng Positioun ze huelen.

Ech denken och, dass et jo der Regierung an dem Transportminister - Här Bausch -, dass et der Regierung jo dorëm geet, wann ee seet, mir maachen eng Tripartite, da maache mer jo eng Tripartite fir dann deen Dialog do ze féieren op där Plaz a jiddfereen ze lauschteren an net 80 Deeg no der Regierungsbildung par la volonté du mufti dekretéieren erof, wéi et soll goen.

Neen, dës Regierung wëllt sech déi Zäit huelen, fir an enger festgefuerener Situatioun, an dat ass jo déi, déi mer feststellen, virunzekommen. Mir stelle fest am Joer 2004, dass mer e Strategiepabeier hu vun der Eisebunnsdirektioun, zu där déi fréier Regierung keng Positioun geholl huet an déi nei Regierung sech eng Positioun muss huelen, an op där anerer Säit eng festgefuere Situatioun, well d'Eisebunnsgewerkschaften, déi d'Belegschafte vertrieden, zu deem Strategiepabeier do e kloren, eendeitegen Neen soen.

Dat ass d'Situatioun, déi mer haut feststellen. A wann een net mam Briecheisen wëllt derduerchgoen, da muss ee sech déi Zäit huele fir déi Fiedem, déi do ausernee gefuer sinn, erëm zesummenzebréngen.

An Dir kënnt Iech eppes virhuelen, Här Bausch an Här Braz! Ech wäert an deenen nächste Wochen a Méint, wéi schonn an deene leschte Wochen, mer an deem do Dossier all Stonn, Dag an Nuecht, de Weekend an an der Woch huelen, fir mat jiddferengem ze diskutéieren, fir dass mer net blannemännerchers riicht an eng Mauer vun engem Sozialkonflikt rennen, deen der Eisebunn enorme Schued géing zouféieren, wa mer dat an den nächste Méint veranstalten.

Et geet drëm effektiv de ganz schwierege Spagat ze maachen, deen den Här Grethen hei richteg dohinnergeluecht huet. Et ass eng Gratwanderung déi mer musse färdeg bréngen, fir op där enger Säit dofir ze suergen, dass mer all déi Investitioune maachen, déi vum Här Braz richteg hei gesot gi sinn; alles dat wat mer brauchen um Niveau vun den Investitiounen, um Niveau vun aneren Dossieren, dem IVL, Kyoto, dem RGTP-Gesetz a sou virun; dass mer op där enger Säit dat Geld vun dëser Gesellschaft, vun dësem Land investéieren, fir déi Zukunftsfäegkeet do ze gestalten, an op där anerer Säit an där Gratwanderung et fäerdeg bréngt fir d'Eisebunn fit ze maachen, wéi den Här Schreiner et gesot huet, fir mat där Lizenz, déi se lo hunn, um europäesche Maart kënnen als Eisebunn, lo mol am Fret, spéider vläicht och um Niveau vum Voyageur, ze bestoen.

Dat ass dat, wat mer musse färdeg bréngen, an ech kann Iech nëmme soen, dass an deene leschte Wochen ech mat der Eisebunnsdirektioun, ech weess net, véier-, fënnefmol schonn zesummesouz, mat den Eisebunnsgewerkschaften zesummesouz, mat de Leit vum Verwaltungsrot vun der Eisebunn zesummesouz, fir ze versichen déi Fiedem do vun der Zukunftsfäegkeet vun der Eisebunn rëm zesummenzebréngen, fir dass mer et fäerdeg bréngt fir där Eisebunn all Chancen ze ginn déi se brauch fir an deenen nächste Joren ze bestoen.

An ech mengen och net, Här Grethen, dass dat e Combat d'arrière-garde ass. Ech mengen, et ass och Är Attitüd zu Bréissel an hei zu Lëtzebuerg an deenen eenzelne Conseilen, wéi iwwert den zweeten an iwwert den drëtte Paquet, wou Der jo all Kéiers eng Attitüd ageholl hutt fir Neen ze soen, zesumme mat der Belsch, mat de Fransousen, och dat wor jo kee Combat d'arrière-garde. Neen, och dat war kee Combat d'arrière-garde, wann een de Versuch soll maachen och um Niveau vun den europäeschen Diskussiounen heiansdo dach awer ze hannerfroen, wat um Niveau vun der Liberaliséierung alles geschitt.

Well vill vun deenen, déi an de leschte Jore ganz staark liberaliséiert hunn, déi, déi am Zuch vun der Liberaliséierung am éischte Peloton waren, hunn an der Tëschenzäit festgestallt, dass nach laang net alles wat se gemaach hu richteg war, a se hunn eenzel Saachen zréckgeholl, wéi et zum Beispill a Groussbritannien de Fall war.

Ech hu viru kuerzem d'Geleeënheet gehat, fir mam däitsche Verkéiersminister zesummenzesëtzen an him d'Fro ze stellen: „Mä wéi hutt Der dann déi Zilsetzunge vun der Liberaliséierung, déi Der Iech geholl hutt, Ufank der 90er Joren, wéi sidd Der dann haut zefridde mat deene Resultater?" D'Äntwert war ganz mitigéiert! Well effektiv net all Resultater, fir Parts de marché ze gewanne par rapport zu der Strooss, fir och um Niveau vun de soziale Besëtzstänn vun den Eisebunner alles dat fäerdeg ze bréngen, wat d'Liberaliséierung sech da virgeholl huet.

Dofir ass och déi Evaluatioun, déi am zweete Paquet jo virgesinn ass, fir den éischte Januar 2006, fir ze kucken: Mä wat huet dann déi ganz Liberaliséierungspolitik um Niveau vun den Zilsetzungen, och den ekologeschen, och deene vum Aménagement du Territoire, och de sozialen a sou virun, wat huet se da bruecht? Fir ze kucken, dass een net muss blannemännerchers an eng Richtung lafen, wann een d'Gefill huet, dass et och Lëtzebuerger Léisunge ka ginn. Dass et och hei zu Lëtzebuerg Méiglechkeeten a Methoden am Sozialdialog an am Modell ka ginn a sou virun, fir op dem Niveau vun der Eisebunn an deenen nächste Joren an eng Strategie ze goen, déi eisen Ziler gerecht gëtt.

Ech hunn - par rapport zu deem, Här Bausch an Här Braz, wat gesot ginn ass hei, dass ech keng Aussoe gemaach hunn -, ech mengen, dass an deem Discours virun dem Verwaltungsrot kloer déi Gratwanderung do ganz kloer am Discours dra war. Fir ze soen, mir mussen als Eisebunnsgesellschaft à partir vun 2006/2007 mat där Lizenz, déi mer hunn, eis an d'Lag versetzen, fir kompetitiv am Fret ze sinn. Dat heescht, mir hunn also effektiv Suerg ze hunn, ob mer déi Kompetitivitéit fäerdeg bréngen.

Ech wëll da mat enger Seechen awer nu wierklech opraumen, fir ze soen: Wann déi Tripartite do an engem Joer stattfënnt, dass da während dem ganze Joer do hei zu Lëtzebuerg um Niveau vun der Virbereedung vun der Liberaliséierung näischt däerf geschéien. De Géigendeel ass de Fall. De Géigendeel ass de Fall!

Et ass um Niveau vun deem Dialog, dee mer féieren, dass mer permanent doriwwer diskutéieren. De Fait ass deen, dass d'Direktioun vun der Eisebunnsgesellschaft am Moment mat mengem Aval an och a Kenntnis vun de Gewerkschaften amgaangen ass, Optioune ganz konkret ze diskutéiere mat Partneren, wéi dann an Zukunft eng Gesellschaft um Niveau vum Fret kënnt ausgesinn. Déi Diskussioune lafen a gi bewëllegt, fir dass se solle lafen, fir dass mer all Optiounen - an ech betounen all Optiounen -, déi méiglech sinn, do leien hunn, wa mer als Tripartite zesummekommen, fir dann ze kucke wat fir eng Décisioune mer huelen.

An dat gëllt och fir eng Rei vun anere Froen, déi de Kolleeg Braz gestallt huet. D'Fro: „Wéi ass et mat der Verlängerung vun de Kontrakter?" Verlängerung, déi jo an der Regierungserklärung prezis drasteet, dass mer dofir sinn, fir déi ze verlängeren. Dat ass jo eng Ausso par rapport zu dem, wat hei gesot ginn ass, de Regierungsprogramm wier onverantwortlech, wéi de Kolleeg Jaerling gesot huet. Ech mengen, dass an deem Programm eng Rei vu Saache ganz prezis sinn. Ech mengen, dass et och net irresponsabel ass fir an dee Koalitiounsprogramm dranzeschreiwen, dass par rapport zu deenen Eisebunner, déi haut am Statut sinn a sou virun, näischt geschitt, dass deenen hier Droits-acquisen an alle Fäll gewahrt sinn. Ech mengen, dass dat eng verantwortlech Ausso ass fir d'Motivatioun vun den Eisebunner an och d'Motivatioun vun der gesamter Gesellschaft ze halen.

Wann Der frot, um Niveau vun der Kapitalopstockung, wat eis Positioun ass: Ech mengen, dass dat eng Diskussioun ass, déi mer och an engem Paquet innerhalb vun der Tripartite dann ze diskutéieren hunn. Ech wollt Iech awer drop opmierksam maachen, dass am Projet vum Budgetsgesetz vun dësem Joer proposéiert gëtt, d'Garantie, déi de Stat iwwerhëlt par rapport zur Eisebunnsgesellschaft, vun 125 op 500 Milliounen an d'Luucht ze setzen, wat jo awer och, mengen ech, e Geste ass vu Vertrauen an déi Zukunftsfäegkeet vun deenen Investitiounen, déi mer um Niveau vun der Gesellschaft amgaange sinn ze maachen.

A wann d'Fro gestallt gëtt um Niveau vum Train-Tram-Konzept, da wëll ech soen, och par rapport zu deem, wat ech liesen an der Press, d'DP-Fraktioun no hirer Journée parlementaire: Ech si mat jiddferengem d'accord - an ech hunn dat oft genuch gesot - dee kloer mécht, dass déi nächst fënnef Joer hei an dësem Land net um Niveau vun den Investitiounen erëm däerfe vergeut ginn duerch nei Studien an duerch nei Etüden. Dat, mengen ech, ass eng Attitüd, déi een 100%eg muss ënnerstëtzen.

Mir hunn hei als Chamber am Juni an am Dezember d'lescht Joer eng Rei vu wichtegen Investitiounsprojeten um Niveau vun der Eisebunn décidéiert. Heiansdo a meeschtens, mengen ech, unanime oder bal unanime - ech mengen, et waren heiansdo Abstentiounen do gewiescht vun eenzelne Fraktiounen; mir zum Beispill, Déi Gréng och, well mer 100%eg an eenzelne Projeten net d'accord ware mat deenen Tracéën, déi proposéiert gi sinn. Mä iergendwou eng Kéier muss d'Diskussioun iwwert d'Tracéën an iwwert d'Konzept, an déi ee geet, eriwwer sinn, fir dass een Investitioune mécht.

Dofir mengen ech hu mer déi Ubannung vum Kierchbierg. Dat ass eng déi mer wäerte virundreiwen, mat deenen, déi de Kolleeg Grethen elo hei gesot huet, wat d'Duebelgleisegkeet vun der Streck Péiteng-Lëtzebuerg ubelaangt an anerer. Ech denken och dass et wichteg wär an engem gudde Gespréich mat dem Schäfferot, dem Buergermeeschter an dem Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg och ze diskutéieren a sech elo d'Moyenen ze ginn an d'Etüden ze maachen, fir dass mer dat Konzept, wat hannendru fir d'Stad Lëtzebuerg ze diskutéieren ass, weiderdreiwen. Ech war frou Interlocuteuren ze fannen déi bereet sinn, schnell zesumme mam Stat an där gedeelter Kompetenz, déi mer do hunn, weiderzekommen, fir dass mer deem Projet do och gerecht ginn.

Ech denke wat déi aner Froen ubelaangt, Här Braz, souwuel um Niveau vun der Fro vum Statut wéi um Niveau vun deem vun der Filialiséierung an anerer, wat jo dann Elementer si vum Strategiekonzept vun der Eisebunnsdirektioun sou wéi et haut virläit, dass dat Diskussioune sinn, déi effektiv an där Tripartite mat all deem wat mer eis u Method virdru musse ginn, fir dat ze preparéieren, déi lescht Ronn solle sinn.

An da wëll ech par rapport zu engem, dee jo oft hei um Riednerpult stoung an dofir gestridden huet, zum Beispill bei deene berühmte PAN-Gesetzer, dass d'Chamber hiert Recht muss behalen, fir an alle Fäll matzediskutéieren a mat gehéiert ze ginn, da wëll ech fir een, deen dat wéi gesot oft genuch gesot huet, hei mäin 100%egt Engagement huelen, fir zu all Moment hei an d'Chamber ze kommen, an d'Kommissioun oder hei an de Plenum, fir doriwwer ze diskutéieren. Eenzel Saache wäerte souwisou eventuell gesetzgeberesch Suitë kréien, deemno wat mer diskutéieren an décidéieren; sou dass dat souwisou verlaangt, dass um Niveau vun der Chamber dann och e Wuert muss heiriwwer geschwat ginn.

Ech hunn also keng Illusiounen, dass dat doten eng ganz schwéier Aarbecht wäert gi fir déi Kompetitivitéit vun der Eisebunnsgesellschaft elo um Fret hierzestellen an

och gläichzäiteg awer dofir ze suergen, an dat ass awer och eppes wat ech dem Parlament wëll soen, dass et dann och, mengen ech, fir d'Chamber als Ausdrock vun deem wat d'Souveränitéit hei am Land ass kloer muss sinn, dass dat doten an enger éischter Phas vill Investitiounen an déi Eisebunn an an déi Eisebunnsgesellschaft mat sech bréngt. Da muss, mengen ech, awer och jiddferee sech an de Spigel kucken a soen ob e bereet ass fir am Ufank wierklech dofir ze suergen, dass de Stat mat ganz ville Moyene wäert hëllefen, fir dat doten op d'Schinnen ze kréien. Dat ass nämlech de Corollaire zu der Kompetitivitéit, dass am Ufank déi Moyenen do mussen do sinn, um Niveau vun der Verlängerung vun de Kontrakter, um Niveau vun den Investitiounen a sou virun, dass dat geet.

An dann ënnerschreiwen ech total deen Ufank, deen hei gemaach ginn ass vum Interpellant fir ze soen, dass dat do jo u sech eng Aufgab ass, déi d'Eisebunn betrëfft; dass et eng Aufgab ass, mengen ech, déi awer virun allem d'ganzt Land betrëfft; well d'Mobilitéit, de „modal split" 25/75, d'Diskussiounen iwwert den IVL effektiv e besseren Aménagement du Territoire fäerdeg bréngen. A virun allem och - an dofir sinn ech dankbar dat gesot ze hunn hei -, dass mer et och am Kyoto-Protokoll nämlech fäerdeg bréngen, dass mer net nëmme Quota an Emissiounscapacitéiten an d'Ausland bilateral oder transnational akafen oder eis do fräikafe ginn, mä dass mer et och fäerdeg bréngen an engem nationale Reduktiounsplang dofir ze suergen, dass mer eisen nationalen Aufgaben esou wäit et nëmme méiglech ass gerecht ginn, fir CO_2-Emissioune selwer anzespueren.

Dass dat eng Politik ass, déi e Ganzt bilt, tout cela se tient, an ech wäert mat der Regierung, déi iwwregens déi Décisioun vun der Tripartite gemeinsam geholl huet, dat ass net eng unilateral vum Transportminister, dass mer eis elo an deene Méint um Niveau vun der Direktioun, vun de Gewerkschaften, vum Transportministère déi Zäit ginn, fir Pilonen ze leeën an d'Pilieren ze leeën, fir dass mer an der Tripartite da gutt Décisioune kënnen huelen an engem Joer, fir dass et der Eisebunn, den Eisebunner an dem Land domadder gerecht gemaach gëtt.

Merci.

M. le President.- Merci, Här Minister. Här Braz, frot Dir d'Wuert nach eng Kéier? Dir hutt nach 44 Sekonnen.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt déi lescht 40 Sekonnen, déi ech nach hunn, gebrauche fir dem Plenum awer ze soen, dass mir fannen, dass de Minister och no dëser Interventioun d'Äntwerten op déi Froen, déi sech stellen, nach ëmmer schëlleg bliwwen ass, a mir kënnen eis doriwwer nëmme wonneren, wann ee kuckt an der Regierungserklärung op wéi enge Punkten déi prezis Äntwerten deelweis a verschiddene Punkte stinn, a mir kënnen eis nëmme schwéier virstellen, dass d'Eisebunnsproblematik net méi am Detail soll während de Koalitiounsverhandlungen diskutéiert gi sinn, wéi dat wat de Minister haut hei gesot huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat Zweet ass, dass mir als Gréng Demandeur waren dofir, dass d'Parteien an d'Chamber direkt agebonne ginn an eng Tripartite, déi direkt ufänkt. Dann hätt Der ganz séier vun de Parteie méi Äntwerte kritt wéi dat doten. Ech mengen, dass Der do de Reproche lech selwer musst zouschreiwen.

An drëttens, dass Der d'Verantwortung dofir wäert missen iwwerhuelen, an engem Joer oder méi, wann Der herno awer zur Konklusioun kommt, dass e Joer verluer gaangen ass.

M. le President.- Merci, Här Braz. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4754 iwwert d'Ofänerung vun der Verfassung. Duerno stëmmt d'Chamber am zweete Vote constitutionnel doriwwer of.

Den 12. Mee 2004 hu mer eng éischte Kéier ofgestëmmt gehat. Mir kommen elo zur Diskussioun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Meyers, d'Madame Flesch, den Här Bodry, den Här Braz an den Här Henckes. Den Här Meyers als Rapporteur huet als Éischten d'Wuert. Här Meyers!

6. 4754 - Proposition de loi portant

1. révision des articles 11, paragraphe (6), 32, 36 et 76 de la Constitution;

2. création d'un article 108bis nouveau de la Constitution - Second vote constitutionnel

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 12. Mee vun dësem Joer huet d'Chamber mat 46 Stëmmen ouni Enthalung an ouni Géigestëmm enger Revisioun vun den Artikelen 11, Paragraph (6), 32, 36 a 76 zougestëmmt. Gläichzäiteg war d'Chamber d'accord fir en neien Artikel 108bis an d'Verfassung anzeschreiwen.

Ech mengen, et ass haut net méi noutwendeg fir op den Historique vun där Reform anzegoen. Ech wëll mech dofir beschränken op e puer wesentlech Punkte vun där Reform an hiweisen op d'Wichtegkeet vun där heiter Reform, well déi fënnef Artikelen, déi zur Diskussioun stinn, betreffen ee Punkt vun der Verfassung, dat ass de Pouvoir, d'Regelung vum Pouvoir réglementaire, deen dann och an der Verfassung nei soll geregelt ginn.

Gemäss deene bestehende verfassungsrechtleche Bestëmmunge läit de Pouvoir réglementaire eenzeg an eleng beim Grand-Duc. De Groussherzog huet eleng d'Recht fir Ausféierungsbestëmmungen zu Gesetzer ze huelen, opgrond vun zwee Verfassungsartikelen: Den Artikel 36 dee virgesäit, dass de Grand-Duc déi Reglementer hélt, déi noutwendeg si fir d'Gesetzer auszeféieren, an den Artikel 32 deen der Chamber et erlaabt, fir dem Grand-Duc Pouvoiren ze gi fir Reglementer ze huelen. Déi Pouvoirë gëtt d'Chamber duerch e Gesetz, wou se dann och ka festhalen, ënner wéi enge Bedingungen déi Reglementer geholl ginn, ënner wéi enger Form déi Reglementer geholl ginn, a wou se och ka virschreiwen, dass d'Chamber notamment muss fir eenzel Reglementer ëm hiren Avis gefrot ginn.

Bei deem leschte Punkt, bei dem Artikel 32 kann een och soen, dass opgrond vun deenen Dispositiounen an der Vergaangenheet ëmmer déi sou genannt Habilitatiounsgesetzer geholl si ginn, déi jo och d'Bedingunge festgehalen hunn, ënner deenen d'Regierung déi noutwendeg Reglementer konnt huelen a wirtschaftlech schwierege Situatiounen a wann et noutwendeg war, fir am Intérêt vum Land eenzel Dispositiounen ze treffen, déi dann och konnten zu bestehende Gesetzer dérogéieren.

Virun 1996 konnt ee soen ass déi ganz Matière mat enger gewësser Flexibilitéit gehandhaabt ginn. Mir hunn 1996 e Verfassungsgeriicht geschaaft, wat sech a sengen Arrêten, déi et am Laf vun de Jore geholl huet, besonnesch mat där doter Matière ofginn huet, a well se och ëmmer befaasst gi si mat Froen, déi de Pouvoir réglementaire betraff hunn. An dofir huet sech och mat der Zäit d'Fro vun enger Reform vun deenen Artikele vun der Verfassung, déi de Pouvoir réglementaire betreffen, gestallt.

Ech gesinn haaptsächlech sechs Punkten, déi och an där heiter Reform zréckbehale si ginn, déi ech kuerz wëllt développéieren.

En éischte Punkt ass deen, dass an der Verfassung selwer eng Rei Artikele festhalen, dass eenzel Matièrë mussen engem Gesetz reservéiert sinn, dass also eenzel Matièren nëmmen duerch e Gesetz kënnen traitéiert ginn, also net duerch e Reglement, och net e Règlement grand-ducal kënnen ausgeféiert ginn. Déi Matière war ëmmer zur Diskussioun, wat muss dann am Gesetz stoen, well de Conseil d'État an der Vergaangenheet ëmmer gesot huet, wann déi grouss Prinzipien an dem Gesetz festgehale sinn, kënnen och duerch Règlement grand-ducal Ausféierungsbestëmmunge kommen. Allerdéngs war ëmmer eng ganz grouss Onsécherheet do, wat dann an d'Gesetz gehéiert huet a wat da wierklech an de Règlement grand-ducal gehéiert huet.

D'Verfassungskommissioun huet sech ausféierlech mat deem dote Punkt befaasst a si huet da proposéiert, fir den Artikel 32 duerch e Paragraph 3 ze ergänzen, dee virgesäit, dass an deene Matièren, déi duerch d'Verfassung engem Gesetz virbehale sinn, dass do kënnten och Reglementer an Arrêtéë geholl ginn, mat deene Bedingungen a mat deene Modalitéite wéi déi respektiv Gesetzer dat selwer virgesinn, dat heescht, da muss och d'Basis an deem Gesetz drastoen, an d'Gesetz kann dann och festleeën no wéi enge Modalitéiten esou ee Règlement grand-ducal ka geholl ginn.

En zweete Problem, deen eigentlech zënter 50 Joer ëmmer nees erëmkomm ass, ass dee vun deene sou genannten Habilitatiounsgesetzer. D'Chamber huet der Regierung an dem Grand-Duc d'Méiglechkeet ginn, fir a wierklech schwierege Situatiounen an am Intérêt vum Land, haaptsächlech a wirtschaftlechen a finanzielle Froen, Reglementer ze huelen, déi och konnten dérogéieren zu bestoende Gesetzer, awer net an deene Matièren, déi duerch d'Verfassung engem Gesetz virenthale waren.

Or, wann een hei vu wirtschaftlechen a finanzielle Moossname schwätzt, dann ass ee ganz séier am Beräich vun der Fräiheet vum Commerce, well et sinn och an der Vergaangenheet Mesurë geholl gi wou een der Meenung konnt sinn, dass se dee Prinzip eventuell violéiert hätten. Et ass och hei an der Chamber beim Vote vun deene Gesetzer ëmmer erëm op déi do Problematik higewise ginn. Och do war et net kloer, wou d'Grenz ze zéie war. D'Verfassungskommissioun huet festgehalen, dass an der Verfassung selwer de Prinzip vun der Habilitatioun soll zréckbehale ginn, an zwar duerch d'Aschreiwung vun engem neie Paragraph 4 am Artikel 32, wou allerdéngs de Grand-Duc habilitéiert gëtt, Reglementer ze huelen, nëmmen a Fäll vun enger internationaler Krisis, a wann et urgent ass, dass déi Mesurë musse geholl ginn. Et sinn also zwou Bedingungen, déi d'Verfassung virgesäit: d'Crise internationale an d'Urgence.

Allerdéngs geet den Artikel 32 iwwert dat eraus, wat virdru virgesi war, well den Artikel 32 erlaabt och elo dem Grand-Duc Reglementer ze huelen an deene Matièren, déi bis elo ausgeschloss waren, dat heescht wou d'Verfassung ee Gesetz virgesinn hat. Den neien Text seet elo, dass an alle Matièrë Reglementer kënne geholl ginn, wann eng international Krisis do ass, a wann Urgence besteet, da kann also e Reglement geholl ginn och fir déi Matièren, déi duerch d'Verfassung engem Gesetz virbehale sinn.

Allerdéngs huet d'Verfassungskommissioun proposéiert fir d'Durée vun deene Mesuren anzeschränken, an zwar hunn déi Reglementer nëmmen eng Validitéit vun 3 Méint. Duerno hu se keng Effete méi, se kënnen also nëmmen a wierklech urgentë Fäll geholl ginn. Wann d'Regierung oder d'Chamber der Meenung wär, dass déi Mesurë misste verlängert ginn, da misst d'Chamber mat engem Gesetz befaasst ginn, fir déi do Matièren an engem Gesetz ze reglementéieren. D'Regierung kann doropshi keng nei Réglementatioun huelen, well déi Durée vun 3 Méint limitativ festgeluecht ass.

En drëtte Problem, dee laang oder nach ëmmer bestanen huet, ass d'Problematik vun de Règlements ministériels. Och do sinn d'Meenunge ganz oft ausernee gaang. D'Regierung war natierlech ëmmer der Meenung, si kënnt Règlements ministériels huelen. Et sinn der och ëmmer agesat ginn an de Gesetzer. Et waren der och ëmmer am Budgetsgesetz. De Conseil d'État huet ganz oft drop higewisen, dass déi Reglementer net konform wären zu der Verfassung. Allerdéngs sinn och an den Diskussiounen d'Juriste sech oft net eens gewiescht, dass gemengt ginn ass, wann ee Règlement grand-ducal do wär, kënnt opgrond vun engem Règlement grand-ducal och nach e Règlement ministériel geholl ginn.

D'Verfassungsgeriicht huet där Diskussioun een Enn gemaach a kloer gesot, dass eleng de Grand-Duc Reglementer kann huelen, an dass d'Règlements ministériels net verfassungskonform wären. Allerdéngs muss een och soen, dass ganz vill Matièren do sinn, wou heiansdo séier muss reglementéiert ginn; datt och Matièren do sinn, wou ee sech muss froen, ob et da wierklech noutwenneg ass de Grand-Duc an deene Matièren ëmmer erëm ze beméien. Dofir huet och d'Verfassungskommissioun gemengt et wier gutt, wann een d'Méiglechkeet vum Règlement ministériel an d'Verfassung géif aschreiwen.

Déi éischt Propos, déi mir gemaach haten, war déi, fir dat an den Artikel 36 anzeschreiwen, dann hätt de Règlement ministériel déiselwecht juristesch Valeur gehat wéi e Règlement grand-ducal, e wier also an der Hierarchie vun de juristeschen Normen um selwechten Niveau gewiescht. De Conseil d'État huet domadder Problemer gehat, an ech mengen et war och richteg, dass en déi Problematik opgeworf huet. E war der Meenung, dass de Règlement ministériel eng juristesch Norm ass, déi eigentlech dem Règlement grand-ducal misst ënnergëuerdnet ginn, an dass de Minister Reglementer kënnt huelen opgrond vun enger Delegatioun, déi en eigentlech vum Grand-Duc géif kréien, an da gehéiert dee Pouvoir net an den Artikel 36, mä an den Artikel 76.

Schlussendlech huet dann och d'Kommissioun dat zréckbehalen, esou wéi de Conseil d'État et proposéiert huet, esou dass elo am Artikel 76 festgehalen ass, dass de Grand-Duc am Rahme vun deene reglementaresche Pouvoiren, déi en huet, och de Membere vun der Regierung Pouvoir de délégation ka ginn, fir Ausféierungsbestëmmungen ze huelen, déi dann allerdéngs musse konform sinn, net nëmmen zum Gesetz, mä och nach gegebenenfalls zu dem Règlement grand-ducal opgrond vun deem se geholl si ginn. Domat bleift dann och d'Hierarchie vun den Norme gewahrt.

E véierte Punkt, dee sech erginn huet opgrond vun engem Uerteel vum Verfassungsgeriicht, betrëfft Mesuren, déi geholl gi vu professionellen Organer, an zwar huet d'Fro sech gestallt beim Ordre vun den Affekoten, déi ëmmer d'Recht haten am Intérêt vun hire Membere Mesurë virzeschreiwen, wou och dann déi, déi zu deem Ordre géiert hunn, sech hu missen dorun halen. D'Verfassungsgeriicht, wat befaasst war mat enger Fro, huet do och kloer entscheet, dass dat net méiglech wär, dass opgrond vun den Artikele 36 an 32 de Pouvoir réglementaire eleng beim Grand-Duc léich, a wann een dat wëllt änneren, misst een natierlech deenen Organes professionnels déi Pouvoire ginn.

D'Kommissioun war der Meenung, dass et noutwendeg wär, dass och an engem moderne Stat déi Organes professionnels, déi e Beruff vertrieden, déi och duerch e Gesetz geschaf si ginn, déi eng Personnalité juridique hunn, kënnte Mesuren am Intérêt vun hirem Beruffsstand huelen, déi sech och dann de Membere vun deem Beruffsstand géifen imposéieren.

Dofir ass proposéiert ginn am Artikel 11(6) zwee nei Alineaen anzeschreiwen, déi dat do erlaben, wou allerdéngs duerch d'Gesetz muss festgehale ginn, wéi eng Reglementer dass dat kënne sinn, wéi d'Prozedure sinn, dass eventuell déi Reglementer kënnen approuvéiert gi vun der Autorité de tutelle, wann et net noutwenneg ass, dass se och kënnen annuléiert ginn, dass se kënnen opgehuewe ginn, a selbstverständlech kënnen d'Geriichter à tout moment d'Legalitéit vun deene Reglementer kontrolléieren.

E fënnefte Punkt, dee besonnesch an der leschter Legislaturperiod zu laangen Diskussiounen och an der Chamber, mä op engem aneren Niveau Ulass ginn huet, dat sinn d'Pouvoire vun den Établissements publics.

De Législateur huet an deene leschte Jorzéngten eng Abberzuel vun neien Établissements publics geschaf, an do sinn der och derbäi, déi Pouvoire kritt hunn, déi eigentlech der Regierung gehéieren an déi an den Exercice vun der Souveraineté nationale eraginn.

Et sinn eng Rei Etablissementer, déi Mesures d'exécution huelen, déi och a verschiddene Beräicher, besonnesch am Assurancëberäich an am Bankeberäich, mussen agehale gi vun deene Firmen oder Entreprisen, déi der Kontroll vun deenen Etablissementer do ënnerleien. Mä och do war d'Kommissioun der Meenung, obscho bis lo keen Uerteel vum Verfassungsgeriicht do war, dass een dat net kënnt esou bestoe loossen, ouni dass een de Prinzip géif an der Verfassung verankeren.

Dofir hu mer - an de Conseil d'État huet dat jo approuvéiert - an der Verfassung och bei der Reform festgehalen, een neien Artikel an d'Verfassung anzeschreiwen, den 108bis, dee fir d'éischt emol virgesäit, dass duerch Gesetz sou öffentlech Etablissementer kënne geschafe ginn, déi d'Personnalité juridique hunn, wou och festgehale gëtt, dass am Gesetz hir Organisatioun an hir Missiounen - hiren Objet - mussen definéiert ginn an dass se am Rumm vun där spezifescher Missioun, déi se kréien, och Mesuren huele kënnen am Beräich vun den Ausféierungsbestëmmungen, deenen dann awer och déi Entreprisen oder déi Particulieren ënnerleien, déi deem Contrôle ënnerleien, déi dann d'selwecht ze considéréiere sinn, eigentlech, wéi e Règlement grand-ducal oder e Règlement ministériel, och wa se gegebenenfalls an der Hierarchie vun den Normen ënnert d'Gesetz an ënnert de Règlement grand-ducal anzereie sinn.

Eng lescht Ännerung betrëfft den Artikel 36 selwer. Do stoung bis elo nach dran, dass de Grand-Duc d'Gesetzer misst ausféieren, dass en se net kënnt suspendéieren an dass en och net vun der Exécutioun kënnt dispenséieren. Do ware mir der Meenung, datt dat eng Dispositioun wär, déi haut eigentlech,

compte tenu vun de Pouvoire vum Groussherzog, net méi aktuell wär. De Conseil d'État war därselwechter Meenung, sou dass dee klengen Zousaz am Artikel 36 gestrach ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun an och d'Chamber am éischte Vote hu gemengt, duerch déi hei Mesuren an der Verfassung de Pouvoir réglementaire sou ze regelen, wéi et engem moderne Stat entsprécht. D'Chamber huet den 12. Mee mat all deenen Deputéierten, déi dee Moment am Sall waren, hiren Accord ginn, an ech géif och d'Chamber bieden, haut deenen hei Mesuren am selwechte Mooss zouzestëmmen.

Ech kann och elo soen, dass meng Partei d'accord ass fir déi do Mesuren am zweete Vote ze stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le President.- Merci, Här Meyers. Als éischt Riednerin ass ageschriwwen d'Madame Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, als Dinosaurier, wéi ons Kolleegin, d'Madame Lulling, géing soen, kann ech an dësem Haus sécher keen Usproch un e „maiden speech" erhiewen.

(Hilarité)

Erlaabt mer awer eng perséinlech Bemierkung. Vun 1969 bis 1989, also 20 Joer laang, war ech an dësem Haus an där enger oder där anerer Eegeschaft täteg. Du war ech vun 1989 bis 2004, also 15 Joer laang, an Europa engagéiert, sief et am Europaparlament, sief et bei der Kommissioun.

Et ass also net ouni Emotioun, dass ech haut dës Tribün erëmfannen. D'Haus ass entre-temps méi schéi ginn, et ass och méi modern ginn. Mir sinn alleguerten, wéi een an Amerika géing soen, „wired". De Greffier heescht net méi Greffier; mä de Greffe sou wéi och d'Fraktiounen hu méi Mataarbechter kritt. Grondsätzlech awer bleift d'parlamentaresch Aarbecht wat se ëmmer war: eng schéin a wichteg Aarbecht; an ech si frou, drun däerfen deelzehuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur vun der Proposition de loi, déi mir elo diskutéieren, ass am Detail nach eng Kéier op de Werdegang vun dëser Verfassungsännerung agaang, an iwwregens wonneren ech mech, dass… Bon, ech weess, hei handelt d'Chamber wierklech als Législateur, mir brauchen d'Regierung net. Mä nach wonneren ech mech, dass d'Regierung et net derwäert fënnt dobäi ze sinn, wann een iwwert de Pouvoir réglementaire schwätzt, dat heescht hir Pouvoiren an d'Exécutioun vun de Gesetzer. Mä et sief dann!

(Interruptions diverses)

Den 12. Mee 2004, wéi de Rapporteur gesot huet, huet sech beim éischte Vote constitutionnel d'Chamber kloer fir dës Modifikatiounen ausgeschwat. Mir hunn ons och alleguerten an där zoustänneger Kommissioun dofir ausgesprach, fir den Text an därselwechter Form, an där en am Mee gestëmmt ginn ass, dës Kéier beim zweete Vote unzehuelen.

Dës Verfassungsännerung ass eng vun deenen éischten, mengen ech, déi no der neier Prozedur vun der Verfassungsrevisioun duerchexercéiert gëtt. Fir d'DP ass dës nei Prozedur mat dem zweete Vote constitutionnel, deen dräi Méint muss vun deem éischten ewech sinn, e wichtege Garant, dass den demokratesche Grondsaz vun onsem Land garantéiert bleift.

D'Grondgesetz ass bien entendu den eigentlechen urlegislativen Text an onser Demokratie, a vun deem Text ginn all déi aner Texter aus. Et ass dofir wichteg, dass all Verfassungsännerung gewëssene Sécherheeten ënnerläit. Sou kann ech et nëmme begréissen, dass d'Verfassungsännerung, déi mir haut solle stëmmen, dem zweete Vote constitutionnel ënnerläit.

Och wär theoretesch d'Méiglechkeet vun engem Referendum gi gewiescht - awer nëmmen theoretesch. D'Chamber huet wuel den Artikel 114 vun der Verfassung geännert an d'Méiglechkeet vun engem Referendum virgesinn, mä d'Applikatioun dovun ass nach net méiglech, well d'Gesetz, wat de Referendum soll regelen, nach net ugeholl ass. Et besteet also do Handlungsbedarf. Mir begréissen et, dass déi institutionell Kommissioun sech de Moment domadder beschäftegt, a mir hoffen, dass mir do kënne schnell weiderkommen.

An den Debatte vum 12. Mee ass vun der deemoleger Oppositioun dorops higewise ginn, dass d'CSV-DP-Regierung et net fäerdeg bruecht hätt, eng vun hiren Ambitiounen aus dem Regierungsprogramm vun 1999 ze erfëllen, nämlech d'Moderniséierung vun der Lëtzebuerger Verfassung. Wann ech haut de Point maachen, gleewen ech awer kënne festzestellen, dass an der leschter Legislatur - an ech sinn net suspekt, well ech war net dobäi - an dëser Matière vill geleescht gouf. Ech mengen et war richteg, dass d'Chamber sech an hirer Aarbecht net duerch iergendwellech kuerzfristeg Wahlterminer ënnert Drock setze gelooss huet, well eng Verfassungsännerung muss gutt duerchduecht sinn a kann net iwwert de Knéi gebrach ginn.

Wat lo d'Proposition de révision vun haut ugeet, wëll ech kuerz e puer Punkten ervirhiewen. Et geet iwwert de Pouvoir réglementaire, an déi heiteg Ännerung soll dëse Pouvoir an alle Facetten definéieren an d'Regelen, ënnert deenen e kann exercéiert ginn, festleeën.

Wéi de Rapporteur et scho gesot huet, gëtt de Pouvoir réglementaire elo schonn duerch verschidden Artikele vun onser Verfassung geregelt. Wann ee sech déi Artikelen ukuckt, da stellt een effektiv fest, dass de Pouvoir réglementaire eng exklusiv Prerogativ vum Grand-Duc ass, deen dëse Pouvoir natierlech nëmmen no de Regelen an de Limitë vun onser Verfassung an onse Gesetzer ausübe kann.

Et ass an dësem Fall ervirzehiewen, dass ons Constitutioun d'Arrêtéën an d'Reglementer nëmmen zu engem Zil virgesäit, nämlech deem fir d'Exécutioun vun de Gesetzer ze assuréieren. Interessant ass et natierlech och, dass d'Verfassung et dem Grand-Duc bis elo net erlaabt huet, fir engem Minister oder engem aneren Organ eng Delegatioun ze ginn, fir Actes à caractère réglementaire ze huelen.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 19. Februar 2002 kloer déi zwou Quelle vum Pouvoir réglementaire ervirgestrach. Déi éischt ass déi vum Droit commun, déi hir legal Basis an den Artikele 36 a 37 Alinéa 4 fënnt, déi et dem Grand-Duc erméigleche fir déi zoustänneg Reglementer ze huelen an esou d'Gesetzer oder d'Traitéen ze exécutéieren.

Déi zweet Quell vum Pouvoir réglementaire ass duerch d'Artikelen 32, Alinéa 3, an 33 vun der Constitutioun virgesinn. Hei gëtt nämlech festgehalen, dass de Législatif dem Grand-Duc am Kader vun der Ausübung vu sengem Pouvoir exécutif ka verschidden Attributioune gi fir d'Matièren ze regelen, déi duerch d'Gesetz limitéiert sinn. Selbstverständlech wann een an dësem Zesummenhang Grand-Duc seet, da mengt ee Regierung, mä dat brauch jo hei net besonnesch ervirgehuewen ze ginn.

Mat där heiteger Verfassungsännerung gëtt dann och endlech de Problem vun de Lois habilitantes geregelt an, de Rapporteur huet schonn drop higewisen. Säit 1951 gouf alljährlech e Ritual hei exercéiert, wou d'Majoritéit fir d'Lois habilitantes gestëmmt huet an d'Oppositioun dergéint, fir dann dem Grand-Duc d'Recht ze ginn, a wirtschaftlechen a finanzielle Matièren ze handelen an esouguer zu bestehende Gesetzer ze derogéieren, wann Urgence gi war an am Fall vun enger internationaler Krisis. Selbstverständlech waren déi Lois habilitantes souwuel an hirem Objet wéi och an hirer Dauer begrenzt. Dat gëtt elo an der Verfassung geregelt, an ech fannen dat eng gutt Approche.

Och gëtt de Problem vun de Règlements ministériels geléist. Virun allem säit dem Zweete Weltkrich sinn eng Rei vu Mesures d'exécution entweder duerch e Règlement ministériel, duerch en Arrêté, duerch Arrêtéen a Reglementer vun der Regierung en conseil oder souguer duerch Instruction ministérielle geregelt ginn. Am jëtzegen Zoustand vun onser Verfassung sinn dës Mesuren natierlech net konform. Mä bis zur Schafung vum Verfassungsgeriicht ënnerlouche si kenger juristescher Kontroll an, wéi de Rapporteur esou schéi gesot huet, dat alles ass mat enger gewëssener Flexibilitéit gehandhaabt ginn.

Et ass also net erstaunlech, dass déi éischt Arrêté vum Verfassungsgeriicht virun allem de Pouvoir réglementaire viséiert hunn: Iwwerpréifung entweder vun der Conformitéit vun de Règlements ministériels mam Artikel 36 vun der Verfassung oder Arrêtën am Zesummenhang mat den „matières réservées à la loi". D'Verfassungsgeriicht huet - an et konnt net anescht sinn an deene Fäll - d'Onconstitutionnalitéit kloer ervirgestrach an et ass dunn héich Zäit ginn ze handelen.

D'Kommissioun vun der Chamber huet sech - an dat ass och hei scho vum Rapporteur gesot ginn - an hirer Aarbecht eigentlech dräi Ziler gesat: Éischtens d'Prerogativ vum Grand-Duc, vun der Regierung, en matière réglementaire bäizebehalen; zweetens an d'Verfassung anzeschreiwen, dass de Grand-Duc kann am Fall vun enger internationaler Krisis handelen, an dat iwwert de Pouvoir réglementaire souguer an deene Matièren, déi vun der Verfassung no dem Gesetz reservéiert ginn; an drëttens eng verfassungsrechtlech Basis schafe fir de Pouvoir réglementaire, déi de Membere vun der Regierung souwéi och den Organes professionnels des professions réglementées oder den Établissements publics d'Méiglechkeet gëtt, ze reglementéieren.

De Grand-Duc als Chef d'État exercéiert de Pouvoir exécutif am Aklang mat der Verfassung an onser Gesetzgebung an hie muss deemno och Pouvoiren hunn, fir all reglementär Mesuren ze huelen, fir d'Gesetzer ze exécutéieren. Deemno ass de Règlement grand-ducal - war et bis elo, ass a bleift och an Zukunft - déi normal a prinzipiell reglementär Mesure fir d'Gesetzer an d'Traitéen ze exécutéieren. Ech hu scho kuerz vun de Matièren, déi dem Gesetz reservéiert sinn, an de Pouvoirs exceptionnels geschwat: Et ass menger Usiicht no wichteg, dass de Grand-Duc am Fall vun enger internationaler Krisis an am Fall vun enger Urgence ka reglementär Mesuren huelen, déi och kënne bestehend Gesetzer abrogéieren.

Et gëtt wéineg Fäll vun där Natur an de leschte Jorzéngten, wou hei huet missen eng Loi habilitante applizéiert ginn, mä et sinn der awer e puer gewiescht wou mer frou waren, dass et méiglech war, schnell iwwert dee Wee ze handelen. Ech denken notamment un d'Pëtrolskrisis, un de Golfkrich an un d'Noeffekter, déi do entstane sinn.

De Rapporteur huet drun erënnert wéi komplizéiert et war an dësem Fall op e gemeinsamen Nenner ze kommen, mä ech mengen et wär ons gelongen hei en Text ze fannen, dee jiddferengem ka Satisfaktioun ginn. Ech géing dobäifügen, dass ech bei där leschter Regierung iwwerzeegt war, dass, wa si constitutionnell d'Recht hätt fir Reglementer am Fall vun enger Krisis schnell ze huelen, si dëst Recht mat Zréckhaltung a Besonnenheet géing ausüben. Bei dëser Regierung hunn ech natierlech manner Vertrauen, mä ech wëll hoffen a gleewen, dass si an och déi kommend Regierungen dat och wäerten an Zukunft esou gesinn.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dat do ass e schlechte Schluss, Madame.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Elo ass dann also verfassungsrechtlech festgehalen, dass an deene Fäll vu Krisis an Urgence de Grand-Duc ka reglementär Mesuren huelen, souguer fir Matièren, déi dem Gesetz reservéiert sinn ze exécutéieren. Mir sinn also dëst Joer vun där Freed privéiert, um Enn vum Joer beim Budget eng Loi habilitante ze stëmmen.

Ministeriell Reglementer, leschte Punkt. De Statsrot hat wuel d'Fro opgeworf, ob dësen neie ministerielle Pouvoir réglementaire eng Konkurrenz kéint duerstelle fir de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc oder en esouguer kéint iwwerfligelen. E koum awer zur Konklusioun, dass et an engem moderne Stat wichteg ass, dass een an der Verfassung de Pouvoir réglementaire vun de Ministere festhält, mä dass deen awer muss streng ëmschriwwe sinn an den Normes hiérarchiques supérieures, wéi de Rapporteur gesot huet, ënnerworf sinn. Deemno ass de Pouvoir réglementaire vum Minister unzegesinn als eng Delegatioun vum Grand-Duc, an dat am Kader vun den Artikele 36 a 37, Alinéa 3 vun der Verfassung.

Schliesslech de Punkt vun de Reglementer vun den Organes professionnels des professions réglementées a vu verschiddenen Établissements publics. Et ass no engem Arrêt vun der Cour constitutionnelle, dass d'Problematik vum Pouvoir normatif vun de Professions réglementées opgegraff gouf, an de Statsrot huet proposéiert, fir och dëse Pouvoir an der Verfassung festzehalen. Hien huet dann d'Debatt nach erweidert op d'Établissements publics. Dat betrëfft natierlech nëmmen déi, déi Weisungsrechter hunn. D'Kommissioun ass mat op dee Wee gaangen, an ech mengen dat war och eng gutt Saach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Verfassungsännerung ass eng vun deenen éischten, déi den neie Mechanismus vun dem „double vote constitutionnel" duerchleeft. D'Chamber huet zwar bei der leschter Revisioun vum Artikel 114 vun onser Verfassung op d'Dissolutioun vun der Chamber verzicht, mä dee Mechanismus dann agesat, a mir mengen dass et wichteg wär, dass mer an onser Verfassung e Moyen hunn, esou eng Ännerung besonnesch formale Bedingungen ze ënnerleeën, fir dass de grondsätzleche Charakter vun onser Verfassung séchergestallt ass.

Dës Verfassungsännerung ass vu ganz grousser institutioneller Wichtegkeet. Heimat schafe mer endlech Uerdnung am Beräich vum Pouvoir réglementaire. Et geet hei drëm, dem Grand-Duc, dat heescht der Regierung d'Méiglechkeet ze ginn, effikass kënnen d'Gesetzer ze exécutéieren, an internationale Krisefäll schnell kënnen ze reagéieren, den Organismes professionnels an den Établissements publics d'Méiglechkeet ze ginn, an hirem Beräich geltend Regelen unzewenden. Nach muss dat alles an engem festgeluechte Kader an no genaue Regele geschéien. Mat dëser Verfassungsännerung definéiere mer déi Regelen, mir definéieren d'Pouvoire vun der Regierung a mir definéieren eng prezis Délimitatioun tëschent dem Législatif, der Chamber an dem Exécutif, der Regierung; wat ëmmer an an alle Länner a bei alle Verfassungen e schwieregen Exercice ass.

Als DP-Fraktioun menge mir, d'Kommissioun vun den Institutiounen an der Révision constitutionnelle hätt eng gutt iwwerluechte Propositioun virgeluecht. Mir soen hirem President a Rapporteur Merci a wäerten dës Propositioun stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le President.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll déi allgemeng positiv Stëmmung an Zefriddenheet hei net völleg op d'Kopp werfen, mä d'Wahlen hunn eigentlech un der Positioun vun eiser Partei näischt geännert. Mir wäerten déi Modifikatiounen hei stëmmen, mä mir maachen et awer mat enger Rei vu Reserven, déi mer och am Mee scho bei den Debatten hei an der Chamber ugemellt haten, well mer dach hei an engem ganz sensibele Beräich sinn, de sensibelste Beräich, deen an all parlamentarescher Demokratie vill diskutéiert gëtt, a wou vill Verfassungstexter och probéieren dat uerdentlech a propper ze regelen, dat heescht, den Domän vum Gesetz an den Domän vum Reglement op där enger Säit. An do ergëtt sech natierlech praktesch d'Fro: Firwat ass d'Reglement zoustänneg a firwat ass d'Regierung, respektiv firwat sinn eenzel Ministeren zoustänneg?

Mir sinn also hei wierklech am Kärberäich vum Fonctionnement vun den Institutiounen an och am rapport de force ënnert deenen Institutiounen. Et ass also eng ganz wichteg Modifikatioun vun der Verfassung, déi mer haut diskutéieren an dann och definitiv an eiser zweeter Lecture no der neier Prozedur décidéiere wäerten.

Et muss ee ganz kloer feststellen, dass wann een de Bilan zitt, wéi dat Kräftemesse Parlament-Regierung mat deenen heiten Texter ausgeet, d'Regierung eigentlech gagnant ass. Et ass keen Ongléck fir d'Land, dat muss een objektiv gesinn, dat muss d'Parlament och ganz kloer esou gesinn - ech soen dat virun allem och fir déi nei Memberen -, dass mer, wa mer deen heiten Text esou unhuele wéi mer en an der éischter Lecture gestëmmt hunn, da sécherlech par rapport zu där Ausso, déi eis d'Geriichter ginn hunn, wat d'Pouvoire vum Parlament a vun der Regierung sinn, ee Schrëtt méi wäit ginn an d'Regierung eigentlech iwwert déi nei Texter méi Flexibilitéit, méi Bewegungsfräiheet kritt, méi Méiglechkeete kritt fir ze reglementéieren, an den Domän, deen dem Gesetz an och der Chamber eleng virbehale gëtt, eigentlech duerch deen heiten Text méi kleng gëtt.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

D'Diskussioun iwwert d'Reform vum Artikel 36 geet eigentlech op d'Joer 1998 zréck. Et war nämlech an deem Joer wou eigentlech duerch eng ganz frappant Décisioun vun eiser Cour constitutionnelle erkläert ginn ass, dass all Règlement ministériel anticonstitutionnel ass. Dat war e klenge Schock an der Welt vun de Regierungskanzleien, well domadder awer eng jorzéngtelaang Traditioun, déi och eigentlech vun der Chamber an och virdru vun eisen anere Geriichter ëmmer akzeptéiert ginn ass, vun haut op mar duerch déi Décisioun vum Verfassungsgeriicht op d'Kopp geworf gi war.

Ech wëll awer hei vläicht aus deem Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 6. Mäerz 1998 zitéieren - well

dat wichteg ass -, deen zum Artikel 36 am Hibléck op d'Legalitéit vun de Règlements ministériels Folgendes seet: «Le texte de l'article 36 dont le caractère explicite est encore appuyé par le fait qu'il fait parti du paragraphe premier du chapître III de la loi fondamentale, paragraphe portant l'intitulé 'De la Prérogative du Grand-Duc', s'oppose à ce qu'une loi attribue l'exécution de ses propres dispositions à une autorité autre que le Grand-Duc. Il n'est pas contesté que le pouvoir législatif est en droit de disposer lui-même au sujet de l'exécution de la loi. Dans cette hypothèse le législateur est cependant tenu d'exercer lui-même son pouvoir et ne saurait le déléguer au mépris des termes de l'article 36 de la Constitution.»

Et ass also ganz kloer, souguer wann de Législateur e virgesäit, an dat ass zënter Jorzéngten an x Domäner gemaach ginn, dass esou ee Règlement ministériel no der Décisioun vun 1998 vun eiser Cour constitutionnelle als anticonstitutionnel ze betruechten ass. An dat huet dozou gefouert, dass an deene Joren duerno als Reaktioun d'Regierunge probéiert hunn déi falsch Règlements ministériels opzefänken, doduerjer dass se an deenen Domäner meeschtens e Règlement grand-ducal probéiert hunn ze huelen, fir dann d'Legalitéit vun deenen Disproportiounen a vun deenen Normen awer weider ze garantéieren.

Et ass also wichteg, dass déi Fro vum Règlement ministériel kloer gestallt gëtt. Mir ginn awer hei an deem Sënn méi wäit - an dat wor ni d'Positioun vun eiser Partei an deenen Diskussiounen -, andeem mer elo och e Règlement ministériel méiglech maachen, haaptsächlech souguer doduerjer, dass d'Regierung iwwer e Règlement grand-ducal seet: An deenen an an deene Matièrë kann dann och nach de Règlement grand-ducal preziséiert ginn duerch e Règlement ministériel. Dat heescht mir akzeptéieren hei duerch déi nei Formulatioun d'Méiglechkeet net nëmme Règlements ministériels iwwer Gesetz anzeféieren, wat problematesch bleift, mä mir ginn am Fong op déi aner Schinn a soen: D'Regierung, ouni d'Chamber ze consultéieren, kann décidéieren, obwuel an engem Texte de loi steet, dass dat iwwer e Règlement grand-ducal reglementéiert gëtt, an deem Règlement grand-ducal erëm eng Subdélégation op e Règlement ministériel ze maachen.

Dat ass awer relativ bedenklech, well dat geet relativ wäit. An duerfir och hei meng Opfuerderung un dës Regierung, egal wéi se zesummegesat ass, wéi och fir déi nächst Regierung hannendrun, fir awer nëmmen an Ausnahmefäll, wann et wierklech ëm ganz technesch Bestëmmunge geet, vun där dote Méiglechkeet Gebrauch ze maachen, well dat awer d'Parlament a wesentleche Froen eigentlech erausléisst aus der Diskussioun; an dat ass sécherlech net gutt esou.

Et muss een allerdéngs och hei soen oder preziséieren: Et ginn zwee Beräicher wou de Règlement ministériel eigentlech net däerf spillen - an do ware mer eis an der éischter Lecture zumindest eens. An deem gesote Beräich vun dem Domaine réservé à la loi par la Constitution kann an Zukunft e Règlement grand-ducal d'Detailer regelen déi néideg si fir d'Exécutioun vun engem Gesetz, mä an deem spezifesche Beräich do däerf eigentlech kee Règlement ministériel geholl ginn. An datselwecht gëllt och am Beräich vum Vollmachtegesetz, wou et och net méiglech ass, dass ee géif soen: Et gëtt en allgemenge Règlement grand-ducal geholl opgrond vun der Vollmachtebestëmmung. An da kann an deem Règlement grand-ducal och nach gesot ginn: Den Detail gëtt nach eng Kéier geregelt duerch e Règlement ministériel; dat geet no där gemeinsamer Interpretatioun, déi mer probéiert hunn erauszeschaffe bei den Debatte vum Mee; dat ass an Zukunft awer net méiglech.

Zweete wichtege Punkt, deen duerch déi Verfassungsännerung hei geregelt gëtt, dat ass dass mer effektiv déi leedeg Diskussioun, déi mer elo all Joer am Dezember zënter laange Joren Joer fir Joer gefouert hunn, iwwert dat sou genannte Vollmachtegesetz net méi dëst Joer brauchen ze féieren. Den Ordre du jour vum Dezember gëtt also e bësse méi kleng. Dat misst eigentlech mindestens zwou Parteie freeën. Et misst meng Partei freeën, well mir dann net méi mussen erklären, firwat dass mer dës Kéier wahrscheinlech als Regierung géifen d'Vollmachtegesetz stëmmen, well mer Vertrauen an dës Regierung hunn, an d'Demokratesch Partei bräicht net ze erklären, firwat dass se während fënnef Joer elo ëmmer d'Vollmachtegesetz gestëmmt huet an et elo dëst Joer net méi stëmmt. Et ass also e klengen Nieweneffekt, dee ganz positiv ass, dass mer déi Matière do ee fir allemol allgemeng geregelt hunn, op eng propper Aart a Weis geregelt hunn an awer och, géif ech soen, a Konditiounen agebett hunn, déi eigentlech méi restriktiv si wéi dei jährlech Bestëmmungen, jährlech Vollmachtegesetzer, déi mer bis elo ëmmer haten.

Well hei mussen effektiv kumulativ zwou Konditiounen erfëllt sinn: Et muss Drénglechkeet virleien an et muss eng international Kris virleien; nëmmen da kann déi Méiglechkeet vun engem Vollmachtegesetz spillen. A wat och nei ass par rapport zu deenen Texter, déi mer soss Joer fir Joer hei diskutéiert hunn, ass, dass och d'Regierung dru gehalen ass bannent dräi Méint no dem Huele vun där reglementarescher Moossnam e Gesetz eranzebréngen, fir déi Moossnam dann definitiv opzefänken. Wa se dat net mécht, da verfält dat Reglement no dräi Méint. Dat mengen ech ass propper, dat lehnt sech un un ähnlech Bestëmmungen, déi mer an aneren europäesche Verfassunge fonnt hunn, an ech mengen dass dat och eng ganz gutt Léisung ass.

Et bleift dann nach e ganz aneren Domän, deen och erëm eng Kéier muss nei gekuckt an nei formuléiert ginn, och rëm eng Kéier opgrond vun Décisioune vun eiser Cour constitutionnelle, dat ass d'Fro vun deem Domaine réservé a la loi par la Constitution. Wat heescht dat? An et ass d'Fro och, aweifern Ordren oder Établissements publics iwwerhaapt kënne Reglementer huelen; dat sinn och zwou Décisioune gewiescht vun der Cour constitutionnelle zu deem éischte Punkt.

Wat elo den Domaine réservé à la loi par la Constitution ugeet, do ass et eng Décisioun vum 3. Januar 2003, déi op déi dote Fro eng Äntwert gëtt. Ech zitéieren: «…l'effet des réserves de la loi énoncées par la Constitution consiste en ce que nul, sauf le pouvoir législatif, ne peut valablement disposer des matières érigées en réserve; qu'il est toutefois satisfait à la réserve constitutionnelle si la loi se borne à tracer les grands principes tout en abandonnant au pouvoir réglementaire la mise en œuvre du détail.»

Dat ass d'geltend Rechtsprechung, wat deen dote Punkt vum Domaine réservé à la loi ugeet. An hei hu mer eng Léisung, wou mer eigentlech och e bëssen iwwert déi Rechtsprechung erausginn, well hei an deem Text lo net d'Méiglechkeet besteet, dass, souguer an Domäner wou d'Constitutioun seet, dat do muss iwwer Gesetz geregelt sinn, d'Regierung ka Reglementer huelen, mä Reglementer, déi noutwendeg si fir d'Exécutioun vum Gesetz ze garantéieren. Dat geet e bësse méi wäit, wéi d'Jurisprudenz bis elo, déi ëmmer geschwat huet, dass eigentlech nëmmen technesch Detailer däerfen an esou enger Matière duerch Règlement grand-ducal geregelt ginn.

Hei maache mer also erëm e klenge Schratt a bewegen eis eigentlech op d'Regierung hin. D'Regierung kritt liicht méi Pouvoiren, wéi se der bis elo opgrond vun där gülteger Jurisprudenz hat; wat iwwregens keng nei war vun der Cour constitutionnelle, eng ähnlech Jurisprudenz ass et scho virdru beim Conseil d'État ginn, respektiv och bei eise Verwaltungsgeriichter.

An da schliesslech dee leschte Punkt, deen ech wollt ervirhiewen, dat ass dee vun den Ordren. Et huet sech gestallt bei den Affekoten, datselwecht ka sech stelle bei den Architekten, mar vläicht bei de Journalisten, haut och scho bei den Dokteren. Et ginn also verschidde liberal Beruffer, déi traditionell reglementéiert sinn a wou och jorzéngtelaang kee Problem war, bis dann op eemol eis Cour constitutionnelle erëm eng Kéier zougeschloen huet. An dat huet se an där Décisioun vum 7. Mäerz 2003 gemaach, wou se kloer gesot huet - dës Kéier ass et em den Ordre des Avocats gaangen -, dass eigentlech den Ordre des Avocats net d'Méiglechkeet huet, fir sou Réglementatiounen ze erloossen, déi e gewëssenen Deel normative Charakter hu fir hir Professioun, mä dass dat onméiglech ass, well et net konform wär zum Artikel 36 vun eiser Verfassung, dee seet, dass eleng de Grand-Duc de Pouvoir réglementaire hei zu Lëtzebuerg huet. Also och souguer wann e Gesetz den Ordren dat ausdrécklech zougemooss huet, ass et net méiglech, dass en Ordre dat do mécht, well et contraire ass zum Text vum Artikel 36 aus eiser Verfassung.

Do komme mer, mengen ech, op eng pragmatesch Léisung. Mir halen eigentlech un deem fest, wat eigentlech während Jorzéngten net contestéiert war, dass esou liberal Beruffer sech kënnen organiséieren, duerch de Législateur och esouguer d'Autorisatioun kritt hu fir dat ze maachen, an da muss een hinnen natierlech och d'Méiglechkeet gi sech selwer Regelen ze ginn an och d'Méiglechkeet gi fir dass se dofir kënne suergen, dass déi Regelen och bei hinnen an der Professioun agehale ginn. Mä den neien Text vun der Verfassung gesäit awer ausdrécklech vir, dass de Législateur natierlech vu Fall zu Fall kann décidéieren, fir dass déi Reglementer, déi déi Professioune sech ginn, awer mussen enger Procédure d'approbation ënnerworf ginn; do ass et also um Législateur fir dat ze décidéieren, ob oder ob net.

Et gesäit een also hei wierklech ganz kloer nei Regelen: D'Chamber gëtt formal gesinn e puer Pouvoiren of an d'Regierung kritt der bäi. Dat kann een institutionell bedaueren, zumools als Parlament, mä et muss een awer och realistesch sinn, et muss een och gesi wat d'Méiglechkeete vun der Chamber si fir am Detail eenzel Punkten ze behandelen. Mä dat wëllt awer net dovunner ofbréngen ëmmer erëm op eppes ze insistéieren; dat ass ze verhënneren, dass mer hei an der Chamber a wesentleche Matièrë just nach Kadergesetzer virgeluecht kréien a Kadergesetzer stëmmen, wou den eigentlechen Inhalt zu gewëssen Deeler onbekannt ass, wa mer hei an der Chamber driwwer debattéieren an ofstëmmen, an dann no an no drëpsechersweis d'Règlements d'exécution kommen, an da wonnere mer eis herno, wat an deenen Texter drasteet.

Ech géif hei vläicht ee rezent Beispill wëllen ufféieren: Dat neit Gesetz iwwert den Aménagement communal. Dat ass formal gesinn zënter Ufank August dëst Joer a Kraaft, et sinn aacht Règlements grand-ducaux d'exécution an deem Text virgesinn an net ee vun deenen ass bis elo am Mémorial veröffentlecht. Siwe sinn der anscheinend duerch de Conseil de Gouvernement gaangen. Ee wichtegt iwwert de Règlement des bâtisses läit nach ëmmer beim Conseil d'État.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech muss soen, et ass net seriö, dass esou verfuer gëtt. D'Gemengen an all déi Leit, déi musse mat deenen Texter schaffen, entdecken elo - si roden an dann entdecke se - wat an deene wichtegen Ausféierungsbestëmmunge steet. An dat ass eigentlech keng gutt Prozedur fir ze verfueren an dat sollt eis eigentlech als negatiivt Beispill déngen a mir sollten do vläicht e bësse méi Selbstvertrauen als Parlament hunn an och derfir suergen, dass wierklech all wichteg Detailbestëmmungen och da kënne virleien; dass d'Chamber awer och e klengt Wiertchen matzebestëmme kritt, och wann et ëm den Detail geet, deen och ganz wichteg ass bei esou Texter. Dat gesot wëllt ech Schluss maachen an nach eng Kéier den Accord, trotz all deene Reserven, vu menger Fraktioun hei abréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry, fir Är Interventioun. Dann huet elo den Här Braz d'Wuert. Här Braz.

Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här President.

Am Numm vun der grénger Fraktioun bréngen ech eisen Accord fir den zweete Vote vun dëser Proposition de loi. D'Regierung ass net hei, mä et ass jo och kee Regierungstext, et ass e Chamberstext, dee mer hei ofstëmmen. Ech wäert mer erspueren nach eng Kéier all déi pertinent Saachen, déi d'Virriedner gesot hunn, ze widderhuelen.

Mir hunn deen Text am Mee gestëmmt, mir wäerten en och elo stëmmen. Ech wëll just op ee Punkt agoe vu mengem Virriedner, dee seng Besuergnis zum Ausdrock bruecht huet, dass mer hei e bëssen der Regierung méi wäit entgéint kommen am Pouvoir réglementaire wéi mer vläicht missten.

Ech denken dat ass net falsch. Ech denken awer och, dass d'Parlament all d'Instrumenter am Grapp huet, fir sech do näischt virmaachen ze loossen, duerch zwou Mesuren. Éischtens doduerch dass mer - wéi den Här Bodry gesot huet - selbstbewosst genuch sinn, fir d'Gesetzer nëmmen dann ze stëmmen, wann all d'Reglementer virleien. An zweetens, wann duerno iwwert de Wee vu Reglementer éire géing méi wäit gaang ginn, wéi mer dat wollten, doduerch dass mer nees de parlamentaresche Ball opfänken an hei nees frësch spillen. An deem Sënn gi mer nach eng Kéier eis Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin detailléierte Bericht. Ech hat bei den Debatte bei der Geleeënheet vum éischte Vote hei schonn d'Begrënnung vun dem ADR gesot, firwat mer dës constitutionnel Ännerunge géinge guttheeschen an ech hunn deem och näischt bäizefügen. Den ADR wäert dës constitutionnell Ännerung och an zweeter Lecture stëmmen.

Dat gesot ass et awer wichteg op ee Punkt hinzeweisen, dee scho liicht kontrovers, mengen ech, soll diskutéiert ginn; dat ass fir ze wëssen, ob déi Règlements grand-ducaux an déi Règlements ministériels, déi elo e constitutionnelle Kader kréien, der Regierung, dem Grand-Duc, méi Pouvoire gi wéi bis elo.

Ech géing soen datt dat vun der Chamber ofhänkt, well déi constitutionnell Ännerung, déi mir hei virhuelen, gesäit vir, dass et un der Chamber ass fir de Kader ze stelle vun de Règlements grand-ducaux; fir och ze soen, ob Règlements ministériels kënne geholl ginn op Basis vun engem Règlement grand-ducal. Bref, de ganze Kader gëtt festgeluecht vun dëser Chamber an et ass un ons Responsabilitéiten ze huelen, ob mer der Regierung vill Pouvoire gi fir reglementaresch ze agéieren oder ob mer dat méi enk faassen.

Et kann nämlech net esou sinn, dass iwwert d'Règlements grand-ducaux, wéi dat a verschiddene Fäll schonn am Passé de Fall wor, d'Gesetzer deelweis oder partiellement an eng Richtung ginn, déi déi net wor vum Législateur, respektiv souguer gesetzlech Moossnamen iwwer e Règlement grand-ducal geholl ginn. Dat bedeit och, dass all déi bestoend Règlements grand-ducaux, déi net konform sinn zu dem neien Text vun der Verfassung, riskéieren an Zukunft virun de Geriichter contestéiert ze ginn, an et ass un der Regierung ze kucken, ob déi Reglementer nach haut deem neie Verfassungstext entspriechen. Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dëser Proposition de loi.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. D'Chamber stëmmt elo am zweete Vote constitutionnel iwwert dës Verfassungsännerung of. Heibäi ass, wéi ech dat virdru gesot hunn, eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt bei dësem Vote. Den Text steet am Document parlementaire 4754[6] Säit 10.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resultat ass folgend: 57 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. D'Proposition de loi ass also mat 57 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

7. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng Kéier kuerz zréckkommen op d'Demande vum honorabelen Här Jaerling, fir den Ordre du jour ze modifizéieren a fir eng Rei Froen op den Ordre du jour ze kréien, wou angeblech keng Äntwerte vun der Regierung do sinn.

Et ass esou - mir hunn dat kontrolléiert -, dass bei deene Froen, déi den Här Jaerling am Heemount gestallt hat, d'Äntwerten den 9. August respektiv den 11. August agaange sinn an dass bei deene Froen, déi am Karschnatz, sou wéi hie sech ausgedréckt huet, gestallt gi sinn, d'Äntwerten de 17. September, den 20. Oktober an den 21. September agaange sinn.

Elo ass d'Situatioun folgend: Den honorabelen Här Jaerling ass net zefridde mat deenen Äntwerten, déi hie kritt huet, an huet deementspriechend gemengt, e kéint déi Froen hei stellen. Ech muss natierlech soen, eng Äntwert ass eng Äntwert, och wann een net domat zefridden ass.

Et bleift awer e Problem iwwreg, an do denken ech géife mer eng Presidentekonferenz mat deem Problem saiséieren. Et ass eng vun de Froen nämlech, an zwar déi, déi den Här Jaerling den 23. am Heemount gestallt hat iwwert d'Arcelor. Do ass d'Äntwert vun der Regierung effektiv esou mickreg ausgefall, dass een déi Äntwert net kann als eng Äntwert, a mengen Aen, considéréieren. Ech versti schonn…

(Interruption)

Jo, ech kéint Iech se emol virliesen, fir déi, déi d'Äntwert net kennen. Et kann awer net esou sinn, well onst Reglement verbitt, wann eng Fro eemol gestallt ass, a se ass beäntwert, dann däerf ee se an där Sessioun net nach eng Kéier stellen. Or, wann awer hei d'Regierung manifestement net op Froe geäntwert huet, déi den Deputéierte gestallt huet, da kann et awer net sinn, dass iwwert deen do Wee d'Regierung d'Chamber court-circuitéiert, respektiv den Deputéierten an deem Sënn, dass en net d'Recht huet eng Äntwert ze kréien.

Deementspriechend, Här Jaerling, géif ech der Chamber proposéieren, dass mer déi Froen hei en Donneschdeg mat an d'Presidentekonferenz huelen an doriwwer délibéréieren, wéi d'Chamber et da praktesch soll handhaben; well eist Reglement näischt virgesäit, wann d'Regierung op déi Froen, déi beäntwert sinn, nu wierklech an décemment net geäntwert huet. Et sinn der hei derbäi wou ech mengen, dass d'Äntwert vun der Regierung an der Rei ass, mä et ass awer eng dobäi wou een net kann engem Deputéierten zoumudden, dass en dat als Äntwert kann akzeptéieren.

Bon, mir kucken dat an der Presidentekonferenz. An da géif ech proposéieren, dass mer en Donneschden, wann d'Presidentekonferenz délibéréiert huet, eng Décisioun geholl huet, dann op déi Froen zréckkommen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Voilà, deementspriechend si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.46 heures)

MERCREDI, 27 OCTOBRE 2004

3E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président
Mme Anne Brasseur, Doyen

Ordre du jour

1. 5336 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques à Erpeldange/Ettelbruck

   (Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

2. 5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville

   (Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant: 1. le code pénal; 2. le code d'instruction criminelle; 3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier; 5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier; 6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; 7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat; 8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises; 10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable; 11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives; 12. la loi générale des impôts ("Abgabenordnung") - Second vote constitutionnel

   (Discussion générale - Second vote constitutionnel)

4. 5236 - Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2002

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

5. 4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000

   (Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Merci, Madame Jacobs.

Mir kommen dann direkt zur Diskussioun vun dem éischte Projet, dee mer haut um Ordre du jour hunn. Dat ass de Projet de loi 5336 iwwert de Bau vun engem Fleegeheem zu Ierpeldeng bei Ettelbréck. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: de Rapporteur 10 Minutten, d'CSV 34, d'LSAP 24, d'DP 20, DÉI GRÉNG 17, den ADR 15 an d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Calmes, den Här Schreiner, den Här Adam an den Här Gibéryen.

Une voix.- Et ass den Här Schneider. Den Här Schneider, net den Här Schreiner.

M. le Président.- Den Här Schneider.

(Brouhaha général)

Ech wollt direkt am Ufank folgend Bemierkung maachen: D'Familljeministesch huet an enger Stonn Verflichtungen um Kierchbierg, wou se un enger Konferenz muss deelhuelen, an deementspriechend wäert si bei hirer Interventioun zu dësem Projet och direkt zu deem nächste Projet Stellung huelen, dem Altersheim op der Rumm, ier mer deen hei débutéiert hunn.

Ech denken, datt d'Chamber Versteesdemech huet, datt d'Madame Ministesch fort muss. Wann awer herno an der Diskussioun nach sollte Froen opkommen, vu datt si och muer e Projet hei am Plenum huet, ass si bereet, wa sollte Froen opstoe bleiwen, fir muer op déi Froen ze äntwerten. Ech denken, datt d'Chamber domadder d'accord ass an da ginn ech elo dem Rapporteur vum Projet de loi, där honorabeler Madame Marie-Josée Frank, d'Wuert, fir eis de Rapport vun dësem Projet virzeleeën. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

1. 5336 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques à Erpeldange/Ettelbruck

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ee bedenkt, dass hei zu Lëtzebuerg 80% vun den 80-Jähregen un Demenz leiden, dass zurzäit schätzungsweis bei deenen iwwer 65-Jährege 5.000 Mënschen alzheimerkrank hei am Land sinn, dass bei de 65- bis 69-Jähregen et 1% vun der Populatioun ass a bei deenen iwwer 85-Jährege schonn 3%, dat ass, Dir Dammen an Dir Häre, sécherlech Bewäis genuch, dass et wichteg ass hei am Land eng Maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques ze schafen, wat scho laang e Wonsch vun der Alzheimer-Associatioun ass.

Wëssenschaftlech Studië ginn dovun aus, dass d'Zuel vun den Demente sech bis 2040 wäert verduebelen. A Westeuropa an an Nordamerika gëtt ugeholl, dass dës Krankheet d'Krankheet vum 21. Jorhonnert soll ginn. Wat d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg ugeet, leide ronn 40% vun deene Leit, déi d'Fleegeversécherung an Usproch huelen, un Demenz oder ähnleche Pathologien an deem Beräich.

Dës Krankheet, Dir Dammen an Dir Häre, ass eng chronesch Gehirerkrankung mat stänneg zouhuelender Zerstéierung vun Nervenzellen an Nervenzellekontakten. D'Symptomer sinn individuell ënnerschiddlech an et ka jiddferee betraff ginn. Dës Krankheet ass bis haut nach net heelbar. Si ass e Sammelbegréff vu charakteristesche Symptomer, wéi zum Beispill d'Aschränkung vum Kuerz- a Laangzäitgedächtnis, der Sprooch, der Bewegung, dem emotionale Kontakt, mä och d'Orientéierung vum Uert, der Zäit an der Persoun gëtt ëmmer méi schwiereg. Lues a lues verléiert déi betraffe Persoun, déi sech hirer momentaner Situatioun ëmmer manner bewosst gëtt, hir physesch a psychesch Fäegkeeten. Vun engem gewëssene Moment un ass dëse Mënsch deelweis oder ganz op Hëllef ugewisen.

Erlaabt mer, Dir Dammen an Dir Hären, eng kleng Parenthèse ze maachen. Eng Rei vu Mënschen hu sech dëser Problematik schonn 1987 ugeholl an hunn d'Alzheimer-Associatioun gegrënnt. Si hu sech zum Zil gesat, d'Liewensqualitéit an d'Existenzbedéngungen ze verbesseren an e speziaalt Hëllefs- a Fleegenetz opzebauen an der Famill mat Berodung an Ënnerstëtzung zur Säit ze stoen. Och haut ass d'Alzheimer-Associatioun méi wéi jee gefuerdert, déi sech weiderhi soll fir d'Bedierfnisser vun deene Betraffenen asetzen an deene Bedierfnisser och nach méi gerecht soll ginn. Mäin Dank ass grouss fir dat wat si bis ewell gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Medezin ass eendeiteg gefuerdert, mä awer och d'Politik. D'Politik, déi sech virun allem fir d'Rechter vun eisen eelere Matbierger asetze muss. Dat setzt natierlech viraus, dass ee sech mat de Problemer an de Besoine muss ausernee setzen an no konkrete Léisunge sicht. Or, bis haut feelt et hei am Land u spezialiséierten Opfangstrukture fir eeler dement Leit. Bis dato sinn déi Leit entweder doheem oder an deem Foyer de jour, dee vun der Alzheimer-Associatioun géréiert gëtt, oder a Centre intégréen oder an allgemenge Fleegeheimer versuergt ginn.

Wéi gewosst brauchen dës Mënschen awer e spezifeschen Encadrement. Spezialiste si sech eens: D'Zesummeliewe vu Leit mat ënnerschiddleche Problemer ka sech als problematesch erweisen, wann iwwer 25% vun de Pensionäre psycho-geriatresch Problemer hunn. Wann et och nach am Prinzip méiglech ass, esou eng Persoun am éischte Stadium doheem mat engem ambulante Fleegedéngscht ze versuergen, da gëtt dat awer vun engem gewëssene Moment u bal onméiglech. Eng Iwwerweisung an eng spezialiséiert Institutioun mat néidegem Equipement ass noutwendeg.

Ech erënneren, dass et awer an de skandinavesche Länner, mä och an der Schwäiz an an Holland scho säit laangem esou Strukture gëtt; also sinn se eis nees e Schratt viraus. Zil ass et, déi therapeutesch, psychologesch a sozial Prise en charge vun deene Betraffenen an der Famill op de Verlaf vun hirer Krankheet an no hire Besoinen ze individualiséieren. Dat kann awer nëmme gutt fonctionnéieren am Kader vu klengen Unitéiten, déi speziell op dës Populatioun aginn.

Dëser ganzer Problematik ass sech eis Familljeministesch bewosst an ass op de Wee gaangen, op Wonsch vun der Alzheimer-Associatioun, eng Konventioun ze ënnerschreiwen, déi et erlaabt e spezialiséiert Fleegeheem hei am Land ze bauen. Den 3. Mee 2004 ass dee virleiende Gesetzesprojet deponéiert ginn. De 25. Mee huet de Statsrot de Projet aviséiert an huet e puer Bemierkunge gemaach. Zum Beispill hu se sech mam Uert Ierpeldeng ausernee gesat, an eis Familljeministesch huet den 21. September, wou mir an der Familljekommissioun dëse Projet analyséiert hunn, kloer ausgeschwat, dass et sech ëm Ierpeldeng bei Ettelbréck géing handelen.

(Interruptions diverses)

An dëser Sitzung sinn ech als Rapportrice genannt ginn, an de 5. Mee ass dëse Projet unanime an der Kommissioun ugeholl ginn.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Et ass gutt, dass den Norden net verluer gaang ass.

(Interruptions diverses)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice.*- Dëst Baukonzept referéiert sech op positiv Erfahrenswäerter aus dem Ausland, beispillsweis der Schwäiz. Ervirzesträichen ass, dass hei an aacht klenge Liewensunitéite maximal zwielef Leit zesumme wunnen. Da sinn zwielef Better fir Fleegebedürfteger mat Kuerzzäitopenthalt virgesinn, wéi zum Beispill no engem Accident oder enger Operatioun, a weider zwielef Better fir eng Palliativstatioun. Zesumme kënnen an dësem Haus 120 Leit opgeholl ginn. D'Tatsaach, dass een ufänkt méi systematesch Palliativstatiounen och an Altersheemer ze schafen, ass e kloert Zeechen, dass sech am Beräich vun

der Palliativmedezin munches deet wat a mengen Ae jo vu gréisster Noutwendegkeet ass.

Da verfügt all Liewensunitéit iwwer eng kleng Kichen, eng Salle à manger an e Séjour. Et gëtt hei am Géigendeel zu de klassesche Centre-intégréë keng gemeinsam Kichen a kee gemeinsamen Iesssall. D'Iddi ass, dass do zesumme gelieft, gekacht a giess gëtt. D'Liewen an dësen Unitéite soll un eng méiglechst normal heemlech Wunngemeinschaft erënneren.

Ech wollt nach kuerz op den architektoneschen Aspekt vum Projet agoen, deen och vill Wäert drop geluecht huet, fir e grëndlech duerchduechtent Baukonzept zu Ierpeldeng ze schafen. D'Maison de soins läit um Site «Am Groif» op engem Terrain vun 1,6 ha. Do, wou d'Alzheimer-Associatioun Propriétaire ass, gëtt hei eng pavillonnaire Struktur opgeriicht. D'Gebailechkeet, déi den ekologeschen an den energetesche Kritäre Rechnung dréit, wäert sech beschtens am ländleche Raum integréieren. Dës Meenung deelt och de Statsrot.

Nieft deene verschiddene Liewens-, Revalidatiouns- a Palliativunitéite sinn an der Maison de soins ënner anerem souwuel Raim fir Kinésithérapie an Ergothérapie virgesinn. Eng Crèche, eng Supérette, e Coiffeur an e Café-Restaurant sinn an engem separate Gebai aménagéiert. Mat dësem Konzept ginn also d'Dieren och fir de Public opgemaach, wat ganz begréissenswäert ass.

De Bauhär ass also ganz kloer d'Associatioun Alzheimer. De Stat dréit 70% vun den Infrastrukturkäschten un der Maison des soins bäi, déi sech op 26,8 Milliounen - Bauindex vum 1. Abrëll 2004 - belafen, wat eng Participatioun vu ronn 18,8 Milliounen Euro ausmécht. De Sold gëtt vum Bauhär iwwerholl.

Et kann een nach ervirhiewen, dass de Regierungsrot déi staatlech Participatioun op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz décidéiert huet an dass de virleiende Bauprojet engem urgenten nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir eeler Leit entsprécht. D'Käschte gi vum Fonds spécial pour le financement des infrastructures sociofamiliales imputéiert.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dëse Projet de loi setzt e kloert Zeechen, dass mir déi Vergiesslech net vergiessen. Hei soll déi dement Persoun am Mëttelpunkt vun allen Décisioune stoen - iwwert dem Architektoneschen an der Betreiung. Hei soll e mënschewierdegt Liewe bis zum Dout garantéiert ginn.

Fir weider Detailer, Dir Dammen, Dir Hären, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport an un de Projet de loi selwer. Sou wéi an der Familljekommissioun Unanimitéit zu dësem Projet war, hoffen ech, dass d'Kolleegen hei am Haus och unanime dëse Projet wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Als éischte Riedner ass ageschriwwen, net den Här Calmes, wéi ugekënnegt, mä den Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert hei keng ganz laang Ried halen; ech mengen eis Rapportrice, där ech Merci soen, huet hei op eng detailléiert Aart a Weis éischtens an hirem schréftleche Rapport an zweetens an hirem mëndleche Rapport de ganze Plang detailléiert. Dowéinst wier et nëmmen eng Redite, wann ech nach eng Kéier déi ganz Zuelen an dat Ganzt géif hei widderhuelen.

Duerfir erlaabt mer ganz kuerz drop ze insistéieren, dass mer haut e Projet stëmmen, op dee laang gewaart ginn ass. Dëse Projet ass vun der viregter Regierung décidéiert ginn an haut mam Aval vum Parlament gëtt e Realitéit. Et ass deen éischte vun enger ganzer Serie vu familljepolitesche Projeten, a speziell vu Projeten, déi Infrastrukture fir eis eeler Matbierger subventionéieren, déi nach ze stëmme sinn, haut a muer.

Här President, d'Madame Rapportrice huet d'Partikularitéit vum Ierpeldenger Projet schonn ënnerstrach. Mir kréien hei eng spezialiséiert Struktur, déi engersäits en optimalen Traitement vun Alzheimer- an Demenzpatienten erlaabt an anerersäits och d'Personal an d'Matbewunner an den normale CIPAen e bësse kann entlaaschten. D'Alzheimerkrankheet an d'Altersdemenz sinn zëmools bei eisen eelere Matbierger iwwer 80 Joer heefeg. Et gëtt dowéinst zu Lëtzebuerg ganz vill Familljen déi mussen domadder eens ginn, dass ee vun hire Memberen, deen hiert ganzt Liewe fir si do war, lues a lues ufänkt ze vergiessen an et schlussendlech net méi méiglech ass mat him ze kommunizéieren.

Et ass dowéinst besonnesch och fir d'Familljе wichteg, dass mir dëst spezialiséiert Haus kréien. Et soll en oppent Haus sinn, en Haus dat de stännege Kontakt mat gesonde Leit fuerdert. An dëse stännege Kontakt dréit och sécher dozou bäi, d'Flam vun der Erënnerung bei deene Patienten esou laang wéi méiglech lieweg ze halen an och sou eng länger Selbstbestëmmung ze erméiglechen.

Här President, dëse Projet ass sécherlech och e Gewënn fir den Nordbezierk, well hei entsti jo net zulescht och nei Aarbechtsplazen an, firwat net - Madame Ministesch! -: Wier net och d'Opportunitéit hei, fir e Fuerschungsprojet iwwer Alzheimer an Altersdemenz ze bedreiwen, op där Plaz, wou ee jo dann och déi Leit huet? D'Spezialiste kënne sou eppes organiséieren; dat wier och sécher e Plus fir den Nordbezierk a virun allem fir d'Recherche an där Matière.

Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Association Luxembourg Alzheimer, déi jo de Maître d'ouvrage vun dëser Maison de soins ass, an där een och muss Merci soe fir de ganzen Engagement, dee si iwwert déi lescht Jore bewisen huet, dëst wäert weiderdreiwen. Déi Erfahrung mat Alzheimerpatienten, déi se zanter 1987 sammelt an alldeeglech an hire sechs Foyers de jour mécht, wäert wesentlech dozou bäidroen, dass dat neit Fleegeheem zu Ierpeldeng schnell an efficace wäert fonctionnéieren.

Merci muss een awer och all deenen anere Leit soen, déi sech an de Centres intégrés an an de Fleegeheemer dorëms beméien, dass déi eeler Leit, also déi eeler Matbierger, déi do ënnerbruecht sinn, hire Liewensowend an aller Dignitéit kënne verbréngen.

Et ass virdru gesot ginn: D'Situatioun huet sech geännert. Wann Der kuckt - dat steet am nächste Rapport vun der Madame Arendt -, an der Zäit, viru 50 Joer, hunn net déi zwou Persoune geschafft; et wore méi Méiglechkeeten do op jidde Fall fir kënnen op d'Elteren oder d'Grousselteren doheem opzepassen. Haut schaffe ganz vill Leit a malheureusement fënnt een ëmmer manner Familljen, wou ee bereet ass, sech och ëm déi eeler Leit ze bekëmmeren. Dofir ass et eng Obligatioun vum Stat och déi Responsabilitéit ze iwwerhuelen, obwuel ech et awer nach ëmmer wichteg fannen, dass een d'Leit net soll total déresponsabiliséieren an d'Leit et awer och musse wëssen an hir Verantwortung droen.

Op jidde Fall gëtt et eis Ënnerstëtzung fir déi eeler Leit; et ass se ginn, an et wäert se och an Zukunft ginn; dofir bréngen ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Si hu mer Ären Numm zweemol hei falsch uginn. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- Här President, Madame Minister, Madame Rapportrice, Kolleeginnen a Kolleegen, ech géing dann éischtens mol der Madame Rapportrice Merci soe fir déi flott ausféierlech Explikatiounen zu dësem Projet de loi. Ech mengen, si huet kompetent duergeluecht, wat dëse Projet de loi bëinhalt.

Statistike weisen et wéi gesot, dass 80% vun de Leit iwwer 80 Joer mat enger dementer Krankheet befale sinn. 5.000 Leit sinn et an eisem Land a bis 2040 wäerte sech dës Ziffere verduebelen. De Moment gi ganz vill vun dësen Alzheimerkranken, déi befale si mat dëser Krankheet, wéi gesot ënnerbruecht doheem entweder, oder an deene sou genannte Foyer-de-jouren, déi de Moment géréiert, finanzéiert a geleet gi vun der Association Lëtzebuerg Alzheimer. Et ass och de Moment, mengen ech, dofir grad dëser Associatioun e grousse Merci auszedrécke fir déi Aarbecht, déi si um Terrain iwwer all déi Jore gemaach huet, an ech mengen och dëse Projet ass fir si eng Belounung fir déi Aarbecht, déi se an deene leschte Jore geleescht huet.

De Moment hu mer, wat d'Foyer-de-jourë betrëfft, sechs esou Strukturen, déi an eisem Land bestinn. Dës Strukture befanne sech wéi gewosst zu Bierchem, zu Bouneweg, zu Dol, zu Dummeldeng, zu Esch an zu Rëmeleng. Dëst ass déi éischt fest spezialiséiert Struktur, déi mer erëmfannen, wou och erëm eng Kéier d'Association Alzheimer mat 30% un de Käschte wäert bedeelegt sinn. Dës nei Struktur mat 120 Better, dovun - virun allem begréissenswäert - sechs individuell Zëmmeren, wou d'Familljen de Kranken och op deem leschte Liewensofschnëtt ka begleeden, ass ee positive Projet an dës Direktioun.

Nodeem een sech dann endlech eens war, wou dann Ierpeldeng läit, muss ech soen - am Norde mat der Dezentralisatioun ass et net nëmmen Ierpeldeng bei Ettelbréck, et ass och nach Ierpeldeng bei Wolz, dat hätt kënnen an d'Spill kommen -, et ass dat richtegt Ierpeldeng erausgesicht ginn am Häerz vun der Nordstad. De Site ass flott erausgesicht. Et läit an engem flotte Gebitt, engem flotten Erholungsgebitt, wou mer direkt hannendrun och en Erholungspark hunn. Ech mengen, och d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng Ierpeldeng gëtt eis neie Mutt fir vläicht an anere Richtungen, wat d'Schoulinfrastrukture betrëfft, nei Weeër ze goen, an och hei mengen ech ass zënter laangem de Site un de Schoulinfrastrukture vum Lycée vun Ettelbréck an der Diskussioun. An ech mengen, och dat hei gëtt eis jo d'Méiglechkeet ze weisen, datt d'Gemeng Ierpeldeng e Partner ass, mat deem ee kann zesummeschaffen.

Dëse Projet wäert doniewent och der Associatioun Alzheimer Lëtzebuerg neien Opdriff ginn. Ech mengen, et ass eng Unerkennung fir déi laang Aarbecht, déi si geleescht huet an ech ka vun eiser Plaz aus soen, dass dës 18,8 Milliounen, déi de Stat investéiert an dëse Projet, eis Fraktioun voll zefridde stellen an dass eis Fraktioun och wäert dëse Projet vollstens ënnerstëtzen an och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schneider, fir Är Interventioun. Ech ginn dann dem Här Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun félicitéieren ech och der Rapportrice fir hire gudde Rapport, a well schonn esou vill Leit hei op dëser Plaz iwwert déi positiv Aspekter vun deem Projet de loi geschwat hunn, wëll ech dat net alles widderhuele wat hei gesot ginn ass.

Ech wëll mech kuerz drop beschränke fir eben ze soen, datt och déi gréng Fraktioun dee Projet de loi gutt fënnt an datt mir d'Iddi, fir zu Ierpeldeng bei Ettelbréck eng Maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques ze bauen, gutt fannen an och ënnerstëtzen duerch eise Vote.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Gast Gibéryen ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus fir d'éischt e Merci un d'Rapportrice, d'Madame Marie-Josée Frank, déi esouwuel an hirem schréftleche wéi och de Mëtteg an hirem mëndleche Rapport déi ganz Problematik, wat dement Persounen ubelaangt, ganz gutt virgedroen huet, esou dass een net méi brauch dorop anzegoen.

Ech wëll vun eiser Säit aus soen, datt mir wëllen déi Aarbecht unerkennen, déi d'Associatioun vun der Alzheimerkrankheet hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore gemaach huet. Si huet eng Pionéieraarbecht zu Lëtzebuerg geleescht an et ass wéi esou dacks, dass am Fong privat Associatioune Virreiderroll spillen a Besoinen, déi sech an eiser Gesellschaft stellen, an d'Politik dann, esou wéi dat och normal ass, op déi Besoinë reagéiert.

Hei ass ee vun deene Projeten, wou d'Familljeministesch mat der Associatioun eng Konventioun ënnerschriwwen huet, déi Konditiounen an de Finanzement festhält. Hei ginn et Infrastrukturen, déi spezialiséiert sinn op déi Leit a klengen Unitéiten, wat ganz positiv ass, mat engem spezifeschen Encadrement. Et ass vun der Madame Rapportrice gesot ginn, datt verschidde Länner aus der Unioun schonn esou Infrastrukturen hunn an et ass dofir och gutt, datt Lëtzebuerg doranner nozitt.

De Stat participéiert hei mat 70%. Dat ass e Chiffer vun 18,8 Milliounen Euro an déi aner 30% ginn, wéi scho gesot, vun der Associatioun Alzheimer iwwerholl.

Wat positiv ass, dat ass datt mer och schonn an der leschter Legislaturperiod vill esou ähnlech Projete gestëmmt hunn, datt mer et fäerdeg brénge quiesch duerch d'Land Terrainen ze fannen, datt och déi Infrastrukturen dezentral duerch d'Land kënnen erriicht ginn.

Och ass flott, datt hei versicht ginn ass eng Kombinatioun ze maache mat deene Leit, déi an deem Haus do liewen, a mat de Leit dobaussen, doduerch datt mer Infrastrukture schafe wou eng Cafeteria dran ass, wou e Coiffeurssalon dran ass, wou déi Leit kënnen och vu baussen erakommen a wou dann eben och e gewëssend gesellschaftlecht Liewen an deenen Haiser kann entstoen.

Flott fanne mer et och, datt d'Gemeng Ierpeldeng profitéiert, fir dann aus hirer Initiativ eng Crèche dobäi ze bauen, wou dann eng Kombinatioun ka geschéie mat deem Personal, dat do schafft, dat da seng Kanner kann an déi Crèche ginn, respektiv Leit aus der Gemeng an der Ëmgéigend.

Et ass also eng wichteg Investitioun, déi de Lëtzebuerger Stat am Interesse vun deene Leit mécht an ech mengen et sollt een och bei dëser Geleeënheet ernimmen, déi nobel, awer schwéier Aarbecht, déi déi Leit an deem Beruffszweig do hunn. Mir wëssen, datt et net liicht ass fir ëmmer Leit ze fannen, déi e Liewe laang mat demente Leit zesummeschaffen, an dofir kann een nëmmen deene Leit eise Luef an eise Merci ausschwätzen. Wéi gesot, et ass e gudden, e wichtege Projet an en huet och dofir d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo d'Madame Familljeministesch fir zum Projet Stellung ze huelen, grad wéi zum Projet de loi 5320.

D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou datt mer haut zwee wichteg Projeten hei um Ordre du jour hunn. Dat een ass deen iwwert d'Maison de soins fir alzheimerkrank Leit zu Ierpeldeng. Ech denken, datt awer elo dee leschten am Lëtzebuerger Land weess, wéi een Ierpeldeng domat gemengt ass, an dann deen zweeten, wat eben de Centre intégré an d'Fleegeheim vun der Rumm ass.

Ech géing fir d'éischt wëllen der Madame Presidentin, déi och Rapportrice vun dem Projet vun Ierpeldeng wor, e grousse Merci soe fir hir Aarbecht an der Kommissioun an och hei als Rapportrice, an och der Madame Nancy Arendt fir deen zweete Rapport iwwert d'Rumm.

Ech muss soen, esou wéi an der leschter Koalitioun, ass och an där heiter an der Familljekommissioun eng ganz frëndschaftlech an eng ganz gutt Zesummenaarbecht, wou et Freed mécht fir dran ze schaffen a wou alles gemaach gëtt fir datt déi Projeten, déi mer do hunn, séier op den Ordre du jour kommen, an dofir sinn ech och ganz dankbar.

Ech sinn och frou, Här President, datt ech zu deenen zwee Projeten, obschonns ech muss soen, datt wann et an där heiter Rapiditéit virugeet, ech nach mat Liichtegkeet fir véier Auer um Kierchbierg sinn, och wann ech gewaart hätt bis zum Enn vun deem zweete Projet, trotzdeem elo kann hei Stellung huelen.

Op där enger Säit kann ech soen, datt wann ech op Froen, déi nach iwwreg bleiwen, elo net kann äntwerten, ech dat gäre muer maache bei dem Projet vu Klierf.

Generell stelle mer fest, datt eis Bevölkerung ëmmer méi al gëtt a mir si frou doriwwer. Mir si virun allem och frou driwwer, datt d'Leit méi laang gesond bleiwen. Op där anerer Säit stellt sech ëmmer erëm d'Fro vun der Generatiounesolidaritéit. Ech denken, datt dat eng ass, déi an deenen nächste Joren ëmmer méi Wichtegkeet kritt. Besonnesch wann d'Leit wierklech al ginn an net méi doheem sinn, ass et dacks schwiereg, datt hir Urenkelen nach bei se an d'Altersheimer op Besuch ginn an domadder eigentlech net méi richteg wëssen, fir wien datt se dann elo sollen an Zukunft nach eppes bezuelen. Dofir ass et ëmsou méi luewenswäert, datt bei der Maison de soins zu Ierpeldeng eng Crèche gebaut gëtt, déi net, esou wéi et am Rapport drasteet, vun der Gemeng Ierpeldeng, mä awer vun der ALA selwer - Här Gibéryen, Dir hat dat hei ervirgestrach - gebaut gëtt.

(Interruption)

Esou steet et am Rapport, an dofir wëll ech awer hei preziséieren, datt et d'ALA selwer ass, déi dofir zoustänneg ass, an dofir d'Wichtegkeet ëmsou méi grouss ass, well eben dann och déi eeler Leit an och déi fleegebedürfteg Leit nach Kanner gesinn an och mat deene kënnen, esou wäit wéi dat méiglech ass, a Kontakt kommen.

En anere wichtege Punkt fir d'Zukunft ass ouni Zweifel, an net nëm-

men hei zu Lëtzebuerg, mä an de Länner alleguer, déi demographesch Entwécklung, an ech denken datt mer eis doriwwer net genuch Gedanke kënne maachen, well wa mer gesinn datt mer elo mat 1,5 Kanner pro Fra zu Lëtzebuerg sinn, da leie mer an der Moyenne vun Europa vun der demographescher Entwécklung. Mir bräichten awer 2,3 Kanner pro Fra, fir nëmmen eis selwer ze regeneréieren. Dat heescht, fir nëmme selwer eis ze ersetzen, esou datt mer gesinn, datt dat och an deenen nächste Joren eng vun deene grousse Schwieregkeeten an Erausfuerderunge gëtt, déi op d'Politik duerkommen, woubäi awer gewosst ass, datt déi net alles dofir ka maachen an net alles doranner kann änneren.

Mir stellen awer och op där anerer Säit fest, besonnesch opgrond vun der Fleegeversécherung, datt déi eeler Leit ëmmer méi laang doheem bleiwen, an dat, wéi gesot, doduerch datt d'Fleegeversécherung verstäerkt bezuelt duerch déi Servicer, déi dann ebe bei d'Leit heem kommen an dat méiglech mécht. Heiansdo wonneren ech mech, datt d'Leit soen, Dir hätt jo gäre wann d'Leit esou laang wéi méiglech géifen doheem bleiwen. Ech hunn eigentlech ëmmer gemengt, d'Leit hätte gären datt se esou laang wéi méiglech kënnten doheem bleiwen. Et wier net ech wat dat géing wëllen, mä et wiere méi déi Betraffen, mä d'Famillje gesinn dat vläicht heiansdo e bësselchen anescht. Mä ech mengen trotzdeem, datt dat awer fir deen Eenzelne vu grousser Wichtegkeet ass.

Et ass och ewell de Mëtteg hei gesot ginn a mir hunn och Changementer an eise Familljestrukturen, wat mat sech bréngt, datt méi Fraen um Aarbechtsmaart sinn, datt d'Famillje méi kleng sinn an och net méi ëmmer an deeneselwechten Uertschafte wunne wou d'Eltere wunnen. An dann däerf een awer eppes net vergiessen dobäi. Dat ass, datt d'Leit ganz dacks iwwerfuerdert si mat der Fleeg, déi déi eeler Leit brauchen. Et ass also net well se net wëllen. Et ass net well se ze liddereg sinn oder well se ze egoistesch sinn, mä ganz dacks si vill Leit derbäi, déi dat iwwerhaapt net méi packen. Wann ee bedenkt, datt Leit, déi an esou Haiser ginn, iwwer 80 Joer al sinn, da sinn hir Kanner ganz dacks 60 Joer al, deemno wéi al datt se sinn nach méi al, an da muss ee sech net wonneren, datt si net méi amstand si fir dat alles selwer kënnen ze maachen.

Wéi gesot, iwwer 80 Joer sinn d'Leit al wa se haut doranner kommen a si bleiwen am Duerchschnëtt ongefeier sechs Joer doran. Déi meescht Leit, déi dohinner kommen, si fleegebedürfteg wa se opgeholl ginn oder awer si kommen dohinner, well hire Partner oder hir Partnerin fleegebedürfteg ass oder well déi Persoun net méi eleng wëllt a kann an hirem eegenen Haus oder an hirem Appartement bleiwen.

An der Zäit goufe grouss Diskussioune gefouert ob et gutt wier wann een déi dement an déi net dement Leit géing beienee loossen oder ob ee besser hätt se ze trennen.

Déi Zuel iwwert Demenz an eiser Bevölkerung ass, mengen ech, och net iwwerall d'selwecht. Ech hunn Zuelen, déi soen datt 25% vun der Populatioun dement wier, 30% vun deene Leit iwwer 80 Joer a 50% vun deenen, déi iwwer 90 Joer al wieren. Perséinlech war ech laang der Meenung, datt een eigentlech éischter soll déi Leit gemëscht loossen, well een och esou am Eenzelne gesinn huet, datt wann an deenen Haiser wou d'Leit waren op eemol een dement ginn ass, datt dann awer déi, déi ronderëm waren, sech ëm se gekëmmert hunn, datt se do e Kontakt mateneen haten an datt dat deenen Demente meeschtens gehollef huet fir nach e bësselche méi hir Autonomie kënnen ze behalen.

Ech hu mech awer iwwerzeege gelooss, datt dat awer och fir aner Leit ganz schwiereg ass, an ech verstinn och, datt wann een 365 Deeg am Joer mat demente Leit zesummen ass, déi net méi wësse wat se maachen, datt dat eng schwéier Belaaschtung ka si fir anerer, déi bei hinnen an hirer Infrastruktur do dra sinn, an dofir hunn ech mech, wéi gesot, och bereet erklärt - esou gutt an deem heiten Haus selwer wéi awer och an aneren Haiser, wéi zum Beispill op der Rumm - fir dat separat ze maachen.

D'Madame Frank ass am Detail op d'Haus vun Ierpeldeng agaangen, dofir brauch ech dat net méi ze maachen. Ech wëll just nach eng Kéier soen, datt dat hei 120 Better sinn, déi geschafe ginn, wou de Stat 70% dovunner iwwerhëlt. Dir wësst, an deene leschte Joren hu mer ganz dacks och 80% bezuelt, mä opgrond vun de Keesen, déi beim Stat net méi esou déck do waren, hu mer elo nach 70% bezuelt. An et kommen an deenen nächste Wochen a Méint nach aner Projete wou et och 70% ginn, wat ëmmerhin awer bei engem Projet, dee ronn 27 Milliounen Euro kascht - wat 1,1 Milliard sinn, ech soen dat léiwer an deenen ale Frangen, well ee sech dat nach besser ka virstellen - a wouvunner de Stat da 770 Millioune Lëtzebuerger Frangen iwwerhëlt, dat fir eis en uerdentleche Chiffer ass, mä awer do och nach ëmmerhin 330 Millioune fir d'ALA bleiwen.

Ech géing mech och wëllen deene Mercië fir d'Gemeng Ierpeldeng uschléissen, fir hiert Entgéintkomme mam Terrain an och hiert Engagement, fir en Haus fir dement Leit opzehuelen. Och dat ass net onbedéngt iwwerall selbstverständlech an dofir wëll ech och dem Här Erny Rassel a senge Schäffen an der Gemeng mäi Respekt a meng Unerkennung dofir ausschwätzen.

Selbstverständlech och e grousse Merci der Alzheimer-Associatioun an hirem dynamesche President, dem Här Paul Diederich, net nëmme fir déi 30%, déi se do erbäibrénge mat deenen 337 Milliounen déi et ausmécht, mä awer och nach d'Crèche, déi do derbäi kënnt, déi och vun hinnen aus bezuelt gëtt; eng Fro, déi de Statsrot opgeworf huet an déi, denken ech, dann och elo heimadder beäntwert ass.

Ech wëll da soen, datt dat Haus selbstverständlech vu Konzeptioun deene Leit mat psycho-gériatresche Problemer ugepasst ass an dofir zu engem Deel aneschters ausgesäit wéi déi üblech Centres intégrés. D'Madame Frank huet well drop higewisen, datt et kee gemeintschaftleche Restaurant an och keng gemeintschaftlech Kichen doranner gëtt, mä datt 96 Better do si fir aacht Liewensgruppe mat jee zwielef Pensionären dran, an an dëse Gruppe fënnt dann och d'Gemeinschaftsliewen, wéi dann zum Beispill och d'Iesse statt. D'Zëmmere sinn och méi kleng wéi an anere Centres intégrés, mä dofir ass awer méi Plaz op de Gäng an an de Gemeinschaftsraim, wou déi Leit sech dann och méi ophalen.

Zwielef Zëmmere si virgesi fir d'Revalidatioun, wou et net drëm geet fir Rehabilitatioun ze maachen, mä wou besonnesch Leit dra solle kommen, déi entweder e Schlag kritt hunn oder déi no engem Kliniksopenthalt, enger Operatioun oder engem Accident fir eng Zäitchen dohinner kommen an do erëm fit gemaach ginn, fir kënne bei sech doheem ze liewen.

Zwielef Better si fir Palliativmedezin, an ech denken datt et och wichteg ass nach eng Kéier do ervirzehiewen, datt et eng eege Statioun gëtt vu sechs Better, dat heescht net en Dortoire, mä awer e Raum wou sechs Better beienee sinn, wou dann eben och Leit si fir Palliativmedezin, déi och Palliativmedezin gemaach kréien, an op där anerer Säit awer och sechs eenzel Zëmmeren, wou d'Famillje kënnen derbäi komme wann do eng Persoun am Stierwen ass, fir déi dann och kënnen ze begleeden.

Op deen architektoneschen an deen technesche Plang ginn ech wierklech net an, dat huet d'Madame Frank bestens gemaach. Dat wou ech denken, datt et wichteg ass a wat eis wahrscheinlech an der Kommissioun méi laang wäert beschäftegen, an net nëmmen an eiser Kommissioun, mä sécher och an där vun der Justiz, dat ass datt mer eis virgeholl hunn, d'Rechter vun de Leit mat enger Demenz an och d'Tutellen nei ze organiséieren an eis och der Zäit unzepassen. Wann ee gesäit datt et ëmmer méi eeler Leit ginn, déi och eleng sinn an déi dann op eemol dement sinn: Wien ass dann zoustänneg dofir, datt se an engem Haus opgeholl ginn? Wie këmmert sech dorëmmer? Net nëmme just ëm hir Suen an ëm d'Ierfschaft, mä och ëm dat, wat si selwer interesséiert? Vun dohier, wéi gesot, gëtt dat eng ganz schwiereg Aufgab, an op där anerer Säit eng komplizéiert, mä dofir awer och sécher ëmsou wichteg.

Deen zweete Projet wou ech e bëssselche wëll eppes driwwer soen a wou der Madame Nancy Arendt hire schréftlechen, exzellente Rapport well virläit, an dee mëndleche bestëmmt grad esou gutt wäert ginn, do wëll ech net op alles virgräifen. Déi generell Aussoen ziele selbstverständlech och fir d'Rumm wéi fir d'Haus vun den Alzheimerkranke wéi och de Projet muer zu Klierf.

D'Rumm war fréier e staatlecht Alters- a Kannerheem. Dat gëtt elo vu Servior als Établissement public géréiert an et ass hautdësdags exklusiv Altersheim, dat heescht et si keng Kanner méi do a mir hunn eben och virun enger Zäitchen hei an der Chamber déi Séparatioun vun de Kannerheemer gestëmmt.

D'Rumm läit op enge vun deene schéinste Plaze vun der Stad an ass dofir awer och eng vun deene komplizéierste Plazen, wann een et aus dem historesche Site gesäit, deem muss Rechnung gedroe ginn; a wann ee weess datt d'Rumm zu dem Site vun dem Patrimoine mondial de la Culture vun der Unesco gehéiert an dofir all Changement, deen do muss gemaach ginn oder gemaach gëtt, fir d'éischt och nach muss der Unesco virleien.

Ënnerierdesch Verbindunge si virgesi fir déi verschidden Haiser mateneen ze verbannen an ee grousse Problem kréie mer leider an deem heite Projet net geléist, dat ass dee vun dem souterrainë Parking, wou et awer wichteg wier, datt mer en och kënnten iergend eng Kéier maachen. Ech denken e wier wichteg fir d'Rumm, e wier wichteg fir d'Stad Lëtzebuerg an e wier och wichteg fir de Centre Neumünster, well mer och do Schwieregkeeten hu fir Parkplazen ze fannen, mä mir wëssen awer och - a besonnesch déi Stater wëssen dat ganz gutt -, datt dat dann och deier gëtt, well dat alles an de Fiels geet an et domadder wéi gesot niewent dem Präis och komplizéiert ass fir et ze realiséieren.

Ech soen dës Elementer an Argumenter fir och ze erklären, firwat dëse Projet awer och relativ deier gëtt. Derbäi ass well aus Käschtegrënn op eng ganz Rei vun Elementer verzicht ginn, déi ee sech an deem heite Projet nach duerchaus hätt kënne virstellen. Am Gesetzesprojet ass e Präis vu 50.398.000 Euro an e puer Zerquetschtener virgesinn, wat awer ëmmerhin 2,3 Milliarden där aller Lëtzebuerger Frangen ausmaachen. Ech mengen dat ass e stolze Präis, dee mer eis fir eis eeler Matbierger op där doter Plaz kaschte loossen.

Am Ganzen entstinn do 142 Better, déi op verschidde Servicer opgedeelt sinn, vun deene mer dann och elo grad gesinn hunn, datt et eng Séparatioun gëtt zwëschent deenen engen an deenen aneren.

104 Better hu mer - do sinn déi 34 derbäi gezielt, déi elo well an aneren Haiser op der Rumm renovéiert gi sinn -, 20 Better si virgesi fir Palliativmedezin, an ech denken dat ass och wichteg opgrond vun deem Gesetzesprojet, deen elo an där leschter Legislaturperiod déposéiert ginn ass a wou et besonnesch ëm d'Palliativmedezin geet, déi net nëmmen an de Spideeler an an de Soins à domicile soll ugebuede ginn, mä och an deenen doten Haiser, well déi eeler Leit grad esougutt e Recht op Palliativmedezin hu wéi déi aner dat hunn.

Da sinn 32 Better virgesi fir déi, hei an deem Text heescht dat sociogérontologique, an deem anere psycho-gériatrique, mä et sinn ëmmer déiselwecht Leit, dat heescht déi dement Leit, déi domadder gemengt sinn. Da gëtt et 20 Logements encadrés, wou da bis 24 Leit kënnen dra sinn; dat hänkt dovunner of ob eng Persoun doranner ass oder ob zwee Leit doranner wunnen.

Schliesslech hu mer am Projet selwer geschriwwen, datt et e Maximum vun 142 Better géife ginn. Mir wëssen de Moment awer nach net, opgrond och vun där schwiereger Bausituatioun, déi dat ass, an deem wéi dat do ausgesäit, ob dat der elo genau 142 ginn oder ob et eent méi oder eent manner gëtt. Op jidde Fall kann et net iwwert déi Suen erausgoe wou de Stat sech derbäi bedeelegt, wat ech elo grad genannt hunn; alles wat doriwwer erausgeet, dat ass dann den Établissement public selwer deen dat muss bezuelen.

Wichteg ass fir mech an deenen zwee Projeten och, datt et eng Ouverture no baussen ass. Mir hunn dat eng Kéier héieren iwwer Coiffeurssalonen, déi doranner virgesi sinn, iwwer Geschäfter, déi doranner funktionéieren, oder awer och op de Mëttesdëscher, wou jiddferee vun eis oder och vun de Famillje kann dohinner iesse goen, fir datt déi Leit, déi do liewen, awer och nach e bësselchen eppes matkréie vun deem, wat dobausse geschitt, an awer och Leit, déi an Dagesgruppe kënnen dohinner kommen.

Dir gesitt also, datt mer eis beméien, an d'Zoustëmmung hei vun der Chamber beweist mer dat och, datt mer domadder wierklech och probéiere jiddfer eeler Mënsch dat ze offréieren, wat sengen Usprécher gerecht gëtt, an dat och nach probéieren ze maachen op där Plaz an an där Géigend, wou en hierkënnt.

Den Här Bettel hat d'Iddi fir Forschung vun der Alzheimerkrankheet do ze maachen. Ech denken, datt dat eppes ass wat ouni Zweifel interessant wier. Leider gehéiert dat net zu menge Kompetenzen, mä ech kënnt mer awer virstellen datt et Leit gëtt, déi sech dofir interesséieren, an datt een och soll vun deene Kompetenzen, déi do sinn, profitéieren, well déi Krankheet ass wierklech eng ganz schwiereg an eng ganz schlëmm fir deen, dee betraff ass, an och fir d'Familljen. Duerfir soll ee vun deem Wësse profitéieren.

Dann huet den Här Angel mech gefrot - ouni datt mer dee Projet bis elo behandelt hunn, mä vu datt ech herno da vläicht net méi hei sinn, wëll ech dat awer nach maachen -, wéi et mam Matsproocherecht vun de Leit an deenen Institutiounen ass.

An do ass virgesinn, datt en Heimrot besteet, wou also och Pensionäre mat dra vertruede sinn. Allerdéngs muss ee soen, datt et heiansdo schwiereg ass fir Leit ze fanne vun de Pensionäre selwer, déi sech dofir interesséieren an déi sech dofir dann och do engagéieren. Mä déi, déi et maachen, déi maachen et mat ganz grousser Begeeschterung an och zur Zefriddenheet vun hiren anere Matbewunner.

Domadder géing ech wëllen ofschléissen an Iech Merci soe fir Är grouss Bereetschaft fir, denken ech, déi zwee Projeten haut ze stëmmen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5336. Den Text steet am Document parlementaire 5336[2] op der Säit 4.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si stëmme mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5336 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Här Grethen!

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, ech mengen ech hat nach keng Nohëllefstonn kritt fir ze wëssen, wéi deen Apparat hei funktionéiert. Sollt ee vun de Kolleege vu menger Fraktioun net par procuration gestëmmt hunn, dann huele mer dat no.

M. le Président.- Mir huelen Akt dovunner a mir wäerten dat verifizéieren.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dir musst, Här President, deenen neie Kolleegen erkläre wéi d'Procuratioun geet, dass ee muss fest drop drécken, soss kënnt se net.

Une voix.- Dat ganzt Gewiicht drop.

Une autre voix.- Awer net ze fest.

M. Henri Grethen *(DP).*- Wann ech elo meng iwwer 130 Kilo hei op den Écran geheien, ne!

(Hilarité)

M. le Président.- Mat der Zäit léiert een et och ouni grouss Explikatiounen.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, zur Diskussioun vum Projet de loi 5320 iwwert de Bau vum Altersheim op der Rumm. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Angel, Adam an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, dat heescht d'Rapportrice, déi honorabel Madame Nancy Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

2. 5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Nancy Arendt *(CSV), rapportrice.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet, bei deem et sech ëm d'Transformatioun an d'Extensioun vum Centre intégré vun der Rumm handelt, befënnt sech op engem Site, wou d'Spure sech bis an déi galloréimesch Zäit zréckverfolge loossen. Schonn deemools hu vill Leit zu deene verschiddensten Zäiten an der Geschicht vun dëser héich geleeëner Plaz profitéiert an déi berühmt Mauer Wenceslas, déi um Enn vum 14. Jorhonnert um Site vun der Rumm säin Ursprong hat, ass vum Vauban um Enn vum 17. Jorhonnert als Schutz gebraucht ginn. Doropshin sinn d'Maueren duerch de sou genannte Vabaunsravelin nach verstäerkt ginn.

De Site an déi verschidde Gemaier hunn esou e bedeitende geschichtleche Wäert, datt se bei dëser Transformatioun net sollen an och net däerfe vergiess ginn. An dësem Projet gëtt versicht, déi verschidden historesch Elementer ze erhalen, well de Projet gesäit effektiv vir, fir d'Direktioun vu Servior zum Beispill, déi sech ëm d'Maintenance vun de Gebaier wäert bekëmmeren, am Ravelin ënnerzebréngen. Dat erkläert och, wéi d'Ministesch et virdru schonn ugedeit huet, firwat d'Realisatiounskäschte relativ héich leien an ech wäert spéider nach eng Kéier hei op dëse spezifesche Punkt zréckkommen.

D'Propositioun vum provisoresche Plang vum Ensembel vun der Konstruktioun ass vun der Unesco approuvéiert ginn a Lëtzebuerger Autoritéite wéi zum Beispill de Familljeministère kontrolléiere regelméisseg esouwuel d'Conceptioun wéi och de Fortgang vun den Aarbechten um Chantier. Iwwert den historesche Wäert eraus erfëllt d'Rumm säit dem Enn vum 19. Jorhonnert eng sozial Roll. Weesekanner, Invaliden oder krank Leit sinn op der Rumm, fir méi genau ze sinn am Hospice civil opgeholl ginn. Ufanks vun den 80er Jore sinn d'Kanner vun den Erwuessene getrennt ginn a vun deem Dag un huet de Centre du Rham als Altersheim fonctionnéiert. Säit dem 1. Januar 1999 ass d'Rumm vum Établissement public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées» ugeholl ginn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, de virleiende Gesetzesprojet, deen de Stat autoriséiert den Opbau an d'Transformatioun vum Altersheim vun der Rumm matzefinanzéieren, ass e weidere Projet, dee sech am Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert a weist, datt d'Liewensqualitéit vun eisen eelere Matbierger weiderhin eng wichteg Prioritéit vun eiser Regierung war an och bleift.

De virleiende Gesetzesprojet weist och, datt eis Regierung sech den Erausfuerderunge vun der Zäit stellt. Déi demographesch Entwécklung huet eis Zäit gepréägt a wäert och d'Politik a ville Beräicher weiderhi beaflossen. D'Liewenserwaardung vun de Leit ass glécklecherweis duerch de medezineschen an hygienesche Fortschrëtt staark an d'Luucht gaangen. D'Zuel vun deenen iwwer 65-Jähregen hëlt bis elo op alle Fall emol stänneg zou an dës Tendenz wäert sech am Laf vun de Joren hoffentlech och fortsetzen. Et ass virun allem d'Kategorie vun deenen iwwer 80-Jähregen, déi déi héchste Steigerung wäert verzeechnen. An d'Schätzunge ginn dovunner aus, datt no 50 Joer dës Kategorie e Fënneftel vun den eelere Leit ausmaachen.

Wann hautdësdags 70% vun deenen iwwer 80-Jähregen autonom liewe kënnen, da bleiwen awer nach 30%, déi op eng Hëllef ugewise sinn. Wann dës Leit am Prinzip op hir Familljen ziele kënnen, kënnt et awer dach ëmmer méi dacks vir, datt se op en Altersheim oder e Centre mussen zréckgräifen, fir adequat ënnerbruecht ze ginn. D'Grënn si ganz verschidden. Vill eeler Leit ginn hautdësdags vu Familljemembere betreit, déi selwer al sinn a fir déi et iergendwann ze schwéier gëtt fir sech komplett eleng ëm eng eeler Persoun alldeeglech ze këmmeren. Déi familiär Strukturen hu sech och geännert. Et gëtt ëmmer méi Famillje wou déi zwee Partner schaffen an et ass dann och net einfach de Beruff an déi familiär Verflichtungen ënner een Hutt ze bréngen.

Och d'Servicer wéi «Hëllef doheem» kënnen eng Ënnerstëtzung sinn. Mä och dës Servicer stoussen eng Kéier op d'Limiten. Et ass virun allem net einfach, esouguer wann een d'Méiglechkeet hätt, fir Leit, déi op Hëllef ugewise sinn, wéi zum Beispill eeler dement Leit, adequat doheem ze versuergen. Dës Leit musse 24 Stonnen op 24 Stonne professionell encadréiert ginn. Et ass also net weider verwonnerlech, datt d'Nofro vun esou Opfaangstrukture fir eeler Leit an deenen nächste Joren nach weider wäert zouhuelen.

Zur Informatioun, den Établissement public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées», deen eng Dosë vu CIPAen a véier Maisons de soins géréiert, huet Méi fir der grousser Nofro vun Opfangstrukture fir eeler Leit kënne gerecht ze ginn. 3.000 Demandë louchen den 1. Januar vun dësem Joer vir, dovunner 1.300, déi drëngend, an 300, déi immens drëngend waren. De virleiende Projet entsprécht enger moderner Politik vum drëtten Alter, déi versicht op déi spezifesch Besoinë vun de verschiddene Kategorië vu Pensionären anzegoen.

De Centre ass souwuel fir valid wéi och fir manner valid Leit bestëmmt an den Ëmbau an d'Transformatioun vun de Gebailechkeeten entsprécht de modernsten Normen an dësem Domän. Wa fréier dee klineschen Aspekt bäi Wäitem dee wichtegste war, esou gëtt awer haut ëmmer méi Wäert op d'Form an d'Qualitéit vum Logement a vum Encadrement geluecht. D'Leit sollen esou wäit wéi méiglech en autonoomt Liewen am Centre intégré féiere kënnen.

Ee vun deene wichtegste Punkte bei dësem Projet ass deen, datt d'Leit, déi op d'Rumm kommen, d'Méiglechkeet kréien an dëser Struktur ze bleiwen, och wa sech hire gesondheetlechen Zoustand géif änneren. Esou vermeit een oft en onangenehmen Transfert an eng aner Institutioun; en Transfert, dee bei eelere Leit oft als Trauma emfonnt gëtt. De Projet gesäit och d'Schafung vun engem sou genannten „Espace senior" vir, dee sech aus verschidde spezialiséierte Pavillonen zesummesetzt.

Nieft dem klasseschen Altersheim gesäit de Projet d'Schafung vun Appartementer vir, déi sech u relativ autonom eeler Leit riichten, déi zwar theoretesch kéinten eleng liewen, mä déi sech awer an enger encadréierter Struktur méi wuel fillen. Si wëssen, datt, wa sech e Problem sollt stellen, professionell Leit zu hirer Verfügung stinn.

Et ass och virgesinn, zwou soziogerontologesch Liewensgruppen ze forméiere fir ofhängeg eeler Leit, déi musse 24 Stonnen op 24 gehollef kréien oder ënnerstëtzt ginn. Eeler Leit, déi wëllen a kënne weider doheem bleiwen, awer trotzdeem gäre vun deene verschiddene Prestatiounen a Servicer vum Centre profitéieren, kënnen dat iwwert d'Porte ouverte vum Centre maachen.

Zousätzlech ass och eng Praxis fir Kinésithérapie an Ergotherapie virgesinn, déi virun allem zum Erhale vu kierperlechen a geeschtege Fäegkeete bäidroe soll. Eng Aktivitéitszon soll et de Pensionären erméiglechen, en agréabelen Openthalt ze hunn. Alles no beieneen, mat engem klenge Café, Coiffer, Pédicure, Florist, an et ass och e klengen Animatiounssall virgesinn, wann emol kleng intern Festivitéite stattfannen.

Zum Schluss ass nach ervirzehiewen, datt d'Rumm och wäert iwwer en „Hospice de fin de vie" verfügen, wou eng spezialiséiert Equipe stierwenskrank Leit op hirem leschte Liewensabschnitt begleede kann. Den Akzent gëtt hei op d'Zesummenaarbecht mat der Famill geluecht, fir déi och d'Méiglechkeet besteet am Centre ze iwwernuechten, wa se dat wëllen.

De Projet gesäit um Niveau vum Centre intégré d'Schafung vu ronn 70 Better vir, déi bei déi bestehend 34 Better derbäikommen. Den „Hospice de fin de vie" wäert kënnen 20 Leit ophuelen. Et wäerten, wéi ech dat schonns virdrun ugedeit hunn, 26 encadréiert Appartementer am Kader vum Centre du Rham geschafe ginn, déi ronn 40 Better ausmaachen. Um Niveau vun deenen zwou soziogerontologeschen Unitéite si jeeweils 16 Better virgesinn, esou datt d'Capacitéit vum Centre am Ganzen op ronn 142 Better wäert eropgoen. Eréischt nom Ofschloss vun den Aarbechte steet awer déi ganz genau Zuel vun den neie Better fest.

Wat d'Finanzéierung vum Bau an dem Ëmbau vum Altersheim a Fleegeheim vun der Rumm ugeet, esou ass ervirzehiewen, datt de Stat bal 100% vun de Käschte wäert droen. De Stat wäert och en Deel vun de Käschten iwwerhuelen, déi fir de Bau vum Direktiounsgebai gebraucht ginn. Déi staatlech Participatioun wäert sech nom leschte bekanntenen „indice semestriel des prix à la construction" vum 1. Oktober 2004 op ronn 43,4 Milliounen Euro belafen. Zur Informatioun: D'Käschte fir de ganze Projet sinn op de Gesamtmontant vu ronn 50,3 Milliounen Euro geschat.

Dat sinn natierlech ganz héich Montanten, déi sech virun allem doduerch erkläre loossen, datt et haut einfach méi deier ass eppes ze renovéieren - et gëtt ronderëm e Plus vun 30% geschat - wéi wann een eppes komplett Neies géif bauen, speziell wann een och nach derbäi op den historesche Kader soll Rücksicht huelen. Ervirzehiewen ass vläicht nach, datt déi staatlech Participatioun sech natierlech op d'Käschten, déi mam Opbau a mat der Renovatioun vum Centre verbonne sinn, beschränkt. Personalkäschte souwéi d'Fonctionnementskäschte gi vum Gestionnaire iwwerholl.

De Statsrot hat dës Fro jo och a sengem éischten Avis opgeworf, wou d'Auteure vum virleiende Projet direkt reagéiert hunn an dëse Punkt no enger kuerzer, awer preziser Stellungnahm zur Befriddegung vum Statsrot gekläert hunn. Servior iwwerhëlt och en Deel vun de Käschte vum Bau vum Direktiounsgebai, déi sech op 0,9 Milliounen Euro belafen, a ronn 16 Better, déi den Affer vum Zweete Weltkrich prioritär zur Verfügung solle stoen, wäerten iwwert d'Fonge vun der Fondatioun „Aide et assistance aux personnes âgées" finanzéiert ginn, déi et haut net méi gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen ech konnt Iech déi grouss Linne vun dësem Projet méi no bréngen. Weider Detailer fannt Der a mengem schrëftleche Rapport an am Text vum Projet selwer. Ech géif mech natierlech freeë wann dëse Projet eestëmmeg kéint ugeholl ginn, e Projet, dee selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun bréngt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Nach eng Kéier, d'selwecht wéi virdrun, wëll ech hei der Rapportrice Merci soe fir de schrëftlechen an de mëndleche Rapport, wou se ganz prezis an den Detail gaangen ass. Erlaabt mer just dës Kéier, éier ech Luef fir de Projet ervirhiewen, awer ee méi negative Punkt. Et ass eng Kritik, déi awer net vu mir kënnt, mä déi vum Statsrot kënnt.

An eng Kéier eng generell Kritik, déi och net mam Projet ze dinn huet, mä well et eben haut zwee Projete si wou mer fir eis eeler Matbierger eis jo ganz staark investéieren, wou ech och soen, dass et selbstverständlech ganz wichteg ass, a wou mer muer nach e Projet hunn, dass, wéi ech mat verschiddene Leit driwwer diskutéiert hunn, verschidde Leit mer gesot hunn: Jo, Xavier, mir maache ganz vill fir déi eeler Leit, mä fir jonk Leit op der Strooss feelt et nach ëmmer u Plazen.

An et ass d'FADEP, déi am Moment zwou Strukturen huet, d'Meederchershaus oder de St-Joseph Boulevard Patton, mä et heescht dass et do net duergeet, dass tëschent 17 an 18 Plazen do sinn am Ganzen, déi mer hu fir Mesures d'urgence, dass nach ëmmer jonk Leit mussen op Schraasseg goen am Moment oder op Dräibuer, well keng Plazen do sinn. Dat heescht, Madame Ministesch, sorry, dass ech dës Geleeënheet huelen, mä e viven Appel: Selbstverständlech ass et wichteg, dass mer fir eis Elteren, Grousselteren an eis eeler Leit Suen investéieren. Mä e waarmen Appel un Iech - an ech weess, dass Der en oppent Ouer dofir hutt -, och fir déi jonk Leit fir Urgence-Fäll Saachen ze plangen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här Bettel, ech si ganz gäre bereet an ech maache vill Démarchen. Ech wier ganz frou wann Dir mer géingt hëllefe Gemenge sichen, déi gradsou frou wiere fir esou Haiser opzehuelen, wéi se frou si fir Maisons de soins a Centre-intégréen opzehuelen. Also ech sinn nëmmen Demandeur, Dir laaft bei mir offen Dieren an. Mä bréngt mir déi Gemengen, déi bereet sinn dat ze maachen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- D'Madame Mutsch seet scho si wier ganz bereet. Neen? Mä op jidde Fall, Madame Ministesch…

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Et ass net u mir wou et scheitert, Här Bettel!

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Madame Ministesch, fir mech ass et esou, et kann een net nëmme kucke wat ekonomesch Sue bréngt. Et ass eng Obligatioun, mir sinn hei Politiker fir d'ganzt Land an net nëmme fir eng Generatioun oder fir d'Finanzen. Et muss een och kucken, dass eng ganz Rëtsch vu jonke Leit op der Strooss sinn oder op jidde Fall wéinst dramatesche Situatioune musse placéiert ginn. E Kand wat doheem vergewaltegt gëtt oder esou. Mir schwätzen elo net nëmmen hei vun Délinquanten, mä vu jonke Leit déi doheem vergewaltegt ginn oder geschloe ginn, wou dann de Riichter se muss placéieren, a wa keng Plaze sinn an deenen zwee Foyeren, da musse se op Schraasseg oder op Dräibuer goen, wat awer wierklech net déi Plaz ass wou een d'Kanner soll placéieren. Dat war dann eng méi generell Invitatioun, Madame Ministesch.

Déi zweet ass eng Kritik, déi vum Statsrot kënnt. Dat ass déi, dass d'Konventioun jo am Juni 2001 ënnerschriwwe ginn ass an dass de Projet eréischt den 31. Mäerz 2004 déposéiert ginn ass, dat heescht bal dräi Joer duerno, an dass de Conseil d'État dat als Délai net ganz räsonnabel fënnt. Madame Ministesch!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, et deet mer Leed, dass ech elo den Här Bettel hei muss ënnerbriechen. Ech géing just eng Kéier wëlle soen, well de Conseil d'État dat elo ëmmer erëm beanstant, mat Ausnahm vun dem Projet vun Ierpeldeng, deen äusserst séier gaangen ass. Den Här Bettel hat do ewell gemengt et hätt och do laang gedauert. Ech mengen an engem Joer war dat alles iwwert d'Bühn.

Et dauert laang an och deen hei Projet huet laang gedauert, well da mussen déi komplett Pläng vun den Architekte virleien. Wann ee weess wéi komplizéiert dass dee Site op der Rumm ass, dann ass et evident dass dat doten net konnt an esou enger kuerzer Zäit gemaach ginn. Selwer hätt ech och léiwer wann et méi séier kënnt goe wéi wann dat all Kéiers esou laang dauert. Mä et muss een awer gesi wat fir eng Aarbecht domadder verbonnen ass. Wann et duergeet, dass mir heihinner kommen nodeems dass d'Konventioun ënnerschriwwen ass a mir loossen e sommairë Projet hei stëmmen, dann hunn ech domadder kee Problem. Dann dauert et vill manner laang. Et dauert dofir awer nach gradsou laang bis et gebaut ass, well da musse se duerno gemaach ginn. Ech wollt dat just als Explikatioun soen, well dat ëmmer eng Remarque ass, déi vum Conseil d'État kënnt.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Selbstverständlech, mä et ass just well och nach d'Kommissioun - an Dir wësst jo, Madame Presidentin, dass d'DP net méi an der Majoritéit elo an der Regierung matwierkt…

(Brouhaha général)

… -, op jidde Fall dass d'Majoritéit dat fonnt huet.

Op jidde Fall wëll ech awer soen, dass dës Majoritéit, dat heescht d'CSV-LSAP-Majoritéit awer an hirem Rapport zréckbehalen huet, dass se déi Meenung vum Statsrot géif deelen, dass et ze laang gewiescht wär. Dowéinst erlaabt mer, Madame, et ass net a mengem Numm, mä als Majoritéit, ech weess net ob ee vun der CSV oder vun der LSAP dat gesot hätt, d'Rapportrice huet et och net gesot. Et steet am Rapport. Dofir erlaabt mer, Madame Ministesch, dass ech dat just zitéiere wat dës Majoritéit op jidde Fall wollt, mat eis, well mir hunn de Rapport jo awer och gestëmmt.

Also d'Avantagë vun deem Projet: Éischtens ass et e ganz flotte Projet an d'Palette…

(Interruption)

…vun deem Projet ass ganz interessant, wann ee kuckt dass et geet vu Leit, déi e puer Stonnen dohinner verbrénge kommen, déi aner Leit, déi do wunnen, bis en „Hospice de fin de vie".

Eppes wou ee muss drop pochen, ass, dass déi eeler Leit - wat se méi al ginn, wat normalerweis hir Gesondheet och net besser gëtt - op jidde Fall d'Méiglechkeet dann hunn, net mussen dann an aner Centres ze goen oder op eng aner Plaz fir soignéiert ze ginn, mä au contraire dass se d'Méiglechkeet hunn, an därselwechter Ëmgéigend mat deene Leit, déi se kennen, op jiddfer Fall op därselwechter Plaz kënne soignéiert ze ginn.

Et ass ekologesch gebaut ginn, hei muss een et och eng Kéier soen. D'Madame Ministesch pocht ëmmer drop, dass ekologesch gebaut gëtt, dat heescht dass Materialer benotzt ginn, déi ekologesch sinn. Et ass ekologesch, awer net ganz ekonomesch gebaut ginn, mä duerfir kann d'Ministesch och net; dat ass ebe wéinst deene Contrainten, déi mir haten, dass mir do net konnten alles ewechrappen. Ech si jo een, dee ganz oft mengt, et kéint een; et beweist jo och, dass ee soll ewechrappen, well et da méi bëlleg gëtt. Mä et muss een awer soen, dass et op der Rumm e Crime gewiescht wär, wann een do alles raséiert hätt. D'Rumm ass op jiddfer Fall eng Plaz wou muss preservéiert ginn an op jiddfer Fall muss dës Plaz verbessert ginn.

Ech hunn et virdru gesot, mir fannen, dass fir eis eeler Matbierger investéiert soll ginn; selbstverständlech nach eng Kéier mat där Bemierkung, dass et och nach aner Kategorië vu Leit gëtt, déi, sou wéi ech et a menger Introduktioun gesot hunn, mir och net solle vergiessen, an, wéi gesot, ech bréngen hei och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

Merci.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, Madame Rapportrice, Dir Dammen an Dir Hären, als Stater freet et mech natierlech wann dës Stad 33,8 Milliounen Euro investéiert hei op eisem Territoire fir d'Rumm ze renovéieren, fir se ze moderniséieren a fir do e Centre intégré fir eeler Leit opzemaachen.

D'Madame Rapportrice ass an hirer Interventioun jo agaang op d'Altersstruktur, d'Alterspyramid, déi mir jo kennen hei zu Lëtzebuerg, an ech mengen, déi ass hei an der Stad net aneschters. Dofir wéi gesot ass et wichteg, dass de Stat niewent der Gemeng hei Institutiounen opriicht fir déi eeler Leit ze versuergen.

Erlaabt mir dofir e puer Punkten erauszehiewen, déi mir besonnesch wichteg erschéngen. Se sinn deelweis och schonn eng Kéier hei gesot ginn. Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass dass dee Projet Rumm hei e Gesamtkonzept ass, e baulecht Gesamtkonzept. Dir wësst vläicht, dass virun e puer Joer een Trakt eng Kéier renovéiert ginn ass, dat ass d'Gebai Feierwon. Elo hätt ee kéinte fäerten, dass all Joer en anert Gebai renovéiert gëtt. Dat wär e Problem mengen ech gewiescht, well da wär permanent e Chantier op der Rumm gewiescht. Et wär och architektonesch vläicht Problemer ginn. Dofir ass et gutt, dass elo de ganze Rescht an engem globale Konzept ëmgebaut a moderniséiert gëtt an dass dann dee sou genannten Espace Senior do kreéiert gëtt, wou, wéi virdru gesot ginn ass, e klassesche CIPA dran ass, Appartementer, also Altenwohnungen, eng Tagesstätt, Praxissen, Pédicure, Coiffeur, Florist a sou weider.

Wat mir ganz wichteg schéngt, ass och dat Konzept vun deem Office de fin de vie, wou palliativ Soinë kënne gemaach ginn un de Patienten. Et ass ebe wichteg, dass een, deen an d'Rumm kënnt, wann e vläicht nach relativ valid ass, wa säin Zoustand sech verschlechtert, net muss transferéiert ginn, well en Transfert vun Institutiounen - d'Rapportrice huet et och gesot - bedeit ëmmer en Trauma.

Wat mir och ganz gutt un deem Projet gefält, ass, dass de Site vun der Rumm weiderhin en oppene Site bleift, net nëmme fir déi Leit, déi am CIPA wunnen, oder fir déi, déi hir eeler Matbierger besiche kommen, mä dass et e Site bleift deen op aus fir aner Leit, fir Touristen. Dir wësst, de Circuit Wenzel geet duerch dee Site, dee Circuit Wenzel gëtt och deelweis revaloriséiert, well duerch déi Travailen och Deeler vun der Wenzelsmauer vun 1390 ausgegruewen a revaloriséiert ginn. Ech mengen, dat ass eng positiv Saach.

Et ass och wichteg, dass d'Unesco dësem Projet den Aval ginn huet, well mir leien hei mëtten am Unesco-Secteur, am Secteur protégé - och wat d'Stater Baureglementer ubelaangt. Och vun der Commission des bâtisses vun der Gemeng Lëtzebuerg ass den Accord ginn, an ech mengen, dat ass wichteg.

Wann een d'Dokumenter kuckt, geet och doraus eraus dass drop gepocht ginn ass, dass de Charme vun deem Site Rumm erhale gëtt, an do gi se ganz an d'Detailer, wou souguer gesot gëtt, dass d'Beem - Wann Dir de Site kennt: Wësst Der, déi schéi Bamallée mëtten an deem Site! - sollen extra geschützt ginn. Ech mengen, dat ass vu grousser Wichtegkeet.

De Site ass grouss genuch, fir dass ee vläicht spéiderhi ka kucken, wat een nach do ka maachen. Zum Beispill ass am Kader vun Ierpeldeng vun enger Crèche geschwat ginn: Firwat net hei och eng Crèche, firwat net hei eng Internetstuff? Ech mengen, eng Internetstuff, wou déi eeler Leit kéitne mat deene ville Jugendlechen, déi an deene Quartiere ronderëm Gronn, Clausen an Cents wunnen, zesummeschaffen.

An eng lescht Saach, do wollt ech vläicht en Ustouss un d'Presidentin vun eiser Familljekommissioun ginn, dass mir vläicht an Zukunft och mol iwwer eng aner Iddi nodenke kënnen, déi am Ausland scho vill gebraucht gëtt, dat heescht Wunngemeinschafte fir eeler Leit. Ech mengen, dat solle mir eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren an dann och der Madame Minister do e puer Recommandatiounen dozou ginn.

Zum Schluss wollt ech soen, ech fannen et flott, dass dee Site Rumm, wat jo e militäresche Site war, lo scho säit iwwer honnert Joer fir sozial Zwecker gebraucht gëtt, an duerch dat heiten Investissement garantéiere mir och, dass an deenen nächste Jorzéngten do sozial Aktivitéite geschéien, an ech mengen d'LSAP-Fraktioun wäert dëse Projet och ënnerstëtzen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Angel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems schonn eng ganz Rei Riedner hei op dëser Plaz de Projet sou positiv beliicht hunn, wëll ech mech dann och am Numm vun der grénger Fraktioun där Duerstellung uschléissen, besonnesch och dem Fait, datt den historesche Site op bleift an erhale bleift souwuel fir d'Stater Leit wéi fir d'Touristen.

Erlaabt mir awer och, dass ech e puer méi kritesch Wierder un lech riichten. Mir wëssen alleguer, datt ee mat Zuele bal alles ka beweisen. Wa mir also wëllen, datt een eis Zuelen a Statistike seriö hëlt, da musse mir eis hei un e puer Spillregelen halen. A mir sinn der Meenung, datt beim Exposé des motifs vun dësem Projet de loi dat net ëmmer de Fall ass. An enger Tabell gëtt wuel opgewisen, datt d'Zuel vun de Leit, déi ënner enger Démence sénile leiden, mam Alter zouhëlt. Eng Année de référence feelt awer. Et gëtt och opgelëscht, datt 35% vun alle Stéit Eepersounestéit, also Foyer d'une seule personne, sinn - wéini a wou dat rausfonnt ginn ass, gëtt net verroden.

Am Projet de loi gëtt vun 13% vun eiser Populatioun geschwat, déi méi al wéi 65 Joer sinn, an 3%, déi méi al wéi 80 Joer sinn, mä dës Zuele sinn awer vun 1989; hei hätt ee kéinte méi aktuell Zuelen huelen. Och wann dës Zuelen net direkt eppes mam CIPA op der Rumm ze dinn hunn, si mir an der grénger Fraktioun der Meenung, datt mir hei an der Chamber solle virsiichteg sinn, wa mir Zuele gebrauchen.

De Bau an d'Transformatioune kaschten iwwer 50 Milliounen Euro; de Stat participéiert mat iwwer 43 Milliounen Euro. Mir stelle fest, dass dëse Projet immens deier ass. Deen héije Präis léisst sech, an dat ass och schonn hei gemaach ginn, engersäits doduerch erklären, datt mir op engem historesche Site sinn. Renovéieren ënnert dëse Konditioune gëtt ëmmer méi deier ewéi nei bauen. Et huet awer och domat ze dinn, datt een e CIPA hei baut - dat ass net iergendee Verwaltungsgebai, mä dat ass e Gebai, wat eng ganz Rei spezifesch Usprécher stellt, déi de Fonctionnement fir déi Leit, déi dodra schaffen an dodranner wunnen, esou agréabel ewéi méiglech maache soll.

49 Parkplazen, déi an de Fiels gewullt ginn, kaschte richteg Suen. Véier Lifter an 13 Monte-lits kaschten net nëmme bei der Installatioun; mir kréien och nach ee Contrat d'entretien a schloen all Joer mat vill Onkäschten zu Buch.

Mir begréissen, datt am Projet de loi steet, datt all Awunner vum CIPA - wann nëmme méiglech - a sengem Zëmmer soll bleiwe kënnen, onofhängeg vun enger zäitlecher oder enger definitiver Verschlechterung vu sengem Gesondheetszoustand. Duerfir sinn och all Zëmmere mat engem Prééquipement ausgeriicht, fir op ee verännerte Gesondheetszoustand kënnen ze reagéieren. An deem Gedanke wier et och gutt, wann déi 16 Duebelzëmmer esou ugeluecht wieren, datt all Duebelzëmmer no Bedarf kéint an zwee Eenzelzëmmeren ëmgewandelt ginn.

Une voix.- Dat ass de Fall!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Ass dat de Fall? Dat freet mech. Dat war aus dem Rapport net esou däitlech rausgaangen, an och op meng Nofro hat ech dat dann net richteg verstan. Ech soen dann awer, well ech et preparéiert hunn, dass een zu Miersch kéint esou ee Gebai kucke goen. Zu Miersch funktionéiert et nämlech och sou am neien Altersheim.

Et feelt eis awer och e bësselchen un enger Good-will-Erklärung, déi nei Gebaier no enger Niddregenergie- oder Passivbauweis ze bauen an déi al Gebaier no ekologesche Kritären ze renovéieren. An ech zitéieren do aus där Motioun: «…les bâtiments à caractère historique ne peuvent pour des raisons évidentes être isolées thermiquement selon les critères actuels.»

Och wann en historescht Gebai eng ganz Rei Contraintë liwwert, sou menge mir awer, datt eng Rei Mesurë méiglech an néideg sinn, fir och hei effizient mat der Energie ëmzegoen. Da ginn ech rëm eng Kéier op Miersch, wou d'Gemeng amgaangen ass en historescht Gebai ze renovéieren, an dat no de Kritäre vun der Niddregenergiebauweis; et ass e Gebai wou den technesche Service vun der Gemeng soll drakommen.

Mat all deenen Nodeeler, déi sou en historesche Bau mat sech bréngt, féiert awer kee Wee derlaanscht, sou e Bauwierk och ënner héijem Käschtenopwand unzegoen.

Déi Gréng begréissen et, datt de Site op der Rumm endlech a mat engem Gesamtkonzept renovéiert a vergréissert gëtt. Wéi am Exposé des motifs steet, waren den 1. Januar 2004 300 Demanden als ganz dréngend an 1.300 als dréngend agestuuft, fir an eent vun deene staatlechen Alters- oder Fleegeheimer ënnerdaach ze kommen. Et ass also eng grouss Nofro do an dofir wäert déi gréng Fraktioun, och bei där Kritik, déi mir ubruecht hunn, dësem Projet zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Madame Ministerin, Dir Dammen an Dir Hären, de Site vun der Rumm huet eng ganz grouss historesch Bedeitung, en huet eng touristesch Bedeitung, mä en huet bien entendu och an de leschte Joren eng ganz wichteg sozial Funktioun an deem Sënn gehat, datt en erlaabt huet fir eng etlech eeler Leit - genau 128 Pensionären - ze beherrbiergen.

Dee Projet de loi, deen elo virgeluecht gëtt, ass bluttnoutwendeg, well jiddereen, dee periodesch dohinner geet, a wann et nëmmen ass fir den Dag wou d'Kiermes op der Rumm ass, gesäit dass et noutwendeg ass, fir déi Gebailechkeeten ze renovéieren. Dat gesot muss een och feststellen, datt et och bei der Regierung de Fall war, well déi Konventioun scho virun iwwert dräi Joer ënnerzeechent ginn ass an dunn näischt geschitt ass.

Ech verstinn net, datt een en Accord mécht fir e Finanzement an dann héieren ech d'Madame Ministerin soen, datt dann eréischt d'Architekte beoptraagt gi fir de geneeën Devis ze etabléieren a genee Pläng ze maachen. Ech mengen, datt wann ee scho wëllt eppes ënnerhuelen, datt een dann déi zwou Saache matenaner mécht.

Wat den Devis selwer ugeet, sou muss ee sech awer hei nach eng Fro stellen. Wann d'Madame Rapportrice mir do kéint soen, ob eng Autorisatioun vu Sites et Monuments gefrot an accordéiert ginn ass, well et jo ganz evident ass, datt op deem Site do munnech historesch Baute sinn. A mir hu schonn an der Vergaangenheet gehéiert, datt wann déi Accorden hei méi spéit gefrot gi sinn, wou de Bau schonn amgaange war, dat meeschtens zu ganz héijen Dépassementer gefouert huet. Dofir meng Fro, ob déi Autorisatioun gefrot an accordéiert ass, respektiv ob se an nächster Zäit sollt gefrot ginn. Well ech mengen et ass gutt, datt mir net während dem Bau nach eng Kéier déi eng oder déi aner Surprise kréien.

(Interruption)

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- …, datt et e Grupp war an e Jury war, wou ënner anerem Leit vu Sites et Monuments derbäi waren, sou datt een net dovu kann ausgoen, datt se op eemol géingen eng aner Décisioun huelen, wou se mat an der Ausaarbechtung vun deem Projet dobäi waren, besonnesch och well mir eis mussen un d'Virschréfte vun der Unesco halen, déi jo déiselwecht Aufgab do vertrëtt wéi och Sites et Monuments vu Lëtzebuerg.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Voilà, ech wollt just nëmmen...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Oh ma neen, ech wollt lech et awer nëmme just soen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech si ganz frou, Madame Ministerin, datt Der mir esou spontan drop äntwert. Ech loosse mech och dofir gären ënnerbriechen, mä woufir ech dat opwerfen, dat ass datt mir gesinn, datt dat awer ganz oft net de Fall ass an datt ee Surprisë kritt.

Dann hu mer de Käschtepunkt vu 50 Milliounen Euro fir déi 128 Better, déi do virgesi sinn. Wann ech dat an de Verglach stelle mat dem Käschtepunkt vum Musée Pei, an notamment wat en Tableau am Musée Pei kascht, da gesäit een, datt en Tableau am Musée Pei 5-mol méi deier kascht wéi e Bett an engem Gériatrieheim op der Rumm. Dat ass e bësselchen…

(Interruptions)

Une voix.- Neen, hie mengt den Emplacement.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Den Emplacement…

M. Henri Grethen *(DP).*- Ech mengen, den Här Henckes weess net wat e Van Gogh zum Beispill kascht.

Une voix.- Voilà.

Une autre voix.- Do sidd Dir besser dran!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech schwätzen net vum Van Gogh, ech schwätze just nëmme vum Emplacement fir deen Tableau, wou een deen ophänkt.

(Interruptions)

De Krop, wou en drop unhänke kënnt. Do gesäit een, datt awer hei mat engem raisonnabelen Devis ka gerechent ginn, quitte datt déi Renovatioun op deem Site do natierlech och net grad esou einfach wäert sinn.

Dat gesot, muss een och begréissen, datt ee Problem an deem Projet geléist gëtt, an dat ass deen datt Parkplazen ënnerierdesch geschafe ginn. Well et ass ganz kloer, datt mer zwar an der Stad Lëtzebuerg iwwerall versiche fir keng Parkplaze méi ofzebauen, wat net onbedéngt dat allerbescht ass, mä datt et awer hei op dësem Site bluttnoutwendeg ass, datt ee Parkplaze virgesäit. Woufir? Ma well Visiteure soss keng aner Parkméiglechkeet hunn an net kënnen en Accès bei hir Familljemembere kréien. Dofir ass dat heiten eppes wat mir positiv ervirsträiche wëllen, datt hei vum Stat aus alles gemaach gëtt, fir datt déi Liaisoun tëschent de Pensionären an hire Familljen duerch justement en Accès de facilité hei erméiglecht gëtt. Dat gesot wollt ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Madame Minister huet op all d'Froe geäntwert, déi opgeworf gi sinn. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5320. Den Text steet am Document parlementaire 5320[5] Säit 5.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5320 ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koul-

len, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Wann dat de Fall ass, dann ass dat esou décidéiert.

Ech wëll d'Kolleege biede vläicht nozekucken, ob de Vote par procuration gaangen ass. Dem Här Grethen seng Interventioun vu virdrun huet genotzt, mir hunn dat nogekuckt an ech hunn d'Freed Iech matzedeelen, datt de Vote iwwert d'Maison de soins fir Alzheimer elo eestëmmeg ugeholl ginn ass, well mir déi Procuratioune konnten hei androen, déi virdrun net funktionéiert hunn. Voilà.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 5165 iwwert d'Bekämpfung vum Blanchiment. Duerno stëmmt d'Chamber am zweete Vote constitutionnel iwwert dëse Projet of; den 19. Mee hate mer eng éischte Kéier ofgestëmmt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

3. 5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant:

1. le code pénal;

2. le code d'instruction criminelle;

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;

4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;

8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises;

10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert comptable;

11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives;

12. la loi générale des impôts („Abgabenordnung") - Second vote constitutionnel

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus kënnt also haut fir den zweete Vote constitutionnel erëm eng Kéier hei an de Plenum.

Wéi ech fir d'éischt zu dësem Projet geschwat hat, war a sech meng Konklusioun déi, fir en Appel un de Statsrot ze maachen, datt hien et sech nach Kéier sollt mat senger Opposition formelle iwwerleeën. Leider Gottes ass mäi Wonsch net an Erfëllung gaangen an de Statsrot huet seng Opposition formelle bäibehalen.

Ech wëll haut net méi am Detail op all eenzel Dispositioun vun deem relativ komplizéierte Projet de loi agoen; dat hat ech déi éischte Kéier souwuel a mengem schréftleche wéi a mengem mëndleche Rapport gemaach, sou datt ech dat haut net méi nach eng Kéier wëll widderhuelen.

Wann ech awer haut nach eng Kéier d'Wuert dozou wëllt huelen, ass dat fir nach eng Kéier op deen Amendement zréckzekommen, deen a sech am Ursprong vun der Opposition formelle vum Statsrot läit. Virausschécke wëllt ech nach eng Kéier, datt am urspréngleche Projet a sech net nëmmen d'Direktiv sollt transposéiert ginn, mä d'Regierung eigentlech och wollt méi wäit wéi d'reng Transpositioun vun där Direktiv goen. Deemools hat awer de Statsrot, wéi eng Rei aner Organismen, grouss Problemer domadder an och d'Commission juridique huet sech dee Moment där Positioun ugeschloss, fir ze soen, mir wären d'accord fir d'ganz Direktiv ze transposéieren, mä net méi wéi d'Direktiv.

A wat deemools richteg war ass bien entendu haut och nach ëmmer richteg. An ech wëll drun erënneren, datt a sech den Objektiv jo vun dëser Direktiv deen ass, fir datt d'Faiten, déi op e Blanchiment oder ob e Finanzement vun Terrorismus hiweisen, sollen direkt vun deene Professionelle beim Parquet dénoncéiert ginn. Mir wollten a sech och deemools an der Commission juridique évitéieren, datt duerch eng iwwerdriwwe Réglementatioun, déi ganz besonnesch exzessiv Bestrofunge virgesinn hat, sollt eng gewësse Panik am Bankesecteur bei deene betraffene Leit sech breet maachen an domadder a sech géif de Géigendeel erreecht gi vun deem wat nämlech bezweckt war, nämlech eng effizient Zesummenaarbecht tëschent de Justizautoritéiten an deene Leit, déi am Finanzsecteur schaffen.

Ëm wat geet et, nach eng Kéier, hei an deem Amendement? Et geet also ëm d'Dépénalisatioun vun der sou genannter Négligence, déi a sech am 93er Gesetz iwwert de Secteur financier strofrechtlech verankert gi war. Dës Dispositioun huet an deene vergaangene Jore fir vill Welle gesuergt, haaptsächlech wéinst der Interpretatioun, déi de Parquet économique dëser Dispositioun ginn huet.

Ech wëll nach eng Kéier hei an Erënnerung ruffen, datt et a sech en Ënnerscheed gëtt zwëschent enger Bedeelegung un engem Akt vu Wäisswäsche vu Suen, respektiv vu Finanzement vun Terrorismus, déi natierlech par nature bewosst ass, an dem einfache Verstouss géint eng Beruffsobligatioun, déi normalerweis net bewosst ass. Wichteg ass, datt een hei en Ënnerscheed mécht an net de Blanchisseur oder de Financier vun engem terroristeschen Akt an een Dëppe geheit mat deemjéinegen, deen eng Onopmierksamkeet an der Ausübung vu senger Aarbecht gemaach huet.

Heimadder soll net gesot ginn, an ech wëll dat nach eng Kéier betounen, dass dës Onopmierksamkeet keng juristesch Konsequenze soll mat sech zéien, mä dës Onopmierksamkeet soll do sanktionéiert ginn, wou se higehéiert, nämlech op den administrative Plang, wéi dat och an eisen Nopeschlänner de Fall ass.

Mat där neier Dispositioun, wéi mir se iwwer Amendement an de Gesetzestext ageschriwwen hunn, schafe mir also elo eng juristesch Onsécherheet aus der Welt, déi a sech hiren Ursprong - an ech hunn et virdru gesot - am 93er Gesetz iwwert de Secteur financier fonnt huet, an déi zu vill Onrou bei deene betraffene Leit am Bankesecteur gefouert huet. An Zukunft wäert also déi einfach Onopmierksamkeet keng strofrechtlech Suitë méi mat sech zéien, mä just nach Sanktiounen um reng administrative Plang mat sech bréngen.

Ofschléissend wëll ech soen, datt an engem konkurenziell ëmmer méi schwieregen Ëmfeld, wéi de Finanz- a Bankesecteur nun eemol een ass, all déi Leit, déi hei schaffen, sollen a musse streng Oplage kréien. Dës Oplagen dierfen op kee Fall hannert deene vun anere Länner hannendru goen, mä se dierfen awer och net iwwert déi Oplagen erausgoen.

Mir musse mat der leschter Konsequenz géint d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus op eiser Bankeplaz virgoen, well dës Bankeplaz huet keen Interessi un esou enger Klientel. Mir sollen awer bei all dësen Efforten net vergiessen, datt déi iwwergrouss Majoritéit vun de Clientë vun dëser Bankeplaz keng Wäisswäscher an och keng Finanzéierer vun terroristeschen Aktivitéite sinn, mä dës propper Klientel, wann een et esou kann ausdrécken, riskéiert duerch een exzessive Formalismus an exzessiv Kontrollen hir Aktivitéiten op aner europäesch Bankeplazen ze verlageren.

An dësem Sënn ass den Text, dee mir an der Commission juridique zréckbehalen haten an dee mir haut solle fir d'zweet ofstëmmen, e gudden Equiliber zwëschent op där enger Säit der Noutwendegkeet fir aktiv géint d'Wäisswäsche vu Suen a géint de Finanzement vum Terrorismus virzegoen, an op där anerer Säit den Interessië vun enger attraktiver a gutt funktionéierender Finanz- a Bankeplaz.

Ech begréissen dofir, datt an der Commission juridique contrairement zum éischte Vote elo déi leschte Kéier e grousse Konsensus war, an all d'Fraktiounen, déi an der Commission juridique vertruede waren, hunn a sech hir Zoustëmmung zu dësem Text ginn. Ech wär dann och frou, wann dësen Text de Mëtten hei géif e grousse Konsensus fannen. Ech géif dann och domadder, fir unzefänken, direkt schonn den Accord vu menger Fraktioun dozou ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Bettel ageschriwwen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Mosar et scho gesot huet, si mir haut hei fir deen Text fir d'zweet ze stëmmen, dee mir schonn eng Kéier den 19. Mee 2004 an der Chamber diskutéiert haten.

Ech si mer och konsequent, ech hunn deemools d'Bemierkung gemaach, dass ech déi Onméiglechkeet fir Recours ze maache bedauert hunn, wou de Conseil d'État eis eng Opposition formelle gemaach hat a wou mir noginn hunn, an ech hat deemools gesot, well wa mir en zweete Vote jo mussen huelen, dass ee jo da kéint och en Amendement do maachen. Ech hat et deemools gesot, ech sinn nach ëmmer där Meenung. Erlaabt mir, dass ech dann nach ëmmer soen, dass et schued ass, dass et bei deem heiten Text keng Recoursméiglechkeet gëtt, op jidde Fall fir d'Leit, well fir mech muss e Recours ëmmer do si fir all Justiciablen.

Déi grouss Diskussioun, déi jo och wor, dat war iwwert dat Wuert «sciemment». Huet ee sciemment eppes gemaach, huet ee sciemment näischt gemaach, ass ee coupabel, ass een net coupabel, wéi wäit huet ee sech mat dru bedeelegt oder net. An ech si selbstverständlech ganz frou, an ech hunn dat och schonn an der Sitzung vum 19. Mee gesot, dass de Problem haut ass, dass wann Dir als Affekot e Client empfänkt oder an där Professioun e Client empfänkt, déi schaffe mat Tricken, an dat hunn ech och deemools gesot, do si vill Filouen, déi probéieren Iech Saache virzemaachen; Dir hutt d'Méiglechkeet emol net ze kucken, ob dat alles stëmmt oder net. Si bréngen Iech falsch Titrë mat, si bréngen Iech hei oder si bréngen Iech do mat. Et ass méi wéi eng Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg…

(Interruption)

Oh, Här Santer, ech schaffe manner am Finanzberäich wéi Är Etude. Also ech weess et net, meng Clienten hu manner mat Finanzproblemer do ze di wéi Är Clienten.

(Interruptions)

Op jidde Fall, Här President, ass et hei wichteg, dass d'Wuert «sciemment» drakomm ass, well ee wéi gesot als Professionelle selbstverständlech all Diligence muss hu fir ze kucken, dass net e Blanchiment stattfënnt, mä dass et heiansdo onméiglech ass, en ze fannen.

Ech sinn awer méi gespaant op dat wat d'sozialistesch Aarbechterpartei elo wäert hei erzielen, well erlaabt mir just, datt ech hei eppes zitéieren. Den Här Krecké war Äre Riedner den 19. Mee 2004 an hie sot selwer, hie géif den Text net gutt fannen: „Ech hunn eng Rei vu Bedenken, ech soen Iech: Et sinn eng Rei Leit, déi hu Bedenken iwwert d'Aart a Weis wéi mir hei virginn, iwwert d'Aart a Weis wéi mir eenzelne Pressiounen noginn hunn an iwwert den Zweifel, deen trotzdeem bei där gudder Aarbecht bliwwen ass, wou mir eis zum Schluss iwwert d'Opposition formelle vum Statsrot ewech setzen."

Dat heescht den Här Krecké war ganz kritesch. Den Här Krecké sëtzt haut net méi hei fir ze soen, ob hien elo nach ëmmer déiselwecht Meenung verteidegt oder net, mä den Här Bodry, wann ech et richteg verstan hunn, ass de Riedner vun der sozialistescher Aarbechterpartei; da wäert ech jo da kucken, ob en och déiselwecht Douten huet an déi Aart a Weis, wéi den Text elo hei gestëmmt gëtt, an ob en nach ëmmer déiselwecht kritesch Meenung vis-à-vis zum Text huet. Dat ass déi éischt Saach.

Déi zweet Saach ass, den Här Krecké hat eng ganz Rei vu Fuerderunge gefrot wéi e beim Text gesot huet, se wieren zwar net all begeeschtert, an ausser der Madame Lydie Err hu se awer alleguerten dofir gestëmmt, an d'Madame Err hat sech enthal. Kucke mir och wéi der Madame Err hir Positioun haut ass. Ech si jo frou, datt dës Majoritéit eng breet Majoritéit huet, well soss wier se scho wackeleg, wa se nëmmen een Deputéierten als Majoritéit hätt haut bei deem éischten Dag, wou mir Projete stëmmen.

An dann, Här President, wëll ech och nach drun erënneren, dass den LSAP-Vertrieder, den Här Krecké, den 19. Mee 2004 gefrot hat, dass de Bilan sollt gemaach ginn an zwee Joer a réckbléckend kucke wéi d'Auswierkunge wären, souwuel um Pénal wéi um Administratif, an der Hoffnung dass dëst Gesetz no baussen dat wëllt vermëttelen an och dat vermëttelt wat mir wëllen. Ech sinn elo gespaant wat den Här Bodry seet.

Op jidde Fall, mir hunn den Text den 19. Mee 2004 gestëmmt a mir sinn eis selbstverständlech konsequent a wäerten de 27. Oktober 2004 den Text och nach eng Kéier stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert et net maache wéi den Här Bettel. Ech wäert mech net mat enger anerer Partei ofginn, mä ech wäert probéieren dat ze soen, wat meng Partei um Häerz huet, an ech géif der DP vläicht roden, och en ähnleche Wee ze goen, da steet se vläicht a 5 Joer besser do wéi se elo do steet.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Also schwätzt Dir elo virum 13. Juni oder nom 13. Juni?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Meng Partei op jidde Fall wäert esou stëmme wéi se am Mee gestëmmt huet. Ech gesinn net wat do kann de Problem sinn. Mir bleiwen eiser Linn trei, mir wäerten, mat Ausnahm vun der Madame Err, déi all hir Bedenke behält an och dës Kéier wäert d'selwecht ofstëmme wéi virun e puer Méint, horgenau d'selwecht ofstëmme wéi viru véier Méint. Ech weess net wat den Här Bettel dorunner esou opreegt, wann eng Partei hir Meenung behält, déi se scho virun e puer Méint hat. Hie brauch net vill fir sech opzereegen, muss ech feststellen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ech gesi just de Rapport, ech gesi just de Rapport!

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, eis Partei bleift kritesch zu deem Punkt, deen eis mam Conseil d'État beschäftegt huet. De Conseil d'État ass jo och net egal wat fir eng Institutioun hei am Land an de Conseil d'État huet, wat net oft virkënnt, an deem heite Fall ofgesi fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn, an do-

duerjer si mer als Chamber also nach eng Kéier mat deem heiten Text befaasst.

Mir sinn eis an de grousse Linnen eens, et geet jo och hei am Wesentlechen ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, wou mer awer eng gewësse Marge d'interprétation hunn a wou och vu Regierungssäit profitéiert ginn ass, fir deen een oder aneren zousätzleche Punkt hei mat eranzehuelen. Et ass jo och e sensibele Punkt fir e Land wéi Lëtzebuerg mat där grousser Finanzplaz, mat och engem Assurancësecteur, dee sech net onwesentlech hei entwéckelt huet an deene leschte Joren, an et ass also scho wichteg, dass mer hei handelen, an et ass wichteg, dass esou schnell wéi méiglech déi Direktiv hei a Lëtzebuerger Recht ëmgesat gëtt.

Zweck vun där Direktiv a vun deem Gesetz ass et jo eigentlech dofir ze suergen, dass een d'Wäisswäsche vu schwaarze Gelder respektiv d'Finanzéierung vun Terrorismus besser an de Gréff kritt, doduerjer dass een all Acteuren, déi am Virfeld mat implizéiert sinn, responsabiliséiert. Dat ass jo déi grouss Ausriichtung vun deem heiten Text, an duerfir kréien eng ganz Rëtsch vu professionelle Strukturen an deem heiten Text nei gesetzlech Verflichtunge bäi, mat Sanktioune wa se deene gesetzleche Verflichtungen net nokommen.

Dat betrëfft d'Banken, betrëfft d'Assurancen, d'Pensiounsfongen, betrëfft d'OPCen, betrëfft d'Réviseurs d'entreprise, d'Expert-comptablen, betrëfft d'Immobilienhändler, betrëfft d'Notären a betrëfft ënner anerem och d'Affekoten. Dat ass also ganz breet gestreet, wou elo effektiv d'Welt wäert e bëssen anescht ausgesinn an deenen eenzelne Sparten a wou schonn déi wesentlech Dispositiounen an deenen eenzelne Beräicher vun de Professionelle geholl gi sinn, fir sech kënnen hei konform ze setzen zu deenen neie gesetzleche Bestëmmungen, well se elo musse vigilant sinn, mussen eng Rei vu Virsiichtsmoossnamen huelen, fir esou am Virfeld kënnen Operatioune schonn ze detektéieren, déi a Richtung Geldwäsch oder a Richtung Finanzéierung vun dem Terrorismus géifen hireechen. Dat ass d'Grondausriichtung vun deem heiten Text, an déi stellt jo och - mengen ech - kee Mënsch heibannen a Fro.

Dee Punkt, deen elo haaptsächlech hei diskutéiert gëtt, dat ass net d'Geldwäsch selwer, net d'Finanzéierung vum Terrorismus selwer, well do si ganz streng Strofen hei am Text virgesinn, mä wéiwäit déi Professionell, déi eng gewëssen Obligatioun elo hei kréien, wann déi sech net an alle Punkten un déi Obligatioune gehalen hunn, ouni awer mat direkt implizéiert ze sinn an d'Geldwäschoperatioun selwer, mussen och penal sanktionéiert ginn, woubäi - an dat ass am Fong den Artikel 9 vun deem Gesetz, deen dat virschreift, do geet et ëm Geldstrofen, dat wëll ech och soen, et geet hei net ëm Prisongsstrofen, et geet ëm Geldstrofen an Héicht vun 1.250 Euro bis 125 Euro, déi géifen déijéineg Professionell kréien, déi sech net un déi nei gesetzlech Verflichtunge gehalen hunn.

An den Disput, deen dréit sech ëm ee Wuert, dat Wuert „sciemment". Et geet also am Fong drëm ob een hei wëllt en Délit non intentionnel praktesch kreéieren, wéi et der eng ganz Rëtsch am Lëtzebuerger Recht och gëtt, wéi zum Beispill Coups et blessures involontaires, fir e Beispill ze nennen, wat am oftste praktesch ugewannt gëtt vun eise Geriichter. Do geet et duer wann ee responsabel ass. Et muss net deejéinegen, deen engem fräiwëlleg Kierperverletzung zougefügt huet, och nach noweisen, dass en dat mat enger besonnescher béiser Absicht gemaach huet. Et geet duer, dass praktesch eng Kierperverletzung virläit bei engem Accident, zum Beispill.

Dat ass déi eng Méiglechkeet gewiescht. Déi zweet Méiglechkeet ass, et seet een: Neen, an esou engem Fall verlaange mer eigentlech en Dol spécial, verlaange mer also eng Absicht, eng Intention de nuire, eng béis Absicht, fir dat emol e bësse ganz einfach a salopp duerzeleeën, an natierlech muss u sech viru Geriicht d'Preuve bruecht ginn, dass een esou eng Absicht hei hat. Et ass intervenéiert gi vun de Professionellen, déi drop opmierksam gemaach hunn, dass deen heiten Text - an et gëtt jo och e Prezedenzfall, dee fir vill Opreegung a verschiddene Milieue gesuergt huet, wou eng ganz restriktiv Interpretatioun eigentlech vum Parquet gemaach ginn ass vun den Texter - ze wäit géif goen, dass et zwar emol kënnt Négligencë ginn, mä déi Négligencen däerften net zu enger strofrechtlecher Schold praktesch féieren.

Do kann ee gedeelter Meenung sinn. An eisen Aen ass deen Text hei korrekt par rapport zur Direktiv an à ce stade kann ee mat deem heiten Text d'accord sinn. Ech sinn awer nodréiglech och nach där Meenung, déi den Här Jeannot Krecké sengerzäit am Mee hei geäussert huet, dass een awer soll e Bilan zéien no enger Rei vu Joren, wat d'Applikatioun vun deem heiten neien Text ugeet, fir ze gesinn zu wat dass dat an der Praxis gefouert huet. Dat schéngt fir mech selbstverständlech ze sinn.

Wann dat do elo zu enger systematescher Négligence féiert a sämtleche Secteuren, da läit dee ganzen Text jo hei erëm op, an da muss ee selbstverständlech dohinner goen an déi strofrechtlech Bestëmmunge verschäerfen. A ce stade mengen ech soll een d'Bonne foi spille loosse fir déi professionell Secteuren. Et soll een hinnen eigentlech de Bénéfice du doute zouerkennen à ce stade, an et soll een hei soen: Loosse mer net direkt hei esou wäit zoudréinen a loosse mer effektiv verlaangen, dass en Dol spécial virläit, fir dass bei enger einfacher Netberücksichtegung vu verschiddenen administrative Prozeduren net iergendee Professionelle sollt a Schwieregkeete mat deem heiten Text kommen.

Et gëtt nach wie vor nach d'Méiglechkeet - dorop huet d'Kommissioun, wéi se den Amendement formuléiert huet, jo och higewisen -, dass dann an deenen eenzelnen Ordres professionnels zum Beispill disziplinaresch Strofe geholl gi géint déi Leit, déi Négligencegravë gemaach hunn. Et gëtt d'Méiglechkeet vun administrative Strofen. Et gëtt och nach déi, géif ech mengen, vun enger ziviler Responsabilitéit, déi sech kënnt stellen. Wat net besonnesch opgeworf ginn ass, mä et kënnt ee sech virstellen, dass eng Négligence awer zu engem Schued gefouert huet, an dass da selbstverständlech deejéinegen, deen de Responsabelen ass um deem Schued, och haftbar gemaach muss kënne ginn, och wann him strofrechtlech vläicht net kann nogewise ginn, dass e mat Absicht hei schlecht, net konform zum Gesetz gehandelt huet.

Sou dass mer also bei eiser Meenung bleiwe wéi am Mee. Mir bleiwe kritesch zu deem heiten Text, soen dat heite kann een esou akzeptéieren an enger éischter Phas; et muss awer e Bilan gezu ginn an zwee, dräi Joer an da komme mer op déi dote Fro zréck. An deem Sënn also kee Grond fir sech opzereegen. Mir bleiwe bei där Positioun, déi mer am Mee vun dësem Joer haten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le President.- Jo, Här Bettel?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ech wollt d'Fro stellen, ech hunn nämlech vu Bedenke geschwat. Dat ass dat grousst Wuert wat den Här Krecké zegmol a senger Ried hat. Haut hutt Der gesot, et misst ee just e Bilan zéien. Wou sinn dann Är Bedenken? Si keng méi do?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Also den Här Bettel kënnt aus senger Opreegung net méi eraus. Ech hoffen dat geet déi nächst fënnef Joer net esou an deem dote Rhythmus weider. Mir bleiwe bei eise Bedenken.

D'Bedenke sinn effektiv, dass et kënnt dozou féieren, dass ganz Deeler vun de Professionelle sech als négligent géife weisen, well se eventuell kënnen dovunner ausgoen, strofrechtlech geschitt der näischt an disziplinaresch an administrativ riskéiers de eigentlech och net ganz vill. Dat ass de Risiko, deen ee sécherlech mat engem Text huet, wann d'strofrechtlech Bestëmmungen net stramm sinn.

Mä, wéi gesot, et soll een hei net ganz Secteuren eigentlech an e schlecht Liicht brëngen. Mir ginn dovunner aus, dass déi Secteure gesond sinn, dass dat uerdentlech Professioneller sinn alleguerten. Mir ginn dovunner aus, dass se de Gesetzestext respektéieren, och wann net direkt eng ganz streng strofrechtlech Sanktioun drop läit, mä mir soen awer: Virsiicht, mir zéie Bilanen no zwee, dräi Joer. A wann et dann néideg ass, da musse mer den Text nach eng Kéier verschäerfen, an ech wär frou wann och d'DP kënnt mat op esou e Wee goen.

Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Bodry Merci fir seng Ausféierungen. Den nächste Riedner ass den Här Felix Braz.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll dem Rapporteur als éischt Merci soe fir säi Bericht, deen ech och an der Kommissioun gestëmmt hunn. Déi gréng Fraktioun huet sech bei der éischter Lecture vun deem Projet de loi an der Chamber hei enthalen, an do muss ech de Rapporteur an elo President korrigéieren, se wäert sech och haut bei deem Projet enthalen, well mer fannen, dass en Deel vun de Kritiken, déi mer virbruecht hunn am Mee, iwwert dat erausgaange sinn, wat mer haut am Wesentlechen diskutéieren, nämlech de Punkt vun deem «sciemment» oder net «sciemment».

Déi Gréng hu bedauert, dass den initiale Projet vun der Regierung herno mat den eenzelnen Etappen an deenen diskutéiert ginn ass zréckgestutzt, wann een esou ka soen, ginn ass op d'Mooss vun der Direktiv. Mir hunn et deemools bedauert. Mir géingen et och haut nach ëmmer begréissen, wann dee Courage, deen d'Regierung ufänglech hat, am Text bliwwe wier. Aus deene Grënn, mat deene mer eis am Mee beim Vote enthalen hunn, wëlle mer eis och haut enthalen, obwuel mer selbstverständlech d'Absichten an d'Finalitéite vun der Direktiv a vum Gesetz fir am Beräich vum Blanchiment a vum Finanzement vun Terrorismusaktiounen eis géinge wënsche méiglechst wäit ze goen. Och dat ass am Intérêt vun der Bankeplaz, wa se op deenen dote Froen e klore Profil huet, an e Profil huet, dee se éischter net attaquabel mécht.

Dat gesot, wëll ech awer och menge Kolleegen aus der Fraktioun Merci soen, dass se mer erlaben eng Divergenz, déi ech mat hinnen op engem Punkt an dem Projet hunn, hei ze artikuléieren. Ech hunn dat och an der Kommissioun gesot, dass ech perséinlech der Meenung sinn, dass de Punkt vum «sciemment» och a mengen Ae berechtegt ass. Ech hu perséinlech d'Meenung, dass am penale Beräich d'Intentioun soll nach ëmmer d'Haaptelement sinn, an ech sinn der Meenung, dass ee sollt probéieren esou mann wéi méiglech där Ausnahmen ze hunn, wou am penale Beräich ouni e Moment d'intention géinge Strofe verhaange ginn.

Ech perséinlech fannen och, wat deen dote Punkt ugeet - an ech soen dofir wéi gesot de Kolleegen nach eng Kéier Merci -, hätt een de Projet esou kënne stëmmen, mä aus deenen anere Grënn, déi mer och schonn am Mee genannt hunn, wäerte mer eis alleguerte bei dësem Vote haut nach eng Kéier enthalen.

Den Här Bodry huet op d'Provokatiounen hi vum Här Bettel e puer Saache gesot, déi ech och deelen. Dëse Projet ass mat dem Vote vun haut jo net ofgeschloss. Dëse Projet wäert, wéi anerer och, an den nächste Méint a Joren enger Analys an enger Bewäertung mussen zougefouert ginn. Et si jo och Berichter an där Matière verlaangt, déi Lëtzebuerg muss, wéi déi aner Länner och, a regelméissegen Ofständ ofginn. An ech sinn der Meenung, wéi den Här Bodry och, dass et net nëmmen dorëms geet ze kucken, ob net aus all penalem Vergehen elo op eemol Négligencë ginn. Dat ass dat eent.

En zweet Element gëtt et awer och, dat hutt Der net erwähnt, dofir maachen ech dat gären, dat ass dee Punkt: Déi Négligencen, déi avéréiert sinn, wéi eng Sanktioune kréien déi um administrativen Niveau respektiv um Niveau vun deenen Organer, déi bei de Professiounen zoustänneg sinn? An dat fannen ech ass ee Bilan geneesou wäert, well wann dann dat wat als Négligence ka bewäert ginn, an et gëtt där schlëmmer an et gëtt där manner schlëmmer, wann dat vun deene Corpsen, vun deenen Organer, vun deenen Administratiounen net seriö sanktionéiert gëtt, da musse mir als Parlament dofir suergen, dass op deem doten Niveau do dat wat als Négligence ka qualifizéiert ginn eng Strof muss kréien, déi awer och adequat ass.

Da bewege mer eis wuel net méi am penale Beräich, well et eben dee Moment d'intention net huet, mir bewegen eis awer nach ëmmer an engem Beräich, wou ee wierklech da muss sech Gedanke maachen, wëssend am Respekt vun der Autonomie…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat ass ganz schwéier.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech weess dat, Här Bodry, et muss een ëmmer am Respekt vun der Autonomie vun deene Corpsë bleiwen, mä et muss een awer trotzdeem och dee Bilan als Chamber kucken. Well wa mer sollte feststellen, dass d'Immunsystemer vun deene Professiounen net fonctionnéieren, dann hu mer och Argumenter, fir eventuell ze soen: Wann dat d'Realitéit ass, da musse mer als Parlament eventuell higoen an dann trotzdeem dee «sciemment» dee Moment sträichen, also net nëmmen d'Quantitéit vu Vergehen, déi an de Beräich vun der Négligence geschobe ginn, mä och d'Suite, déi d'Négligence bei deene Professiounen da kritt, soss loosse mer eis als Parlament och vun deenen eppes virmaachen. Dat ass net d'Absicht vum Text, soss riskéiert e wierklech Lettre morte ze ginn an dann, mengen ech, misste mer als Parlament, an ech hätt dann och perséinlech keng Bedenken do derfir, dee Moment d'Wuert «sciemment» sträichen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech soen och dem Här Braz Merci fir seng Ausféierungen. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, mir wëllen oft hei zu Lëtzebuerg méi helleg si wéi de Poopst. Dat hei, mengen ech, ass e Gesetzesvirschlag, deen dem gesonde Mënscheverstand entsprécht.

An allen anere Länner ass d'Direktiv op déiselwecht Aart a Weis applizéiert ginn an et besteet guer kee Grond, dass mir sollten hei zu Lëtzebuerg op eng Kéier higoen an alleguerten déi Leit, déi an der Aktivitéit sinn: vun Affekot, vun Notär, Immobilienhändler oder Bijoutier, oder wat et ass, elo penaliséieren a priori. Well deen Ablack, wou een d'Wuert vun dem «sciemment» aus dem Gesetzestext eraushëlt, ass et jo natierlech esou, dass jiddereen, deen iergendwéi e Client huet, dee Client muss betruechte wéi wann et e potenzielle Kriminelle wier, an deen Ablack all méiglech Enquêtë maache misst, déi en oft souguer selwer net ka maachen, well en net de Pouvoir de police huet. E kann net iwwerall fuersche goen, e kann also just nëmmen eng normal Diligence maachen.

Par contre ass et ganz evident, dass wann e Beweiser huet, Aussoe gemaach gi si virun him, an dass hie sciemment deen Ablack gesot huet: „Hei ass eppes, wat illegal ass, wat ech misst dénonciéieren an ech maachen et awer", dass en deen Ablack strofrechtlech belaangt gëtt. Ech mengen, dat ass evident. Mä dat anert ass ganz oft ganz schwéier erauszefannen, well de Client, dee virun engem steet, jo net iergendwéi ausgesäit oder Aussoe mécht, déi iergendwéi kënnten drop hindeiten, dass e kriminell oder terroristesch Aktioune géing maachen. An et gesäit een och, dass am Ausland d'Gesetzgebung an deemselwechte Sënn interpretéiert an och niddergeschriwwe ginn ass wéi elo hei zu Lëtzebuerg.

Dofir verstinn ech och déi Bedenken heiansdo net, déi verschidde Parteien, verschidde Fraktioune wëllen ubréngen, andeem se soen: „Mir mussen hei oppassen, ob mer d'Gesetz net sollen änneren." Ech mengen, wann d'Gesetz misst geännert ginn, wann et géing wierklech drop hiweisen, dass jiddereen hei elo géing ganz grave Négligencen duerchzéien, déi scho bal kriminelle Charakter hätten, da kéint een nach eng Kéier doriwwer diskutéieren, mä dat ass awer eng Méiglechkeet, eng Hypothees, wou d'Vergaangenheet bewisen huet, déi sech ni hei zu Lëtzebuerg erwisen huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Par contre muss ee soen a festhalen, dass justement aner Länner, déi oft op Lëtzebuerg mam Fanger weisen, dass just déi Länner déi sinn, déi déi meeschten Négligencë bei hire Professionellen hunn. Ass dat Amerika, wou Konte kënnen iwwer Fax opgemaach ginn, ouni dass se de Client gesinn hunn an d'Pabeiere kënnen esou gemaach ginn. Ass dat an England, wou datselwecht geet, a Frankräich, wou et grave Négligencë gëtt, und, und, und.

Ech mengen, do muss och dofir gesuergt ginn, dass mer deen Image, dee mer hunn, deen heiansdo a verschiddene Länner nach negativ ass, verbesseren. An do mussen d'Regierung an och d'Bankenassociatioun an all d'Professioneller, déi iergendwéi mam Bankesecteur ze dinn hunn oder mat internationalen Aktivitéiten, dofir suergen, dass deen Image do sech verbessert.

Mä et ass net doduerjer, dass een iwwerspaante Gesetzer oder Texter géing duerchbréngen, dass doduerjer iergendwéi eng Verbesserung géing kommen. Au contraire menge mir, dass deen Text, esou wéi e virläit, gutt ass, an dofir wäert den ADR och dës Kéier an zweeter Lecture dësen Text stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Justizminister, den Här Frieden, huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, léif Kolleegen, ech hunn déi Debatt hei nogelauschtert. Hei si keng nei Argumenter par rapport zu deene vum Mee vun dësem Joer komm, an dofir rapportéieren ech mech und dat wat ech am Mee an der Chamber zu dësem Projet gesot hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen elo zum zweete Vote constitutionnel iwwert de Projet de loi 5165. Den Text ass un all Deputéierte verdeelt ginn.

Second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5165 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen an 8 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: Mme Lydie Err;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

D'Madame Anne Brasseur huet d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, et wor och dës Kéier e Problem bei der Ofstëmmung a mir géingen dat gäre vérifiéieren, fir eventuell ze redresséieren.

M. le Président.- Mir wäerten dat kontrolléieren a mir wäerten d'Techniker emol op ons Maschinn setzen, fir ze kucke wat dann d'Schwieregkeete sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5236 iwwert d'Affektatioun vum Resultat vun de Konten aus dem Joer 2002. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Goerens, Fayot, Bausch a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

4. 5236 - Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2002

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert de Projet 5236 schléit d'Regierung der Chamber d'Verdeelung vun de Plus-valuë vum Exercice 2002 vir. Déi Plus-valuë belafe sech op 59,2 Milliounen Euro. Ech wëll kuerz drun erënneren, datt mer am Joer 2000, wou den Här Bausch gläich duerno wäert de Rapport vun de Konte maachen, nach 28,1 Milliarde Plus-valuen haten - 28,1 Milliarde Lëtzebuerger Frang -, wat ëmmerhin awer 700 Milliounen Euro ausgemaach huet.

(Interruption)

Da musse mer kucke wou mer eis eens gi mat dene Milliarden.

Den Exercice 2002 charakteriséiert sech duerch zwee Phenomeener: Éischtens ass et den zweeten Exercice, wou mer hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa eng relativ schwaach Croissance économique ze verzeechnen haten no deenen décke Croissancen, déi mer an de Joren '98, '99 a besonnesch am Joer 2000 haten, wou mer e wirtschaftleche Wuesstem vun 9% ze verzeechnen haten.

Déi 1,1% vum Joer 2002 leien also wäit ënnert deem wat mer an deene Jore virdrun hei konnte virbréngen. Dat war besonnesch bedéngt duerch den Abroch, dee mer an der neier Ekonomie ze verzeechnen haten, mat alle Konsequenzen, déi dat op d'Bourse an natierlech dann och op d'Finanzplaz Lëtzebuerg hat, wat sech besonnesch erëm bei eis op den Taxes d'abonnement zréckgeschloen huet; d'Taxes d'abonnement, déi op de Wäert vun den Avoirë vun den Investmentfonge berechent ginn. Déi Tax hat am Joer 2002 en Abroch oder e Minus vun 106 Milliounen Euro ze verzeechne par rapport zu deem wat am Budget virgesi war.

Zweete Phenomeen, deen dësen Exercice charakteriséiert, ass, datt et dat éischt Joer ass, datt déi zwou Steierreformen, fir d'éischt d'Steierreform 2000 wat de Barème ubelaangt, a besonnesch déi grouss Steierreform vun 2001, déi am Joer 2002 a Kraaft getrueden ass, sech eng Kéier voll net op d'gesamt Steierrecetten, awer besonnesch op d'Steiere vun de Léin a Gehälter niddergeschloen huet, an dofir hu mer jo och an deem Joer, et war ausgerechent ginn, datt mer e Minus an där Steier vu 14 Milliarden hätten, a Wierklechkeet hu mer awer nëmmen am Budget e Minus vu 27 Milliounen Euro ze verzeechnen, wat am Fong de Bewäis erbréngt, datt déi Steierreform awer eng grouss Influenz op eis Wirtschaft hat, datt nei Aarbechtsplazen kreéiert gi sinn an datt am Fong geholl deen Abroch an der Loun- a Gehältersteier net esou haart war, wéi dat virgesi war.

Wat déi aner Steieren ubelaangt, do muss een awer feststellen, datt nach ëmmer an der Kierperschaftssteier mer 113 Milliounen Euro méi erakritt hu wéi dat am Budget virgesi wor, well d'Steierreform sech eben eréischt méi spéit op d'Kierperschaftssteier mat engem Retard vun zwee bis dräi Joer nidderschloe wäert.

De Budget 2002 hat en Defizit vun 21,9 Milliounen Euro virgesinn. Finalement konnte mer feststellen, datt d'Konte mat engem Boni vun 59,2 Milliounen Euro ofschléissen. Dëse Boni ass besonnesch bedéngt doduerch, datt mer an de Recetten e Surplus haten, dee méi grouss ass wéi dat wat mer op der Dépensëséit méi erausginn hunn.

An de Recettes ordinaires hu mer e Plus vun 214,2 Milliounen ze verzeechnen. Ech hu scho gesot, datt mer 113 Milliounen weider an de Kierperschaftssteieren erakritt hunn, datt mer awer och besonnesch 120 Milliounen Euro weider an der Verméigenssteier an 81 Milliounen Euro weider bei der Ëmverdeelung vun de gemeinsame Recetten, déi mer an der Union économique belgo-luxembourgeoise encaisséieren, erakritt hunn.

Op där anerer Säit hate mer awer och 141 Millioune weider Dépensen. Dës Méiausgabe sinn awer net an de Fonctionnement vum Stat getätegt ginn, mä mer fanne se besonnesch an den Acquisitioune vu Gebaier oder an de Versementer, déi an d'Fonge gefloss sinn, erëm.

De Budgetsminister schléit also vir, fir déi Plus-valuë vun 59 Millioune folgendermoossen ze verdeelen:

20 Milliounen an de Fonds pour l'Emploi, fir der Regierung am Fong geholl méi eng Marge de manoeuvre ze ginn, fir a schwieregen Zäiten, wou de Chômage wiisst, déi Leit weider kënnen ze indemniséieren, déi keng Schaff méi hunn.

Doniewent si 17 Millioune virgesi fir de Fonds de Financement des infrastructures sociofamiliales; also Infrastrukturen, déi am Interesse vum drëtten Alter réaliséiert ginn, wou mer de Mëtteg jo zwee Projeten hei virleien haten, fir déi och weider kënnen ze finanzéieren.

10 Millioune si fir de Fonds de Coopération virgesinn.

9 Millioune fir de Fonds du Rail an 3 Millioune fir d'Restauratioun vun historesche Monumenter.

De Conseil d'État huet am Fong geholl keng wesentlech Remarque zu dësem Projet ze maachen. Hien ernimmt besonnesch, datt am Fong geholl d'Recettë vum Budget sech ëmmer méi der Wierklechkeet upassen, an d'Kommissioun huet dat selbstverständlech och begréisst.

D'Commission des Finances et du Budget huet de Rapport, deen nach vum Här Wiseler gemaach ginn ass, ier en an d'Regierung komm ass, mehrheetlech ugeholl a si proposéiert der Chamber dëse Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit, an ech géing och domat den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Haupert Merci fir seng Ausféierungen. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Charel Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt villes ze soen iwwert den Exercice 2002. Ech schécken direkt viraus, datt meng Fraktioun dee Projet hei wäert stëmmen. Mir sinn och direkt mat responsabel fir d'Exekutioun vun deem Budget.

Wéi gesot, et gëtt villes ze soen iwwert deen Exercice. Et ass dee wou d'Steierreform ugefaangen huet ze gräifen. Et ass och deen dee charakteriséiert ass duerch e ganz dramatesche Réckgank an der Croissance économique. Ëmsou méi erstaunlech ass et, datt awer nach à la fin du compte e Solde positif komm ass, iwwert deem seng Affektatioun mir och keng Problemer haten, soss hätte mer eisen Accord deemools net ginn an der Regierung, a mer och kee Problem hunn après coup fir deen ze approuvéieren.

Dat meescht huet de Rapporteur gesot. Et kéint een och laang iwwert d'Steierreform épiloguéieren oder iwwert déi Kassandrariff, déi deem Budget an deem Exercice do virausgaang sinn, mä mir wëlle jo wahrscheinlech hei keng virgezunne Budgetsdebatt maachen, dofir kréie mer an engem Mount Zäit. Dofir nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun a Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Deen nächste Riedner ass den honorabelen Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President.

No deene prägnanten Ausféierunge vun eisem Rapporteur an deene prezisen Explikatioune wëll ech just eng Remarque maachen. Mir stëmme jo eigentlech hei net e Rapport, mir stëmmen e Gesetz. Mir stëmmen also en Text vun engem Gesetz an an deem Gesetz ginn 59 Milliounen affektéiert un déi verschidde Fongen. Am Rapport gëtt gesot, dass déi Ausféierung vum Budget vun 2002, dee jo mat engem Iwwerschoss entgéint der Viraussiicht ofgeschloss huet, témoignéiere géif «de la rigueur de l'exécution budgétaire». Dir erlaabt, dass mer déi Rigueur net gesinn an där Ausféierung vum Budget vun 2002.

Et gëtt dann och gesot, dass déi Affektatioun vun de Plus-valuen un déi verschidde Fonge géif geschéien no de Priorités d'action vun der Majorité politique. Ech constatéiere just, dass déi Suen op folgend Manéier affektéiert ginn:

- 20 Milliounen an de Fonds de l'Emploi, dat ass natierlech eng weis Mesure wann ee gesäit, dass en Abroch an der Ekonomie vun 9 op 1,1% ass an dass een also Chômage virauszegesinn huet; et ass also net eng Priorité politique vun der deemoleger Majoritéit, mä et ass einfach e Fait, deem een ze begéinen huet;

- 10 Milliounen an de Fonds de la Coopération du Développement, dat ass eng laangjähreg mëttelfristeg Aktioun vun alle Regierungen, déi eben drop aus ware fir en héije Prozentsaz bis 0,8 respektiv 1% an d'Kooperatioun ze stiechen;

- 17 Milliounen an de Fonds fir Infrastructures sociofamilliales, also fir den Drëtten Alter; dat sinn déi Suen, déi gebraucht gi si fir dat, wat mer de Mëtteg alleguerten hei matgestëmmt hunn a wou mer wëssen, dass et och noutwendeg ass.

Also, ech mengen, eng Majoritéit kann dat am Rapport kommentéieren, wéi se e Budget ausgefouert huet, mä Dir erlaabt, dass mer ons deene Commentairen net uschléissen. Mir schléissen ons awer dem Projet de loi un, well mer och d'accord sinn, dass een déi Suen esou an d'Fonge gestach huet an dass dat sech aus där Situatioun erginn huet.

Dofir wäerte mir dëse Projet stëmmen, wéi gesot de Projet, mä net de Rapport. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech sinn e bëssen erstaunt doriwwer, dass mäi Virriedner, deen zu Recht hei drop higewisen huet, dass hei e gudden Deel vu Sue vun deene Plus-valuen affektéiert ginn en fonction vun de Priorités vun der Majorité politique tëschent 1999 an 2004, keng Problemer huet, fir dofir de Projet ze stëmmen. Mir hunn nämlech déi Problemer, well mer natierlech hei mat enger ganzer Rei Prioritéite vun der Majorité politique tëschent 1999 an 2004 net averstane waren, do hu mer hei och dogéint gestëmmt an dëser Chamber.

An aus deem Grond eraus, Här President, ass et och fir eis evident, dass mir dëst Gesetz net wäerte stëmmen, well soss géinge mer eis jo au contraire setzen zu där Logik, déi mer eis ginn hate bei all deene Projeten, déi iwwert déi Suen hei wäerten an deenen nächste Jore finanzéiert ginn. Och wann et der sinn, déi déi nächst Joren eréischt realiséiert ginn, si se décidéiert ginn an der leschter Legislaturperiod - deelweis sinn der zwar och derbäi, déi scho virdrun décidéiert gi sinn.

Et ass fir eis op alle Fall kloer, vu dass mir all déi Projeten do net matgedroen hunn, dass mer och déi Affektatioun an deem Sënn net wäerte stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet haut iwwert d'Verdeele vun de Plus-valuen iwwert de Kont vun 2002 ass am Fong deen éischten, dee mer hunn no deem ekonomeschen Abroch an nodeem dass d'Steierreform, déi mer 2000/2001 gemaach hunn, voll gegraff huet, an déi zwou Saachen zesummen hunn natierlech och en Afloss op d'Resultat vun deem Exercice.

Mir kënnen haut hei Plus-valuen an der Héicht vun 59 Milliounen Euro verdeelen a wann een déi Jore virdru kuckt, 1999 hu mer 433 Milliounen Euro verdeelt, 2000 672 Milliounen, wat ëmmerhin 28 Milliarden aler Frang waren, an 2001 nach 152,4 Milliounen Euro, da muss een haut soen, dass deemools d'Oppositioun ëmmer bei de Konten der Majoritéit de Reproche gemaach huet, dass se de Budget, d'Recetten- an d'Dépensëséit, falsch ageschat huet, well de Budget jo ni déi Plus-valuen ausgewisen huet an herno bei de Konte ware se do.

Haut si mer an der Situatioun, dass mer déi Plus-valuen net méi hunn, an et wäert och an deenen nächste Jore méi schwéier ginn, fir op eise Budgete Plus-valuen ze kréien, well eis Budgeten ëmmer méi no bei d'Realitéit kommen, a mer wäerten dat méi am Detail an e puer Wochen hei am Kader vun de Budgetsdebatten diskutéieren.

Wat mer ebe méi no bei d'Realitéit kommen, well engersäits Retarden opgeschafft sinn déi ausstoungen an op där anerer Säit d'Steierverwaltung méi séier ofrechent an och d'Avancen, déi d'Betriber musse bezuelen, gehéicht gi sinn, wéi eis dëser Deeg an der Finanzkommissioun matgedeelt ginn ass. Sou dass een also kann an Zukunft dovun ausgoen, dass de Budget méi no bei der Realitéit ass an dass mer eis domat mussen offannen, dass mer keng Plus-valuen oder minimal Plus-valuë wäerten erreechen, wa mer et iwwerhaapt fäerdeg bréngen de Budget och an deenen nächste Joren an den Equiliber ze bréngen.

D'Fonge wäerten an deenen nächsten zwee bis dräi Joer, wann den Investitiounsprogramm sou géif realiséiert gi wéi e geplangt ass, relativ op de Schlusspunkt kommen, op Null erofgoen, quitte dass mer do dernieft nach mussen Emprunten ophuelen.

Iwwer eng Verdeelung vu Plus-valuë kann een ëmmer diskutéieren, an esou war et och an de vergaangene Joren, dass déi eng oder déi aner Fraktiounen, virun allem ob se an der Majoritéit oder an der Oppositioun waren, dat aus enger anerer Optik gekuckt hunn, wéi déi Plus-valuë géife verdeelt ginn.

Mir hunn zum Beispill gesot - an ech mengen déi Gréng Kolleegen hunn dat och ëmmer gemaach -, dass net genuch Suen an de Fonds du Rail géife goen, an haut wësse mer jo och mat deenen enorme Chifferen, déi mer an de Projeten, déi nach kuerz virun dem Schluss vun der leschter Legislaturperiod hei gestëmmt si ginn, wou mer, mengen ech, fir insgesamt a Frangen ausgerechent 50 Milliarde Projete fir Infrastrukturen an déi Richtung gestëmmt hunn, dass mer déi net an de Fongen hunn, nëmmen zu engem klengen

Deel, an dass mer iwwer aner Finanzéierungsméiglechkeeten an deenen nächste Joren déi Investitioune wäerte misse finanzéieren.

Mir hunn och zum Beispill ëmmer dovu geschwat, dass ee kéint vun engem Fong iwwer Rente schwätzen, mer wëssen awer, dass d'Rentekeesen aus dem Privatsecteur esou héich Reserven hunn, dass souguer aner Leit Gloscht a Loscht drop kréie periodesch un déi Reserven ze goen. Wann de Stat net méi genuch Suen huet, kéint een zum Beispill soen, et kéint een och e Fong maache fir de Forfait d'éducation ze finanzéieren.

En anere Fong, deen een hätt scho vläicht kéinten éischter maachen, wou et awer elo ze spéit ass fir en ze maachen, dat ass e Fong iwwert d'Nofolgekäschte vun enger ganzer Rei vu grousse Projeten, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, realiséiert hunn oder amgaange sinn ze realiséieren an déi am Laf vun dësem oder vum nächste Joer ufänken; ech denken do un d'Philharmonie, un d'Coque-Hal, de Pei-Musée oder d'Rockhal, wou mer sécherlech wäerte grouss Nofolgekäschte kréien a wou mer och wäerte Problemer kréien, fir déi iwwer eise Budget kënnen ze finanzéieren. Mä et huet kee Wäert, dass een iwwer esou Fonge schwätzt, well einfach och elo déi Suen net do si fir esou Fongen ze maachen, mä d'Nofolgekäschte vun deene Projete wäerten eis schonn an deem nächste Joer um Budget schwéier ze schafe maachen.

Mir wäerten, wéi och an deene vergaangene Joren, dem Gesetz hei vun der Verdeelung vun de Plusvaluen net zoustëmmen. Mir sinn net an där Situatioun wéi meng zwee Virriedner, de Kolleeg Fayot an den Här Goerens, wou den Här Fayot respektiv d'Sozialisten och erëm an der Oppositioun am Fong géint dat Gesetz gestëmmt hunn. Bon, si sinn elo an der Majoritéit an elo musse se, obschonn de Rapport nach zu Oppositiounszäite gestëmmt ginn ass, dergéint stëmmen. An d'Kolleege vun der DP brauchen och nach eng Period bis se kënnen dergéint stëmmen - oder nach zwou, well och nach de Budget vun de Plus-valuen vun 2003, wann der kommen, musse se och nach eng Kéier matstëmmen - an da kréie se dann och eréischt d'Kéier fir kënne mat Neen ze stëmmen.

(Interruptions)

Dat ass nun eemol am politesche Spill esou, wann een d'Bänke wiesselt. Mir hu se net gewiesselt a kënnen duerfir eiser Ligne…

(Interruption)

…an déi Gréng…

(Interruption)

Mir si vun enger Säit op déi aner geréckelt, mä politesch, an der Oppositioun, hu mir se net gewiesselt, an duerfir kënne mir och eiser Ligne trei bleiwen a géint dëse Projet stëmmen.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Et wollt keen lech mat an d'Regierung huelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma anscheinend lech och net, Madame Brasseur.

(Hilarité)

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Mä mir waren awer schonn dran, am Contraire zu lech.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss, mat Ausnahm, dass d'Regierung nach net Stellung geholl huet. Ech géif den Här Budgetsminister bieden zu deem heite Projet elo Stellung ze huelen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dräi Remarquen zu dësem Projet maachen, a vläicht domat och dee Projet, deen duerno hei diskutéiert gëtt, op d'mannst wat dat Prozeduraalt ubelaangt, mat traitéieren.

Déi éischt Remarque, dat ass eng fir ze soen, datt wann dee Projet hei anescht ausgeséich, dat heescht wann de Budget, de Kont anescht ausgesinn hätt a mir hätten e groussen Defizit an deem Joer gemaach, dann hätt ech gäre gesinn déi Debatten, déi mir dann am Parlament geféiert hätten, da bräichte mer nämlech iwwerhaapt keng Debatt am Parlament iwwert d'Affektatioun vu Plus-valuen ze féieren; an ech soen dat virun allem dem Fraktiounspresident vun der LSAP, deem ech hei wëll an d'Buch schreiwen, fir ze soen, datt wann e Budget, e Kont en Iwwerschoss huet, dann ass dat schonn d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss schléisst de Budget of mat engem Defizit. An duerfir, déi Sätz, déi den Här Fayot hei gesot huet, déi liesen ech lech déi nächst 5 Joer all Joer vir.

Egal op wat fir enger Bänk ee sëtzt, wann e Budget, an dorobber si mir stolz als Regierung, och wann dat déi viregt Regierung war, dat gëllt nämlech fir all Regierung, wann e Budget, e Kont ofschléisst mat engem Iwwerschoss, dann ass dat d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss hätt ee méi Suen ausgi wéi déi, déi rakomm sinn. An dat reflektéiert och politesch Prioritéiten, wa mir hei déi Suen affektéieren, well alles wou een déi Suen hisetzt an déi Fongen ass fir domadder gewësse Projeten ze realiséieren, an duerfir ass dat schonn e Reflet vu politesche Prioritéiten.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, mir solle frou doriwwer sinn, datt mir de Kont 2002 mat engem Iwwerschoss konnten ofschléissen, an datt mir heimadder kënnen eng Rei Politikberäicher maachen, déi, mengen ech, heibannen iwwert d'Fraktiounsgesetz eraus net zu Contestatioune féieren.

Dat Zweet ass eng Observatioun iwwert de Kont vum Joer 2003, well och deen huet mat engem Iwwerschoss ofgeschloss, entgéint den Erwaardungen. Fir lech also ze soen, datt all déi Exercicë mat engem Iwwerschoss ofgeschloss hunn, trotz enger méi schwiereger ekonomescher Situatioun, op déi hei e puer Riedner agaange sinn. An och dat schéngt mir wichteg an och déi Sue musse mir affektéieren.

Den Iwwerschoss vum Joer 2003 beleeft sech op 79 Milliounen Euro an d'Regierung wäert der Chamber do proposéieren, 40 Milliounen Euro an de Fonds pour l'Emploi ze setzen an 39 Milliounen Euro an de Fonds de la Dette publique, well mir wëssen, datt mir virun allem d'nächst Joer erëm eng Kéier mussen e grousst Stéck vun deenen Obligations linéaires, deene berühmten OLUXen, déi viru Joren opgeholl gi sinn, rembourséieren. Duerfir ass et noutwenneg an duerfir wäert d'Regierung, well ee jo net wëllt an engem Budget en ze vill groussen Depensëpunkt hunn, den Excédent vun de Recettë vum Joer 2003 - Gott sei Dank hu mir och do en Excédent -, déi Affektatiounen un de Fonds pour l'Emploi an de Fonds de la Dette maachen.

Déi drëtt a lescht Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass eng vun der Prozedur. Ech halen hei nach eng Kéier drop ze soen an der Chamber, datt déi Prozedur, déi mir hei ageféiert hunn an der leschter Legislaturperiod, eng ass, déi a mengen Aen, an den Ae vun der Regierung net zefriddestellend ass. Se kënnt un engem Moment, dee laang duerno ass vun der Realitéit a se forcéiert d'Regierung, nodeem d'Chamber dat heiten décidéiert huet, dann erëm eng Kéier de Kont ze änneren, well et ass esou, wann Dir haut d'Autorisatioun gitt, fir déi Suen do esou ze affektéieren, da musse mir mar ufänken de Kont vum Joer 2002 ofzeänneren, fir datt deen da kann an d'Chamber kommen an déi Suen do affektéiert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech menge wierklech, datt mat Ausnahm vun eis heibanne kee Mënsch dobausse versteet, wat mir do amgaange sinn ze maachen, well dat einfach ze komplizéiert ass.

Ech wëll och nach eng Kéier d'Chamber drop hiweisen, ech hu gären all demokrateschen Débat an all parlamentareschen Débat, am Fong ass dat hei en Dépassement vun engem Kredit. Am Fong ass et ganz eleng an der Kompetenz vum Budgetsminister, fir en Dépassement de crédit ze maachen an déi Suen op déi Plazen ze iwwerweisen. Elo sinn ech d'accord, well déi Sommë grouss waren, datt een dofir an d'Chamber kënnt. Ech géing awer gären an der Finanzkommissioun oder am Plenum nach eng Kéier driwwer diskutéieren, ob déi Prozedur, déi mir virun 2 bis 3 Joer ageféiert hunn an duerfir e separat Gesetz ze maachen, wierklech eng gutt Prozedur ass. Also et kënnt ee sech och virstellen, datt een d'Affektatioun an engem Budgetsgesetz géing virgesinn.

Mir hu viru kuerzem e Budget déposéiert. Ech wollt dat dëst Joer net maachen, well ech gären énnerstallt kritt hätt, datt ech dat géing am Budgetsgesetz mat drënner setzen, datt keen et géing mierken. Ech si frou, wa mir iwwer en Excédent diskutéieren, ech mengen, dat ass d'Resultat vun enger Politik, mä trotzdeem ass d'Prozedur iwwerméisseg komplizéiert, et dauert laang an déi, déi eis observéieren, nämlech déi, déi mir vertrieden hei an dësem Parlament, déi kréien net mat wat mir hei maachen, well dat déphaséiert ass. Mir stëmmen haut de Kont vun 2000, mir stëmmen d'Plus-valuë vun 2002, da musse mir nach eng Kéier zréckkomme mam Kont 2002, c'est très compliqué. Duerfir wär ech dankbar, wann d'Chamber, d'Finanzkommissioun en premier lieu, nach eng Kéier géing doriwwer mat eis eng Diskussioun féieren, wéi mir dat kënnen an Zukunft besser maachen.

Fir haut sinn ech frou, wann d'Chamber géing dës Affektatiounen esou stëmmen, fir datt mir kënnen déi Suen, déi mir an der Trésorerie hunn, un déi Fongen affektéieren an de Kont 2002 fäerdeg maachen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Chamber huet Äre Message héieren. Ech huelen och un d'Finanzkommissioun, Äre President, deen hei ass. Ech géif proposéieren, datt d'Finanzkommissioun doriwwer délibéréiert an der Regierung da matdeelt, wat hir definitiv Positioun ass.

Voilà, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet de loi, deen eis virläit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5236 ass ugeholl mat 45 Jo-, 12 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Patrick Santer), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par Mme Lydie Err), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut de Mëtten, et ass dat d'Diskussioun vum Projet de loi 4938 iwwert d'Konte vum Exercice 2000. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Haupert, Grethen, Fayot, Bausch a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorable François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

5. 4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt dräi gutt Grënn, firwat mir an Zukunft net méi op déi do Aart a Weis d'Konte wäerten diskutéieren, wéi dat haut de Fall ass, et geet hei ëm den Exercice 2000, an déi dräi Grënn si folgend:

Dat Éischt ass, et ass dee leschte Budget, deen an ale Lëtzebuerger Frang libelléiert war.

Dat Zweet ass, et ass och déi leschte Kéier wou e Budget exekutéiert ginn ass laut de Regele vum ale Kontabilitéitsgesetz. Dir wësst, am Artikel 99 vum neie Kontabilitéitsgesetz ass et eng Iwwergangsbestëmmung ginn, déi gesot huet, datt bis den 1. Januar 2001 nach alles soll funktionéieren no den ale Regelen, bis datt déi nei Institutiounen, virun allem natierlech de Contrôle financier, en place wären. An et ass och esou gewiescht, datt jo eng Reform gemaach ginn ass vun der Chambre des Comptes, déi ëmgewandelt ginn ass an eng Cour des Comptes, an och déi huet eng Ëmstellungsphas gebraucht an huet duerfir fir den Exercice 2000 nach eigentlech de Rôle ageholl, wat d'Exekutioun oder de Contrôle vun der Exekutioun vum Budget ubelaangt vun där aler Chambre des Comptes. Dat heescht, si huet haaptsächlech d'Visae vun den Ordonnances de paiement kontrolléiert.

Deen drëtte Grond, Här President, ass schonn de Mëtteg hei ugesprach ginn, dat ass, datt mir d'Joer 2000 ofgeschloss hu mat engem enormen Excédent budgétaire op der Recettësäit. Ech wëll mech och entschëllegen, Här Haupert, mir haten eis e bësse falsch verstane virdrun, ech hunn den Excédent vun de Recettë verstan an Dir hutt d'Plus-valuen, insgesamt d'Nettoresultat gemengt. Dir hutt natierlech Recht, mä ech hunn och Recht, well ech mech verstanen hunn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Also et ass wéi gesot déi leschte Kéier, op alle Fall bis op weideres, wou mer wahrscheinlech e Budgetsjoer konnten ofschléisse mat esou engem wahnsinneg héijen Excédent bei de Recetten. Ech wëll elo net am Detail op all déi Zuelen agoen, déi fannt Der jo am Rapport. Ech wëll och duerfir nëmmen déi eraushuelen, déi wichteg sinn, an dat ass nun eemol op der Recettësäit, well do d'Zuelen, d'Gesamtzuele staark variéiere par rapport zu deem wat am Budget definitiv festgeschriwwe war.

Mir hu bei de Recettes ordinaires een Excédent gehat vun 18,8% oder ëmgerechent 35.085.238.000 al Lëtzebuerger Frang, an am Budget extraordinaire en Excédent och vun 18,40%, wat 27.611.863 al Lëtzebuerger Frang ausgemaach huet. De Gros also kënnt bei deene Recettes extraordinaires oder supplémentaires. Déi si méi héich ausgefall natierlech duerch d'Recettes ordinaires an natierlech haaptsächlech um Niveau vun den direkten an den indirekte Steieren.

Bei den direkte Steieren hu mer iwwer 9 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang méi Recettë gehat a bei den indirekte Steiere bal 18 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Bei de Recettes extraordinaires resultéiert dee Supplément eigentlech op engem Produit de vente vu verschidde Gebaier, wou mer méi erakritt hu wéi dat geschätzt gi war an am Budget agedroe gi war.

Um Niveau vun der Dépensësäit - ech mengen op d'Recettësäit an déi héich Plus-valuen, déi mer gemaach hunn, kommen ech zum Schluss nach eng Kéier zréck bei eng vun de Kritiken, déi d'Kommissioun och festgehalen huet am Rapport. Déi baséiert och op enger Kritik, déi de Conseil d'État schonn 1996 gemaach huet, duerfir kommen ech dorobber zum Schluss nach eng Kéier ze schwätzen. Ech wëll fir d'éischt iwwert d'Dépensë schwätzen a virun allem natierlech déi Saachen eraussträichen, déi och e gréissere Stellewäert hunn.

Dir wësst et, de Contrôle financier interne huet nach net funktionéiert an, wéi gesot, d'Cour des Comptes huet d'Ordonnance des paiements, de Visa gemaach, dat heescht déi Liquidatioune kontrolléiert. Dat waren der 194.911 am Cours vum Exercice 2000. Bei 3.898 Stéck sinn Observatioune gemaach gi vun der Cour. Et ass awer esou, datt et sech bei deenen Haaptdéfaillancen, déi do festgestallt gi sinn, bei der absoluter, gréisster Unzuel vun deenen Observatiounen éischter ëm Erreurs matérielles gehandelt huet, déi duerno redresséiert gi sinn, dat heescht, déi eigentlech och net Ulass ginn zu gréissere politesche Kommentaren.

Et ass och esou, datt eng ganz Rei Ordonnance-de-paiementen eréischt no der Clôture vum Exercice, dat heescht nom 15. Mee 2001 virgeholl gi sinn, wat och ze kritiséieren ass. Dat waren der 2.410 un der Zuel, respektiv 165 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Virun allem ass och festzestellen, datt par rapport zu deenen Exercicë virdrun do d'Unzuel vun deene Clôturen, vun deenen Ordonnances de paiement staark zougeholl huet, dat heescht datt déi 49,56% an der Zuel zougeholl huet a virun allem och wat de Chiffer vun den Dépenses liquidées ubelaangt ëm 74,79% gestigen ass.

Speziell Bemierkunge muss ee maachen zu enger ganzer Rei Punkten. Deen éischten ass e leidegen, dee kenne mer, fir déi, déi scho méi laang an dëser Chamber sinn, zënter datt se an där Chamber hei sinn. Dat betrëfft d'Marchés-publics-Gesetz, dat op verschidden Niveauen net agehale

gëtt, speziell natierlech datt an der grousser Zomm op Marchés de gré à gré zréckgegraff gëtt, déi dann eréischt ex post vum Conseil de Gouvernement regulariséiert oder autoriséiert gi sinn, wat natierlech total contraire zum Gesetz ass.

An och do ass festzestellen, datt dat net nëmmen e leidege Problem ass, dee mer schonn zënter laangem kennen, mä datt deen an der Zuel och immens zougeholl huet. Zum Beispill wëll ech lech just drop hiweisen: 41 Stéck waren et nach 1999 an am Exercice 2000 sinn et der 75. Dat ass wierklech substanziell ëm wéi vill déi Autorisatioune fir Marchés de gré à gré ze maachen, déi ex post eréischt vum Conseil de Gouvernement geholl ginn, zougeholl hunn, an dat ass natierlech eng Situatioun, déi intolerabel ass. Et muss een awer derbäi soen, datt mer an der Budgetskontrollkommissioun an deene leschte Joren duerno bei eenzelne Spezialrapporte vun der Cour des Comptes och am Detail schonn doriwwer diskutéiert hunn an do och Besserung versprach kritt hunn.

Da kommen e puer eenzel Saachen, déi erausgestrach ginn. Déi Éischt betrëfft de Ministère de la Défense. Do sinn zwou Décisioune vum Conseil de Gouvernement geholl ginn, och ex post, fir Achaten ze regulariséieren, déi engersäits „vêtements de sport“ betraff hunn, an enger Héicht vun 886.750 ale Lëtzebuerger Frang - mat deenen ale Lëtzebuerger Frangen an Euroe kënnt een awer nach ëmmer duercherneen.

An dat Zweet ass e Material fir Kraafttrainingsmaschinnen, och an der Héicht vun 466.072 Frang, an do ass et esou, datt déi Argumentatioun, déi do ugefrot ginn ass vum Ministère de la Défense, nämlech datt eng gewëssen Urgence bestanen hätt, fir dat do Material ze kafen, an och datt dat eng gewësse Spezifissitéit hätt, natierlech net ka gëlle gelooss ginn, an d'Kommissioun ralliéiert sech och op déi Kritiken, déi do gemaach gi sinn.

Da kënnt e Poste vum Ministère de l'Éducation. Do ass e Marché de gré à gré mat méi Fournisseure gläichzäiteg ofgeschloss ginn, fir informatescht Material ze kafen an der Héicht vun 99.500.000 aler Lëtzebuerger Frang. Och do war d'Motivatioun, engersäits hätt eng gewëssen Urgence bestan an et wier och drëms gaange fir eng gewëssen Homogenitéit ze kréie bei deem Optrag, deen do vergi ginn ass, d'Giddergesetz. Och do seet d'Cour, datt déi Argumentatiounen net justifiéiert sinn, a si verweist dorop, datt och dee Ministère sech an Zukunft misst un d'Spill vun der Konkurrenz um Marché halen an do en anere Wee aschloe misst. An et ass och ze soen hei, deen éischte Ministère sougutt wéi deen heiten hu versprach, sech an Zukunft dorunner ze halen.

Da kënnt e Problem, deen den Ausseministère betrëfft. Do geet et ëm de Paiement vun Assurancëprimen, wou d'Cour des Comptes der Meenung ass, datt de Stat fir Mobilier, deen en huet, och am Ausland, eigentlech säin eegenen Assureur muss sinn, an datt se eigentlech a Fro stellt, ob dat legal ass, datt do privat Prime-d'assurancen ofgeschloss ginn. An da seet se, zumindest wann Assurances multirisque ofgeschloss ginn, fir Ambassaden zum Beispill am Ausland, fir Mobilier an Ambassaden am Ausland, datt déi nëmmen dierften dee Mobilier couvréieren, deen och wierklech dem Stat gehéiert, an net de perséinleche Mobilier vum Chef de poste.

Da kënnt dee Punkt vum Centre pénitentiaire. Do geet et ëm d'Bestellung vu Liewensmëttel, déi natierlech nëmmen eng gewësse Liewensdauer hunn, dat heescht, séier verfalen, an déi um Datum wou Alimentairë bestallt gi sinn, do wou de Seuil natierlech och e puermol iwwerschratt ginn ass, wou hätt missen e Marché public gemaach ginn, a wou an deem heite Fall den zoustännege Ministère argumentéiert, datt, well et eben hei sech ëm Liewensmëttel handelt, déi relativ séier verfalen, eng gewëssen Urgence do war an duerfir ee sech net ëmmer kënnt un d'Marché-publics-Gesetz halen. Do ass en Accord fonnt ginn tëschent der Cour des Comptes an deem zoustännege Ministère, datt natierlech dat kéint gemaach ginn, mä awer datt dee Seuil vun 100.000 Lëtzebuerger Frang misst agehale ginn, an et ass och gutt versprach gi vun deem Ministère fir an Zukunft sech dorunner ze halen.

Da kënnt ee Poste vum Ministère de la Promotion féminine, wou et drëms gaangen ass, eng Publicitéitscampagne ze maache fir d'Promotioun vun Action-positiven ze maachen, dorop hinzeweisen, datt een där soll maachen a wat fir eng Méiglechkeeten datt een do huet. Och do ass e Marché de gré à gré ofgeschloss gi mat enger Lëtzebuerger Agence de publicité an der Héicht vun 1.426.000 al Lëtzebuerger Frangen, an do ass d'Motivatioun och net akzeptéiert gi vun där Cour, well d'Motivatioun war déi, datt et sech hei géing ëm en Objet artistique handelen an duerfir kënnt een duerchweegs hei op de Marché de gré à gré zréckgräifen. D'Cour huet dat eiser Meenung no zu Recht awer esou gesinn, datt déi Motivatioun „artistique“, loosse mer emol esou soen, déi do ugewannt ginn ass, hei net kann ugewannt ginn. An och dee Ministère huet versprach, an Zukunft dann aneschters ze handeln.

Da kënnt een deen de Centre universitaire betrëfft. Dat ass e bësse méi eng problematesch Geschicht. Do geet et ëm e Montant vun 23.573.000 aler Lëtzebuerger Frangen. Et geet hei ëm eng Konventioun, déi „avec des établissements d'enseignement supérieur dans l'intérêt de l'exécution de projets pédagogiques“ ofgeschloss ginn ass. Dat betrëfft de ganzen Article budgétaire 03.033.011 vum Budget vun deem Joer. Wat virun allem do ze kritiséieren ass, dat ass datt d'Pièce-justificativë gefeelt hu beim Ofschloss an datt hei awer festgestallt ginn ass, datt trotz engem Rappel, also engem Bréif, deen d'Cour geschéckt huet un de Ministère, weder eng Äntwert op de Bréif komm ass nach d'Pièce-justificativen nogeliwwert gi sinn.

Dat ass eppes wat sécherlech méi wéi critiquable ass, an do misst ee vläicht kucken, och elo wann een iwwert d'Konte vun deene Joren duerno diskutéiert, ob een net nach eng Kéier dorobber kënnt zréckkommen, fir ze kucke wéi dat déi Joren duerno weidergaangen ass.

Da kënnt ee Problem, deen de Stroossebau betrëfft. De Stroossebau gëtt sécherlech an der Budgetkontrollkommissioun e gréisseren Objet vun Diskussiounen an deenen nächste Joren. Hei ass sou ee Beispill, wéi mer der wahrscheinlech nach vill wäerte kréien an deenen nächste Joren. Et geet hei ëm eng Association momentanée, déi 1991 gegrënnt ginn ass fir de Stroossenéchangeur zu Esch ze bauen, nämlech deen Echangeur, dee vun Diddeleng op Esch geet.

Do war e Budgetsmontant virgesinn, e Kredit virgesi vun 311 Milliounen aler Lëtzebuerger Frangen, respektiv 311.149.102 aler Lëtzebuerger Frangen. Zu där Association momentanée, zu där Konventioun do sinn 10 Avenanten duerno nach ofgeschloss ginn tëschen 1991 an 2000, an de Käschtepunkt vun deem Echangeur huet sech ëm iwwer 200 Milliounen erhéicht, fir dann herno op en Total ze komme vu 536.130.178 aler Lëtzebuerger Frangen, wat en Dépassant ausmécht vu 60% vum Käschtepunkt, dee virgesi war. Woubäi dann nach ze soen ass, dass heivunner 72 Milliounen nëmmen ex post vum Conseil de Gouvernement erlaabt gi sinn.

Dat sinn natierlech Zoustänn, déi iwwerhaapt net eiser Meenung no tolerabel sinn, a wou mer an der Kommissioun jo diskutéiert hunn, fir ze kucke lo an dësem Kader eppes ze maachen. Ech mengen, et muss ee wëssen, dat hei sinn natierlech alles Saachen, déi och nach baséieren op deem ale Kontabilitéitsgesetz, wou nach gewëssen Traditiounen, Transparenztraditiounen net sou bestanen hunn. Et wier, fir dat an d'Weeër ze leeden, mä ech mengen et ass awer gutt, dass am Rapport dat hei als Beispill och erausgestrach ginn ass.

Da kënnt nach als Ofschloss ee Kredit vun 12.516.417 aler Lëtzebuerger Frang; dee betrëfft Subventiounen déi gemaach gi sinn un 217 Lëtzebuerger Exploitanten, déi sech asetze fir d'Sauvegarde de la biodiversité dans le milieu rural. Virun allem ass do de Problem gewiescht, dass zu deem Zäitpunkt keng richteg Base légale do war. Déi Kreditter sinn ausbezuelt ginn no enger Décision ministérielle, an dann nach ex post. Do ass awer en Accord fonnt ginn tëschent der Cour an dem zoustännege Ministère. Do ass och dono légiféréiert ginn, fir dass do déi néideg gesetzlech Basis an Zukunft existéiert.

An der Konklusioun, Här President, ass et esou dass d'Kommissioun gär hätt, dass an Zukunft de Respekt vun der Législatioun vun dem Marché-publics-Gesetz a vum Prinzip vun der Libre concurrence applizéiert gëtt.

Zweetens, d'Kommissioun verlaangt, dass d'Regierung eng detailléiert Motivatioun virleet an Zukunft, wann Transferts exceptionnels virum 1. November vum Exercice budgétaire gemaach ginn.

Drëttens, an dem Gesetz ass ausdrécklech virgesinn, wann en Dépassement kënnt vun engem Budgetsartikel, deen e Crédit non limitatif ass, dass dann eng detailléiert Motivatioun misst virleien, dass dat an Zukunft soll agehale ginn.

Véierte Punkt, dat ass och en alen, leidege Problem, dee mer kennen - all déi zumindest, déi an der Finanzkommissioun zënter Jore sinn, kennen deen -; dat ass de Problem vun de Comptables extraordinaires. Do ass et jo sou, do ass de Gros vun deenen, wéi mer dat och an de leschte Joren ëmmer erëm erlieft hunn, déi hu beim Stéchdatum vum 30. Abrëll vum Exercice dono, dat heescht hei vum 30. Abrëll 2001 ni hir Comptes extraordinaires ofgeschloss an hir Konten eraginn. Beim Budgetsexercice vun 2000 waren et der vun deenen 116 och rëm eng Kéier 42.

Da kënnt een zweete Punkt, deen och deen do Ministère betrëfft, deen derbäikënnt, dee betrëfft d'Frais de route an d'Frais de séjour, wou Avancë gemaach ginn a wou eigentlech missten déi Avancen an dem Exercice selwer virun dem Ofschloss vum Exercice regulariséiert sinn, wat och net ëmmer gemaach gëtt. Mä och bei deenen do zwee Problemer - dat ass och en alen, do hate mer scho vill Diskussiounen an der Budgetskontrollkommissioun an der leschter Legislaturperiod - soll jo versicht gi mat deem zoustännege Ministère Léisungen ze fannen.

Leschte Punkt, Här President, ass d'Kritik, déi sougutt hei d'Kommissioun am Rapport iwwerholl huet, an dat ass déi, déi de Conseil d'État wéi gesot schonn 1996 gemaach huet, dat ass dass eigentlech, wann een e Budgetsexercice huet, wéi zum Beispill deen heiten, wou et enorm Plus-valuen ginn ass - also dat misst spille bei Moins-valuen, mä an deem heite Fall sinn et Plus-valuen an engem Exercice -, dass dann eng Analyse économique misst bäigeluecht gi bei de Konten, wouhier dass déi Plus-valuë kommen, respektiv duerch wat déi entstane sinn.

Ech fannen, dat ass eng ganz wichteg Saach, well et ass esou dass effektiv ee jo nëmmen da kann novollzéien, ob de Budget vu virera vun der Regierung a senger Wierklechkeet, also d'Recetten opgestallt gi si wéi se opgestallt gi sinn, oder ob et effektiv duerch äusser, net prévisibel Ëmstänn ekonomescher Aart de Fall war, firwat dass déi Excédent-budgétairen opgetratt sinn. Well wann een natierlech deen heite Fall kuckt, 28 Milliarde Plus-valuen an deem Joer, dat ass natierlech e gewaltege Chiffer. Do zumindest ass d'Kommissioun der Meenung, dass dat, wat de Conseil d'État 1996 verlaangt huet, nämlech eng Analyse économique iwwert d'Ursaache vun deene Plus-valuen, dass déi hei bei de Konten hätt misse bäigeluecht ginn.

Dat gesot, Här President, recommandéiert d'Kommissioun an hirer Majoritéit lech, dat Gesetz hei unzehuelen. Am Numm vu menger Fraktioun wäert ech duerno eréischt schwätzen, wann ech un den Tour kommen.

Ech soen lech Merci.

Mme le Président.- Den éischten agedroene Riedner ass den Här Haupert. Ech ginn dem Här Haupert d'Wuert.

Discussion générale

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech mengen, den Här Bausch huet a sengem excellente Rapport, deem mëndleche souwuel wéi deem schréftlechen, all déi Doléancë virgedroen, déi d'Cour des Comptes un der Exekutioun vun dem Budget hei gemaach huet.

konnt wëssen, mä elo wësst Der et an déi nächste Kéiere wier ech frou wa jiddfer Regierungsmember sech un déi Zäit hält, déi an eisem Reglement festgehalen ass.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, wann Dir mech dat frot, da maachen ech dat, mä Dir hutt mir dat net gesot.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Jo, ech hu geduecht, Här Krecké, Dir géift lech…

Une voix.- Dir musst d'Reglement kennen!

M. le Président.- Ech hat geduecht den Här Krecké géif sech d'office un d'Reglement halen, well hie wéi gesot a sengem fréiere Liewen ëmmer…

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Wa jiddereen nëmmen ëm eng Minutt iwwerschreit, dann ass et fir mech kee Problem hei an deem Haus.

M. le Président.- Merci, Här Wirtschaftsminister.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5321 iwwert de Bau vun engem Fleegeheem zu Klierf. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen bis elo déi Häre: Bettel, Schneider, Adam a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

M. Jean-Paul Schaaf *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn d'Éier de Rapporteur vun dem Projet de loi 5321 ze sinn. Wéi et de President elo gesot huet, e Projet mat deem et der Regierung erlaabt gëtt sech finanziell um Neibau vun engem Fleegeheem zu Klierf ze bedeelegen.

Dëse Projet ass den 31. Mäerz 2004 vun der Madame Familljeminister an der Chamber deponéiert ginn an e fousst op enger Konventioun tëschent dem Stat an der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen oder am ganze Wuertlaut der Congrégation des Franciscaines de la Miséricorde de Luxembourg. Eng Konventioun, déi den 21. Mäerz 2003 ënnerschriwwe ginn ass an den 10. Dezember vum selwechte Joer komplettéiert gouf. Mir hunn en Avis vum Statsrot vum 22. Juni an eng Äntwert a Stellungnahm vun der Regierung vum 12. Juli dëst Joer.

Mir haten hei gëschter an dësem Haus schonn zwee Projeten, déi aus deemselwechte gesellschaftlechen Aufgabegebitt sinn, een zu Ierpeldeng an een op der Rumm. Dee Projet, deen eis haut virläit, ass eragereecht gi mat enger ganz detailléierter Analys vun de Bedürfnisser am Beräich vun de sozialen Institutioune fir déi eeler Matbierger. Ech wëll am Résumé dovunner e puer Punkte gären hei festhalen a rapportéieren.

Dat éischt ass, dass déi institutionell Noutwendegkeeten am Beräich vum drëtten a véierten Alter sech net méi einfach op eng qualitativ a medezinesch gutt Ënnerbréngung reduzéieren, mä dass et eng vill méi differenzéiert Approche muss ginn. En eelere Mënsch ass net entweder valid oder invalid an ass domadder net anescht wéi d'Leit aus allen aneren Alterskategorien, mä en ass wéi si och an engem Liewensofschnëtt, deen eben och Momenter vun Ofhängegkeet a Momenter vu ganzer oder relativer Onofhängegkeet beinhalt. De Projet dréit deem Rechnung duerch eng ganz differenzéiert Offer.

Den zweete Punkt ass, dass de klassesche Centre intégré pour personnes âgées oder CIPA, wéi mer se nennen, als Philosophie huet fir eng gutt Ënnerbréngung, Fleeg a Verfleegung vun de Leit a Servicer fir d'Leit ze maachen. Dobäi ginn déi kierperlech a geeschteg Fäegkeete vun de Bewunner stabiliséiert an d'Leit gi beschtens encadréiert.

De virleiende Projet, dee mer haut diskutéieren, ass anescht a senger Ausriichtung an en ass complémentaire dozou. D'Maison de soins vu Klierf kritt als Haaptaufgabegebitt dat, wat een nennt, d'Revalidation gérontologique, een net ëmmer gutt verstanene Begréff aus deem een awer einfach kann esou definéieren, dass ee seet: Dorënner versti mer eng Rei vu multidisziplinären Démarchë ronderëm den eelere Mënsch mat enger, an do läit eben alles dran, de Mënsch als temporaire an als réversibel betruechtener Ofhängegkeet.

Vill Leit erleiden am Alter duerch, sief et eng Operatioun, en onerwaarten Spidolsopenthalt, en Accident, de Verloscht vum Partner oder awer och duerch méi oder wéineger onerklärlech Degradatioune vun de psychesche Fäegkeeten eng nei Liewenssituatioun, déi se quasi vun haut op mar net méi alleng meeschtere kënnen. An da gëtt Faute de mieux oft eng Demande an e CIPA gemaach, well d'Onofhängegkeet trotz Servicer doheem net méi garantéiert ass.

Elo ass et awer esou, dass hei d'Offer vum CIPA net onbedéngt déi richteg Äntwert op dës nei Situatioun ass, si ass nämlech dann net onbedéngt richteg wann déi momentan Ofhängegkeet vum eelere Mënsch net definitiv ass, mä wa se kann duerch eng intensiv a geziilt Hëllef zréckgefouert ginn. Also duerch déi Revalidation gérontologique soll et an der Maison de soins vu Klierf fir d'Leit aus der Regioun méiglech ginn duerch en individuelle Programm vun Déngschtleeschtungen an esou enger Krisesituatioun gehollef ze kréien, mat der Zilsetzung vun engem méigleche Retour à domicile respektiv mat der Aweisung an eng aner Institutioun, nodeems dass eben all Méiglechkeeten zur Maximiséierung vun der Autonomie vum eelere Mënsch erschöpft gi sinn.

Konkret ass et sech esou virzestellen, dass d'Demandë vu Säite vun de Spideeler, vu Säite vu Servicer vun Aide et soins à domicile, vun Dokteren, vu soziale Servicer, vu Familljen oder och vun enger Fleegeversécherung un dat Haus gestallt ginn. Dann ass et wichteg, dass eng séier Admissioun och en urgence méiglech ass. Un déi schléisst sech an deenen éischten dräi bis véier Deeg eng genee Analys vun der Situatioun vun der Persoun un, eng Analys, déi muss entscheeden, ob iwwerhaapt eng Revalidation gérontologique aus medezinescher, sozialer, psychosozialer Siicht méiglech ass an eben och de Profil muss se definéieren fir déi dote Prise en charge. Duerfir ginn dann extern Servicer, wéi d'Hausdokteren, d'Spideeler, déi zouweisend Servicer respektiv hausintern spezialiséiert Servicer erugezunn.

Fir all eenzelne Patient gëtt en individuellen Hëllefsplang vun Aktivitéiten, Zilsetzungen, vu Methoden vun där multidisziplinärer Equipe formuléiert. Fir seng Ziler vun der Reintegratioun vun der Persoun an hiert familiäert Ëmfeld ze erreeche respektiv eng Aweisung an eng aner Institutioun virzehuelen, nodeems all Méiglechkeeten zur Stäerkung vun der Autonomie vum eelere Mënsch ausgeschafft sinn, ass eng institutionell ganz individuell Prise en charge, e ganz individuellt Schaffe mat de Leit noutwenneg.

Dëse Projet ass deemno complémentaire zu de méi traditionelle CIPAen an e bitt eng ganz diversifizéiert Offer fir den eenzelne Mënsch. Dëse Projet kann Aweisungen an e Centre intégré erauszögeren oder souguer onnéideg maachen, wat dem Wëlle vun der Politik an ech menge vun eis alleguer an dësem Beräich an och virun allem dem Wonsch vun de betraffene Leit voll a ganz entsprécht.

Fir dës Ziler ze erreeche si 5 Unitéiten an där neier Maison de soins zu Klierf virgesinn.

Dat ass éischtens eng Statioun mat 15 Better fir Opnamen, déi och Dag an Nuecht kënne virgeholl gi mat der Zilsetzung vun där Revalidation gérontologique.

Un déi schléisst sech un eng Dagesstatioun vun zéng Plaze fir Patienten, déi also nuets nach kënnen doheem bleiwen, mä am Dag awer vun där Offer vun der Revalidatioun profitéieren.

Do dernieft 15 Better, déi als Vakanzebetter ausgewise sinn an déi och de Leit den Zougank zu deene méi rehabilitative Moossname méiglech maache mussen.

An da fënnef Better fir eng Opnam en urgence, eben aus där ganz einfacher Ursaach, well déi Situatioun vun enger Kris, vun enger momentaner Ofhängegkeet an déi d'Leit rutschen eng séier Prise en charge zwéngend néideg mécht.

A schliesslech, an dat ass déi zweet Vokatioun vun deem neien Haus, et kommen nach dobäi 15 Better an enger separater Statioun fir d'Soins palliatifs. Dës Moossnam entsprécht dem Regierungswëlle vum Ausbau vun de Better fir Soins palliatifs. D'Wichtegkeet dovunner, mengen ech, ass och gëschter hei schonn ënnerstrach ginn.

Alles an allem begräift de Projet deemno 50 Better an 10 Dagesplazen. Et handelt sech ëm en Neibau, deen nieft dem ablécklechen Altersheem, dem Home St François vun der Kongregatioun zu Klierf entsteet. Dat aalt Haus an deem haut en Altersheim nach funktionéiert a wat fréier eng Klinik war, soll no Fäerdegstellung vun deem neien ofgerappt ginn.

Zum Finanzement ass ze soen, dass geméiss der Konventioun tëschent dem Stat an der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen dem Stat seng Partizipatioun bei 80% läit, wat déi 15 Vakanzebetter an déi 5 Urgencëbetter ubelaangt, a bei deenen anere Servicer, bei deene 15 Palliativbetter, bei de 15 Better an den zéng Dagesplaze fir d'Revalidation gérontologique läit déi Partzipatioun bei 100%. De Gesamtkäschtepunkt vum Projet bedréit maximal ronn 12,3 Milliounen Euro. Dovunner léich dann dem Stat seng Subventioun bei 11.421.561 Euro laut Bauindex vum 1. Abrëll 2004. Dat ass eng Dépense, déi vum Fonds spécial pour le Financement des Infrastructures sociofamiliales iwwerholl gëtt.

Ech wëll ofschléissend nach ënnersträichen, dass d'Moderniséierung an den Ausbau vun de Strukture fir eis eeler Matbierger am Allgemengen an dëse Projet, dee mer haut hei diskutéieren, den Accord vun der CSV-Fraktioun fannen. Dofir kann ech, Här President, den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet hei abrëngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Jean-Paul Schaaf félicitéiere fir säin éischte Rapport, deen en eis an der Chamber presentéiert huet, schrëftlech a mëndlech. Félicitatioun also.

Wéi scho gesot, gëschter hate mer zwee Projeten ugeholl iwwert d'Familljepolitik, fir nei Infrastrukture fir ons eeler Matbierger ze schafe respektiv auszebauen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi Komplimenter woren éierlech, dat wäert fir vill Onrou bei lech douewe suergen, mä et wor éierlech gemengt.

Une voix.- Dat war léif vun Ärer Säit.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, ech weess, emol eng Kéier, gesitt Der.

A mir wäerten an deenen nächste Wochen nach weider Projeten ofstëmmen, déi scho vun der viregter Regierung décidéiert goufen, justement fir Infrastrukture fir déi eeler Matbierger.

Wat mir an deem heite Projet gutt gefält, ass am Fong d'Hausphilosophie vun dësem Heem, déi op d'Revalidation gérontologique ausgeriicht ass. Dat heescht, dass et dorëms geet d'Leit nees fit ze maachen, fir dass se an e relativ onofhängegt Liewen doheem zréckfanne kënnen. Bei där Aarbecht geet et also net nëmmen dorëms fir d'Gesondheet ze erhalen, mä och fir deene Leit neie Mutt ze gi fir doheem hire Liewensowend kënnen ze verbréngen.

Et huet ee jo oft dramatesch Erliefnesser a virun allem traumatescher wéi de Verloscht vum Liewenspartner zum Beispill oder eng gréisser chirurgesch Operatioun, wou eng Persoun dann an d'Dépendance fält, wa se eleng gelooss ass, a wou dat déi dann nach ëmmer méi an d'Dépendance versenkt. Experienzen am Ausland hu bewisen, dass d'Revalidation gérontologique en Taux de réussite vu 65% huet. Dofir ass et wichteg Infrastrukturen an esou Servicer unzebidden.

Wichteg ass och, dass bei dësem Projekt direkt eng Palliativstatioun virgesinn ass fir eeler Matbierger an hirem leschte Liewensofschnëtt ze begleeden. Ech wollt awer och nees an dësem Kontext drop hiweisen, dass et wichteg wär, dass de Gesetzesprojet vu mengem Parteikolleeg Carlo Wagner ufanks des Jores justement iwwert d'Palliativmedezin nach eng Kéier soll hei am Plenum ofgestëmmt ginn, an esou séier wéi méiglech.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Mir mussen och kucke fir et fäerdeg ze bréngen de staatleche Feu vert fir d'Sozial- a Gesondheetsinfrastrukturen éischter kënnen ze ginn. Pour mémoire: Et ass elo bal annerhalleft Joer tëschent der Signature vun der éischter Konventioun an der Ofstëmmung an der Chamber vergaangen.

Ech weess, Madame Ministesch, Dir kënnt net vill dofir, mä d'Saache sinn urgent.

Dir Dammen an Dir Hären, an eiser alternder Gesellschaft ass et immens wichteg fir eisen eelere Matbierger all Méiglechkeet ze ginn, sou laang wéi méiglech onofhängeg ze bleiwen, Erfahrungen ze vermëttelen, aktiv um Liewen deelhuelen ze kënnen an de Gedanken- an Erfahrungsaustausch tëschent de Generatiounen ze förderen. Wéi zum Beispill déi Iddi vun der Crèche. Gëschter hat ech et net gesot, mä ech fannen dat eng super Iddi! Op enger Plaz, wou eeler Leit sinn, oder Leit wou mer gesot hunn, dass se psychesch Problemer hätten, wou Kanner awer ronderëm sinn. Dat heescht et ass e Mélange vun de Generatiounen op där Plaz. Dat ass eppes wat mer op jidde Fall als Demokratesch Partei nëmme kënne luewen.

Op jidde Fall, esou wéi ech et scho virdru gesot hunn, d'Philosophie vun dësem Projet fanne mer och ganz gutt an dofir bréngen ech och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel, fir Är Ausféierungen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Här President, Här Rapporteur, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Partizipatioun um Bau vun der Maison de soins op den Terrain vum Home St François zu Klierf ass e richtege Schrëtt vun eiser Politik bei der Schafung vun neie Fleegebetter. Dës Struktur ënnert der Hand vun de Franziskanerschwëstere bitt eis also d'Méiglechkeet, ronn 50 nei Fleegebetter ze schafe mat - wéi ugeschnidden - engem neien, innovative Konzept. Et ass dat och immens wichteg, wësse mer dach, dass vill fleegebedürfteg Leit, déi net méi doheem kënnen oder während enger Zäit net méi doheem kënne versuergt ginn, op e Bett an eisem Land waarden.

Generell gesinn ass dës Nofro grouss an ze dacks mussen eeler a krank Leit an d'Ausland a gréisstendeels an d'Belsch an e Fleegeheim goe fir do hire leschte Liewensofschnëtt ze erliewen. Et sinn dat Faiten, déi mir perséinlech ganz wéigedoen hunn an haut nach dinn. Mir mussen et dach als e Land, eent vun deene räichste Länner op dëser Welt, fäerdeg bréngen, deene Leit, déi zum Deel zum ganze Konzept vun eisem Land bäigedroen hunn, deels eist Land mat opgebaut hunn, eng Méiglechkeet ze ginn, op hirem Buedem a Würde ze stierwen. Hei zu Klierf ass dëse Schrëtt gemaach ginn, an dofir och meng Félicitatioun un all déi, déi dëse Projet virugedriwwen hunn an och a schwierege Momenter eng Hand mat ugepaakt hunn.

An dësem Kontext erlaabt mer, Madame Minister, awer ze hannerfroen, wéi et mat deem nationale Plang fir d'Schafung vun zousätzleche Fleegebetter an eisem Land ausgesäit. Meng dräi Froen an dësem Kontext:

1) Wéi vill Maisons de soins sinn am Bau oder geplangt an deenen nächste Joren?

2) Wou kommen se hin?

3) Wéini sinn se bezuchsfäeg?

Wat de Projet Maison de soins zu Klierf betrëfft si mir selbstverständlech als Fraktioun domat d'accord, félicitéieren och de Rapporteur fir deen iwwerzeegende Virtrag vum Projet a wäerten dëse Projet och stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun soen ech lech, dass mer och dee Projet gutt fannen, mir stëmmen ëm och zou. De Projet ass vum Rapporteur ganz gutt presentéiert ginn, souwuel de mëndleche wéi de schrëftleche Rapport. Alles wat meng Virriedner Positives gesot hunn ënnerstëtze mer och. De Projet géing net besser ginn, wann ech dat nach eng Kéier alles géing widderhuelen, dofir maachen ech dat och elo net.

(Hilarité)

Merci.

M. le Président.- Très bien, Här Adam. Merci fir Är Interventioun. Da géif ech dem leschten

ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Jaerling, d'Wuert ginn. Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Bon, merci, Här President. Ech wëll och dem honorabelen Här Rapporteur félicitéiere fir säin ausféierleche Rapport an ech wëll och ënnersträichen, dass et och fir den ADR e grousse Problem war, wa mer gesinn hunn, dass ëmmer méi Leit an d'Ausland hu missen a Fleegeheemer goen, well se hei am Land keng Plaz kritt hunn, well se net konnten an hirem eegene Land hire Liewensowend a Rou verbréngen, awer och well dat eng Rei ierfrechtlech Problemer souguer mat sech bruecht huet, wa se am Ausland ageschriwwe waren an dann do ewechgefall sinn, déi mer dann awer mat all neie Projet wou mer Fleegeheemer, Fleegebetter maache lues a lues och an de Gréff kréien.

Ech hoffen, dass mer iergendwann eng Kéier heihinner kënne kommen a soen: Esou, elo hu mer Fleegebetter genuch fir eis Leit all ënnerdaach ze kréien, an ech géif mengen, dass dat eisen Objektiv soll sinn, an do ass et selbstverständlech, dass mer dëse Projet och wäerten ënnerstëtzen.

Une voix.-Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung an der Persoun vun der Familljeministesch, der Madame Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer all Dag nach esou e Projet huelen, da geet et nach ëmmer méi séier. Ech géing fir d'éischt wëllen dem honorabelen Här Schaaf awer och félicitéieren an em Merci soe fir säin excellentë schrëftlechen a mëndleche Rapport, besonnesch well et deen éischten och wor. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'Leit ganz frou si wa se gesinn, wéi gutt datt en dat hei gemaach huet.

De Mëtteg geet et ëm d'Spidol vu Klierf. Firwat soen ech „Spidol" vu Klierf? Well fréier wor e Spidol dodranner, an nodeem dann ewell an der Zäit Restrukturatioune gemaach goufen, ouni Spidolsplang, ass dat Haus dofir net méi gebraucht ginn, mä du gebraucht ginn als Altersheim a mëttlerweil entsprécht et awer haut net méi deene Konditiounen an deenen Usprëch, déi mer dorunner stellen, an dofir soll dat dann och neigebaut ginn, esou wéi de Jean-Paul Schaaf dat elo grad hei explizéiert huet.

De Projet huet am Fong zwee Objektiver, dat eent ass dee fir ze kucken, fir dass d'Leit esou wäit wéi et méiglech ass kënne soulaang wéi et méiglech ass doheem bleiwen, an dat zweet ass awer och d'Renovatioun, d'Modernisatioun an och d'Extensioun vu verschiddenen Infrastrukture fir eeler Leit ze maachen. An an deem Kontext denken ech och, datt et net onwichteg ass, datt mer domat a finanziell méi schwieregen Zäiten och der Baubranche hëllefen, wou jo awer e gewaltegen Investissement op finanzieller Säit an déi dote Branche vun deenen heite Projete kënnt.

De Jean-Paul Schaaf huet Iech gesot wat alles an deem neie Gebai als Servicer drakommen. Et si fënnef verschidden Unitéite virgesinn. Eng Kéier ee Service vun Dag- an Nuetsbetreiung fir Revalidatioun mat 15 Better, een ambulante Service fir zéng Still heescht dat, oder Chaisen an deem Fall, fir déi Leit, déi owes dann erëm heemgi fir d'Revalidatioun, eng Unitéit mat 15 Vakanzebetter, eng Unitéit mat fënnef Better, wou Leit urgent kënnen opgeholl ginn a schliesslech 15 Better an der Palliativstatioun.

D'Maison de soins vu Klierf setzt haaptsächlech op d'Revalidation gérontologique, déi ëmmer fest Ziler muss hunn. Dat heescht wou een ëmmer muss dovunner kënnen ausgoen, och déi Leit, déi dohinner geschéckt ginn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

…datt se wierklech och erëm herno méi valid si wéi se virauser waren, datt och hir Chance, fir domat hir Autonomie entweder zréckzekréien oder jiddefalls déi Kompetenzen, déi se hunn, och kënnen ze behalen, a mat engem konkrete Programm och derbäi fir duerno, wie fir wat responsabel ass, virun allem och fir ze kucken, wat d'Famill ka maachen, d'Servicer à domicile kënne maachen, eventuell och eng Persoun, déi da während dem Dag kann an e Foyer goen oder eventuell och nuets kann an e Foyer goen, esou wéi dat och op verschiddene Plaze virgesinn ass.

Dann denken ech ass en anere wichtege Punkt dobäi, dat ass deen iwwert den Accueil urgent, wou mer ëmmer erëm festellen, dass et op eemol Leit gëtt, déi nach néierens gemellt woren an déi e Partner hunn, deen eigentlech gesond war an deen deen anere versuergt hat, op eemol krank gëtt oder stierft, an et dann natierlech ganz urgent gëtt, fir dass een déi Persoun ënnerdaach kritt, an dass een also dofir esou Better braucht. Op där anerer Säit gëtt et awer och heiansdo Leit, déi net wëssen: Solle mer dann elo wierklech an esou eppes goen oder net? Do ass et gutt, fir emol dohinner probéieren ze goen, ob dat engem dann elo gefält oder ob dat eppes ass, wat engem zouseet oder och net.

D'Soins palliatifs, dovunner hate mer gëschter méi laang Rieds, mä ech sinn och frou, dass mer 15 Better hei kréien an dat besonnesch och am Norde vum Land, fir dass d'Leit net brauchen duerch d'ganzt Lëtzebuerger Land do geschleeft ze ginn, an dass se wa méiglech esou no wéi et geet an hirer Heemecht kënne bleiwen.

Dann ass et och an dem Haus selwer esou orientéiert, dass déi Zëmmer, déi fir d'Palliativmedezin bestëmmt sinn, dass déi no hanne leien, an domat a méi engem rouegen Eck vum Haus sinn, wougéint dann alles, wat mat der Revalidatioun ze dinn huet, no bannen am Haus ass, fir dass déi Leit, déi do sinn, domat kënnen un dem Liewen am Haus deelhuelen.

Ech sinn och frou, dass eng Plaz oder en ergotherapeutesche Gaart dobäikënnt, deen natierlech ausser dem Haus ass an do de Pensionnairen zur Verfügung steet. Dat Ganzt beleeft sech natierlech da mat 50 Better plus dann déi zéng Chaisen op e Präis vun 12.317.000 Euro an nach e puer der dobäi, wou de Stat bei deenen enge Moossname mat 80% a bei deenen anere souguer mat 100% participéiert, an dat dann e Gesamtchiffer fir de Stat ausmécht vun 11.421.000 Euro.

Ech géif mengen, Här President, opgrond och vu verschiddenen Aussoen, déi ech dëser Deeg lo hei héieren hunn, wier et vläicht ganz utile, wa mer kéinten den Deputéierte proposéieren eng Kéier op eenzel Plaze kucken ze goen, fir och ze gesinn am Altenberäich, am Behënnerteberäich, bei de Kanner, bei de Jugendlechen, wat et alles zu Lëtzebuerg gëtt, wat mer alles maachen, a wat do geschafft gëtt. Ech wier gäre bereet och mat deenen eenzelnen Träger ze kucken, wann et de Stat net selwer ass, fir dat och kënnen op der Plaz ze gesinn. Ech mengen, dat géing ville Leit d'Saach méi einfach maache wéi wa se dat just an der Chamberskommissioun héieren an um Terrain awer ni d'Geleeënheet hate fir dat ze gesinn.

Zum Schluss géing ech wëlle mech entschëllegen, well ech gëschter eppes hei falsch gesot hunn, wat de Projet vun Ierpeldeng betrëfft. Den Här Gibéryen hat gesot, am Rapport stéing dran…

(Interruption et hilarité)

Hie sot, et géing drastoen, dass et d'Gemeng Ierpeldeng wier, déi géing d'Crèche bezuelen, dat steet net an dem Rapport dran, et steet an engem aneren Dokument dran, a fir dass awer keng schlecht Wierder op de Rapporteur oder op de Rapport solle falen, wëll ech da soen, dass dat falsch war - wéi gesot, et steet op enger anerer Plaz, mä an iergendengem vun den Dokumenter steet et awer dran. Dat also gesot, fir d'Wourecht hei hierzestellen.

Da géing ech wëllen dem Här Schneider soen, dass mer de Moment amgaange sinn ongeféier 2.000 nei zousätzlech Better ze maachen, déi amgaange si gebaut ze ginn, amgaange si geplangt ze ginn. Ech géing proposéieren, dass mer lech lo do géifen eng schrëftlech Note mat wa méiglech enger Landkaart ginn, op där Der och kéint gesinn, wou se situéiert sinn, déi eenzel Haiser an och eventuell wéi déi virgesinne Bauphase sinn.

Dobäi brauch ech dem Buergermeeschter vu Wolz net ze soe wéi laang Zäit, dass mer brauchen, wa mer eppes plangen, bis et dann definitiv esou wäit ass. Ech denken un d'Haus vu Wolz, wou ech mat dem Johny Lahure deemools op d'Plaz kucke gaange war, déi éischte Kéier, dat si mëttlerweil sécher eelef Joer hier an ier d'Haus wäert a Betrib goen dauert et nach eng Zäitchen. Dat läit net um Familljeministère, et läit och net un deene Leit, déi et bauen, mä et läit un anere Contrainten, déi domat verbonne sinn. Ech hätt och léiwer, et géing méi séier goen, mä domat mengen ech kéint een awer méi kloer gesinn, wat an deenen nächste Joren och hei zu Lëtzebuerg géing als Offer zousätzlech dobäikommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister, fir Är Ausféierungen. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5321.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wie fir de Projet ass, dee stëmmt mat Jo, wien dergéint ass stëmmt mat Neen oder en enthält sech.

Ech kann Iech soen, dass de Projet ugeholl ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

(Interruption)

Da vérifiéiert Är Prokuratiounen. Wann eng net sollt iwwert de Computer gaange sinn, dann huele mer dat no.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5176 iwwert d'Ofännerung vun enger UNO-Konventioun géint d'Folter. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

4. 5176 - Projet de loi portant approbation des amendements au paragraphe 7 de l'article 17 et au paragraphe 5 de l'article 18 de la Convention des Nations Unies contre la torture et autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants du 10 décembre 1984, adoptés par la Conférence des États Parties, le 8 septembre 1992 et approuvés par l'Assemblée Générale en sa quarante-septième session par la Résolution 47/111 du 16 décembre 1992

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'UNO-Konventioun vun 1984 géint d'Folter ass dat éischt internationaalt Dokument an Instrument, dat d'Folter an alle senge Formen an alle Situatioune condamnéiert. Lëtzebuerg huet dës Konventioun 1987 ratifizéiert.

Den Artikel 17 vun där nämlechter Konventioun gesäit d'Schafung vun engem Comité vir, deen d'Aufgab huet sech ëm déi tatsächlech Emsetzung vun deene mënscherechtleche Bestëmmungen ze bekëmmeren. Dëse Comité, och „Committee Against Torture", „CAT" genannt, huet säi Sëtz zu Genf, besteet aus zéng Experten an huet ënner anerem als Roll fir d'alleréischt déi periodesch Lännerberichter ze kontrolléieren, confidentiel Enquêten an deene Länner ofzehalen, wou d'Torture eventuell kéint sinn, a selbstverständlech der UNO-Generalversammlung hire jährleche Rapport ze ënnerbreeden.

D'Länner, déi dës Konventioun ënnerschriwwen hunn, wielen dës zéng Experten no équitabele geographesche Kritären. Den aktuelle Comité zielt a senge Reien zwee Memberen aus der EU an eng Fra.

Nom initialen Artikel 18 ginn dëse Comité a säi Sekretariat vun de Länner, déi Parties à la convention sinn, finanzéiert. 1992 huet awer Australien der UNO virgeschloen, d'Aktivitéite vum „CAT" an d'Émolumenter vun den Experten direkt duerch den ordinäre Budget vun der UNO ze finanzéieren. Dës Amendementer sinn dat nämlecht Joer an enger UNO-Resolutioun ugeholl ginn, awer si kënnen eréischt a Kraaft trieden, wann zwee Drëttel vun de Länner, déi Partie à la convention sinn, dës Ännerungen och an hirer interner, nationaler Gesetzgebung ratifizéiert hunn.

Wat eis elo betrëfft, esou wëll ech soen, dass eng Rei vun Argumenter fir d'Acceptatioun vun dësen Änneruge plädéieren. Fir d'alleréischt huet dëst Gesetz e symbolesche Wäert a réitéréiert de Lëtzebuerger politesche Wëllen, dës Konventioun, déi am Fong geholl de Kär vun de Mënscherechter duerstellt, ze respektéieren.

Finanztechnesch erlaabt et eng Transparenz an der Finanzéierung. Et verstäerkt och de gudde Fonctionnement vun den Instrumenter, an erlaabt och en Alignement zu deenen aneren internationale Mënscherechtskonventiounen, déi lues a lues och de Finanzementsmodus changéieren, zum Beispill d'CERD, d'Konventioun fir d'Eliminatioun vun all Form vu Rassendiskriminéierung - dee Comité gëtt och elo aus dem ordinäre Budget vun der UNO direkt finanzéiert. Och op europäeschem Niveau ginn d'Fonctionnementskäschte vum CPT, dem Comité Européen pour la Prévention de la Torture aus dem Budget vum Conseil de l'Europe direkt finanzéiert.

Do derniewent stelle mer awer och fest, dass scho viru Joren eng ganz Rei vun europäesche Länner dës Amendementer ratifizéiert hunn. Ech nennen Däitschland, Frankräich, Portugal, d'Schwäiz, England, Schweden an nach anerer. A schlussendlech recommandéiert de Statsrot op jidde Fall dëse budgetstechneschen Amendement unzehuelen. Dofir wëll ech d'Chamber bieden, dëst Gesetz ze stëmmen, an erklären och, dass ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun hunn.

M. le Président.- Merci, Madame Doerner. Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Colette Flesch. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech d'Madame Doerner fir hiren éischten ausféierlechen an excellente Rapport félicitéieren.

Wéi si et gesot huet, handelt et sech hei ëm d'Approbatioun vun Amendementer zu der UNO-Konventioun géint d'Tortur, grausam, onmënschlech an degradant Behandelungen, déi drop ausginn d'Aktivitéite vum Comité contre la torture net méi vun de Mitgliedsstaten, mä vum ordinäre Budget vun der UNO finanzéieren ze loossen. Domadder gëtt de Finanzement vun deem Comité alignéiert op dee vun aneren ähnlechen UNO- an europäesche Comitéen. E gëtt méi transparent a méi effikass.

Wa mir haut deen Text approuvéieren, komme mir éischtens onsen internationalen Obligatiounen no, an zweetens, wéi d'Madame Doerner et elo just gesot huet, schléisse mer ons deene meeschte Länner vun der Europäescher Unioun un, déi dësen Text schonn ugeholl hunn.

Ons Fraktioun wäert deen Text stëmmen.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner hu mir den honorablen Här Jean-Pierre Klein. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci der Rapportrice fir hir detailléiert Rapporten. Bei Geleeënheet vun der Ratifikatioun vun dësem Projet de loi wëll ech d'Importenz ënnersträichen, déi d'Chamber der Virbeugung an der Ofschafung vun der Tortur mat anere Strofen op der Welt bäimiesst. D'Tortur an déi aner Mësshandlungen, déi brutal, onmënschlech an degradant sinn, gehéieren ënnert déi grausaamst Kategorië vu Verletzunge vun de Mënscherechter an der mënschlecher Dignitéit. Bei eis ass dat net verständlech, mä dat geet nach op ville Plazen esou hier.

Dëst Gesetz offréiert selbstverständlech d'Méiglechkeet, fir nach méi effikass géint d'Tortur unzekämpfen, an och fir den Affer ze hëllefen, fir hiert physescht a psychescht Leed ze iwwerwannen.

Viru 17 Joer, 1987, ass d'UNO-Konventioun géint d'Tortur a Kraaft getrueden. Säithier hunn 132 Staten dës Konventioun ratifizéiert. Mä trotzdeem gëtt et nach ëmmer Fäll vun Tortur, déi onbestrooft bleiwen, esouguer a Länner, déi d'Konventioun ratifizéiert hunn. Dës Situatioun ënnersträicht d'Noutwendegkeet fir weider energesch a konzertéiert Aktiounen anzesetzen, dat op de regionalen, nationalen an internationale Pläng, am Sënn fir d'Verschwanne vun der Tortur iwwerall an der Welt ofzeschafen.

Dës Konventioun ass ganz wichteg, och wa mir schonn ähnlech Konventiounen am Kader vum Conseil de l'Europe ugeholl hunn. Um Niveau vun der UNO stellt si e wichtege Schrëtt duer. Dat ass eng Démarche, déi eise Wëlle bestätegt, fir iwwerall géint d'Folterei unzegoen an et ass och an där Optik wou d'Chamber soll dëse Projet de loi stëmmen. Se erlaabt net nëmme fir de Finanzmodus vum Comité géint d'Tortur méi transparent ze maachen, se viséiert och eng Rationalisatioun an eng Koordinatioun vum Finanzement vun aneren internationalen Instrumenter, déi d'Mënscherechter betreffen. Heimat ënnerstëtzt an ënnersträicht d'Chamber d'Aarbecht vun der UNO, dem Conseil de l'Europe an der Europäescher Unioun. Et ass wichteg, dass d'State mat deenen internationale Mechanismen zesummeschaffen, fir d'Effikassitéit vun eisem internationale System vu Protektioun a Promotioun vun de Mënscherechter ze garantéieren.

Duerch d'Schafe vum Poste vum Haut-Commissaire des Nations Unies aux droits de l'homme huet d'UNO ënner Bewäis gestallt wéi uewen d'Protektioun an d'Förderung vun de Mënscherechter läit.

De Conseil de l'Europe huet d'Beispill iwwerholl an de Commissaire aux droits de l'homme agesat. Fir d'éischt ass deen 1997 approuvéiert ginn. Den Här Gil-Robles, Commissaire aux droits de l'homme, huet den Optrag fir déi europäesch Zesummenaarbecht zu verstäerken, fir eis um Plang vun der Protektioun an der Promotioun vun de Mënscherechter weiderzebréngen.

Den Traité iwwert déi europäesch Verfassung hëlt och Stellung dozou an zwar am Artikel 3.4 seet se: «Nul ne peut être soumis à la torture, ni à des peines ou traitements inhumains ou dégradants». Den Artikel 2.19 fiert weider: «Nul ne peut être éloigné, expulsé ou extradé vers un État où il existe un risque sérieux, qu'il soit soumis à la peine de mort, à la torture ou à d'autres peines, traitements inhumains ou dégradants.»

Déi international Communautéit a besonnesch déi europäesch verfügt also iwwer eng grouss Zuel vun Instrumenter, fir géint d'Tortur unzetrieden, an dëse Projet de loi schreift sech an déi Serie an. Och wa mer zwar nëmme lues op dësem Gebitt avancéieren, kënne mer awer glécklecherweis feststellen, datt Fortschrëtter ze verzeechne sinn.

Den internationale Geriichtshaff déngt och der Cause vun de Mënscherechter. An dësem Beräich wëll ech d'Aarbecht vun den ONGen ervirsträichen, déi sech fir d'Verdeedegung vun de Mënscherechter asetzen. Si setze sech onentgeltlech an. Oft si si grousse Risiken ausgesat, wa se der internationaler Communautéit Fäll vun Tortur dénoncéieren a wa se versichen deen eventuellen Afferen entgéintzekommen.

Mir sollten alles an d'Wee leeden, fir de Kampf géint d'Tortur an der Welt weiderzefëieren, an dëse Projet de loi geet an déi richteg Richtung. Dofir géing ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Felix Braz ageschriwwen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Am Numm vun der grénger Fraktioun wollt ech der Madame Doerner just Merci soe fir e kuerzen awer prezisen a komplette Bericht, an och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem do Projet de loi ginn.

M. le Président.- Merci, Här Braz. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, ech géing wëllen an den Ae vun der Regierung a besonnesch och vun deenen zoustännege Ministeren der Madame Doerner Merci soe fir hiren explizite Rapport, wat mir et erméiglecht net méi brauchen op den Detail zréckzekommen. Ech géing just wëlle soen, datt et erstaunlech ass, datt et déi Konventioun ass, déi am mannste ratifizéiert gouf vun de Staten, déi an der UNO sinn, déi iwwert d'Folter ass an op där anerer Säit d'Folter awer eng vun deene gréisste Sënnen ass, déi ee ka géint d'Mënscherechter maachen.

Dofir sinn ech frou, wann de Mëtteg eis Chamber dëst Gesetz stëmmt an domadder eise Konditiounen op internationale Pläng nokënnt. Merci villmools!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4691, een Ofkommes tëschent de Benelux-Staten a verschiddene Länner iwwert d'Zréckweisung vun illegalen Awanderer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre: Goerens, Fayot, Bausch an Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

5. 4691 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre les Gouvernements du Royaume de Belgique, du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume des Pays-Bas, d'une part, et le Gouvernement de la Roumanie, d'autre part, relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière, signé à Bucarest, le 6 juin 1995, et de ses Annexes I et II;

- de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement de la République de Bulgarie relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 7 octobre 1998;

- de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement de la République d'Estonie relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 3 février 1999;

- de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement de la République de Lituanie relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 9 juin 1999;

- de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement de la République de Lettonie relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 9 juin 1999;

- de l'Accord entre les Gouvernements du Royaume de Belgique, du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume des Pays-Bas et le Gouvernement de la République de Croatie, relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière, signé à Zagreb, le 11 juin 1999 et de ses Annexes I et II

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren an deen eng Rei vun Accords de réadmission tëschent de Benelux-Staten a verschiddenen Drëttlänner beinhalt, huet a sech schonn e laange parlamentaresche Wee hannert sech.

Am Joer 2001 si fir d'éischt eng Rei vun deenen Accorden an der aussepolitescher Kommissioun gewiescht. D'aussepolitesch Kommissioun huet awer mat der Conférence des Présidents deemools décidéiert gehat, all dës Accorden an d'juristesch Kommissioun ze iwerweisen, wou dann och en éischte Rapport deemools fäerdeg gemaach gi war.

Allerdéngs konnten dës Accorden net alleguerten den 12. Dezember 2002 ugeholl ginn, well an engem vun deenen Accorde sech e materielle Feeler ageschlach hat, an dat war an deem Accord mat Lettland. Doduerch huet missen deemools eng nei Notifikatioun gemaach ginn, an doduerch ass natierlech e gewësse Retard komm, an du konnten all déi Accorden, notamment mat de baltesche Länner, deemools net ugeholl ginn. Entretemps sinn elo erëm déi Accords de réadmission vun der juristescher Kommissioun an d'Commission des Affaires étrangères iwwerwise ginn, an do sinn se dann och diskutéiert an och ugeholl ginn.

Ëm wat geet et a sech hei? Et sinn also eng Rei vun Accorden, déi zwëschent de Benelux-Staten op där enger Säit ënnerschriwwe ginn an de baltesche Staten: Rumänien, Bulgarien a Kroatien op där anerer Säit. Hei geet et a sech drëm, d'Konditiounen an d'Modalitéite festzeleeën ënnert deenen Drëttlänner hir Statsbierger erëm mussen zréckhuelen, wann déi sech illegal um Territoire vun engem vun de Benelux-State befannen. Et geet op där anerer Säit awer och drëm d'Transitmodalitéite festzeleeë mat deene Länner, wou dës Leit mussen duerchreesen, well se jo net alleguerten iwwert de Flugwee erëm zréckbruecht ginn.

D'Fro hat sech an der aussepolitescher Kommissioun gestallt, ob besonnesch mat deene baltesche Staten iwwerhaapt nach esou Accorde missten ofgeschloss ginn, well déi jo och säit dem 1. Mee an der Europäescher Unioun sinn. Hei ass d'Äntwert awer ganz kloer jo, well si sech nach net am Schengener Raum befannen.

Ech géif nach eng Kéier wëllen op d'Wichtegkeet vun dësen Accorden hiweisen. Et geet nämlech hei drëm, datt all déi Leit, déi sech illegal um Territoire vun engem vun de Benelux-State befannen - et geet also och hei entre autres ëm déi déboutéiert Demandeurs d'asile -, net kënnen an hir Ursprongslänner zréckgeschéckt ginn, ouni formellen an expressen Accord vun dëse Länner. Well et awer elo schwéier ass ëmmer punktuell a konkret eng Autorisatioun vun deene Länner ze kréien, ginn also elo an Zukunft an och an der Vergaangenheet Accorde mat deene Länner ofgeschloss, déi et dann automatesch erméigleche Leit, déi sech illegal um Territoire vun de Benelux-State befannen, direkt an dës Ursprungslänner zréckzeschécken, ouni also do nach punktuell den Accord dofir anzehuelen.

Et geet awer och hei drëm, Leit heemzeschécken, déi a sech wëllen zréckgoen, mä déi an hirer Vergaangenheet alleguerten hir Pabeieren entweder ofgeholl kritt hunn oder verluer hunn an déi a sech keng Pabeiere méi hunn an déi am Prinzip net kënnen ouni esou Accorden an hir Pays d'origine erëm zréckgeschéckt ginn.

Wat sinn elo déi wesentlechst Punkten, déi an deene verschiddenen Accorde festgeluecht sinn an déi och ëmmer erëmkommen?

Fir d'éischt gëtt nach eng Kéier den allgemenge Prinzip widderholl, laut deem all Stat muss op säin Territoire seng eege Statsbierger zréckhuelen, déi sech illegal um Territoire vun engem vun deene State befannen, déi dës Accorde ratifizéiert hunn.

Zweetens ginn an dësen Accorden d'Konditiounen, d'Modalitéiten an d'Délaie festgeschriwwen, dëst fir d'Ausstelle vun de Reesdokumenter vun deene concernéierte Persounen.

Drëttens gesinn awer och dës Accorden Dispositioune vir fir all déi Leit, déi obschonn se net d'Nationalitéit vun engem vun deenen Drëttstaten hunn awer Openthaltsgenehmegungen oder gülteg Visaen hu respektiv mindestens sechs Méint an deem Land gelieft hunn iert d'Demande de réadmission gemaach ginn ass, an déi sech illegal an engem anere Land befannen.

A véiertens ginn dann awer och Regele festgeluecht, wat den Transit vun all deene Leit ubetrëfft, déi an hir Ursprongslänner zréckginn an déi wéi gesot net iwwert de Flugwee dohinner ginn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass all déi Accorden eréischt a Kraaft trieden, wa se vun alle Länner ratifizéiert gi sinn, déi se och ënnerschriwwen hunn. Dir fannt a mengem schrëftleche Rapport eng genau Oplëschtung vun deene verschiddene Ratifikatiounsprozeduren an deenen eenzelne Länner, esou datt ech hei de Mëtten net méi op déi Situatioun muss am Detail agoen.

Als Konklusioun wëll ech nach eng Kéier festhalen, dass dës Accorden net nëmmen den Autoritéite vun deene verschiddene Länner, déi se ratifizéiert hunn, déi administrativ Ofwécklung vun der Réadmissioun wäerte vereinfachen, mä haaptsächlech och emol all deene betraffene Leit iwwerhaapt emol wäerten d'Heemrees an hir Heemechtslänner erméiglechen. An deem Sënn ass dat heiten e ganz wichtege Projet an ech géif dann och hoffen, datt en op e méiglech grousse Konsensus hei géif stoussen. Ech géif och direkt den Accord vun der CSV-Fraktioun dozou ginn.

Ech soen Iech Merci.

Mme le Président.- Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Goerens. Ech ginn dem Här Goerens d'Wuert.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Madame Presidentin, ech wollt den Accord vu menger Fraktioun ginn. Den Här Mosar huet d'Erklärung op eng excellent Manéier duerchbruecht an ech géif och mat mengem Accord d'Hoffnung verbannen, datt deen Accord de réadmission esou seele wéi méiglech gebraucht gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme le Président.- Da géing ech d'Wuert deem nächste Riedner ginn, dem Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Jo, Madame Presidentin. Meng Fraktioun wäert dësen Accord och stëmmen. Mir soen dem Rapporteur Merci fir déi laang Gedold, déi en hat bis en zum Enn vun dësem Projet komm ass.

Ech wëll soen, dass ech dat interessant fannen, mä et ass jo schonn e bëssen al a schonn e bëssen dépasséiert an ech géif d'Hoffnung ausdrécken, dass wat d'Accords de réadmission zwëschent der Europäescher Unioun an Auswanderländer ugeet, dass mir do eng europäesch Prozedur kréien an dass mir do en Netz vun Accords de réadmission kréien, dat wierklech effikass ass an net au coup par coup, wéi dëst, wat vläicht seng Utilitéit een Abléck hat, mä ech woen ze bezweifelen, dass déi Utilitéit haut nach ganz grouss ass.

Merci.

Mme le Président.- Da géif ech dem Här Bausch als nächste Riedner d'Wuert ginn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Madame Presidentin, et ass alles gesot, wat ze soen ass, a fir net weider Zäit ze verléieren, wëll ech just soen, dass meng Fraktioun dee Projet wäert stëmmen.

Mme le Président.- De leschte Riedner, dee fir haut agedroen ass zu dësem Projet ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et kann een awer net bei Geleeënheet vun der Debatt iwwert dëse Projet de loi iwwert d'Réadmissioune vu Leit, déi illegal an d'Land komm sinn, d'Problematik vum Asyl, esou wéi se sech elo stellt, nach eng Kéier an d'Debatt werfen, well d'Regierung ass gefuerdert, fir urgent ze handelen.

Ech wëll drun erënneren, datt mir am Joer 2000 628 Demandes d'asile haten, am Joer 2001 686, 2002 1.043, 2003 1.554 an am Joer 2004 déi éischt sechs Méint sinn et der 918 a viraussiichtlech Enn des Joers 1.800. Fréier koum de Gros aus Serbien-Montenegro, 2004 déi sechs éischt Méint gesäit een, datt Serbien-Montenegro 146 Demanden ausmaachen a leider Schwaarzafrika, haaptsächlech Leit aus dem Nigeria, 305. Fréier waren et Famillje ganz oft mat Kaner. Haut sinn et Célibatairen.

D'Dauer vun der administrativer Instruktioun läit bei engem Joer a méi, wou den Dossier vun all Demande instruéiert gëtt. Dat ass déi längsten Dauer a ganz Europa. Wann déi administrativ Recoursen eriwwer sinn, da kommen déi juristesch Recourse virun dem Tribunal administratif a virun der Cour administrative. Resultat: D'Leit bleiwen dräi, véier an heiansdo méi Joren hei am Land.

Vill Demandë sinn offensichtlech net recevabel, well d'Leit direkt, wann se rakommen, soen: Ma ech kommen heihinner fir eng Aarbecht ze sichen. Herno mussen se awer en Asyl ufroen, fir hei ze bleiwen, da froen se alt fir Asyl. Verschiddener ware schonn zwee-, dräimol hei. Verschiddener hunn Demanden a méi Länner gestallt. Verschiddener refuséieren all Kollaboratioun mat de Lëtzebuerger Autoritéiten, wat hir Identitéit ugeet, iwwer wat fir ee Land se erakomm sinn oder soss Informatiounen iergendwéi unzeginn.

Et gesäit een, datt de Justizminister, dee fréier fir déi Saachen do zoustänneg war, den Här Luc Frieden, 1 bis 5%, jee no Joer, vun de Leit, déi eng Demande gestallt haten, als Réfugiés unerkannt huet. 95% bis 99%, also dat sinn se bal all, kréien hir Demande refuséiert. Op de 16. August dëst Joer sollte 1.415 Persounen ausgewise ginn iwwert de Wee vun Accords de réadmission, dat sinn déi Donnéeën, déi den Här Immigratiounsminister mer op eng Question parlementaire ginn huet. Dovunner hu sech der awer nëmmen 43 d'accord erkläert, fir fräiwëlleg zréckzegoen. D'Rapatriementer, huet den Här Minister mer deen Ablack gesot, ginn de force duerchgeféiert am September. Ech froen d'Regierung, ass dat geschitt? Ech weess et net, ech hu keng Nouvelle kritt. De fréiere Minister huet meeschtens, wa Leit zréckgefouert ginn, d'Press informéiert. Hei gëtt een dat net méi esou gewuer. Et ass en anere Stil.

Ech hat de fréiere Responsable fir d'Immigratioun, den Här Justizminister, den 12. Februar dëst Joer ënnert der viregter Legislatur interpelléiert iwwert d'Tatsaach, datt an allen europäesche Länner d'Zuel vun den Demandeurs d'asile zréckgeet, sauf zu Lëtzebuerg, an datt näischt gemaach gëtt fir ähnlech Mesuren ze huele wéi am Ausland.

Mir hu pro Kapp vun der Bevölkerung, op 1.000 Leit gesinn, déi meescht Demandeurs d'asile am Joer 2003 gehat. Mir hu virgeschloen, fir méi Personal anzestellen, fir déi administrativ Dauer fir d'Dossieren ze instruéieren, d'Prozeduren ze verkierzen, doduerch datt den Appel ofgeschaaft gëtt an doduerch datt d'Demanden, déi manifestement irrecevabel sinn, a kierzester Zäit kënnen ofgewise ginn, datt d'Accords de réadmission, déi am Tirang leien - an Dir gesitt , datt mer der hei am Tirang leien haten, well Dir hutt dat héiere vun 99 - missten op den Instanzewee bruecht ginn, an datt d'Accorde mat aneren europäesche Länner sollte fonnt ginn, fir gemeinsam Réadmissiounen, dat heescht Réckféierungen, an d'Heemechtsland ze accéléréieren.

Do gesäit een, datt aner Länner ganz étroitement matenaner kollaboréieren. Wa si selwer keen Accord de réadmission hunn, da féieren zum Beispill d'Hollänner hir Leit aus dem Nigeria an England, an datt iwwert dee Wee déi Décisiounen, déi hei vun onse Geriichter geholl gi sinn a wou d'Regierung se muss ausféieren, och sollen ausgefouert ginn.

Et geet also drëm ze kucken, datt dee Rechtsstat, dee mir ons ginn hunn, wou déi Prozeduren, déi hei festgeluecht gi sinn, och solle respektéiert ginn.

Ech hunn deen Ablack och, fir ze weisen, datt et méiglech ass, fir verschidden Ännerungen duerchzezéien, eng Proposition de loi déposéiert, wou mir konkret Léisungen als ADR virgeschloen hunn. Den Här Justizminister deemools huet e puer Wochen duerno endlech reagéiert an och e Projet de loi déposéiert, fir d'Prozeduren ze beschleunegen. Säithier näischt méi.

Dobäi ass Urgenz gebueden, fir de Problem unzegoen. An et ass noutwendeg, datt mer reagéieren. Mir gesinn, datt d'Populatioun, notamment an der Stad Lëtzebuerg, net méi duerhält, wa se gesäit, datt manifestement den Drogenhandel op eng Kéier elo an der Hand vun e puer Schwaarzafrikaner ass. Ech wëll domat net generaliséieren, dat wëll ech ganz däitlech hei gesot hunn, mä et ass awer eng Tatsaach, datt déi Leit, déi elo nei an illegal am Land nach sinn, et fäerdeg bruecht hunn, fir den Drogenhandel u sech ze räissen, doduerch datt se d'Präisser bal halbéiert hu wat Heroin a Kokain ugeet, an datt mer gewuer gi sinn, datt d'Police am Laf vum leschte Joer 129 Arrestatiounen am Kader vum Drogenhandel gemaach huet, dovunner eleng 126 an der Stad Lëtzebuerg.

Doriwwer eraus muss een och festhalen, datt wann iwwer 1.400 Leit illegal am Land sinn, sech da Problemer stellen, an dat gëllt elo méi fir d'Familljeministesch, fir déi Leit en Ënnerdaach ze hunn a fir ze kucke wéi se solle geniert ginn; et muss een hinne jo och z'iesse ginn.

Deen anere Volet vun der Fro ass, datt mer och nach dee ganze Volet médical duerchzéien. Mir gesinn, datt d'Regierung ganz generéis ass an esouguer deene Fraen oder Männer, déi Problemer hu vu Fertilitéit, Traitementer zu Bréissel op der Universitéitsklinik verschreiwe léisst. Et gesäit een, datt de Käschtepunkt vun der ganzer Immigratioun, wouvunner e gudden Deel Immigratioun, ech schwätze vun der illegaler, ëmmer méi an d'Luucht geet an datt et dréngend ass, datt mer d'Gesetzgebung änneren.

An ech wollt d'Regierung froen: Firwat ass dee Projet de loi vum Här Minister Frieden elo nach net weiderbruecht ginn? Ons ass gesot ginn, datt anscheinend d'Regierung dee Projet de loi nees wëllt änneren, waarde wëllt bis et um europäeschen Niveau eppes gëtt. Déi Seechen do, déi hu mer scho laang héiere vu Säite vum Här Luc Frieden als Justizminister, mä mir wëssen, datt deen Accord um europäeschen Niveau net esou séier virugeet, an datt een also muss en attendant awer de Problem ugoen an eng Léisung sichen. Ech wollt froen, ob d'Regierung wëllt higoen a jiddereen, deen illegal am Land ass, régulariséieren. Oder ass et esou wéi d'Gesetzgebung et elo ausweist, datt déi Leit mussen zréckgefouert ginn? Mä do dertëschent geet et net. Et muss gesot ginn, et geet an déi eng Richtung oder et geet a déi aner.

Mir hu begréisst, datt d'Regierung an hirer Erklärung gesot huet, datt mer géingen déi Fäll nei iwwerdenken, wou Familljen do si mat Kanner a wou déi Kanner schonn am Schoulsystem integréiert sinn. Dat ass eppes wat mer begréissen. Mä alleguer déi aner Saache bleiwen am Tirang. Do menge mer, datt misst reagéiert ginn an et ginn awer nach Leit mat Kanner ausgewisen. Dofir verstinn ech net wou elo d'Linn ass. Firwat kommen déi Gesetzgebungen net? Wat wëllt d'Regierung op deem Gebitt?

Et ass wichteg, datt mer dee ganze Problem uginn. Ech bedaueren, datt mer dat bis elo net gemaach hunn, datt mer keng kloer Richtung hu vum Minister oder vun der Regierung insgesamt a wat fir eng Richtung et geet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir begréissen, datt déi Accords de réadmission hei zur Debatt stinn, datt mer se kënnen duerchzéien, mä mir wëssen awer alleguer, datt se just Länner betreffen, wou mer ganz wéineg Réfugiéen hierhunn.

An ech wëll och der Regierung soen, datt wa mer déi Texter hei stëmmen, dat net wëllt heeschen, datt mer net um Ball wäerte bleiwen. Ech wëll och der Regierung soen, datt mer ons d'accord erkläert haten als ADR, fir während der Présidence eng gewësse Retenue ze hu wat déi eenzel Aarbechten ugeet, déi an der Regierung sinn, fir net ze vill ze interpelléieren. Mä ech wëll awer och gradesou kloer soen, datt dat net gëllt fir d'Problemer vun der Immigratioun. Do muss reagéiert ginn, an do wäerte mer ganz staark drop pochen, fir datt dës Regierung endlech Neel mat Käpp mécht anstatt nëmmen ze schwätzen an d'Problemer viru sech hinzedrécken.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung. D'Madame Marie-Josée Jacobs hëlt Stellung zu deem Projet.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat effektiv net domat gerechent, datt mer de Mëtteg hei eng Debatt iwwert den Asyl kréien, mä et ass awer wëllkomm, besonnesch wann ee weess, datt och nach geschwë Wahle sinn, dann ass et jo kloer, datt dat eppes ass wat verschidde Leit hei gutt an de Krom passt.

(Interruption)

Iwwer esou eppes soll ee wierklech net polemiséieren, dofir ass deen Thema wahrhafteg ze vill eescht…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Madame Minister, da fänkt Dir och net un ze polemiséieren.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Gitt Dir zwee emol eens mateneen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir sinn eis eens!

(Hilarité)

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Ech wëll awer op déi verschidde Froen eng Äntwert ginn, déi den Här Henckes gestallt huet.

Éischtens ass dee Projet de loi, wou déi Prozedure sollte vereinfacht ginn, wuel eng Kéier déposéiert ginn an et wier vläicht gutt, wann Der Iech géingt drun erënneren, datt en net vun Iech déposéiert gouf, well Dir konnt jo kee Projet de loi, héchstens eng Proposition de loi, déposéieren. Mä Dir hat se awer duerno déposéiert, wou den Här Frieden se eng Kéier a senger Prozedur dran hat, a wou mer zréckgeschéckt goufe vun dem Conseil d'État. Et ass ewell esou laang hier, dofir wousst Der et vläicht net méi.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Madame Ministerin, dat dote stëmmt net, ech wëll…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Henckes, wann Der gären eng Fro un d'Madame Minister stellt, da mellt Iech zu Wuert an da kritt Der d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech weess, datt hei op dëser Plaz munnech Leit e bësselche méi spontan scho reagéiert hunn, mä ech hunn hei d'Procès-verbalë matgeholl vun der Chamber, an aus deene geet ganz kloer ervir, datt déi éischt Proposition de loi, déi erauskomm ass, vu mir a vum ADR koum, an dräi Woche méi spéit huet den Här Minister dunn eréischt säi Projet de loi virgestallt.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- A wat ass mat deem geschitt?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ma e läit hei.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Neen, et wor ewell en Avis vum Conseil d'État do fir ze soen, datt een déi Prozeduren, an do ass jo virgesinn, datt déi zweet, wéi seet een dat do, Instanz sollt ewechkommen, datt een dat net däerf maachen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Voilà! Très bien!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- War dat esou oder war dat net esou?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Also ech wëll just nëmmen drop hiweisen, datt dat juristesch net de Fall ass, well dat an de meeschte Länner ofgeschaaft ass.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Jo, ech wëll Iech nëmme wéinst der historescher Wourecht soen, datt dat do ewell virun Iech eng Kéier probéiert ginn ass an net duerchkomm ass.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Très bien!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Ech wëll awer soen, datt dat zousätzlecht Personal am Budget fir 2005 virgesinn ass, wat déi ganz Froe vun de Prozeduren dann domadder soll verkierzen. Et sinn am September keng Retour-forcéë gemaach ginn, mä et sinn awer Retour-assistéë gemaach ginn. An ech wëll och soen, dat ass net datselwecht, mä déi Leit, déi…

(Interruption)

Neen, do gëtt et och Ënnerscheeder, mä ech mengen net, datt et awer elo de Moment ass fir hei domadder unzefänken. Loosst eis eng Kéier eng Debatt doriwwer maachen, an dann diskutéiere mer wierklech iwwer alles wat mat Asyl ze dinn huet, vu vir bis hannen, mat Retouren an Netretouren, well elo dee Projet, deen de Mëtteg…

M. le Président.- Madame Minister, den Här Jaerling wëllt lech eng Fro stellen. Sidd Der d'accord?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Also, Madame Minister, géift Dir mer wann ech gelift erklären, wat den Ënnerscheed ass tëschent engem Retour forcé an engem Retour assisté, well ech hunn dat vum 18. am Hierschtmount ganz kloer matverfollegt, dat war e Samschdegmueren, an dat war eleng e Retour forcé. Ech hat mech fir ee spezifesche Fall interesséiert, wou nämlech eng Famill zréckgefouert ginn ass, déi dräi Kanner hei hat, wou ee Kand hei gebuer war, wou et hei an der Schoul war, an ech hunn dem Här Minister och eng Fro gestallt, wat dann an der Regierungserklärung wëllt heeschen, dass d'Regierung wëllt kucke fir fir déi Leit spezifesch Moossnamen anzeleeden.

Ech hunn d'ganz Woch mam Här Schmit tëlefonéiert an et war kee capabel an der ganzer Regierung mir ze soen, wat dann domadder gemengt ass, an et ass bis haut och nach net op déi Fro geäntwert ginn. Et wär awer net schlecht, wa mer doriwwer emol Kloerheet hätten, wat dann den Ënnerscheed ass tëschent engem Retour forcé an engem Retour assisté. De Retour assisté, dat ass just, dass d'Leit gesot kréien: Wann s de elo net ënnerschreifs fir fräiwëlleg heemzegoen, da féiere mer dech forcéiert heem.

Une voix.- Dat ass scho forcé.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Majo, dat ass Erpressung vu vireran.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Also ech wier awer elo frou, wa mer iergendeng Kéier géinge gewuer ginn, ech hat dat Gefill, datt den Här Henckes eigentlech hei wëllt, datt all Mënsch géing zréckgefouert ginn, den Här Gibéryen plädéiert, fir datt d'Leit kënnen hei bleiwen, also wéi gesot, mir wäerten eis iergendwou eng Kéier…

(Interruptions)

Net den Här Gibéryen, den Här Jaerling, entschëllegt.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Den ADR misst emol kloerstellen, wat seng eigentlech Positioun ass.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Jo, voilà, mä mir wäerten awer eng Kéier doriwwer eens ginn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert emol, Dir Herrschaften, ech géif lech…

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Si ënnerbrécht déi ganzen Zäit!

M. le Président.- Neen, neen, Här Henckes, et ass net esou. D'Madame Jacobs ënnerbrécht net, d'Madame Jacobs huet d'Wuert! Wann een hei ënnerbrécht, da kënnen et de Moment nëmmen Deputéierte sinn.

Ech hunn och elo iwwregens gemierkt, den Här Jaerling sollt eng Fro stellen. En huet zwar eng Fro gestallt, mä en huet och nach eng Ried dobäi gehalen. Also, mir sollen eis e wéineg hei un eis Regelen halen, eng Fro stellen an dann hätte mer och gären eng Äntwert vun der Regierung dozou. Madame Jacobs, Dir krut eng kloer Fro gestallt vum Här Jaerling. Den Här Jaerling huet och d'Recht op eng Äntwert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Ech wëll nach eng Kéier soen, datt et sécher eng Kéier eng Geleeënheet gëtt wou dann déi eenzel Fraktioune sech bis dohinner konzertéiert hunn, wat datt se wëllen a wat datt se net wëllen, an d'Regierung an och déi aner Parteien d'Méiglechkeet kréien, fir sech dozou ze äusseren.

Ech wëll just soen zu deem Projet de loi, wou et drëm geet fir Réadmissiounen ze maachen an déi eenzel Länner, datt dat net nëmmen eng Fro vun Demandeur-d'asilen ass. Et sinn och aner Leit, déi kënnen an e Land zréckgefouert ginn ausser Demandeur-d'asilen. Haut geet et besonnesch ëm sechs Länner, wéi Rumänien, Bulgarien, Kroatien an déi dräi baltesch Republiken, a wou een och gesäit, datt et wichteg ass, datt mer awer och nach där Accorden do behalen, quitte datt ech absolut domadder d'accord sinn, och mam Här Fayot, fir ze soen, et ass besser wann dat europäesch Accorde sinn, wou déi 25 Länner dat ënnerschriwwen hunn, well et da selbstverständlech e ganz aneren Impakt huet wéi wann dat déi eenzel Länner sinn, déi sech dorëmmer musse këmmeren.

Et bleift trotzdeem nach ze soen, datt et och nach duerno wäert méiglech sinn, individuell oder op zwëschestaatlechem Plang och nach kënnen där Accorden ze maachen. Ech fannen et och interessant, datt mer zum Beispill elo mat Frankräich an Däitschland an Éisträich esou Accorden hunn, an datt op europäeschem Plang déi Länner, déi elo amgaang sinn, wou Verhandlunge gefouert ginn, eng Kéier Marokko, Pakistan, d'Ukrain a Russland ass, datt mer Verhandlungen ofgeschloss hu mat Hongkong, Macau, Sri Lanka an Albanien, an um Programm zousätzlech stinn Algerien, Türkei a China. Dir gesitt also, datt dat Accorde sinn, déi queesch iwwert d'Welt ginn an déi hoffentlech - an do schléissen ech mech de Wierder vum Här Goerens un - esou mann wéi méiglech musse gebraucht ginn, well et ëmmer fir déi Leit e Schicksal ass, wat net schéin ass.

Op där anerer Säit wëll ech elo ofschléissen an dem Rapporteur, dem Här Mosar, Merci soe fir seng virbildlech Aarbecht, déi e gemaach huet an déi och net ëmmer einfach war a wou ee mierkt bis hei an d'Chamber, datt dat alles méi komplizéiert ass wéi ee sech dat vläicht virstellt.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 4691.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wie fir de Projet ass stëmmt mat Jo, wien dergéint ass stëmmt mat Neen oder en enthält sech.

De Projet de loi 4691 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5364, eng budgetär Upassung bei der Ëmgestaltung vum Gaasperecher Kräiz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Brasseur, den Här Diederich, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Sauber. Här Sauber, Dir hutt d'Wuert.

6. 5364 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de réaménagement de la «Croix de Gasperich» avec reconstruction de l'ouvrage d'art 216 sur l'A6 et réaménagement du carrefour formé par la route nationale 4 et le chemin repris 186

5365 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies

Rapport de la Commission des Travaux publics du projet de loi 5364

M. Marcel Sauber *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mer haut diskutéieren, ass am Fong eng Suite vun dem Gesetz wat mer gestëmmt hunn iwwert d'Gaasperecher Kräiz, verkierzt gesot. Haut hu mer allerdéngs d'Kräiz mam Dépassement, an dat bedeit, datt mer mussen en neit Gesetz stëmmen, fir d'Adaptation budgétaire ze maachen.

Historesch de 14. Dezember 2001 ass de Chantier décidéiert ginn. Den Devis war deemools 10,5 Milliounen Euro, ouni d'Hausses légales, an haut ergëtt et sech jo dann, datt deen Devis net kann agehale ginn. Dat bedéngt, datt en neit Gesetz muss kommen, fir eben d'Adaptation budgétaire ze maachen, fir datt d'Aarbechte kënne fäerdeg gestallt ginn an och kënne bezuelt ginn. De Projet, deen dann elo hei virläit, soll dann och de constitutionnellë Virschrëften an dësem Sënn Rechnung droen.

De 14. Juli vun dësem Joer huet déi deemoleg Travaux-publics-Ministerin de Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert. De Conseil d'État ass de 25. Juni 2004 domat befaasst ginn an de 16. Juli huet e säin Avis ofginn. D'Kommissioun vun den Travaux publics war de 5. Oktober 2004 zesummen an huet mech als Rapporteur designéiert. An därselwechter Sëtzung huet se den Text vum Gesetz analyséiert an och den Avis vum Conseil d'État ënnert d'Lupp geholl. An der Sëtzung vum 19. Oktober 2004 huet se hire Rapport presentéiert, deen dann och majoritaire ugeholl ginn ass.

Zum Fong elo vum Projet selwer. Aus dem Exposé des motifs geet ervir, datt den Dépassement vu 4,6 Milliounen am Wesentlechen domat begrënnt gëtt

- éischtens, datt den Dépensë fir d'Etüde vun den Architekten an Ingenieuren net Rechnung gedroe gi war am éischten Devis, ronn 600.000 Euro;

- zweetens, datt d'Aarbechte vun de Lousen 1 an 2 ëm 15,7 respektiv 26,89% méi héich zougeschloe gi si wéi den Devis virgesi war, wat dann en Dépassement mat sech bréngt vun 1,7 Milliounen;

- drëttens, 900.000 Euro sinn domat erkläert, datt d'Elektrokabele vun der Stad Lëtzebuerg op méi eng laang Streck hu misse verluecht ginn;

- véiertens, d'SEBES-Waasserleitung huet och missen anescht verluecht ginn, wat e Supplément vun 870.000 Euro mat sech bréngt;

- fënneftens, déi öffentlech Beleuchtung war am Devis net virgesinn, 300.000 Euro

- a schlussendlech ass och nach eng Reserv dra fir Imprévuë vun 172.000 Euro.

Ofgeronnt ergëtt sech domat en Dépassement vu 4.605.000 Euro bei Bauindex 575,85 op den 1. Abrëll 2003.

De Conseil d'État, dee kuckt d'Argumenter an d'Erklärunge vum Dépassement ganz kritesch a bezeechent och Verschiddener dovun als «anomalies inacceptables et surtout contraires à une gestion en bon père de famille des deniers publics». Am Interesse vun der Transparenz vun de Statsfinanzen an am Interesse vun de Steierzueler wär et noutwendeg, seet de Conseil d'État, datt déi zoustänneg Autoritéite prompt reagéieren, fir datt däraarteg Fäll an Zukunft vermidde ginn, an datt ee sech déi noutwendeg Prozedure gëtt, fir kënnen de Gesetzer an de Reglementer respektiv dem Contrôle vun der Chamber gerecht ze ginn.

De Conseil d'État, trotz aller Kritik, gëtt dann awer säin Accord zum Projet «compte tenu de l'avancement du chantier et des problèmes de circulation routière y relatifs». E schléit dann allerdéngs nach am Artikel 2 eng Textännerung vir an e proposéiert och de Bauindex unzepassen un dee leschtbekannte Stand.

D'Kommissioun vun den Travaux publics deelt déi haart Kritik vum Conseil d'État um Projet. Verschidden Argumenter si schwéier, wann iwwerhaapt ze verstoen a mussen an Zukunft absolut vermidde ginn. Et schéngt mir kloer, datt bei engem gréissere Chantier ëmmer Imprévuën do sinn, deene muss kënne Rechnung gedroe ginn, mä hei handelt et sech bei verschiddene Positiounen net méi ëm Imprévuën, mä einfach emol ëm Oublien, fir et emol esou auszedrécken.

An do ass dann ebe wichteg, datt esou Saachen an Zukunft vermidde ginn, datt Dépassementer, wa se iergendwéi ustinn, duerch nei Prozeduren iergendwéi nei an de Gréff kënne geholl ginn, an datt de Ministère sech déi noutwendeg Moyenë gëtt, fir kënne prompt op esou Situatiounen ze reagéieren. Vläicht léisst sech deen een oder aneren Oubli och nach domat erklären, datt déi nei Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Constitutioun deen een oder anere Verwaltungsmënsch awer iwwerrascht huet.

D'Membere vun der Kommissioun hunn och net mat Kritik gespuert um Projet, eng Kritik, déi awer och opbauend war an deem Sënn, datt de Minister eng ganz Partie Suggestiounen a Propositioune mat op de Wee kritt huet, fir ze kucken, wéi een dat do alles kënnt vermeiden. De Minister vun den öffentlechen Aarbechten huet dann och versprach, hie géing Mëttel a Weeër sichen, fir datt an Zukunft déi bestehend Lacunë kënnen ënnerbonne ginn, an en huet och nach eng Partie zousätzlech Erklärungen dann ofginn.

Schlussendlech markéiert dann d'Kommissioun majoritär hiren Accord zum Projet a follegt dem Conseil d'État wat d'Textännerungsvirschléi ubelaangt vum Artikel 2, an e passt dann och de Betrag vu 4,6 Milliounen Euro un deen neien Index un, woumat dann den definitive Betrag 4.709.534 wier. D'Kommissioun proposéiert dann och den Text ze akzeptéieren, wéi en elo am Rapport virläit. Ech bréngen da vun dëser Plaz aus och den Accord vun eiser Fraktioun zum Projet.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Sauber. Als éischte Riedner ass ageschriwwen d'Madame Anne Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut zwee Projeten um Ordre du jour, déi am Fong deeselwechte But hunn, nämlech eng Adaptatioun vun dem urspréngleche Devis, esou wéi en am Gesetz gestëmmt ginn ass, dat eng Kéier zu Gaasperech, wou mir de Rapport héieren hunn, an dat anert ass de Giratoire vu Märel.

Vu dass et zweemol deeselwechten Objet ass, wollt ech just eng Interventioun maachen, Här President, wann et erlaabt ass, an zu deenen zwee Projete gläichzäiteg schwätzen, sou dass ech bei deem nächste Projet dann d'Wuert net méi wäert froen.

M. le Président.- Jo, Här Wolter?

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ech wollt eng Propos maachen, wann dat bei alle Fraktiounen de Fall wier, ob ee vläicht net den zweete Rapport kéint elo maachen an dann eng Diskussioun iwwert déi zwee Projete maachen, dans la mesure wou mer an enger Situatioun sinn, wou mer praktesch exakt déiselwecht Problemer op deenen zwee Projeten hunn. Wann d'Madame Brasseur domadder d'accord wier an och d'Chamber, da géif een deen zweete Rapport maachen an dann eng Diskussioun iwwert déi zwee. Ech mengen, dat géif jiddfereen an alle Fraktiounen och arrangéieren.

M. le Président.- Ech mengen, dat wier eng gutt Propos, d'autant plus wou den Här Bauteminister mir gesot hat, datt et hien och géif arrangéiere fir dat Ganzt an enger globaler Diskussioun ze maachen, well et all Kéiers déiselwecht Froe sinn.

Ass d'Chamber dann domat d'accord, dass mer fir d'éischt déi zwee Rapporte lauschteren?

(Assentiment)

Da muss ech lech bieden, Madame Brasseur, lech nach ee Moment ze gedëllegen, an ech géif dem Rapporteur vun deem zweete Projet, dem honorabelen Här Clement, d'Wuert ginn, fir dee Rapport virzedroen, an dann huelt Dir Stellung zu deenen zwee.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Ech si ganz frou, dass meng Virgoensweis dozou geféiert huet, dass mir elo méi rationell hei kënne schaffen.

M. le Président.- Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Travaux publics du projet de loi 5365

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Problem, deen deen heite Projet opwerft, ass, wéi mer elo grad héieren hunn, ähnlech gelagert wéi deen, iwwert dee mer elo just de Rapporteur héieren hunn, an et ass sécherlech och net, géif ech emol soen, haut fir d'éischt, mä mat Sécherheet och net fir d'lescht wou mer iwwer ähnlech Problemer an ëm Dépassementer an engem Bauteprojet heibanne wäerten diskutéieren.

Une voix.- Dir sot et!

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Dépassementer, déi allerdéngs aus verschiddenen Ursaachen awer kënnen entstoen. Déi eng kann ee mat Sécherheet zu deene vermeidbaren Ursaachen zielen, an anerer erëm sinn duerch äusserlech Ëmstänn oder duerch Konzeptännerungen entstanen a sinn als onévitabel oder op jiddfer Fall als net virauszegesinn anzestufen.

Och dëse Projet iwwert de Réaménagement vun der Kräizung vun der Autobunn A4 an der Märeler Strooss mam Bau vun engem Rond-point, dee véierspureg ënnertunnelt gëtt, befaasst sech mat enger budgetärer Upassung, déi sech op eng Gesamtzomm vun 1.943.000 Euro beleeft. Deen initiale Projet souwéi deen heite Projet iwwert déi budgetär Upassung waren a si Bestanddeel vum sou genannten «Programme général d'établissement d'une grande voirie de communication», deen am Artikel 6 vum Fonds-des-routes-Gesetz vum 16. August 1967 festgeschriwwen ass an deen ënner anerem virgesäit, an ech wëll hei aus deem modifizéierte Gesetz vum 29. August 1972 zitéieren: «une nouvelle route d'Esch-Alzette à Luxembourg, entre Lallange et Hollerich (Place SS-Pierre-et-Paul) et son raccordement à la ceinture de contournement de la ville de Luxembourg.»

Op den Detail vun den Dépassementer kommen ech spéider nach eng Kéier zréck, erlaabt mer fir d'éischt op d'Antécédentë vun dësem Text anzegoen. De Projet gouf de 14. Juli 2004 vun där deemoleger Bauteministesch, der Madame Hennicot, an der Chamber déposéiert. An der Kommissiounssitzung vum 5. Oktober 2004 huet d'Kommissioun mech als Rapporteur bestëmmt a souwuel den Text vum Projet wéi och den Avis vum Statsrot, deen op de 16. Juli datéiert ass, ënnert d'Lupp geholl. De schréftleche Rapport ass an der Kommissiounssitzung vum 19. Oktober analyséiert an och ugeholl ginn.

Dat initiaalt Gesetz vum 1. August 2001 hat en totale Käschtepunkt, deen op 11.427.841,49 Euro chiffréiert ass, en Total, deen awer vun den Exécutanten net oprechterhale konnt ginn. Wann een och net all Erklärung, déi mir dofir an der Kommissioun kruten, fir dës Augmentatioun vum totale Käschtepunkt ze rechtfertegen, akzeptéiere kann, sou gesäit dëse Projet véier Haaptfacteure vir, déi als Argument fir dës Augmentatioun vum Total ugefouert ginn.

Éischtens emol, d'Käschte fir den Éclairage public waren ze déif ugesat, an d'Variant, déi schlussendlech fir dëse Bau zréckbehale ginn

ass, generéiert och nach zousätzlech Käschten, déi sech dann op en Total vun 1,1 Millioun Euro belafen. All Plantatiounen «pour mesures compensatoires», Aménagement du bac central souwéi verschidden anerer nach derbäi waren am initialen Text iwwerhaapt net berücksichtegt ginn, sou datt sech och hei duerch dësen Oubli de Projet ëm 105.000 Euro verdeiert.

Des Weidere komme weider Käschten derbäi fir d'Leitplanken, de Marquage de signalisation, déi sech op 575.000 Euro belafen. Derbäi kënnt schlussendlech nach eng Reserv «pour imprévus», déi op 80.500 Euro chiffréiert ass. Ausgoend vum aktuelle Bauindex vum 1. Abrëll 2004 vu 588,92 Punkte maachen dës véier Postë summa summarum e Montant vun 1.943.130 Euro aus.

A sengem Avis vum 16. Juli 2004 huet de Statsrot, wéi och am Projet virdrun, déi budgetär Dépassementer als inakzeptabel qualifizéiert a gemengt, dass se enger «gestion en bon père de famille» vun de Statsfinanzen net géifen entspriechen. Déi héich Kierperschaft fuerdert dofir déi concernéiert Verwaltungen a Ministèren op, fir esou Démarchen an Zukunft ze ënnerbannen an déi entspriechend Prozeduren zur parlamentarescher Kontroll, d'Gesetzer an d'Reglementer an engem méi grousse Mooss ze respektéieren.

De Statsrot weist doriwwer eraus drop hin, dass et bei dësem Projet net fir d'éischt ass wou e sech zu Dépassementer esou kritesch äussert. Zu gudder Lescht bréngt en d'Hoffnung zum Ausdrock, dass d'Käschten net nach weider iwwerschratt ginn, a weist drop hin, dass all weider Iwwerschreidung nëmmen duerch de Législateur autoriséiert ka ginn.

D'Kommissioun huet sech zesumme mam zoustännege Minister, dem Här Wiseler, Gedanken driwwer gemaach, wéi een dës Problemer an Zukunft soll a mat Sécherheet och wëllt ugoen, virun allem awer wéi ee se gedenkt ze évitéieren. Den Här Minister wäert an nächster Zukunft zesumme mat der Bautekommissioun a mat der Comexbu Diskussioune féieren a Propositiounen op den Dësch leeën; mat der Comexbu ass et d'ailleurs scho leschte Méindeg iwwert dëse Sujet zu deem éischte Meenungsaustausch komm.

Et kéint ee sech virstellen, fir an dësem Fall Clignotanten an der Prozedur anzebauen, déi fréizäiteg op potenziell Dépassementer opmierksam géife maachen, fir am Idealfall éischter oder direkt reagéieren ze kënnen. Och dem Contrôle par corps de métier muss hei eng gréisser Opmierksamkeet zoukommen. Bei gréissere Bauprojete wier och d'Prozedur vun engem «double vote» hei eng Méiglechkeet. Eng Prozedur wou d'Chamber fir d'éischt d'Konzept vun engem Bau stëmmt, duerno sollen d'Architekten an d'Ingenieure rechnen oder hir Aarbecht maachen an dann, an enger zweeter Phas, géif d'Chamber hei d'Enveloppe financière stëmmen. Dës Prozedur hätt de Virdeel, dass een duerch dee méi spéide Vote vum finanzielle Volet, wat d'Zuelen ubelaangt, eigentlech méi no un der Realitéit léich wéi dat bis elo de Fall war.

Et gëtt, Här President, sécher nach weider Méiglechkeeten an ech denken, wann een de gudde Wëlle vun alle Bedeelegte gesäit, fir an dësem Domän eng vernünfteg Léisung ze fannen, dass eis dat dann och sécherlech gelénge wäert.

Den Här Minister huet eis awer och ze verstoe ginn, dass, egal wat fir eng Prozedur ee wielt oder wat fir eng Prozedur een hëlt, sech d'Dépassementer och an Zukunft net zu 100% ausschléisse loossen.

Wat elo déi spezifesch Dépassementer an dësem Projet ugeet, sou huet de Minister Claude Wiseler eis an der Kommissioun erkläert, dass et fir d'Administratioun vu Ponts & Chaussées en Novum war, fir iwwert de Wee vun engem Gesetz e Projet ze plangen. Den initiale Projet war deen éischten u sech, deen no deenen neie Kritäre vum Kontabilitéitsgesetz op den Instanzewee goung. Der Administratioun war zu deem Zäitpunkt wahrscheinlech net ausreechend kloer, dass een e Projet wesentlech méi prezis oder jiddefalls sou prezis wéi méiglech formuléieren an och ausschaffe muss. Wahrscheinlech - an den Här Bausch huet et gëschter bei eisem Rapport iwwert d'Konten 2000 schonn ugeschwat - well d'Traditioun oder d'Aart a Weis fir ze schaffe bis dohinner eng aner war wéi elo dat neit Kontabilitéitsgesetz et virgesäit.

Ech mengen awer och, dass een enger Verwaltung muss eng Ulafszäit zougestoen, fir mat neie Prozeduren ëmzegoen. Feeler sinn do fir gemaach ze ginn…

(Hilarité)

Jo, mä et muss een awer dovunner ausgoen, dass se sech dofir net onbedéngt musse widderhuelen, wa se bis eng Kéier gemaach gi sinn. Et soll een awer op jidde Fall, egal wien dat ass, probéieren aus deene Feeler ze léieren.

Ech wëll zu gudder Lescht nach eng Kéier op d'Propositioune vum Statsrot agoen, déi op där enger Säit redaktioneller Natur waren an zum aneren de Bauindex betraff hunn. De Statsrot réit an deem Kontext ëmmer deen aktuellen Index an d'Gesetz anzebauen, och wann et sech wéi an dësem Fall ëm Dépassementer, eng finanziell Upassung, handelt. Dëser Fuerderung ass d'Kommissioun nokomm an dat allerdéngs no enger längerer Diskussioun.

D'Diskussioun huet sech hei drëm gedréit ob de Chiffer, deen urspréinglech zum Arrondi vun der Gesamtzomm gefouert huet, mat oder net mat soll ugepasst ginn. Mir ware schlussendlech der Meenung, mir sollten der Propositioun vum Statsrot à la lettre nokommen an all d'Chifferen un deen neien Index upassen. Dës Upassung bréngt dann awer mat sech, dass deen zousätzleche Käschtepunkt vun urspréinglech 1,9 Milliounen Euro op eng net arrondéiert Zomm vun 1.943.130 Euro eropgesat gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, dass d'Vermeidung vun den Dépassementer bei Bauprojeten eng vun deene grousse Erausfuerderungen un eis all ass, déi eis an dëser Legislaturperiod betrëfft, eng Erausfuerderung, déi mer awer, denken ech, meeschtere kënnen. Op jidde Fall kënne mer se meeschteren, wa gemeinsam machbar a virun allem awer och an der Praxis gangbar machbar Propositiounen op dem Dësch leien, an déi mussen dann och esou duerchgezu ginn. All concernéiert Parteien, d'Chamber als Kontrollorgan op där enger Säit, d'Regierung, de Ministère an d'Administratioun als Exécutant, mussen hei hirem Rôle innerhalb dëse Prozedure kënne gerecht ginn.

Ech hoffen, Här President, dass ech mat mengen Ausféierungen an Erklärungen der Chamber dëse Projet u sech méi no konnt bréngen. Dat gesot, wier ech frou wann d'Chamber dann dëse Projet géing stëmmen. Ech jiddefalls sinn autoriséiert fir zu dësem Projet den Accord vun der CSV ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Da komme mer elo zur Diskussioun vun deenen zwee Projeten, déi virgedroe gi sinn, an d'Madame Brasseur huet da fir d'éischt d'Wuert.

Discussion générale (suite)

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, den neie Bauteminister ass wierklech net ze beneiden.

Une voix.- Gutt gesot!

Mme Anne Brasseur *(DP).*- En ass eng Ierfschaft ugetrueden andeem en elo eng ganz Partie Projeten huet mat deenen e muss an d'Chamber komme fir ze froen, mir sollen dat wann ech gelift stëmmen, an dat souwuel am Déif- wéi am Héichbau wou et zu Dépassementer kënnt…

Une voix.- Dat ass der Madame Hennicot hir Schold.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- … an et si jo och nach Projeten, déi wäerten nokommen.

Den Här Wiseler ass sech dees jo och bewosst, well den Här Wiseler wor jo - an dat ass en Avantage - virdru Member vun der Commission de l'Exécution budgétaire, sou dass e weess, wéi de Législateur - a wéi mat Recht de Législateur - sensibel op deene Punkten ass, an esou ass den Här Wiseler och direkt an d'Bautekommissioun komm mat enger Rei Propositiounen an Iddien, fir dass et an Zukunft net méi zu esou Dérapagë soll kommen. A mir haten och uganks dëser Woch eng Diskussioun an der Commission de l'Exécution budgétaire. Ech hoffen, dass mer zesummen - an dat betounen ech - zesumme Léisunge fannen, fir dass mer an Zukunft déi Projete besser op d'Schinn setzen a besser ficeléiert kréien.

Als Oppositiounspartei kënne mir nëmmen dat ënnerstëtzen, wat de Minister virhuet ze maachen, nämlech dat Ganzt op e gutt Enn ze bréngen, well déi Situatioun, an där mer ons am Moment befannen, ass wierklech ongesond. An dat ass jo am Fong net nëmmen eng Ierleedung vum Parlament, mä et ass eng Ierleedung vum Steierzueler, fir dee mir awer och hei musse geruedstoen.

Déi zwee Projeten, déi mer haut sollen diskutéieren, sinn am Fong e gutt Beispill wéi een et net soll maachen. Et ass wouer - an d'Rapporteuren hunn et virdrun an hirem Rapport gesot -, dass et fir d'éischt wor, dass d'Stroossebauverwaltung Projet-de-loie gemaach huet bei méi klenge Projeten, mä et ass awer menger Meenung no net zoulässeg, dass een einfach Positioune vergësst an dass et esou zu Dépassementer kënnt.

Bei der Croix de Gasperich sinn et bal 50%, beim Giratoire vu Märel sinn et 17%, dat ass enorm, an de Conseil d'État huet jo och net mat senger Kritik gespuert. Déi zwee Rapporteuren hunn de Conseil d'État zitéiert an d'Kommissioun huet sech och deene Kritiken ugeschloss, dass et sech ëm „anomalies inacceptables" handelt oder wéi de Conseil d'État weider seet: «Or, il semble bien que, malgré ces rappels de la part du Conseil d'État, les autorités publiques responsables des travaux sous avis n'aient rien entrepris pour remédier à ces pratiques déplorables.» Well et ass jo net esou, dass mer fir d'éischt mat esou Projete konfrontéiert wieren. Dat sinn haart Wierder vum Conseil d'État, déi mer ons all sollen zu Häerz huelen, fir dass mer an Zukunft besser Prozedure kënnen an d'Wee leeden.

Ech hu virdru gesot, et kënne bei grousse Projeten Imprévuë virkommen a fir déi ass kee responsabel an da musse mer eng Prozedur hunn, wéi mer da reagéieren. Dat ass beispillsweis e Glissement vum Terrain. Esou eppes ass net prévisibel a wann esou eppes virkënnt, da muss een natierlech reagéieren, ouni dass ee fir d'éischt de Législateur muss aschalten ier ee mam Chantier ka virufueren.

Allerdéngs däerf et awer an Zukunft net méi virkommen, dass elementar Positioune vergiess gi wéi dat bei dëse Projete wor. D'Frais-

d'étudë vun den Ingenieure gehéieren zu all Projet. De Marquage au sol war vergiess ginn am Devis festzehalen. D'Signalisation verticale wor vergiess ginn, d'Leitplanke wore vergiess ginn, or dat sinn elementar Objeten, déi zum Stroossebau gehéieren, an dofir ass d'Iddi u sech och net schlecht, dass een eng Zort Standardisatioun opstellt no där ee géing fueren, well d'Projeten u sech, och wann et op anere Plazen ass, sinn awer ëmmer déiselwecht, fir dass et net méi zu deenen Oublië kënnt.

Mir gesinn elo, dass deen ee Projet, dee vu Märel, do ass de Weekend nach dru geschafft ginn, an eng Richtung op Esch kann een duerch de Souterrain fueren, an haut elo, wou d'Aarbechte bal ofgeschloss ginn, gëtt dann d'Parlament säin Aval, mä d'Parlament kann och näischt aneschters maache wéi elo säin Aval ze ginn. Mir hoffen op jidde Fall a mir wëssen och, dass dat dem Här Minister säi Wonsch ass, dass dat hei net méi virkënnt an dass bei deene Projeten, déi an Zukunft déposéiert ginn, dat mat méi Soin gemaach gëtt, fir dass mer Devien opstellen, déi der Realitéit entspriechen. Dat ass am Intérêt vum Objet, et ass am Intérêt vum Législateur, et ass awer virun allem am Intérêt vun der Transparenz an domat am Intérêt vum Steierzueler.

Ech fir mäin Deel wëll zu deenen zwee Projeten den Accord vun der DP-Fraktioun bréngen an dem Minister eng glécklech Hand wënsche fir déi zukünfteg Projeten, déi e selwer ufänkt, mä och eng glécklech Hand fir déi, déi en elo muss zu Enn féieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur, fir Är Ausféierungen. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Diederich ageschriwwen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer ganz kuerz e grousse Merci ze soen den zwee Rapporteuren, déi elo grad geschwat hunn. Si hu ganz prezis an iwwerzeegend d'Situatioun duergeluecht. Ech wëll als Buergermeeschter am Numm vläicht vu Kolleegen heibannen och soen, dass mir als Buergermeeschtere ganz oft mat deenen dote Problemer ze dinn hunn an dass mer vläicht doduerjer méi direkt bei der Verwaltung sinn, oft op den Terrain geruff ginn an och bei der beschter Planung heiansdo mussen da Jo oder Nee soen zu Imprévuen, déi awer am Intérêt vun der Saach musse geholl ginn.

Et ass awer hei esou, dass mer, ech mengen et ass richteg gesot ginn, eng ganz Rei vu Punkte beieneen hunn, och d'Ausmooss ass gesot ginn iwwer 40%, bal 50% an deem Fall vu Gaasperech. Ech wëll dofir och soen, dass déi Kontrollmechanismen, déi Clignotanten, besser musse funktionéieren. Ech wëll och d'Fro opwerfen awéiwäit d'Zesummenaarbecht tëschent Stat/Gemengen an och Syndikater kéint besser sinn, wa mer hei héieren, dass Lëtzebuerg-Stad do mam Kabel involvéiert wor an och de SEBES.

Ech wollt besonnesch awer soen, dass d'Bild vun der Verwaltung a vun de Politiker net ëmmer dat bescht dobaussen ass bei Ëmfroen, déi mer an der leschter Zäit héieren hunn an den Zeitungen an dass dat hei op alle Fall net dozou bäidréit dat Bild ze verbesseren. Dofir wier et am Intérêt vun der Saach, dass mer géifen op alle Fall an déi Richtung schaffe wéi elo grad vu virera gesot ginn ass, well den Här Minister ass jo och hei fir eis dat ze soen awéiwäit en do wëllt an Zukunft Mesuren ergräifen, fir dass dat hei op alle Fall net méi virkënnt.

Ech wollt awer nach ee Wuert soe vläicht um Rand. Mir hunn och am Regierungsprogramm drastoen, dass mer solle méi bëlleg bauen ouni wëlle schlecht ze bauen. Hei ass och vläicht wichteg ze soen, wann esou vill Geld am Spill ass, aus Respekt virun den Décideuren, de Politiker heibannen, den Deputéierten, déi mussen d'Projete stëmmen, sollen déi Projete méiglechst genau sinn an och, wéi gesot ginn ass elo grad, aus Respekt virum Contribuable a virum Administré.

Ee lescht Wuert nach just. Ech mengen, och wann de Betrag elo grad gesot ginn ass, 190 Milliounen Dépassement, et ass elo e bësse spéit fir dat nach ze änneren, esou dass mir als Fraktioun vun der LSAP eisen Accord hei géife ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dann hei, wéi d'Madame Brasseur et virdru scho gesot hat, eng gemeinsam Stellungnahm maache vu menger Fraktioun zu deenen zwee Projeten, betreffend déi ominéis Dépassementer vum Gaasperecher Kräiz an dem Giratoire vu Märel. An zu deenen zwee Projeten oder plutôt Adaptation-budgétairë wëll ech dräi generell a prinzipiell Kritiken ausdrécken.

Éischtens, den Dépassement vum Gaasperecher Kräiz beleeft sech op 4.605.000 Euro an domadder klëmmt deen Dépassement vu sengem initiale Präis op e Plus vu 44,8%. Den Dépassement vum Giratoire de Merl beleeft sech op 1.910.000 Euro an domadder hu mer dann en Dépassement vu 17%.

An ech zitéieren et och nach eng Kéier, de Conseil d'État schreift dozou awer zweemol hoergenee datselwecht, e setzt just déi jeeweileg Zeilen dann och zu deene jeeweilege Projeten an. Ech zitéieren: «Le Conseil d'État trouve de telles anomalies inacceptables et par ailleurs contraires à une gestion en bon père de famille des deniers publics. Aussi la transparence des finances publiques et partant l'intérêt du contribuable exigent-ils que les ministères et administrations publiques compétentes et responsables» - wëll ech ënnersträichen - «agissent promptement pour éviter à l'avenir de telles déconvenues.»

De Conseil d'État mécht dann och weider eng Rei Opzielunge vu Projets de loi fir Dépassementer ze legitiméieren, wou hie schonn datselwecht ënnerstrach hat. Dozou gehéiert de Campus Geesseknäppchen, de Prisong, de Pei-Musée, d'Coque, den Aménagement vum Housener Park, de Centre touristique et écologique, d'Saarautobunn, de Centre de Recherche Henri Tudor, de Centre de Technologie de l'Éducation um Kierchberg.

Mir heibanne wëssen alleguerten, dass mir geschwënn - et ass schonn ugeklongen - zousätzlech budgetär Adaptatioune wäerte stëmme mussen, notamment déi iwwert d'Concertshal oder iwwert d'Nordstrooss, fir der nëmmen zwee ze nennen, mä d'Lëscht ass awer vill méi laang.

Déi Gréng kënne sech, Dir Dammen an Dir Hären, nëmmen dem Avis vum Statsrot uschléissen a betounen, dass et hei bei dësen zwee Projeten net ëm en onglécklechen Oubli geet. Hei, musse mir feststellen, ginn esou Dépassementer scho bal, an den Term ass scho gefall, zur Traditioun. Et gëtt vill ze vill Projeten, déi inakzeptabel budgetär Adaptatioune verlaangen. Wichteg Bauprojeten, déi hei an der Chamber presentéiert, diskutéiert an och gestëmmt ginn, ginn herno net esou ëmgesat. An do läit et op der Hand fir ze soen, dass hei

de Législateur iwwergaange gëtt, zumindest wann en an aller Seriositéit e Projet ofstëmmt an zwee Joer duerno mat enger Adaptatioun vu bal 50% konfrontéiert gëtt.

An dat féiert mech zum zweete Punkt.

Déi Dépassementer, mat deene mir hei an der Chamber konfrontéiert sinn, beanträchtege seriö eis politesch Aarbecht. Et ass praktesch an esou Konditiounen onméiglech ginn eng politesch Décisioun ze huelen, eng politesch Diskussioun ze féieren an engem Bauprojet eng politesch Dimensioun ze ginn, ganz einfach well d'Zuelen net stëmmen.

Beim Pei-Musée, wat jo e contestéierte Projet wor an och nach ëmmer ass, ass et eigentlech am offensichtlechsten, wa mer bis elo schonn zweemol hu misse ganz considérabel Budgetsadaptatiounen hei stëmmen. Mir hu vill ze vill oft mat Adaptatiounsbudgeten hei ze dinn, déi net méi op eng novollzéibar finanziell Augmentatioun zréckzeféiere sinn, mä déi haaptsächlech eng Programmännerung als Ursaach hunn, soll se dann och muttwëlleg sinn oder och net. An et si genee déi Programmännerungen, dat wësst Der alleguerten heibannen, déi am meeschten an d'Geld schloen.

Drëttens, ech géif awer och nach gäre kuerz op déi proposéiert méi adequat Prozeduren agoen, oder wéi de Conseil d'État seet noutwendeg Prozeduren. De Minister hat vun adequate Prozedure geschwat, fir eben esou Ausrutscher an Zukunft ze vermeiden an notamment den «double vote» hei an dësem Haus.

Als Éischt géif ech gär soen, dass de Minister eis total Ënnerstëtzung wäert fannen, wann da soll den «double vote» hei als Prozedur an dësem Haus agefouert ginn. Ech wëll awer och ënnersträichen, dass mer bei der Ausschaffung vun dëse Modalitéiten eigentlech d'Rad guer net mussen nei erfannen. Mir sollten eis dobäi un dem Schwäizer oder un dem däitsche Modell orientéieren an deen dann och op lëtzebuergesch Gegebenheeten adaptéieren.

Ech wëll awer och de Bauteminister an de Kommissiounspresident an lech alleguerten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, drun erënneren, dass dës gutt Iddi vum «double vote» net nei ass. Schonns am Ufank vun där leschter Legislaturperiod, dunn huet déi Budgetskontrollkommissioun nach anescht geheescht, war d'Iddi vum «double vote» bei Bauteprojeten an d'A gefaasst ginn als eng valabel Méiglechkeet fir dëse katastrophalen Zoustänn vun Dépassementer, déi deemools schonn eng grouss Besuergnis waren, entgéintzewierken.

Den heitege Bauteminister, souwéi de Kommissiounspresident iwwregens och, kënne sech sécherlech drun erënneren, well se jo selwer Member ware vun där deemoleger Budgetskontrollkommissioun. Deemools waren esouwuel Är Virgängerin, Här Minister, wéi och deen deemolegen an heitege Budgetsminister der Iwwerzeegung, dass dee System vum «double vote» duerchaus eng gutt Léisung wier.

An do wëll ech Iech zitéieren aus dem Procès-verbal vun där deemoleger Budgetskontrollkommissioun vum 14. Mäerz 2000: «Madame la Ministre» - also Är Virgängerin - «déclare encore une fois qu'un système de double accord de la Chambre pourrait trouver son accord et qu'il serait dans l'intérêt du pouvoir législatif que ce dernier donne son accord définitif à un projet déjà élaboré avec précision.»

A well deen deemolegen an heitege Budgetsminister och an där Réunioun present war, wëll ech en Abschnitt méi wäit zum selwechten Thema zitéieren: «Monsieur le Ministre du Trésor et du Budget pense également que deux votes successifs de la Chambre (d'abord sur le principe, ensuite sur des plans détaillés) peuvent constituer une solution satisfaisante.»

Mir mussen awer feststellen, dass trotz dëse gudden Intentioune fënnef Joer méi spéit d'Situatioun net nëmmen nach ëmmer déiselwecht ass, mä sech eigentlech verschlechtert huet. An dëse Bilan vum État des lieux no fënnef Joer an d'Propositioun vum heitege Bauteminister en «double vote» anzeféieren oder zumindest doriwwer nozedenken, beweist jo awer eendeiteg de Fiasko vu senger eegener Partei a Saache Bautepolitik a Budgetspolitik an deem Domän déi lescht fënnef Joer.

A well et net fir d'éischt ass, datt mir dës Propos héieren, a well bis elo an deem Kontext eigentlech „außer Spesen nix gewesen", wäert Dir verstoen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir als gréng Fraktioun eis Zweifel hunn, wéi eis Bautepolitik dann an dësem Haus soll an deenen nächste Joren ugepaakt ginn.

Mir waarden op d'Ëmsetzung vu gudde Virsätz an erklären eis hei bereet konstruktiv matzeschaffen am Intérêt vum Lëtzebuerger Steierzueler, an dat éischtens fir eng effikass an ëmsetzbar Bautepolitik an zweetens fir eng transparent budgetär Virgehensweis.

Zu dësen zwee Projete vun haut kënne mir eis net averstanen erklären.

Zum Projet vum Gaasperecher Kräiz hat déi gréng Fraktioun scho beim Vote am Joer 2001 hir Bedenken ausgedréckt. Den Dépassement vun haut a seng Ursaache si fir eis inakzeptabel a mir wäerte géint dee Projet de loi 5364 stëmmen.

De Projet betreffend de Giratoire de Merl hat déi gréng Fraktioun am Joer 2001 matgestëmmt. Den Dépassement vun haut souwéi seng Ursaachen, awer och déi chaotesch a konzeptlos Evolutioun vun der Plaz selwer tëschent Märel an Hollerech kënnen haut eist Averständnis net méi fannen. Mir wäerten dann eben aus deene logesche Grënn an och trei zu där grénger Konsequenz hei an dësem Haus eis beim Projet 5365 enthalen.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Robert Mehlen ageschriwwen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der ADR-Fraktioun dem Minister mäi Bäileed ausdrécke fir déi Charge, déi en iwwerholl huet. Mir wëssen alleguer, datt se net einfach ass, mä et erlichtert et der CSV awer fir mat all hire Verfeelunge vun der Vergaangenheet heihinner ze kommen, well hie leschten Enns als fréiere Parlamentarier net direkt d'Responsabilitéit dréit fir dat wat en elo Punkt fir Punkt a ganz ville Projete muss hei an der Chamber virdroen an dann e bësse wéi en aarme Sënner, obschonn en net dofir kann, heihinner kommen, fir zousätzlech Kreditter ze kréien.

Et ass eng bedauerlech Situatioun, besonnesch dofir, an do muss een drop hiweisen, well d'Situatioun vun den öffentleche Finanze sech dramatesch verschlechtert huet. Wann ee ganz optimistesch wier, géing ee soen, sech normaliséiert huet. Mir wëssen, datt d'Prévisioune virgesinn, datt d'Investitiounsfongen an deenen nächste Jore sech ganz séier wäerten eidel maachen, well bei wäitem net méi esou vill erakënnt wéi laut der Programmatioun wäert offléissen, esouguer da wann zousätzlech, wat anscheinend envisagéiert ass, massiv muss op Emprunten zréckgegraff ginn.

Eleng dofir wäert dat an deenen nächste Joren extrem wéidoen, datt Projeten, déi mer gestëmmt hunn, eisem Législateur an der Intentioun esou vill Geld fir e bestëmmten Objet zur Verfügung ze stellen, elo heiansdo bis un d'Grenz vu 50% iwwerschratt ginn. Dat ass dramatesch an dat ass och irresponsabel.

Am Artikel 78, Här Minister, vun der Constitutioun steet, «les ministres sont responsables». Wann een elo dat géing an der leschter Konsequenz zu Enn spannen, da misste mer lech eigentlech zur Responsabilitéit zéie fir eppes fir wat Der net kënnt.

Wann een déi zwee Projeten hei kuckt, an ech wëll net alles widderhuele wat meng Virriedner gesot hunn, well et ass eigentlech net méi vill dozou bäizeflécken, da stellt ee fest, datt et engersäits Oublië sinn, déi net ze erkläre sinn. Ech wëll dat hei am Numm vun eiser Fraktioun ganz däitlech soen. Et ass net ze erklären, datt eng Verwaltung, déi awer gewinnt ass ze bauen, Frais d'études vergësst, op enger Strooss wou ganz vill Verkéier ass, wéi mir gewinnt sinn ze bauen, den Éclairage vergësst. Et kënnt een natierlech och soen, leschtens Enns wär et un der Bautekommissioun gewiescht, fir ze froen, wéi ass dat dann elo domat? Mä ech mengen, et ass net d'Aufgab vun der Bautekommissioun fir d'Devien elo och nach am Detail ze kontrolléieren.

A Projete wou vill Déifbau ass kënnt et engem och louche vir wann Devien, déi jo awer seriö opgestallt si ginn, ëm 16 oder 27% am Gros oeuvre iwwerschratt ginn. Dat sinn 1,8 Milliounen Euro. Dat ass net wéineg. Och dat kënnt engem e bësselche komesch vir.

Dann hu mer nach d'Déviatioun vu Kabelen a vu Leitunge vum SEBES, déi schrecklech an d'Geld geschloe sinn, wou erkläert ginn ass, jo mä mir hunn awer dunn décidéiert, an da si mer bei de Changements de programme, wa mer do schonn de Rond-point dropleeën an et kënnt eng Kéier eppes do drun, da musse mer erëm oprappen. Ech mengen, dat hätt ee sech och bei enger seriöer Planung am Virfeld kënnen afale loossen an dann net im Nachhinein kommen an dat alles musse maachen. Do stellt sech menger Meenung no och d'Fro vun enger finanzieller Bedeelegung vun deenen, déi do betraff sinn, nämlech vun der Stad Lëtzebuerg a vum SEBES.

Beim Chantier vun der route d'Esch-Merl doënnen ass et zum Deel datselwecht. Saachen, déi vergiess gi sinn, déi normalerweis hätte missen dra sinn, wat onerkläerlech ass. Dat ass eng Erklärung, déi mir net kënnen akzeptéieren. Do huet ee bal d'Impressioun wéi wann de Geck géing mat der Chamber gemaach ginn. Et muss ee sech d'Fro stellen, engersäits wéi seriö datt verschidde Leit hir Aarbecht huelen oder anerersäits, ob net eis Verwaltunge generell heiansdo mat esou Projeten iwwerfuerdert sinn.

Wéi kann een et an Zukunft besser maachen? Dat ass déi grouss Fro, déi am Raum steet. Mir hunn och an eiser Fraktioun doriwwer geschwat. D'accord - awer dat wäert menger Meenung no och nach net schrecklech vill zum Bessere wenden - , datt ee fir d'éischt eng Wëllenserklärung hei stëmmt. En éischte Projet de loi sommaire an deem d'Grondsätz festgehale sinn. Den Objet vun deem wat ee wëllt realiséieren, den Emplacement, d'Gréisst, d'Envergure, wann et e Lycée ass, wéi vill Klassesäll, Ateliere an esou weider, oder wann et en aneren Objet ass, en Objet d'art, wann ech mech esou emol däerf ausdrécken, eng Enveloppe globale maximale, déi net däerf iwwerschratt ginn.

Dann hätt d'Verwaltung d'Sécherheet, datt de Projet realiséiert gëtt, a si huet och d'Planungssécherheet, dat heescht, si kann dann tatsächlech déi Dépensen, déi heiansdo ganz grouss sinn, mat rouegem Gewësse maachen, fir d'Detailplanung duerchzeféieren.

Da kéim den zweete Vote, am Detail, do muss dann awer wierklech alles dra sinn. Et kann net sinn, datt wéi bei der Coque douewen d'Alentouren einfach ewechgelooss ginn. Do ka jo keen engem erziele kommen, datt se vergiess gi wären. Déi sinn ewechgelooss gi mat der Absicht, da kréie mer de Projet gestëmmt an dann duerno kréie mer - natierlech, wat soll d'Chamber dann anescht maachen, wéi och an dësem Fall - dann d'Enveloppe supplémentaire gestëmmt.

Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Mä ech wëll op en anere Punkt nach kommen an dat ass dee vun der Responsabilisatioun vun den Architekten a vun de Bureaux d'études. Et kann net sinn, datt a Projeten - ech denken do un e grousst Gebai, wat scho vill Gespréich gemaach huet douewen um Kierchbierg - sagenhaft Beträg bezuelt gi fir Architektenhonorairen, wou am éischten Ulaf ouni Projet de loi gesetzlech d'Barrière iwwerschratt gi war, wou d'Regierung eng schwéier Illegalitéit begaangen huet, eleng an den Honoraires d'architectes ouni gesetzlech Autorisatioun schonn iwwer 200 Millioune Frang deemools ausginn hat, ouni datt d'Chamber sech iwwerhaapt am Prinzip zur Saach geäussert hat, an datt dann déi Architekten oder Bureaux d'études eng un dër aner fléie loossen, déi dann herno fierchterlech deier ginn.

Mir sinn der Meenung, datt déi Leit sollen anstänneg bezuelt ginn, wéi dat sech gehéiert, mä datt se duerfir mussen an d'Responsabilitéit geholl ginn. Mir sinn der Meenung, datt se op kee Fall - an et wier interessant, Här Minister, wann Dir eis heizou vläicht géingt e Wuert soen - däerfen e Virdeel doraus hunn, wann esou e Projet finanziell aus dem Rudder leeft, well dann ass d'Incitatioun fir hei an do nach derbäi ze maachen an esou weider ganz grouss.

Et kann och net sinn, datt - dat huet meng Virriednerin jo och gesot, mir sinn eis och an der Kommissioun doriwwer eens - an Zukunft nach iergendwellech programmatesch Ännerungen un engem Projet gemaach ginn ouni datt d'Chamber gefrot gëtt, virun allem wahrscheinlech eiser Opfaassung no déi zoustänneg Kommissioun, déi da wierklech eppes dovu versteet, a jugéiere kann ob bei engem Lycée et ubruecht ass, fir do nach e puer Säll bäizesetzen oder net, fir dat nëmmen als Beispill ze huelen.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Wat den éischte Projet ubelaangt hat ech mech enthalen. Dat wäert och d'Haltung vun eiser Fraktioun sinn, well mer gesinn, datt et noutwendeg ass, datt dat fäerdeg gemaach gëtt. Mir kënne jo elo net déi Saach hänke loossen an och d'Entrepreneuren net bezuelen. Am Rapport, an duerfir wëll ech dem Rapporteur, dem Här Sauber, ausdrécklech félicitéieren, steet do, datt d'Chamberkommissioun sech déi haart Kritike vum Statsrot zu Eege mécht an datt domadder d'Chamber, wa se dann dee Projet hei stëmmt, de Projet de rapport an engems matstëmmt, wann ech dat esou däerf ausdrécken, och déi Kritike mat iwwerhëlt an déi Kritike mat un d'Regierung virureecht.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Den zweeten Rapporteur, den Här Clement, weess scho wat kënnt. Ech hu kritiséiert, datt a sengem Rapport dat net drasteet. Et kënnt ee mengen, wann een dat richteg liest, mir géingen zwar déi Erkenntnisser vun der Regierung, woufir datt dat esou gelaf ass, zur Kenntnis huelen an hoffen, datt dat an Zukunft net méi virkéim, sou steet et dran, mä datt mir dat kritiséieren, wéi et gelaf ass - an ech hat gefrot, ech hu gesot, ech kënnt dat net stëmmen, wann dat net géif drastoe kommen. Den Här Clement huet gemengt, et wär awer gutt esou. Duerfir hunn ech dee Rapport do net gestëmmt an duerfir wäerte mir dee Projet hei och net stëmmen.

M. le Président.- Här Mehlen, den Här Clement wëllt lech eng Fro stellen.

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här Mehlen, ech wëll lech just virliesen aus mengem Rapport: «Le Conseil d'État estime que ces dépassements sont inacceptables.»

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Jo.

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Dat steet a mengem Rapport!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dann däerf ech lech och virliesen, datt Dir geschriwwen hutt, mir géingen eis dem Conseil d'État ralliéieren.

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Da sot awer elo net hei op der Chamberstribün, a mengem Rapport géif et net stoen. Ech wollt lech dat just virliesen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Ah neen!

Une voix.- Kommt mir maachen emol dräi Minutte Paus.

Une autre voix.- Neen, neen!

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR).*- «Les travaux de la Commission», do steet…

Une voix.- Et wäert een déi erausgeholl hunn.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Oh déi ass nach dran.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. le President.- Loosst den Här Mehlen schwätzen!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech zitéieren aus dem Här Clement sengem Rapport: «La Commission des Travaux publics décide de se rallier au Conseil d'État tant pour les modifications rédactionnelles proposées que pour la recommandation de retenir un prix rattaché à une valeur indiciaire aussi récente que possible.» Dat heescht, mir hunn décidéiert, eis just an deenen zwee Punkten, Index a Modifications rédactionnelles, dem Conseil d'État ze ralliéieren, awer net senge Kritiken. Den Här Sauber huet awer drop gehale fir an sengem Rapport ze soen, mir géingen eis deene «critiques sévères» vum Conseil d'État uschléissen. Dat ass an eisen Aen eng grouss Differenz an duerfir wäerte mir de Projet, wou den Här Clement Rapporteur war, net stëmmen.

M. le President.- D'Wuert huet elo den Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richteg, dass déi Diskussiounen, déi mer de Mëtte féieren, déi net déi éischt sinn an och net déi lescht wäerte sinn an deem doten Domän, net zu de Glanzstécker vun der politescher Aktivitéit gehéieren. Dorauser awer, wéi ech dat an de Riede vun der Vertriederin vun deene Gréngen an och elo vum ADR héieren hunn, eng Verfeelung vun der CSV oder en Échec vun der CSV erauszespieren, géif ech zum Deel akzeptéieren, wann et do net och schonn aner Ministere virdru gi wär, wou mer déiselwecht Diskussiounen haten…

Une voix.- Kee Gréngen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo, nach kee Gréngen, nach kee Gréngen!

…a wa mer dann net och an de Gemengen, déi mer jo och gutt kennen, zum Deel mat deeneselwechte Problematike beschäftegt wieren, an dat tous partis en toute majorité confondue iwwert d'ganz Land.

Dat heescht allerdéngs net, dass dat engem d'Recht géif ginn, fir d'Hänn an de Schouss ze leeën an déi dote Politiken nozekucken. An d'Chamberskommissioun huet viru fënnef Joer a viru véier Joer a virun dräi Joer eng ganz eingehend Diskussioun gefouert, wou se eng Rei vu Pisten opgezeechent huet, no deenen een déi Kontrollfunktioun, déi de Stat huet, iwwert d'Bauaktivitéite vum Stat an domadder och iwwert d'bonne Gestioun vun de Suen, déi vun der Chamber gestëmmt ginn, wou se sech eng Prozedur ginn huet, fir eng besser Kontroll ze kréie wéi dat virdrun de Fall war.

Or, mat deene Projete vun haut, déi mer kréien, an och mat anere Projeten, déi mer nach an nächster Zäit hei op den Ordre du jour kënne kréien, muss ee feststellen, no véier, fënnef Joer, dass deenen Intentiounen, déi deemools zréckbehale gi sinn an der Kommissioun, net honnertprozenteg Rechnung konnt gedroe ginn an dass also déi Prozeduren net dat Resultat bruecht hunn, wat sech vläicht viru véier a fënnef Joer erwaart ginn ass. Et ass jo net fir näischt, dass mer an deenen zoustännege Kommissiounen elo an deene leschte Wochen, well mer eben an enger neier Legislatur elo sinn, eis nees eng Kéier Gedanken doriwwer maache fir ze kucken, fir dat Zil wat mer alleguerten hu besser an de Gréff ze kréien.

Dobäi gëtt et eng Rei vu Voleten, déi ee muss betruechten. Perséinlech, dat muss ech der Madame Loschetter soen, Här President, gleewen ech net, dass et duergeet, fir en «double vote» an der Chamber anzeféiere fir de Problematiken, mat deene mer haut konfrontéiert sinn, Här ze ginn, well d'Problematiken, déi mer haut diskutéieren, précisément net aus der Fro erauskommen, op wat fir engem Moment e Projet de loi gestëmmt gëtt, mä sech en fin de compte ganz kloer aus der Exekutioun vu deem, wat an der Chamber gestëmmt ginn ass, erginn.

Mir kënnen eis enger Diskussioun uschléissen, déi an eng Richtung «double vote» geet, wëssend allerdéngs, dass een da riskéiert, jee no deem wéi een dat elo an Zukunft handhaabt, an dat a Kombinatioun och mat deem wat een dann an der Exekutioun vun de Projete kritt, dräi- bis véiermol an der Chamber iwwer ee Projet ze stëmmen. Dofir hu mir och Propose virgeluecht, a mir wäerten déi och nach wëllen an der zoustänneger Kommissioun diskutéieren, fir ze kucken ob een net mat engem Vote am Ufank an engem Vote zum Schluss och zu deene Resultater ka kommen, déi ee gären hätt.

Et ass vun e puer Leit de Mëtteg hei gesot ginn, de Minister wär responsabel. Nun hunn ech jo de Privileg, dass ech och bal zéng Joer an där Funktioun war - wéi den Här Grethen, deen an der Kontrollkommissioun ass, d'Madame Brasseur an anerer och an där Situatioun an engem Moment vun hirem Liewe waren - an dee Minister, dee mer elo hunn, bis virun dräi Méint op dëser Säit souz, sou dass mer ganz vill Verständnis fireneen hunn, wa mer iwwert déi Saachen diskutéieren, well net ëmmer alles esou kloer ass, wann et ëm «les ministres sont responsables» geet.

A besonnesch wann de Minister responsabel ass, mengen ech, däerft dat net derlaanscht féieren, dass och aner Leit Responsabilitéit droen, an dat hunn ech e bëssen an der Debatt vun de Mëtteg vermësst, dass et an där ganzer Prozedur aner Responsabilitéite gëtt, wann et ëm Dépassementer geet.

Do gëtt et Responsabilitéite vun der Verwaltung, déi ee muss diskutéieren, besonnesch da wann ee gesäit, dass eng Rei vun deenen Dépassementer, mat deene mer haut konfrontéiert sinn, sech op den Oubli vu Positioune baséieren, an zum Deel jo den Oubli vu Positiounen, déi nu wierklech net politesch kënne motivéiert sinn, zum Beispill déi, dass een den Éclairage vergësst an engem Tunnel. Do kann ee soen, «les ministres sont responsables». Jo, o.k., mä et kann ee sech natierlech och Froe stellen iwwert déi professionell Akkuranz vun deene Leit, déi dann esou een Dossier traitéiert hunn, dat souwuel um Niveau vun de Concepteure wéi och um Niveau vun deene Leit, déi an der Verwaltung esou Projete suivéieren.

Wa mer also iwwert d'Responsabilitéit diskutéieren, hätte mer gären, dass do d'Responsabilitéit dann awer och a Fonctioun vun deem wat kënnt op allen Niveaue gesicht gëtt. A wann ech kucken, wat mer dann haut hei gesinn, dann hu mer et en fin de compte bei den Dépassementer mat dräi Saachen, dräi verschidde Positiounen ze dinn. Mir hunn déi sou genannten Oublien, déi Punkten, déi ee bewosst oder onbewosst, wëll ech emol soen, vergiess huet, wann een e Projet ausschafft. Ech hunn doriwwer schonn elo diskutéiert, wann ech soen, wann een d'Konsequenzen dréit, da muss ee kucken, wou een déi siche geet.

Mä et sinn zwou aner Saachen, déi och haut hei zur Diskussioun kommen. Dat Éischt sinn déi sou genannten Imprévuën. Déi kënne virkommen, effektiv, wann en Terrain rutscht. Oder wann eng Législatioun ännert, wéi mer zum Beispill bei der Nordstrooss de Fall hunn, wann duerch Bränn am Tunnel am Ausland de ganzen Opbau vum Tunnelbau geännert gëtt, legislativ, well een eng drëtt Bunn muss maachen, well een an der Mëtt muss d'Sortie de secours maachen, well een am Fong d'ganz Konzeptioun vun engem Tunnel, déi bis Enn der 90er Joren europawäit geregelt war, op eemol op d'Kopp gehäit kritt, dann ass et kloer, dass do Dépassementer kommen an dass een déi aneschters muss gesinn.

Do wou ech vläicht méi streng si wéi d'Madame Brasseur, dat ass dat, dass ech soen, dass een an deem Moment selwer, wou een déi Imprévuë gesäit, de Législateur doriwwer muss informéieren, an dass och de Législateur sech am Parlament eng Prozedur muss ginn, an dat ass an eisen Aen net onbedéngt eng legislativ, net an alle Fäll eng legislativ Prodezur, fir driwwer ze diskutéieren an driwwer ze befannen an der Regierung och Recommandatioune mat op de Wee ze ginn, wéi een dann déi Imprévuë ka léisen a wéi een da mam Bau vum Projet virufuere kann.

Dat, wat fir eis inakzeptabel ass…

M. le Président.- Här Wolter, d'Madame Brasseur wëllt lech eng Fro stellen.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Dir hutt ugeschwat, wat ech gesot hunn, ech wär manner streng gewiescht. Wat ech wëll évitéieren, dat ass, dass wann en Imprévu op engem Chantier kënnt, an dat kann ëmmer virkommen, mir dann net eng Prozedur wielen, déi de Chantier sou laang stoppt, dass finalement d'Nuisancë sou grouss ginn, dass et dann nach vill méi deier gëtt. Dat kann net sinn, dass mir dann d'Prozedur iwwert d'Efficacitéit stellen. Mir mussen also eng Prozedur fannen, déi efficace ass.

Dofir sinn ech awer frou, dass Dir an Ärem zweeten Deel vun den Ausféierunge gesot hutt, dass dat net onbedéngt muss eng legislativ Prozedur sinn, well wa mer déi géife maachen, ech fäerte ganz dat wier net am Intérêt vun der Efficacitéit, an dofir hu mer awer och ze suergen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Genau dee Punkt ass eben deen, dee mer an der Kommissioun nach mussen diskutéieren, well mir gesinn tëschent de Parteien, dass do d'Meenungen nach vläicht e bëssen ausernee ginn an dass een dat nach weider soll studéieren.

Dee leschte Punkt, op deen ech nach wëll kuerz agoen an dee mech perséinlech awer zimlech rose gemaach huet, och an enger Kommissiounssitzung, opgrond vun Ausféierungen, déi mer do kruten, dat ass dann dee vum sou genannte Changement d'affectation. Dat heescht, wou nom Vote vun der Chamber am Kader vun der Exécutioun vun engem Projet eng komplett nei Orientatioun vun engem Projet geholl gëtt, wou décidéiert gëtt, fundamental Basisdonnéeë vun engem Projet, wéi en an der Chamber gestëmmt ginn ass, ze änneren - dat ze maachen, ënner sech, an dann après coup, wa praktesch alles eriwwer ass, bei d'Chamber ze kommen an ze soen: „Biisse, biisse laachen aus! Et ass gestëmmt, et ass gemaach, a wann ech gelift elo stëmmt Dir dat no!"

Och do menge mir, an dat haaptsächlech fir och aus där Geschicht erauszekommen, dass ëmmer nëmmen d'Responsabilitéit beim Minister gesicht an dann och einfacherweis fonnt gëtt, dass d'Chamber sech do eng aner Prozedur muss ginn, an zwar esou, dass Changements d'affectation net méi méiglech däerfe sinn ouni dass e formellen Accord vun der Chamber op eng Aart a Weis, déi mer och do musse fannen, mä eng formell Approbatioun vun der Chamber virläit.

A wann een op dee Wee géif goen - déi Kombinatioun vun deenen dräi Punkten -, menge mir, a mir si bereet doriwwer ze diskutéieren, dass een zu enger wesentlecher Verbesserung vun där Prozedur, déi d'Chamber sech selwer viru fënnef Joer ginn huet, géif kommen, dass een zu enger méi grousser Responsabiliséierung vun alle Parteie géif kommen.

Mir mengen, dass dat am Intérêt vun eis alleguerte wier, an duerfir wollt ech nach eng Kéier d'Bereetschaft vun eiser Fraktioun souwuel an der Bautekommissioun wéi och an der Kontrollkommissioun signaléieren, fir ze kucken - well dat hei ass jo eppes, wat am permanente Wandel ass an eppes, wat net nëmmen eng Legislatur oder eng Partei betrëfft -, dass een hei am Konsensus zu enger nach verbesserter Prozedur fënnt, déi souwuel am Intérêt ass vun der Regierung, wat d'Exécutioun vun hiren eegene Projeten ubelaangt, wéi och déi vum Respekt virun der Chamber, an domat dem Législateur.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach de François Bausch gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ganz kuerz, Här President, ech hu mer d'Wuert just gefrot, well eppes hei gesot ginn ass vum Här Wolter, wat an deem Mooss net esou stëmmt. Déi lescht Chamber, déi lescht Budgetskontrollkommissioun, déi huet eng Prozedur ausgeschafft, mat där mer haut och elo konfrontéiert sinn, fir eben op déi do Aart a Weis Dépassementer eng legal Basis ze ginn. Dat war eng Noutprozedur, an et ass ëmmer gesot ginn an der Budgetskontrollkommissioun, datt dat net der Weisheit letzter Schluss ka sinn. Dat soll just eng Iwwergangsphas sinn, datt mer iergendwéi eng legal Basis hu fir dat, wat do geschitt.

De Wonsch war ëmmer vun der Kommissioun an där leschter Legislaturperiod, fir mat der Regierung zesummen, mat där betraffener Bauteministesch deemools, zesummen dofir ze suergen, datt mer insgesamt eng ganz aner Prozedur kréien. Do gëtt et natierlech villfälteg Méiglechkeeten. Mir sinn och oppe fir alles ze diskutéieren. Dat Eenzegt, wat mer gär hätten, dat ass, datt mer eng honnertprozenteg Garantie hunn, datt herno eppes erauskënnt, wou éischtens d'Transparenz vu vir bis hanne garantéiert ass, an dat Zweet ass, datt dat, wat mer décidéiert hunn, eng honnertprozenteg sécher legal Basis ass.

Ech mengen, dat ass dat wat wichteg ass. Dofir musse mer eng ganz Fro kläre ronderëm den Artikel 99 vun der Constitutioun a sou weider a sou fort, an doriwwer eraus, wann Transparenz oder méi Transparenz nach garantéiert ass an Zukunft, si mer bereet op eng ganz Rei Weeër matzegoen. Ech mengen, dat wat

d'Madame Loschetter an hirer Ried opgezielt huet, dat ass jo nëmmen ee Beispill, wat sech och baséiert huet op en Extrait vum Rapport, wou déi Geschicht vum dueble Vote ugeschwat ginn ass.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Bauteminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech ufänke fir d'éischt, andeem ech awer deenen zwee Rapporteure villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Si hunn dee ganzen Text hei gutt am Rapport resüméiert an och déi Diskussiounen, déi mer an der Chamberkommissioun haten.

Ech soen och all deene Leit aus der Chamberkommissioun Merci fir déi Diskussiounen, well ech fonnt hunn, a gradsou wéi haut, datt mer se konnten op eng korrekt an eng sachlech Aart a Weis féieren an eng ganz Rei Virschléi maachen, déi kënnen duerno an deenen nächste Jore regléieren, wéi d'Regierung mat deenen eenzelne Kommissiounen, déi zoustänneg sinn - ob dat elo d'Kommissioun vun den Travaux publics oder déi vum Contrôle de l'Exécution budgétaire ass -, kann zesummeschaffen.

Et ass iwwert den Detail vun deene Projeten elo bal schonn an deene verschiddene Rieden alles gesot ginn. Datt zu Gaasperech d'Etüden net dra waren, datt verschidde Lote méi deier ware wéi am Devis ausgeschriwwe ginn ass, datt Kabelen, SEBES-Leitungen hu missen anescht geluecht gi wéi et virgesi war, datt zu Märel den Éclairage net dra war, d'Plantatiounen net dra waren, de Marquage op de Stroossen net dra war - alles dat ass scho gesot ginn, dofir ginn ech net méi op déi Detailer an.

Ech wëll mech e wéineg an déi Diskussioun hei aschreiwen, déi elo hei zwëschent deenen eenzelne Fraktioune gefouert ginn ass, a wat fir mech, muss ech soen, fir déi nächst Joren eng wesentlech Diskussioun ass, well ech soen Iech ganz kloer an däitlech, et ass net immens agréabel heihinner ze kommen an all Kéiers Saachen nostëmmen ze loossen an Iech Explikatiounen ze ginn, firwat deen een oder deen anere Projet méi deier ass. Also, ech ka mer vill besser Projete virstellen, déi ech Iech hei ka virstelle kommen an iwwert déi mer hei kënnen diskutéieren.

Dofir ass et fir mech wesentlech, datt mir zesummen hei an der Regierung mat der Chamber eens ginn, wéi mer déi grouss Bauprojeten an Zukunft, éischtens, ier mer se ufänken, stëmmen, zesumme kucken, wéi mer an der Zukunft de Suivi vun deene Projete vun der Regierungssäit aus maachen, mä dann och d'Informatioun, déi mer der Chamber ginn, wéi mer dat maachen, zu wat fir engem Moment mer dat maachen.

Et ass mir gradsou wesentlech, datt mer eis och kloer ginn, wa Saache virkommen a Projeten - net déi, déi elo amgaang sinn, well do muss ech, an dat ass richteg gesot ginn, nach sécherlech an deenen nächste Méint mat méi wéi engem Projet fir d'Zousazstëmmen hei an d'Chamber kommen, mä mat deenen, déi mer elo ufänken.

Wann ech gesinn am Ministère, datt et net esou leeft, wéi et geplangt ass - an ech soen Iech ganz kloer, well am Bauwiesen ass dat esou, datt do Imprévuen a verschiddene Projete virkommen an datt et net ëmmer esou geet wéi mer eis dat am Ufank an am Idealfall virgestallt haten - , ass et fir mech wichteg, datt ech weess a wat fir engem Moment a wéi mer an a wat fir enger Prozedur mer sinn an ech hei ka mat Iech déi Problemer léisen, déi sech an der Realitéit stellen, wat net noutgedrongenerweis politesch Problemer sinn, mä wat technesch Problemer sinn, wat selbstverständlech legal Problemer sinn, datt ech weess wéi genau mer hei zesummespillen an zesummeschaffen, fir dat korrekt a responsabel - well deen Term ass oft gebraucht ginn - iwwert d'Bühn ze kréien. Dofir wëll ech e puer Minutten awer huelen, fir och mech an déi Diskussioun do anzeschreiwen, well et eng essenziell Diskussioun ass.

Et ass bal alles hei gesot ginn. Wann ech elo déi Saachen hei nach eng Kéier widderhuelen, wëll ech vläicht Verschiddener e wéineg anescht aschreiwen an nach e wéineg méi nuancéieren, well wann hei Iwwerschreidungen a verschiddene Budgetspunkte sinn, da sinn déi net alleguer vum selwechte Kaliber. Déi meescht hunn et gesot, den Här Wolter huet et nach eng Kéier am Detail hei beschriwwen, et konnt een net alles an deeselwechte Kuerf setzen.

Et ass ganz kloer, datt wann an dësem Text eng Rei Oublien dra waren, dann ass dat net verständlech, net richteg, an dat däerf och a deenen nächsten Texter net méi virkommen, déi solle komplett hei an d'Chamber kommen. Nach, muss ech soen, hu mer do och eng Diskussioun driwwer an et kënnt elo en Avis vun der Cour des Comptes, deen dann och bei Iech an d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire kënnt, wou se de Fonds des routes analyséieren a wou sech dann eng Rei Froe stellen. Zum Beispill d'Fro, ob Emprisen, déi gemaach gi wann een e Stroossebauprojet huet, mussen an de Gesetzestext kommen oder net.

D'Cour des Comptes mengt do an där éischter Versioun, dat wär wichteg. Ech kann dat jo och verstoen. Ech soe just, dat gëtt awer Problemer, well wéi soll een en Text aschätzen an eng Prévisioun maachen, wann Der d'Emprisen, wou Der net wësst, fir wéi vill Der den Terrain ze kafe kritt, direkt musst au préalable aschreiwen. Also alles dat sinn awer Diskussiounen, déi mer nach mussen do féieren, déi nach net esou kloer si wéi dat sech an enger éischter Etapp unhéiert, wann ee seet, et muss alles an de Projet kommen. An ech si mat där Ausso d'accord, mä mir mussen awer zesummen diskutéiere wat elo alles ass a wat da muss dran a wat net muss dra kommen.

Et kann een erklären, et ass och gemaach ginn, datt dat hei Texter waren, déi effektiv ënner enger anerer Prozedur gelaf sinn an dofir bal déi éischt Texter, déi d'Administratioun vun de Ponts et Chaussées hei als Gesetzestext eraginn huet, well et virdrun esou war, datt d'legal Basis vun deene Konstruktiounen, déi gemaach gi sinn, an dem Text vum Fonds des routes ass a sech dorobber baséiert ginn ass fir dann de Stroossebau ze maachen.

Et ass an deene leschte Joren décidéiert ginn, datt op Basis vun enger neier anerer Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Constitutioun misst en eenzelne Projet gemaach ginn. Ech fannen déi Interpretatioun d'ailleurs och richteg. Dat musse mer och an Zukunft esou weiderféieren. Dat entschëllegt net, mä dat explizéiert awer déi Iertümmer, déi hei virkomm sinn, an ech hoffen, datt déi Erfahrungen, déi d'Konte vun der Administratioun elo op deenen heite Punkte gesammelt hunn, dann och zouloossen, datt mer an deenen nächsten Texter, déi mer do maachen, méi prezis solle gi wéi dat par le passé war.

Dann ass déi Geschicht vun den Imprévuen: d'Deviatioun Kabelen - fir elo net op d'Beispiller vun aneren Texter ze goen - oder d'Envergure vun den Déplacementer vun de SEBES-Leitungen, fir och dëse Projet ze brauchen. Och do muss een evidenterweis differenzéiere mat den Imprévuen. Et sinn natierlech Imprévuen, déi een hätt kënne virgesinn, wann ech mech sou däerf ausdrécken, wann een de Projet an enger anerer Etapp gestëmmt hätt, wann een also d'Etüde méi detailléiert hätt scho kënne pousséieren, éier gestëmmt gi wär, datt een duerch déi méi detailléiert Etüden hätt kënnen dat virgesinn, wat een an där Etapp wou een et awer an d'Chamber bruecht huet net konnt virgesinn, well een net wäit genuch an den Etüde war.

An ech mengen dofir ass deen «double vote» wichteg, well mer da méiglecherweis einfach an enger anerer Etapp kënnen hei an d'Chamber kommen. Enfin ech sinn net onbedéngt Demandeur fir en «double vote», ech gesinn net wéi een dat anescht soll maachen. Ech sinn Demandeur - an dat ass meng Haaptdemande - fir haaptsächlech de Finanzvote op enger anerer Etapp vun der Analys ze maachen, fir e méi spéit ze maache wéi elo.

Wann dann d'Chamber seet, mir brauchen dann en duebele Vote, well mer Iech wëllen eng Autorisatioun gi fir ze plangen, dat schéngt mer och absolut logesch ze sinn, well bei grousse Projeten - an et ass virdrun do ugeklongen - ass d'Planifikatioun schonn esou deier, datt mer an d'Barragë komme fir sou vill Suen auszeginn, datt mer schonn dofir eleng e Gesetz brauchen. Dofir si mer do an enger Situatioun, déi heiansdo ambiguë ass a wou ee muss Léisunge fannen.

Ech sinn also haaptsächlech Demandeur fir méi spéit kënnen an d'Chamber ze kommen, da wann ech e Projet hunn, deen ech méi genau ausgerechent kréien a wou ech mer ongeféier méi sécher ka sinn, datt de Präis, dee mer do uginn, och der Realitéit entsprécht, also net nëmmen um Metercubespräis, mä e Präis op den Devien, wann ech dat elo däerf graff emräissen.

Dat ass déi eng Saach. An dann hutt Der natierlech Imprévuen, déi Der net kënnt, och net mat méi enger ganz genauer Planung, virgesinn. D'Madame Brasseur, mengen ech, huet et virdru gesot, wann den Terrain Iech rëtscht oder den Tunnel rëtscht Iech, dat gesitt Der net am Devis vir. Dat kënnt dann an da musse mer kucke wéi mer reagéieren, da brauche mer eng Prozedur fir direkt ze reagéieren, fir weider kënnen ze schaffen, fir d'Méikäschten, déi den Arrêt vum Chantier hätt, kënnen ze évitéieren. Och do musse mer da genau Reaktiounen hunn.

Ech sinn an där Diskussioun do mat Iech fir alles bereet, ech wëll just wësse wéi et ass a wéi mer dat solle maachen an dat ass meng haaptsächlech Ufro. Ech wëll Transparenz, ech wëll Kloerheet, well wann ech Transparenz a Kloerheet hunn, kann ech och déi Responsabilitéit, op déi haut insistéiert ginn ass, besser exerzéieren, also wëll ech se.

Dat Drëtt, dat ass manner hei ugeschwat ginn.

M. le Président.- Den Här Grethen wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Henri Grethen *(DP).*- Jo, Här President, ech wollt den Här Minister elo bei där Unterführung do zu Märel froen, wann ech mer déi ukucken, ech sinn elo e puermol doduerchgefuer fir op Esch ze kommen, an do hunn ech awer d'Impressioun, dass d'Ham an der Mëllech gekacht gouf. Wann een do ënnendra kuckt, wéi mat Hasteng d'Maueren ausgekleet gi sinn, wou praktesch eng Cour intérieure - déi op anere Plazen och esou beléift ass - ënnen an der Unterführung do dran ass, mengen ech, dass een d'Economissitéit och misst kucken a vläicht fir d'Zukunft - dat ass e Wonsch un Iech, Här Minister - misst kucken, dass mer heiansdo no der Devise „manner ass oft méi“ géife kucken, dass mer awer géifen e bësse méi präiswäert bauen, wéi mer elo an deene leschte Joren amgaange waren dat bei eenzelne Projeten ze maachen.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Här Grethen, ech kann deem a sech nëmme bäistëmmen. Ech soe just, dat do ass elo eng zweet Fro, mä hei probéieren ech elo d'Fro ze behandelen: Wéi kucke mer an deenen Devien, déi mer opgesat hunn, ze bleiwen a wat fir eng Prozeduren hu mer, wa mer Schwieregkeeten hunn?

Déi zweet grouss Fro, dat ass: Wéi baue mer méi bëlleg? An do gëtt et och eng Rei Propositiounen, déi mer mussen op den Dësch leeën. Wann ech also bei de Schoulgebaier bleiwen: Ech baue léiwer mat deene Suen, déi ech hunn, véier Schoulgebaier, déi méi rationell da sinn, wou ech zwar Qualitéit assuréieren, mä ech hunn der awer véier fir sou vill méi Schüler ënnerzekréien, wéi dass ech der dräi bauen, wéi Dir elo géift soen, iwwerall mat Hasteng, wat der Pedagogie net ganz vill hëlleft.

Se musse gutt sinn, se musse qualitéitsméisseg sinn, mä se mussen esou sinn, datt mer an deem Finanzvolume, dee mer hunn, de Maximum erausschloen, fir déi Infrastrukturen ze kréien, déi mer an der Zukunft brauchen. Ech ginn Iech Recht, dat ass och eng Diskussioun, déi mer musse féieren, mä wéi gesot, ech mengen, datt dat awer eng zweet wesentlech Fro ass, déi mer eis musse stellen.

Mä da kënnt deen anere Punkt, deen haut bei deene verschiddene Rieden net esou ugeschwat ginn ass, an dat ass dee vun den Adjudikatiounen. Wann ech kucken, wéi verschidde Käschten oder wou verschidde Voleten och nach méi deier gi sinn, dann ass dat, datt mer Devien haten, datt dat ausgeschriwwe ginn ass, datt Soumission-publiquë gemaach gi sinn - normal nom Soumissiounsgesetz - an datt dann déi Offerten, déi mer erakritt hunn, e gutt Stéck méi deier waren.

A wann ech och kucke bei verschiddene Projeten, déi mer esou erakréien, déi elo net méi deier gi wéi dat virausgesinn ass, mä wann ech do awer eng Kéier den Ënnerscheed zwëschent deenen eenzelnen Offerte kucken, vum bëllegsten op dee mëttelsten an op dee méi deieren, da muss ech soen, dozwëschent sinn och ganz oft riseg Ënnerscheeder. An et kann nun einfach awer och virkommen, datt op eenzelne Punkten den Devis esou gerechent ginn ass, datt duerno an der Realitéit vun der Soumissioun dat net onbedéngt méi Realitéit ass an datt mer et do mat anere Präisser ze dinn hunn.

0An da stellt sech och d'Fro: Wéi reagéiere mer dann an deene Fäll? An et stellt sech natierlech och d'Fro, wéi mer dat da mat der Chamber an deem Moment uginn. Also ech soen, och do ass nach eng wesentlech Fro, mä vu datt den Här President mer d'Luucht ugeschalt huet, ginn ech méi schnell op déi Punkten eriwwer.

M. le Président.- Dir hutt nach zéng Minutten.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Ah, ech hunn deen zweete Projet, da kann ech erëm mäi Blat hei zréckhuelen, fir dann awer nach dat ze soen, wat ech dozou wollt soen.

Dat schéngt mer also och eng wichteg Saach ze sinn, wéi een op déi do wichteg Punkte reagéiert. An déi Leit, déi an der Gemeng sinn, wësse wéi esou Ausschreiwunge gemaach sinn - den Här Diederich huet et virdru gesot. Ech mengen et ass net eng Realitéit, déi just beim Stat ass. Déi Leit, déi doheem privat gebaut hunn, déi wëssen och, datt dat do Froe sinn, wann ee sech säin eenzelne Budget mécht a wann een dann déi eenzel Devisë bei de Leit freet, datt déi net ëmmer esou si wéi ee sech dat am Ufank virgestallt huet.

Elo hu mir natierlech déi technesch Moyene fir méi no ze kommen, elo hu mir natierlech d'Méiglechkeeten, fir dat méi prezis auszerechnen, mä et ass awer nach ëmmer sou, wann Dir - an dat ass bei der Nordstrooss e wesentleche Punkt gewiescht, elo hei manner an de Projeten - 1997 e Gesetz stëmmt an 2003 oder 2004 maacht Der d'Ausschreiwung, dann ass et awer ganz schwéier 1997 virauszegesinn, wéi d'Marchéen evoluéiert hunn, wéi d'Präisser evoluéiert hunn an ob dat nach sechs, aacht Joer duerno ongeféier an deem Devis kéint leien, deen Der am Fong Iech ausgerechent hat, wéi Der esou vill Joer virdrun d'Gesetz hei an d'Chamber bruecht hutt.

(Interruption)

Ech wëll elo wierklech net, datt dat do als Entschëllegung zielt. Ech wëll Iech just soen, wou sech an der Realitéit d'Problemer stellen an op wat fir eng Problemer, wa mer zesummen déi Diskussioun an deene Kommissioune féieren, mir mussen eng Äntwert ginn, well da wëll ech awer natierlech wësse wéi ech déi Saache soll mat Iech zesumme behandelen. Ech weess wéi ech se am Ministère soll behandelen, mä ech wëll awer an de Relatiounen, déi ech mat der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire korrekt wëll féieren an deenen nächste Joren, wësse wéi mer déi Saachen do upaken.

Ech hunn eng Rei Iddien. Ech hunn d'lescht Kéier och dem President, dem Här Grethen, versprach, mir géingen Iech dat schréftlech eragi wéi mer eis dat virstellen, an da kënne mer jo kucken, ob dat deem entsprécht, wat sech virgestallt gëtt.

An da sinn niewent deene ganze Prozeduren, déi mer jo an der Chamber hunn, och eng ganz Rei Prozeduren, déi ee sech regierungsintern muss gi fir déi Kontrollen esou ze maachen, wéi mer se gären hätten. Eng vun deene Prozeduren, do ass awer haut nach net dovu geschwat ginn, dat schéngt mer awer och wichteg, et geet Iech och direkt eppes un, dat ass, datt ech wierklech mengen, datt et fir de Ministère, fir mech eng extrem grouss Utilitéit huet, wann ech all sechs Méint déi grouss Projeten huelen an an d'Chamberkommissioun bei Iech kommen, fir dann eenzel Projet fir Projet duerchzekucken, da muss ee sech Zäit huele fir dat ze maachen, déi huelt Der Iech, fir ze soen, mir sinn hei drun, hei sinn d'Schwieregkeete vun deem Projet, esou geet et weider.

Dat gëtt fir de Ministère eng gewëssen Disziplin a fir d'Chamber, wou mer dann au fur et à mesure kucken déi Problemer, déi sech stellen, ze léisen. A wann zwëschent deene sechs Méint Problemer gréisserer Natur opkommen, datt ech dann d'Initiativrecht hunn, fir déi bei Iech kënnen duerchdiskutéieren ze kommen.

An da gëtt et nach eng ganz Rei Prozeduren, déi wéi gesot ministèreintern respektiv um Chantier selwer, mengen ech, mussen agefouert ginn, fir ze kucken, datt mer Dag fir Dag um Chantier eng besser Kontroll vun deenen eenzelne Chantiere maachen oder dat méi an de Gréff kréien. Mä och do soen ech just als Remarque hannendrun: Wa mer dat maachen, da kascht dat och, dat sinn alles Prozeduren, déi hire Präis hunn. Dir maacht net d'Kontroll, Dir maacht net d'Surveillance vum Chantier, egal op wat fir enge Punkten, ouni e Präis dofir ze bezuelen.

Sou, dat och gesot, wëll ech ofschléissen, andeem ech einfach nach eng Kéier Merci soe fir awer op schwierege Projeten eng Diskussioun, déi an deene ganz groussen Deeler extrem konstruktiv war. Ech hoffen, datt mer och d'Méiglechkeet hu mat alle Fraktiounen déi Diskussioun konstruktiv an deenen nächste Méint esou weiderzefëieren.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun vun deenen zwee Projeten ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung vun deene Projeten. Fir d'éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5364 iwwert d'Ëmgestaltung vum Gaasperecher Kräiz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Laut dem Schierm ass de Projet ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen, 5 Enthalungen a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Paul-Henri Meyers), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Fernand Diederich), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Lydia Mutsch), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da kéime mer zum Vote iwwert de Projet 5365 iwwert d'Kräizung Escher Strooss/Märeler Strooss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen, 7 Abstentiounen a 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider (par Mme Lydia Mutsch), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

7. Ordre du jour

Domadder, Dir Dammen an Dir Häre, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir de 16., 17. an 18. November. An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Presidentekonferenz folgenden Orde du jour virgeschloen:

En Dënschdeg, de 16. November um dräi Auer:

1. eng Froestonn un d'Regierung;

2. d'Interpellatioun vum Här Henri Cox iwwert d'Ackerbaupolitik, d'Sécherheet vun den Iesswueren an d'Liewensbedingunge vum Véi, nom Modell 1.

Dann e Mëttwoch, de 17. November um hallwer dräi:

1. d'Deklaratioun vun der Regierung iwwert d'Entwécklungshëllef mat uschléissender Debatt, nom Modell 1;

2. de Projet de loi 5343 iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen, nom Modell 1.

An en Donneschdeg, den 18. November um hallwer dräi:

1. eng Aktualitéitsstonn, déi vun der Fraktioun vum ADR ugefrot gouf, iwwert d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei;

2. d'Visite an d'Deklaratioun hei bei eis am Parlament vum President vum Europaparlament.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass dann esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.09 heures)

Sommaire des séances publiques

Paroles de bienvenue de M. Lucien Weiler, Président de la Chambre des Députés, entouré par M. le Vice-Président Jos Scheuer et M. le Vice-Président Niki Bettendorf page 1

Clôture de la 2e session extraordinaire 2004 et ouverture de la session ordinaire 2004-2005 et discours de S.A.R le Grand-Duc Henri pages 1-2

Composition du Bureau et renouvellement du mandat du Secrétaire général page 2

Composition des commissions parlementaires page 2

Délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales page 2

Présidence d'honneur et octroi du titre honorifique de leur fonction à des anciens députés page 2

Communications pages 2-4

Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés page 4

Ordre du jour page 4

Heure de questions au Gouvernement pages 4-7

- Question N° 1 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Marco Schank relative aux installations photovoltaïques en zone verte et l'établissement d'un plan sectoriel pour parcs éoliens, adressée au Ministre de l'Environnement

- Question N° 3 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Henri Kox relative à la promotion et aux primes en faveur des énergies renouvelables, adressée au Ministre de l'Environnement

- Question N° 2 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Niki Bettendorf relative à la lutte contre le tabagisme au niveau national, adressée au Ministre de la Santé

- Question N° 4 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Anne Brasseur relative aux infrastructures sportives, adressée au Ministre des Travaux publics et au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire

- Question N° 5 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Robert Mehlen relative aux travaux de la route du Nord, adressée au Ministre des Travaux publics

- Question N° 6 du 26 octobre 2004 de Madame le Député Viviane Loschetter relative aux droits de pension en cas de divorce, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

- Question N° 7 du 26 octobre 2004 de Monsieur le Député Gast Gibéryen relative à un rapport annuel sur les subventions de l'État, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire

Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng relative à l'avenir de la Société Nationale des Chemins de Fer (SNCFL) pages 7-10

4754 - Proposition de loi portant
1. révision des articles 11, paragraphe (6), 32, 36 et 76 de la Constitution;
2. création d'un article 108bis nouveau de la Constitution - Second vote constitutionnel pages 10-12

Ordre du jour pages 12-13

5336 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes atteintes de troubles psycho-gériatriques à Erpeldange/Ettelbruck pages 13-16

5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville pages 16-18

5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant : 1. le code pénal ; 2. le code d'instruction criminelle ; 3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ; 4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ; 5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ; 6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances ; 7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ; 8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ; 9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises ; 10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert comptable ; 11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives ; 12. la loi générale des impôts ("Abgabenordnung") - Second vote constitutionnel pages 18-20

5236 - Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2002 pages 20-21

4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000 pages 21-24

Composition des commissions parlementaires page 25

Question parlementaire N° 14 de M. Aly Jaerling relative à l'augmentation de capital chez Arcelor pages 25-26

5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux pages 26-27

6) Féiert dee geplangte Personalofbau net och automatesch zu enger Leeschtungsverschlechterung an deem/deene betraffene Spideeler?

Réponse (20.7.2004) de M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Ech wëllt emol fir d'éischt a virun allem den éierewäerten Här Deputéierten drop opmierksam maachen, datt den alljährleche Budget fir Fonctionnementskäschten a Verhandlungen tëschent der UCM an dem jeeweilege Spidol festgeluecht gëtt. Op déi Verhandlungen huet an hëlt d'Regierung keen Afloss.

Normalerweis déngen de Budget an d'Aktivitéit vum Joer virdrun als Basis fir d'Opstelle vum neie Budget. Am Fall vum Kierchbierger Spidol kënnt den Exercice sech aus deem Grond als schwiereg erausstellen, well dat Spidol op enger neier Lokalisatioun Aktivitéite vu bestehenden Haiser iwwerholl huet an dann och nach zousätzlech Servicer, zum Beispill an der Psychiatrie, opgemaach huet. Dat kënnt d'Aschätzung vum Volume vun der Aktivitéit an also och dee vum néidege Personal méi schwéier maachen.

Ob oder ob net de Budget, deen d'UCM dem Spidol fir 2005 accordéiere wäert, duergeet fir d'Personal, wat dëse Moment agestallt ass, ze bezuelen, ass wéi schonn ugedeit ausserhalb vum Aflossberäich vun der Regierung. Wat den éierewäerten Deputéierte mat den „feelende politeschen Décisioune struktureller Natur" mengt, déi en eventuelle Personalofbau matbewierke kënnten, ass mir net kloer. Ech kann dozou dann och keng Stellung bezéien.

Jiddefalls ass et net richteg ze behaapten, d'UCM hätt d'Spidol opgefuerdert, Personal ofzebauen. Dee Pouvoir huet d'UCM net. E Spidol huet ëmmer d'Méiglechkeet, Aktivitéiten, déi d'UCM net matdréit, aus eegene Mëttelen ze finanzéieren.

Question 0006 (16.7.2004) de M. Robert Mehlen *(ADR)* concernant le chantier de la „Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte":

Um Chantier vun der neier Concertshal („Philharmonie") um Kirchbierg sinn dëser Deeg Kontrollen iwwert de Respekt vun de legale Bestëmmungen duerchgefouert ginn. Dobäi sinn alt erëm eng Kéier eng Parti Verstéiss géint déi bestehend Gesetzer festgestallt ginn. Wéi ze erfuere war, wären zwee Betriber gestoppt ginn, well hir „autorisation d'établissement" net an der Rei gewiescht wär, a verschidden auslännesch Entreprisen hätten hir Immatrikulatioun fir d'TVA ënnerlooss, obschonn se dorop opmierksam gemaach gi wären. Dofir géif ech lech gäre folgend Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, datt de Stat Gebaier mat Firme realiséiert, deenen hir Zouloossung oder hir Affiliatioun un d'TVA net an der Rei ass?
2. Gëtt dëse Bau ganz oder deelweis duerch eng Generalentreprise opgeriicht, a wa jo, duerch wat fir eng?
3. Am Fall wou eng Generalentreprise de Projet realiséiert, wien ass préalablement fir d'Kontroll vun de Sous-traitantë verantwortlech, wat de Respekt vun hire legalen Obligatiounen ubelaangt?
4. Am anere Fall, wou de Projet ganz oder deelweis durch Marchéë mat eenzelnen Entreprisë realiséiert gëtt, misst de Bauhär, dat heescht de Ministère vun den öffentleche Bauten, dann net am Virfeld d'Erfëllung vun dëse Konditioune kontrolléieren?
5. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir an Zukunft ze verhënneren, datt esou penibel Saachen op staatleche Chantiere passéieren?
6. Zousätzlech, an onofhängeg vun dëse Froen, wollt ech wëssen ob et stëmmt, datt viraussiichtlech och bei der „Philharmonie" de gesetzlech autoriséierte Käschtepunkt wäit iwwerschratt gëtt?

Réponse (14.9.2004) de M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics:*

1) Bei deenen zwou Entreprisen handelt et sech ëm auslännesch Sous-traitantë vun enger Lëtzebuerger Firma, déi all administrativ Démarchen, fir kënnen hei ze schaffen, virum Chantiersufank entaméiert hat, ouni datt se komplett formaliséiert waren. An der Zwëschenzäit sinn all administrativ Punkte geregelt ginn. Déi zwou Entreprisë sinn och schonns an Däitschland etabléiert gewiescht. Et muss een ervirsträichen, datt et sech hei ëm e Schantje vun engem ganz groussen Ausmooss handelt: 600 Aarbechter, 100 Kadren a 70 mandatéiert Entreprisen, souwéi ganz vill Sous-traitanten an Interimsfirmen.

2) Et dréit sech hei ëm Marchéë mat verschiddenen Entreprisen.

3) De Punkt 3 eriwweregt sech.

4) All déi mandatéiert Entreprisen an hir Sous-traitantë gi vum Bauhär a vun der Gewerbeinspektioun kontrolléiert, éier se ufänke mat schaffen; doriwwer eraus huet de Bauhär e Beoptragte fir d'Sécherheet an d'Gesondheet um Schantjen, deen den „Avis préalable" virum Ufank vun den Aarbechten un d'Gewerbeinspektioun areecht an en och à jour hält.

5) Fir eng effikass Kontroll vun der Sécherheet ze garantéieren huet de Stat (Gewerbeinspektioun, Mëttelstandsministère, Enregistrement) en informatiséierte Kontrollsystem op d'Bee gesat, deen et erlaabt, all Autorisatiounen nozekucken. Virum Zouschlag vun der Soumissioun gi vun der Verwaltung verschidden administrativ Dokumenter, wéi zum Beispill rechtlech, finanziell a wirtschaftlech Situatioun, vun den Entreprisë kontrolléiert. Doriwwer eraus gëtt op de ganz grousse Chantieren all eenzel Entrée via individualiséierte Badge kontrolléiert.

6) Eng Iwwerschreidung vum gesetzlech autoriséierte Budget wäert leider net ze verhënnere sinn. Alles an allem reflektéiert de Gesamtkäschtepunkt déi architekturell an technesch Eenzegartegkeet vum Projet. Den Dépassement besteet aus dräi Deeler: d'Konjunktur vum Maart an d'Klamme vun de Präisser am Bauwiesen, d'Ënnerschätze vum Architekt a Saache Schwieregkeetsgrad vum Bau a Wichtegkeet vun der Akustik an zum Schluss déi zousätzlech Ufroe vu Bauhär a Benotzer. De Gesetzesprojet, deen d'Adaptation bugdétaire autoriséiere soll, ass amgaang op de Wee bruecht ze ginn.

Question 0007 (19.7.2004) de Mme Colette Flesch et de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant l'entrée en vigueur des dispositions de la loi relative aux effets légaux de certains partenariats:

À ce jour, le projet de loi relatif aux effets légaux de certains partenariats, voté le 12 mai 2004, n'a pas encore été publié au Mémorial.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Messieurs les Ministres:

- Quelles sont les raisons de ce retard inhabituel?
- Quelle est la date prévisible de publication de cette loi?

Réponse (18.8.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

La loi relative aux effets légaux de certains partenariats datée du 9 juillet 2004 a été publiée au Mémorial A - N°143 du 6 août 2004 conformément aux délais prévus à la Constitution en matière de sanction et de promulgation des lois.

Question 0008 (21.7.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant la lutte contre le Sida:

Les derniers chiffres concernant le nombre de nouvelles infections HIV sont alarmants. En à peine six mois ils sont déjà 32 hommes et femmes à avoir été infectés par le Sida.

C'est pourquoi je pense qu'il est très important de continuer à sub-

ventionner les associations qui luttent contre le développement de la maladie.

D'autre part, je pense qu'il est très important d'informer les jeunes des risques de l'infection et qu'actuellement les vaccins ne permettent pas à guérir la maladie mais juste à la stabiliser.

Dans ce contexte j'aimerais savoir de la part de Monsieur le Ministre de la Santé et de Madame le Ministre de l'Éducation nationale:

- si Monsieur le Ministre peut m'informer du montant des différentes subventions accordées aux associations luttant contre le Sida et de l'évolution de ces subventions les dix dernières années au Luxembourg;
- si Madame et Monsieur le Ministre peuvent m'informer de l'information et de la prévention de la maladie dans les différents lycées du pays;
- si Madame le Ministre ne pense pas qu'il serait opportun d'installer des distributeurs de préservatifs dans les différents lycées du pays car pour certains l'achat de préservatifs dans une pharmacie pose un problème.

Réponse commune (16.9.2004) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale* et de Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Le premier volet de la question de l'honorable Parlementaire a trait aux fonds mis à la disposition des différentes associations luttant contre le Sida ainsi qu'à l'évolution de ces moyens financiers au cours de la dernière décennie.

S'il est facile de répondre à cette question pour autant que le service Aidsberodung de la Croix-Rouge est concerné, dont le subventionnement passe de 159.247 euros en 1994 à 527.797 euros en 2004, il est malaisé de faire la part des montants destinés à la lutte contre le Sida dans les subsides accordés aux associations engagées principalement dans la prévention de la toxicomanie. En effet ces associations s'emploient également à réduire le risque de maladies infectieuses, telles que le Sida et l'hépatite, dû à un partage de matériel d'injection. Les montants totaux affectés à ces associations sont passés d'environ 450.000 euros en 1994 à 3,3 millions d'euros en 2004.

Pour ce qui est des actions entreprises dans les différents lycées du pays, l'éducation sexuelle et la prévention du Sida font partie du rôle éducatif de l'école et sont réalisées dans le cadre général de la promotion de la santé, conformément à la Charte d'Ottawa.

La prévention du Sida à l'école porte sur plusieurs éléments:

- des campagnes de sensibilisation et des projets d'innovation dans les écoles;
- la formation continue du personnel enseignant et psycho-socio-éducatif;
- les curriculums officiels.

À ces fins le SCRIPT du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle coopère avec l'Aidsberodung de la Croix-Rouge, le Comité de Surveillance du Sida et le Ministère de la Santé.

- Quant aux campagnes de sensibilisation

Des actions d'accompagnement, d'animation, de formation et de documentation relatives aux différents domaines de la promotion de la santé, notamment la prévention du Sida sont organisées en fonction des demandes des écoles.

Festival du Film pour Jeunes „Hautnah"

Le quatrième festival du film pour jeunes „Hautnah" a été organisé en coopération avec la Cinémathèque de la ville de Luxembourg, Aidsberodung de la Croix-Rouge et Inter Actions Maison des Jeunes Grund.

1.135 élèves ont participé au festival du film qui s'est proposé de sensibiliser les jeunes aux différents problèmes les concernant. 130 élèves ont choisi le sujet du Sida et ont ainsi pu discuter après la projection du film avec des experts et un jeune témoin. L'évaluation du projet a montré que c'est particulièrement la rencontre avec le jeune témoin qui a incité les élèves à réfléchir sur le Sida.

Le cinquième festival va de nouveau proposer un film qui traite du Sida.

Semaine de prévention (Exposition interactive sur le Hiv/Sida)

Le SCRIPT a participé à l'organisation de la semaine de prévention de l'Aidsberodung qui a eu lieu du 4 novembre au 12 novembre 2003 dans le Hall Victor Hugo à Luxembourg-Limpertsberg.

Projet Roundabout Aids

Le projet Roundabout Aids, créé en 1997 par l'Aidsberodung de la Croix-Rouge, le Lycée technique du Centre et la maison des jeunes (Réidener Jugendtreff) est un programme de prévention mobile, dynamique et interactif sur le Sida, l'amour et la sexualité.

Il accueille chaque année des jeunes qui sont formés pour informer, sensibiliser et former à leur tour d'autres jeunes de leurs écoles respectives. Cette approche de prévention par des pairs rend compte d'une responsabilisation et une d'implication active des jeunes face à un problème qui les concerne.

- Quant à la formation continue du personnel enseignant et psycho-socio-éducatif

En coopération avec l'Aidsberodung de la Croix-Rouge, le SCRIPT formation continue prévoit semestriellement des activités de formation continue dans le domaine de la prévention du Sida.

- Quant aux curriculums officiels

Pour le volet explicite de l'éducation sexuelle et de la prévention du Sida, différents sujets y relatifs ont été intégrés dans les programmes scolaires, notamment au niveau des cours de l'éveil aux sciences et des sciences naturelles.

S'agissant enfin de l'installation de distributeurs de préservatifs dans les lycées, le Ministre de l'Éducation nationale a donné son feu vert il y a plus de dix ans, suite à une demande du comité de surveillance du Sida, sous réserve toutefois d'un accord du directeur de chaque établissement concerné.

Aujourd'hui 14 lycées disposent d'un total de 19 distributeurs mis à disposition par la Direction de la Santé et installés par l'Aidsberodung de la Croix-Rouge, qui en assure aussi la maintenance avec les responsables scolaires.

D'ailleurs, l'étude „Das Wohlbefinden der Jugendlichen in Luxemburg", réalisée par les Ministères de l'Éducation nationale et de la Santé en 2002, révèle que plus de 90% des jeunes n'ont pas de problèmes à se procurer des moyens de contraception.

À noter toutefois que si actuellement l'accès aux contraceptifs dans les lycées est fonction de la volonté des directeurs et payant, la déclaration gouvernementale de 2004 prévoit l'accès et la gratuité des contraceptifs aux adolescents dans le cadre d'institutions destinées aux jeunes, telles que les lycées et les maisons de jeunes.

Question 0010 (22.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant le personnel du secteur hospitalier:

D'Qualitéit vun der Fleeg an de Spideeler ass enk mat der Personalfro verbonnen a virun allem mat der Zuel vun de Beschäftegten an deenen eenzelne Servicer. An de leschten Deeg ass dës Thematik - ënner anerem duerch d'Enthüllung vun engem geplangte staarke Postenofbau an engem Spidol - erëm an d'öffentlecht Bewosstsinn gedrongen.

An deem Kontext sinn eis och Kloen zougedroe ginn, datt den aktuelle Bemiessungssystem, no deem de Personalbedarf vun de Spideeler festgeluecht gëtt, net onbedéngt dat Gielt vum Ee wier. Dëse System wier retrospektiv a géing och retroaktiv ugewannt ginn, wat den Nodeel hätt, datt déi eigentlech Aarbechtslaascht, déi aktuell um Terrain ufält, net considéréiert géif ginn. Dëst kéint dramatesch Konsequenzen hunn, wann an engem Budgetsjoer manner Personal zougedeelt gëtt, amselwechte Joer awer d'Auslaaschtung vun deem betraffene Spidol zouhëlt.

Am Kontext vun der Diskussioun iwwer Personalbestand a Personalbedarfsmiessung an eisem Spidolswiese besteet e manifeste Klärungsbedarf:

1) Stëmmt et, datt d'Effektiver an de Spideeler permanent fluktuéieren an esouguer vu Joer zu Joer dramatesch erop- oder erofgoe kënnen?
2) Wat geschitt am Regelfall mat deem betraffene Personal?
3) Gëtt et Ausgläichsmechanismen, a wa jo wéi eng, déi et engem Spidol erméiglechen op eng wuessend Auslaaschtung ze reagéieren, andeems se nach an deemselwechte Budgetsjoer zousätzlecht Personal astelle kënnen?
4) Wie leet, an no wéi enge Kritären, - an der Fleeg soll et e kanadesche Bemiessungssystem (PRN) sinn, mat deem d'„Charge de travail", ofhängeg vun der Aktivitéit an der Aart vu Patiente vum jeeweilege Spidol, gemooss gëtt - de Personalbedarf an deene verschiddene Spidolsservicer fest?
5) Wéi evaluéiert de Minister déi aktuell Bemiessungssystemer? Gesäit hien hei Reformbedarf respektiv Optiméierungsméiglechkeeten?
6) Wéi héich war de Personalbestand am Spidolswiesen ufanks Juli 1999 a wéi héich war en am Juli 2004?
7) Wéi muss de Personalbestand am Spidolswiesen insgesamt, laut den entspriechende Berechnungen, an de kommende Méint evoluéieren?
8) Ass et méiglech eng Opstellung vum jeeweilege Personalbestand vun deenen eenzelne Spideeler am Juli 2004 ze kréien - ma och seng Evolutioun an deene leschte fënnef Joer?
9) Wéi muss de Personalbestand an deenen eenzelne Spideeler an deenen nächste Méint evoluéieren (laut de Virgaben aus den UCM-Budgetsverhandlungen)?
10) Wéi huet sech insgesamt d'Auslaaschtung respektiv d'Beleeung (Patientenzuelen) vun eisem Spidolswiesen an deene leschte fënnef bis zéng Joren entwéckelt a wéi eng Spideeler hu vun dëser Entwécklung méi oder manner profitéiert?

Réponse (11.10.2004) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Eu égard à la complexité de la matière, j'ose espérer que l'honorable Député acceptera une réponse en langue française.

La budgétisation des hôpitaux est régie par la convention-cadre conclue entre l'EHL et l'UCM sur base de l'article 75 du CAS. Les articles 29 et 30 de cette convention ont trait aux normes de personnel.

Les principes retenus sont les suivants:

- les normes de dotation en personnel doivent être établies selon une méthodologie uniforme pour tous les hôpitaux;
- les normes de dotation doivent reposer sur le temps requis pour le traitement diagnostique ou thérapeutique du malade;
- les normes en matière de personnel de soins sont établies en s'orientant sur la méthode PRN;
- la norme en matière de personnel des laboratoires doit être fonction du type d'appareil, du type et du nombre d'analyses à effectuer et de la qualification du personnel;
- pour les services de support, les normes sont établies en fonction du nombre d'unités de production à réaliser ou en fonction de la taille de l'hôpital exprimée en nombre de lits.

L'élaboration des normes de dotation en personnel est confiée à une commission paritaire EHL-UCM assistée par des experts et, le cas échéant, par des membres du personnel des hôpitaux. Cette commission se réunit mensuellement et rédige chaque année un document reprenant l'ensemble des normes à appliquer lors des négociations budgétaires entre les hôpitaux individuels et l'UCM. Ce document est avalisé par les conseils d'administration de l'EHL et de l'UCM.

Le document des normes pour 2004 décrit 18 normes de dotation différentes relatives aux fonctionnalités suivantes:

- la dotation des unités de soins normaux et de soins intensifs;
- la dotation des salles opératoires;
- la dotation des salles d'accouchement;
- l'hémodialyse;
- les cadres intermédiaires soins;
- les cadres intermédiaires médico-techniques;
- les cadres intermédiaires administratifs;
- les cadres intermédiaires logistiques;
- la gestion de la formation continue;
- l'hygiène hospitalière;
- l'assurance qualité;
- l'audit PRN;
- l'assistance sociale;
- la diététique;
- le transport patients;
- le préposé à la sécurité;
- la coordination des constructions;
- la délégation syndicale.

Dans les domaines où la normalisation n'est pas achevée, il est fait usage de moyennes sur base des dotations observées dans les hôpitaux. Cette approche est utilisée pour

- les services administratifs;
- les laboratoires;
- l'imagerie médicale;
- la kinésithérapie;
- les policliniques;
- les ateliers techniques;
- la cuisine.

En ce qui concerne les questions précises formulées par l'honorable Député, je tiens à l'informer que:

1) Toutes les règles de dotation à l'exception des ateliers techniques reposent sur l'activité prévisible de l'exercice budgétaire concerné. Comme cette activité varie d'année en année, les dotations en personnel devront changer également. Cependant, l'évolution de l'activité dans les hôpitaux étant globalement à la hausse, l'application des règles de dotation conduit normalement à une augmentation des effectifs.
2) Si un hôpital subit une baisse d'activité dans une fonctionnalité normée de commun accord entre l'EHL et l'UCM, le nombre d'effectifs est à réduire. Dans le cas où cette réduction s'avère importante, la diminution du nombre d'effectifs peut être étalée sur plusieurs exercices. Comme le secteur hospitalier se trouve en expansion, le personnel en surnombre dans un hôpital pourra le plus souvent trouver un emploi dans un autre hôpital.
3) Un hôpital qui subit une augmentation imprévisible et considérable de son activité en cours d'exercice pourra demander une rectification de son budget. Cette rectification est effectuée au cours de l'exercice.
4) La dotation en personnel des hôpitaux suit les règles de dotation fixées par la commission des normes, arrêtées dans le rapport annuel de la commission. La dotation des unités de soins est calculée selon la méthode canadienne du PRN. Dans ce calcul, le nombre de journées prévisible est multiplié avec la charge en soins requis du patient moyen de l'unité. La charge en soins requis est mesurée en continu par des infirmiers auditeurs sur base de sondages. Les charges en soins mesurées sont encore validées par l'institut canadien qui a développé la méthode PRN. Enfin, en vue d'éviter des fluctuations annuelles trop importantes de la charge en soins requis, celle-ci est calculée comme moyenne mobile sur trois ans.
5) Le système actuel de dotation en personnel des hôpitaux présente l'avantage d'être élaboré de façon commune entre l'EHL et l'UCM. Ce système d'élaboration évite d'édicter des règles rigides non adaptées aux hôpitaux luxembourgeois ou de créer des problèmes d'efficience.
6) Le nombre d'équivalents-temps plein budgétisés était de 4.405 en 1998 et de 5.470 en 2003. Parallèlement, la sous-traitance dans les services logistiques (cuisine, buanderie, nettoyage) s'est développée au cours des dernières années.
7) Les dotations en personnel dans les hôpitaux sont négociées annuellement sur base des activités prévisibles. Celles-ci sont déterminées par l'offre et la demande ainsi que par les exigences du plan hospitalier. Ainsi, par exemple, la réforme de la psychiatrie nécessitera des changements au niveau de la prise en charge des patients qui se traduiront par des modifications des dotations en personnel des établissements concernés.
8) L'évolution du nombre d'effectifs dans les hôpitaux budgétisés est fournie dans le tableau 1 annexé. Le nombre d'effectifs budgétisés a augmenté de 1.065 unités entre 1998 et 2003. Une partie de cette augmentation provient de l'ouverture d'établissements hospitaliers nouveaux (INCCI, Baclesse) et de l'extension du système de la budgétisation au CHNP et à Hamm. Les six hôpitaux généraux du pays montrent néanmoins une progression de 546 équivalents-temps plein sur cinq ans.
9) Le tableau présenté au point 8) indique le nombre d'effectifs en 2004 pour les hôpitaux ayant signé l'accord budgétaire pour 2004.
10) Le tableau 2 montre l'évolution du nombre de journées dans les hôpitaux budgétisés. Entre 1998 et 2003, le nombre de journées d'hospitalisation est resté à peu près stable dans le secteur aigu. Par contre, le

nombre de journées budgétisées a fortement augmenté dans le moyen séjour, en raison de l'extension du système de la budgétisation au CHNP et à Hamm. Au total, le nombre de journées budgétisées a augmenté de 11,2% entre 1998 et 2003.

Comme indiqué dans le tableau 3b, le taux d'occupation des lits autorisés et budgétisés dans le secteur aigu est passé de 72,1% en 1998 à 71,3% en 2003. Le taux d'occupation des lits est nettement plus élevé dans le moyen séjour où il atteint 90,7% en 2003. Pour l'ensemble du secteur hospitalier, on peut observer un taux d'occupation à peu près stable de 74% *(tableaux à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)*.

Question 0011 (22.7.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant une affaire disciplinaire à la Bibliothèque nationale:

Il me revient que suite à une affaire disciplinaire au sein de la Bibliothèque nationale dans laquelle le Conseil de discipline n'a pas donné de suite en raison d'un vice de forme le fonctionnaire en question serait toujours suspendu tout en jouissant du traitement prévu pour sa carrière.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Culture et à Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:

- Est-ce que Messieurs les Ministres ont connaissance de cet état de fait?
- Dans l'affirmative, est-ce que Messieurs les Ministres peuvent me renseigner sur la nature du vice de forme étant à l'origine de la non-recevabilité de la procédure disciplinaire engagée?
- Enfin, est-ce que Messieurs les Ministres peuvent m'informer sur l'avenir que l'on réserve au fonctionnaire en question?

Réponse commune (8.10.2004) de M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* et de M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*:

Dans sa décision du 22 février 2000, le Conseil de discipline avait retenu à propos de l'affaire disciplinaire engagée à l'encontre du fonctionnaire concerné ce qui suit:

«Or, il ne résulte d'aucun élément du dossier soumis à l'appréciation du Conseil de discipline que (...) a été informé dès l'origine et encore moins par la suite par le chef hiérarchique des manquements lui reprochés et du déclenchement d'une enquête préalable.

Dans la mesure où l'information donnée au fonctionnaire des faits faisant présumer qu'il a manqué à ses devoirs au sens du statut général n'a été faite par le délégué chargé de l'instruction disciplinaire qu'après la convocation en vue de son audition, elle ne suffit pas aux exigences de l'article 56 point 3 précité, disposition d'ordre public comme touchant aux droits de la défense de la personne contre laquelle une procédure disciplinaire est ouverte.

Dès lors le Conseil de discipline doit constater que la procédure disciplinaire est viciée pour inobservation d'une formalité substantielle.»

Monsieur le Député notera que la disposition de l'article 56 point 3 en cause prévoyait que «le chef hiérarchique informe le fonctionnaire présumé fautif des faits qui lui sont reprochés avec indication si une instruction disciplinaire est ordonnée ou non». Dans la mesure où le chef hiérarchique visé, à savoir le directeur de la Bibliothèque nationale, avait lui-même fait l'objet d'une instruction disciplinaire à l'époque, Monsieur le Député peut s'imaginer les difficultés auxquelles l'application de ce texte avait donné lieu en l'espèce. À relever que même si les raisons du non-respect de la disposition de l'article 56 point 3 étaient tout à fait particulières dans l'affaire mentionnée par Monsieur le Député, il n'en demeure pas moins que le texte avait fréquemment soulevé d'autres contestations auxquelles il a été mis fin avec l'institution du commissaire du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire aux termes de la réforme du statut général des fonctionnaires de l'État opérée par la loi du 19 mai 2003.

Comme l'intéressé avait fait l'objet d'une procédure viciée et au vu du laps de temps qui s'est écoulé depuis les faits poursuivis, il a été décidé de ne plus poursuivre la procédure.

Enfin, la réforme de la procédure disciplinaire mentionnée ci-dessus, et notamment des dispositions relatives à l'instruction, devrait à l'avenir contribuer à éviter de telles situations.

Question 0012 (22.7.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant l'impact des travaux de construction de la Cité judiciaire au parking du Saint-Esprit:

J'ai pu lire dans l'hebdomadaire «Le Jeudi» que dans le cadre des travaux relatifs à la Cité judiciaire l'on aurait constaté que les constructions souterraines du parking ne supporteraient pas les immeubles qu'il est prévu d'ériger sur la place du Saint-Esprit. Afin de renforcer les cavités souterraines en question l'on serait contraint de fermer le parking souterrain susmentionné.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Travaux publics:

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut me confirmer les informations relevées ci-dessus?
- Dans l'affirmative, est-ce que Monsieur le Ministre peut m'informer sur la durée de fermeture du parking du Saint-Esprit engendrée par les travaux en question?
- Est-ce que Monsieur le Ministre peut me dire si un échange d'informations concernant ce problème a déjà eu lieu entre le Ministère des Travaux publics et l'Administration communale de la Ville de Luxembourg pour parer au manque de places de stationnement que provoquerait une telle fermeture?
- Enfin, est-il prévu d'indemniser l'exploitant du parking en cas de fermeture?

Réponse (23.8.2004) de M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics:*

En premier lieu la problématique concernant la charge admissible de la dalle du parking Saint-Esprit était connue avant le début des travaux.

En effet, la capacité portante de la structure du parking ne permet pas une fondation des bâtiments de la future Cité judiciaire sur la dalle de celui-ci sans qu'il soit procédé à un renforcement de la structure verticale ainsi que des fondations.

C'est la raison pour laquelle plusieurs solutions statiques ont été élaborées et analysées avec les bureaux d'études mandatés afin d'assurer à la base la stabilité des constructions projetées.

La solution finalement retenue prévoit la construction d'une nouvelle structure de colonnes à travers les différents étages du parking existant qui supportera une nouvelle dalle de répartition au niveau de la place du Saint-Esprit afin de reprendre les charges des nouveaux bâtiments. Cette nouvelle structure sera tout à fait indépendante des structures en béton existantes du parking qui ne nécessitent pas d'être renforcées.

Ces travaux de restructuration à l'intérieur du parking sont réalisés par phases et par zones de travail afin de garantir en permanence l'exploitation du parking et d'assurer un maximum d'emplacements disponibles. Le planning actuel prévoit que ces travaux de restructuration exécutés par intermittence et ayant débuté au mois de juin 2004 s'étaleront sur une durée approximative de 18 mois. Par conséquent, une fermeture du parking n'est pas envisagée.

Par ailleurs, une convention entre l'État luxembourgeois et la Société pour l'Aménagement du Plateau du Saint-Esprit s.àr.l. exploitante du parking souterrain Saint-Esprit règle les modalités d'indemnisation pour les emplacements non disponibles pendant les travaux de restructuration.

Question 0013 (23.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant le forfait d'éducation:

Mam Gesetz vum 28. Juni 2002 ass de „forfait d'éducation" agefouert ginn. Déi deemoleg Regierung an hir parlamentaresch Fraktiounen hunn dës Zoulag, wat d'Fiskalitéit an d'Sozialversécherungen ugeet, enger Rent gläichgestallt.

Am Kader vun den aktuellen Diskussiounen ëm dës am Volleksmond „Mammerent" genannte Mesure, déi an engem Ëmfeld vun engem net méi esou üppege Staatsakommes stattfannen, stelle sech konsequenterweis folgend Froen:

1) Wat gouf bis haut am Joer brutto vum Stat un Zomme fir d'Ausbezuelung vun der Mammerent iwwerwisen?
2) Wat ass vun dësen Zommen aus Steiergeld erëm erakomm - falls de Ministère net à même ass hei mat geneeë Chifferen ze déngen: Op wéi e Montant kann een dat entspriechend Steieropkommes estiméieren (zum Beispill iwwert de Wee vun deenen Zommen, déi d'office vun de Keesen ofgehale goufen)?
3) Wat ass vun dësen Zommen an déi gesetzlech Sozialversécherungen (Fleege- a Krankeversécherung) gefloss - falls de Ministère net à même ass hei mat geneeë Chifferen ze déngen: Op wéi e Montant kann een dat entspriechend Cotisatiounsopkommes estiméieren (zum Beispill iwwert de Wee vun deenen Zommen, déi d'office vun de Keesen ofgehale goufen)?

Réponse commune (5.10.2004) de M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances* et de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*:

1. Fir d'Joer 2003 sinn am Ganzen 84.920.298,67 Euro fir „d'Mammerent" bezuelt ginn; fir d'Joer 2004 (I-VII) sinn et bis elo 51.658.000,95 Euro.

2. Beim Ausbezuelen vun der Mammerent sinn am Joer 2003 7.997.751,33 Euro abehale ginn op Basis vun der Retenue à la source, an am Joer 2004 goufen an deenen éischte siwe Méint, och op Basis vun der Retenue à la source, 4.859.718,92 Euro abehalen.

3. Un d'Krankekeese si fir d'Joer 2003 4.162.705,02 Euro a fir déi éischt siwe Méint vum Joer 2004 2.567.815,65 Euro gefloss. Während därselwechter Period huet d'Fleegeversécherung 50.879,85 Euro respektiv 30.916,41 Euro u Bäitreeg vun der „Mammerent" kritt.

Déi héich réckwierkend Eenzelausbezuelungen sinn an deene genannten Zuelen enthalen.

Question 0014 (23.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant l'augmentation de capital chez Arcelor:

De Stat ass e bedeitenden Aktionär vun Arcelor. Dëse multinationale Stolkonzern plangt säin Afloss bei zwee brasilianesche Stolproduzenten ze erhéijen. Finanzéiert ginn dës Augmentatioune vun de Bedeelegungen iwwert eng Kapitalerhéijung, déi 1,17 Milliarden Euro abrénge soll. Bis Mëtt Juli hu sech déi aktuell Aktionäre vum Grupp missen décidéieren, ob se hir Optiounen op déi nei Arcelor-Aktien exekutéiere wëllen. Haut ass ze liesen, datt nëmmen 93,5% vun den Optiounsrechter genotzt goufen. De Rescht gëtt elo um internationale Finanzmaart ugebueden. De 27. Juli sollen déi nei Aktie verdeelt ginn.

Dofir dës Froen:

1) Huet de Stat seng Optiounsrechter ausgeübt?
2) Wat huet dës staatlech Décisioun motivéiert?
3) Wéi héich war dem Stat seng Participatioun um Stolkonzern Arcelor - a wéi héich wäert se no dëser Kapitalerhéijung sinn?
4) Awéiwäit wäert/kann dës Kapitalerhéijung en Afloss op d'Muechtverhältnisser am Verwaltungsrot vun der Arcelor hunn?

Réponse (11.8.2004) de M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur:*

Den 30. Juli 2004 huet de Wirtschaftsministère iwwer ee Pressecommuniqué, deen annexéiert ass, der Regierung hir Décisioun am Kontext vun der Kapitalerhéijung vun der Arcelor public gemaach.

Am Verwaltungsrot vun der Arcelor si keng Ännerungen ze erwaarden.

Question 0015 (26.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant l'interdiction de l'utilisation d'insecticides composés de fipronil:

Am Spierkel huet de franséische Landwirtschaftsminister d'Verkafserlaabnis fir den Insektizid „Regent TS" suspendéiert. Dës Preventivmoossnam gouf elo - wéi haut ze liesen ass - duerch eng Expertis bestätegt, déi deen ëmstriddenen Insektizid an der Mëllech vu Kéi nogewisen huet, déi mat Mais gefiddert goufen, dee mat dësem Produit traitéiert gouf. Déi genannt Expertis gouf vun engem franséischen Untersuchungsriichter ugefrot a vum CNRS vu Lyon duerchgefouert. Domadder schéngt de Beweis erbruecht ze sinn, datt dëst Gëft och an d'mënschlech Nahrungsketten andrénge kann. De President vum „Conseil général" vun der Vendée, de Philippe de Villiers, huet de leschte Freideg eng „Réaction immédiate" vum franséische Landwirtschaftsminister gefrot.

Schonns laang féiere Beienziichter déi extrem staark geklomme Stierflechkeet vun hire Beiepopulatiounen op d'Aféierung vun dëser neier Zort vun Insektizider, wéi och dem „Gaucho", zréck. Dobäi handelt et sech ëm Insektegëfter, déi net versprëtzt, mä direkt op d'Sotgut opgedroe ginn a sech mam Wuesstem vun der Planz an hir verdeelen.

An Däitschland gëtt „Regent TS" ënnert dem Numm „Fipronil" vermaarkt.

Dofir dës Froen:

1) Ginn déi genannt Insektizider och zu Lëtzebuerg vermaart an applizéiert?
2) Wéi stellt sech de Landwirtschaftsminister zur aktueller Entwécklung a Frankräich?
3) Wier et net ubruecht, direkt - a sief et nëmmen aus dem Précautiounsprinzip eraus - d'Vermaarktung an d'Verwendung vun dësen Insektizider bis op weideres och zu Lëtzebuerg ze verbidden?

Réponse (24.9.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

La question parlementaire concerne le produit phytopharmaceutique «Regent TS» et elle appelle les réponses suivantes:

Le produit phytopharmaceutique «Regent TS» n'est pas agréé au Luxembourg. Ainsi, la mise sur le marché et l'utilisation de ce produit sont donc interdites dans notre pays.

Un autre produit phytopharmaceutique, le «Vasco», qui contient la même substance active, est agréé au Luxembourg. Ce produit est autorisé pour lutter contre les insectes du sol dans les cultures de maïs et de betteraves. Le produit est appliqué sur le sol nu avant le semis et doit être incorporé dans la terre immédiatement après la pulvérisation. Ce mode d'utilisation présente peu de risques pour les abeilles, vu l'absence de plantes en fleur sur les champs traités.

L'autorisation de ce produit a été nécessaire pour remplacer les produits à base de Lindane qui ont été retirés du marché. Suite à l'interdiction du Lindane, il n'existait plus de produit phytopharmaceutique pour lutter contre les taupins (un insecte du sol qui peut causer des pertes considérables dans les cultures). Pour éviter tout impact sur les abeilles, l'agrément du produit a été limité aux cultures de maïs et de betteraves.

Concernant les produits à base d'imidaclopride, les produits «Gaucho orge» et «Gaucho blé» sont autorisés au Luxembourg pour le traitement des semences d'orge et de blé respectivement. D'autres utilisations sur des plantes mellifères comme le tournesol ou le colza n'ont jamais été homologuées.

Les deux substances actives en question, le fipronil et l'imidaclopride, sont actuellement en cours d'évaluation par l'Agence communautaire pour la Sécurité alimentaire. Les études concernant la toxicité pour l'homme et pour les abeilles sont des éléments de cette évaluation.

Une décision par la Commission européenne concernant l'autorisation ou l'interdiction de ces substances est prévue pour l'année 2005.

En ce qui concerne la mortalité des abeilles au Luxembourg, le Service de la Protection des Végétaux de l'Administration des services techniques de l'Agriculture n'a pas encore eu d'informations concernant des ruches qui ont péri suite à l'application d'un des produits phytopharmaceutiques en discussion.

Lors de l'agrément des produits phytopharmaceutiques des études concernant l'impact sur les abeilles font partie des dossiers de demande. Les autorisations sont refusées, si suite à l'utilisation normale des produits des effets négatifs pour les abeilles sont à prévoir.

Question 0016 (27.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les mesures policières prises vis-à-vis des supporters utilisant des fumigènes lors des matchs de football:

Wéi am „Le Quotidien" (vum 26. am Heemount) ze liese war, huet d'Police eng ganz Saison laang Supportere vun der Etzella Ettelbréck während de Matcher suivéiert a photographéiert, fir du verschiddener vun hinnen ze convoquéieren an ze verhéieren. Repro-

chéiert gouf deenen, déi identifizéiert konnte ginn, de regelméissege Gebrauch vu Fumigènen, an den Dossier gouf un de Parquet weidergeleet.

Dës Methode werfen eng Rei Froen op:

1) Wat ass déi gesetzlech Grondlag op där d'Visiteure vun enger Sportsveranstaltung photographéiert a fichéiert dierfe ginn?
2) Firwat gouf deene Betraffenen net direkt, souzesoen in flagranti, vun de Responsable respektiv der Police gesot, datt de Gebrauch vu Fumigènë verbueden ass (falls deem tatsächlech esou ass) an an Zukunft ze ënnerbleiwen huet - esou hätt dee grousse polizeilechen Opwand ewéi och d'Beusproochung vum Geriicht an dëser Affär vun Ufank u vermidde kënne ginn?
3) Wat geschitt mat deene reschtleche gesammelten Daten a Photoen?
4) Gëtt et antëschent Norme fir e juristesch korrekt Feieren an Ufeiere vu Sportséquipen?
5) Mussen onbescholte Bierger elo fäerten, photographéiert a verhéiert ze ginn, wa se hir Équipe e bësse méi ausgeloossen ufeieren?
6) Wie gëtt d'Uerder fir sportsbegeeschtert Leit ze filmen oder ze photographéieren a wéi wäit ginn esou Mesurë mat de Sportsfederatiounen ofgeschwat?

Réponse (17.9.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

Il est faux de prétendre que la Police aurait suivi et photographié des supporters du club de football de l'Etzella d'Ettelbruck tout au long de la saison 2003-2004. Par contre il est vrai que des photos ont été prises lors de la dernière finale de la Coupe de Luxembourg lorsque la Police constatait que certains supporters de l'Etzella allumaient des feux de Bengale. Sur ordre du responsable du dispositif policier, des clichés ont été pris afin de pouvoir identifier les contrevenants. Les photos documentant ces infractions ont été transmises au Parquet de Luxembourg, les autres photos ont été détruites.

Le concept opérationnel de la Police pour ce match a été élaboré en étroite collaboration avec la Fédération Luxembourgeoise de Football (FLF). La FLF tout comme les deux clubs concernés avaient été informés au préalable que toute infraction entraînerait des poursuites judiciaires.

En effet, un stade de football ne constitue pas une zone de non-dit. Des personnes allumant du matériel pyrotechnique mettent en péril les autres spectateurs alors que de tels produits phosphorescents peuvent causer des blessures très graves. Un tel acte est répréhensible notamment selon la Convention européenne sur la violence et les débordements de spectateurs lors de manifestations sportives.

Le règlement d'urgence pris par les autorités communales en date du 18 mai 2004 a interdit par ailleurs aux visiteurs d'apporter des produits inflammables, des pièces d'artifice, des articles pyrotechniques, des fusées éclairantes ou autres. Ce règlement était affiché visiblement aux différentes entrées du stage, de sorte que tous les spectateurs en avaient parfaitement connaissance.

Question 0017 (28.7.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les menaces terroristes:

De 15. dëses Mounts ass de sou genannten „Waffestëllstand" tëschent der islamescher Terrororganisatioun „Al Qaida" an Europa ausgelaf. Bis zu dësem Datum sollten déi europäesch Staten hir Truppen aus dem Irak ofzéien. Vun do u misst sech Westeuropa, falls dat net geschitt, op nei Attentater gefaasst maachen. Zu all Moment kéint also elo en Attentat stattfannen.

Dei britesch Regierung huet antëschent mat enger Publikatioun reagéiert, déi an den nächste Wochen un all Stéit - 25 Milliounen - geschéckt soll ginn, fir d'Populatioun op eventuell Terroruschléi virzebereeden. Op 22 Säite ginn d'Briten informéiert, wéi se sech a verschiddenen Terrorsituatioune solle verhalen.

Lëtzebuerg ass eng vun den EU-Haaptstied mam Sëtz vun enger Rëtsch EU-Institutiounen, mä och vu bedeitenden Ambassadë vun am Irak Krich féierenden Natiounen. D'US-Ambassade befënnt sech esouguer an der Géigend (Nähe) vun engem Lycée. Och US-Militärlager fanne sech op eisem Territoire.

Dës Terrorgefor an déi bis elo, vu Säite vun der Regierung, feelend Preventiv-Informatiounen un d'Populatioun werfen eng Rëtsch Froen op:

1) Wéi grouss ass, nom Oflaf vum genannten Ultimatum, d'Gefor vun Uschléi fir Lëtzebuerg a besonnesch eis Haaptstad anzeschätzen?
2) Wier et net héich un der Zäit, d'Bevölkerung preventiv iwwer Risiken a virun allem iwwer eng ugepasste Verhalensweis am Fall vun diversen Uschléi ze informéieren, esou wéi et och fir de Fall vun enger Nuklearkatastroph (Cattenom) geschitt ass an déi britesch Regierung et elo mécht?
3) Wéi kënnen eis Bierger aktiv zur Preventioun bäidroen an u wie kënne se sech bei Verdacht (zum Beispill ongewinnten Aktivitéiten an der Noperschaft oder Verhalensweisen am Ëmfeld vu potenziellen Uschlagsziler, etc.) wenden?
4) Besteet e regelméissegen Informatiounsaustausch tëschent den US-Geheimdéngschter an de Lëtzebuerger Instanzen, wat d'Protektioun vun amerikaneschen Intérêten zu Lëtzebuerg an dee jeeweilege Risikopotenzial ugeet?
5) Gëtt déi islamesch Communautéit hei am Land an dësem Kontext weider/erëm observéiert?

Réponse (26.8.2004) de M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État:*

L'honorable Député voudrait être renseigné sur l'état de la menace terroriste au Grand-Duché de Luxembourg et sur les mesures prises pour contrer cette menace.

Monsieur le Député comprendra d'abord que je ne saurais lui fournir, dans le cadre d'une question parlementaire, des détails sur les opérations menées par les services compétents dans le domaine visé par sa question.

Je me permets cependant de le renvoyer aux nombreuses mesures qui ont été prises par le Gouvernement dans un passé récent pour répondre aux menaces, et notamment les menaces terroristes, qui pèsent sur la sécurité de notre pays: loi du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État (SRE), loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité. Sur base de la nouvelle loi sur le SRE, le renforcement des cadres du personnel de ce service vient d'être entamé. Il est par ailleurs évident que la menace terroriste fait l'objet d'un échange d'informations régulier avec les services de Renseignement étrangers.

Enfin, Monsieur le Député notera que le Conseil supérieur de la Protection nationale élabore actuellement un plan de vigilance nationale qui instaurera un système de niveaux de sécurité et de degrés d'alerte combiné à un ensemble de mesures, essentiellement préventives, destinées à protéger les cibles d'une éventuelle menace. Le moment venu, la population sera évidemment informée de la mise en place de ce plan.

2e Session extraordinaire 2004

Question 0018 (3.8.2004) de M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)* concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergie renouvelables:

Dans la publication du recueil de législation du 28 juillet 2004 concernant les énergies renouvelables, une contradiction quant à la date de l'application des nouvelles réglementations des aides pour la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergies renouvelables s'est produite. Ainsi les règlements grand-ducaux du 20 juillet 2004 modifiant les règlements grand-ducaux du 17 juillet 2001 et 28 décembre 2001 stipulent la date du 1er août 2004 comme dernier délai sur l'application des anciennes aides. Or, dans les textes coordonnés des règlements grand-ducaux du 17 juillet 2001 et du 28 décembre 2001 la date du 26 janvier 2004 est inscrite. De même on a pu constater un recul énorme des investissements dans ces technologies écologiques. La durée entre l'annonce d'une modification des réglementations et la publication effective des nouvelles dispositions a provoqué de grandes insécurités tant chez les clients que dans le secteur professionnel des énergies renouvelables encore tout jeune.

C'est pourquoi je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Environnement et de l'Énergie.

1. Ne faudrait-il pas rectifier les dates dans les textes coordonnés des règlements grand-ducaux respectifs pour clarifier la situation?
2. Vu la limitation de la période d'éligibilité des règlements ci-dessus jusqu'au 31 décembre 2004 et la nécessité d'une planification durable pour les clients que pour le secteur professionnel, n'est-il pas opportun d'organiser une table ronde avec tous les acteurs du domaine des énergies renouvelables et de l'utilisation rationnelle des énergies dès la rentrée en septembre pour discuter et préparer les nouvelles dispositions pour la période au-delà du 31 décembre 2004?
3. Quel est le nombre de dossiers traités depuis l'introduction des aides et quelle est la somme des aides déjà liquidées?

Réponse (18.8.2004) de M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement:*

L'honorable Député me pose certaines questions sur les aides en matière d'économies d'énergie et de l'utilisation des énergies renouvelables et tout particulièrement le nouveau régime d'aides pour les installations photovoltaïques en vigueur depuis le 1er août 2004.

Mes services ont constaté qu'une erreur s'est glissée dans les textes coordonnés des deux règlements grand-ducaux modifiés du 17 juillet 2001 respectivement du 28 décembre 2001. Or, les règlements grand-ducaux du 20 juillet 2004 modifiant les règlements grand-ducaux ci-dessus indiquent la date du 1er août 2004 à partir de laquelle le nouveau régime d'aides s'applique aux installations photovoltaïques. L'erreur dans les textes coordonnés sera corrigée dans les meilleurs délais.

Q 7

En ce qui concerne les dossiers introduits auprès de l'Administration de l'Environnement, cette dernière n'a pas pu constater un recul énorme des investissements, comme l'indique l'honorable Député. Rien que pendant la semaine de travail du 2 au 6 août 2004, 156 dossiers ont été introduits, dont 75 concernent des installations photovoltaïques et 67 des chaudières à condensation.

Depuis l'entrée en vigueur du règlement grand-ducal du 17 juillet 2001 plus de 6.400 dossiers ont déjà pu être traités et plus de 22 millions d'euros ont pu être liquidés (situation fin juin 2004).

En ce qui concerne d'éventuelles nouvelles dispositions au-delà du 31 décembre 2004, je tiens à souligner que l'accord de coalition prévoit que le Gouvernement poursuivra la promotion des énergies renouvelables et de l'utilisation rationnelle de l'énergie. Je ne manquerai pas de consulter à ce sujet les différents acteurs impliqués au courant de l'automne.

Question 0019 (3.8.2004) de M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)* concernant la pratique du jet-ski sur la Moselle:

La pratique du jet-ski sur la Moselle entre Remich et Bech-Kleinmacher est en constante augmentation les dernières années. Surtout pendant les week-ends et vacances d'été le nombre de jet-skis atteint une vingtaine d'engins en une seule journée. Ainsi les riverains et les touristes se plaignent du bruit insupportable que causent ces jet-skis par les manoeuvres de contournement et les allées et venues près des agglomérations de Remich et de Bech-Kleinmacher. De même la sécurité sur la Moselle n'est plus assurée vu les vitesses dangereuses de ces bateaux de plaisance.

C'est pourquoi je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Transports:

1. Qu'en est-il des pourparlers avec les autorités allemandes concernant la pratique du jet-ski sur la Moselle?
2. Eu égard aux considérations qui précèdent, ne serait-il pas opportun d'interdire la circulation pure et simple des jet-skis sur la Moselle comme c'est notamment le cas sur de nombreux fleuves de la Grande Région?
3. Tant qu'il n'y a pas de solutions définitives, ne faudrait-il pas réglementer provisoirement voire interdire l'accès à la Moselle entre Remich et Bech-Kleinmacher surtout pour les week-ends comme c'était déjà le cas l'année passée?

Réponse (23.8.2004) de M. Lucien Lux, *Ministre des Transports:*

1) La situation réglementaire des jet-skis sur la Moselle est la suivante:

Lëtzebuerg befënnt sech an engem Kontext an deem iwwer national budgetär Beschränkungen nogeduecht gëtt an Aschränkungen esouguer um soziale Plang ze befäerte sinn. D'Kommissiounspläng kéinte bedeiten, datt an dësem schwieregen nationale Kontext zousätzlech Finanzmëttele missten un d'EU ofgetruede ginn. D'Lëtzebuerger Regierung huet sech bis elo net offiziell zu deene genannte Bestriewunge vun der neier Kommissioun geäussert.

Dofir des Fro:

- Lëtzebuerg ass och en „EU-Nettobezueler" - pro Kapp gekuckt esouguer dee gréissten. Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zur Fuerderung respektiv den Äusserunge vum neien EU-Kommissiounspresident?

Réponse (17.9.2004) de M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État:*

D'Lëtzebuerger Regierung huet sech ganz zefridde gewise mat de Virschléi vum Kommissiounspresident Romano Prodi zu der zukünfteger Gestaltung vun den EU-Finanzen a si begréisst et och, dass deen neie Kommissiounspresident un deene Virschléi wëllt festhalen.

Obwuel Lëtzebuerg zu den Nettobezueler zielt, hu mir am Dezember vum leschte Joer de Bréif vun deene sou genannten „Sechs", déi sech fir e Plafonnement vun den EU-Ausgaben op 1% ausgeschwat hunn, bewosst net mat ënnerschriwwen. An engem Europa dat den 1. Mee gewuess ass, dat och nach an Zukunft wäert weider wuessen a sech ëmmer nei Aufgaben an Zilsetzungen unhëlt, mussen och déi néideg Finanzmëttelen zur Verfügung stoen.

D'Regierung ass der Meenung, dass 1% net kann duergoen. Och géif d'Regierung sech net weigere fir der Unioun méi Mëttelen zur Verfügung ze stellen, als Zeeche vun der Solidaritéit vun de Lëtzebuerger mat de manner entwéckelte Regiounen an Europa.

Question 0055 (25.8.2004) de M. Laurent Mosar *(CSV)* concernant l'exécution de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel:

En vertu de l'article 17 de la loi susmentionnée, certains traitements de données doivent être autorisés par règlement grand-ducal. Il en est ainsi des traitements d'ordre général nécessaires à la prévention, à la recherche et à la constatation des infractions pénales qui sont réservés, conformément à leurs missions légales et réglementaires respectives, aux organes du corps de la police grand-ducale, de l'Inspection générale de la Police et de l'Administration des Douanes et Accises. Il en va de même des traitements relatifs à la sûreté de l'État, à la défense et à la sécurité publique ou encore de ceux effectués dans le domaine pénal en vertu de conventions internationales, d'accords intergouvernementaux ou dans le cadre de la coopération avec l'Organisation Internationale de Police Criminelle (OPIC-Interpol). Toujours d'après l'article 17 de la loi de 2002, le règlement grand-ducal doit entre autres déterminer le responsable du traitement, la condition de légitimité du traitement ou encore sa ou ses finalités.

Or, sauf erreur de ma part, aucun règlement grand-ducal d'application n'a été pris jusqu'à présent.

Dans ce contexte, j'aurais aimé savoir si le Gouvernement entend y remédier dans un proche avenir, alors qu'il s'agit d'un domaine particulièrement sensible.

Réponse conjointe (22.10.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice* et de M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications:*

En date du 7 juin 2004, le Conseil d'État a été saisi pour aviser un projet de règlement grand-ducal portant création et exploitation d'un fichier des personnes ayant subi un avertissement taxé en matière de circulation routière, projet dont l'article 17 de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel constitue une des bases légales.

Ledit projet a pour objet d'autoriser la police grand-ducale à créer et à exploiter un fichier des personnes ayant subi un avertissement taxé en matière de circulation routière. En application des dispositions de la loi du 2 août 2002 précitée et notamment de son article 17, le projet de règlement visé traite des aspects liés à la protection des personnes à l'égard des traitements des données, en particulier en ce qui concerne la finalité du traitement, le responsable du traitement, les catégories de données collectées et traitées, les tiers pouvant obtenir communication des données, de la durée de conservation des données et l'autorité de contrôle chargée de la surveillance de la mise en œuvre du traitement.

Le projet vise à mettre en concordance

- la loi du 2 août 2002 modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques (introduisant le permis à points) et
- la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel.

Par ailleurs, un avant-projet de règlement, pris sur base de l'article 17 de la loi précitée, qui a pour objet d'autoriser la police grand-ducale à créer et à exploiter un fichier de données à caractère personnel de police générale dénommé POLISS INFORMATIONS SYSTEM (en abrégé POLISS) aux seules fins de la prévention, de la recherche et de la constatation d'infractions pénales, est actuellement en cours d'élaboration.

L'avant-projet de règlement tiendra compte de l'évolution du système informatique de la police dans le respect des dispositions de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel. Il remplacera ainsi l'actuel règlement modifié «INGEPOL» du 2 octobre 1992.

Question 0056 (25.8.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant la situation déficitaire des caisses de maladie:

Virgëschter huet den Här Gesondheetsminister op der Tëlee d'Noutwendegkeet vu néidege Reformen am Krankekeesewiese betount a versicht d'Lëtzebuerger schonns emol mental op méiglech Aschnëtt anzestellen.

Ënner anerem gouf gesot, datt mer mat engem „seriöe Problem an de Krankekeese konfrontéiert" sinn an datt mer „op zolidd Defiziter" histeieren. Dowéinst misste mer „net nëmme kleng Plooschtere fannen, fir drop ze pechen, mä mer musse Solutiounen am Dialog fannen, déi et eis erlaben net all Joers erëm iwwer Krankekeesendefiziter ze schwätzen." Dëst ass u sech näischt Neies, well scho virun de Wahle bekannt; nei ass, datt méiglech Leeschtungskierzungen oppen ugeschwat ginn: „(...) meng Approche net déi ass, fir elo bei deene Problemer an de Krankekeese just mat der Schéier dorëmmer ze lafen, fir Leeschtungen ze kierzen…" - also och - „…mä eng Bestandsopnahm ze maachen (...)".

Dofir dës Froen:

1. Wéi ass déi zitéiert Ausso vun „net nëmme kleng Plooschtere fannen» ze verstoen - heescht dat, datt den neie Gesondheetsminister och bereet ass strukturell Reformen unzegoen, fir Geld ze spueren - zum Beispill eng Fusioun vun de Krankekeesen?
2. Wéi steet den Här Minister zu enger Fusioun vun de Krankekeesen - doranner géing e gewaltegen Aspuerpotenzial bestoen?
3. Ass den Här Minister bereet, nei Weeër anzeschloen, wat d'Alimentatioun vun de Krankekeesen ugeet, fir esou Leeschtungskierzungen ze vermeiden - zum Beispill iwwert d'Aféierung vun enger «Cotisation-Santé», op erwisenermoosse gesondheetsschiedleche Produkter, déi integral de Krankekeesen zoukomme géing a wéi steet den Här Minister zu dëser Iddi?
4. Wéi bewäert den Här Minister de Virschlag, den „tiers payant" ze generaliséieren - esou kéinte Verwaltungskäschten agespuert ginn?
5. Wéi steet den Här Minister zu enger méiglecher Aféierung vun engem „Gesondheetspass" - esou kéinten iwwerflësseg Méifachënnersichungen an Analyse vermidde ginn an d'Behandelungen allgemeng méi zilorientéiert oflafen?
6. Wéi ass d'Positioun vum Här Minister, wat déi méiglech Schafung vun engem zentralen Akafsservice fir eist Spidolswiesen ugeet - Aspuerungen, duerch méi bëlleg Akafspräisser, wieren och do méiglech?

Réponse (12.10.2004) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Fir de Moment ass en Aarbechtsgrupp amgaang, fir am Hibléck op d'Quadripartite vum 13. Oktober Pisten ze exploréieren, mat deenen een de Budget an eise Krankekeesen an d'Gläichgewiicht brénge kann. Dobäi beweege mer eis am Kader vum Krankekeesegesetz vun 1992.

D'Diskussioun iwwert d'Struktur vun de Krankekeesen ass keen Tabu, setzt awer e Konsens mat de Sozialpartner viraus.

D'Taxatioun vu gesondheetsschiedleche Gidder ass eng Diskussioun, där ech mech gär stellen. Wat d'Generaliséierung vum tiers payant ugeet, esou ass se net am Regierungsprogramm virgesinn.

De Prinzip vun engem Gesondheetspass ass mir sympathesch an éischt Schrëtter an déi Richtung lafe schonn.

Selbstverständlech ënnerstëtze mer all verbessert Zesummenaarbecht tëscht de Spideeler, also och eng gemeinsam Akafsstrategie.

Question 0057 (25.8.2004) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant l'état de santé de plusieurs ouvriers du SIDEC:

Am Kontext vun der Deponie Sidec hat den deemolege Gesondheetsminister op meng parlamentaresch Fro N°1430 Folgendes geäntwert: «Meng Servicer sinn op ee méigleche Problem opmierksam gemaach ginn duerch den aarbechtsmedizinesche Service, dee fir de SIDEC zoustänneg ass, dee bei verschidden Aarbechter Longenan Hautproblemer festgestallt huet» *(cf. compte rendu N°3/2001-2002)*.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi ass den aktuelle Gesondheetszoustand vun dësen Aarbechter a wéi hat sech hir Krankheet entwéckelt respektiv verännert?
2. Wéi eng Schlussfolgerunge si bis elo heierausser gezu ginn?

Réponse (24.9.2004) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Den aktuelle Gesondheetszoustand vun den Aarbechter vun der SIDEC a speziell vun deenen aus der Kompostanlag ass no den Aussoe vum zoustännegen Aarbechtsmedeziner klinesch zefriddestellend; et wiere keng nei Longenan Hautproblemer festgestallt ginn. Konzentratioune vu chemesche Substanzen a Schimmelpilze sinn op der Aarbechtsplaz gemooss ginn a verännere sech mat dem Gärungsprozess; si erreeche keng gesondheetlech akut Schiedegungsniveauen.

No de Moossungen op der Kompostéierungsanlag si vun der Inspection du Travail et des Mines a vun der Divisioun vun der Aarbechtsmedezin vun der Direktioun vun der Santé nei Aarbechtsprozedure proposéiert ginn:

An der Kompostanlag sollen d'Aarbechter sech sou kuerz wéi méiglech ophalen; si mussen dobäi Otemschutzmasken a Vollkierperschutzkleedung droen.

Dës Aarbechter kréien all Joer eng grouss Bluttanalys gemaach a si gi periodesch vum Aarbechtsdokter ënnersicht.

Question 0058 (25.8.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant l'abandon des pièces de un et de deux cents:

Après la décision de la Finlande en 2002 et plus récemment des Pays-Bas d'abandonner les pièces de un et de deux cents et d'introduire une règle pour l'arrondissement des prix, d'autres pays de l'Union européenne, dont l'Allemagne et la Belgique, sont en train d'analyser cette question. Par ailleurs, certaines associations commerciales se sont exprimées en faveur de l'abandon des pièces de un et de deux cents. Ainsi, suivant un sondage de la Confédération luxembourgeoise du Commerce, 71% de ses membres souhaiteraient-ils abandonner lesdites pièces.

Dès lors, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances:

- Quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois face à cette problématique?
- Existe-t-il un groupe de travail susceptible d'étudier la question de l'abandon des pièces de un et de deux cents, une règle d'arrondissement ainsi que les conséquences qui en découlent?
- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre peut-il m'informer de l'avancement des travaux de ce groupe de travail?

Question 0060 (26.8.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant l'abolition des pièces de un et de deux cents:

Alt erëm sinn déi kleng Cent-Mënzen an der Diskussioun. Et ass ze liesen, datt elo och d'Hollänner, iwwer eng Of- an Oprënnregel, déi kleng Mënzen iwwerflësseg maache wëllen. Den Handel an d'Banken hoffen aus Käschtegrënn, datt dës Mënzen esou lues a lues aus der Zuelpraxis verschwannen, an de Finanzministère, datt en dann d'Produktioun vun de klenge Mënze reduzéieren oder esouguer astelle kann. A Finnland gëllt esou e Rënngesetz scho länger, do goufen Een- an Zwee-Cent-Mënzen eréischt guer net agefouert.

An der Belsch - ass ze liesen - géif eng Aarbechtsgrupp ënnert dem Zentralbankgouverneur préiwen ob d'Verwennung vun Cent-Mënzen iwwerhaapt wirtschaftlech ass.

Laut enger Ëmfro vun der „Confédération luxembourgeoise du Commerce" ënnert hire Membere wieren 71% fir eng Ofschafung vun den Een- an Zwee-Cent-Mënzen.

Bedenke bestinn am Kader vun dëser Diskussioun haaptsächlech wat d'Auswierkunge vum Of- an Oprënnen op d'Deirecht ugeet.

Dofir dës Froen:

1. Wat kascht d'Produktioun vun de Lëtzebuerger Een- an Zwee-Cent-Mënzen de Lëtzebuerger Stat a wat ass d'Differenz zu hirem gesetzlechen „Wäert"?
2. Wat ass d'Positioun vum Finanzminister wat déi méiglech Ofschafung (de jure oder de facto) vun de klengen Cent-Mënzen ugeet - a besonnesch par rapport zur Aféierung vun enger gesetzlecher Präisrënnregel?
3. Wier d'Aféierung vun esou enger Rënnregel neutral a puncto Deirecht - besti schonns Etüden zur Influenz vun engem entspriechenden Of- an Oprënnen op d'Inflatioun?

Réponse (17.9.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget:*

L'expérience acquise au fil du temps avec les pièces de monnaie métalliques en euros pose avec une acuité croissante la question de l'utilité des pièces de 1 et de 2

cents. Je me permets de rappeler à cet égard que dans ma réponse à la question parlementaire N°2462 du 6 novembre 2003 de l'honorable Député Marc Zanussi *(cf. compte rendu N°7/2003-2004)*, j'avais déjà clairement écrit que «pour des raisons pratiques, le Gouvernement n'est pas favorable au maintien, à moyen terme, des pièces de 1 ou 2 cents».

L'introduction de ces petites pièces et la multiplicité des pièces en euros qui en a résulté se sont faites à l'époque sur demande des États membres qui disposaient de pièces de très petite valeur dans leurs anciennes monnaies nationales. Cela n'était pas le cas pour le Luxembourg où les pièces en centimes étaient devenues désuètes par commun usage de la part des commerçants et des consommateurs, sans avoir été démonétisées jusqu'à l'avènement de l'euro.

Le Gouvernement luxembourgeois estime qu'il serait regrettable si chaque État de la zone euro se mettait à imaginer des règles différentes en matière d'utilisation des moyens de paiement en euros. Le Gouvernement luxembourgeois préconise dès lors une approche européenne commune à l'égard du traitement à réserver aux pièces de 1 et de 2 cents. La solution européenne n'en devrait pas moins tenir compte de certaines expériences nationales, notamment de la législation finlandaise. Elle devrait utilement aboutir à un consensus avant que la zone euro ne soit élargie à de nouveaux États membres.

L'enceinte adéquate pour traiter cette question existe. Il s'agit du Comité économique et financier de l'Union européenne, qui a un sous-comité chargé de toutes les questions relatives aux pièces en euros. Ce sous-comité, qui est d'ailleurs présidé par le directeur du Trésor luxembourgeois, a déjà mis la question des petites pièces à son ordre du jour.

Le Gouvernement luxembourgeois prend note que nombreux semblent être à la fois les consommateurs et les commerçants qui trouvent les petites pièces encombrantes; il tient cependant à souligner que la solution à trouver au niveau européen devra soigneusement éviter toute hausse des prix, réelle ou perçue, grâce notamment à des règles appropriées en matière d'arrondi et en tenant compte des possibilités de paiement autres qu'en espèces.

Enfin il reste à préciser que, dans le cadre des arrangements trouvés entre l'État et la Banque centrale en vue de la mise en circulation par cette dernière des pièces émises par le Trésor, la production des pièces n'émarge pas au budget de l'État.

Question 0059 (16.8.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant la création d'un poste de directeur de la Sécurité intérieure:

Dans un article publié ce matin dans le «Lëtzebuerger Journal» il me revient que Monsieur le Ministre compte créer un poste de directeur de la Sécurité intérieure. D'après cet article ce poste sera occupé par un membre de la direction de la police.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Justice et de la Sécurité intérieure:

- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer cette information?
- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre peut-il me dire de quelle manière cette personne sera choisie?
- Quelles seront les compétences de ce fonctionnaire?

Réponse (17.9.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

Dans le cadre des attributions qui m'ont été confiées lors de la constitution du Gouvernement, je compte renforcer mon équipe de conseillers au Ministère de la Justice par un expert en questions de sécurité et de police. À cet effet, à l'instar de ce qui se fait dans la plupart des pays européens, un cadre supérieur de la police sera détaché au Ministère de la Justice.

Question 0061 (27.8.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant la construction d'un centre national pour jeux de quilles et de bowling:

Den 9. am Wäimount 2002 hat den honorabelen Deputéierten Aly Jaerling eng Motioun zur Ofstëmmung bruecht, déi d'Integratioun an de Fënnefjoresplang vun de Sportsequipementer vum Bau vun engem nationale Keelen- a Bowlingsportszenter virgesinn hätt. Vun den deemolege Majoritéitsparteie gouf deen Antrag ofgelehnt.

Bei der Ofstëmmung hat sech d'sozialistesch Fraktioun, a mat hir den heitegen Här Sportsminister, enthalen.

Beim Keelen- a Bowlingsport handelt et sech ëm eng vun deenen erfollegräichste Sportaarten, déi eist Land an deene leschten 20 Joer hat - zweemol huet Lëtzebuerg am Keelen de Weltmeeschter par équipe a verschiddentlech de Weltmeeschter am Eenzel an am Tandem gestallt.

Et ass bedauerlech, datt de Weltmeeschter am Keelesport net déi néideg Infrastrukturen huet, fir kënnen eng Weltmeeschterschaft ze organiséieren.

Momentan ass an der Diskussioun, fir de Bowling als olympesch Disziplin unzeerkennen. Et besteet esou hei d'Méiglechkeet, datt bei der nächster Olympiad Lëtzebuerg erfollegräich un olympesche Spiller deelhuele kann.

Enn 2007 leeft den aktuelle Fënnefjoresprogramm fir de Subventionnement vu Sportsinfrastrukturen aus.

Dofir dës Froen:

1. Wéi ass déi deemoleg Enthalung vum heitegen Här Sportsminister zur Schafung vun engem nationale Keelen- a Bowlingsportszenter haut ze deiten?
2. Ass den Här Sportsminister bereet am nächste Fënnefjoresprogramm vun de Sportsequipementer de Bau vun esou engem Zenter virzegesinn?
3. Wier den Här Sportsminister bereet - am Bléck op déi nächst olympesch Spiller an déi méiglech Participatioun vun eise Bowler - den aktuelle Sportsinfrastrukturprogramm ze amendéieren an elo schonns de Projet vun engem Keelen- a Bowlingzenter ze lancéieren, dëst fir eng optimal Preparatioun vun eise Sportler ze garantéieren?

Réponse (8.10.2004) de M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports:*

1. Wann de fréieren Deputéierten an heitege Sportsminister sech enthalen huet beim Vote iwwert d'Motioun vum Här Jaerling zum 8. Fënnefjoresplang, da well d'Gesetz vum 8. Fënnefjoresplang zur Diskussioun stoung, dat eng Finanzenveloppe bewëllege sollt a net eenzel Projeten. Souwäit déi eenzel Installatioune sproochräif sinn an an d'Phas vun der Exekutioun kommen, ginn dofir Lëschten a Form vu groussherzogleche Reglementer opgestallt. Wann awer am Kommentar zum Gesetz gewëssen national Zentren opgezielt goufen, da nëmme well konkret Projeten a Pläng virlouchen. Zum jëtzegen Zäitpunkt si fir den 8. Fënnefjoresplang zwou sou Lëschten opgestallt: Déi éischt ass veröffentlecht als «Règlement grand-ducal du 4 avril 2003 établissant une première partie de projets à subventionner dans le cadre du 8e programme quinquennal d'équipements sportifs» an déi zweet läit dem Regierungsrot zur Diskussioun vir.

2. Wann de Bowling tatsächlech sollt an den olympesche Programm opgeholl ginn - eisen Informatioune vum COSL no ass dat awer nach net fir haut a muer - da fanne mer Méiglechkeeten, datt eis Sportler sech kënnen uerdentlech preparéieren. Och da brauche mer d'Gesetz vum 8. Fënnefjoresplang nach net ze amendéieren, well all Dieren opbleiwen.

3. Am Aklang an op Wonsch vum zoustännege Verband gouf dem Keelesport fir seng Trainingen a Competitioune mat staatleche Mëttel e «Pied-à-terre» am CK Sportszenter gelount.

Dat verhënnert net, datt eis bekannt ass, datt den Erfolleg am Keelesport eng Agëengtheet mat sech bruecht huet an datt mer zesumme mam Verband no Méiglechkeete sichen, fir méi ugepasste Raimlechkeeten ze schafen, zesumme fir Keelen a Bowling. Éier mer awer d'Finanzmëttel vum Fënnefjoresplang a Betruecht zéien, muss emol fir d'éischt e Bauhär, e «Maître d'ouvrage» fonnt ginn, dee bereet ass, säin Deel ze finanzéieren an ze exploitéieren. Beispiller gëtt et an anere Sportsdisziplinnen a sécherlech gëtt och fir de Keelen- a Bowlingsport eng Kéier eng zefriddestellend Léisung fonnt.

Sollt de Verband sengersäits Virschléi maachen, da ginn déi selbstverständlech op hir Maachbarkeet gepréift. Ee gemeinsame Projet fir zwou oder méi Sportaarten ass och net auszeschléissen.

Question 0062 (31.8.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant le piercing et le tatouage:

Déi hollännesch Regierung plangt e Gesetz auszeschaffen, dat d'Piercer- an d'Tattoohandwierk soll reglementéieren. Grond dofir ass d'Ausmooss, deen de Moudetrend, de plakesche Kierper mat Piercingen an Tattooen ze «verschéineren», ugeholl huet. En Trend, deen net ze ënnerschätzend gesondheetlech Konsequenzen huet. Esou hunn d'hollännesch Gesondheetsverwaltungen op déi heefeg Komplikatiounen a besonnesch d'Infektiounen, déi mat Piercingen an Tattooe verbonne sinn, higewisen an d'Zänndoktere bekloen, datt Zongepiercinge mëttlerweil d'Haaptursaach fir gebrachen Zänn a beschiedegten Zännschmelz sinn.

Och hei am Land si Piercingen an Tattooen «in» - besonnesch bei jonke Leit.

Dofir dës Froen:

1. Bestinn hei am Land spezifesch gesetzlech Virschrëfte fir d'Bedreiwer vu Pierce- an Tattoostudioen?
2. Gëtt d'Anhale vun elementaren Hygienesregelen an esou Studioe gepréift - a falls jo wéi?
3. Huet de Gesondheetsministère iergendwellech Donnéeën, déi schätzungsweis d'Ausmooss vun de gesondheetleche Schied an d'Folgekäschte fir d'Krankekeesen, déi duerch Piercingen (Gebëssschied, Infektiounen) oder Tattooen (Infektiounen, allergesch Reaktiounen) entstinn?
4. Wéi bewäert den Här Gesondheetsminister de preventiven Usaz vun der hollännescher Regierung, fir an Zukunft d'Piercen an d'Tättowéiere vu Mannerjähregen just nach a Presenz vun den Erzéiungsberechtegten a mat deenen hirer schréftlecher Averständniserklärung ze erlaben?
5. Wier et net un der Zäit och hei am Land, am Sénn vun enger preventiver Gesondheetspolitik an am besonneschen Interessi vun eiser Jugend, legislativ täteg ze ginn oder ass de Gesondheetsministère schonns amgaang eng entspriechend Gesetzgebung auszeschaffen - a wa jo, wéini kéint een domadder rechnen, datt esou e Projet der Volleksvertriederkummer virgeluecht gëtt?

Réponse (5.10.2004) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Et bestinn hei am Land keng spezifesch gesetzlech Virschrëfte fir d'Bedreiwer vu Pierce- an Tattoostudioen.

D'Direktioun vun der Santé huet ufanks 2003 am Zesummenhang mat der Hygiène an de Pierce- an Tattoostudioen Rekommandatiounen ausgeschafft, speziell aus dem Grond well se sech bewosst ass, dass duerch Piercing- an Tattooaktivitéite bakteriell oder viral Infektiounen iwwerdroe kënne ginn. Dës Rekommandatioune leie bäi *(annexe à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)*.

Well Piercing- an Tattoosaktivitéiten am Moment kenger Autorisatioun ënnerluecht sinn an dofir net iwwerall Kontrollen ausgeféiert kënne ginn, verftügt de Gesondheetsministère net iwwert Donnéeën, déi d'Ausmooss vun de gesondheetleche Schied an d'Folgekäschte fir d'Krankekeesen, déi duerch dës Aktivitéiten entstinn, beleeën.

Meng Servicer verfollegen d'Entwécklungen an den Nopeschlänner, wat gesetzgeberesch Moossnamen ubelaangt, dat en vue vun enger eventueller Initiativ an deem Sënn hei zu Lëtzebuerg. Dat gëllt och fir déi hollännesch Initiativ fir de Schutz vu Mannerjähregen.

Question 0063 (1.9.2004) de M. Robert Mehlen *(ADR)* concernant la lutte contre la loque américaine des abeilles:

Den Ausbroch vun der amerikanescher Faulbrut op Beiestänn am Oste vum Land huet déi Lëtzebuerger Beienzuucht, déi souwisou scho mat grousse Schwieregkeete konfrontéiert ass, béiss getraff. Aus der Lëtzebuerger Beien-Zeitung vum September 2004 ass gewuer ze ginn, datt dësen Ausbroch vun där ustiechender Kränkt op e Manktem un Zesummenaarbecht tëschent Däitschen a Lëtzebuerger Instanzen zréckzeféieren ass. Ech zitéieren: «Da die deutschen Behörden es versäumt hatten die luxemburgische Veterinärverwaltung vom Ausbruch der Krankheit in Irrel direkt an der Landesgrenze in Kenntnis zu setzen, obwohl der betreffende Imker ... auch einen Stand mit sechs schwer erkrankten Völkern aut der luxemburgischen Seite nahe am Echternacher See unterhält…»

Duerfir géif ech gäre folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister riichten:

1. Besteet eng gesetzlech Obligatioun, fir esou e Seuchefall am Grenzgebitt direkt un d'Nopeschland ze mellen a wa jo, wéisou huet dat an dësem Fall net funktionéiert?
2. Wann dat esou ofgelaf ass, wat fir Konklusiounen ginn doraus fir d'Zukunft gezunn?
3. Wéi gëtt esou e Seuchefall an eisen Nopeschregioune bekämpft, fir seng Ausbreedung ze verhënneren? Ginn och do déiselwecht rigoréis Mesuren ergraff, fir eng Ausbreedung am Keim ze erstécken? Wat schreift déi europäesch Reglementatioun an dëser Problematik vir?
4. Ass d'Reglementatioun iwwert d'Entschiedegung vun deene betraffene Beienziichter ausräichend, fir eng Weiderféierung vun der Beienhaltung an deene betraffene Regioune sou wäit wéi méiglech sécherzestellen?

Réponse (7.10.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

La loque américaine est une maladie cosmopolite grave et fortement contagieuse pour les larves des abeilles causant d'importantes pertes économiques aux apiculteurs.

Elle est considérée comme maladie à déclaration obligatoire, au sens du règlement grand-ducal modifié du 8 août 1985 concernant l'exécution de la loi modifiée du 29 juillet 1912 sur la police sanitaire du bétail, afin d'assurer la notification de sa détection dans les meilleurs délais et d'endiguer de cette manière sa propagation.

La loque américaine est cependant une maladie non inscrite sur la liste A des maladies transmissibles à l'Organisation mondiale de la santé animale (OIE) et de ce fait non immédiatement notifiable aux organismes sanitaires internationaux.

Dans sa réponse, suite à une intervention écrite de la part de l'Administration des services vétérinaires, les responsables du «Landesuntersuchungsamt-Veterinärwesen Koblenz» expliquent la communication transfrontalière tardive en matière de loque américaine par le fait qu'en Rhénanie-Palatinat cette maladie est gérée par le secteur même des apiculteurs peu versés dans le domaine des notifications transnationales.

Pour éviter à l'avenir de pareils incidents d'échanges d'informations sanitaires entre les deux territoires avoisinants les autorités vétérinaires de la Rhénanie-Palatinat ont proposé de transmettre à l'Administration des services vétérinaires dorénavant un rapport sanitaire mensuel.

En l'absence de toute réglementation communautaire en la matière, les autorités vétérinaires nationales sont responsables des mesures et des méthodes d'éradication de cette maladie. En vue des mesures de lutte peu concluantes mises en application par les experts apicoles de la Rhénanie-Palatinat, l'Administration des services vétérinaires s'est décidée sur base des expériences faites dans d'autres pays, notamment en Australie et en France, pour la destruction des ruches présentant des symptômes cliniques aux fins d'écarter pour autant que possible une recontamination des colonies d'abeilles par le biais de la manipulation de matériel infecté.

Vu le nombre réduit d'apiculteurs concernés, qui sont au nombre de six avec un total de 89 colonies d'abeilles infectées, l'application d'une stratégie de lutte plus conséquente a pour objectif à éliminer cette épidémie à plus ou moins court terme.

Finalement, en ce qui concerne l'évaluation des indemnisations des ruches détruites, elle se fait en application du règlement grand-ducal du 14 avril 1992 fixant les modalités d'indemnisation des détenteurs d'animaux éliminés pour cause de maladies contagieuses et soumises à déclaration obligatoire. En tenant compte des ruches détruites et de l'élimination du matériel apicole contaminé par incinération au centre de traitement SIDOR à Leudelange, l'indemnisation globale se chiffre à quelques 30.000 euros.

Question 0064 (1.9.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant le développement de l'échinococcose alvéolaire:

Aus eisen däitschen Nopeschregioune gëtt gemellt, datt d'Presenz vum „Fuchsbandwurm" an

der natierlecher Ëmwelt extrem staark geklommen ass. Ee vun de Grënn soll déi, dank de Vaccinatioune géint d'„Tollwut", vill méi dicht Populatioun u Fiiss sinn, déi den Erreger iwwer hir Alimentatioun (Mais, Raten) ophuelen a verbreeden. Hëlt de Mënsch dee Parasit op, andeems en zum Beispill Bëschfriichten ësst, verwëldert Kazen heemelt oder dout Fiiss upéckt, da kann dat beim Betraffenen zu onheelbare Krankheete féieren, ass ze liesen.

Dofir dës Froen:

1. Wéi ass d'Situatioun, wat de „Fuchsbandwurm" ugeet, zu Lëtzebuerg?
2. Wat réit de Ministère der Populatioun?

Réponse (15.10.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

L'échinococcose alvéolaire est une maladie parasitaire qui se rencontre essentiellement chez les prédateurs des campagnols, en premier lieu chez le renard et dans une moindre proportion chez le chien et le chat.

Un monitoring de la population vulpine mise en place au Luxembourg en août 2001, grâce à une collaboration intensive entre le Laboratoire de Médicine Vétérinaire de l'État et le «Untersuchungsinstitut für Veterinärmedizin, Lebensmittelhygiene und Molekularbiologie in Saarbrücken» a mis en évidence une prévalence du parasite «echinococcus alveolaris» de l'ordre de grandeur de 25%.

Ce taux de dépistage positif était de 26% en 2002 et de 27,5% en 2003 où le nombre de renards analysés n'était que de 29 unités et donc peu représentatif au point de vue statistique.

L'homme, hôte accidentel de l'échinococcose, se contamine soit par contact direct avec un renard et dans une moindre mesure avec un chien ou un chat infestés soit par contact indirect, par ingestion d'eau ou d'aliments souillés par les déjections de ces animaux, tels que les fruits sauvages et les légumes susceptibles d'être contaminés par les œufs du parasite jusqu' à une hauteur de quelques 25 cm du sol.

Parmi les mesures préventives à l'égard de l'échinococcose alvéolaire figure en premier lieu l'hygiène, à savoir une hygiène scrupuleuse des mains chez les personnes amenées à manipuler des renards ou leurs déjections, un lavage poussé à l'eau courante des fruits ou légumes potentiellement contaminés et une vermifugation régulière des chiens et chats.

Des communiqués périodiques de la part du Ministère de la Santé sont un moyen mis en œuvre pour informer et sensibiliser la population à l'égard du risque d'infection par le parasite «echinococcus alveolaris».

Question 0066 (1.9.2004) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant la maladie du gibier:

An dësem Summer heefe sech d'Meldungen, datt am Norde vum Land verschidde Réi solle krank sinn. Dëst geet och aus engem Bericht vum Comité central vun der FSHCL ervir. Des Weideren hunn eng Rei vu Jeeër misste feststellen, datt an dëser Regioun och Kitzen net konnten opgezillt ginn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Goufen ewell méi genee Analyse gemaach, wat de Gesondheetszoustand vun dësen erkrankte Réi ubelaangt an ass eng Réikrankheet och an anere Regioune vum Land festzestellen?
2. Falls schonns méi genee Analyse gemaach goufen - handelt et sech tatsächlech ëm eng Krankheet, a wa jo vu wéi enger Natur oder sinn dës Réi vu Parasite befall?
3. Wellech Schlussfolgerunge könne bis elo an dëser Problematik gezu ginn?

Réponse (24.9.2004) de M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement:*

En date du 3 août 2004 une autorisation a été délivrée par Monsieur le Ministre de l'Environnement au président de la section de Troisvierges de la Fédération St. Hubert des Chasseurs du Grand-Duché de Luxembourg aux conditions suivantes:

- après le tir du chevreuil présentant des signes d'amaigrissement anormal, il y a lieu d'avertir au plus vite l'Entité mobile de l'Administration des Eaux et Forêts;
- le chevreuil entier non vidé sera muni d'un dispositif de marquage GA et transporté par un membre de l'Entité mobile au laboratoire vétérinaire aux fins d'analyse;
- le tir d'un deuxième ou troisième chevreuil sera seulement autorisé au vu des résultats d'analyse et après concertation entre l'Administration des Eaux et Forêts, l'Administration des services vétérinaires et les locataires de chasse concernés.

Toutefois, selon les informations parvenues à l'administration, il n'a pas encore été possible de tirer un chevreuil présentant les symptômes décrits.

De même, aucun résultat d'analyse émanant d'un chevreuil abattu ou trouvé mort dans la région n'a été transmis à l'administration.

En outre, il y a lieu de signaler que la lutte contre les épizooties est de la compétence de l'Administration des services vétérinaires.

Question 0068 (2.9.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant la situation au Centre pénitentiaire de Schrassig:

Gëschter huet den Direkter vum Prisong vu Schraasseg iwwer RTL matgedeelt, datt d'Situatioun am Zesummenhang mat de Prisonnéier ëmmer méi dramatesch gëtt wéint Mangel u Plaz a Betreiung. D'Gefor besteet, datt sech schlëmm Konflikter hei kënnen erubilde mat dramatesche Follegen. Des Weideren huet den Direkter matgedeelt, datt déi auslännesch Prisonnéier ëm 75% vun den Inhaftéierten am Prisong zu Schraasseg ausmaachen. Et schéngt also, datt mer ëmmer méi mat importéierter Kriminalitéit konfrontéiert ginn an datt dëst sech nach weider zouspëtzt.

Kann den Här Justizminister mer duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir déi dramatesch Situatioun am Prisong vu Schraasseg ze entschäerfen?
2. Stëmmt et, datt den Direkter vum Prisong schonns 1997 op déi dramatesch Situatioun higewisen huet an den Ausbau vum Prisong virgeschloen huet, sou wéi och d'Asetze vun elektroneschen Handschelle fir inlännesch Prisonnéier, sou wéi dat an anere Länner scho praktizéiert gëtt?
3. Wat sinn d'Ursaachen, fir datt de Prozentsaz vun auslännesche Prisonnéier klëmmt?
4. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Prisonnéier wéinst Drogendelikter inhaftéiert sinn, wéi vill duerch aner Delikter a wat fir eng?
5. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Inhaftéierter Asylbewerber sinn, déi sech illegal verhalen hunn?
6. Wat gedenkt den Här Minister géint déi importéiert Kriminalitéit ze ënnerhuelen, besonnesch am Zesummenhang mat deenen, déi d'Asylrecht mëssbrauche fir illegal Akten ze vollbréngen?

Question 0071 (3.9.2004) de M. Xavier Bettel *(DP)* concernant la sécurité des établissements scolaires:

Un reportage de RTL télévision a informé le public luxembourgeois d'un certain nombre de problèmes qui existent actuellement au CPL de Schrassig. Selon ce reportage il y existerait un problème de surpopulation carcérale. De plus, certains détenus auraient leurs matelas installés au sol et se trouvent à trois ou quatre personnes dans des cellules prévues pour seulement deux personnes.

- Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Justice:
- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer ces informations?
- Monsieur le Ministre peut-il m'informer de la capacité d'incarcération du CPL de Schrassig?
- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si cette capacité a été atteinte? Dans l'affirmative, s'agit-il plutôt d'un problème de manque de personnel ou de manque de cellules?
- Comment Monsieur le Ministre entend-t-il remédier à cette situation?

Réponse (7.10.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

La population carcérale a connu une forte augmentation imprévisible ces dernières années. Ainsi au CPL de Schrassig elle est passée de 285 personnes début 2002 à 391 en 2003, à 455 au début de 2004 et à 580 vers le 20 septembre 2004. Parmi les détenus au CPL il y a environ 75% d'étrangers, 50% des détenus résident au Luxembourg. Parmi les détenus n'ayant pas de résidence au pays il faut compter aussi une cinquantaine d'étrangers entrés illégalement au Luxembourg et placés au centre de séjour pour étrangers en situation irrégulière.

Avant la fin de l'année 2004 le bloc D, actuellement désaffecté et comprenant quelque 90 lits, sera de nouveau ouvert pour accueillir des détenus. Au même moment 14 nouveaux gardiens commenceront leur travail ce qui portera leur nombre à 228, contre p.ex. 139 début 1995 et 192 début 2000.

Par ailleurs, une unité de sécurité pour mineurs sera construite dans l'enceinte de la maison d'éducation de Dreiborn de même qu'un centre de séjour pour étrangers en situation irrégulière en dehors de l'enceinte du CPL.

En ce qui concerne la répartition des détenus selon la nature des infractions, je me permets de renvoyer au rapport d'activités du Ministère de la Justice pour l'année 2003.

Une phase d'essai de placement sous surveillance électronique (bracelet électronique) pour certains petits délinquants ou détenus en fin de peine résidant à Luxembourg sera lancée ou début 2005 après livraison du matériel nécessaire.

Question 0070 (3.9.2004) de M. Robert Mehlen *(ADR)* concernant le volume des récoltes de céréales suite aux intempéries:

Och wann d'Wieder sech an deene leschten Deeg gebessert huet, sinn déi grouss Schied, déi duerch déi laang Reenperiod an der Käreproduktioun entstane sinn, net méi gutt ze maachen. Duerfir géif ech gäre folgend Froen un Iech riichten:

1. Wéi héich estiméiert Är Verwaltung de ganze Schued an der Käreproduktioun?
2. Sidd Dir bereet fir déi Betriber, déi besonnesch haart getraff sinn, d'Prozedur vun enger öffentlecher Entschiedegung an d'Wee ze leeden?
3. Wéi gesitt Dir dës Problematik am Zesummenhank mat der neier «Mehrgefahrenversicherung»?

Réponse (20.10.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

1. Il est un fait que la période de pluies abondantes et répétées d'environ trois semaines au mois d'août a affecté la récolte de céréales qui s'annonçait pourtant très bonne. Des dégâts ont été enregistrés au niveau des quantités récoltées et surtout au niveau de la qualité des céréales récoltées. Grâce à un effort très important des organisations de collecte et de stockage de céréales et des agriculteurs, les parties de céréales récoltées avec des taux d'humidité trop élevés ont pu être séchées à temps de sorte que leur conservation dans des conditions acceptables n'est pas mise en péril.

   À l'heure actuelle, l'ampleur des dégâts ne peut pas encore être chiffrée exactement. Pour ce faire, il importe de disposer d'informations non seulement sur les quantités récoltées, mais également sur la qualité moyenne des céréales récoltées après la période de pluie et sur les prix offerts aux producteurs. Les principaux facteurs de qualité pour lesquels un impact négatif du mauvais temps a été constaté sont le taux d'humidité, le pourcentage de grains germés (entraînant p.ex. un déclassement de l'orge brassicole en orge fourragère) et l'indice de chute selon Hagberg pour le froment et le seigle panifiable (indicateur de la qualité boulangère de ces céréales). Des informations précises sur la qualité des céréales récoltées sont attendues tout prochainement de la part des principaux collecteurs de céréales.
2. Actuellement la constitution d'un dossier en vue d'une demande d'autorisation pour l'allocation d'une aide d'État en faveur des agriculteurs affectés au delà du seuil de dommage de 20% d'une récolte normale (pourcentage applicable en zone défavorisée), à adresser à la Commission européenne, est en cours. À noter que la constatation des dégâts subis et une éventuelle indemnisation de ces pertes ne pourra se faire qu'individuellement au niveau des exploitations touchées au-delà du seuil de dommage précité étant donné que les mauvaises conditions météorologiques du mois d'août n'ont pas affecté la récolte de céréales dans toutes les exploitations agricoles.
3. Pour l'année culturale 2003/2004 une assurance multirisques des cultures arables a été proposée aux agriculteurs pour la première fois par une compagnie d'assurances en partenariat avec le cercle d'échange et d'entraide de machines agricoles MBR-services et moyennant une prise en charge à raison de 50% des primes d'assurance par le Ministère de l'Agriculture. Environ 90 exploitations ont souscrit une telle assurance multirisques pour une surface de 3.700 ha de céréales. L'assurance multirisques couvre pratiquement tous les dégâts aux cultures suite à des mauvaises conditions météorologiques et notamment ceux dus à des périodes de pluies prolongées au moment de la maturation des récoltes.

   S'il est vrai que le Gouvernement s'est donné comme principe de ne plus prendre en charge des pertes de récolte subies à la suite de calamités naturelles dans la mesure où de telles pertes sont susceptibles d'être couvertes par une assurance subventionnée par l'État, il échet de constater que, dans le cas d'espèce, la possibilité de souscrire à une telle assurance a été offerte pour la première fois et à un moment relativement tard au cours de la campagne culturale. Ces constatations m'amènent à ne pas exclure la possibilité d'un dédommagement direct des agriculteurs sinistrés n'ayant pas souscrit de contrat d'assurance, possibilité qui devra cependant tenir compte de la conclusion d'un contrat d'assurance par certains agriculteurs.

Question 0073 (7.9.2004) de M. Laurent Mosar *(CSV)* concernant le droit à la vie privée des personnes publiques (arrêt de la Cour européenne des Droits de l'Homme du 24 juin 2004):

L'arrêt rendu le 24 juin dernier par la Cour européenne des Droits de l'Homme «Arrêt Von Hannover c/Allemagne» fixe des conditions pour la publication de photographies de célébrités. À l'origine de cette affaire se trouve la requête de la princesse Caroline de Hannovre. Aux termes de l'arrêt susmentionné, la publication de photographies sur la vie privée de personnes publiques requiert le consentement préalable des intéressés. Les reportages illustrés sans consentement préalable restent permis dès lors qu'ils représentent une personne publique dans l'exercice de sa fonction, par exemple au cours d'un évènement officiel, ou si les photographies apportent une «contribution au débat d'intérêt général». L'arrêt en question a donné une priorité à la protection de la vie privée par rapport à la liberté d'expression.

L'arrêt a suscité diverses commentaires et réactions dans la presse étrangère, et dans la presse allemande en particulier, où il a donné lieu à la levée de boucliers de la part des éditeurs et des journalistes. C'est surtout la décision du Gouvernement allemand de ne pas introduire de recours contre l'arrêt rendu qui a nourri les craintes d'une éventuelle attaque cachée contre le principe de la liberté de la presse. Le Gouvernement allemand a justifié sa décision en estimant que l'arrêt de la Cour renforce le droit de la personnalité, et en particulier le droit à la vie privée des personnes publiques qui n'exercent pas de fonction officielle ou autres fonctions représentatives et ne sont pas obligées de tolérer n'importe quel type de reportage les concernant. De plus, l'arrêt de la CEDH ne porterait pas atteinte aux reportages sur les personnes qui assument une fonction dans la société, notamment une fonction officielle.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes au Ministre délégué aux Communications:

- Quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois par rapport à l'arrêt susmentionné? Est-ce qu'une éven-

tuelle adaptation de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias s'impose?

Réponse (22.10.2004) de M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications:*

L'honorable Député aimerait connaître la position du Gouvernement luxembourgeois par rapport à l'arrêt rendu par la Cour européenne des Droits de l'Homme en date du 24 juin 2004 dans l'affaire Von Hannover c/Allemagne et pose la question de savoir si cette décision doit entraîner une modification de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias.

Dans cette affaire, la Cour de Strasbourg était appelée à se prononcer sur la question de savoir si la décision des juridictions allemandes de considérer la publication des photos de la requérante comme ne constituant pas une violation des dispositions légales pertinentes était conforme à l'article 8 de la Convention européenne des Droits de l'Homme. La Cour devait analyser en l'espèce si le droit à la liberté d'expression garanti par l'article 10 (qui était invoqué en vue de justifier la publication dans les médias de photos représentant des actes de la vie privée prises sans le consentement de la requérante) devait l'emporter sur le droit prévu à l'article 8 de la Convention posant le principe que tout un chacun a droit au respect de sa vie privée et familiale.

Les droits garantis par les deux dispositions précitées n'étant ni absolus ni hiérarchisés entre eux, il était partant nécessaire de procéder à une mise en balance afin de trouver le juste équilibre entre les deux droits fondamentaux.

La Cour de Strasbourg arrive à la conclusion qu'au vu des circonstances de l'espèce la publication de photos, prises sans le consentement de la requérante et montrant des actes relevant de la vie privée d'une personne jouissant certes d'une certaine notoriété mais n'exerçant pas de fonctions officielles, n'apporte aucune contribution au débat d'intérêt général.

En d'autres termes la question essentielle à trancher pour la Cour de Strasbourg était celle de savoir si les publications litigieuses contribuaient à un débat d'intérêt général ou alors s'il fallait faire prévaloir le droit à la protection de la vie privée. Dans l'affaire visée, la Cour a fait prévaloir cette seconde notion de la protection à la vie privée.

La question est dès lors de savoir comment le droit national aborde ces questions.

En droit national, le droit au respect de la vie privée se trouve réaffirmé en l'article 14.1. de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias. L'article 15, par contre, apporte un certain nombre de dérogations au principe et parmi celles-ci figure la disposition de l'article 15.3. qui dispose en substance que la protection ne s'applique pas, lorsque les faits visés sont «en rapport direct avec la vie publique de la personne concernée». Même si cette expression ne fait pas expressément référence à la notion de «débat d'intérêt général», la formulation retenue par la loi précitée permet de tenir compte de cette exigence et de prendre en considération l'intérêt du public à connaître l'information en question.

L'article 15.3. de la loi de 2004 permet ainsi de procéder, dans les cas où les circonstances de l'espèce l'exigeraient, à une pondération des libertés en cause, et ainsi de tenir compte de l'intérêt général, de l'intérêt du public à commenter une certaine information.

Ceci étant dit, il appartiendra en fin de compte aux juridictions nationales de rechercher et de déterminer le point d'équilibre entre les droits en cause et de dessiner les contours d'application de la notion consacrée par l'article 15.3. et partant de celle d'intérêt du public.

Au vu de ce qui précède, je suis d'avis qu'une modification de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias ne s'impose pas.

Enfin, je tiens à souligner que l'exigence de procéder à une mise en balance des intérêts en cause s'impose non seulement dans le cadre du conflit opposant la liberté d'expression au droit à la protection de la vie privée, mais existe également dans les hypothèses où l'exercice de la liberté d'expression se trouve en concours avec la protection de la présomption d'innocence et de l'honneur et de la réputation d'autrui. Les articles 13 et 17 de la loi du 8 juin 2004 répondent ainsi aussi à la volonté du législateur de traduire en droit national cette exigence de pondération des intérêts conflictuels en cause.

Question 0074 (7.9.2004) de Henri Kox *(DÉI GRÉNG)* concernant le rapport sur les causes de la panne d'électricité du 2 septembre 2004:

Le ministre en charge de la politique énergétique est en train d'établir un rapport sur la panne d'électricité du 2 septembre 2004. Par conséquent, je voudrais avoir les renseignements suivants:

- Quand est-ce que le Ministre prévoit de finaliser son rapport?
- Quand est-ce que ce rapport sera transmis à la Chambre des Députés?

Réponse (8.10.2004) de M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur:*

Dans le contexte de la panne d'électricité survenue le 2 septembre 2004, les deux aspects soulevés dans la question parlementaire de Monsieur le Député Henri Kox sont devenus pour ainsi dire caducs.

En effet, un premier rapport préliminaire mais pourtant déjà fort circonstancié a été présenté et remis par mes soins à la Commission parlementaire de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports en date du jeudi 9 septembre 2004.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt d'Gesetz iwwert d'Partenariat en vigueur ass. Ech mengen, dat war e Gesetz an dat mer vill Energie verwennt hunn, an ech war am Fong erstaunt, well an der Pressekonferenz vun der Demokratescher Partei d'lescht Woch gesot ginn ass, datt géif gemengt ginn, dass déi, déi fir dat Gesetz zoustänneg wären, net hannert deem Gesetz géinge stoen.

Et ass ee Gesetz vun der CSV-DP-Regierung, dat de Justizminister vun där Regierung, wat deeselwechten ass vun dëser Regierung, nämlech ech selwer, abruecht huet, an datt ech frou sinn, datt dat Gesetz a Kraaft getrueden ass, grad esou wéi vill Leit, déi an deenen éischte 14 Deeg, wou dat Gesetz a Kraaft ass, vun deem Gesetz profitéiert hunn.

(Interruption)

Vill ass ëmmer relativ an deem dote Beräich. Et sinn der och ganz vill, déi mir matgedeelt hunn, datt an deenen nächste Wochen a verschiddene Gemengen där Partenariaten nach hannerluecht ginn an domadder, mengen ech, ass eng zousätzlech Possibilitéit, déi eis Gesetzgebung bis elo net hat, geschafe ginn.

Duerfir, mengen ech, solle mir eis doriwwer freeën, datt dat den 1. November eréischt geschitt ass, an net den 1. Oktober, den 1. September. Dat kann ee selbstverständlech bedaueren, mä wësst Dir, wann een e Partenariat ageet, ob een dat am September, am Oktober oder am November mécht, dat ännert schlussendlech ganz wéineg. Déi lescht 20 Joer, déi lescht zéng Joer, déi lescht fënnef Joer gouf et déi Méiglechkeet iwwerhaapt net.

De Summer huet et effektiv e bëssen an d'Verlängerung gezunn, well mir hunn eng Instruktioun un d'Gemenge wollte maachen. An zweetens steet am Gesetz selwer, datt d'Entrée en vigueur dräi Méint no dem Vote an der Chamber ass. Ech wollt dat hei soe fir all deenen entgéintzetrieden, déi ebe gemengt hunn, mir hätten dat absichtlech am Tirang leie gelooss. D'Gesetz ass elo en vigueur, très bien, an all déi, déi wëllen dovunner profitéieren, kënnen dat maachen, wéi gesot. Ech mengen net, datt deenen hiert Liewe geännert huet, ob een dat am Oktober oder am November mécht.

Da gëtt et eng Rei Konditiounen an deem Gesetz, an eng vun deene Konditiounen ass, datt een e Certificat muss bréngen datt ee Célibataire ass, dat heescht net am Lien vun engem Mariage ass. An déi Leit, déi den Här Bettel a sengem Beispill ugeschnidden huet, kënnen esou ee Certificat net bréngen an dofir mengen ech, datt dat kee Problem vun der Lëtzebuerger Gesetzgebung ass, mä datt dat e Problem ass vun deene Länner, wou déi Leit an engem Mariage sinn, datt déi esou ee Certificat musse bréngen, esou wéi mir haut och wa Leit aus ganz anere Situatiounen, aus anere Länner kommen, eis och eng Rei Certificate musse bréngen. Mir hu regelméisseg Problemer bei Mariagen tëschent heterosexuelle Leit, Mariagen no eisem Gesetz, wou déi bei enger Rei Dokumenter Schwieregkeeten hunn, déi ze bréngen, well et déi an hirem Pays d'origine net gëtt.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Dat heescht si musse gescheet ginn, fir kënnen hei e Partenariat anzegoen?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Neen, se mussen net gescheet sinn. Wann se an der Belsch bestuet sinn, da kënne se jo ganz glécklech no hirem belsche Mariage liewen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, mä hei zu Lëtzebuerg kréie se jo keng Rechter, Här Minister.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Si brauche jo net onbedéngt, wa se an der Belsch glécklech bestuet sinn, dann och nach zu Lëtzebuerg e Partenariat ze maachen. Ech mengen, dat ass de Choix.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, mä wa se hei wunnen!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Huet een eppes géint d'Belsch? Loosst den Här Minister elo schwätzen.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Mir hunn also eng Rei Konditiounen an deem Gesetz, an déi Konditiounen, déi si vu jiddereengem ze respektéieren!

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass: Ech sinn der Meenung, datt d'Verwaltungen alleguerten iwwert d'Mise en vigueur vun deem Gesetz vun der Regierung a vum Parlament adequat informéiert sinn. Et ass mir net bewosst, datt nach zousätzlech Circulairë misste kommen. Et ass also net esou, dass all Gesetz wat kënnt och eng Circulaire muss hannendrun hunn. Wann also nach praktesch Froen do sinn, dann ass d'Regierung gäre bereet, déi ze klären.

Dat drëtt, wat ech wollt soen: Dat Gesetz ass ganz genee 15 Deeg en vigueur. Ech hu mat enger Rei Buergermeeschtere geschwat, ech hunn dat virdru gesot, déi och an deenen nächsten Deeg a Wochen esou Partenariaten unhuelen an hire Gemengen, an duerfir mengen ech wier et gutt, wann een op d'mannst deem Gesetz géif dräi oder sechs Méint ginn, dat ass jo wierklech net laang, bis dohinner sinn eng ganz Rei Partenariate gemaach, an da kuckt een, mat de Buergermeeschteren, wat fir eng praktesch Froe sech do stellen. An da si mir bereet op déi praktesch Froen, insofern se keng Gesetzesännerung mat sech zéien, déi Clarificatioun ze bréngen.

Op jidde Fall soen d'Verwaltunge mir, datt si bis elo vun de Gemengen net vill Problemer matgedeelt kritt hätten, an déi puer Problemer, déi komm sinn, déi kënne mer op eng einfach Aart a Weis héchstwahrscheinlech léisen. Dat gëllt fir all Verwaltunge mat deenen ech geschwat hunn, dat si se vläicht net all, mä duerfir, esou Problemer soll een dann eis matdeelen, dem Justizministère, a mir kucken dann, mat deenen zoustännege Verwaltungen eng Solutioun ze fannen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Fro 10 vum Här Roger Negri un den Ëmweltminister an un de Bauteminister iwwert de Respekt vum Naturschutz beim Bau vun der Nordstrooss. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 10 du 12 novembre 2004 de Monsieur le Député Roger Negri au sujet des conditions à respecter et des mesures à prendre en matière de protection de la nature, de restauration et de compensation des milieux naturels dans le cadre de la route reliant Luxembourg à Ettelbruck (route du Nord) prévues par la loi du 27 juillet 1997, adressée au Ministre de l'Environnement et au Ministre des Travaux publics

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Realisatioun vun der Nordstrooss vu Miersch op de Kierchbierg duerch de Mamerdall, den Uelzechtdall an duerch de Grénge-wald waren am respektive Gesetz an am Règlement grand-ducal vun 1997 eng ganz Rei vu Kompenséierungsmoossnamen am Beräich Naturschutz virgesinn, bedéngt virun allem duerch d'Ofholze vun engem groussen Deel vu Beem fir Bëschschneise vun der Nordstrooss ze realiséieren.

An dësem Kontext hunn ech folgend dräi Froen un déi Häre Bauten- an Ëmweltministeren:

1. Am Gesetz an am Règlement grand-ducal vun 1997 iwwert de Bau vun der Nordstrooss si Kompenséierungsmoossnamen am Naturschutz virgesinn, déi an engem Zäitraum vun zéng Joer sollte realiséiert sinn. Dës betreffe virun allem Neiuplanzunge vu Beem, Aménagementer vu Fiichtgebidder, Wëldbrécken an esou weider. Wéi wäit sidd Dir grondsätzlech mat der Ëmsetzung vun dëse Kompenséierungsmoossnamen?

2. An der Regierungserklärung steet op der Säit 49: «Le Gouvernement comblera le retard pris dans la mise en oeuvre des mesures de compensation relatives à la route du Nord.» Aus enger Emissioun vum 11. November 2004 op „RTL Radio“ kéint een awer verstoen, datt dëst Gesetz, beziehungsweis dëse Règlement grand-ducal soll geännert ginn. Kënnt Dir eis vläicht do informéieren?

3. Falls et effektiv Problemer gëtt mat dëse Kompenséierungsmoossnamen: Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir datt bei zukünftege Projete vun Naturschutzkompenséierungsmoosnamen, déi solle realiséiert ginn, net méi déiselwecht Situatioun wéi bei der Nordstrooss entsteet?

Ech soen lech am Viraus Merci fir Är Äntwerten.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Den Här Minister Lux äntwert dorobber. Wëllt den Här Wiseler och d'Wuert kréien?

(Interruption)

Neen, den Här Lux äntwert. Très bien.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn de 17. September am Regierungsrot de Point gemaach bei der Nordstrooss a mir hunn en natierlech och gemaach wat déi Kompensatiounsmoossnamen ubelaangt, déi am Gesetz vum Juli 1997 virgesi sinn, a mir hunn, wéi den Här Negri, festgestallt, dass et en evidente Retard gëtt an der Ëmsetzung vun deene Kompensatiounsmoossnamen.

Elo wëll ech virausschécken, emol a mengen an am Numm vum Här Wiseler, dass et fir eis keen Zweifel däerf dru ginn, dass mir an der Ëmsetzung, souwuel wat d'Qualitéit wéi och Quantitéit vun deene Moosnamen ubelaangt, dass et do keng Kompromisser ka ginn, dass dat e feste Bestanddeel ass vum Gesetz wat d'Chamber hei gestëmmt huet an dass et eis Flicht ass dofir ze suergen, dass mir déi Moosnamen an hirer Integralitéit och ëmgesat kréien. Dat sollte mir virun allem och versichen ze maachen, zesumme mat der Landwirtschaft, well mir hei an engem Spannungsfeld sinn, wou et net ëmmer sou einfach ass. Ech mengen eise Souci sollt sinn och ze versichen, dat mat hinnen zesummen ëmzesetzen.

Lo geet et haaptsächlech ëm zwou Saachen: Dat eent ass d'Kompensatioun vun allen Hektare genau op d'Zuel, déi gebraucht gi si fir d'Nordstrooss ze bauen. Et geet hei ëm ronn 56 Hektaren, wouvun an der Tëschenzäit eréischt 21 Hektaren iwwer Compromis konnten nach net ganz an d'Propriétéit vum Stat bruecht ginn, mä wou awer mol en Akt gesat ass.

Et geet schlussendlech och ëm den Aménagement vun der Zone humide an dem Uelzechtdall, wou et ëm 64 Hektar geet, wouvun ee kann ausgoen, dass am Moment ronn en Drëttel vun deene Flächen do och iwwer Compromis an der

Propriétéit vum Stat ass, wou also déi Ëmsetzung ka stattfannen. Déi Zuele weisen, dass mir also do nach eng Aarbecht virun eis hunn, fir wierklech op déi Integralitéit ze kommen.

Da gëtt et eng Rei vu Saachen, déi am Gesetz stinn - Aménagement vu Passagen, Brécken -, wou et effektiv grouss technesch Schwieregkeete gëtt, wann net souguer Onméiglechkeeten, fir déi Projeten esou ze realiséieren, wéi dat am Gesetz de Fall ass. Lo ass et gewosst, dass et zu enger Revisioun vun deem Gesetz wäert kommen an dass mir also am Kader vun där Prozedur, déi jo dann och hei stattzefannen huet an ze diskutéieren ass, wäerten dofir suerge fir nei Propositiounen ze maachen, déi also déi ersetzen, déi am Gesetz virgesi waren, an déi sech als onméiglech erweisen.

An da gëtt et eng Fro, déi Dir gestallt hutt: Wéini si mir da fäerdeg? Zéng Joer ware virgesinn, dat wär 2007; vun där Deadline ass net méi auszegoen, eleng wat d'Ëmsetzung vum gesamte Projet ubelaangt, sou dass mir also och do en neie Virschlag an där Revisioun vum Gesetz wäerte maachen, déi mir wéi gesot dann ze diskutéieren hunn.

Schlussendlech wëll ech soen, dass et evidenterweis Schwieregkeete gëtt fir an de Besëtz vun deenen Terrainen all ze kommen, déi hei virgesi sinn. Hei hu mir also eis ze iwwerleeën, ob mir en Effort maachen um Niveau vum Präis, dee mir hei ubidden. Mir leien am Moment bei 7.500 aler Lëtzebuerger Frang den Ar. Et ass sech also ze iwwerleeën, ob mir hei en Effort musse maache fir weiderzekommen; an et ass sech zweetens a vläicht graduell ze iwwerleeën, wa mir iwwer e bessere Präis net weiderkommen, dass mir eis dann och mussen iwwerleeën awéiwäit dass mir dat, wat am Gesetz jo och virgesinn ass, nämlech dass déi Kompensatiounsmoossnamen d'utilité publique sinn, an deementspriechend vun der Regierung ass sech dann ze iwwerleeën, ob se iwwert de Wee vun der Expropriatioun versicht deem ganzen Dossier Been ze maachen, fir effektiv weiderzekommen.

Schlussendlech dann nach doriwwer eraus ass et sech ze iwwerleeën, fir och iwwer aner Flächen zu engem Resultat ze kommen, mä alles dat si mir amgaangen eis ze iwwerleeën. Mä nach eng Kéier, wat déi Kompensatiounsmoossnamen ubelaangt, souwuel vun hirer Qualitéit wéi vun hirer Quantitéit, däerf et keng Kompromësser ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zu Fro Nummer 11 vum Här Aly Jaerling un de Minister fir d'sozial Sécherheet iwwert d'Pensiounen am Privatsecteur. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 11 du 16 novembre 2004 de Monsieur le Député Aly Jaerling au sujet des pensions dans le secteur privé, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, den 1. am Wäimount 2004 war eng Indextranche fälleg; d'Rentner an d'Unfallrentner aus dem Privatsecteur hunn dës Tranche awer net mat hirer Pensioun vum Wäimount 2004 ausbezuelt kritt. Aus der Press war gewuer ze ginn, dass dës géif mat der Joresofrechnung vum Chrëschtmount dëst Joer geschéien, dëst, well d'Informatioun iwwert dës Indextranche ze spéit matgedeelt gi wier.

Gutt, dat ka jo mol virkommen. Gewuer ze gi war awer och aus verschiddene Quellen, dass d'Indextranchen a verschiddene Beräicher awer am Wäimount ausbezuelt gi sinn, dëst zum Beispill an der Fonction publique, wou och d'Gehälter an d'Pensiounen am viraus bezuelt ginn, wéi grad bei de Pensiounen aus dem Privatsecteur.

Dofir meng Fro un den Här Minister: Firwat konnt déi Indextranche un d'Rentner an d'Unfallrentner aus dem Privatsecteur net am Wäimount ausbezuelt ginn? Firwat gëtt d'Nozuelung eréischt am Chrëschtmount mat der Joresofrechnung ausbezuelt anstatt am Wantermount 2004, sou wéi dat hätt kënne sinn?

Sinn d'Indexupassungen op Pensioune respektiv Gehälter, déi och am Viraus bezuelt ginn, effektiv am Wäimount ausbezuelt ginn? Wa jo, wisou konnt dat méiglech sinn, an net méiglech sinn, dat och op d'Pensioune vum Privatsecteur auszedehnen, wou jo awer praktesch déiselwecht Servicer zoustänneg si fir de Berechnungsmodus an och fir d'Berechnung vun deene Pensiounen?

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Mars Di Bartolomeo, Minister fir d'sozial Sécherheet, huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Effektiv, wéi den Här Jaerling richteg gesot huet, konnten d'Pensiounen am Privatsecteur net am Oktober un den Index ugepasst ginn, well d'Informatioun relativ spéit komm ass an trotz enger Rei vun Nofroen et ëmmer nach um Wackele war. Bis déi definitiv Informatioun komm ass, dass den Index géif erfalen, war de System lancéiert, fir d'Pensioune fir den Oktober auszebezuelen.

Dir wësst, dass déi Pensioune virbezuelt ginn an dass bei deene verschiddene Servicer déi Operatiounen zu verschiddenen Deeg lancéiert ginn. Wa mir déi Informatioun een oder zwee Deeg éischter kritt hätten, oder mir mat definitiver Sécherheet bestätegt kritt hätten, dass den Index erfält, dann hätt dat nach am Oktober kënne geschéien. Souwäit ech als Sozialminister d'Responsabilitéit dofir hunn, entschëllegen ech mech selbstverständlech och bei deene Leit, déi net wéi anerer zu deem Zäitpunkt den Index kritt hunn.

Et ass och richteg, dass et beim Stat insgesamt geklappt huet, well eben de System do méiglecherweis een oder zwee Deeg méi spéit lancéiert ginn ass. Richteg ass och, dass déi Differenz, déi de Pensionären nach geschëllt ass, am Dezember ausbezuelt gëtt, zesumme mat der Joresendzoulag. Ech muss Iech soen, dass ech do net am Detail verstanen hunn, firwat dass dat net hätt kënne beim Novembermount geschéien. Et ass esou, dass technesch Argumenter virbruecht ginn, an och an eenzelne Fäll zousätzlech Viremenskäschten hätte kënnen entstoen.

Ech muss Iech awer soen, fir dass an Zukunft sou Retardë verhënnert kënne ginn - iwwregens ass dat net déi éischte Kéier passéiert -, mir wäerte probéiere verlässlech Informatiounen iwwert d'Indexupassung mat Zäit ze kréien, fir dann och d'Pensiounen am Privatsecteur zu deemselwechten Zäitpunkt unzepasse wéi an anere Secteuren. Wéi gesot, et ass geschitt an et soll een da kucken, dass mir an Zukunft an alle Secteuren dat gläichzäiteg kënne maachen. Fir d'Assuréen entsteet allerdéngs kee Schued, well selbstverständlech dat, wat net am Oktober ausbezuelt ginn ass, nobezuelt wäert ginn, also am Dezember.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister, fir Är detailléiert Äntwert. Als nächst hu mir d'Fro Nummer 12 vum Här Marcel Glesener un de Verdeedegungsminister iwwer eng méi grouss Professionnalisatioun vun eiser Arméi. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 12 du 16 novembre 2004 de Monsieur le Député Marcel Glesener au sujet de la professionnalisation accrue de l'armée luxembourgeoise, adressée au Ministre de la Défense

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, geleeëntlech vum Patronatsfest vun eiser Arméi, déi lescht Woch, huet den Här Frieden, den Arméiminister, a senger Usprooch zum Ausdrock bruecht, hie géif sech Gedanke maachen iwwer eng verstäerkte Professionaliséierung vun eiser Arméi. Déi Ausso vum Här Frieden huet Ulass gi fir divers Spekulatiounen, net nëmmen an Arméikreeser, mä och doriwwer eraus, an dofir war ech och der Meenung, et wier gutt wann den Här Frieden d'Geleeënheet géif kréien, fir hei an der Chamber an der Öffentlechkeet déi noutwendeg Erklärungen ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den Här Verdeedegungsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Défense.*- Här President, d'Welt huet geännert an d'Aufgaben, déi op d'Lëtzebuerger Arméi zoukommen, hunn och geännert. Dofir war ech am Fong erstaunt, datt eng ganz Rei Leit erstaunt waren iwwert déi Aussoen, déi ech bei Geleeënheet vum Patronatsfest vun der Lëtzebuerger Arméi gemaach hunn. Während deene leschte 50 Joer huet sech d'Lëtzebuerger Arméi op ee Scénario virbereet, sou wéi déi aner Arméien an Europa, dee wou een ëmmer gehofft huet, datt en net géing antrieden, dat war den Ost-West-Konflikt, a Gott sei Dank ass d'Mauer gefall an dee Scénario besteet haut net méi.

Déi nei Erausfuerderung ass elo, fir datt d'europäesch Arméien am Kader vun der NATO an am Kader vun der Europäescher Unioun d'Krisemanagement maachen op deene Plaze wou Onstabilitéit herrscht an duerno friddenserhalend Missioune maachen. Duerfir ass souguer d'NATO wéi d'Europäesch Unioun amgaang sech total ze transforméieren am Kontext vun der Sécherheetspolitik an duerfir kënnt d'Iddi op an Europa an an der NATO fir kleng Equipen ze hu vun Zaldoten, déi schnell kënnen op enger Plaz agesat ginn; „NATO Response Force" a „groupement tactique" heescht dat bei der NATO respektiv bei der Europäescher Unioun. An d'Konzept ass esou, datt innerhalb vu fënnef Deeg muss esou eng Equipe vun Zaldote kënnen agesat ginn a spéitstens no zéng Deeg operationell sinn.

Am nämlechte Kontext verlaangt d'NATO, datt wann ee Member ass vun der NATO, Lëtzebuerg ass Member vun der NATO, datt ee muss 8% vu sengen Zaldote permanent am Ausland hunn a 40% vu sengen Zaldoten déployabel hunn, also prett hu fir kënnen an d'Ausland ze goen.

Wa mir Member vun der NATO wëlle bleiwen, wa mir Member wëlle si vun der europäescher Verdeedegungspolitik, da kënne mir net virufuere mat deem aktuelle System vum duebele Volontariat; et ass ee Volontaire fir an d'Arméi ze goen an et ass ee Volontaire fir iergendswou am Ausland an den Asaz ze goen. Mir kënnen op kenger vun deene Missiounen deelhuelen, well mer ni wëssen, wien da schlussendlech bereet ass an eng gewëssen Operatioun ze goen, an duerfir hu mer fir de Moment déi gréisste Schwieregkeeten an der NATO an an der Unioun, déi eis soen: Dir profitéiert gäre vun der internationaler Stabilitéit, mä Dir bréngt et net fäerdeg Äre Bäitrag ze leeschten.

Et ass duerfir wou mer amgaang sinn eng Reflexioun ze féieren, fir ze kucke fir héchstwahrscheinlech nieft dem Statut vum Volontaire, dee seng Utilitéit huet notamment an der Formatioun vu verschiddene Beruffer, déi mer am Lëtzebuerger Stat hunn, derniewent en Element ze hu vun enger Beruffsarméi, vun Zaldoten, déi fir eng länger Zäit sech engagéieren an déi op Uerder vun der Regierung am internationale Kontext an der NATO an an der Europäescher Unioun kënnen op deene Plazen agesat ginn, wou d'international Stabilitéit a Gefor ass, well extern Sécherheet an intern Sécherheet hänke ganz enk zesummen.

Dat Konzept iwwert d'Arméi vum Joer 2010 wëll ech an deenen nächsten dräi Méint finaliséiere fir och eng Niche ze fannen, déi kënnt vun der Lëtzebuerger Arméi am internationalen Asaz erfëllt ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Frieden. Den honorabelen Här Bettendorf wëllt mat der Fro Nummer 13 un de Bauteminister verschidden Opklärunge kréien iwwert den Echangeur Helfenterbréck. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 13 du 16 novembre 2004 de Monsieur le Député Niki Bettendorf au sujet du réaménagement sécuritaire de l'échangeur Helfenterbruck, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Merci, Här President. Et sinn am Fong geholl zwou Froen an enger, déi ech wollt un de Minister vun den Travaux publics stellen.

De 5. Mee 2004 hu mer hei an der Chamber d'Gesetz gestëmmt fir d'Autobunnopfaart op der Helfenterbréck méi sécher ze maachen. Dat ass e Gesetz wat fir d'Sécurité routière op dëser Plaz vun extrem grousser Wichtegkeet ass. Accidenter sinn op där Plaz un der Dagesuerdnung, et sinn och schonn Doudeger ginn. D'Situatioun ass einfach katastrophal an et ass net auszedenken, wann eng Kéier do e Bensinscamion, deen aus der Zone pétrolière do erop kënnt, wann do eng Kéier géif nach méi e groussen Accident geschéien.

Dofir ass meng Fro un den Här Minister, datt dat Gesetz, wat mer 2004 gestëmmt hunn, wat een excellent Gesetz ass; dofir wéisst ech gären, wéi et an der Praxis wier, wéini dass dat Gesetz kënnt ëmgesat ginn a wéini mat deenen Aarbechte kënnt ugefange ginn.

Do derniewent, an deem Zesummenhang, hu mer d'Route nationale 34, déi vun Helfent, vun der Lonkecherstrooss op d'Areler Strooss geet, déi ass zu 2/3 fäerdeg. Dat Stéck an der Mëtt tëschent der Route de Strassen, de Rondpoint Route de Strassen an de Rondpoint an der Rue de l'Industrie, dat Stéck feelt, a just dat Stéck ass extrem wichteg zum Beispill fir d'Autobunnpolizei oder fir d'Streedéngschter vun de Ponts et Chaussées, fir do a kuerzer Zäit op d'Autobunn kënnen eropzekommen. Or, ech weess dass den Tracé vun der Strooss op Dränge vun der ITM eng Kéier liicht geännert ginn ass, mä et si lo zwee, dräi Joer hier dass déi Strooss am Bau ass an nach ëmmer net fäerdeg ass. Si ass och vun extrem grousser Wichtegkeet, an dofir hätt ech gäre vum Här Minister gewosst, wéini dass et mat deenen Aufgabe kënnt ugoen.

Ech soen Iech Merci am Viraus.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Op d'Fro vum Här Bettendorf, wat am Fong zwou verschidde Froe sinn, wëll ech ganz kuerz äntweren.

Wat déi éischt Fro ugeet, dat ass den Ufank vun de Bauten, wat den Echangeur Helfenterbréck ugeet, dee jo gestëmmt ginn ass nach virun der Vakanz, ass effektiv, seet en, e ganz wichtege Projet, well e bëuechtlech d'Sécuritéit op deem Punkt, op där Ausfaart do vun der Autobunn wäert verbesseren.

Et muss een awer och wëssen, op där anerer Säit, datt dee Projet an zwee Stécker ass, an ee wiesentlecht Stéck dovunner ass och de Giratoire, dee sech op der N5 op der Lonkecherstrooss befënnt an deen och Partie prenante vun deem Gesetzestext do ass. Och do muss ee soen, datt d'Totalitéit vun den Emprisë momentan nach net gemaach gi sinn, déi engem et géifen erlaben, fir op déi Partie op jidde Fall unzefänken; dat engersäits.

An et muss een och wëssen, datt mer jo am Kader vun deene Recommandatiounen, déi mer am Avis vun der Cour des Comptes kritt hunn, éier mer esou Projeten ufänken, kloer an däitlech gesot kréien, datt all Emprisë mussen am Besëtz vum Stat sinn éier ee soll mat den Texter ufänken; dat ass dat éischt.

Dat zweet, wat ech do wëll soen, dat ass datt momentan amgaang ass mat de SEBES-Leitungen, déi nach musse verluecht ginn, wann een Deel vum Echangeur selwer, also hei elo net de Giratoire, den Echangeur selwer, gebaut gëtt, do den Dossier bei d'Ponts et Chaussées momentan a Preparatioun ass an datt dat Ofkommen amgaang ass definitiv gemaach ze ginn an duerno muss genehmegt ginn, éier dann d'Aarbechte vum Echangeur selwer vun der Helfenterbréck kënne lass goen.

Ech hu mer ofgewinnt prezis Datumen ze nennen, well ech mat prezisen Datumen an dësen Domäner normalerweis gesinn, datt ech se net esou agehale kréie wéi ech se wëll anhalen. Ech si mer awer bewosst, Här Bettendorf, datt dat hei e wichtege Projet ass, aus Sécherheetsgrënn e wichtege Projet, an datt mer op alle Fall sou schnell wéi méiglech wäerten och déi noutwendeg administrativ Schrëtter maachen, fir prett ze si fir unzefänken.

Deen zweeten Deel vun Ärer Fro, do hutt Der d'Äntwerten zu engem Deel jo scho selwer ginn. De Projet ass zu engem Deel retardéiert ginn, aus deene Sécherheetsgrënn, déi doranner bestanen hunn, datt deen éischten Tracé, dee gezeechent war, no bei de Bensinsréservoire war an doduerch den Tracé huet misse liicht ëmgeännert ginn. An Zwëschenzäit ass dann och deen Tracé fixéiert a mer wëssen och vun ITM, datt mer e genehmegt kréien, esou wéi e lo läit. Do sinn awer, souwäit meng Servicer mer deen Dossier erklärt hunn, och nach eng Rei Froe vun Emprisen déi ze kläre sinn an déi einstweilen den Ufank vun deenen Aarbechten do blockéieren. An eng drëtt Saach wëll ech dann hannendru soen, well se mer och an all deenen Diskussiounen, déi mer an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire haten an der leschter Zäit, wichteg waren, dat ass datt ech de Servicer gesot hunn, notamment wat deen zweeten Deel vun Ärer Fro ugeet, datt ech gär vérifiéiert hätt, wéi wäit mer elo fir dës Etapp e separate Gesetzestext bräichten oder net, fir sécher ze goen datt ech do och an alle Pro-

zedure richteg leien, an zwar vun Ufank u richteg leien. Dat ass dann nach eng zousätzlech Fro derbäi.

Mä och hei wëll ech Iech just soen, datt ech mer bewosst sinn, datt et e Projet ass, wou mer solle schnell maachen, well mer déi zwee Deeler nach hannen a vir vum Projet jo scho gemaach hunn, an datt déi am Fong geholl hire ganze Wäert eréischt kréien, wann deen Deel an der Mëtt fäerdeg ass. Voilà.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Als nächst hu mer d'Fro Nummer 14 vun der Madame Claudia Dall'Agnol un de Minister fir d'sozial Sécherheet iwwert d'Décisioune vun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 14 du 12 novembre 2004 de Madame la Députée Claudia Dall'Agnol concernant les démarches futures du Gouvernement au sujet des décisions prises par l'Assemblée générale de l'Union des Caisses de Maladie, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Hären aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Generalversammlung vun der UCM ass eriwwer, an dëst mat deene bekanntene Resultater.

Meng Fro un den Här Minister wär lo déi fir gewuer ze ginn, wéi geet et weider a wéi sinn notamment déi nächst Démarchen. Konkret: Wéini kënnt d'Quadripartite erëm zesummen? Well an engem éischten Austausch mat der Quadripartite si jo schonns nohalteg Moossnamen diskutéiert ginn. Wéi soll et domat weider goen? Oder ass et no den Décisioune vun der Generalversammlung gedoen? Ass lo keen Defizit méi do? Si mat deene Moossnamen d'Keesen erëm am Gläichgewiicht oder wat kënnt nach no? A wéi sinn eben hei déi verschidden Etappen?

Et gëtt och vill vum utile a vum nécessaire geschwat: Gëtt och dat nach méi kloer definéiert? Och d'Responsabiliséierung vun deene verschiddenen Acteuren ass schonns ugeschwat ginn, och thematiséiert ginn, an och hei: Wat kann ee sech méi konkret dodrënner virstellen? An zum Schluss vläicht nach: Wat ass nach vu weidere Spuermoossnamen an der Diskussioun?

Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. Den Här Mars Di Bartolomeo, Minister fir Gesondheet a sozial Sécherheet, huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Ech huele mech léiwer direkt selwer an d'Gitt, well dat do ass e Sujet, iwwert deen ee méi laang wéi véier Minutte ka schwätzen; ech wäert mech awer drun halen.

(Interruptions)

Effektiv ass et net esou, dass elo mat de Moossname vun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie d'Problemer geléist sinn. Dir wësst, dass mer ouni den Transfert vun de Pensiounskeese vum leschte Joer am Joer 2005 eigentlech mat engem Découvert vun 150 Milliounen Euro konfrontéiert wären. Dat, wat d'Union des Caisses de Maladie elo décidéiert huet, ass en anstännege Mix, deen eis Zäit gëtt fir ze iwwerleeën, fir méi nohalteg Mesuren nokommen ze loossen.

Dat heescht, et ass eigentlech eng Schounfrist, déi mir eis ginn hunn, wou Moossnamen décidéiert gi sinn, déi kengem ze vill wéi dinn. An ech ënnersträichen dat, well wann een dee ganzen Defizit hätt wëllen épongéieren an net de Spuerdrock hätt wëllen halen, dann hätt een d'Bäiträg net missen ëm 0,3%, mä ëm 0,5% erhéijen. Mir wollten dat awer net maachen, well mir der Meenung sinn, dass iwwer eng Rei vun anere Moossnamen e Spuerpotenzial do ass.

Déi einfach Mëttelen, déi einfach Léisungen, déi louchen och um Dësch, déi wollte mir net, déi hätte geheescht, méi eng héich Participatioun vun den Assuréen a Senkung vun de Leeschtungen. Mir sinn der Meenung, dass d'Zäit do fir net komm ass an dass d'Zäit do ass, fir méi Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Dir wësst, dass an der Santéspolitik wäert an deenen nächste Jore vill méi op Preventioun gesat ginn, op méi gesond Liewensaart a -weis, mä mir maachen eis net d'Illusioun, dass ee kuerzfristeg domat Defiziter gesenkt kritt, mä jiddefalls awer d'Liewensqualitéit verbessert kritt a laangfristeg och d'Liewensqualitéit vun de Keesen.

Dat, wat mir wëlle maachen a wäerte maachen, dat ass Sensibiliséierung, Informatioun, Responsabilisatioun, Kontroll. A Kontroll ass näischt Negatives, well deen, dee sech un d'Spillregelen hält, brauch keng Kontroll ze fäerten. Dee sech allerdéngs net un d'Spillregelen hält, an dat gëllt souwuel fir den Assuré wéi fir de Prestataire oder de Prescripteur, dee muss domat rechnen, dass méi wéi an der Vergaangenheet gekuckt gëtt, ob ee responsabel mat de Mëttelen ëmgeet. Wie fuddelt gëtt gestrooft!

Konkret ass et esou, dass vu gëschter un en Aarbechtsgrupp funktionéiert um Niveau Sécurité sociale, fir déi Propositiounen, déi vun der Quadripartite definéiert gi sinn, a Musek ëmzesetzen. Konkret ass et esou, dass d'Quadripartite schonn erëm Enn Februar, uganks Mäerz wäert zesummekommen. Konkret ass et esou, dass de Comité scientifique, deen den utile an den nécessaire soll definéieren, amgaang ass opgestallt ze ginn. Konkret ass et esou, dass mir an der Diskussioun mat de Spideeler och d'Spideeler wëllen an d'Spuerpotenzial an an d'Spuerbestriewunge mat abannen, an och do: Spueren ass näischt Negatives, well wann ee seng Mëttele gutt asetzt, da behält een dee Sputt fir dat ze investéieren, wat een zu Verbesserunge vun der Qualitéit brauch. Da wäerte mir den 2. Dezember och Verbesserunge brëngen, zum Beispill iwwert de Projet de loi fir de Re-remboursement vun den homöopathesche Mëttelen, dee virun d'Chamber kënnt, a spéitstens am Januar kënnt de Projet 5322, do wou et drëm geet fir d'Décisioune vun dem Comité de coordination tripartite betreffend d'Krankeschäiner a Musek ëmzesetzen.

Konklusioun: Mir hunn eis eng Schounfrist geséchert, mir wäerten déi nächste Kéier net brauchen iwwer Bäitragserhéijungen ze diskutéieren, wa jiddferee seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Mir all hunn et also an der Hand.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Da komme mer zur Fro Nummer 15 vum Här Emile Calmes un den Innenminister iwwert de Bäitrëtt vun der Gemeng Baastenduerf an de Syndicat du Crématoire de Luxembourg. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 15 du 16 novembre 2004 de Monsieur le Député Emile Calmes concernant l'adhésion de la commune de Bastendorf au Syndicat du Crématoire de Luxembourg, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Virfeld vun deem Gesetz, iwwert dat mir muer den Owend dann hei wäerten diskutéieren, an nodeems iwwert de Rapport an der zoustänneger Kommissioun ofgestëmmt ginn ass, sinn ech op e Problem opmierksam gemaach ginn, dee sech ënner Ëmstänn kéint stellen no der Fusioun da vun deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen.

De Fall ass esou, datt am Syndicat intercommunal du Crématoire eng vun deenen zwou Gemengen dran ass, dat ass d'Gemeng Furen, an d'Gemeng Baastenduerf ass et net. Op där anerer Säit ass et jo dann esou, datt, fir an dee Syndicat ze kommen, en Apport au capital, e Bäitrag huet misse bezuelt ginn, deen da vun der Gemeng Furen bezuelt ginn ass, awer nach net vun der Gemeng Baastenduerf.

D'Fro, déi sech am Fong geholl stellt, ass, ob een dat net am Gesetz hätt misse virgesinn, fir dee Problem hei ze regelen, well dat soss néierens virgesinn ass. A vu datt dat net de Fall ass, wollt ech d'Fro stellen, wéi dat da lo vir sech geet, fir déi Gemeng Baastenduerf, déi da bleift, an dee Syndicat hei eranzekréien.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den Här Minister Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, a sech werft den Här Calmes eng Fro op, et schéngt him hei, wéi wa keng Indikatiounen do wären a Modalitéiten, wéi dat hei kënnt iwwert d'Bühn goen.

Ech muss awer soen, dass hei am Fong geholl dëse Projet oder dës Démarche ganz kloer ass. Hei spillt d'Autonomie communale, a wann d'Autonomie communale spillt, dann ass et esou, dass all Gemeng fräi kann entscheeden, an dësem Fall all Gemengerot fräi kann entscheeden, wéi engem Syndicat en zoutrëtt. Dat ass am Syndicatsgesetz vum 23. Februar 2001 esou festgehalen an d'Gemeng Baastenduerf, déi muss elo kucken ob se do zoutrieden oder net zoutriede wëllt. Wëllt se dat net maachen, da muss deen neie Gemengerot, dee vum 1. Januar 2006 un ass, dat décidéieren, ob en dat wëllt oder ob en dat net wëllt, ob e sech wëllt zréckzéien. Dat ass ganz kloer, do wëlle mir eis och guer net amëschen.

Dofir hutt Dir déi Fro gestallt, ob mir do sollten, fir esou Situatiounen an Zukunft ze évitéieren. Mir wëllen d'Autonomie communale spille loossen, mir mëschen eis also net an an déi Prozeduren, wëll se sou kloer sinn, wéi ech Iech se lo hei virgedroen hunn. Déi mussen dann och sou iwwert d'Bühn goen, wéi et ass. Ech weess och, dass déi Gemengepäpp, déi hei concernéiert sinn, sech conscient sinn, also bewosst sinn, datt hei musse Solutioune gesicht ginn. Dat hei ass net deen eenzege Problem, deen am Kader vun dëser Fusioun muss harmoniséiert ginn, mä, wéi gesot, si hu bis den 1. Januar 2006 Zäit fir praktesch Léisungen ze fannen, an dësem Fall wéi gesot entweder Baastenduerf jo oder Baastenduerf neen, a wann net, dann déi nei Gemeng jo oder neen. Voilà.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Halsdorf. Als nächst Fro hu mer d'Fro Nummer 16 vum honorabelen Här Mosar un de Budgetsminister iwwert den Néierschlag vun der Erhéijung vun de Krankekeesebeiträg op eise Budget. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 16 du 16 novembre 2004 de Monsieur le Député Laurent Mosar au sujet des répercussions budgétaires des récentes décisions de l'Assemblée générale de l'Union des Caisses de Maladie, adressée au Ministre du Trésor et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Meng Fro, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng ganz kuerz. D'lescht Woch sinn am Kader vun der Generalversammlung vun de Krankekeesen eng ganz Rei vu Moossnamen ugeholl ginn, ënnert deenen och eng Erhéijung vun de Cotisatiounen ass. Ech wëll vum Budgetsminister wëssen, wat dës Moossname fir en Impakt op de Budget 2005 wäerten hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, et ass effektiv esou, datt déi Décisiounen, déi geholl gi sinn am Kontext vun der Assemblée vun de Krankekeesen, datt déi net nëmmen d'Leit betreffen an d'Betriber betreffen, mä datt déi selbstverständlech och eng Inzidenz hunn op de Stat.

Déi Augmentatioun vun de Cotisatiounen, déi do beschloss ginn ass, kascht de Lëtzebuerger Stat, an domadder de Steierzueler - well de Stat géréiert d'Sue vun de Steierzueler -, am nächste Joer ronn 26,5 Milliounen Euro. 26,5 Milliounen Euro, dat ass eng ganz considérabel Zomm, an ech muss d'Chamber och doriwwer informéieren, an dofir héchstwahrscheinlech d'Fro vun dem Kolleeg Mosar, dee jo Budgetsrapporteur ass, datt mir selbstverständlech där do Décisioun am Projet de budget fir d'nächst Joer net konnte Rechnung droen, well dee Budgetsprojet jo schonn dee Moment déposéiert war.

Am Budget ass virgesinn als Contributioun vum Stat un d'Krankekeesen déi Gesamtzomm vu 437 Milliounen Euro. 437 Milliounen Euro, dat baséiert natierlech op enger Estimatioun, an dofir kann een dat ni mat 100%eger Prezisioun festleeën, wéi vill déi Contributioun vum Stat ass. Mir mussen also héchstwahrscheinlech am Laf vum nächste Joer dee Kredit upassen, iwwer en Dépassement; elo upasse geet net. Ech gesinn och net, wéi mer dat, well mer dat op Hypotheese baséiert hunn, maachen. Mä et muss ee wëssen, dass déi 26,5 Milliounen Euro, déi mer heifir ausginn, net fir aner Saachen do sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Frieden, fir Är Äntwert. Als nächst hu mer d'Fro Nummer 17 vum honorabelen Här Fayot un den Här Innenminister iwwert d'Aféierung vun enger Taxe sur l'occupation de logements. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 17 du 15 novembre 2004 de Monsieur le Député Ben Fayot au sujet d'une introduction éventuelle d'une taxe sur l'occupation de logements destinés à l'habitation et utilisés à des fins commerciales, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, et ass gewosst, dass an de Stiet vun onsem Land, besonnesch an der Haaptstad, ganz vill Wunnenge mat der Zäit ënnert dem Drock vun der Immobiliespekulatioun zu Bureauen transforméiert gi sinn. Dat ass natierlech besonnesch frappant an engem zentrale Quartier an awer och an der Périphérie vun deem zentrale Quartier, an déi Evolutioun dauert scho ganz laang, op d'mannst schonn 20, 30 Joer; op jidde Fall wat d'Stad Lëtzebuerg ugeet.

D'Gemengenautoritéiten hunn hire Bebauungsplang an hir Dispositiounen iwwert d'Utilisatioun vun deenen eenzelne Quartieren, an do gëtt et Quartieren, déi sollen dem Bebauungsplang no exklusiv dem Habitat reservéiert sinn, anerer, wou Utilisations mixtes sinn, mä nach constatéiert een, dass et géint de Bebauungsplang esou Transformatioune vu Wunnengen a Bureauen, respektiv an aner Zorten Aktivitéite geschitt sinn.

D'Autoritéite soen, dass se keng Méiglechkeet hätte fir dogéint unzegoen, an ech hu viru kuerzem an engem Gespréich zwëschent dem Här Innenminister an dem Här Helminger, Buergermeeschter vun der Stat Lëtzebuerg, héieren, wéi Rieds gaangen ass fir dee Problem duerch eng Tax an de Gréff ze kréien.

An ech wollt dofir den Här Innenminister froen, wéi hie sech dat virstellt a wéi d'Modalitéiten dofir kéinte sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den Här Innenminister huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro vum Här Fayot kann ech sécherlech ganz gutt verstoen, well ech selwer mol d'Kap vun engem Buergermeeschter un hat an ech weess, dass dat e Problem ass. Et ass och richteg, dass mer an engem Gespréich mam Paul Helminger, dem Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, am Kader vun deem Masterplan „Ban de Gasperich", déi Fro opgeworf hunn, well jo do am Fong geholl am ganzen 30.000 Bürosplaze geschafe ginn, an op där anerer Säit awer gewosst ass, dass an der Stad Lëtzebuerg selwer 80.000 m² si vu Flächen, wat Wunnfläche sinn, déi als Bureau benotzt ginn, an dass et also net evident ass, wann een op där enger Säit esou eppes kreéiert, dass op där anerer Säit dann och eng Äntwert dorop kënnt.

An do musse mer eis Moyenë ginn, mä d'Moyenen u sech, déi si virgezeechent, an zwar iwwert d'Gesetz vum Aménagement communal. Wann een och do de Règlement grand-ducal kuckt, d'Exekutiounsgesetz vum Contenu vum PAG, dee jo d'Urbanisatioun definéiert, dee seet am Artikel 11 an de Zones d'habitation: «Les zones d'habitation englobent les terrains réservés à titre principal aux habitations.» Et ass also à titre principal aux habitations. An da seet en: «Y sont également admises des activités de commerce, de service artisanal et de loisirs...» an esou weider, dat heescht des professions libérales, des établissements socio-culturels.

Also déi Mixitéit ass eppes wat normal ass u sech an de Wee ass dann och kloer virgezeechent iwwert d'Gesetz, respektiv den Artikel 107, dee seet heizou: «...enfreigne de quelque manière que ce soit...» Do kënnen dann de Buergermeeschter, respektiv d'Gemen-

genautoritéite virgoen. Dat ass de Wee à titre principal.

Wann een elo à titre subsidiaire géif eng Tax aféieren, déi dann och géif vun der Gemeng ageféiert ginn, dat schéngt mer e bësse komesch an diskutabel, mä et schéngt mer awer derwäert fir driwwer nozedenken an ech mengen et sollt een déi Diskussiounen an déi Weeër hei elo kucken, wann een déi Etüde vun deenen neie PAGe mécht. Do musse jo Études préparatoires gemaach ginn an do kann ee jo vläicht d'Konditiounen drasetzen oder Elementer afléisse loossen, déi engem Méiglechkeete ginn, déi nach vläicht anerer si wéi déi, déi d'Gesetz virgesäit.

Mä esou sympathesch wéi d'Iddi vun der Tax och ass, fir se einfach esou iwwert d'Bühn ze zéien, dat schéngt mer juristesch gesi ganz komplizéiert a ganz schwiereg, esou dass mer kucke fir iwwert de Wee - wou ech Iech elo gesot hunn - vun den Études préparatoires vun de PAGen ze goen; dat schéngt mer eng Pist ze sinn.

An déi zweet, déi mer nach hunn, déi stécht net ëmmer eraus, dat ass déi wou ech och mam Här Boden am Kader vum Logement ofgeschwat hunn, do kënnt en neit Mietgesetz an do sollen och Peinë virgesi ginn, wann am Loyersgesetz Affektatiounen net esou respektéiert gi wéi et ass.

Dat ass eng aner Pist, déi huet natierlech näischt mat deem heiten an deem Sënn vun der Urbanisatioun ze dinn, mä et ass awer och eng Méiglechkeet oder e Moyen fir och do Drock ze maachen. Kloer ass et, mir mussen eis alleguerten dru gi fir de Problem an de Grëff ze kréien, an dofir fannen ech Är Fro och richteg an déi Diskussioun soll een och féieren.

M. le Président.- Merci, Här Innenminister. Mir kommen dann elo un déi lescht Fro fir haut, an dat ass d'Fro Nummer 18 vum honorabelen Här Scheuer un de Bauteminister iwwert d'Sécherheetsbestëmmungen an dem Lycée technique Mathias Adam zu Déifferdeng. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

- Question N° 18 du 15 novembre 2004 de Monsieur le Député Jos Scheuer au sujet des mesures de sécurité au bâtiment scolaire «Jenker» du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Joer 2003 ass en Avantprojet de loi entstanen, dee folgenden Titel huet: „Transformation et extension du Lycée technique Mathias Adam annexe Jenker à Differdange", a fir d'Rentrée scolaire 2004-2005 ass eng Lëscht publizéiert ginn, wat fir eng Bauprojeten an der Educatioun a fir den Educatiounsministère solle realiséiert ginn: Dat si 14 nei Infrastrukturen, déi relativ fäerdeg sinn oder ganz fäerdeg sinn, déi op den Instanzewee kënne goen, a fënnef Projeten, déi nach an der Préparatioun sinn.

Elo ass et esou, datt just déi Annexe Jenker zu ganz vill Diskussioune féiert. An där Annexe Jenker ass de Préparatoire ënnerbruecht an d'Leit hunn esou bësse d'Impressioun - dat gëllt fir d'Direktioun, fir d'Elèven an och fir d'Professeren -, wéi wann de Préparatoire och um Niveau vun den Infrastrukturen e bëssen „Parent pauvre" vun der Lëtzebuerger Educatioun an och an dësem Fall vun den Travaux publics wier, déi jo exekutéieren.

Ech wollt éischtens froen: Wéi gesäit et mat deem Projet de loi aus, wou ass en drun a wéi ass den Timing? An déi zweet Fro, déi sech stellt, déi schléisst sech logesch dorun un, vu datt jo awer eng gewëssen Zäit gebraucht gëtt, dat ass dass mer eis Gedanke maache mussen, wéi mer d'Konditioune vun der Hygiène a vun der Salubritéit an deem bestoende Gebai kënnen esou an d'Rei setzen, datt ënner anstännege Konditioune Schoul gehale gi kann.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Ech soen dem Här Scheuer och Merci fir seng Fro, well et gëtt mer d'Geleeënheet hei eng Kéier de Point vun deem Dossier ze maachen. En Dossier, dee fir mech e wichtegen Dossier ass, well eng vun de Prioritéiten evidenterweis vun dëser Regierung och déi muss sinn, datt mer och weider kommen am Schoulbau, datt mer déi Projeten, déi mer fir déi nächst Jore brauchen, déi deelweis och scho vun der leschter Regierung ugefaange gi sinn, esou schnell wéi méiglech an eng Phas kréien, wou mer se kënne fir de Schoulgebrauch gebrauchen.

Hei geet et ëm e Projet, deen u sech no der Integratioun vum Régime préparatoire an d'Lycée-techniquen doraus entstanen ass, datt 1998 de Jenker vun der Déifferdenger Gemeng ofkaaft ginn ass. Déi Zäit, wéi e vum Stat kaaft ginn ass, war e schonn an engem Zoustand, deen net ganz gutt war. Et sinn eng Rei Moossnamen, Aarbechte geholl ginn, wat Basisaarbechte waren, fir d'Sécuritéit, zum Beispill d'Mise en conformité vun de Läschsystemer, d'Mise en conformité vum Beliichtungssystem, d'Elaboratioun vun de Plans d'évacuation, de Renforcement vun Dieren, vun Accèsen vu Grillagë vu Fënsteren, fir einfach ze kucke fir d'Gebai e wéineg ofzesécheren.

Elo ass et awer ganz kloer datt et noutwendeg ass, datt eng gréisser Revisioun vum Gebai gemaach gëtt an datt e groussen Deel dovunner ganz einfach nei gebaut gëtt. An dat ass och e Projet, deen an der leschter Regierung scho relativ wäit virbereet ginn ass, well en Avant-projet de loi en tant que tel fäerdeg ass. Ech hunn deen Avantprojet elo nach eng Kéier an deene leschte Wochen aus zwee Grënn vu menge Servicer duerchkucke gelooss, och well mer nach eng Kéier wollten assuréiere wéi de Phasage géing geschéien, fir de Schoulgebrauch esou ze maachen, datt en och méiglech wier an ofgeséchert kënnt gi während de Bauaarbechten, déi da mussen do stattfannen, well mir kënnen déi Schoul net eidel maachen; et muss also an engem Phasage geschafft ginn, dat op där enger Säit.

An zweetens dann, och fir nach eng Kéier ofzesécheren, a wat fir enger Prozedur dat leeft, just fir nach eng Kéier ganz kuerz ze erklären, wat den Avant-projet elo virgesäit. Den Avant-projet gesäit vir, datt fir d'éischt en neie Fligel gebaut gëtt an der Rue Frieden, datt dann d'Démolitioun an den Neibau vun de Sportssäll gemaach gëtt an da schlussendlech d'Rénovatioun vun dem zentrale Fligel, deen aktuell schonn existéiert.

Et muss een och wëssen, datt duerch de Fait, datt dee Phasage esou entsteet, erheblech Méikäschten do sinn, déi awer einfach noutwenneg sinn, wann ee wëllt de Fonctionnement vun der Schoul während där ganzer Zäit assuréieren; an déi bedroe ronn 1.850.000 Euro.

Stellt sech dann zum allerleschten nach d'Fro, a wat fir eng Prozedur mer hei ginn, well hei ass elo e Projet, dee quasiment prett ass fir déposéiert ze ginn. D'Educatioun kuckt en elo kuerzfristeg nach eng Kéier no an da wäerte mer en och hei an der Chamber déposéieren. Da stellt sech fir mech d'Fro, ob mer en an déi Prozedur bréngen esou wéi mer et elo bei alle Bauteprojeten an der lescht gemaach hunn oder ob mer deen hei an eng nei Prozedur bréngen, eventuell an e Second vote.

Dat ass eppes, wat mer nach mat der Chamberkommissioun mussen duerchdiskutéieren, wéi och ëmmer. Mä ech géing proposéieren, datt mer hei dee schnellste Wee huelen. Well ech si mer och bewosst, datt dat hei e prioritäert Gebai ass an datt dee Projet och scho vun der leschter Regierung fäerdeg gemaach ginn ass a prett ass fir an d'Aarbechten ze goen. Voilà.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bauteminister. Domat ass dëse Punkt, nämlech d'Froestonn un d'Regierung, ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten.

Do hu mer d'Interpellatioun vum Här Henri Kox iwwert d'Akerbaupolitik, d'Sécherheet vun den Iesswueren an d'Liewensbedingunge vum Véi. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deementspriechend opgedeelt. Den Interpellant huet 20 Minutten, d'CSV 34, d'LSAP 24, d'DP 20, DÉI GRÉNG 17 an den ADR 15, währenddeems d'Regierung 20 Minutten Zäit huet.

Eist Reglement gesäit vir, wann den Auteur vun der Interpellatioun déi Zäit, déi him laut Reglement zur Verfügung steet, iwwerschreit, dass dann déi Zäit imputéiert gëtt op d'Riedezäit vu sengem Grupp. Étant donné dass déi Gréng kee Riedner ageschriwwen hunn, mat Ausnahm vum Interpellant, kéimen deementspriechend fir den Interpellant 37 Minutten a Fro.

Här Kox, ech ginn Iech d'Wuert an Dir hutt d'Recht déi Zäit voll auszeschöpfen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

5. Interpellation de M. Henri Kox relative à la politique agricole, la sécurité alimentaire, la santé et le bien-être des animaux

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wéi sécher sinn eis Liewensmëttel? Maachen eis Liewensmëttel krank? Mat wat a wéi ginn eis Liewensmëttel hiergestallt? Wou kommen eis Liewensmëttel hier a wéi gi se transportéiert? Wéi gëtt d'Ëmwelt an d'Landschaft bei der Hierstellung vun de Liewensmëttel belaascht? Wéi eng Belaaschtung a Quale mussen d'Déieren erleiden? Wéi ee Stellewäert huet eis Landwirtschaft nach an der Gesellschaft? Huet d'Landwirtschaft iwwerhaapt nach eng Zukunft an engem Héichlohnland wéi Lëtzebuerg?

Dat sinn alles Froen, déi nach virun net allze laanger Zäit hei op dëser Tribün gestallt goufen. Froen, do sinn ech éierlech, déi net einfach nëmme mat enger Äntwert gekläert kënne ginn, déi awer, wa se bis beäntwert sinn, nei Froen nees opwerfen, déi hirersäits erëm no neie Léisunge verlaangen. E Prozess also, dee stänneg a Bewegung ass, eng Bewegung, déi wichteg ass, well si all Prozess no vir bréngt. Si ass de Garant fir d'Ännerung. Keng Bewegung ass Stëllstand a Stëllstand ass jo bekanntlech Réckstand. Dës Bewegung kann ee selwer steieren, domat och selwer beaflossen an domat och hir Vitesse bestëmmen an och kontrolléieren. Oder eng Bewegung, déi ee vu baussen erageluecht kritt an déi dann oft en onkontrolléiert Eegeliewe kritt. Eng Bewegung also, wa se emol ausser Kontroll ass, déi zu villen onnéidege Schied, Leed a Réckschléi féiert.

Dëst war sécherlech de Fall bei der BSE-Kris, wou d'Landwirtschaft an net nëmmen d'Landwirtschaft an eng déif gräifend Existenzkris gefouert gouf. Dobäi gouf vill onnéidege Parzeläin zerbrach. No esou turbulenten an onkontrolléierte Bewegunge stellt sech ëmmer nees d'Fro, ob mer dorauser geléiert hunn. Si mer haut besser drop virbereet, wann d'Vitesse am Prozess nees méi grouss gëtt? Behale mer bei esou Vitessen den Tram nach op de Schinnen?

D'Chamber hat sech an dëser turbulenter Zäit vill Gedanke gemaach an och eng ganz Rei vun Iwwerleeungen ugestallt. Et gouf en Hearing organiséiert wou sämtlech Organisatiounen an Associatiounen, déi mam Liewensmëttel iergendwéi a Kontakt waren, gelauschtert goufen. Vum Stéck bis op den Dësch an nees zréck. Sämtlech Prozesser goufen dobäi beliicht. En décke Rapport gouf verfaasst an e groussen Débat hei an der Chamber och ofgehalen. Vill Motioune goufen dobäi eestëmmeg hei ugeholl - op déi wäert ech am Laf vu menger Interpellatioun nach zréckkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Summer 2004 zu Lëtzebuerg, schrecklech Biller vun engem Bauerenhaff vu Fréiseng. Déieren, déi net aartgerecht gehale goufen, hygienesch Zoustänn, déi alles anescht wéi e gutt Bild vun enger nohalteger Landwirtschaft hannerlooss hunn. Et kann dach net sinn, mir hunn dach e performante System op d'Bee gestallt, deen esou Situatiounen net méi zouléisst, eng Cellule de concertation agriculture-santé, déi all Aspekter vun enger sécherer Liewensmëttelproduktioun begleet. D'Gesondheet vum Produkt, aartgerechten Ëmgank mat Déieren a villes méi gëtt dach kontrolléiert. En trauregen Eenzelfall also?

„99% vun eise Bauere schaffe korrekt a maachen hiren Job anstänneg", esou emol d'Ausso vun offizieller Stell. Oktober 2004, erëm e Bild vun net aartgerecht gehalenen Déiere kursëieren an de Medien. Och nëmmen Eenzelfäll? Éischt Reaktioune vun der Veterinärsinspektioun weisen awer op strukturell Problemer am Secteur hin. Also dach keng Eenzelfäll?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dräi Joer no dem Débat iwwert d'Landwirtschaft am Allgemengen an d'Liewensmëttelsécherheet am Speziellen, stellt sech haut d'Fro wou mir stinn. Sinn déi Motiounen, déi deemools eestëmmeg ugeholl goufen, haut ëmgesat? Sti mer haut besser do wat d'Liewensmëttelsécherheet am Allgemenge betrëfft? Ass d'Agrarpolitik hei vu Lëtzebuerg ausgerüst op dat wat vum europäeschen Niveau nach alles op Lëtzebuerg kënnt?

Dräi grouss Achse wëll ech dofir développéieren. En éischte Punkt méi allgemeng iwwert d'Produktioun, d'Promotioun an d'Commercialisatioun vu Produitë vun héijer Qualitéit, dat besonnesch wat de Biolandbau ubelaangt. Hei interesséiert mech och speziell den Dialog, oder ob en Dialog gefouert ginn ass tëschent all den Intervenanten, siefen dat d'Produzenten, d'Distributeuren an d'Restaurateuren. Zum Schluss an deem Punkt nach eng Kéier d'Qualitéitslabelen, wou eng ganz Rei an der leschter Zäit entstane sinn.

Beim zweete Punkt wëll ech op d'Liewensmëttelsécherheet am Allgemengen an d'Gesondheet an de Bien-être vun deenen Déieren agoen.

A schlussendlech am drëtte Punkt wëll ech nach iwwert d'Agrarreform schwätzen, déi jo bekanntlech 2005 uleeft.

Zum éischte Punkt. Ass eng Bereetschaft do d'Qualitéit vun de Liewensmëttel, d'Sécherheet vun de Konsumenten an de Schutz vun der Ëmwelt iwwer all aner Ziler ze setzen? Ass de Wëllen do d'Biolandwirtschaft, déi zu Lëtzebuerg nach ëmmer nëmme marginal ass, an déi emol kaum 1% vun der gesamter Landwirtschaft ausmécht - am Wäibau ass se souguer nëmmen homöopathesch -, méi staark ze ënnerstëtzen?

Ech zitéieren aus dem Débat virun dräi Joer: „D'Tendenz weist däitlech no uewen. Lëtzebuerg hinkt, wat de Stellewäert vum biologesche Landbau ugeet, am Vergläich zu deene verschiddenen europäesche Partnerstaten, awer nach e gutt Stéck hannendrun. Ekonomesch, agronomesch, ethesch a gesellschaftlech Aspekter si fir en ökologesch ausgeriichte Bewirtschaftungssystem wichteg. Si striewe virun allem d'Erhalen, d'Verbesseren an d'Schoune vun den natierleche Ressourcen un, an d'Erhale vun der Natur mat hiren Eegewäerter wéi Buedem, Waasser, Loft, Planzen, Déieren a villsäiteg Ökosystemer a Landschaften.

Et ass wichteg, dass Lëtzebuerg dem biologesche Landbau eng stabil Basis gëtt. Déi konventionell Landwirtschaft ka vun der biologescher Landwirtschaft profitéieren an d'Vertraue vum Konsument zréckgewannen, andeems si sech novollzéibar ekologesch Kritäre setzt a respektéiert."

A weider: „Fir d'Nofro nach weider ze stimuléieren, musse breet ugeluechten, cibléiert Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnë lancéiert ginn. Och sollen eis Kantinnen a Grousskichen hir Moolzechte mat regionalen an nationalen a mat Bioproduiten zoubereeden."

Dat war, wéi Der vläicht héiere konnt, net onbedéngt eng Interpellatioun oder eng Ried vun deene Gréngen, neen, dat war e Passage aus enger Ried vun enger fréierer an neier Majoritéitsdeputéiert, nämlech aus der Ried vun der Madame Marie-Josée Frank. Ech kann nëmme soen, dass ech dat, wat deemools gesot ginn ass, zu 100% ënnerschreiwe kann.

Leider stellen ech awer fest, dass an deem Beräich op Regierungssäit, wat de Biolandbau ugeet, net allze vill an deene leschte Jore passéiert ass. Sou wéi a ville Beräicher, speziell an der Ëmweltpolitik, stellt een ëmmer nees fest, datt mir eis nëmme bewegen, wann eppes vu Bréissel erofdiktéiert gëtt. Esou ass dat och erëm hei am Beräich vun der Biolandwirtschaft.

Sou stinn an engem Bericht vun der europäescher Kommissioun ënnert dem Titel «Plan d'action européen en matière d'alimentation et d'agriculture biologiques», deen den 10. Juni 2004 publizéiert gouf, folgend Sätz: «L'exploitation des terres selon les principes de l'agriculture biologique assure, on le sait, des services publics, en apportant des avantages non seulement et surtout au bénéfice de l'environnement mais aussi du développement rural, ainsi qu'une amélioration du bien-être des animaux. Considéré sous cet angle, le développement de l'agriculture biologique doit avoir la société pour moteur.» - a weider - «Un des objectifs de la réforme de la PAC de 2003 était de promouvoir une production axée sur des produits de qualité, respectueux de l'environnement. L'agriculture biologique constitue un outil précieux pour atteindre cet objectif.»

Am Ganze ginn an deem Bericht vum 10. Juli 2004 21 Aktioune beschriwwen, déi am europäesche Kader solle weidergedriwwe ginn. Ech weess, datt sech neierdéngs e Grupp am Ministère konzipéiert huet fir endlech och hei am Land den ekologesche Landbau ze propagéieren.

Här Minister, Dir kënnt sécher sinn, dass mer do aktiv wäerte mathëllefe fir deen Aktiounsplang mat Liewen ze fëllen. Dofir hei vläicht speziell dräi Froen. Wéi eng Zilsetzung huet dee Grupp, dee sech mat

dem ekologesche Landbau befaasst, dass et net iergendwann am Kaffiskränzchen ausleeft?

Am Kader vun der Présidence ass et wichteg, dass Lëtzebuerg eng aktiv Roll an dësem Dossier iwwerhëlt. Gedenkt d'Regierung déi 21 Aktioune fir den ekologesche Landbau um europäeschen Niveau weiderzedreiwen?

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Drëttens, och am Kader vum Ausbau vun der ekologescher Landwirtschaft ass eng Fro, ob eng Initiativ geplangt ass fir esou Produkter verstäerkt an d'öffentlech Kantinnen ze propagéieren, sou wéi dat och an dësem Bericht ze fannen ass.

Do gouf et jo och eng Gesetzespropos vu mengem Kolleeg Garcia oder nach eng Gesetzespropos vun den Häre Loes a Schank, déi an déiselwecht Richtung gaange sinn. Dofir erlaabt mer, dass ech dem Här President e Bréif hannerloosse fir vläicht erëm déi zwee Gesetzesproposen erauszehuelen an déi da weiderzeleeden an d'Kommissioun vun der Agrikultur, fir vläicht do nach eng Kéier nei diskutéiert ze ginn. Wa mer wierklech den ekologesche Landbau hei am Land wëlle weiderféieren, dann ass dat e wonnerbare Moyen fir dat ze proposéieren.

Am Kader vum Hearing an dem folgenden Débat an der Chamber gouf och vill iwwer eng nei Ausriichtung vun de Labelen zu Lëtzebuerg vu Lëtzebuerger Produkter geschwat. D'Traçabilitéit vun de Liewensmëttel ass bekanntlech e wichtege Kritär fir d'Vertraue bei de Konsumenten oprechtzëerhalen. Säit Jore geet awer d'Zuel vun de Labelen hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi an d'Luucht. Dëst ass net ëmmer am Interesse vum Konsument, dee sech net méi an deem Labelsbësch zréckfënnt. Dëse Labelsbësch kann domat och net am Interesse vum Produzent sinn. Do ass eng Iwwerschaffung méi wéi sënnvoll. Eng éischt Approche war sécherlech d'Initiativ vun der Bauerenallianz, déi déi Zäit vun engem roude Punkt geschwat huet. Och dozou meng Fro: Gëtt et e Koordinatiounsgrupp iwwert d'Ausschaffen, respektiv d'Zesummeleeë vu Labelen? Wa jo, mat wéi enger Zilsetzung?

E weideren, ganz wichtege Punkt ass net nëmmen d'Informatioun iwwert d'Liewensmëttel selwer, mä och iwwer hir Herkunft, hiren Traitement an och d'Transformatioun. Hei gouf am Kader vun deem Débat eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung opfuerdert en Dialog tëschent dem Produzent vun de Liewensmëttel engersäits, den Distributeuren an de Restaurateuren op där anerer Säit ze féieren, dëst am Sënn vun enger besserer Traçabilitéit vun de Produiten, wat dem Vertraue vum Konsument vis-à-vis vun de Liewensmëttel zegutt kënnt. Ech mengen, jiddferee kennt d'Initiativ vun enger grousser Distributiounschaîne zesumme mat enger Zuuchtorganisatioun an den entspriechende Baueren. Ech mengen, déi Initiativ huet en immensen Erfolleg, wat jiddefalls dat Produkt ubelaangt.

Dofir meng Fro, Här Minister: Ass en Aarbechtsgrupp gegrënnt ginn, deen den Dialog tëschent de Produzenten engersäits, den Distributeuren an och de Restaurateuren anerersäits iwwert d'Kommunikatioun vu sämtlechen Aspekter vun der Chaîne alimentaire fördert - dat heescht, alles wat sech dorëms dréint, dass och déi Traçabilitéit zréckzefannen ass bis an de Restaurant?

Zum zweete Punkt iwwert d'Sécurité alimentaire mat all senge Strukturen an Ënnerstrukture stelle sech och eng ganz Rei vu Froen. Dass déi Strukture weider ausgebaut a stänneg verbessert musse ginn, huet d'Beispill vu mat Dioxin verseuchte Fuddermëttel an Holland viru knapps zwou Wochen erëm bewisen. Ouni performant Laboen an eng gutt Koordinatioun tëschent den eenzelne Kontroll- an Iwwerpréifungsorganer wier et och hei erëm zu gesondheetlech schiedleche Stoffer an der Liewensmëttelkett komm. Hei weist et sech erëm, wéi wichteg eng Iwwerpréifung vu sämtleche Prozesser, déi bei der Hierstellung vu Liewensmëttele bedeelegt sinn, ass. Et ass net fir näischt, dass d'europäescht Parlament säit Joren eng Positivlëscht fuerdert, déi festleet wat alles als Fuddermëttel däerf a wat als Fuddermëttel net däerf verkaaft ginn. Dëst ass sécherlech och en Dossier, deen ee mat an d'Présidence kann huelen.

Hei stellt sech natierlech d'Fro, ob Lëtzebuerg och an därselwechter Efficacitéit déi Iwwerpréifung hätt kënnen duerchféieren. Ech wëll den Däiwel net op d'Wand molen, mä ech bezweifelen et staark. Heifir gëtt et eng Rei ganz konkret Ursaachen. Mir hunn nach ëmmer e schrecklechen Defizit, dee souwuel déi personell wéi déi materiell Ausstattung vun eise Laboe betrëfft. Vun enger Akkreditéierung vun enger Rei vu Laboen ass och nach näischt ze gesinn. Des Weidere weess ech net, ob dee Labo iwwerhaapt a leschter Zäit geschafft huet, well wéi ech de Rapport 2003 vun där Cellule de coordination gelies hunn, ass grad iwwert dee Labo näischt méi opzefanne gewiescht, well do war eng Kopie vum Rapport vun 2002 dran. Eréischt haut de Moien ass déi Kopie Gott sei Dank awer zréckfonnt ginn. Vläicht kann een och do déi Kopie erëm op den Internet setzen, well säit Joren, wann een do op déi Plaz klickt - an do si mer wäit ewech vun engem eLuxembourg oder eGovernment -, kënnt bei der Sécurité alimentaire ëmmer nëmmen e schéine Männchen, deen nach ëmmer um Buedem do kappt, mä absolut keng aner Informatioune sinn ze fannen iwwert d'Sécurité alimentaire. Hei wier e schéint éischt Beispill fir kënnen deen Text zumindest dann op den Internet ze setzen. Dat wier en éischte Start an déi Richtung.

Dozou hunn ech zwou Froen. Wéi steet et speziell dann elo mat de Regroupementer an der Akkreditéierung vun de Laboen hei zu Lëtzebuerg? Hu mir dat néidegt Personal an déi materiell Ausstattung fir performant Analysen an de Laboë kënnen duerchzeféieren? Wéi steet et iwwerhaapt mat den Analysen, fir GMO-Produiten hei zu Lëtzebuerg och efficace kënnen ze iwwerpréiwen? Ech mengen, dat ass e Beräich, deen d'Leit insbesondere dobausse ganz vill interesséiert.

Wat de Service vun de Veterinären ubelaangt, sou schéngt et mer, datt mer dem Defizit vu Veterinären an Inspektere wuel vläicht mat Leit kënnen entgéintgoen. Awer wéi sot schonn den Direkter, den Här Besch: Dat wäert an nächster Zäit och nach laang op sech waarde loossen.

Mir schéngt et, dass de Problem éischter um strukturelle Plang ze sichen ass. No mengem Verständnis kann et net sinn, datt de Veterinär, deem säin éischte Rôle u sech d'Hëllefstellung an d'Berodung vum Bauer bei Problemer mat der Gesondheet oder dem Bien-être vum Béischt um Terrain sollt sinn, gläichzäiteg och eng efficace Kontroll vun der Hygiène an dem Bien-être vum Déier ka maachen. Hei ass vu vireran eng Vermëschung, en Interessekonflikt virprogrammëiert. D'Gefor, dass Gefällegkeetsberichter hei kënnen entstinn, ass ginn.

Wann een engersäits muss Berichter verfaassen iwwert d'Kontroll, wat dee Bauer do alles mécht, an anerersäits och Hëllefstellung mécht, dann ass legitim dass do mol en Interessekonflikt kann entstoen. Hei muss aus Siicht vun deene Gréngen eng kloer Trennung vu Berodung, Hëllefstellung an och Kontroll virleien.

Dës Propos kënnt jo net eleng vläicht vun deene Gréngen. D'Associatioun vun de Lëtzebuerger Médecins vétérinaires ruraux oder, wéi géif och hei am Eck gesot ginn, d'Groussdéierepraktiker, wéi dat op Lëtzebuergesch heescht, hu schonn nom Fréisenger Problem eng Rei vu Virschléi gemaach. Proposen déi a sech an déi Richtung ginn, fir deen Interessekonflikt zumindest e bëssen ofzeschwächen. Menges Wëssens jiddefalls sinn nach do keng informell oder offiziell Gespréicher tëschent dem Ministère an deene Vertrieder gefouert ginn.

Dofir eng Rei vu Froen, Här Minister. Gëtt d'Veterinärskontroll reforméiert? Wa jo, wéi? Sinn oder gi Gespréicher mat der zoustänneger Associatioun gefouert? Wéi kommt Der dem Personalmangel an der Veterinärsinspektioun entgéint? An da vläicht och e ganz wichtege Punkt: Misst een net eng cibléiert Campagne féieren, fir dass de Beruff vum Groussdéierepraktiker och erëm e bësse méi attraktiv gëtt?

Am Secteur ass e grousse Manktum an et muss oft laang op e Veterinär gewaart ginn, wa mol effektiv e Problem um Haff besteet, sief et bei der Gebuert oder bei anere Problemer. Do misst och d'Regierung, respektiv eng Campagne um Terrain fir dee Beruff gemaach ginn.

Eppes steet jiddefalls fest: Datt esou Zoustänn wéi zu Fréiseng schonns laang bekannt waren, an dat seet Iech jiddfereen am Milieu.

De groussen Deel vun eise Baueren hei am Land, an dat wëll ech awer och hei betounen, brauche sech, wat d'Hygiène an de Bien-être vun hiren Déieren ubelaangt, awer näischt virzewerfen.

De Problem vun deene Bauerebetriber ass och net eleng mat enger Veterinärskontroll gedoen. Hei ass de Problem op engem aneren Niveau ze sichen. Oft sinn déi Leit hoffnungslos iwwerfuerdert fir e moderne Bauerebetrib vun haut ze féieren, dat besonnesch um administrative Plang.

D'Koordinatioun tëschent deenen eenzelnen Instanzen am Beräich vun der Sécurité alimentaire mag vläicht um ieweschten Niveau mëttlerweil e bësse besser klappen; um Terrain schéngt et mir awer, dass do nach villes muss reforméiert ginn.

Firwat net och do eng Aart, wéi a villen anere Beräicher, vun engem Guichet unique fir de Bauer anzeféieren, wou all Aspekter vun enger moderner Gestioun vun engem Bauerenhaff beliicht kënne ginn? Dëst gëtt ëmsou méi wichteg, wann d'nächst Joer oder an deenen nächste Joren déi nei Reform a Musek ëmgesat gëtt, an do kommen nach eng ganz Rei vun neie Paperassen op se duer.

Fir d'éischt wëll ech awer nach op ee Punkt zréckkommen, dee vun der Sécurité alimentaire, a méi speziell iwwert d'Agences de sécurité alimentaire. Do gouf et och e Gesetzestext vum Här Fayot aus dem Joer 2001, dee seet, fir déi Agence do och kënnen anzeféieren. Aus dem Regierungsaccord geet och ervir, dass d'Kreatioun vun esou enger Agence sollt studéiert ginn. Wann déi Agence elo de Volet och kritt wéi déi a Frankräich, esou kënne mir jiddefalls vun deene Grénge ganz averstane sinn. Wann de Rôle sech nëmmen op eng Veille an d'Iwwerpréiwung vun de Liewensmëttel a respektiv d'Berodung an d'Alerte versteet, a kee Pouvoir de contrôle, wéi dat a Frankräich de Fall ass, da kënne mir duerchaus domadder averstane sinn.

Dofir meng Fro heiriwwer: Wéini lafen d'Etüden, fir d'Kreatioun vun enger Agence de sécurité alimentaire ze studéieren, un? Wéi e Rôle kritt déi Agence? Dëst betrëfft vläicht och den Här Santésminister, hien ass leider net méi do, awer dat ass u sech e Beräich, deen ech a sengem Ministère fonnt hunn.

(Interruption)

Une voix.- Wou steet dat dann?

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Dat weess ech net.

Da musst der do vläicht innerhalb der Regierung nach eng Kéier driwwer diskutéieren.

E leschte Punkt: Ech wëll nach en Ausbléck iwwert déi Agrarreform, déi jo bekanntlech d'nächst Joer uleeft, verléieren. Gläichzäiteg wëll ech awer och profitéieren, nach eng Kéier dee Guichet unique fir d'Baueren e bësse méi ze explizéieren.

Bon, déi nei europäesch Agrarpolitik, déi ab dem 1. Januar och hei zu Lëtzebuerg uleeft, gesäit jo bekanntlech eng Entkopplung vun der Produktioun vun de staatlechen Hëllefe vir. Dëst fir engersäits d'Iwwerproduktioun vu Liewensmëttel ze vermeiden an op där anerer Säit vläicht méi verstäerkt Natur-, Ëmweltschutz-, respektiv Déiereschutzoplage méi gerecht kënnen ze ginn, wat mir an deem Sënn nëmme kënnen ënnerstëtzen dann. Dës Bäihëllef, déi als Aart Jeton ausbezuelt gëtt an un d'Fläch vum Bauerebetrib gekoppelt ass, ass awer u gewëssen Oplage gekoppelt. An dës Oplagen, an dat mécht d'Saach elo vläicht komplizéiert fir de Bauer um Terrain, déi ënnert dem Numm vum Öko-Conditionnement bekannt sinn, gesinn eng Rei vun Iwwerpréiwungen, ech mengen an 18 Fäll vir, déi lues a lues ab 2005 ulafen, déi och deels schonn an deene leschte Jore kontrolléiert ginn. Do ass eng Unité de contrôle.

(Interruption)

Wat gelift?

Une voix.- Gréisstendeels!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Gréisstendeels. Mä gréisstendeels ass nach net schlussendlech, well iwwert déi Kontrolle kann ee sech jo nach ëmmer ënnerhalen, an och de Kritär, no wéi enge Prinzipie mer dee Contrôle duerchféieren.

Dës Felder ginn iwwert den Ëmweltschutz an natierlech och iwwert den Déiereschutz. Bei Verstéiss, an dat ass nei, ginn déi, natierlech prozentual wéi grouss dann dee Verstouss ass, elo réckwierkend op de Beitrag zréckgespillt. Dat heescht, d'Bäihëllef gëtt entspriechend gekierzt.

Dir gesitt, datt hei eng weider Etapp trotzdeem vun administrativer Aarbecht op de Bauer zoukënnt, déi d'Loscht um Beruff u sech net grad fördert.

Mir mussen also vläicht besser Instrumenter schafen, déi éischtens de Bauer a senger administrativer Aarbecht entlaascht, an op där anerer Säit Hëllefstellung a Form vu Berodung zum Beispill ubitt, fir sech deenen neien Erausfuerderunge vun enger moderner an nohalteger Landwirtschaft entgéint ze stellen.

Ech denken hei besonnesch och un eng Berodung, an dat ass virdrun an deem klengen Zitat erauskomm, wat ech gesot hunn, dass d'Biolandwirtschaft, och fir déi konventionell Landwirtschaft, an dat gëtt ëmmer verkannt, ganz vill Virdeeler mat sech bréngt. Well firwat d'Biolandwirtschaft hei zu Lëtzebuerg net an deem Sënn ëmgesat gëtt, berout a groussen Deeler op der Onwëssenheet an einfach op engem Wëssensdefizit, deen an der konventioneller Landwirtschaft besteet.

Wa mer op dee Wee ginn, dass mer déi biologesch Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg méi verstäerkt ausbauen, da kommen do och eng ganz Rei vun neien Erkenntnisser eraus, déi mer duerchaus mussen de konventionelle Bauere mat op de Wee ginn.

Wat ass d'Iddi, déi hannert deem Guichet unique u sech stécht? Mir schwätze souwuel am Handwierk wéi bei anere Firmae vun enger Regruppéierung vun allen administrative Chargen. Mir wëssen duerch den Öko-Conditionnement an där Unité de contrôle, dass do eng ganz Rei vun anere Ministèren, et ass d'Ëmweltverwaltung oder den Innenministère mam Waasserwirtschaftsamt, verschidde Reie vu Moossnamen, oder wat d'Waasserqualitéit ubelaangt, iwwerpréift. Sou mécht et duerchaus Sënn eng Cellule ze schafen, déi u sech dat alles regruppéiert, dass de Bauer net, nodeem en d'Unité de contrôle schonn eng Kéier laanscht gehat huet an immens vill Defizitter festgestallt goufen, dass am Virfeld zu deene Kontrollen u sech eng Unitéit wier, déi dat alles regruppéiert.

Dat heescht, et si jo eng ganz Rei vu Moossnamen, déi scho lafen. Ech mengen d'ASTA mécht seng Berodung. Et ass de Veterinär dee selwer an deem Beräich eng Berodung mécht.

De Fall Fréiseng huet bewisen, dass et jo net nëmmen e Fall vun Déiereproblematik war, mä och e Fall vu Sozialproblematik. Dass een an där Cellule do praktesch och Elementer erabréngt, wann et muss de Fall sinn, och op sozialem Plang kënnen Hëllef ze stellen.

Dat ass e Beräich, deen och bei de Baueren e groussen Defizit opweist, well eng ganz Rei vun administrativen Hürden d'Loscht u sech an och d'Zukunftsperspektiv vun dem Bauerestand behënnert. Dofir déposéieren ech eng Motioun, déi all déi Punkten opwerft, fir ze soen dass sollen Ënnersichunge gemaach gi fir an déi Richtung vun engem Guichet unique ze goen, och fir de Bauer, dee sech do kéint eng Hëllefstellung an deem Beräich virstellen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que l'agriculture se trouve face à un nombre croissant de règlements techniques, hygiéniques et sanitaires;

- que la réforme de la politique agricole commune implique le respect de nouvelles exigences en matière de protection de l'environnement, de la nature et des animaux;

- que l'agriculture a souvent des difficultés à assumer ce travail «administratif» sans cesse croissant à côté de son travail «pratique» sur le terrain;

- que les formalités administratives et les procédures de contrôle devraient être facilitées pour permettre à l'agriculture de se consacrer davantage à sa fonction essentielle: la production de denrées alimentaires;

- qu'une transparence et une meilleure communication sur les formalités administratives et les contrôles sanitaires profiteront aussi bien à l'agriculture qu'aux consommateurs;

- que toutes ces formalités visent finalement à garantir la qualité des produits;

- que les consommateurs sont en droit d'exiger toutes les garanties de qualité;

- que le Gouvernement a annoncé l'élaboration d'un Code des consommateurs;

invite le Gouvernement

- à mettre en place une structure pluridisciplinaire et interministérielle de type «guichet unique» rassemblant tous les services concernés et ayant au moins les trois objectifs suivants:

1. améliorer l'information et les connaissances de l'agriculture luxembourgeoise;

2. fournir une assistance administrative et technique à l'agriculture luxembourgeoise;

3. viser une simplification de l'ensemble des formalités administratives auxquelles l'agriculture luxembourgeoise doit faire face.

(s.) Henri Kox, François Bausch.

Bon, ech gesinn dass ech schonn e bësse méi wäit iwwert déi 20 Minutten eraus sinn.

Zum Schluss vu menger Interpellatioun wëll ech awer nach e puer perséinlech Remarquen oder Bemierkungen iwwert d'Landwirtschaft am Allgemenge maachen, wat och eis heibannen all misst ugoen.

D'Produktioun, den Ëmgank an de Gebrauch vu sécheren a gesonde Liewensmëttel - ech mengen dat ënnerschreift jiddfereen - ass e ganz wichtege Beräich vun eiser Gesellschaft ginn, an dofir musse mir als Politiker dëst och prioritär behandelen. Heibäi spillt d'Landwirtschaft e ganz wichtege Rôle, och an engem Land wéi Lëtzebuerg, wann net déi zentral Roll.

Et ass dofir en Optrag un d'Gesellschaft déi Mëttel a Ressourcë fräizestellen, datt d'Landwirtschaft erëm méi selbstbewosst dee Rôle kann iwwerhuelen. D'Landwirtschaft däerf net nach weider, wéi dat de Moment de Fall ass, an den Eck gedréckt ginn an als lescht Glidd vun enger industrieller Ketten, als Handlanger vu multinationale Gesellschaften. Ech froen Iech: Ass et dann normal wa mer dem Bauer Mais verkafen, dee sech net méi selwer ka reproduzéieren, dee Mais just dann nach gutt wiisst wa mer och nach déi Sprëtzmëttel an Düngermëttel vun därselwechter Firma mussen asetzen? Wat ass dat fir eng Zukunftsperspektiv fir e Bauer? Dat kann u sech keen heibanne kal loossen. Do musse mir u sech vill méi staark dorobber reagéieren. Do heescht et u sech, wéi ech am Virfeld gesot hunn, net stëll ze sinn, mä sech ze bewegen.

Bei esou enger Landwirtschaft, an dat kann ech Iech hei versécheren, maachen ech, maachen déi Gréng jiddefalls net mat. Mir däerfen d'Gesetz vun der Natur net op d'Kopp setzen.

Villes ass bei der Landschaft duerch déi industriell Logik och verluer gaangen. Aus eegener Erfahrung, an dat ass meng ganz perséinlech Vue vun deene Joren, déi ech do matgemaach hunn, ass d'Ëmstellung aus deem Sens unique, dee mer de Moment hunn, immens schwéier.

Säit fënnef Joer schaffen ech aktiv un enger Ëmstrukturéierung vun engem Wënzerbetrib op Biowäin mat, fir aus dem Sens unique eraus a gläichzäiteg erëm zréck an en natierleche Kreeslaf ze kommen, d'Ofhängegkeet vun industriellen a kënschtleche Mëttelen ze reduzéieren, souguer deels, wat d'Liewensmëttel Wäin, a fir mech ass et e Liewensmëttel, komplett ze verbannen. Haut kann ech jiddefalls soen, dass et geet, an et geet souguer gutt. De Problem awer ass, dat verlaangt Wëssen, dat verlaangt Iwwerzeegung, dat verlaangt Kooperatioun, dat verlaangt Vertrauen an d'Natur an dat verlaangt Loscht an dat verlaangt Visiounen, déi jo och oft verpöhnt waren.

D'Kompetenze kommen awer net vum selwen. D'Kompetenzen an d'Motivatioun fir an déi Richtung ze goen, déi musse mir, déi mussen d'Politik, déi mussen d'Gewerkschaften, déi an deem Beräich schaffen, och erëm vermëttelen. Hei huet déi industriell Logik jiddefalls bei de Bauere komplett Aarbecht gemaach. Et muss immens vill Iwwerzeegungsleeschtung nach do erageluecht ginn, fir dat effektiv ze duerchbriechen, well de meeschte Widderstand par rapport zu dem Biolandbau kënnt aus den eegene Reien. An dat mécht mech ëmsou méi rosen, dass dat esou de Fall ass.

Dir Dammen an Dir Häre, do kënne vill Leit dovunner profitéieren. Jidderee vun deem Wandel huet do seng Part, déi en dovu ka profitéieren. Ech nennen do nëmmen ee Beispill, dat ass dat vun de Kanner, well et sinn d'Kanner, déi an der Zukunft wäerten ënnert deem Sens unique vun enger Landwirtschaft, wéi se de Moment bedriwwe gëtt, leiden. Leider feelt mer d'Zäit e bësse méi wäit dorobber anzegoen, awer just een Aspekt, well deen och an der leschter Zäit an der Diskussioun ass, dat ass den Aspekt vum Iwwergewiicht.

Dir wësst alleguerten, wa mir samschdes owes emol feieren doheem, mir maachen eis et gemittlech mat de Frënn, mir maachen e regelrechte Kult wat d'Iesskultur ubelaangt, mä firwat maache mer dat dann net mat eise Kanner? Firwat vermëttele mer net erëm de richtegen ëmweltbewossten Ëmgank mat de Liewensmëttel? Firwat loosse mer se eleng an deem Domän, wat dozou féiert, dass mer haut all véiert oder all fënneft Kand hei a Lëtzebuerg scho mat Iwwergewiicht hunn.

D'Erzéiung zum Liewen heescht och eng Erzéiung zu enger gesonder an ausgeglachener Iesskultur. Hei sinn net nëmmen d'Elteren oder d'Gesellschaft, mä do mengen ech speziell d'Schoule gefuerdert, déi, an do ass dat wat virdrun och schonn ugeschwat ginn ass, dat vun de Kantinnen, e ganz wichtegen Apport erëm iwwert d'Kantinnen de Wee an d'Loscht op gesond Iesse kënnen ze vermëttelen. Dëst geet awer net vum selwen. Do sinn Initiative gefrot an net d'Ofwaarde bis d'Kand erëm am Pëtz läit. De Stëllstand ass also out, d'Bewegung ass in. Wat mir brauchen ass eng regelrecht Bewegungsrevolutioun an net nëmmen an dësem Beräich, mä a ville Beräicher.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement ageschriwwen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt just eng Remarque maachen. Bei der Motioun, déi den Här Kox déposéiert huet, sinn nëmmen zwou Ënnerschréften drop. Dat ass, well mer deenen anere Fraktiounen d'Chance wëlle gi mat drop ze ënnerschreiwen, wa se d'accord wieren. Ansonste brénge mir eis Ënnerschréft natierlech.

M. le Président.- Merci, Här Bausch.

Discussion générale

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn et haut, wéi mer héieren hunn, mat enger Interpellatioun vun der Regierung ze dinn iwwer verschidden Aspekter vun der Agrarpolitik. Ufanks 2004 hat den Här Georges Wohlfart schonn dës Iddi, mä him seng Demande fir eng Interpellatioun vun der Regierung gouf zu deem Zäitpunkt an eng Question avec débat ëmgewandelt, déi dann och de 5. Mee 2004 heibanne stattfonnt huet an diskutéiert gouf.

Den Interpellant, den Här Kox, vun der grénger Fraktioun gëtt als Diskussiounssujeten dräi Haaptthemeberäicher un:

1. d'Répercussioun an de Contrôle vun der Réforme communautaire,

2. d'Sécurité alimentaire an

3. de Bien-être des animaux.

Här President, ech fänke mat deem un, mat deem den Här Kox opgehalen huet, d'Entkopplung vun den direkte Bäihëllefen, déi zu bal 100% u sech Produktiounsbäihëllefe sinn, ass e Schrëtt, deen ee bei der Mise en oeuvre vun der Agenda 2000 nach net virausgesi konnt. Et war du bei der sou genanntener „midterm review" 2003, wou den Här Fischler dunn d'Kaz aus dem Sak gelooss huet. Et koum 2003, nodeems en nach majoritär déi europäesch Agrarministere vu sengen Iddien iwwerzeegt hat, net zu der Zéiung vun enger renger Zwëschebilanz, neen, et koum ganz schnell zu enger kompletter Ëmorientéierung vun der europäescher Subventiounspolitik, wat déi direkt Bäihëllefen ugeet.

Et ass u sech eng Reform vun der europäescher Machtordnung. Et ass keng Reform u sech vum Agrargesetz. Ouni elo wëllen an den Detail ze goe wéi oder no welche Modellen déi eenzel Memberstaten dës Entkopplung vun direkte Bäihëllefe realiséiere wëllen, bleift awer festzehalen, datt et an all Memberstat zu komplett neien Orientéierunge komme wäert. Och wann am Ufank, soen ech emol, net jidderee sech séier mam Här Fischler senge Gedankegäng konnt ufrënnen, esou muss een awer agestoen, wann een éierlech mat sech selwer ass, a wann een dat wat geschitt net ze vill duerch de Brëll vun dem eegene Betrib gesäit, datt ënnert dem Strëch bei dëser Reform dach awer dat Positiivt dat Negatiivt iwwerweit.

Wichteg fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft ass, datt déi Gelder, déi bis elo direkt als Produktiounshëllefen der aktiver Landwirtschaft zegutt komm sinn, an ech betounen, Här President, datt der aktiver Landwirtschaft déi Gelder och erhale bleiwen. Firwat dréine mer elo schonns op hallwem Parcours deem ale Bäihëllefesystem de Réck? Et gëtt verständlech Grënn an och verständlech Erklärungen dofir an och dozou.

Mir hunn an Europa, och hei zu Lëtzebuerg, sief et am Fleeschsecteur oder an anere Secteuren, wou et zu Produktiounsbäihëllefe koum, et och ganz dacks mat enger Iwwerproduktioun ze dinn. Et ass an deem Kontext, wann een éierlech mat sech selwer ass, en Onsënn sonnergläiche fir verschidde Produkter esou staark ze subventionéieren an iwwert de Wee vu Subventiounen dann d'Iwwerproduktioun och nach ze förderen. Well eent ass kloer, wann d'Politik wéi bis elo der Meenung war, duerch direkt Bäihëllefen d'Produktioun ze förderen, dann ass d'Iwwerproduktioun eng logesch Konsequenz dovunner.

Den Här Friedrich-Wilhelm Graefe zu Baringdorf huet, wéi en hei bei eis am Hearing iwwert d'Sécurité alimentaire war, Folgendes gesot: „Überschüsse hat es überall da gegeben, wo diese staatliche Intervention griff, weil sie wie ein Staubsauger gewirkt hat. Die Betriebe haben nicht mehr für den Absatz sorgen müssen und in diese staatlichen Interventionen hinein produziert. Und die Preise waren so angesetzt, dass die rationalisierte Produktion gerade ihre Kosten deckte. Das ist ungefähr so als wenn Sie VW für den Golf eine Abnahmegarantie geben, legen 20.000 Mark drauf auf jeden und tun ihn auf den Weltmarkt. Die hören nie auf Golfe zu produzieren. Wir haben Golfberge mit Sicherheit", huet deen Här hei gesot.

Une voix.- Dat ass ganz richteg.

M. Lucien Clement *(CSV).*- An der Nokrichszäit, soen ech emol, huet ee Stot praktesch d'Halschent, 50% vu sengem Akommes fir Liewensmëttel ausginn. Net jiddereen hei zu Lëtzebuerg an och net sosswou an Europa konnt sech zu där Zäit dat um Dësch leeschten zu deem e Loscht hat. D'Politik huet zu där Zäit gemengt, se misst do reagéieren an huet versicht iwwert de Wee vu Subventiounen un d'Agrarwirtschaft d'Liewensmëttele méi bëlleg ze maachen. Dat war zu deem Zäitpunkt sécher net falsch, an d'Operatioun war bis zu den 90er Joren, dat kann ee roueg soen, e risege Succès. De Bifdeck blouf fir de Konsument bëlleg, während all déi aner Saachen deem normalen Zyklus vun der Deierecht ënnerleeë waren.

Dunn ufanks den 90er Jore gouf den Zäitpunkt awer verpasst fir der Landwirtschaft en neit Konzept ze verschreiwen. D'Landwirtschaft huet ausganks den 80er, ufanks den 90er Joren duerch nei, méi performant Produktiounsmethoden an ëmmer méi op Produktioun ausgeriichte Bäihëllefen ëmmer méi produzéiert, wat dunn zum Resultat hat, datt déi bis dohinner nach eenegermoossen annehmbar Präisser ëmmer méi déif an de Keller gerutscht sinn.

De Succès vun dëser Politik ass an deem Sënn - soen ech mol iwwerspëtzt - esou grouss, datt haut an der Europäescher Unioun de Botter méi bëlleg ass wéi Schongwichs an d'Mëllech bëlleger wéi de Vittel, datt eng Tonn Weess, déi de Bauer verkeeft, manner wäert ass wéi ee muss ausgi fir eng Tonn Müll fortzeféieren an ze entsuergen.

Dem neie Modell soll een dofir - soen ech emol - och net allze pessimistesch entgéintkucken. Et ass schonns bal eng radikal Ëmännerung. Et wäert eng Neiausriichtung ginn. De Bauer kann an Zukunft mat deem neie Primëmodell méi maartgerecht produzéieren an doduerch och méi laangfristeg plangen. E kann, ouni sich missen u Produktiounsprimen ze orientéieren, dat produzéieren, wat e fir richteg hält a wouvun e mengt, wat am beschten zu sengem Betrib passe géif.

Och wann, wéi schonns ufanks gesot, net jiddferee mat deem zréckbehalene Modell, oder deem Modell, dee wäert zréckbehale ginn, zefridden ass, sou ass en fin de compte dach wichteg, dass an hirer Gesamtheet der Landwirtschaft keng Gelder verluer ginn.

Mä ee Volet vun dëser kompletter Ëmorientéiereung vun de Primë léisst awer nach Froen op. Et ass nämlech virgesinn, datt bei den zukünftege Verkeef oder Verpachtungen d'Prime à l'hectar op den Terrainë bleiwe kann. Verpacht kann nëmmen den Terrain mat der Prime ginn. Beim Verkaf dogéint ass et méiglech den Terrain oder d'Prime eenzel ze veräusseren. Bleift et bei dëse Virschléi, wäerten elei allerdéngs der aktiver Landwirtschaft zugonschte vun deenen, déi ophalen, massiv Gelder verluer goen. Mir wäerten elei e System kréien oder heiduercher kreéieren, deen ähnlech wäert si wéi deen, dee mer vun de Mëllechquoten hier kennen. Duerch de Verkaf oder d'Verpachtung vu Mëllechquoten huet en fin de compte de sou genannte „Sofamelker" netto méi Geld verdéngt wéi deen, deen an der Realitéit Kéi gestrach huet.

Ech mengen, Här Minister, et soll ee versichen dëse Volet vun der Neiorientéierung nach eng Kéier opzemaachen a mat deene Responsabele probéieren ze diskutéieren an och no neie Solutiounen ze sichen.

Ass awer elo - soen ech emol - op europäeschem Niveau keng Solutioun méiglech an d'Kommissioun bleift stur bei hire Virstellungen, wëll ech awer einfach emol vun dëser Plaz aus en Appel un all Bauer maachen, un deen, deen en Terrain pachten oder kafe geet, an och un déi, déi verpachten oder verkafen, fir korrekt mat dëse Präisser, wat de Volet Primen ugeet, déi op den Terrainë sinn, ëmzegoen. Et bréngt der aktiver Landwirtschaft näischt, wa Gelder, déi hinne vu Rechts wegen zoustinn, herno zu engem groussen Deel an de Pensioune verschwannen.

Mir brauchen, Här President, hei zu Lëtzebuerg performant Agrarbetriber. D'Fro stellt sech dofir net, wéi vill Betriber Joer fir Joer ophalen, mä d'Fro déi sech stellt, oder déi ee sech stelle muss, ass déi, ob déi Betriber, déi hei zu Lëtzebuerg bleiwen, performant genuch sinn, fir och kënnen ze bestoen. Fir performant Betriber zu hunn, muss an der Landwirtschaft grad wéi an anere Secteure vum Handwierk oder vum Commerce d'Ausbildung a virun allem awer d'Weiderbildung eng richteg Prioritéit kréien.

Dofir ass et nëmmen ze begréissen, dass d'Regierungserklärung d'Kreatioun vun engem Centre de compétence virgesäit. Nëmmen e gebündelt Wëssen, dat un déi Aktiv aus dem Secteur weidervermëttelt gi kann, bréngt eis elei no vir. Allerdéngs - an dat ass séier wichteg - muss och d'Bereetschaft vun all eenzelnen do sinn, fir sech dat Wëssen och wëllen unzëeegnen. E moderne Bauer ass wirtschaftlech gesinn en Entrepreneur, dofir ass et wichteg dass de Bauer och anere Betribsleederen aus dem Artisanat gläichgestallt gëtt. D'Aféierung vun engem Brevet de maîtrise pour le secteur agricole, wéi et an der Koalitiounserklärung steet, ass nëmmen ze begréissen. Eng Meeschterprüfung dréit nieft der Wëssensvermëttlung, déi ee souwisou doduerjer kritt, mat Sécherheet awer och zum Image vun deem ganze landwirtschaftleche Stand bäi.

Entrepreneur sinn - a gleeft mer es, de Bauer vun der Zukunft wäert Entrepreneur sinn - heescht ënner anerem och, dass een innovativ muss sinn; eng Eegeschaft, déi zwar och an anere Secteuren ëmmer méi rar gëtt. De Lëtzebuerger huet eben d'Tendenz an zéit et ëmmer méi vir, fir an deem sou genannte Secteur protégé säi Geld wëllen ze verdéngen.

Dovun ofgesinn hunn d'Lëtzebuerger Landwirtschaft an de Wäibau hei zu Lëtzebuerg och dank deem neien Agrargesetz an deene leschte Jore ganz vill awer investéiert. 210 Milliioune goufen an deene leschte véier Joer am Secteur fir de Secteur investéiert. Dat Ganzt ass dunn och mat ronn 95 Milliounen Euro vum Stat begleet ginn. Ech mengen net, dass eis Baueren a Wënzer sou domm si fir vill, an hei kann ee scho soe ganz vill Geld an hir Betriber ze investéieren, ouni dass se un d'Zukunft vun hire Betriber gleewen. Déi bestoend oder déi verbleiwend Betriber wäerten duerch sou héich Investitioune wesentlech méi performant ginn a wäerten och en fin de compte wesentlech méi rationell schaffe kënnen.

De Biolandbau muss a soll weider gefördert ginn, dat huet den Här Kox gesot. Ech ënnerstëtzen dat och, mä ech sinn awer trotzdeem net iwwerall senger Meenung, wat dat betrëfft, wat en do gesot huet, an ech explizéiere mech och. Falsch wier et menger Meenung no awer fir sech haut festzeleeën, wéi vill Prozent Biolandbau et solle sinn. Dat soll menger Meenung no de fräie Maart, de fräie Marché, d'Angebot an d'Nofro, déi mussen dat selwer regelen. Gëtt et nämlech ze séier en Uwuesse vum Biolandbau duerch staatlech Ënnerstëtzungen oder aner Mesuren, gëtt dat Uwuessen ze séier an de fräie Maart dobausse verschafft dat net an deem Mooss a verkraaft dat net an deem Mooss, rëtscht et ganz séier wéi an deem anere Secteur och am Biolandbau mat Sécherheet an eng Iwwerproduktioun eran. Eng Iwwerproduktioun, déi dann, wéi ech et scho virdru gesot hunn, als logesch Folleg och negativ sech op d'Präisser vun de Bioprodukter nidderschloe wäert.

Et gëtt, Här President, nach Agrarnischen hei zu Lëtzebuerg. Ech denken do speziell un d'Gefligel an un d'Kanéngercherszuucht. Och e Schluechthaus fir Gefligel a Kanéngercher a méi enger reduzéierter Planung misst hei zu Lëtzebuerg menger Meenung no machbar sinn. D'Argument, wat een héiert, nëmmen ab enger gewëssener

Gréisst wier sou e Schluechthaus rentabel, loossen ech a sech perséinlech awer guer net gëllen, well ech kucke mol eng Kéier déi Schluechthaiser, déi mer hei zu Lëtzebuerg fir Ranner a Schwäin hunn, a gesinn, dass déi och net déi Risecapacitéiten hu wéi mer se am Ausland kennen. Hei kënnt et menger Meenung no éischter op d'Gestioun vun dem Schluechthaus selwer, op den Know-how un, anstatt dass d'Gréisst vum Gebai ausschlaggebend ass, ob et ka rentabel sinn oder ob et net soll rentabel sinn.

Ech sinn iwwerzeegt, wa mer e Label, wéi mer en am Rëndfleeschsecteur kennen - zu Lëtzebuerg gebuer, gefiddert a geschluecht -, maachen, dass esou e Label och bei der Gefligel- a Kanéngercherszuucht Succès hätt.

Zu den Nischen an Nieweprodukter sinn och, soen ech emol, d'Biogasanlagen ze zielen. Se ginn iwwert d'Agrargesetz bis zu 60% subventionéiert. Den Investitiounsplaffong gëtt pro Bauer ëm sechs Milliounen al Frangen doduerch eropgesat. D'Biogasanlage sinn ëmweltfrëndlech a stelle sécherlech eng alternativ an zousätzlech Akommesquell fir de Bauer duer.

Fir gesond a performant Betriber, wéi ech gesot hunn, zu Lëtzebuerg ze hunn, muss och de Remembrement, do wou e méiglech ass, weidergedriwwen an och weidergefouert ginn. Och wann et hei heiansdo am Virfeld vun deem Remembrement zu verschiddenen Onstëmmegkeete kënnt, sou héiert een awer, nodeem dass de Remembrement fäerdeg gestallt ass, ganz selten nach Reklamatiounen. De Remembrement ass mat Sécherheet e wichtegen Atout fir déi kommend Generatioun vu Betriber. En erméiglecht op eng efficace Aart a Weis méi e rationellt Schaffen, wat mat Sécherheet en Ofsenke vun de Käschte mat sech bréngt. Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir de Remembrement vun de Wéngerten.

Liewensmëttelsécherheet ass a bleift eng vun deene ganz groussen Erausfuerderungen, net nëmme fir de Secteur eleng, mä fir eis alleguerten. No deene ville Liewensmëttelskandaler aus den 90er Joren hunn d'Bauere selwer immens vill Effortë gemaach fir d'Transparenz am Fleeschsecteur ze garantéieren. Ech denken do un d'Aféiere vum Sanitel-System, en Erkennungssystem, deen et erlaabt all Statiounen, déi e Béischt a sengem Liewen hat oder huet, nozevollzéien. Esouguer geet d'Traçabilitéit esou wäit, dass och d'Ouermark vun der Mamm um Pass vum Béischt steet.

Zur Zäit, soen ech emol, wou dëse System agefouert gouf, war och net grad jiddfereen aus dem Secteur dovunner begeeschtert, mä haut soen ech einfach gehéiert dat zum Alldag an et gëtt och als normal ëmfonnt.

Hei wëll ech vun dëser Plaz aus awer och e Luef allerdéngs un déi Leit riichten, déi an dësem Service Sanitel schaffen. Dass et haut zu Lëtzebuerg bal, oder ech soe mol méi Leit gëtt, déi kee Pass hunn, wéi Béischten, déi kee Pass hunn, ass ganz bestëmmt och zum Deel hire Mérite.

Eng Fro wëll ech dem Här Minister an dësem Kontext awer och stellen, an den Här Kox hat dat schonn ugeschwat, vun där Motioun, wou mer d'Regierung dran opgefuerdert hunn, fir mat der Restauratioun déi Gespréicher do ze féieren, fir eventuell och d'Traçabilitéit an d'Transparenz vun den Originen op hire Menüskaarten opzeféieren a wéi déi Gespréicher gediege sinn an ob do iwwerhaapt eng Kéier eppes zustane komm ass. Ech weess aus Erfahrung, datt et verschidde Restaurante ginn, déi dat fräiwëlleg maachen, déi och ganz gutt domadder fueren, mä ech wier awer trotzdeem frou, wann den Här Minister eis do kéint eng Äntwert drop ginn.

Nom Hearing iwwert d'Sécurité alimentaire stounge verschidde Fuerderungen a Suggestiounen am Raum. Vill, géif ech soen, sinn der ewell ëmgesat ginn an et ass an deem Kontext eng Cellule de concertation tëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Santésministère op d'Bee gesat ginn. Do sinn Experten aus deene verschiddene Verwaltungen dran, déi sech mat Liewensmëttelsécherheet ausernee setzen. Se maachen esouwuel eng Gestioun eléi eng Kommunikatioun vum Risiko. Net méi spéit eléi d'lescht Woch krute mer e Rapport d'activité vun 2003 zougestallt. Ouni elo wëllen an den Detail vun dësem Rapport ze goen, konnt een awer feststellen, datt hei vill, souguer ganz vill geschafft ginn ass.

Des Weidere sinn d'Effektiver vun der Veterinärsverwaltung zolidd augmentéiert ginn. Mir hunn en neit Gesetz gestëmmt. Et si sechs Leit zousätzlech dobäi komm. Et ass e Poste vum Coordinateur fir Liewensmëttelsécherheet am Landwirtschaftsminisère geschafe ginn. D'Gesetz iwwert de Laboratoire de Santé zu Diddeleng ass gestëmmt ginn. Ech hoffen, datt de Projet de loi fir de Bau vum Veterinärslaboratoire och geschwë ka realiséiert ginn, sou wéi d'Chamber dat elo schonns an zwou Motioune gefuerdert huet. Et steet iwwrigens och esou am Koalitiounsaccord, an ech zitéierten: «La réalisation d'un laboratoire vétérinaire moderne et performant constituera un corollaire indispensable.»

Obschonns et zwee verschidde Laboe sinn, dierft et awer hei, eiser Meenung no, tëschtent deene zwee zu Synergië kommen. Mir hunn deemools am Rapport iwwert d'Sécurité alimentaire vun deem Labocampus geschwat. Et dierft dann, wann dës Projete bis realiséiert sinn, och keen Thema méi sinn, Här President, fir datt déi zwee Laboen och akkreditéiert ginn.

D'Liewensmëttelsécherheet gëtt och an de Schlachthaiser grouss geschriwwen. Nieft deenen äusserst strengen hygienesche Virschréften, wat d'Botzen, den Aarbechtsoflaf, d'Gezei vum Personal ugeet, gëtt och nach ëmmer sämtlecht Risikomaterial entsuergt. Des Weidere gëtt ëmmer nach all Stéck Véi, wat méi wéi 30 Méint al ass, op BSE getest. Och hei kascht dat - soen ech emol zurecht, déi vum Konsument gefuedert Liewensmëttelsécherheet - de Bauer an d'Schluechthaiser eng schéi Staang Geld. Richteg wier et jo a sech, ekonomesch gesinn, wann dëse Surplus vu Käschten op de Verbraucher iergendwéi iwwerdro gi kënnt, mä dee ganze Marché steet ëmmer nach finanziell esou ënner Drock, datt dat bis elo nach net gelongen ass.

Ech woen ze behaapten, dass d'Liewensmëttel haut esou sécher sinn eléi se nach ni virdru waren. Mir hunn allerdéngs en Defizit bei der Aart a Weis fir et duerzestellen. Et gëtt och keen Nullrisiko bei der Liewensmëttelsécherheet; haut net an och net an Zukunft. Et soll kee mengen, datt et dat kéint ginn; et gëtt dat net. Dofir solle mer d'Leit dobaussen dat och net an där Form gleewen dinn. Bei alle Skandaler, déi mer an deene leschte Jore kannt hunn, sinn déi wéinegst - well mer hei iwwert d'Landwirtschaft schwätzen - um Bauerenhaff selwer ugaangen. Den Ursprong vun de Skanaler loung net bei de Baueren, et louch bei anere Leit wéi bei der Landwirtschaft.

Wat elo d'OGMen ugeet, huet d'Lëtzebuerger Regierung, oder besser gesot den Här Boden, ëmmer eng äusserst restriktiv Haltung gehat, ëmmer nom Principe de précaution. Den Här Boden wäert och an Zukunft, mengen ech, dës Meenung weider vertrieden.

Als leschte Punkt vu menger Interventioun wëll ech dann op den Déiereschutz agoen. De Bien-être des animaux, wéi en ëmmer erëm am Agrargesetz opgefouert gëtt an och an de Lastenhefter vun deenen eenzelne Labelen, ass eng Saach an absichtlech Déierequälerei duerch Mënschenhand ass eng aner Saach.

Fir d'éischt dann zum Bien-être des animaux.

Dat bedeit, an d'Wuert seet et schonn, wéi en Deier gehale gëtt, wéi et gefleegt gëtt, wéi et gefiddert gëtt, wéi vill Plaz ëm zur Verfügung steet fir sech ze bewegen, wéi sinn déi hygienesch Begleitëmstänn, wéi ass et mat der Propretéit a sengem Stall, wéi ass et mat der medezinescher Betreiung am Fall vu Krankheet.

Mir hunn a leschter Zäit - an et ass jo och schonns gesot ginn - ëmmer erëm a méi oder manner regelméissegen Ofstänn misse feststellen, dass et Bauerebetriber gëtt - fir et dann emol galant auszedrécken - wou d'Véi net no deenen elementaarste Regele gehale gëtt. Schrecklech Biller sinn dann och déi Deeg drop duerch d'Dagespress gegeeschtert an hunn domat e ganz Beruffsstand souzesoen op d'Uklobänk gesat.

Vill Bauerefraen a vill Baueremänner, déi hiert Véi wierklech gären hunn, hu mat dëse Biller selwer gelidden. Et ass mat Sécherheet nëmmen e klenge Prozentsaz, wann et iwwerhaapt e Prozent ass, vun alle Baueren, déi hiert Véi net uerdnungsgeméiss halen. Dëser klenger Minderheet, dëser handvoll Baueren, déi all deenen aneren, all deenen, déi hiert Véi, soen ech emol, uerdnungsgeméiss halen, ganz vill Schued zoufügen, muss ohne wenn und aber d'Handwierk geluecht ginn.

Et ass um zoustännege Veterinär - an do sinn ech net der Meenung wéi den Här Kox -, deen op den Haff kënnt, deen och iwwert d'Reglement gehalen ass fir zweemol am Joer e Rapport un d'Veterinärsverwaltung ze schécken, fir op éischt Onregelméissegkeeten hinzeweisen. Kënnt de Bauer awer dëser éischter preventiver Opfuerderung net no, muss als logesch Konsequenz d'Veterinärsinspektioun ageschalt ginn.

Ech sinn net där Meenung - an dat als Beispill -, datt eng Kou, déi nëmmen op engem Ouer gemarkt ass anstatt op zwee, oder an enger Wiss ronderëm den Trach steet, wou sech - well et vill gereent huet - Bulli ugesammelt huet, datt dat Verstéiss si géint de Bien-être des animaux. Et muss ee wëssen, e Koustall ass nun emol keng Salle à manger an et ass och net déi beschte Stuff; dat einfach emol gesot un d'Adress vun all deenen, déi net grad all Dag mat deenen Déieren ze dinn hunn.

Awer Kadaveren um Bauerenhaff, aus wellecher Ursaach och ëmmer, Honn oder Béischter, déi d'Ketten agewuess hunn, Béischter déi hallef erhéngert oder erdiichtert sinn, Béischter déi net gemëscht sinn a bal an hirem eegenen Dreck erstécken, dat sinn Tatsaachen, déi gehéiere bestrooft.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech hat viru kuerzem eng Question parlementaire un den Här Boden gestallt iwwert de Ramassage vun de Kadavere während de Summerméint. Ech krut als Äntwert, datt de Ramassage an der Regel misst bannent 24 Stonne geschéien. En Délai, dee mir u sech och räsonnabel erschéngt, wann deen Délai vun der Firma Rendac och agehale gëtt a wann net zoufällegerweis e Sonndeg oder e Feierdag dertëschent läit.

Am Wanter ass dat, Här President, manner schlëmm, mä am Summer bei héijen Temperaturen, wann een eng doudeg Kou oder Schwäin no 48 Stonne gesinn huet, ass dat net grad ästhetesch fir ze kucken. Dofir nach eng Kéier meng Demande, Här Minster, bei dëser Firma nozehacken, dass se op d'mannst an de Summerméint, och wann et net an hirer Konventioun steet, samsdes d'Véi um Haff ewech huelen. Ech soen och an deem Kontext, wa mer esou vill Kontrolle maache wéi mer der maachen, da wier et och net schlecht wann een déi Firma dann och eng Kéier an deem Kontext géif kontrolléieren, ob dat dann och an de Summerméint esou geschitt; och dat wier da sécherlech net onbedéngt vu Muttwëll.

Am Kontext vun der produktiver Landwirtschaft nach e Wuert zu de Leegebatterië fir Hénger. Lëtzebuerg huet elei eng Virreiderroll ageholl, andeems se als eenzege Memberstat vun der EU dës Leegebatterien ab 2007 ganz verbitt. An deene meeschten anere Länner gëllt eng Iwwerganksfrist bis 2012. Och op dës Manéier huet d'Regierung däitlech gemaach - an dat ënnert dem Impuls vum Landwirtschaftsminister Fernand Boden -, datt se Eescht mécht mam Ofschafe vun onwürdege Praktiken, déi kengem liewege Wiesen, kengem Déier kënnen an däerfen zougemutt ginn.

Ech ginn dann zum Déierentransport selwer. Den Déierentransport ass mat Sécherheet e sensibelt Thema, well grad am Ubléck vun total iwwerfëllte Camione vu Schwäin a vu Gefligel däitlech gëtt, wéi onwierdeg mer am Fong geholl d'Déiere behandelen. Mä dat ass éischter en europäeschen, en internationale Problem, net grad esou séier e lëtzebueresche Problem. Mir hunn elei am Land streng Regelen, déi sech op den Déierentransport applizéieren. Mir hu virun allem hei zu Lëtzebuerg och keen Transportproblem, well mer hei zu Lëtzebuerg u sech nëmme minimal Distanze mat Déiere fueren, se nëmmen iwwer minimal Distanzen transportéieren. Och an Europa hu sech am Laf vun der Zäit d'Regele verschäerft, déi op den Déierentransport zoutreffen.

De Lëtzebuerger Agrarminister Fernand Boden huet sech ëmmer an der Unioun dofir agesat - an dat och esou heiheem praktizéiert -, datt d'Déieren esou no wéi méiglech op där Plaz solle geschlacht gi wou se hierkommen an datt domat d'Zäit vum Transport vum Schlachtvéi op en néidege Minimum reduzéiert géif ginn. Dat ass bis haut net ganz gelongen oder guer net gelongen, kann ee soen, mä d'Europäesch Unioun ass, a speziell och ënner eisem Drock, op deem richtege Wee.

Mir hunn och ëmmer d'Iwwerzeegung gehat, datt d'Fuerzäite beim Déierentransport aacht Stonnen a sech net dierfen iwwerschreiden. An Europa gëllt am Moment awer en anere Maximum u Fuerstonnen. Ech soen Iech dat emol - mir hunn de Moien an der Kommissioun doriwwer diskutéiert, an deen à la rigueur och ze akzeptéiere wier, wann d'Contrepartie dovunner d'Garantie vum Bien-être des animaux während dem Transport wier.

Wa scho laang Fuerzäiten net ze vermeiden oder net ze reduzéiere sinn, musse Virschréften, wéi ee Camion équipéiert ass, ob d'Béischten ze saufe kréien, ob se Plaz genuch hu fir sech ze leeën, an d'Kontroll vun deeneselwechten d'absolut Contrepartie si vun de laange Fuerzäiten.

De Projet de loi 5324, dee mer deemnächst heibannen diskutéiere wäerten, dréit dëse Suggestiounen zu engem groussen Deel och Rechnung. Et geet an dësem Gesetz ëm d'Ëmsetze vun enger europäescher Konventioun iwwert d'Protection des animaux en transport international.

Op där kuerzer Transitstreck duerch Lëtzebuerg maache mir ganz streng Kontrolle vun den Déierentransporter. Dat huet och dozou gefouert, dass an deene leschte Joren déi kontrolléiert Camione méi a méi d'Regelen anhalen, wat ouni Kontroll wuel kaum an deem Mooss de Fall gewiescht wär. Kontrolle sinn eben noutwendeg an enger Branche, déi dacks och wéinst dem finanziellen Drock, deen op deem ganze Fleeschsecteur läit, mat äusserst haarde Bandagë schafft. Mä dat, Här President, wat mer hei am Land, hei zu Lëtzebuerg maache kënnen, wäerte mir och maachen, fir dass den Déierentransport, esouwäit wéi en iwwer eisen Territoire geet, op eng propper an op eng anstänneg Manéier iwwert d'Bühn geet.

Mir als CSV sinn der Meenung, den Déiereschutz - dat hate mer schonn eng Kéier hei an engem Débat - an d'Verfassung anzeschreiwen, an dat wäert och geschéien. De legislativen Text läit mengen Informatiounen no beim Consei d'État. Mir erhéijen domadder mat Sécherheet de Stellewäert vum Déier an eiser Gesellschaft. Mä domadder, Här President, muss ech awer soen, ass awer nach kengem Déier gehollef, och wann et an der Verfassung steet. Et ka jo keen Déier säi Recht akloe goen, duerfir, mengen ech…

(Interruption)

Wat mengt Der, Här Gira?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech mengen, et si genuch Leit do, déi…

M. Lucien Clement *(CSV).*- Maja, ech wollt soen, duerfir si mir do, fir dat fir si ze maachen.

Tierquälerei ass nun eemol kee Kavaléiersdelikt a gehéiert och deementspriechend bestrooft. D'CSV-Fraktioun ass der Meenung, dass een effikassen Déiereschutz an éischter Linn eng Affär vun deem Seriö ass, deen all Eenzelnen him och zougesteet. Leit, déi menge si missten hir Roserei oder hir Schlechtegkeet un engem Déier ausloossen, well dat sech jo, ausser et wier vläicht en Tiger oder Léiw, net wiere kann, déi musse wëssen dass se an Zukunft och richteg zolidd bestrooft ginn. Déierequälerei, dat muttwëllegt Doutmaache vun Déieren, d'Mësshandele vun Déieren, dat sinn eeschthaft Delikter, déi och esou musse behandelt ginn.

Wie sech un engem Déier vergeet, vergeet sech un engem liewege Wiesen, engem Wiese wat Gefiller, wat Angscht huet, an ee Wiese wat säi Wéi genausou spiert wéi mir Mënschen och. Dat ass net, wann een eng Kéier an der Roserei mat engem Tëlefonsbuch dorëmmer geheit. Mä wann ee mengt et misst ee seng Roserei awer mat Tëlefonsbicher oder anere Géigestänn un den Déieren ausloossen, da muss ee wëssen…

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- …schwätzt Dir aus Ärer Fraktioun?

M. Lucien Clement *(CSV).*- Also, Här Gira!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- E bësse Spaass.

(Hilarité)

M. Lucien Clement *(CSV).*- Da maache mer de Spaass herno.

Wann een awer mengt et misst ee seng Roserei op déi do Aart a Weis un den Déieren ausloossen, da muss ee wëssen dass een dann och zolidd bestrooft duerfir gëtt.

Als Konklusioun bleift da festzehalen: Déiereschutz ass néideg, richteg a gutt, mä et däerf een en awer och net falsch verstoen a virun allen Dénger däerf een en och net falsch interpretéieren. Et gëtt Aktivitéiten, an ech hat esou ee Beruff als Metzler, ier ech hei an d'Chamber koum, do kann een net just zesumme maache mam Déier, dat wat d'Déier wëllt.

(Interruption et hilarité)

(Brouhaha général)

Domadder mengen ech elo awer net nëmmen d'Schluechte vun

Déieren. Dat ass nun emol noutwendeg an enger Gesellschaft…

(Coups de cloche de la Présidence)

Neen, dat ass noutwendeg, Här Grethen.

M. le Président.- Interpretéiert den Här Clement net falsch.

(Hilarité)

M. Lucien Clement *(CSV).*- Jo, dat ass noutwendeg an enger Gesellschaft, Här Grethen, wou mer menge mir missten e gudde Bifdeck um Dësch, an ech mengen, dat ass och esou gewënscht an op iergendeng Aart a Weis dann och akzeptéiert. Mä ech mengen zum Beispill, dass een enger Kou oder engem Schwäin, wann een dat soll an den Unhänger lueden, net esou laang fléiwe ka bis et vum selwe wëlles huet dran ze klammen.

(Interruption)

Jo, mä ech wëll nëmme soen, dass een duerfir dat och net soll falsch interpretéieren, Här Mehlen. Et gëtt nun ebe Momenter, do muss een nohëllefen, nohëllefen awer esou wéi ee Beruff oder eng Situatioun et verlaangt, net iwwert d'Mooss vun deem Noutwendegen eraus.

Dës Approche hu mer och am neien Agrargesetz verankert, andeems mer d'Konditionalitéit vu verschiddene Primen agefouert hunn. Ënnert de Konditiounen, déi fir d'Bezéie vu bestëmmte Bäihëllefe mussen erfëllt ginn, ass och den Déiereschutz an den adequaten Ëmgank mat den Notzdéieren. Esou gëtt den Déiereschutz och iwwert dëse Wee gefördert.

Ech kéim dann zum Schluss vu menger Interventioun a wéilt als Konklusioun dann dat heiten nach awer festhalen.

Mat der Entkopplung vun de Produktiounsbäihëllefe si mer menger Meenung no op deem richtege Wee.

Bedenken hu mer awer bei der Prime à l'hectare am Fall vu Verpachtung oder Vente vun Terrainen. Hei gi spéider ze vill Gelder eiser Meenung no aus der aktiver Landwirtschaft erausgeholl.

De Bien-être des animaux an den Ëmweltschutz sinn u Bäihëllefe gekoppelt an zéie sech wéi e roude Fuedem duerch d'Bestëmmungen an d'Reglementer vum Agrargesetz.

Den Déiereschutz gëtt an d'Verfassung ageschriwwen, d'Gesetz an d'Reglementer regelen d'Modalitéiten dovunner.

Absichtlecht Quäle vun Déieren ass kee Kavaléiersdelikt a gehéiert deementspriechend, jee no Gravitéit, och bestrooft. Dofir muss och d'Déiereschutzgesetz op verschiddene Punkten iwwerschafft ginn.

Mir mussen och weiderhin der Sécurité alimentaire all eis Opmierksamkeet zoukomme loossen, ënner anerem mam Bau vun deenen zwee Laboen a mat Kontrollen do, wou Kontrollen néideg an och noutwendeg sinn.

Et gëllt alles ze maachen, fir d'Vertraue vum Konsument dauerhaft erëmzegewannen, duerch Transparenz an duerch Promotioun vun eise landwirtschaftleche Produkter, an och fir eis landwirtschaftlech Produkter.

Dat gesot, Här President, denken ech wier mäi Bäitrag am Numm vun der CSV-Fraktioun eriwwer an ech soen Iech Merci, dass Dir mer nogelauschtert hutt.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dir hutt vergiess d'Regierung ze luewen, Här Clement.

M. Lucien Clement *(CSV).*- Dann hutt Dir mir net richteg nogelauschtert, well ech hu se dauernd gelueft.

M. Henri Grethen *(DP).*- Et war een eenzege Luefgesang.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Clement, fir Är Interventioun. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Schneider ageschriwwen. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Pardon, dat ass ganz richteg. Här Schneider, wann Dir Iech nach wëllt ongeféier 20 Minutte gedëllegen. Den Här Goerens ass fir 20 Minutten ageschriwwen an hie kënnt selbstverständlech virun der sozialistescher Fraktioun un d'Rei.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dem Accord iwwert d'Reform vun der gemeinsamer Agrarpolitik vum 26. Juni 2003 seng Haaptmerkmaler sinn:

1. d'Ofännerung vun den Direkthëllefen, déi bis dohinner un d'Produktioun gekoppelt waren. An zwar ass eng Ofkopplung virgesinn, dat heescht de Produktiounsniveau ass an Zukunft net méi ausschlaggebend oder jiddefalls net méi eleng ausschlaggebend, fir déi Hëllefe virun ze accordéieren;

2. „cross compliance", dat heescht Vereinbarkeet vun de Produktiounsmethode mat de Virschrëften, wéi d'Anhale vun déieregerechter Haltung, der Ëmweltverträglechkeet an esou weider;

3. eng gewësse Gestaltungsfräiheet vun de Memberstaten an der Uwendung vun der Reform bei sech doheem.

Lëtzebuerg huet bis elo folgend Entscheedung geholl. Lëtzebuerg huet optéiert, fir den Entkopplungsmodell 35/15/15. Hale mer fest, dass no 1992 an 1997 dat hei déi drëtt fundamental Reform vun der gemeinsamer Agrarpolitik an engem Zäitraum vu gutt zwielef Joer ass.

Déi lescht Reform, also déi, iwwert déi mer haut hei schwätzen, ass erëm eng Kéier am Virfeld vun enger neier Verhandlung iwwert de Welthandel beschloss ginn, och bekannt ënnert dem Numm OMC-Verhandlung, a gëtt als Virleeschtung vun der Europäescher Unioun verstanen, fir déi Verhandlungen ze erméiglechen oder villméi fir se zu engem méi schnellen Ofschloss ze bréngen. An ob et engem gefält oder net, keen Accord an deene Verhandlunge bedeit och net onbedéngt eng Verbesserung fir d'europäesch Landwirtschaft, an dat aus engem ganz einfache Grond.

Fir am leschten Accord - deem vu Marrakesch aus den 90er Joren - déi fundamental Divergenzen tëschent Amerika an Europa, besonnesch an Agrarhandelsfroen, ze iwwerspillen, gouf sech op eng Netugrëffsklausel gëeenegt, och la clause de paix genannt. Dat heescht, d'Vereenegt Staaten hu sech engagéiert, d'Europäer net ze verkloe beim internationalen Handelsgeriicht, an ëmgekéiert. An der Praxis bedeit dat, dass déi méi kriddelech Froen, déi sech am Zesummenhang mat der Produktioun gestallt hunn, net direkt virun d'Handelsgeriichter bruecht ginn.

Dës Netugrëffsklausel oder Friddensklausel ass elo awer Enn 2003 ausgelaf, an ass nach net verlängert ginn, sou dass elo just en „Gentlemen's agreement" besteet, fir dass net deen een deen aneren op d'Handelsgeriicht hëlt, wann et Divergenzen iwwert d'Héicht oder iwwert d'Natur vun den Agrarsubventioune geet. Mengen Informatiounen no gëtt et awer scho Sträitfäll, besonnesch am Zocker an um Kottengsmarché, an et riskéiert der och wahrscheinlech nach méi ze ginn, well en Accord de renouvellement schéngt nach a weiter Ferne ze sinn.

Well awer lo déi Aiden, déi d'Landwirtschaft vun der Europäescher Unioun kritt, wesentlech manner respektiv bal net méi un d'Produktioun gebonne sinn, gesäit déi reforméiert Agrarpolitik méi OMC-Compatibilitéit vir. An deem Zesummenhang soten och de Franz Fischler an de Pascal Lamy, déi jo bekanntlech Mandat krute vum Conseil vun der Europäescher Unioun, am Juli zu Genève, dass elo virun allem d'Amerikaner och an der Bringpflicht stinn an och hir eegen Agrarpolitik mussen adaptéieren.

Här President, déi Reform bedeit awer och e Broch mat der aktueller Agrarpolitik. Broch heescht, en anere Wee goen, eng aner Approche wielen, aner Zilsetzungen ustriewen, eng nei Ausriichtung riskéieren. Broch bedeit awer och Ongewëssheet, Angscht an Onkloerheet. D'Interpellatioun vum Här Kox ka vläicht dozou bäidroen, dass mer an deem Broch och nei Méiglechkeete respektiv nei Chancë gesinn. Dofir musse mer ufänken e kloert Bild ze hunn iwwert den nationale Gestaltungsrahmen, d'Roll vun allen Acteuren erkennen, hir Méiglechkeeten ausloten an doraus eng politesch Äntwert versichen ze formuléieren. De Bauer selwer ass bestëmmt dee wichtegsten Acteur, awer net deen eenzegen. Hien ass awer deen, deen als Fräiberuffler zwar an engem agëengte Spillraum, awer ëmmerhin nach d'Enddécisioun a sengem eegene Betrib hëlt. Wat e produzéiert, wéi en och no bausse seng Produkter ubitt, hänkt awer och vum Ëmfeld of - vun deem administrativen, vun deem politeschen, vun deem fiskaleschen, vun deem europäeschen an och vun deem internationalen.

De Bauer ka bestëmmt villes, awer net alles, wat zur Rahmegestaltung gehéiert, maachen. Dofir kënnt dann deen zweeten Acteur an d'Spill, dee politesch-administrativen, kuerz: de Stat. Grenzen a Méiglechkeeten am Agrarsecteur, wéi iwwregens och an anere Beräicher, hänke staark of vun deem, wat de Stat kann a wëllt maachen.

Den drëtten Acteur ass dem Bauer säi wichtegste Partner: de Konsument, oder méi breet gesinn d'Gesellschaft.

Ech géing dann ufänke mat engem Commentaire zu de Rahmebedingungen oder zur Roll, déi d'Politik och an deem do Zesummenhang ze spillen huet. Hei gëllt et virun allem klärend an erklärend ze wierken, besonnesch do wou nach Froen opstinn; zum Beispill bei der nohalteger Finanzéierung vun der reforméierter, gemeinsamer Agrarpolitik bis an d'Halschent vum nächste Jorzéngt. Allgemeng gëtt déi Finanzéierung jo als garantéiert ugesinn. Der Vollständegkeet halber sief awer kuerz gesot, dass den zoustännege Kommissär Fischler laut der Agence Europe vum Februar 2004 um Agrarconseil zu Bréissel, bei der Presentatioun vun enger detailléierter Analys iwwert d'finanziell Perspektiven vun 2007 bis 2013, gewarnt huet viru budgetäre Sakgaassen.

En huet op d'Noutwendegkeet insistéiert, fir sech an der europäescher Finanzéierung op 1,14% Beitrag vum Revenu national brut ze eenegen. Géif et beim aktuelle Beitragsstand bleiwen, also bei 1%, wéi Däitschland, Frankräich, Holland, Schweden, Éisträich a Groussbritannien dat verlaangen, da géif laut dem Franz Fischler Folgendes passéieren, an ech zitéieren: «…le gel du budget à 1% du RNB, défendu par six États membres, conduiront à des réductions drastiques à partir de 2007.»

Lëtzebuerg läit do doudsécher richteg, andeem et als Nettozueler net de Bréif vun deene sechs virgenannte Staten ënnerschriwwen huet, déi de Budget op 1% vum RNB afréiere wëllen. Déi Verhandlungen, déi 2005 ënnert dem Lëtzebuerger Virsëtz gefouert ginn iwwert deen doten Aspekt, si vun enger enormer Bedeitung fir d'Landwirtschaft an och fir d'nohalteg Garantien a puncto Finanzéierung.

Meng Fro un de Minister - an dat wier meng éischt - ass, ob hien dat och sou gesäit oder ob déi Montante vu 55,3 Milliounen Euro fir 2007, vu 55,9 fir 2010 a 55,5 fir 2013 garantéiert sinn. Oder ob se a Fro gestallt sinn, wa keng Eenegung op 1,14% budgetär Contributioune fir d'Europäesch Unioun géif fonnt ginn.

Meng zweet Fro un hie bezitt sech op déi weider Ausbezuelung vun der Indemnité compensatoire, där hir Originen op 1976 zréckginn, an iwwert déi mer och an der leschter Sëtzung vun der Agrarkommissioun Rieds haten. An zwar ass d'Fro déi, wéi sécher de Minister d'Bäibehale vun der Indemnité compensatoire gesäit.

De Corollaire vun deenen zwou éischte Froen ass deen, ob de Landwirtschaftsminister generell op e Maximum vun de Förderungsméiglechkeeten ze goe bereet ass, déi de Kader an der Europäescher Unioun him erméiglechen. Dat wär also meng drëtt Fro.

Iwwert d'Sécherheet vum finanzielle Kader eraus bleift den Acteur „Politik" awer och staark gefuerdert an de Beräicher administrativ Chargen a Prozeduren. Am Regierungsprogramm ënnert dem Kapitel „Classes moyennes" gëtt - ech zitéieren - d'«simplification des formalités administratives qui freinent le rendement et l'esprit d'initiative des petites et moyennes entreprises» als Prioritéit ervirgestrach. Absolut zu Recht!

A meng véiert Fro ass zugläich eng Suggestioun: Wëllt Der dem Commissaire à la simplification administrative säi Mandat net ausdehnen op d'landwirtschaftlech Betriber? Den administrativen Opwand an der Landwirtschaft ass nu mol eng Realitéit; dat gesi mer bei de Flächenanträg oder bei den Anträg fir Primen allgemeng. Dëst gëllt awer och fir administrativ Chargen, fir déi aner Departementer an Administratiounen zoustänneg sinn, an ech sinn net sou laang aus dem Geschäft eraus fir net kënnen do déi eng oder déi aner Schwieregkeeten nach ganz prezis an Erënnerung ze hunn.

Här President, heizou wollt ech eng Motioun erabréngen an ech géif dann och nach eng zweet Motioun iwwert d'„cross compliance" hei déposéieren. Ech wëll Iech och de Contenu vun deenen zwou net virenthalen, an ech wollt Iech se direkt matdeelen, fir och Kolleegen, déi sech nach wëllen deem uschléissen, Geleeënheet ginn, se ze ënnerschreiwen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que l'accord de coalition du présent Gouvernement accorde une priorité à la simplification des formalités administratives qui freinent le rendement et l'esprit d'initiative des PME;

- considérant que l'accord de coalition prévoit également la création d'une fonction d'un «commissaire à la simplification administrative» qui évaluera les frais générés par les formalités administratives et qui s'occupera à réduire de façon substantielle les charges administratives pesant sur les PME;

- considérant que les agriculteurs sont également soumis à des charges administratives importantes;

invite le Gouvernement

- à étudier l'ampleur de la charge administrative pour les exploitants agricoles et viticoles;

- à en tirer les conclusions et à préciser le cas échéant les réductions de la charge administrative pour lesdites exploitations.

(s.) Charles Goerens, Camille Gira, Henri Grethen, Henri Kox, Carlo Wagner.

Déi zweet Motioun huet Bezuch op d'„cross compliance", an déi gesäit vir:

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que la réforme 2003 de la politique agricole commune de l'Union européenne crée une relation directe («cross compliance») entre les aides directes accordées au secteur agricole et les responsabilités incombant à ce dernier notamment en matière de protection de l'environnement et de respect du bien-être des animaux;

- considérant que des contrôles sont nécessaires à cette fin;

invite le Gouvernement

- à informer les milieux agricoles dans les meilleurs délais sur les obligations de «cross compliance»;

- à déterminer de manière précise les administrations en charge desdits contrôles;

- à organiser les contrôles de manière à limiter au strict minimum le poids administratif pour l'exploitant agricole;

- à encourager l'échange d'informations continu entre les administrations chargées des contrôles.

(s.) Charles Goerens, Niki Bettendorf, Lucien Clement, Henri Grethen, Carlo Wagner.

Här President, heizou wéi gesot den Dépôt vun deenen zwou Motiounen, an nëmme just niewebäi, dat neit Naturschutzgesetz ass nach ëmmer am Rodage, zum Beispill beim Entretien vun den Hecken huet d'Forstverwaltung e Positiounspabeier ausgeschafft iwwert deen d'Regierung sech menges Wëssens no nach net ausgeschwat huet.

Et war sech am Fréijor nach drop gëeenegt gi mat de Vertrieder vun de Bauereverbänn an der Beruffschamber, an enger Testphas vun zwee Joer prozedural verstänneg an an der Praxis gangbar Léisungen unzestriewen.

A Bezuch op den agro-environnementale Beräich wier et net vu Muttwëll wa mer d'Kommissiounen, zoustänneg fir Landwirtschaft an Ëmwëlt, a Presenz vun de Ministere Boden a Lux aberuffe géifen a beroden, wéi eng Virgehensweise mir privilégiéieren, fir dem Bauer ze erméigleche konform zu de bestehende Gesetzgebungen ze handelen, ouni excessiv Délaien a Prozedure mussen a Kaf ze huelen, an dat an de Beräicher Constructions agricoles en zone verte, wou zwar schonns valabel Kompromësser fonnt goufen, awer nach oft excessiv Délaie beklot ginn.

An deem Zesummenhang presentéieren ech och eng Resolutioun, déi och den Ënnerschrëfte vu Kolleegen aus anere Fraktiounen opläit.

Résolution 1

La Chambre des députés charge ses commissions

- de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ainsi que de l'Environnement d'avoir un échange de vues exhaustif sur la mise en oeuvre de la réforme de la PAC et notamment sur les aspects environnementaux plus directement liés à la «cross compliance» en présence des deux ministres de tutelle;

- de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ainsi que de l'Intérieur d'en faire de même pour ce qui est des aspects liés à la transposition de la directive «nitrates»;

- de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ainsi que de la Santé d'examiner les aspects plus particulièrement liés à la sécurité alimentaire.

(s.) Charles Goerens, Camille Gira, Henri Grethen, Henri Kox, Carlo Wagner.

Ech mengen et wier gutt, wa mer déi Débaten an deene Commissions conjointes, déi ech hei erwähnt hunn, kréichen.

Mir musse Schwieregkeeten, déi sech à propos vun Autorisatiounen an Uwendung vun den einschlägege Gesetzestexter, Reglementer an Direktive stellen, einfach pragmatesch ugoen.

Déi staatlech Administratioune sinn natierlech och gefuerdert a puncto Kontrollen. Zum Beispill am Beräich Déiereschutz - an et ass schonn déi eng oder déi aner Referenz dorobber gemaach gi vu menge Virriedener. D'BSE-Kris an d'Fréisenger Affär hunn zwou Saache gemeinsam: engersäits wei kritesch a skeptesch de Verbraucher ass, soubal déi éischt Biller iwwert de Schierm kommen, an anerersäits wéi vulnérabel d'Landwirtschaft an esou Fäll gëtt oder, anescht ausgedréckt, wéi all déi, déi absolut irréprochabel handelen, awer mussen de Kapp hinhale fir den diskutabelen Eenzelfall.

Ass et awer hei gedoe mat dem Ruff no mei Leit an den Administratiounen, fir méi grëndlech Kontrolle kënnen duerchzeféieren? Wann d'polizeilesch Moossnamen och indispensabel sinn - an ech wëll dorobber insitéieren, de Minister Boden ka jo nach eng Keier de Point maachen duerno iwwert de Rôle vun deene Veterinärsinspektiounen, déi him ënnerstinn -, dann ass et awer domat eleng net gedoen.

Wann en Déierekadaver op engem Haff läit an en huet keng Ouermark, dann hëlt d'Société́it, déi fir d'Entsuergung responsabel ass, de Kadaver net ewech. Hei gouf oder gëtt menger Meenung no net gekuckt, ob d'Feele vun Ouermarken duerch de Bauer verschëllt ass oder net; eleng hiert Feele geet der Société́it duer fir de Béischt net ewechzehuelen. Déi Haltung ass net länger ze vertrieden, an dat aus hygienische Grënn an indirekt och duerch den negativen Image fir dee betreffende Bauer, respektiv fir dee ganze Beruffsstand. Ob de Bauer responsabel ass oder och net fir d'Feele vun Ouermarken, d'Kadavere missten am Fong ofgeholl ginn a méi gescheit Sanktioune missten applizéiert ginn, wei dat de Fall war.

Une voix.- Très juste.

M. Charles Goerens *(DP).*- Datt et domat eleng net gedoen ass, ass kloer, mä ouni déi do Moossname geet et nun awer och mol net.

Elo gëtt et Zäit, datt mir eis mat deem zweeten Acteur senger Roll befaassen, nämlech de Bauer selwer, well et, wéi gesot, mat polizeileche Moossnamen eleng net gedoen ass.

D'Landwirtschaft muss d'Initiativ erëm méi u sech räissen an duerch méi Selbstdisziplinéierung an enger proaktiver Duerstellung no baussen hirer Roll als zentralen Acteur voll a ganz gerecht ginn. An dobäi ginn et scho vill a gutt Usätz, déi eng flächendeckend Uwendung géinge verdéngen.

De Qualitymanagement an Däitschland, och hei bekannt bei de Lëtzebuerger Mëllechproduzenten, déi hir Produktioun un däitsch Molkereie verkafen, ass esou eng Initiativ.

E weidert Beispill, wat mëttlerweil eng breet Uwendung hei am Land fënnt, ass den Accord vun enger Rei vu Fleeschproduzente mat engem Lëtzebuerger Supermarché, wou d'Bauere sech engagéieren eng Rei vu Konditiounen ze erfëllen, déi Bezuch hunn op d'Qualitéit an d'aartgerecht Déierenhaltung an anerersäits och e bessere Präis kënne kreie fir hiert Produkt.

D'Erfahrung an dësem prezise Fall léiert eis, datt de Präis net nëmme bei méi engem knappen Ugebuet iwwert dem übleche läit, mä och a méi schwieregen Ofsazmomenter.

Hei beweist et sech, dass d'Traçabilitéit, dat heescht en transparent Novollzéie vum Bifdeck bis zréck an de Stall, wou e produzéiert ginn ass, an allen Hinsichten (präislech an och imageméisseg) sech net nëmme bezuelt mécht, mä och nach vill méi efficace ass wei déi allengeg Kontrollen. Et ass dat eent oder dat anert. Eiser Meenung no ass et dat eent an dat anert, mä ouni déi zwee matenee geet et net.

No dem Stat an dem Bauer trëtt dann deen drëtte wichtegen Acteur op de Plang, de Verbraucher oder, fir et méi breet ze gesinn, d'Gesellschaft, well am Verbraucher sech, iwwert de Konsum eraus, alles erëmfënnt, wat et un Erwaardungen un d'Landwirtschaft, awer och u Verständis fir de Bauer gëtt.

D'Zäite vun der Masseproduktioun ginn definitiv verdrängt duerch d'Qualitéitsproduktioun, an do läit och déi eenzeg Chance fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft.

Souwuel de Bauer wéi de Verbraucher an de Stat hunn en Intérêt, fir den eigentleche Produktiounsprozess vu Liewensmëttel getrennt ze gesi vun deenen anere Prozesser. De Produktiounsprozess ass eng typesch Déngschtleeschtung vum Bauer un der Natur a wann dat esou ass - jiddefalls gëtt dat ëmmer méi vun ëmmer méi Leit esou gesinn -, da kann een déi Déngschtleeschtung vun der Natur och bezeechnen als eng Virleeschtung fir d'Gesellschaft.

De schounenden Ëmgank mat den natierleche Ressourcen - dem Buedem an dem Waasser - wierkt sech zum Deel aus wéi eng Aschränkung vun der Produktivitéit, also en Deelverzicht op Rentabilitéit. Den Erhalt vun der Biodiversitéit ass e Verzicht op Produktivitéit. Eng aartgerecht Déierenhaltung bedéngt méi Plaz pro Déier a méi Fleeg, also och e Verzicht op eng maximal Rentabilitéit.

Dee Produktiounsprozess, dee Rücksicht hëlt op déi vir genannte Facteuren, ass also reng ekonomesch gesinn en Handicap, deen nëmmen da ka laangfristeg oder nohalteg iwwerwonne ginn, wann déi Virleeschtung, souwuel vum Stat wéi och vun der Gesellschaft, gesinn, verstanen an honoréiert gëtt.

Nohaltegkeet ass eng Chance, huet awer och hire Präis. De Maart huet eng wichteg Funktioun. Et kann een awer net verlaangen, datt de Maart alles regelt, a wa seng reguléierend Funktioun net méi spillt, dann hu mer e Problem. A wa vum Maart verlaangt gëtt, e soll alles regelen, dann hu mir och e Problem.

Un der Politik an un der Gesellschaft ass et deemno fir do anzegräifen, wou et mat Maartimpulser eleng net méi duergeet. Dat ass de Fall an der Promotioun vun enger multifunktioneller Landwirtschaft. Dat ass och de Fall zum Beispill an der Promotioun vun alternativen Energien, iwwert déi vill geschwat gëtt, mä wou awer oft ënnerschloe gëtt, datt dat notamment och eng Chance wär fir den Agrarsecteur. Ouni voluntaristesch Démarche, wann een do de Marché eleng gewäerde léisst - dat soen ech och ganz kloer als Liberalen, deen och bereet ass d'Grenze vun deemselwechten unzëerkeennen -, komme mer an där Hinsicht net schrecklech wäit.

Den Undeel vun der Landwirtschaft an dësem Beräich ass ganz wesentlech a mir sollen dat och net an eisen Diskussiounen ënnerschloen.

Här President, an deene Froen, déi eis de Mëtteg hei beschäftegt hunn, si vill Acteure gefuerdert, och mir als Chamber. Mir wëllen als eenzel Deputéierten - an hei schwätzen ech virun allem am Numm vu menger eegener Fraktioun - eis Contributioun leeschten, fir de Spillraum, dee mer hunn, voll a ganz auszereizen, fir eiser Landwirtschaft ze hëllefen, déi schwéier Erausfuerderung, déi op se duer kënnt, ze packen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Dann ass et elo um Här Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Interpellatioun vum Kolleeg Kox geet natierlech a verschidde Beräicher eran. Ech wäert mech op Eenzelner konzentréieren, gewosst datt en Deel Punkten nëmme kënne gestäift ginn.

Fir eis Fraktioun hunn d'Landwirtschaft an de Wäibau dräi wichteg Funktiounen:

1. op dem Gebitt vun der Liewensmëttelproduktioun,

2. bei der Landschaftsfleeg,

3. bei der nohalteger Gestaltung vum ländleche Raum.

Grondleeënd ass no der europäescher Agrarreform keng wäitgehend Ännerung dran:

De Secteur agricole gëtt konfrontéiert mat engem Découplage vun den Hëllefe fir d'Agriculture engersäits an anerersäits der Produktioun. Et ass och kloer, dass an deem Mooss, wou europäesch Bäihëllefe fir d'Landwirtschaft ofgebaut ginn, de Stat muss dofir suergen, d'Baueren, d'Gäertner, d'Wënzer an d'Bëschleit fir hir öffentlech Aufgaben am Beräich vum Naturschutz an der Landschaftsfleeg ze entgelten. Déi konventionell Landwirtschaft wäert hei zu Lëtzebuerg an och an Europa dominant bleiwen. Well de Verbraucher awer d'Recht op déi Liewensmëttel huet, déi hie wëllt, muss eng duebel Politik bedriwwe ginn.

D'Biolandwirtschaft an déi konventionell Landwirtschaft musse weider gefördert ginn. Si alle béid mussen esou liewensmëttelsécher wéi méiglech gemaach ginn. Eng eesäiteg Landwirtschaft, nëmme baséiert op biologesche Kritären, ass och menger Meenung no net am Sënn vun de Biobaueren hei zu Lëtzebuerg.

De Biolandbau soll weider gefördert ginn an erhéicht ginn. De Maartundeel, deen de Moment besteet, läit bei 1%. Dat beweist awer och, dass nach en immenst Potenzial hei besteet. Déi öffentlech Instanze wéi virun allem och d'Gemengesyndikater sinn an dësem Zesummenhang gefuerdert fir dofir ze suergen, dass och an de Crèchen, den Altersheimer an an den öffentleche Kantinnen de Bioproduit an de Produit du terroir gefördert ginn an eng nei Chance kréien. An dësem Zesummenhang läit jo eng Gesetzespropositioun vun dem Marco Schank an dem Nico Loes vir.

Gesond liewen ass och gesond iessen. Et ass schonn ugeschwat gi vum Kolleeg Kox, d'Unzuel vun den iwwergewiichtege Leit hëlt stänneg zou. Et gëtt ëmmer méi Häerz- a Gefässkrankheeten, Altersdiabetes...

M. Henri Grethen *(DP).*- Dat huet näischt mat guddem a schlechtem Iessen ze dinn. Dat huet nëmmen eppes mat ze vill oder net genuch iessen ze dinn.

(Hilarité)

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Dat huet zum Deel och mam gudden Iessen ze dinn, Här Grethen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass bei Iech esou, Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP).*- Ech si ganz sensibel op deem Sujet, Här President.

M. le Président.- Dat ass och ganz gutt esou. Da fuert elo weider, Här Schneider.

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Et huet mat béidem ze dinn, géif ech emol soen.

Der gesonder Ernährung muss héchst Prioritéit bäigemooss ginn. D'Wirtschaft, de Konsument an de Stat mussen hei mobiliséiert ginn. An der Wirtschaft soll d'Liewensmëtteloffer verännert ginn. Och de Produzent soll ëmdenken. Esou soll eng Landwirtschaft entstoen, déi sech als Zil gesat huet den negativen Impakt vun der Agrarwirtschaft op de Mënsch an d'Natur esou kleng wéi méiglech ze halen, andeem op iwwerméisseg vill Pestiziden, Fungiziden an Herbizide verzicht gëtt.

Anerersäits awer och een Ëmdenke beim Konsument. Ëmdenken ass net nëmmen néideg beim Produzent, wéi gesot, mä och beim Konsument. Dëse muss och eng méi gesond Auswiel treffen, fir datt mëttel- a laangfristeg eng Kulturverännerung erreecht gëtt. Och de Stat kann hei säin Deel dozou bäidroen. Hie soll d'Rahmebedingunge schafen, falls erfuerderlech souguer erzwéngen.

Am Joer 2001 gouf hei an der Chamber och eng Initiativ geholl vum roude Punkt. Dës Iddi koum vun enger Gewerkschaft, der Baueren-Allianz. Et ass fir d'éischt, dass vum Beruff aus de ganze Betrib an net nëmmen Deeler vu senger Produktioun sech solle Qualitéitskritären an enger fräiwëlleger Kontroll vun der Gesamtproduktioun ënnerwerfen. Dëst ass am Sënn vum Produzent a vum Konsument, well et ass esou méiglech genau d'Traçabilitéit vun der Gesamtproduktioun nozevollzéien.

D'Propositioun vun der Schafung vun engem roude Punkt, deen d'Kritäre festleet fir deen integrale Produktiounswerdegang, an zwar fir déi ganz Gamme vun de Produiten, déi an engem Betrib produzéiert ginn, war am Joer 2001 op eng allgemeng Akzeptanz an deenen zwou zoustännege Kommissiounen, der Agrar- an der Santéskommissioun, gestouss. Et sollt elo endlech an dësem Dossier eppes geschéien.

De Konsument muss sech senger Saach sécher sinn.

(Interruptions)

Ech mengen, et ass scho ganz kloer een Optrag gemaach ginn an deem Moment, dass de roude Punkt soll agefouert ginn. 2001 louch dat do, an ech mengen an de Kommissioune vun der Agriculture an och vun der Santé ass et positiv bewäert ginn, an ech menge säitens dem Gesetzgeber soll ganz einfach an deem Sënn reforméiert ginn.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- ...wou ee Cahier des charges géif gemaach ginn. Si géife sech dorunner halen an et géif vun anere kontrolléiert ginn. Ech hunn also net verstanen, dass do e Gesetz soll gemaach ginn, fir e roude Punkt ze schafen. Ech ka mer net virstelle wéi dat géif fonctionnéieren, muss ech ganz éierlech soen.

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Ech mengen, da muss ee sech nach eng Kéier zesummesëtze mat deenen, déi deemools d'Iddi haten, an et ëmsetzen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Et schéngt mer och esou.

M. Romain Schneider *(LSAP).*- De Konsument muss sech senger Saach awer sécher sinn, wann en ee Liewensmëttel keeft an ësst, iwwert d'Herkunft vu sengem Liewensmëttel, an hie muss all eenzel Etapp vun der Chaîne alimentaire novollzéie kënnen. Transparenz muss dofir garantéiert sinn.

Dëst ass souwuel vu wirtschaftlechem Interesse wéi vun Interesse vum Konsument. Op professionellem Plang erlaabt et dem Produzent geziilt Informatiounen ze ginn an iwwert dëse Wee e bestëmmt Produkt dem Konsument schmackhaft ze maachen.

Wat d'Liewensmëttel ubelaangt, solle mer awer och d'Oprechterhale vun de Preventiounsmoossname garantéieren. Beispiller, déi de Moien nach zitéiert goufen an der Kommissioun, vu Liewensmëttelskandaler: MKS, BSE, Schwéngspescht an Dioxin, kenne mer.

Dann e wichtege Punkt awer och an deem Ganzen, ech mengen, et ass schonn ugeschwat ginn, dat ass d'Formatioun vun de Baueren. An hei, mengen ech, läit zënter laangem och de Projet vum Lycée technique agricole zu Ettelbréck do. Wat déi schoulesch Infrastrukturen also ugeet, muss d'Ackerbauschoul zu Ettelbréck esou séier wéi méiglech erweidert ginn. Den Dossier gëtt e bëssen am Pingpong-Stil hin- an hiergespillt. Ech mengen, hei wier et wichteg fir dee ganze Secteur an och fir d'Regioun, dass endlech Neel mat Käpp géife gemaach ginn.

D'Formatioune fir de Gaardebau an d'Landwirtschaft mussen ausgebaut a verbessert ginn. Dobäi kënnt, dass d'Equipementer mussen deem neisten technesche Stand ugepasst ginn. Och mussen d'Formatiounen, déi iwwert dat Normaalt erausginn, verstäerkt ugebuede ginn. Ech denken hei un d'Formation continue an un d'Berodung fir d'Betriber.

Ervirhiewe muss een, dass wa mer wëllen op de Wee goe vu méi Biolandwirtschaft, dann ass et kloer dass mer virun allem an der Formatioun mussen ëmdenken. An der heiteger Zäit, déi et dem Bauer ëmmer méi komplizéiert mécht seng Kontabilitéit ze maachen a säi ganze Betrib ze féieren, ass et wichteg, dass de Bauer eng Formatioun huet an eng Formation continue méiglech ass. Do si mer eis alleguer eens.

Deen nächste Punkt ass och wichteg, an en ass och schonn hei ugeklongen, d'Agence luxembourgeoise de sécurité alimentaire.

D'Iddi vun enger regionaler Zuucht, novollzéibar vun der Gebuert bis zum Schluechte vum Béischt, huet de Konsument an deene leschte Joren iwwerzeegt, well een d'Filière genau ka retracéieren. Et soll een awer virun enger absoluter Sécherheet warnen, déi gëtt et net. Dofir ass et fir eis Partei eng wichteg Fuerderung, nämlech déi vun enger besserer Kontroll. Dat heescht eng besser Kontroll duerch d'Schafung vun där sou genannter nationaler Agence de sécurité alimentaire.

De Ben Fayot huet 2001 eng Proposition de loi agereecht, fir eng modern Struktur hei zu Lëtzebuerg ze schafen, där hiert Objektiv deen héchstméiglechen Niveau vun Nahrungsmëttelsécherheet ass, wou also engersäits an där Struktur eng Agence de sécurité alimentaire ass, eng onofhängeg Agence, déi d'Evaluatioun vun de Risquen an och d'Informatioun iwwert de Risque weidergëtt, an anerersäits natierlech d'Kontroll, déi an der Haaptsaach jo an de Ministèren ass, fir déi verschidden Aspekter vun dëser Kontroll.

Am Juli 2001 ass och eng Motioun vun der sozialistescher Fraktioun eestëmmeg ugeholl ginn, wou d'Chamber d'Regierung invitéiert huet fir d'Schafe vun esou enger Agence ze studéieren. Hei bleift d'Fro op, wéi wäit d'Regierung mat dësem Studéieren ass.

Ouni d'Landwirtschaft wier et ëm d'Kulturlandschaft an hir Fleeg schlecht bestallt. Eng grouss Zuel u Fläche géifen onbeackert bleiwen an einfach verwalden. D'Landschaftsfleeg geet net ouni d'Aarbecht vun eise Baueren. Eis Gesellschaft verlaangt net nëmmen no gesonde Liewensmëttel, mä

och no schéine Landschaften, propperer Loft a propperem Waasser. Dofir muss d'Agrarpolitik versichen den Natur- an Ëmweltschutz fir d'Landwirtschaft méi interessant ze gestalten.

Zum Ofschloss da kommen ech och wéi déi eenzel Riedner viru mir zum Déiereschutz, wou eis Fraktioun jo den 20. Oktober an engem Bréif un de Chamberpresident den zoustännege Minister gefrot huet, an der nächster Agrarkommissioun Stellung ze huelen iwwert déi aktuell Konditiounen a Minimalkonditiounen, déi mussen erfëllt si bei der Déierenhalung. Eis Partei huet zum Déiereschutz an hirem Positiounspabeier Stellung bezunn. Et goufe fënnef Saile fir e modernen Déiereschutz opgestallt, ganz am Sënn vum Sproch vum Mahatma Gandhi, dee seet: „Der Wert einer Kultur ist daran zu ersehen, wie sie sich den Tieren gegenüber verhält".

Déi éischt Sail vun dësem Positiounspabeier: D'LSAP ass, an et ass schonn ugeschwat ginn, fir d'Verankerung vum Déiereschutz an der Verfassung. Et gëtt mëttlerweil jo och en Accord politique, deen op der Propos vun der sozialistescher Fraktioun baséiert.

Zweetens e kloert Neen zu net aartgerechter Hondshalung.

Drëttens d'Reform vum Juegdgesetz.

Véiertens würdeg Déierentransporter, wéi et de Moien och an der Kommissioun ugeschnidde ginn ass, a wou ech mengen, dass mer och deels e Konsens dozou haten.

A fënneftens Preventivmoossname géint d'Schwéngspescht.

Ech kann am Eenzelnen net op déi eenzel Sailen agoen, dat verstitt Der, wéinst der fortgeschrëttener Zäit, mä Dir kënnt se all op eisem Positiounspabeier noliesen. Derniewent muss een awer an deem ganze Kontext vun der Déierenhalung soen, dass virun allem am Klengdéiereberäich ganz gutt Efforte gemaach ginn an hei eng excellent Arbeecht geleescht gëtt, wat een all Kéiers erëm och bei deenen eenzelne Klengdéierenausstellunge gesäit, an hei ass eng wichteg Aarbecht, déi och hei am Bénévolat geleescht gëtt.

Wat déi rezent Diskussiounen um Niveau vun de landwirtschaftleche Strukturen am Lëtzebuerger agroalimentairë Secteur betrëfft, kann een nëmme soen, datt mir nees op deem richtege Wee sinn. No der Kreatioun vum „Versis" am Käresecteur, also d'Zesummeschaffe vun der Mierscher Silozentral mam Verband, weist de rezenten Audit iwwert d'Herdbuch an den SEG (Kuelbecherhaff) a senge Konklusiounen op, datt et och an dësem Secteur nëmme kann zesumme weidergoen an net, wéi et soss ëmmer de Fall war, géinteneen.

Zum Ofschloss géing ech op de Regierungsprogramm verweisen, wou eng ganz Rei vun den opgezielte Forderunge berücksichtegt goufen. Ech sinn iwwerzeegt, datt de Wëllen um zoustännege Ministère do ass, fir deen definéierte Plang duerchzesetzen. Dat am Sënn…

Une voix.- D'Regierung!

M. Romain Schneider *(LSAP).*- D'Regierung, jo, jo! Ech hat Iech lo direkt ugeschwat, well Dir als Regierungsvertrieder lo de mëtteg hei sëtzt.

(Interruptions)

Ech gesinn Iech als Regierung; et ass soss kee méi do, Här Boden.

(Interruptions)

Also, ech sinn iwwerzeegt, datt d'Regierung et mécht, mä ech sinn och iwwerzeegt, datt den Här Boden et mécht. Dat war eigentlech eng Blumm, déi ech Iech wollt geheien, an deem Sënn.

Ech mengen dat am Sënn vun enger lieweger, nohalteger an zefridestellender Landwirtschaft an och Wäibau - dat fir Déier, Mënsch an Natur.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Robert Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert. Et ass iwwregens och dee leschte Riedner.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Ech denken, d'Regierung wäert och nach e Pefferkäerche bäileeën.

M. le Président.- Et ass de leschte Riedner vun der Chamber.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut haaptsächlech mat dräi Voleten hei befaasst. Deen een, dat ass déi neist Reform vun der europäescher Agrarpolitik, den Aspekt vun der Gesondheet a vun der Sécherheet vun eise Liewensmëttelen, an dann e bëssen, mengen ech, ënnert dem Androck vun der Fréisenger Affär, de Bien-être des animaux - d'Wuelbefannen an d'Behandle vun den Déieren.

Ech wëll dofir mat der europäischer Agrarpolitik ufänken, well dat dat ass, wat d'Baueren de Moment dobaussen am meeschte beschäftegt an och Suerge mécht. Obschonn ech net ganz vill Zäit hunn, wëll ech de Bléck e bëssen zréckwerfen. Wann ee wëllt verstoen, wat de Moment passéiert, muss ee wëssen, datt d'europäesch Agrarpolitik am Ufank drop ausgeriicht war, fir mol iwwerhaapt d'Ernährung vun der europäescher Populatioun nom Krich ze garantéieren, well déi Produktioun haaptsächlech defizitär war. Dat ass awer du sou gutt gefördert ginn, datt mir an de 70er Joren dat, wat zur Selbstversuergung gebraucht ginn ass, dépasséiert hunn, an do sinn déi Problemer komm mat deene mir eis haut nach erëmschloen.

D'europäesch Kommissioun an natierlech de Ministerrot hu permanent probéiert déi iwwerschëssteg Produktioun an de Grëff ze kréien. Am Ufank ware garantéiert Präisser fir d'Produkter. Dat war natierlech flott fir d'Baueren, se haten eng Sécherheet, se konnte produzéieren, dat huet och natierlech d'Produktioun stimuléiert.

Dunn ass gesot ginn, dat do geet net, well an de GATT-Verhandlunge war jo dowéinst permanent Sträit. Dunn ass eng éischt Reform komm, déi grosso modo drop rausgelaf ass fir d'Garantiepräisser erofzesetzen, awer de Leit, déi an der Landwirtschaft schaffen, en Ausgläich dofir ze ginn. Dat huet zu enger Vielfalt vu Primen, zu engem komplizéierte System gefouert, wéi ee sech en eigentlech virdrun net hätt kënne virstellen, deen och elo de loin dat dépasséiert, wat déi meescht Leit sech dobaussen iwwerhaapt kënne virstellen.

Dunn ass ëmmer rëm - an do huet d'europäesch Communautéit ni dobaussen e gutt Bild ofginn - ënnert dem extremen Drock vun den USA gesot ginn: „Dat do, dat geet net, Dir subventionéiert awer Är Exporter, Dir maacht dobaussen um Weltmaart eng unlauter Konkurrenz, an dofir musst Dir och dat do erëm reforméieren." A lo si mir dann, obscho mir eigentlech eréischt an der Halschent vun där Period vun der leschter Agrarreform wären, schonn amgaangen erëm ze reforméieren, an zwar sou datt da lo déi Primen och solle vun der Produktioun découpléiert ginn.

Mä et liest een elo schonn erëm, datt dat awer net géing duergoen, datt vu Säiten vun der WTO gesot gëtt: „Dir subventionéiert Är Landwirtschaft jo."

Ech mengen, dat muss eis derzou féieren, datt een net verschidde Systemer, verschidde Liewensniveauen dobaussen um fräie Maart einfach sou matenee ka konfrontéieren, ouni datt ee Katastrophen ausléist, souwuel op där enger Säit wéi op där anerer. Et feelt mir leider d'Zäit fir am Detail dorobber anzegoen.

Wat ech awer wëll soen, dat ass datt villes schif gelaf ass an all deene Systemer, déi do installéiert si ginn. Et si Mëllechquoten agefouert ginn. Och d'Lëtzebuerger Regierung huet dobäi nach laang net ëmmer gutt do gestanen. Et ass hei eng Form vu Kommunismus praktizéiert ginn, an deem Sënn datt déi gutt Betriber hir Produktiounsrechter an engem Mooss ewechgeholl kritt hunn zu Gonschte vun aneren, déi et net fäerdeg bruecht haten esou gutt ze produzéieren, wéi et a kengem aneren europäesche Land praktizéiert ginn ass.

Et ass hei eng Mellëchquotestrof agefouert gi fir déi Betriber, déi vun enger Molkerei zur anerer wollte wiesselen - eppes, wat géint eis Constitutioun a géint d'Mënscherechter souguer verstouss huet. Dat awer nëmmen am Rande vermerkt.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dat Onglécklechst an deem ganze System war awer, datt sech ganz séier gewisen huet, datt do Rechter entstane si fir déijéineg, déi opgehalen hu mat Sträichen an déi aus deene Rechter, sou wéi mir dat bei de Wiertsconcessioune gesinn hunn, konnte Kapital schloen.

Ech war déi Zäit selwer President vun enger Bauerenorganisatioun, déi direkt dorop higewisen huet a gefuerdert huet, datt een do misst dergéint steieren, mä et war op eng Kéier Jurisprudenz do, an dat war net méi ze réckelen. D'Katastroph ass awer lo déi, datt déi Jetonen, déi lo geschafe ginn, jeeweils op en Hektar Land drop grefféiert ginn, dat heescht d'Rechter fir déi Primen ze kréien un en Hektar Land gebonne ginn, an datt mir an deem Mooss, wéi Hektare verluer ginn, an dat geschitt jo permanent, net Hektare genuch méi hunn, fir datt jiddferee seng Jetonë kann zéien. Wat am Endeffekt erëm eng Kéier dozou féiere wäert, wa sech näischt ännert, datt déijéineg, déi d'Land verpachten, ënner Ëmstänn méi e groussen Avantage aus där ganzer Reform hei zéie wéi déi, déi um Land schaffen.

Ech weess, datt ëmmer gesot gëtt, jo do sinn d'Bauere selwer dru schold, dat war och scho fréier sou. Do wou der vill beienee waren, déi gäre Land gehat hätten, do war d'Pacht ëmmer méi héich wéi op Plazen, wou der net vill waren an d'Land vëlleg war. Dat wäerte mer och ni ganz aus der Welt geschaaft kréien, mä dat hei ass einfach eng onglécklech Entwécklung an et muss ee sech froen, wéi Leit, déi zu Bréissel dofir héich bezuelt ginn, fir doriwwer nozedenke fir Reformen ze maachen, iwwerhaapt sou eppes kënne vum Stapel loossen.

Ech géif hoffen, Här Minister, mir géingen de Wee fanne fir aus där Fal do erauszekommen. Perséinlech sinn ech der Meenung, datt mir en nationale Spillraum missten hunn, an et wär an deem Zesummenhank mol interessant eng Kéier iwwert de Subsidiaritéitsprinzip an der europäescher Communautéit ze diskutéieren.

Mir soen, mir découpléieren, d'Primmen däerfen net méi un d'Produkt oder un eng Produktioun gebonne sinn. 100%eg d'accord! Mir respektéieren dee Prinzip, mä mir ginn dem Betrib Nummer souwisou - d'Betriber si jo alleguerten enregistréiert -, op senger historescher Referenzbasis, säi Betribsjeton, seng Betribsprimen, ouni datt si un d'Land gebonne sinn, an da wäre mir aus där Fal do eraus.

Ech weess, datt ëmmer gesot gëtt, dat geet net, d'europäesch Reglementatioun léisst dat net zou, mir kënnen eis och net erlaben do dergéint ze goen. Ech wier awer op jidde Fall net onglécklech, wann ee mol eng Kéier den Effort géif maache fir ze kucken, wat dann do am Endeffekt géing geschéien. Et kann dach net sou sinn, datt mir ëmmer de Subsidiaritéitsprinzip héich an helleg halen, an da wann et driwwer hiergeet, dann hu mir awer kee Spillraum fir et bei eis selwer sou ze aménagéieren, wéi et eigentlech misst gemaach ginn.

Här President, lo sinn ech scho bal an der Halschent, mä ech mengen dat do huet awer misse gesot ginn.

Nächste Punkt ass d'Sécurité alimentaire. Ech wëll awer hei soen, allen Unkenrufen zum Trotz, datt d'Liewensmëttel nach ni sou propper a sou sécher ware wéi an eiser Zäit, datt de Konsument nach ni sou vill a sou gutt Liewensmëttel konnt kafe fir seng Suen, wéi dat haut de Fall ass. Ech wëll nëmme kuerz drun erënneren - déi meescht vun Iech, déi Eeler, kënne sech nach vläicht erënneren -, wat fréier Problemer ware mat Déierekrankheeten, mat Tb, mat Bang, déi op de Mënsch iwwerdrobar waren, wou mir wierklech laang gekämpft hunn, bis datt dat alles ewech war. Et war hygienesch laang net alles sou an der Rei, wéi et haut ass. Et ass zwar seelen een dru gestuerwen, mä trotzdeem, et muss ee soen, datt eis Liewensmëttel haut an där Bezéiung vill méi sécher sinn.

Et bleiwen d'Problemer, déi soll een net minimiséieren, mir schaffen haut an der Landwirtschaft ëmmer nach mat vill Chemikalien - dat ass ze bedaueren -, et gëtt Réckstänn am Waasser, et gëtt der och - et brauch ee se nëmme sichen ze goen, och wann et heiansdo nëmme Spure sinn - an de Liewensmëttel, déi een net ewech kritt a wat dat dann alles an der Kumulatioun bewierkt, dat kënne mer net ëmmer novollzéien.

Dat anert sinn Antibiotiken an der Fidderung, déi och nach erlaabt sinn; wat een eigentlech net versteet. Wat awer d'Folleg ass vun der europäescher Agrarpolitik, nämlech d'Konzentratioun vun de Betriber, wou et einfach keen anere Wee méi gouf. Aus der Massentierhaltung ass natierlech eng bëlleg Produktioun entstanen an op där anerer Säit ass dat awer de Präis, dee mir dofir bezuelen.

Ech wëll och nach soen, datt d'Ziichtung laang Zäit an déi falsch Richtung dirigéiert ginn ass. D'Planzenziichtung ass op Leeschtung dirigéiert ginn, a wann der d'Ziichtung op Leeschtung dirigéiert, da geet et op d'Käschte vun de Resistenzen, a wann d'Resistenzen ofgebaut gi bei där falscher Selektioun, da musst der natierlech mat Chemikalien dergéint halen; et gëtt awer an der Ziichtung lo ëmmer méi dorop gëuecht.

Datselwecht ass bei den Déieren, wou och an der Berodung d'Leeschtung um Béischt ëmmer nëmmen ervirgestallt ginn ass. Wa fréier eng Kou 5.000 bis 6.000 kg Mëllech am Joer ginn huet, da war et eng gutt, haut sinn déi bescht scho bei 15.000. Et freet ee sech heiansdo, wéi déi Béischten dat packen. Den Däitsche seet: „Wir haben" - entschëllegt, mä ech mengen et kann een dat awer an enger Landwirtschaftsdebatt esou soen – „die Kuh zur Sau gemacht"; dat heescht mir fidderen d'Kéi haut méi mat Aliments concentrés, wéi datt se eigentlech e Raufutterverwäerter ass, wéi se et vun Natur aus normalerweis misst sinn. Och do misst en Ëmdenke kommen: eng Réckziichtung op manner Leeschtung a méi Resistenz, wat och dann zu manner Asaz vu Medikamenter géif féieren.

E Wuert zum Bien-être des animaux. Ech kann dat nëmmen ënnersträichen, wat och anerer hei scho gesot hunn: Wann ee Betrib aus der Rei danzt, da mécht dat natierlech méi Gedäisch am Land, wéi wann der 1.500 hir Aarbecht all Dag uerdentlech maachen. An dat ass eppes wat an eiser médiatiséierter Welt zwar iergendwou verständlech ass, an trotzdeem deet et engem Leed, well all déi aner doduerjer an e schlecht Liicht geroden.

Et muss een awer och wëssen - an do hunn ech heiansdo e bëssen Onverständnis fir dat, wat dobausse leeft -, datt meeschtens an deene Fäll - an ech hunn der en etlech kannt, dat do ass jo net deen éischten - eng mënschlech Katastroph deene Virgäng do viraus geet. Do si Leit, déi aus iergendengem Grond aus de Schinne sprangen, an da kënnt dat do hannen drun.

Richteg ass, datt mir et musse fäerdeg brëngen d'Kontroll, déi etabléiert ass an déi do ass, datt déi Kontroll funktionéiert. Ech sinn domat d'accord, datt et net um Hausveterinär ass fir deen dann do dénoncéieren ze goen an datt dann direkt d'Police an d'Douane an ech weess net wat nach alles dohinner kënnt, mä e ka fir d'éischt déi Leit drop opmierksam maachen, dat an dat ass net wéi et soll sinn, a wann dat dann net hëlleft, einfach den Tuyau un d'Veterinärsinspektioun weider ginn. An dann ass et un där fir dohinner kucken ze goen a fir Uerdnung ze suergen. Et ass net um Veterinär selwer, mä hien huet den Iwwerbléck an hie kann an e muss och den éischten Ustouss, den éischten Impuls dozou ginn, well se ginn dofir bezuelt.

Ech deelen och voll déi Meenung, datt et op kee Fall geet, datt e Schwunnendall - wéi mir e fréier genannt hunn, déi déi d'Véi ewech huele wat futti ass - d'Kadavere kënne leie loossen, wa keng Ouermark drun ass. Dat Wichtegst ass, dass de Béischt aus hygienesche Grënn fort kënnt, egal wat dann hannendrop erfollegt. Dat ass eppes, wat net ze toleréieren ass.

Sou, Här President, elo nach ganz séier zu mengem véierte Punkt, an dat ass deen dee mir am meeschten uewe läit, dee war zwar net haut um Programm, mä ech fannen et wär heiansdo néideg, datt mir och dovunner géife schwätzen: De Bien-être des agriculteurs. Mir gesinn, datt all Joer 100 bis 120 Betriber manner op der Lëscht sinn, dann dauert et net méi ganz laang bis datt mir kee méi hunn. Een Drëttel ongefeier, gëtt gesot, hätten nach e Successeur, vill Jonker fanne keng Fra, a wa se eng hunn, dann hale se - an zu Recht - meeschtens drop, datt déi soll op hir Plaz schaffe goen - heiansdo sinn et Léierinnen, déi sinn natierlech vläicht dann e bësse privilégiéiert.

(Interruption)

Déi Betriber déi ech kenne funktionéieren excellent.

Et ass Aarbechtsiwwerlaaschtung do a mir wëssen - oder déi, déi der kennen -, datt an engem Véibetrib 24 op 24 Stonnen Déngscht ass. Dat heescht net, datt een all Nuet op ass, mä awer dack genuch. D'administrativ Belaaschtung kann een nëmmen ënnersträichen, munches muss sinn haut, et geet net anescht, mir wëssen dat, opgrond vun der Traçabilitéit, der Sécurité alimentaire a sou weider, mä et gëtt och villes iwwerdriwwen.

An, Här Minister, ech wëll Iech eent un d'Häerz leeën, ech héieren et ganz vill aus dem beruffleche Secteur eraus: D'Grondastellung vun eise Verwaltunge vis-à-vis vun de Betriber, do huet sech eppes breet gemaach, contrairement zu de Fransousen, well ech weess et vu Baueren, déi och Terrainen am Frankräich hunn, wann de Bauer eppes falsch gemaach huet, da war et direkt Absicht. Ech mengen, dat misste mer mol aus de Käpp eraus kréien, datt net jiddereen, dee Primë bezéit, e potenzielle Fraudeur oder Kriminellen ass; datt een och Verständnis dofir huet, wa mol eng Ouermark oder eng Ka-

dasternummer verwiesselt gëtt. Hei ass et awer anscheinend esou, datt direkt op déi éischt Erreur matérielle eng Sanktioun gesat gëtt, während d'europäesch Reglementatioun mol fir d'éischt eng einfach Verwarnung virgesäit an dann am Widderhuelungsfall eréischt wierklech eng Sanktioun kënnt.

Här President, ech gesi meng Zäit leeft of. D'Regierung huet eng Initiativ ergraff fir Jonker, se solle sech selbststänneg maachen: „Trau dech." Dat kann een natierlech nëmmen ënnersträichen. Hei kann een zu deene jonke Bauere soen, trau dech e Beruff ze ergräife wou et sou schwéier ass, wou permanent Aarbechtsiwwerlaschtung ass, en héije beruffleche Risiko ass, Investissementer a sou weider. An et ass dofir noutwenneg, datt mir eisen nationale Spillraum voll ausnotzen, dat ass virun allem d'Ausbildung an d'Berodung - et ass schonn hei vun der Akerbauschoul gesot ginn -, dat ass déterminant fir den Erfolleg am Betrib.

Ech begréissen et, datt d'Regierung wëlles huet endlech op de Wee ze goen, datt mir de Meeschterdiplom afëieren. Mir schwätze well 20 Joer driwwer, datt mer et eise Jonken attraktiv maachen, eng Meeschterprüfung ofzeleeën, op aner Betriber ze goen, net doheem beim Papp d'Léier ze maachen, mä op aner gutt Betriber virun allem ze goen, an d'Ausland ze goen, fir dee Bagage ze kréien, dee se brauchen. D'Simplification administrative, dat däerf kee Schlagwuert bleiwen, do muss ee wierklech permanent dru schaffen an do muss och seriö eppes derbäi erauskommen.

An ech mengen dobaussen, vu Säite vun der Politik a vun der Öffentlechkeet, brauch de Baueresstand och méi Respekt a Verständnis. Wann net e kollektiven Effort gemaach gëtt fir d'Opwäertung vum Image vum Bauereberuff dobaussen, da musse mir fäerten datt mir an enger bis zwou Generatiounen dee Minimum un Acteuren, dee mir an der Landwirtschaft brauchen, net méi hunn, dee se fir hiert Iwwerliewe brauch, an dat wier eng Katastroph, net nëmme fir eisen Agrarsecteur, mä leschten Enns fir d'ganzt Land.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo d'Regierung, de Landwirtschaftsminister Här Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert selwer gemierkt hunn, dass ech keng liicht Aufgab hei hunn. Ech soll an 20 Minutten op e ganz wäite Fächer vu Problemer agoen. Wann ech vläicht eng Suggestioun däerft maachen, ech hunn dat zwar net ze maachen, mä trotz allem, wa mir Interpellatioune maachen a mir hätte gären, et soll dobäi eppes Konkretes eraus kommen, géif ech vläicht wënschen a froen, ob een net kënnt dann de Sujet sou limitéieren, datt ee kann e bëssen an de Fong vun der Saach goen, dass een herno och kann eppes do erauszéien, wat och eppes bewege kann.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Well hei si sou vill Punkten ugeschwat ginn, et ass wierklech schwéier op dat alles anzegoen an heirauser grouss Konklusiounen ze zéien. Ech weess och net wat de wichtegste Problem lo ass. Den Här Kox ass am Fong manner op d'PAC-Reform agaangen, wat am Fong awer lo dee Problem ass, deen de meeschte Baueren, géif ech soen, direkt um Häerz läit. Dofir sinn anerer méi dorobber agaangen. Ech versiche mol fir domadder unzefänken, a wa meng Zäit eriwwer ass, Här President, da sot mir et, da versichen ech déi aner Punkten e bësse méi schnell ze maachen. Ech versichen op dat anzegoen, wat gesot ginn ass, souwäit wéi et geet.

(Interruption)

Mä ech maachen och sou schnell wéi méiglech.

Et ass hei ganz kloer gesot ginn, datt déi nei Reform vun der Agrarpolitik am Fong e ganz wäite Schratt no vir ass, datt et e Broch ass mat der Vergaangenheet an datt et am Fong d'Bauere virun nei Erausfuerderunge stellt.

Deelweis waren déi Reformen néideg. Den Här Goerens huet drop higewisen, datt duerch déi Reform am Fong déi europäesch Agrarpolitik méi WTO-kompatibel ginn ass, datt se green-box-fäeg ginn ass, dat heescht datt mir op dem Welthandelsniveau vill méi Méiglechkeeten hu fir och aner Wënsch, déi mir hunn, wéi Liewensmëttelsécherheet, Déiereschutz, sozial Moossnamen, Ëmweltschutz, datt mir déi och kënne mat an d'Gespréich bréngen. Also ech mengen et ass scho versicht ginn, fir an där Optik déi Reform ze maachen.

Mir haten en Elargissement, an et ass och versicht ginn fir iwwert déi Reformen am Fong den Elargissement ze preparéieren, ze kucken datt och déi nei Länner kënnen an d'europäesch Landwirtschaftspolitik mat agebonne ginn.

Wichteg a wesentlech, dat ass jo gesot ginn, ass am Fong d'Entkopplung vun de Primë vun der Produktioun. En éischte Schrëtt war 1992 gemaach ginn. Elo ass, a mir hunn dat hei am Land jo vollstänneg gemaach, versicht ginn, de Bauer derzou ze bewegen fir méi maartorientéiert ze produzéieren, an datt en net soll kucken, wat fir eng Kultur oder wat muss ech maachen, fir déi meeschte Primen ze kréien. Ech mengen, dat ass dat grondleeënd Neit, an do ware mir och der Meenung, no laangem Gespréich mat de Lëtzebuerger Bauerenorganisatiounen, datt mir sollen hei komplett an d'Entkopplung goen. Déi Suen, déi d'Bauere kréien, déi Jetonen, loosse mir se emol esou nennen, déi kréie se awer net einfach esou, déi si gebonnen un eng Rei vu Kritären a Konditiounen, déi se mussen anhalen. Déi sou genannte Konditionalitéit vun där jo hei oft geschwat ginn ass.

Konditionalitéit, dat heescht se musse „gute bäuerliche Praxis" maachen, se musse mat der Ëmwelt a mat den Déieren uerdentlech ëmgoen, se mussen derfir suergen, datt d'Liewensmëttelsécherheet assuréiert ass bei deem wat se produzéieren. Dat sinn déi Kritären a Konditiounen déi se mussen erfëllen, soss kréie se déi Primen do net méi.

Dat ass am Fong dat fundamentaalt Neit, an et ass och schonn hei e puermol gesot ginn, am Fong leeschten d'Baueren e grousse Bäitrag zur Liewensqualitéit vun eis alleguer. Si mussen eng Rei vu Kritären, Konditiounen erfëllen, a wa se dat maachen, dann ass d'Gesellschaft bereet och dofir ze bezuelen. Et war ëmmer mäin Objektiv, derfir ze suergen, datt déi Suen, déi d'Landwirtschaft kritt, fir déi do Kritären ze erfëllen, datt déi och sollen erhale bleiwen. An ech mengen dem Här Fischler säi Mérite ass et, datt am Fong d'europäesch Landwirtschaft konnt plus ou moins déi Suen halen, déi se an der Vergaangenheet hat, wa se dës Kritären erfëllt.

An och zu Lëtzebuerg, et ass jo gesot ginn, ass de Finanzement ofgeséchert, op jidde Fall an deenen nächste Joren, bis 2007, kritt Lëtzebuerg méi Sue wéi et der bis elo kritt huet. Fir 2005 hate mir ausgerechent, datt mir, mengen ech, 31 Milliounen Euro zegutt hätten, en fait kréie mir der awer eppes méi wéi 33, dat heescht mir kréie pro Joer zwou Milliounen Euro méi wéi mir am Fong op Grond vun der historescher Referenz, déi jo festgehale gëtt, zegutt haten. Dat ass well mir net schlecht verhandelt hunn a well och, wéi gesot, den Här Fischler a gewëssene Punkten der Lëtzebuerger Landwirtschaft entgéintkomm ass.

Mä lues a lues wäerten awer ouni Zweiwel déi direkt Bäihëllefe liicht erofgoen, et ass jo eng sou genannte Modulatioun virgesinn, dat heescht déi Bäihëllefe ginn 2005 ëm 3% erof, 2006 ëm 4%, 2007 ëm 5%, an da bleift et bei 5%. An déi Suen, déi sollen eriwwergoen an d'Entwécklung vum ländleche Raum, an den zweete Pfeiler vun der Agrarpolitik, deen ëmmer méi wichteg gëtt a wou jo déi multifunktionell Roll vun der Landwirtschaft soll voll a ganz zum Droe kommen.

An domadder waren och d'Stats- a Regierungschefen d'accord. Den Här Goerens huet gefrot: Ass déi Finanzéierung vun där EU-Agrarpolitik ofgeséchert? Jo, si misst et sinn, well d'Stats- an d'Regierungschefen am Oktober 2002 an de Finanzperspektiven 2007-2013 e Montant festgehalen hunn, deem d'Kommissioun Rechnung gedroen huet. Et ass jo och virgesinn, datt eng Discipline financière muss agehale ginn. Wann dee Montant géif iwwerschratt ginn, géifen d'Bäihëllefen deementspriechend gekierzt ginn.

A wann d'Stats- a Regierungschefen, an ech zweiwelen net dorunner, Wuert halen, da misst also och bis 2013 déi europäesch Agrarpolitik finanziell ofgeséchert sinn. Et sinn der awer eng Partie, déi wëllen aus der Rei danzen, se schwätzen zwar net iwwert d'Agrarpolitik, mä se soen: De Bäitrag zum europäesche Budget dierft net méi wéi 1% vum PIB sinn. Wann dat géif geschéien, huet den Här Fischler Recht mat deem wat hie gesot huet, da missten Aschnëtter kommen, net nëmmen an der Agrarpolitik, mä a ganze Fächer vu Beräicher vun der europäescher Politik, mä awer och an der Agrarpolitik. Da wär also dat, wat elo an der europäescher Agrarpolitik beschloss ass, deemno net méi machbar.

Dofir huet Lëtzebuerg och net do mat ënnerschriwwen, an ech denken an ech hoffen, datt ënner eiser Presidentschaft ofgeséchert gëtt, datt d'Finanzperspektiven esou gemaach ginn, datt net ze vill drastesch Aschnëtter mussen an déi verschidde Politikberäicher kommen, déi mir als wichteg, als prioritär betruechten, also och net an d'europäesch Agrarpolitik.

Dir wësst, datt mir, wéi gesot, amgaange sinn déi Konditionalitéitsbestëmmunge festzehalen. Ech hunn drop higewisen a wat fir enge Beräicher datt dat muss geschéien. Et sinn effektiv 18 Kritären a Konditiounen, déi musse progressiv vun 2005 un erfëllt ginn, mä ech wëll och hei soen, datt dat keng zousätzlech Belaaschtung fir d'Bauere gëtt, well déi Konditiounen a Kritären déi mussen agehale ginn, déi sinn haut schonn anzehalen am Kader vun der Landschaftsfleegeprime a vun der Indemnité compensatoire. Dat heescht d'Bauere kennen déi Konditioune schonn, et muss vläicht déi eng oder aner liicht adaptéiert ginn, mä am Prinzip kenne se se, erfëlle se haut schonn, mä et ass awer wichteg, dass se och weider berode ginn, dass se gehollef kréien, well an Zukunft gëtt de finanziellen Aschnëtt bei Verstéiss méi grouss. Wa gewësse Kritären net agehale ginn, da ginn esou vill Prozent vun dem Gesamtjeton, deen een zegutt huet, also vum Gesamtpaiement, deen een zegutt huet, ewechgeholl.

Et ass och net esou, datt d'Baueren direkt bei där éischter Verwarnung alles ewechgeholl kréien. Ech mengen, do ass d'Administratioun flexibel genuch fir ze hëllefen, ze beroden. A wat mir virgesinn, dat ass net ee Guichet unique ze maachen, dat géif och kee Sënn maachen, muss ech soen, mä mir wëllen e Conseil agricole aféieren, dat steet d'ailleurs an der Regierungserklärung, an et ass souguer vun der europäescher Réglementatioun virgeschriwwen, datt een dee muss offréieren. Wann also Servicer - dat kënne Bauerenorganisatioune sinn, et kënnen och aner Organisme sinn, et kann och eng Chambre d'agriculture sinn - bereet si sech agrééieren ze loossen, a si ginn agrééiert wa se kënnen noweisen, datt se d'Bauere kënne beroden iwwer all déi Kritären, déi am Kader vun der Eko-Konditionalitéit mussen agehale ginn, wa se also kënne beweisen, datt se Experten hunn, datt se fäeg si fir déi Berodung do gutt ze maachen, da kënne se vum Bauer erausgewielt ginn a mir ginn dem Bauer Suen, och e Montant, deen am Reglement festgehalen ass, fir dass e sech kann déi Berodung do zoukomme loossen.

Dat heescht, mir ginn ee ganz anere Wee. Mir ginn dem Bauer d'Fräiheet, fir ënner verschiddenen Déngschtleeschter, vläicht gëtt et der vill, vläicht gëtt et och nëmmen een, et weess een dat net, dat hänkt dovun of wie sech dorëmmer bekëmmert, wie seng Organisatioun esou organiséiert, fir déi do Berodung kënnen ze maachen. De Bauer kann also sech deen eraussiche wou e mengt, datt en am beschte géif berode ginn, an da kritt hie Suen an hie kann och doriwwer dee bezuelen. Ech mengen, dat wär bei Wäitem dee beschte Wee fir dat ze maachen.

An iwwerhaapt, dee Guichet unique, vun deem hei geschwat gëtt, schéngt mir e bësse komplizéiert ze sinn, well dee misst jo administrativ Berodunge ginn, e misst technesch Berodunge ginn, de Bauer, wann dee gären e Stall baut, weess en, ech gi bei deen, wann hie Problemer a sengem Stall huet weess en, ech gi bei déi Administratioun, wann en e Problem huet fir Primëformulairen auszefëllen, da weess en den SER mécht dat, an et gëtt keng eenzeg Organisatioun déi fäeg wier, fir all déi Saachen do ze maachen. Ech mengen, do hu mir Transparenz a Kenntnisser genuch vun de Baueren hei, fir ze wësse fir déi Problematik ginn ech dohinner.

Liewensmëttelsécherheet, do sinn op d'mannst zwee Ministèren déi zoustänneg sinn. Dofir hu mir jo versicht eng Cellule agri-santé ze maachen, déi am Fong soll déi Kompetenze bündelen a wou soll eng Uspriechstell sinn. Ech mengen also net datt et néideg wär fir ee Guichet unique ze maachen an do allgemeng Informatiounen ze ginn, ëmsou méi wéi d'Berodung jo wesentlech ass an d'Berodung hei am Land am Agrarsecteur ganz anescht organiséiert ass. Déi gëtt vum Secteur aus selwer gemaach, an ech mengen dat wier bei Wäitem dee bessere Wee.

Da gëtt och an där Motioun vun deene Gréngen nach gesot, et misst eng komplett Reform gemaach gi vun den administrativen Oplagen. Also mir sinn hei an enger Gemeinschaftspolitik, dat wëll ech lech soen, do schreiwen déi Bréisseler vir wat fir eng administrativ Oplage wéi, wou a wéini auszefëlle sinn. Do hu mir also net déi Handhab, wéi dat an anere Secteuren de Fall ass, bei de Classes moyennes zum Beispill.

Dofir mengen ech och net, datt et sënnvoll a richteg wär - fir elo op d'Motioun vun der DP, d'Motioun 2, anzegoen -, datt een de Commissaire à la simplification administrative bei de PMEen och nach soll betraue mat deem heite Secteur.

Éischtens verlaangt dat hei e ganz anert Wëssen, wou ee muss wierklech Kenntnis hu vun der kompletter gemeinschaftlecher Agrarpolitik, vun de ganze Réglementatiounen an Direktiven iwwert d'Liewensmëttelsécherheet. Ech mengen do wär et scho wichteg, datt ee versicht fir eben de Baueren et esou einfach wéi méiglech ze maachen, andeem datt een déi Berodungsservicer do, déi hie sech kann eraussichen an déi agrééiert sinn, beoptraagt, fir him déi néideg Informatiounen ze ginn. Pour le reste kann ech soen, datt mir versiche bei der Ëmsetzung vun all deene Kritären a Konditioune vun der Agrarreform, do wou mer Sputt hunn, et esou liicht an esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Mä ech soen, an enger gemeinschaftlecher Agrarpolitik gëtt et net immens vill Sputt. Do sinn ech d'accord mat Leit déi heiansdo reprochéieren, dass de Prinzip vun der Subsidiaritéit net genuch géing zum Droe kommen. Dat ass esou! Mä Dir wësst och, dass hei ganz vill Suen am Spill sinn an dass och muss d'Sécherheet bestoen, dass déi Suen an déi richteg Kanäl ginn, dass se fir déi richteg Saachen ausgedeelt ginn, an dat bréngt eben eng Rei vun Oplage mat sech, déi wahrscheinlech heiansdo iwwerdriwwe sinn - do si mer d'accord domat.

Ech muss och soen, dass och am europäeschen Agrarministerrot d'Kommissioun ëmmer nees opgefuerdert gëtt, fir hei an do Ofstrécher ze maachen, ze vereinfachen. Si versprécht et och ëmmer; et sinn och Usätz gemaach ginn, dat wëll ech soen, eng Rei vun Usätz, wat den Ëmweltschutz ubelaangt, si gemaach ginn. Beim Heckeschutz zum Beispill si Vereinfachunge gemaach ginn, fir net ëmmer dës Flächen dat erauszezéien. Mä et ass awer d'Kommissioun déi do muss matspillen an déi do muss d'Initiativ ergräifen, do hu mer leider Gottes net allze vill Spillraum.

Ech menge schonn, dass mer déi zwou Motiounen net kéinten akzeptéieren.

D'Motioun Nummer 3 vun der DP, do geet also Rieds dovun, dass ee soll bei der Eko-Konditionalitéit d'Bauere beroden, hinnen hëllefen - do hunn ech kee Problem domat fir déi ze akzeptéieren, wann nach zwou weider Ënnerschréften dorënner kommen. Ech menge schonn dass mer do Efforte maachen, fir de Baueren entgéintzekommen, dass se gehollef kréien a berode ginn, fir déi Kritäre vun der Eko-Konditionalitéit sou gutt wéi méiglech anzehalen.

Ech wëll och soen…

(Interruption)

M. le Président.- Zu der Motioun oder zu der Interventioun vum Här Minister?

Une voix.- Jo, zur Interventioun.

M. le Président.- Ech denken, dass mer d'Motioune sollten herno, no der Interventioun vum Minister, diskutéieren an debattéieren. Ech weess zwar…

Une voix.- Wéi Dir wëllt. Ech hu kee Problem domat.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Also, wéi gesot, d'Regierung huet kee Problem mat där drëtter Motioun. Et si just nëmmen dräi Ënnerschréften do oder zwou. Et ass gesot ginn, wann aner Fraktioune wéilte mat ënnerschreiwen, also d'Regierung wär bereet fir déi Motioun ze akzeptéieren.

Ech wëll och soen, et gëtt jo heiansdo gesot, wéi wa mer net géife kontrolléieren an net sanktionéieren, well mer jo haut och iwwer Déiereschutz a Bien-être des animaux schwätzen. Dozou wëll ech soen, dass am Kader vun deene Kritären, déi haut scho bestinn, fir d'Indemnité compensatoire a fir d'Landschaftsfleegeprime ze kréien, dass mer do zum Beispill am Joer 2004 fënnef Betriber sanktionéiert hunn, déi Infractioune gemaach hunn, wat de Bien-être animal ubelaangt. Also et gëtt scho kontrolléiert a sanktionéiert. Natier-

lech ginn déi Sanktioune vill méi gravéierend, wann dat op der ganzer Prime gemaach gëtt, déi d'Bauere kréien, wéi wann et elo op der Indemnité compensatoire oder soss enger gemaach gëtt.

Ech wëll och soen, dass mer am Moment amgaange si fir d'Bauere sou gutt a wäit wéi méiglech ze informéieren, wat jo och eng Ufro ass, wat d'Eko-Konditionalitéit mat sech bréngt. Mir wäerten och eng Broschür doriwwer erausginn an, wéi gesot, well dat mat relativ vill Sue verbonnen ass, si mer eis bewosst, dass een do muss Efforte maache fir hinne sou gutt wéi méiglech ze hëllefen, fir datt se kënnen déi Konditiounen a Kritären erfëllen.

Mir hunn dofir och eng GAP-Info agefouert, déi hutt Der jo vläicht och zougestallt kritt. Et sinn dräi Nummere rauskomm, wou ganz konkret a kloer de leschte Stand vun der Ausaarbechtung vun eise Réglementatiounen a Kritären a Konditiounen ëmmer nees duergeluecht gëtt.

Mir hunn och eng Infoline agefouert. Wann d'Baueren also opgrond vun deenen Informatiounen, déi se kréien, Froen hunn, kënne se télefonéieren op enger Telefonsnummer, déi uginn ass, an da kréie se och déi Äntwerten, déi do sinn.

Ech muss just soen, de Problem ass, dass d'Kommissiounsreglementer nach bis de leschte Mount komm sinn, an de leschte Mount sinn der nach ofgeännert ginn, dat heescht et ass schwiereg scho lo definitiv Reglementer erauszeginn, well permanent nach där Changementer komm sinn. Mä mir sinn amgaange lo festzehalen, wéi déi Jetonë solle berechent ginn, an do war de Wonsch mengen ech hei vun der Chamber, an och vun der Bauerewelt, dass ee géif soen, mir mussen der Entwécklung vun de Betriber Rechnung droen. An déi war hei am Land relativ grouss. D'Betriber sinn ëm zwee bis dräi Hektar pro Joer gewuess. Dat heescht an deene fënnef Joer vun 2000 bis 2005 sinn et zéng bis 15 Hektar, déi d'Betriber méi grouss gi sinn. Dofir wëlle mer kucken, bei deene Jetonen där Entwécklung do Rechnung ze droen.

Déi Betriber, déi opgebaut hunn, déi investéiert hunn, déi kréien dat deelweis guttgerechent iwwer Suen oder Jetonen, déi se aus der Réserve nationale kréien, an anerer, déi ofgebaut hunn, deene kënne mer de gréissten Deel ewechhuelen, wa se ofgebaut hunn, fir ebe lues a lues opzehalen, dass se net den historesche Jeton kréien, mä dass se dee kréien, deen hirer Situatioun vun 2004 entsprécht. Also, dat mécht d'Saach net méi einfach, mä ech mengen et mécht se vill méi gerecht. Dat war mengen ech och de Wonsch allgemeng vun der Chamber.

Dann ass gefrot ginn, vum Här Goerens mengen ech, no der Indemnité compensatoire. Also, wat mer bis elo gemaach hunn, déi Reform, dat ass d'Reform vun der Maartuerdnung, dat huet net betraff bis elo d'Entwécklung vum ländleche Raum, wat am Fong eist Agrargesetz duerstellt. Déi Reform ass elo um europäesche Plang an der Diskussioun. Do ass och e Reglement vun der Kommissioun virgeluecht ginn, an do ass de grousse Problem, dass déi sou genannte Régions défavorisées, wou zu Lëtzebuerg jo praktesch d'ganzt Land begräift, mat Ausnahm vun der Muselgéigend, dass déi a Fro gestallt sinn, dass déi mussen nei definéiert ginn, dass also dee politeschen Acquis, dee mer haten, net méi sou acquis ass.

Do ass effektiv déi Fro berechtegt, ech hunn dat och scho gesot. Mir musse gutt argumentéieren a versichen, fir souwäit wéi mir et kënne Kritären anzebannen, déi et erlaben Lëtzebuerg als Région défavorisée zréckzebehalen. Den Här Fischler war do ëmmer verstänneg - ech hoffen, dass deen nächste Kommissär dat och ass -, wa mer gesot hunn, mä Lëtzebuerg huet eng speziell Situatioun.

Mir sinn e Land, wou d'Léin ganz héich sinn, an d'Lëtzebuerger Bauere vergläiche sech mat de Léin, déi déi aner Beruffer hei am Land kréien, an net mat dem Loun oder mat dem Akommes, wat e Bauer a Portugal, a Spuenien, a Griicheland oder an Däitschland kritt. Dofir hu mer ëmmer gesot, och där Situatioun muss ee Rechnung droen. Dat steet de Moment net am Reglement, wëll ech soen. Dat heescht, et muss ee kucken, d'Kommissioun an och d'Kolleegen ze iwwerzeegen, dass se bereet sinn och där do Situatioun plus ou moins Rechnung ze droen. Also, och do wäerte mer zesummen nach Mëttel a Weeër fanne mussen, fir ze argumentéieren an eis sou wäit wéi méiglech duerchzesetzen, well d'Indemnité compensatoire mécht en héije Montant aus fir d'Akommes vun de Baueren. Et gëtt des Weideren eng ganz Rei vu Begënschtegungen, déi mat der Région défavorisée verbonne sinn.

Also, et ass scho wichteg, dass mer kucke fir do net ze vill Plommen ze loossen, mä datt mer versichen eis do sou gutt wéi méiglech ze verdeedegen, mat Argumenter a mat Iwwerzeegungskraaft, souwäit déi dann och kënnen duerchdréngen.

Am Kader vun der Entwécklung vum ländleche Raum hu mer mat eisem Agrargesetz e gutt Instrument fir de Strukturwandel ze begleeden. Et ass och scho vum Här Clement gesot ginn, dass d'Baueren zwëschent 2000 an 2004 210 Milliounen Euro investéiert hunn, dovunner si 95 Milliounen Euro ongeféier Bäihëllefen. Dat war nach ni de Fall. Dat heescht, et ass an der Landwirtschaft e gewëssent Vertrauen an d'Zukunft do, net wéi ëmmer sou gemaach gëtt, dat wär net do. Dat ass do, an ech begréissen dat och.

Ech maache mer heiansdo Suergen, ob se net iwwerdriwwen investéieren. Mir maachen och deen Appel u se! Mä ech mengen, et ass besser, et gleeft een un d'Zukunft, et investéiert een, wéi wann een einfach mol ofwaart, wat soll lo kommen, wéi soll an Zukunft eise Beruff ausgesinn. Also, ech menge schonn, dass dat encourageant ass. Et muss ee just drop opmierksam maachen, dass d'Investitioune sech och musse rentabiliséieren, an do hunn ech heiansdo meng Bedenken.

Mä op jidde Fall hu mer och ganz klar d'Lëtzebuerger Landwirtschaft orientéiert an eng Qualitéitsproduktioun. Mir hu keng industriell Landwirtschaft hei am Land. Gott sei Dank! Mir wëllen och versichen, an déi Richtung virunzegoen. Méi wéi 90% vun de Betriber maache mat bei der Landschaftsfleegeprime, dat beweist dass dat, wat mer gär gehat hätten - d'grouss Mass vun de Betriber an déi richteg Richtung ze kréien -, zum gréissten Deel erreecht ass. Et gëtt der ëmmer, déi aus der Rei danzen. Dat bedauere mer. Dat muss och sanktionéiert ginn. Dat wëll ech ganz kloer soen. Och wat den Déiereschutz an de Bien-être des animaux ubelaangt. Mä mir hunn et fäerdeg bruecht, eng Orientatioun ze kréien a méi eng ëmweltschounend, déiereregerecht Landwirtschaft. Dat gëtt ënnerstëtzt.

An och déijéineg, déi an d'Qualitéit investéieren, kréie méi héich Subside wéi déi, déi dat net maachen. D'Agrargesetz mécht ganz kloer eng Distinctioun tëschent normalen Investitiounen an Investitiounen an d'Qualitéit. An d'Qualitéitsproduktioun, regional Qualitéitsprodukter ass dat, wat mer mussen an Zukunft hei nach weider förderen.

Ech sinn och frou dass hei gesot ginn ass, dass mer alles solle maache fir den agroalimentairë Secteur zu Lëtzebuerg ze stäerken, dass mer en ënnerhalen, dass mer hei regional Qualitéitsprodukter kënnen am Land schafen, déi och d'Vertraue vum Konsument kréien, wou d'Traçabilitéit ofgesécher ass, an dass de Konsument just vläicht misst bereet sinn, fir heiansdo e Frang weider ze gi fir déi Qualitéitsprodukter, déi hei gemaach ginn, well déi hu méi en héije Produktiounskäschtepunkt wéi Produkter, déi net deene Kritären a Konditiounen entspriechen.

Dann zur Biolandwirtschaft, wou den Här Kox jo domat ugefaangen hat, wëll ech ganz kloer soen: Am Kader vun dem Agrargesetz gëtt d'Biolandwirtschaft gefördert, a se gëtt souguer staark gefördert. Ech kann lech souguer…

(Interruption)

Ganz staark gefördert! An ech kann lech souguer soen, wéi d'Agrarproduktioun sech do entwéckelt huet. 1994, virun zéng Joer also, hate mer zwielef Betriber, an déi zwielef Betriber, déi hu 567,56 Hektar bewirtschaft. Haut - dat heescht souguer schonns uganks 2004 - hu mer 59 Betriber an 3.001 Hektar, also fënnefmol méi Betriber a bal sechsmol méi Hektare wéi dat virun zéng Joer de Fall war. Et kann een also net soen, datt näischt geschitt wär, am Contraire.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Wéi vill Prozent sinn dat dann?

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Oh, ech weess dat elo net genee, ech ka just nëmme soen, et ass bal sechsmol méi wéi et virun zéng Joer war.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Wéi ass et op der Musel mat dem Wäibau? Dat pake mir net un!

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Jo, dat ass e ganz anere Problem, Här Kox, dee kënne mer gär verdéiwen. Also och wann Dir versicht Biowäibau ze maachen…

(Interruption)

…ech mengen den Helikopter flitt awer och bei lech laanscht, hunn ech e bëssen d'Impressioun.

(Interruption)

Also dat ass schonn e bësse méi differenzéiert ze gesinn. A wa mir mat Experte schwätzen am Wäibau, déi soen datt et net esou einfach wär, fir am Wäibau ouni Sprëtzmëttel a gewësse Saachen auszekommen, an ech mengen dat soll ee verdéiwen. Ech sinn d'accord domat, wou Wënzer bereet si fir dat ze maachen, datt se et solle maachen. Mä ech géif awer och oppassen, datt een elo net de Leit en X fir en U virmécht, well ech wëll eppes soen: Mir si bereet fir den Aktiounsprogramm Biolandwirtschaft op EU-Plang weider ze dreiwen. Mir hunn do ganz kloer Positioun bezunn. Mir hu souguer mat e puer anere Länner gesot, et misst och an deen Aktiounsprogramm eng weider Aktioun kommen, déi d'Kommissioun net esou virgesäit, datt d'Koexistenz tësche Biolandwirtschafts- an OGMen-Saatgut misst assuréiert ginn.

Also mir ginn eis do net, ech soen dat ganz offen, mä d'Kommissioun muss emol dee Plang virleeën. Si huet elo mol e Rapport gemaach wou Moossnamen opgelëscht ginn, elo muss se e Programm virleeën. Wa se dee virleet, da si mir gäre bereet fir deen esou wäit ewéi méiglech ze pousséieren. Mä och do ass et menger Meenung no wichteg, datt en EU-Logo kënnt fir d'Biolandwirtschaft, well leider Gottes, soen ech, gesäit ee vill Saache wou Bio drop steet, wou vill Leit awer Douten hunn, datt och Bio dran ass. A wa mir do och Skandaler kréien, an déi kommen och eng Kéier wa systematesch Analyse gemaach ginn, dann ass dat ganz schlecht fir d'Biolandwirtschaft. Dofir mengen ech schonn, datt mir alleguer Intérêt drun hu fir och d'Biolandwirtschaft ze förderen, kloer Kritären ze maachen, datt en EU-Logo…

(Interruption)

Mä den EU-Logo ass awer nach net obligatoresch.

…datt en EU-Logo drop kënnt, datt de Konsument gesäit, hei, dat do ass aus der Biolandwirtschaft, déi no europäesche Kritäre gemaach ginn ass. Well d'Kritären, wat de Bio ubelaangt, sinn heiansdo ganz ënnerschiddlech vu Land zu Land - ech wëll lech dat just soen: Do si Länner, déi haten am Ufank ganz héich Prozentsätz an der Biolandwirtschaft, an déi sinn erofgaange wéi se mol déi richteg Biolandwirtschaft hu misse méi considéréieren. Mä dat ass och e Problem, deen ee méi laang kann diskutéieren.

Ech gesinn hei, de President mécht mer d'rout an d'giel Luucht alt schonn un. Et wär vläicht elo nach e puer Wuert awer ze soen zu der Liewensmëttelsécherheet an dem Déiereschutz.

Ech wollt soen, no der leschter Interpellatioun sinn, wat d'Liewensmëttelsécherheet ubelaangt, immens vill Saache gemaach ginn. Ech wëll nëmmen déi Cellule agrisanté nennen, déi sech ëm eng Rei vu Problemer soll bekëmmeren, och ëm dat wat lech um Häerz läit, datt Qualitéitsprodukter sollen an den öffentleche Kantinnen, sief dat Spideeler, Schoulen oder Altersheimer méi genotzt ginn, an déi do Kommissioun huet den Optrag kritt, e Groupe de travail soll kucke wat fir eng Kritären och d'Ubidder mussen erfëllen, fir datt d'Kantinnen dat och kënne maachen. Do musse si sech och e bëssen ëmstellen, et muss jo eng kontinuéierlech Sécherheet do sinn, datt déi Produkter och a genügendem Mooss an zur richteger Zäit dann och do sinn. Déi Kommissioun déi huet deen Optrag also kritt an an der Regierungserklärung steet et nach eng Kéier, datt mir sollen alles maache fir an der Restauration collective Lëtzebuerger Qualitéitsproduktioun ze förderen oder Qualitéitsproduktioun ze förderen - mir kënnen net soen, et muss Lëtzebuerger Qualitéitsproduktioun sinn, mä Qualitéitsproduktioun.

Et kann och menger Meenung no net sinn, datt bei Leit, déi krank oder al sinn, soll drop gespuert gi wat se sollen z'iesse kréien. Ech mengen dat wier net dee richtege Wee, do si mir alleguer d'accord domat, an dofir mengen ech och datt mer musse kucken, datt mer dat duerchgesat kréien an do gescheit Cahiers de charges ausschaffen, datt mer EU-konform sinn a méi Qualitéit ofsécheren.

Mä wat d'Liewensmëttelsécherheet ubelaangt, mengen ech, si vun der EU-Kommissioun a vun dem EU-Conseil aus 80 Direktiven a Reglementer ëmgeännert ginn. A wat d'Traçabilitéit ubelaangt, sief dat beim Rëndfleesch oder elo bei den Eeër, wou eng nei gemaach ginn ass, iwwerhaapt bei allen Etiquetagen ass komplett reforméiert ginn. D'Transparenz fir de Konsument ass wesentlech an de leschte Joren an d'Luucht gaangen. Wat d'Hygiène ubelaangt, ech mengen do sinn eng 15 Direktive gebündelt ginn op dräi, do ass och versicht ginn, wat jo ganz wichteg ass fir d'Liewensmëttelsécherheet, fir déi ze verbesseren, méi transparent ze maachen an d'Kontrollen ze verbesseren. An och d'Problematik vum Etiquetage vun den OGMen ass jo kloer geregelt ginn a wat mer do nach musse kréien, dat ass d'Direktiv iwwert d'OGMe-Saatgut.

An do kann ech lech och soen, datt mir méi restriktiv si wéi vill aner Regierungen - ech hunn dem Här Gira dat schonn d'lescht Kéier gesot -, wou och Ärer Kolleegen dra sinn. Dat heescht, mir sollen alleguer gemeinsam kucken, wa mir gären hätten, datt d'OGMen net sollen iwwerhand huelen, datt mir all Regierungen iwwerzeegt kréien, fir do Neel mat Käpp ze maachen…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

…a versiche fir do virun ze goen.

Wat elo dee Problem vu Fréiseng ubelaangt, wëll ech och soen, datt dat eppes ass, wat keen houfreg gemaach huet, mä ech géif awer och soen, et soll een net generaliséieren, an et si jo duerno Enquêtë gemaach ginn iwwert d'Land, wéi vill problematesch Fäll datt dorëmmer sinn; dat sinn der net esou vill. Ech hunn d'éinescht vu fënnef Fäll geschwat, déi am Laf vum Joer 2004 sanktionéiert gi sinn.

Mä ech mengen, datt een Efforte muss maachen, fir d'Bauere selwer ze iwwerzeegen, datt se sollen an déi Richtung goen. A mir hunn hei e System opgebaut, dee misst gutt funktionéieren. Ech si frou, datt och zwee oder dräi Leit hei dee Wee begréisst hunn, datt mer e Système d'épidémio-surveillance am ganze Land opgebaut hunn, wou de Veterinär op d'mannst zweemol muss e Rapport maachen un d'Veterinärsinspektioun, ob déi Kritäre vun dem Bien-être des animaux an d'Protection des animaux ofgeséchert sinn. A mir hunn elo och de Veterinären nach eng Kéier e Bréif geschriwwen, fir se drop opmierksam ze maachen, dass se do eng Responsabilitéit hunn.

Ech sinn d'accord domadder, datt e Veterinär heiansdo e bëssen zéckt fir mam décken Hummer dropzeschloen, mä da solle se dee Wee aschloen, dee gesot ginn ass, da solle se - a mir hunn hinnen och e Bréif geschriwwen - periodesch mat der Veterinärsinspektioun zesumme kommen, wou déi Problemer do diskutéiert ginn, an d'Veterinärsinspektioun, déi kann dann déi Démarchë maachen déi néideg sinn.

Mir hunn och drop opmierksam gemaach, datt Inspektioune vun de Contrôleure vun der Veterinärsinspektioun et net eleng fäerdeg bréngen, fir do iwwerall déi schwaarz Schof erauszesichen; do muss jidderee matmaachen. Ech soen e Beispill: Wann ee Mëllech op en Haff siche geet an e gesäit, datt d'Mëllechkummer hygienesch guer net an der Rei ass, souguer wann d'Qualitéit vun der Mëllech gutt ass, da soll en dat matdeelen. Dat ass een Unzeechen, datt do eppes net méi ganz richteg ass. Wann de Sanitel feststellt, datt e Betrib Problemer mat den Ouermarken huet, dann ass et wichteg, datt de Sanitel der Veterinärsinspektioun dat matdeelt, dass se mol dohinner kucke ginn. Datt een also eng Analys mécht vun deene Betriber, déi Risiken duerstellen an een déi méi renforcéiert kontrolléiert.

Dat ass de Wee, dee mir wëllen aschloen, an ech mengen dat wär och dee richtege Wee. An da wëll ech soen, datt mer och bereet si fir den Déiereschutz an d'Verfassung anzeschreiwen. Mir hunn eng Propositioun gemaach, a mir sinn och bereet fir d'Déiereschutzgesetz ze renforcéieren. Mir hunn nämlech ee Problem. Mir hu ganz vill Reglementer, déi villes ofsécheren, well déi Leit, déi op den Terrain kontrolléiere kommen, déi kënnen am Fong geholl net direkt intervenéieren, si mussen da bei de Parquet goen an de Parquet kann dann eréischt eppes maachen. Et gi vill Leit, déi soen, dat dauert ze laang, an do misst d'Veterinärsinspektioun gewëssen Handhabsméiglechkeete kréien, déi huet se haut awer net.

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt, Dir hutt elo 50% vun Ärer Zäit iwwerschratt, et sinn de Mëtte vill pertinent Froen hei gestallt ginn, mä awer och net esou vill.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Gitt mer nach eng Minutt.

(Hilarité)

M. le Président.- Also ech mengen elo misste mer zum Schluss kommen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Mä wann een dobausse mat de Leit schwätzt, da menge se, de Veterinärsinspekter kënnt direkt soen, elo ginn d'Béischter emol ewech geholl an iergendwou aneschters ënnerbruecht. Dat geet leider oder Gott sei Dank net, mä dofir muss ee kucken, datt am Kader vun der Ännerung vun eisem Déiereschutzgesetz d'Veterinärsinspektioun gewësse Méigelechkeete kritt fir kënnen ze intervenéieren, datt dem Déiereschutz méi schnell ka Rechnung gedroe gi wéi et haut de Fall ass. Dat ass ee vun de Problemer, dee mer musse gemeinsam upaken.

Voilà, ech soen Iech awer Merci fir déi konstruktiv Diskussiounen. Hei sinn eng ganz Rei vu Problemer an déi Diskussioune wäerte mir an der Zukunft nach verdéiwen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann direkt zur Ofstëmmung vun de Motiounen a vun der Resolutioun. Den Här Bausch huet fir d'éischt nach d'Wuert gefrot. Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech si séier fäerdeg. Ech wollt just dem Här Minister soen, datt ech erstaunt war iwwer seng Ausso ganz am Ufank, datt e frou wär doriwwer, wa bei Interpellatioune prezis Froe géinge gestallt ginn, da kënnt ee sech bësser drop virbereeden als Regierung. Mir hu quasi annerhallef Säit nëmme Froen eraginn, ech weess net wéi prezis een d'Froen nach ka stellen, mä se waren op alle Fall ganz prezis an duerfir hätt et och kënne méiglech sinn aneschters ze äntwerten.

M. le Président.- Also et stëmmt, datt den Här Kox sech hei vill Méi ginn hat fir seng Formulatioun vu senger Interpellatioun esou prezis ewéi méiglech ze stellen, dat ass richteg.

Da komme mir lo zu de Motiounen an zu enger Resolutioun, déi während der Generaldiskussioun hei déposéiert goufen. Fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Henri Kox iwwert d'Schafung vun engem Guichet unique. Déi Motioun ass nach vun den Häre Gira, Goerens a Mehlen ënnerschriwwe ginn.

Motion 1

Mir stëmmen elo of iwwert déi Motioun.

Vote

E Vote par main levée ass gefrot.

(Interruption)

Neen. Dann huele mer de Vote électronique.

Wien dofir ass stëmmt mat Jo, wien dogéint ass mat Neen oder en enthält sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 36 Nee-, 22 Jo-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

Da komme mer zur Motioun 2 vum Här Charel Goerens iwwert de Verwaltungsopwand bei de Baueren an de Wënzer. Den Här Fayot dozou.

Motion 2

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech hunn dem Här Minister opmierksam nogelauschtert, dat ass déi Motioun wou et ëm d'Simplification administrative geet, an ech hat d'Impressioun wéi wann e verstan hätt, wéi wann an dëser Motioun dee Commissaire à la simplification administrative, dee jo am Regierungsprogramm virgesinn ass, d'Charge soll kréien, dat och hei fir de Bauerestand ze maachen.

Ech liesen awer hei an der Motioun, dass am Fong geholl d'Regierung invitéiert gëtt just d'Ampleur de la charge administrative vun de Baueren ze studéieren an doraus Konklusiounen ze zéien. Dat heescht, ech mengen net dass een hei ka liesen, dass dee Commissaire à la simplification administrative dat soll maachen, dass dat spezifesch fir de Baueren…

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Esou hat den Här Goerens dat gesot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ah bon, d'accord. Mä ech hunn elo hei gelies, an ech hu geduecht dat wär anescht gemengt, mä wann dat d'Meenung vum Här Goerens ass, da sinn ech mat lech d'accord…

Une voix.- Dann hat e Pech.

(Hilarité)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- …, dass dat vläicht fir dee Commissaire do e bëssen ze vill däers Gudden ass.

M. le Président.- Den Här Goerens.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, ech hunn eng Motioun, déi huet Bezuch op d'„cross compliance" an eng aner iwwer aner Charges administratives. An et war am Fong iwwert déi aner Charges administratives, déi Problemer, déi den eenzelne Bauer begéint mat de Verwaltungen iwwert d'Tatbestänn, déi elo net direkt eppes mat der reforméierter Agrarpolitik ze dinn hunn. Do hunn ech a menger Ried d'Beispill vum Commissaire beméit, fir ze soen, de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Classes moyennes, procédéiert do ganz resolut, e geet ganz determinéiert vir an e soll sech dovun inspiréieren am Fong fir och an der Landwirtschaft datselwecht ze maachen.

Mir ass et esou laang wéi breet, ob dat deeselwechte Commissaire ass oder een aneren. Mir geet et hei ëm d'Saach. Här President, an dofir géing ech mengen, den Här Fayot huet absolut Recht, en huet meng Motioun richteg gelies an och richteg interpretéiert. Ech kann him nëmmen zoustëmmen.

M. le Président.- Jo, mä ech hunn awer, mengen ech, erausgelies aus der Interventioun vum Här Fayot, dass en net domat d'accord ass.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Neen, neen. Den Här Fayot, deen e ganz nuancéierte Mënsch ass, huet mir am Fong…

(Hilarité)

M. le Président.- Mir kommen elo zur Ofstëmmung, da gesi mer jo wéi d'Resultat ass.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech hunn, Här President, mech och un de Minister gewant, well ech am Fong geholl seng Interpretatioun net am Text gelies hunn. Dat heescht dass ech der Meenung sinn, dass mer näischt vergi wa mer soen, mir wëllen d'Charge administrative dans la limite des possibilités vun de Baueren diminuéieren, à condition selbstverständlech dass et net dee Commissaire ass, dee sécher da surchargéiert wier. Ech hunn hei just wëlle kloer soen, wat ech dra gelies hunn. Ech si gewinnt Texter prezis ze liesen an ech hunn dat dra gelies.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Jo.

M. le Président.- Kënne mer par main levée ofstëmmen oder muss et e Vote électronique sinn?

(Interruption)

De Vote électronique ass gefrot. Da komme mer zum Vote.

Vote

Wien dofir ass stëmmt mat Jo, wien dogéint ass mat Neen oder en enthält sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 23 Nee-, 22 Jo-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Sauber), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marcel Glesener), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter.

Se sont abstenus: Mme Françoise Hetto-Gaasch;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider et Roland Schreiner.

Motion 3

15 ONG bénéficient d'un accord-cadre, qui inscrit leur collaboration avec le Ministère dans une optique programmatique et pluriannuelle selon une orientation stratégique bien définie. Actuellement, le Ministère soutient les programmes de ces ONG à hauteur de 80% de leur budget total.

À côté de l'accord-cadre, la plupart des autres ONG agréées sont soutenues par le Ministère par le biais du cofinancement. Les taux de cofinancement varient entre 2/3 et 3/4.

Les relations de coopération entre le Ministère et les ONG sont gouvernées par le principe de l'autonomie des ONG et cela malgré le soutien financier conséquent du Gouvernement. Ainsi, le Ministère n'interfère pas dans les choix stratégiques opérés par les ONG.

Cependant autonomie ne veut pas dire autarcie.

Les échanges entre le Ministère et les ONG sont fréquents et francs et permettent de jeter ensemble les bases de ce que la coopération avec les ONG sera dans les années à venir.

Dans le cadre de ces échanges, le Cercle des ONG, qui regroupe la très large majorité des ONG, assume une fonction de coordination extrêmement utile tant pour les ONG que pour le Ministère.

Les ONG en général et le Cercle des ONG en particulier ont aussi un rôle d'impulsion à remplir. Elles ne cessent de dénoncer les situations intenables ou d'attirer l'attention, à leur manière, sur de telles situations. Il s'agit d'ailleurs là de l'une de leurs forces.

Aussi nos échanges avec les ONG ne se limitent-ils pas à des échanges sur les projets et réalisations des ONG, mais ces échanges s'inscrivent dans un cadre plus vaste englobant notamment des questions ayant trait à notre coopération surtout bilatérale, voire des questions franchement politiques, telle que par exemple la cohérence des politiques dont j'ai parlé tout à l'heure.

Ces échanges, ce débat avec les ONG permet de faire avancer les choses, il permet aux idées-forces de la coopération de percer mieux encore.

Même si la politique ne peut et ne doit pas dans tout suivre les ONG, je voudrais mentionner ici le rôle particulier que les ONG auront à jouer pendant la Présidence. Je suis sûr qu'ils assumeront pleinement ce rôle.

Lors de deux rencontres avec les ONG européennes à Prague en septembre et à Maastricht en octobre, j'ai pu me rendre compte des impulsions largement positives que les ONG européennes sont capables de donner. Je suis certain que nos ONG luxembourgeoises et le Cercle des ONG seront également à la hauteur. J'en veux pour preuve la première initiative concrète qu'ils ont d'ores et déjà prise d'organiser au mois de décembre un forum avec des ONG de deux des dix nouveaux États membres afin d'échanger idées et expériences et de relancer le concept de la coopération Nord-Nord-Sud, qui peine actuellement à devenir réalité. Je me ferai bien entendu un plaisir d'assister à ce forum.

Mesdames, Messieurs, il ne suffit pas de faire, encore faut-il faire savoir que l'on fait.

Le Gouvernement se doit aussi d'informer le public des enjeux et des résultats de la coopération. Il ne peut le faire seul, il doit le faire ensemble avec la société civile en général et avec les ONG en particulier, et le Gouvernement appuie dès lors chaque année les ONG dans leurs efforts de sensibilisation.

Soucieux de tenir compte de la motion que votre Chambre a adoptée en février dernier ainsi que de l'intérêt croissant que les ONG montrent pour la question de la sensibilisation, j'ai proposé dans le cadre du projet de budget qui vous est soumis une augmentation substantielle de la ligne budgétaire permettant de cofinancer les activités de sensibilisation des ONG.

«Investissons de manière conséquente dans la sensibilisation et l'éducation au développement - les résultats seront au rendez-vous», tel doit être le mot d'ordre en la matière.

Je termine sur ce point en disant que j'accorde personnellement une importance capitale à l'éducation au développement. J'aurai l'occasion de me pencher plus en détail sur cette question lors de l'une de mes prochaines déclarations.

Ensuite l'action humanitaire.

Les besoins en aide humanitaire vont sans cesse en croissant. Les chiffres sont inquiétants. Je partage à ce sujet l'analyse du Président de la Croix-Rouge Internationale qui a déclaré lors de sa récente visite à Luxembourg qu'il n'y avait guère d'évolution positive en vue et que le nombre et l'intensité des conflits ne vont sans doute pas diminuer dans les années à venir.

La reprise de la flambée de la violence en Côte d'Ivoire et la situation des territoires palestiniens ne sont que deux exemples d'une longue liste de situations qui risquent de nous occuper au cours des mois à venir. Je pourrais citer à titre d'exemple encore l'Irak, l'Afghanistan ou les Grands Lacs.

Les interventions du Gouvernement sont multiples et variées, tant en ce qui concerne le type d'intervention que les régions dans lesquelles le Luxembourg est amené à agir; qu'il s'agisse de conflits armés, civils ou militaires - ECHO, le bureau d'aide humanitaire de la commission, en a compté plus d'une cinquantaine en 2003 - ou des crises humanitaires suite à des catastrophes naturelles; qu'il s'agisse du continent africain, de l'Asie, du Proche- et Moyen-Orient, des Caraïbes ou de l'Amérique du Sud, mais aussi des pays et régions qui se trouvent aux frontières de l'Europe.

Les inondations qui ont affecté les populations en Haïti et au Bangladesh ont conduit le Gouvernement au cours des derniers mois à fournir des aides humanitaires importantes à travers les différents bras du mouvement de la Croix-Rouge et quelques agences de l'ONU.

En réponse à l'invasion de criquets pèlerins, mettant en péril de grandes parties des récoltes de plusieurs pays de la zone du Sahel et constituant ainsi un risque important de crise alimentaire au cours de la première moitié de 2005, le Gouvernement a contribué au programme de lutte anti-acridienne mis en œuvre par l'Organisation des Nations Unies pour l'agriculture et l'alimentation. Sachez du reste qu'une entreprise luxembourgeoise a été engagée par la FAO pour exécuter une partie de ce programme.

Dans le contexte de la crise au Darfour qui touche le Soudan, mais aussi le Tchad, le Luxembourg est parmi les principaux contributeurs de l'aide humanitaire avec plus de 1,2 millions d'euros alloués à ses différents partenaires. D'ici à la fin de l'année, j'entends prendre les décisions nécessaires pour doubler ce montant, afin de venir en aide à plusieurs millions de réfugiés et à quelques centaines de milliers de personnes déplacées à l'intérieur du Soudan.

Tout autant que les réfugiés, ces personnes déplacées à l'intérieur de leur pays méritent notre attention et notre soutien.

Ceux-ci se trouvent tous dans une situation d'insécurité totale, sans abris ou au mieux logés tant bien que mal dans des camps de réfugiés et dépendant presque intégralement de l'aide alimentaire. Par son action, le Luxembourg entend contribuer à cette aide alimentaire et à la gestion et au fonctionnement de ces camps, mais il entend également par ce biais garantir un retour des personnes déplacées et des réfugiés qui soit volontaire et qui se fasse dans des conditions acceptables d'un point de vue humanitaire et sécuritaire.

Parmi les défis particuliers qui nous occuperons au cours de l'année 2005, je voudrais consacrer quelques développements à la micro-finance et au SIDA.

Les Nations Unies ont proclamé l'année 2005 «Année du micro-crédit». L'année du micro-crédit sera officiellement lancée à New York demain par Kofi Annan. Elle devra permettre à la communauté internationale de prendre conscience de l'importance de la micro-finance dans l'élimination de la pauvreté. Il s'agira de même de développer les programmes déjà en place et qui favorisent tous la création de secteurs financiers intégrants et durables.

Les demandes de micro-crédits qui restent à pourvoir concernent approximativement 400 à 500 millions de personnes pauvres ou à faible revenu dans le monde. Ce secteur a donc encore un long chemin à parcourir avant de réaliser pleinement son potentiel. Le fait qu'à l'heure actuelle déjà, des dizaines de millions de clients font appel à des micro-crédits ne peut que nous inciter à être optimiste pour l'avenir. Ceci dit et bien que le secteur ait connu une expansion et une diffusion significatives au cours des trente dernières années, la demande excède encore de loin l'offre et les moyens nécessaires pour y répondre.

Le Luxembourg n'a cependant pas attendu l'initiative des Nations Unies afin de donner à la micro-finance la place qu'elle mérite au sein d'une politique de développement cohérente. Les ONG jouent dans ce contexte un rôle moteur. Elles sont les principaux animateurs de la table ronde luxembourgeoise de la micro-finance qui regroupe les principaux acteurs de la société civile et les administrations qui s'occupent de micro-finance.

Les trois axes d'interventions prioritaires que la table ronde a identifiés - et que j'ai validés - sont (1) la création d'un espace de concertation européen, (2) la sensibilisation de la place financière en vue de pouvoir mieux accueillir les acteurs potentiels comme les fonds d'investissement en micro-finance et (3) la finance rurale.

Nous allons nous attacher à faire du concret ensemble avec les ONG en 2005 dans le domaine de la micro-finance.

Nous sommes en train de préparer en particulier une semaine de la micro-finance qui aura vraisemblablement lieu en novembre 2005.

Parmi les autres défis particuliers pour l'année 2005, je voudrais dire quelques mots sur le SIDA.

Plus de 42 millions de personnes vivent dans le monde avec le SIDA. Parmi ces 42 millions, 39 vivent dans les pays en développement. Le SIDA est, avec la guerre, le pire fléau auquel le monde ait eu à faire face durant les 15 à 20 dernières années du 20ème siècle. Il s'agit aussi d'un des principaux défis auxquels nous auront à faire face durant les années à venir, aucun vaccin susceptible d'être disponible à court terme, à prix modéré et grande échelle n'étant en vue dans un avenir proche.

Le SIDA détruit des vies. Il détruit des espérances. Il frappe invariablement jeunes et moins jeunes. Il n'épargne pas les nouveaux-nés. Il freine voire anéantit tout développement.

Il frappe partout dans le monde, mais plus encore dans les pays en développement - 39 millions - je viens de citer le chiffre - et sous peine de rater totalement ses objectifs, la coopération se doit d'en faire une de ses priorités tant dans le cadre de la coopération bilatérale que dans le cadre de la coopération multilatérale.

Le Luxembourg l'a fait durant ces dernières années et la Présidence nous donnera l'occasion d'accentuer davantage encore cette priorité durant les six premiers mois de l'année prochaine.

Dans le cadre du programme stratégique qu'il a adopté en décembre 2003, le Conseil européen a clairement fait de la lutte contre le SIDA l'une de ses priorités. La Présidence néerlandaise a examiné le problème sous l'angle de vue de la santé reproductive et des droits de la femme.

Le Luxembourg basera, durant sa Présidence, son action sur la globalité de la stratégie. Cette action mettra l'accent sur l'équilibre entre la prévention et le traitement des malades du SIDA. Nous allons nous efforcer dans ce contexte de valoriser pleinement l'expérience que nous sommes en train de gagner, ensemble avec d'autres acteurs européens, sur le terrain à travers le projet ESTHER au Rwanda et qui associe deux hôpitaux de notre pays à ceux du Rwanda.

J'aurai l'occasion d'en dire plus sur notre programme «Présidence - SIDA» dans les semaines à venir et je voudrais dès lors simplement conclure ici sur ce point en rappelant avec force que pour l'heure nous perdons le combat contre le SIDA. Incontestablement.

Mesdames et Messieurs, j'aurais dû aborder bien d'autres points encore ici aujourd'hui.

J'aurais ainsi par exemple dû parler de notre coopération multilatérale qui représente 25% de notre aide au développement et qui est donc aussi un pilier essentiel de celle-ci.

J'aurais aussi dû parler de l'éducation au développement.

J'aurais dû parler des modes de financement alternatifs de l'aide au développement mis en avant sur la scène internationale, telle l'initiative dite «Lula-Chirac» ou l'«International Finance Facility» à l'initiative du Royaume-Uni, ces initiatives étant certes des initiatives intéressantes voire porteuses d'espoirs, mais elles suscitent tout autant des interrogations et des doutes.

J'aurais dû parler des initiatives visant à étendre la définition internationale de l'aide publique au développement pour y inclure des initiatives en matière de désarmement, démobilisation, réintégration - il y a là, à mon sens, un risque réel que l'on donne des mauvaises réponses à de vraies questions.

J'aurais dû vous parler aussi de la Banque asiatique pour le développement.

J'aurais dû vous parler encore davantage de l'interrelation entre commerce et développement.

Je pourrais multiplier les exemples, mais on ne peut pas tout faire en une seule fois et le temps est maintenant venu de conclure.

Le Luxembourg assumera la Présidence de l'Union européenne lors du premier semestre 2005.

J'ai déjà abordé trois des priorités de cette Présidence, à savoir - dans le désordre - le SIDA, la cohérence des politiques et les Objectifs du Millénaire.

Dans le contexte international, l'année 2005 sera marquée par la tenue, à New York, en septembre d'un sommet appelé à évaluer le suivi qui a été réservé jusqu'à présent à la mise en œuvre des Objectifs du Millénaire et à se mettre d'accord sur les efforts qui restent à consentir pour que ces objectifs soient atteints d'ici 2015.

Le Luxembourg aura, en tant que future Présidence, un rôle-clé à jouer dans le contexte des travaux de préparation.

Pour l'heure, les différents États membres sont en train de finaliser leurs rapports nationaux. Le rapport luxembourgeois a été finalisé la semaine dernière.

D'ici le mois de septembre 2005, l'Union européenne aura en particulier à convenir du montant qu'elle sera disposée à mettre à disposition après 2006.

Au niveau international, les relations avec les pays ACP revêtiront également une importance particulière à la fin de cette année 2004, mais également en 2005.

Les négociations en cours sur la révision de la Convention de Cotonou seront finalisées dans les prochains mois - espérons-le avant la fin de l'année.

L'enveloppe budgétaire à mettre à la disposition de la coopération de l'Union européenne avec les pays tiers et notamment les pays ACP durant la période 2007 à 2013 sera décidée dans le cadre des travaux sur les perspectives financières. Cette décision devra manifester concrètement la volonté politique de l'Union européenne de contribuer à la réalisation des Objectifs du Millénaire.

Nous aurons aussi à trouver une solution à la question de la budgétisation du FED sur base des propositions de la Commission et des travaux menés jusqu'à présent au sein du Conseil.

Le Luxembourg compte en tout cas, durant sa Présidence, intensifier les relations entre l'Union européenne et les pays ACP, régies par la Convention de Cotonou, ceci notamment à l'occasion du Conseil ministériel conjoint ACP-UE prévu au mois de mai.

Mesdames, Messieurs, lors de la présentation annuelle du rapport du Fonds des Nations Unies pour les Populations le 15 septembre dernier, j'ai dit que tant le Fonds pour les Populations que la Coopération luxembourgeoise avaient pour priorité d'améliorer la situation de la femme dans les pays de développement.

J'ai rajouté que j'étais personnellement persuadé que surtout en Afrique nous ne pouvions pas réussir grand-chose sans les femmes, que - par contre - avec les femmes, avec leur soutien, leur dynamisme, leur savoir-faire et leurs initiatives, nous pouvons réussir de grandes choses.

Un long entretien que j'ai eu avec Madame Thoraya Obaid, directrice du Fonds pour les Populations, au mois d'octobre m'a conforté, si besoin en était encore, dans cette conviction.

Je note au passage que le Luxembourg est le 17ème plus grand contributeur du Fonds pour les Populations au niveau mondial.

Dans les pays en développement, les femmes sont, d'un côté, des acteurs très importants et très fiables pour un développement durable, alors qu'elles n'ont, de l'autre côté, trop souvent pas les mêmes droits dans la société.

Les jeunes filles, quant à elles, ne disposent bien souvent pas d'un accès équitable à l'éducation.

Ayant pour but de changer cette injustice envers les femmes et les jeunes filles, la Coopération luxembourgeoise s'engage résolument pour l'égalité des chances, notamment en ce qui concerne l'accès à l'éducation.

Elle s'engage par ailleurs tout aussi résolument dans le domaine de la santé reproductive et de l'accès des femmes aux soins de santé.

Madame Angela Cardoso de l'Organisation des Femmes du Cap-Vert a bien résumé le drame de bon nombre de femmes dans les pays en développement. Elle dit: «Quand une femme a une expérience avec un homme, elle en sort avec des enfants. Et à chaque fois qu'elle rencontre un nouvel homme en pensant qu'elle va enfin s'en sortir, elle alourdit son cas.»

Madame Cardoso a rajouté que «si une femme a un enfant de deux ans qui n'est pas pris en charge par une structure, ça fait un gosse de deux ans qui est dans la rue du matin au soir, sans rien avoir à manger».

Mesdames, Messieurs, qu'y a-t-il de pire qu'un enfant qui a faim, un enfant qui se retrouve dans la rue, un enfant qui n'a pas accès aux soins de base, un enfant qui n'a pas accès à l'éducation?

Mesdames, Messieurs, ensemble donnons une chance à ces enfants. Ensemble donnons un avenir à ces enfants. La coopération peut le faire, nous pouvons tous le faire, alors, ensemble, faisons-le.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Minister Jean-Louis Schiltz. Deene Kolleegen, déi heibanne gemengt hunn, d'Regierung géif sech ze vill laang hei ausdehnen, wëll ech soen, dass mir en Accord mat der Regierung hunn, wat dräi Debatten ubelaangt, nämlech déi iwwert d'Entwécklungspolitik, iwwert d'Aussepolitik an déi iwwert den État de la nation, wou mir eist Reglement net uwenden.

Mir kommen elo zur Debatt iwwert dem Här Minister seng Deklaratioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: d'CSV 34 Minutten, d'LSAP 24 Minutten, d'DP 20 Minutten, DÉI GRÉNG 17 Minutten an den ADR 15 Minutten.

(Interruption)

Et sinn ageschriwwen: d'Madame Arendt, den Här Goerens, d'Madame Err, den Här Huss an den Här Henckes. D'Madame Arendt huet d'Wuert.

(Interruptions)

Den Här Fayot, den Här Angel, très bien, ech notéieren dat. Voilà, elo huet d'Madame Arendt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all dräi Minutte stierft e Kand un Honger oder un enger

Krankheet an der Drëtter Welt. D'Halschent vun der Mënschheet lieft mat manner wéi Dollar den Dag an et si ronderëm 1,2 Milliarde Mënschen, déi mat manner wéi engem Dollar den Dag sech musse begnüge fir ze iwwerliewen.

An enger Welt, déi sech ëmmer méi fragmentéiert, déi ëmmer méi an eenzel Deeler zerbrécht, a wou de Gruef sech tëschent deenen aarmen a räiche Länner ëmmer méi vergréissert, ass et bluttnoutwendeg, datt och ëmmer méi Solidaritéit gefrot ass, virun allem vun deene Länner, deenen et besser geet, an zu deene gehéiere mir.

De Kooperatiounsminister huet elo grad an enger engagéierter Ried iwwer eis Entwécklungspolitik gewisen, datt hien net fir näischt zoustänneg ass fir dëse Beräich an der Regierung. Ech wëll him am Numm vu menger ganzer Fraktioun Merci soe fir déi Détermination, mat där hien d'Saach vun der Kooperatioun weiderdreift. Grad an Zäiten, wou déi budgetär Mëttelen net méi esou räichhalteg zur Verfügung stinn, ass den Asaz fir d'Entwécklung an der Welt eng nobel Saach, eng déi dat Land, wat pro Kapp weltwäit deen héchste PIB ze verzeechnen huet, och muss verfollegen, well et sech einfach selwer an deenen Aarmen an der Welt dat schëlleg ass.

Eis Kooperatiounspolitik zeechent sech duerch e puer Konstanten aus, déi ech nach eng Kéier wëll ënnersträichen, an d'Haaptelementer vu menger Ried dréine sech och ëm dës Konstanten.

Éischtens besteet praktesch queesch duerch all d'Parteien an der Chamber Eenegkeet iwwert d'Zilsetzung, d'Héicht an d'Ausriichtung vun der Kooperatiounspolitik. Grad well se dach awer eng gréisser Zomm ausmécht, ass dat fundamental wichteg. Fir d'Duerstellung vun eiser Entwécklungspolitik bei de Leit ass et néideg, datt d'Parteien all derhannert stinn an datt et hei keng Trennungslinnen zwëschent Oppositioun a Majoritéit gëtt, op d'mannst net wat d'Prinzipien ugeet. D'Entwécklungspolitik huet nëmmen, och bei de Leit dobaussen, eng Chance wa se verstanen, akzeptéiert, matgedroe gëtt, an dëst selbstverständlech och mat Hëllef vun der Press.

Zweetens ass eis Kooperatiounspolitik virun allem op déi sou genannten Zillänner achséiert, där mer der eng zéng hunn a bei deenen déi Lëtzebuerger Kooperatioun och gespuert an appréciéiert gëtt. D'Zil an d'Politik huet sech bewährt, well mir eis Mëttelen net uechtert d'Welt verspreeën, mä op e puer Plaze konzentréieren, wou eis Politik dann och déi entspriechend Wierkung an Erfolleg kann hunn. Iwwregens ass och dës Konzentratioun op déi zéng Zillänner eng wichteg Viraussetzung fir eng kohärent vernetzten Entwécklungspolitik, vun där de Kooperatiounsminister a senger Deklaratioun geschwat huet.

Drëttens schaffen déi offiziell Instanzen, virun allem de Kooperatiounsministère, mä och den Ausseministère, Finanz-, Gesondheets- a Familljeministère, mat dem Departement vun der Chancëgläichheet, ganz enk mat enger Rei vun net Regierungsorganisatiounen zesummen, déi eis Entwécklungsefforten op ville Plaze verlängeren a verdéiwen. D'Aarbecht vun dësen ONGen ass onheemlech wäertvoll, well duerch si a mat hinnen eis Kooperatioun méi déif gräift a méi breet ka wierken.

Här President, dee gréisstendeels iwwerparteileche Konsens, dee bei der Kooperatiounspolitik ze fannen ass, erlaabt et, datt Lëtzebuerg op sengem Wee weiderfiert, fir seng Entwécklungshëllef lues a lues op e ganze Prozent vun eisem nationale Räichtum eropzeféieren. Ech géif an deem Sënn eng Motioun ofginn, Här President, déi och ënnerschriwwen ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le relèvement graduel des moyens budgétaires affectés à la coopération au développement, qui a permis au Luxembourg de dépasser le pourcentage de 0,7 pour cent de son RNB consacrés à l'aide publique au développement fixé comme objectif par l'Organisation des Nations Unies;

- considérant que le pourcentage du RNB luxembourgeois affecté à l'aide publique au développement devra atteindre 0,85 selon le projet de budget pour l'exercice 2005, et que le Gouvernement s'est fixé comme objectif de continuer d'augmenter la part du RNB consacrée à la coopération;

- considérant que l'aide publique au développement luxembourgeoise est concentrée surtout dans dix pays cibles de coopération situés en Amérique centrale, en Afrique et en Asie du Sud-Est;

- considérant que le principe de la concentration géographique a fait ses preuves dans les pays cibles de la coopération luxembourgeoise, permettant à la contribution luxembourgeoise au développement des pays concernés d'être particulièrement efficaces;

invite le Gouvernement

- à continuer ses efforts budgétaires en vue de relever la part du RNB luxembourgeois affectée à l'aide publique au développement à un pour cent au cours des années à venir;

- à renforcer les efforts de concentration géographique de la coopération luxembourgeoise.

(s.) Nancy Arendt, Marc Angel, Lydie Err, Charles Goerens, Jean Huss.

Am Joer 2004 sti mir elo bei 0,84% vum PIB. Fir 2005 geet dëse Saz liicht erop a wäert bei 0,85% leien. An absoluten Zuelen ausgedréckt, sinn dat ronderëm 200 Milliounen Euro oder 8 Milliarden al Frang. Lëtzebuerg ass weltwäit féierend bei der Pro-Kapp-Ausgab fir d'Kooperatioun. 2004 leie mir hei bei 318 Dollar oder besser gesot bei 246 Euro op all Awunner vu Lëtzebuerg. Global gekuckt si mir eent vu fënnef Länner weltwäit, déi d'UNO-Zil vun 0,7% vum PIB fir d'Entwécklungshëllef erreechen a souguer iwwerschreiden.

Wann een déi rezent Entwécklung an dësem Spëtzepeloton kuckt, da spille mir mat Norwegen zesumme souguer eng gewësse Virbildroll dëst Joer, well mir déi eenzeg sinn, déi de Kooperatiounsbudget trotz der ekonomesch schwiereger Situatioun nach eng Kéier opbesseren. Weltwäit si mir also bei deene Länner fir déi d'Entwécklungshëllef net nëmmen eng nobel Absicht, mä e konkreten Engagement ass, deen all Joer mat genügend budgetäre Mëttelen ëmgesat gëtt.

Déi Lëtzebuerger Kooperatioun ass doriwwer eraus eng sou genannten Nettokooperatioun, dat heescht datt mir fir eis Efforten an den Zillänner näischt en retour verlaangen, ausser der Erfëllung vun enger Partie politische Kritären, déi mat bonne gouvernance ze dinn hunn. Aner Geberlänner, och där am Spëtzepeloton, wéi zum Beispill Schweden, verbannen hiert Engagement konsequent mat der Förderung vun nationale Wirtschaftsinteressen. Dat bedeit, datt d'Zillänner vun der Bruttoentwécklungshëllef sech och an de Geberstaten approvisionnéieren an doduerch en Deel vun der Hëllef nees an dat Land, wat hëlleft, zréckfléisst.

Lëtzebuerg huet dat bis haut nach net gemaach, d'Fro stellt sech allerdéngs, ob et net gutt Grënn kéinte ginn, fir eng gewësse Bruttodimensioun an eis Kooperatioun afléissen ze loossen, do wou dat natierlech méiglech ass, well och eis Wueren an Déngschtleeschtungen op ville Plaze kéinte gebraucht ginn a Lëtzebuerg och déi liwwere kéint. Ech muss awer fundamental soen, an ech fannen dat och richteg a wichteg, an enger Zäit déi esou vill vun Egoismus gepräegt ass, grad just dann eng engagéiert an eng déif gräifend Kooperatiounspolitik ze bedreiwen, déi net nëmmen op Retour kuckt, oder net ëmmer op Retour kuckt oder Géigeleeschtunge verlaangt.

D'Laache vun zum Beispill kapverdianesche Kanner, déi duerch eis Ënnerstëtzung eng anstänneg Ausbildung kënne kréien an eng korrekt Gesondheetsversuergung kënnen an Usproch huelen, ass souwisou net mat iergendenger Géigeleeschtung oder mat enger Geldleeschtung ze bezuelen. An ech ka mir och net beim beschte Wëlle virstellen, datt et méi e schéint Geschenk ampaz gëtt wéi Kanner, déi Freed ausdrécken. Eng Liewensperspektiv huet einfach kee Präis a si kann och net an Euroen oder Dollaren ausgedréckt ginn.

Déi Perspektiven, déi d'Lëtzebuerger Kooperatioun uechtert d'Welt dausende vu Leit gëtt, déi sollen a mussen eis freeën, stolz an houfreg maachen, zëmools well se dach awer eng Hëllef ass, déi mir eis nach gutt kënne leeschten. Dat, mengen ech, gesinn alleguer d'Parteien am Haus esou an dat ass och gutt esou. Et weist, datt mir hei zu Lëtzebuerg, datt mir an der Lëtzebuerger Politik kënne Wichteges a Richteges zesumme maachen, ouni nom Feedback oder Geldintérêt ze kucken.

Här President, d'Zillänner vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef sinn am Regelfall kleng Länner, wou de Lëtzebuerger Engagement och entspriechende Néierschlag ka fannen. Et ass dat erklärtent Zil vun der Regierungspolitik, an d'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt dat integral, datt mir virun allem op Plazen aktiv solle ginn, wou eis Kooperatioun en Ënnerscheed mécht. Am Klortext bedeit dat, datt Lëtzebuerg sech net mar esou riseg Länner wéi Indien, Nigeria, Pakistan als Zilland allze gären eraussicht, wou den absolute Montant vun eiser Entwécklungshëllef kaum an d'Gewiicht géif falen, also kaum sech géif bemierkbar maachen. Dat verhënnert selbstverständlech awer elo net, datt Projeten och a gréissere Länner ënnerstëtzt ginn an och musse konkret Bedierfnisser befriddegen, an dat passéiert jo och zum Beispill an Indien, China a Brasilien.

Wéi scho virdru gesot, ass d'Politik vun den Zillänner eng, déi et erlaabt op der Plaz eng kohärent Politik ze erméiglechen a mat där een erkläerten Entwécklungsziler optimal uviséieren an erreeche kann. Dëst Zesummespill ass e wichtegt Element an der internationaler Kooperatiounspolitik ginn, well et ëmmer méi als néideg fir den erhofften Erfolleg vun der öffentlecher Entwécklungshëllef ëmfonnt gëtt.

Entwécklungspolitik ass aus engem Goss, an deem d'Efforte vun deenen, déi ginn, mat den Ustrengunge vun deenen, déi kréien, intelligent vernetzt musse ginn. Genee dës Leitlinne ginn och vun der Lëtzebuerger Kooperatioun verfollegt. Iwwerall do, wou mir aktiv sinn, gëtt un éischter Stell d'Reduktioun an am Idealfall d'Vernichtung vun der schlëmmster Aarmut viséiert. An dat geet nëmmen am Zesummespill vun e puer sektorielle Politiken, déi am Empfängerland vun eiser Hëllef mussen esou ausgeriicht sinn, datt eis Ënnerstëtzung op der Plaz dee beschtméiglechen Effet huet.

Här President, d'Kärelementer vun der Aarmutsbekämpfung sinn d'Entwécklung vum ländleche Raum, d'Sécherung vun der Ernährung, d'Stäerkung vun der Fra sou wéi d'Bildung an d'Gesondheetsversuergung. Am Zesummespill vun dëse Faktoren entstinn d'Grondlage vun enger eegener dynamescher Entwécklung vun deene Gesellschaften, deene mir hëllefe wëllen.

Dës Entwécklung ass och nohalteg orientéiert, an d'Virgoensweis vun der Lëtzebuerger Kooperatioun berücksichtegt och ëmmer ekologesch Aspekter, déi op deene verschiddene Plazen, wou se gräift, relevant sinn.

Mat der Entwécklungshëllef ass et also wéi mat der Politik am Allgemengen, et hänkt villes zesumme mateneen. A wann den Effort vun engem Geberland dozou féiert, datt d'Rad vun der autonomer Entwécklung an engem Zilland un d'Dréie kënnt, dann ass dat d'Grondlag vum Erfolleg. Dësen Erfolleg kann awer nëmmen erziilt ginn, wann am Land, wat gehollef kritt, en éierlecht an e gerecht Verstoe vun der Entwécklungshëllef besteet; e Bewosstsinn, datt d'Entwécklung an d'Weiderentwécklung vun dësem betraffene Land d'éischt Zil vun hirer eegener Politik muss sinn.

An deem Kontext däerfen et keng Extravaganze ginn, an dofir wëll ech just un engem Beispill verdäitlechen, wat d'Cohérence des politiques net ass. Vun deene fënnef Länner, déi iwwer 0,7% vun hirem nationale Räichtum fir d'Kooperatioun opbréngen, sinn der véier, déi erhieflech Beträg an Tansania investéieren. Fir Schweden an Dänemark ass Tansania éischt Empfängerland vun hirer Entwécklungshëllef. Bei Holland an Norwegen steet dëst Land un drëtter Plaz vun de Länner, déi vun hinnen Hëllef kréien.

Virun e puer Woche konnte mir an den Zeitunge liesen, datt d'Regierung vun Tansania awer lo décidéiert huet, fir dem Statspresident e Fliger ze kafe vu 40 Milliounen Dollar. Esou Décisiounen hu selbstverständlech vill Opreegung an och zimlech Roserei ervirgeruff. Et däerf een da wierklech och bezweifelen, datt dëse President sou dringend e Fliger vu 40 Milliounen Dollar - dat sinn eng al Véirels Milliard Frang - braucht. Wann een dës Sue sënnvoll an d'Entwécklung am Land gestach hätt, oder se a Projeten investéiert gi wären, wär der Zukunft vum Land besser gedingt ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Hei gesi mir, datt Geberlänner sech kënnen déi gréisste Méi ginn, fir hir Politik zu Gonschte vun der Entwécklung vun engem Empfängerland zesummefléissen ze loossen, ouni datt d'Regierung vun deem Land sech esou behëlt, wéi et am Kontext vun engem éierlechen Entwécklungseffort misst verlaangt ginn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, dat, wat ausmécht, fir vun der Lëtzebuerger Kooperatioun als Zilland betruecht ze ginn, oder considéréiert ze ginn, entsprécht net onbedéngt - de Minister huet et virdru scho gesot - enger strikter akademescher Definitioun. Et sinn normalerweis keng allze grouss Länner, mä déi vun der Gréisst hier ongeféier mat Lëtzebuerg vergläichbar sinn an an deene mir mat eiser Kooperatioun och wierklech en Ënnerscheed kënne maachen. Dëst ass ganz däitlech d'Beispill vum Cap-Vert, wou Lëtzebuerg dat éischt Geberland ass a wou iwwerall op hiren Inselen och d'Bewosstsinn herrscht, datt Lëtzebuerg hëlleft, datt Lëtzebuerg, obwuel et wäit ewech ass, eng Hand mat upéckt.

De Cap-Vert huet eng Populatioun, déi ähnlech grouss ass wéi Lëtzebuerg, ronn 420.000 Leit, an och d'Fläch vum Land ass mat 4.000 qkm mat eiser vergläichbar, op alle Fall wat d'Gréisst an d'Bevölkerung ugeet. Eis Kooperationsrelatioun mam Cap-Vert ass am Fong en idealtypescht Beispill vu wierksamer Hëllef an engem klenge Land, wou eis Ënnerstëtzung deen Impakt huet, deen eng wesentlech Verbesserung bréngt, an da spiert ee selbstverständlech och d'Dankbarkeet vun dëse Leit.

Ech konnt zwar net mat op de Cap-Vert virun e puer Woche goen, fir mir en eegent Bild vun der Evolutioun vun eiser Entwécklungspolitik do ze maachen, mä ech hu mir awer vun e puer Kolleege soe gelooss, datt eis Kooperatioun do wierklech vill beweegt huet a se och onheemlech appréciéiert gëtt vun de Leit dohannen. Den Här Bausch huet gesot, mir wäre souguer richteg Staren dohannen, an et géife Stroossen no Lëtzebuerger Leit benannt ginn. Ech mengen, dat ass wierklech e schéine Retour.

Anerer vun eisen Zillänner sinn zwar e Stéck méi grouss, mä am weltwäite Verglach nach ëmmer zimlech kleng. Dat ass de Fall zum Beispill fir El Salvador, Nicaragua, Laos, Senegal oder Burkina Faso. Och hei wierkt déi Lëtzebuerger Kooperatioun gutt a spillt an der Gesamtzouwendung, déi dës Länner aus öffentlecher Entwécklungshëllef kréien, eng grouss Roll.

Doraus ënner anerem ergëtt sech och de Sënn fir an den Haaptstied vun dësen Zillänner Kooperatiounsbüroen ze ënnerhalen, an esou Büroe gi viraussiichtlech 2006 zu Ouagadougou am Burkina Faso an zu Managua, der Haaptstad vun Nicaragua, opgemaach. Mat deene Strukture verdäitleche mir nach weider eise Wonsch fir genee ze sinn, wou d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef higeet, wie se erreecht a wéi se wierkt.

Eent vun deenen aktuellen Zillänner, wat vläicht net esou 100%eg richteg an dëst Konzept passt, ass dat vum Vietnam - wann ech dat mol däerf woen ze soen -, vläicht net mol sou onbedéngt wéinst senger Fläch, obwuel et sou grouss ass wéi Däitschland oder Polen, mä virun allem well et 80 Milliounen Awunner huet. Am Vietnam ass selbstverständlech wéi iwwerall eis Ënnerstëtzung schrecklech wëllkomm. An a sou engem grousse Land, wat sech einfach net mam Cap-Vert oder mat El Salvador vergläiche léisst, kënne mir just ni deen nämlechten erstriewenswäerten Impakt erméiglechen, dee bei klenge Länner vill méi schnell ze erméiglechen ass.

Ech wëll dëse Sujet lo net verdéiwen, well ech selwer a meng Fraktioun wëssen, datt eisen Engagement am Vietnam net zur Debatt soll stoen. Ëmmerhi si mir do mat engem Programme indicatif engagéiert, dee mir wëllen honoréieren, andeem mir e spezifesche Büro fir d'Kooperatioun zu Hanoi ageriicht hunn.

Elo sinn eis vill méi Méiglechkeeten do ginn, fir ze jugéieren, wou ee sech vläicht an der Zukunft méi zréckzéie kéint a bei welche Regiounen nach méi e groussen Nohuelbedarf besteet. Ech denken do virun allem un déi méi nördlech biergeg Géigenden, an den Här Minister huet jo och virdru gesot, datt et do effektiv nach Géigende gëtt, wou d'Leit mat manner wéi mat engem Dollar den Dag mussen iwwerliewen.

Här President, jiddferee vun eis kennt bestëmmt Géigenden, wou en et géif wichteg a gutt fannen, fir méi oder manner Engagement ze bréngen, a mir schwieft en eventuellt europäescht Zilland vun eiser Kooperatioun vir. E Land, wat an déi klassesch Definitioun géif passen. Et ass och haut schonn eng gewësse Presenz vun eiser Kooperatioun am Montenegro an op anere Plazen um Balkan, mä net am Kader vun enger eigentlecher Zillandpolitik.

Wa mir tatsächlech eise Kooperatiounsbudget am Verlaf vun de Joren nach weider wëllen no uewen upassen, da wëll ech just mol d'Iddi opbréngen, fir en europäescht Land profitéieren ze loossen, wat och Gemeinsamkeete mat der Lëtzebuerger Gréisst a Populatioun opweist a wat mir vläicht an der Zu-

kunft kéinte méi ënnerstëtzen. Dat kéint zum Beispill Albanien sinn, Moldawien oder Armenien.

Besonnesch an deem leschte Fall ass et jo sou, datt déi verheerend Konsequenze vun deem groussen Äerdbiewen 1987, wat een Drëttel vum Land verwüst hat, nach ëmmer net behuewe sinn. Armenien, mat enger Fläch ongefeier esou grouss wéi d'Belsch, mat ronn dräi Milliounen Awunner, huet als Land e Budget, deen ongefeier esou grouss ass wéi dee vun der Stad Lëtzebuerg.

Et wier e Land, an deem d'Kooperatioun am klassesche Sënn vum Wuert - Ernährungssécherung, Entwécklung vum ländleche Raum, Rehabilitatioun vun der Drénkwaasserversuergung an dem Spidolwiesen - kéint verbonne gi mat humanitärem Engagement, an zwar fir déi Zéngdausende vu Leit, déi nach haut 15 Joer méi spéit wéinst deem Äerdbiewe kee richtegen Daach iwwert dem Kapp hunn a keng adequat medezinesch Versuergung kënnen an Usproch huelen, an dat alles mol net ganz schrecklech wäit ewech vun eis, mä op eisem Kontinent.

Armenien ass och allen offiziellen Definitiounen no en Entwécklungsland, an ech wär frou wann eng Kéier kéint doriwwer nogeduecht ginn, fir och hei ze hëllefen.

En drëtte Volet, dee fir eis Kooperatioun grondleeënd ass, sinn d'ONGen, déi eis offiziell öffentlech Entwécklungshëllef verlängeren a verdéiwen. Et gëtt där Organisatiounen, déi en Agrément vum Kooperatiounsminister hunn. Ech mengen, 79 huet de Minister virdru gesot, a si si bal iwwerall aktiv op der Welt. Hiren Engagement ass zum gudden Deel e benevolen, een, deen also net mat Geld bezuelt gëtt. Hir alldeeglech Aarbechte sinn esou wäertvoll an nobel, dass keng Suen op der Welt hinnen dat zréck kënnte gi wat dës Leit un Zefriddenheet fir sech kënne gewannen duerch hir permanent Leeschtungen, an déi déi nobelst Tâche op der Welt hunn, nämlech déi, de Leit an de Kanner hëllefen ze iwwerliewen.

Ouni deen Engagement vun honnerte vun dëse Leit an de Lëtzebuerger ONGe wier eis Kooperatioun net déi nämlecht an et kënnt vill manner Leit gehollef ginn. Dofir wëll ech hinnen de Merci an d'Unerkennung vu menger ganzer Fraktioun ausdrécken, well dës Leit sinn einfach wonnerbar Botschafter fir eist Land.

D'ONGen hu ganz verschiddenaarteg Hannergrënn. Si kommen aus dem kierchleche Milieu, aus de Gewerkschaften, et sinn Zesummeschlëss vu Medeziner an Ingenieuren asw., a si hunn eng Struktur: de Cercle des ONG de développement, an deem se sech koordonéieren an zesummeschaffen. D'Zesummenaarbecht tëschent den ONGen ass enorm wichteg fir eng koordonéiert Politik kënnen ëmzesetzen. Och wa se selbstverständlech autonom a projektbaséiert operéieren, esou si se dach en Deel vun der gesamter Lëtzebuerger Entwécklungshëllef, déi bestëmmten Ziler verfollegt, bestëmmte Prioritéiten huet a bestëmmte Prinzipie respektéiert. Dat mussen also och esou Organisatioune maachen, wann hir Kontributioun sech kohärent an harmonesch soll an d'Gesamtkooperatioun afügen.

Här President, déi offiziell Lëtzebuerger Kooperatioun iwwert d'Agence „Lux-Development", déi mat hirer konkreter Ëmsetzung befaasst ass, an d'ONGe schaffen all zesummen un der Verwierklechung vun de sou genannte Millenniumsziler fir d'Entwécklung. Et sinn dës Ziler, déi der UNO hir Efforten am Beräich vun der Entwécklung leeden. Aacht Ziler sollen esou weltwäit bis 2015 erreecht ginn. Et sinn dëst d'Reduktioun vun der extremer Aarmut an Honger, d'Sécherung vun enger primärer Ausbildung fir all Mënsch, d'Fuerderung vun der Fra an der Gläichstellung vu Fra a Mann, d'Reduktioun vun der Kannerstierflechkeet, d'Reduktioun vun der Mammestierflechkeet, d'Bekämpfung vun AIDS an aner grousse Krankheeten, d'Ofsécherung vun enger nohalteger Ëmwelt an d'Schafe vun enger globaler Partnerschaft fir d'Entwécklung.

Dat éischt vun dësen Ziler, d'Halbéierung vun der batterer Aarmut bis 2015, kënnt Schätzungen no, seet de Mark Malloch Brown, Administrateur vum Programm vun de Vereenten Natioune fir d'Entwécklungshëllef, dann erreecht ginn, wa pro Joer 100 Milliarden US-Dollar der Entwécklungshëllef zur Verfügung sténgen. Et sinn der awer nëmme ronderëm 50, also ongefeier d'Halschent vun deem wat d'UNO mengt wat fir d'Erreeche vum éischte Millenniumszil gebraucht géif ginn.

Wéi wéineg am Fong méi gebraucht géif gi fir weider ze komme verdäitlecht d'Tatsaach, dass de Moment pro Joer de weltwäite Waffenhandel e Volume vun 950 Milliarden Dollar erreecht, bal 10-mol méi also wéi néideg wär fir honnerte vu Millioune Mënschen op der Welt e liewenswäert Liewen ze erméiglechen.

Wa Länner wéi Amerika, Kanada, Australien, Neuseeland, Japan an anerer, déi der OECD ugehéieren, sech géife Méi maachen, konsequent déi 0,7% vun hirem nationale Räichtum un öffentlecher Entwécklung erunzeschaffen, da wär d'Aarmut an enger eenzeger Generatioun net méi dee brennenden Thema, deen en haut nach weltwäit ass.

Déi Lëtzebuerger Kooperatioun schreift sech an dee globalen Effort zum Erreeche vun dësen Ziler an. Eent ass awer sécher, ouni eng gemeinsam Ustrengung vun alle Länner, deenen Entwéckelten an deene manner Entwéckelten, si se net ze erreechen. Dofir ass am Fong dat aachtent Zil, déi global Partnerschaft fir Entwécklung, déi wichtegst, a si gëtt och de Kader fir déi siwen aner an där se musse realiséiert ginn.

Här President, a ville Länner, och d'Zillänner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, virun allem a Schwaarzafrika, sinn d'Krankheeten e grousst Hemmnis fir all Zort vu gesellschaftlecher Entwécklung. An et kann esouguer esou e schlëmme Faktor sinn, dee ganz Populatioune bedrot. Besonnesch schlëmm sinn hei d'Ravagë vun AIDS an Afrika.

Zënter 1985 sinn an Afrika, südlech vun der Sahara, 15 Millioune Leit un AIDS gestuerwen. 2003 eleng waren et 2,2 Milliounen, an dat sinn der méi wéi Slowenien Awunner huet.

A Botswana zum Beispill sinn haut iwwer 38% vun der Populatioun HIV-infizéiert. A Swasiland sinn et der grad esou vill. Botswana huet eng Liewenserwaardung vun nëmmen 39 Joer. Dat ass e Wäert, dee mir hei an Europa am Mëttelalter haten. Ouni AIDS wär d'Liewenserwaardung am Botswana 72 Joer, an dat ass e Wäert, deen am Moment an Ost-Europa besteet.

De President vu Botswana huet ugesiichts der ongeheier héijer Infektiounsquot vun der Méiglechkeet vun der Ausläschung vun der Natioun geschwat. An d'Infektiounstauxë ginn nach ëmmer net erof. A Swasiland huet sech 2002 an 2004 de Prozentsaz vu gutt 34 op bal 39% erhéicht. Dëst ass eng immens grouss Erausfuerderung fir d'Politik op allen Niveauen, virun allem wann et ëm d'Versuergung vun Infizéierte mat antiretrovirale Medikamenter geet. Duerch esou Medezin kéint de Virus a senger Entwécklung gestoppt ginn an den Ausbroch vun AIDS selbstverständlech och, en Ausbroch, dee bal ëmmer déidlech ennt. Dës Medikamenter kaschten awer Geld, Geld, wat vill afrikanesch Staten dacks net hunn. An trotzdeem muss eppes ënnerholl ginn, fir d'AIDS-Epidemie an Afrika ze stoppen, wann net e ganze Kontinent soll an d'Nuecht vum Liewen antrieden.

Selbstverständlech ass dëst eent vun de Millenniumsziler an dobäi soll eist Land hëllefe wou et kann. An ech si wierklech frou, dass de Minister a senger Ried ugedeit huet an och nach an deenen nächste Woche weider wëllt an den Detail goe wéi en dat wëllt maachen.

Ech wëll net am Detail op all eenzelt vun deenen anere Millenniumsziler agoen. Si si grouss a si sinn déi brennend Erausfuerderunge vun der Entwécklung an eiser Zäit. Mä eppes läit mer schonn déi ganz Zäitchen um Mo, an och wann et a sengen Dimensioune vläicht net grad richteg hei an de Kader passt, wëll ech trotzdeem e puer Wierder an deem Kontext erwähnen.

Als Fra an och als Mamm fannen ech et einfach schrecklech, dass et ënner eise Kooperatiounslänner nach Länner gëtt, wou d'Beschneidung vun de Meedercher massiv weidergefouert gëtt, virun allem am Mali. Wann tatsächlech nach dräi vu véier Mammen et fir néideg fannen hir Meedercher ze verstümmelen op eng medezinesch an hygienesch Aart a Weis, déi net mënschewierdeg ass, da kënne mir dat einfach net méi esou akzeptéieren. Hei wënschen ech mer wierklech, dass d'Efforten ënnerstëtzt gi fir weider ze sensibiliséieren an ze informéieren, wat fir een absoluten Onsënn dëse Ritual ass, deen hei nach bei iwwer 90% vun de Meedercher duerchgefouert gëtt. An ech hoffen, dass eis Leit um Terrain net midd ginn, dës onméiglech Prozeduren esou gutt et nëmme geet ze ënnerbannen.

Selbstverständlech sinn do déi aner Millenniumsziler wéi d'Kannerstierflechkeet, d'Stierflechkeet vun der Mamm während der Schwangerschaft a kuerz no der Gebuert, ustiechend Krankheeten, d'Zerstéierung vun eiser Ëmwelt; déi grouss Géigner vun de Mënschen am 21. Jorhonnert. Hinne musse mer eis zesumme stellen, well et geet ëm eis Welt, ëm déi ganz Welt, ëm déi eenzeg Welt.

Entwécklung am ganze Sënn vum Wuert ass net nëmmen eng Affär vun deenen aarme Populatiounen a Schwaarzafrika, Asien oder Latäinamerika. Et ass eng Affär vun eis alleguerten. Virun allem d'Beispill vun der nohalteger Ëmwelt verdäitlecht dat op eng dramatesch Manéier.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann déi global Erwäermung esou weidergeet, da verschwanne ganz State vum Globus. D'Mieresspigele steige stänneg, well d'Pole schmëlzen, Inselstate wéi d'Malediven an anerer, virun allem am Pazifik, ginn an deenen nächsten 20 Joer, wa sech näischt un der Evolutioun ännert, einfach esou ënner. Si verschwannen ënnert dem Waasser, si halen op ze existéieren, an dorunner si mir Mënsche schold, genee wéi um Verschwanne vun den Alpengletscher. Aacht vun néng Stéck sinn amgaangen zréckzegoen, an an der Schwäiz, hunn ech virgëschter um Radio héieren, hunn d'Gletschere schonn e Punkt erreecht, wéi en eréischt fir 2025 virgesot gi war.

Dobäi kënnt dat bedrolecht Zouhuele vun den Naturkatastrophen, dat mir an deene leschte Joren ze verzeechnen hunn. A wa mer all wëllen zesummen iwwerliewen, wa mir net wëllen tëschent Stierm an Iwwerschwemmungen an Äerdbiewen eist Liewen ofschléissen, da brauche mir e globaalt Bewosstsinn a mir musse Verännerungen akzeptéieren, déi néideg sinn. Net nëmmen am tropesche Bësch, mä och an eisem, net nëmmen am Energieverbrauch vun den asiatesche Entwécklungslänner, mä och an eisem.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Déi Lëtzebuerger Kooperatioun ass eng Saach, déi eis all an der Chamber um Häerz läit, déi grouss Erfolleger ze verzeechnen huet an déi mir zesumme wëlle weiderféieren, verdéiwen a verbesseren. Si brauch entspriechend budgetär Mëttelen an um Wëlle vun der Regierung - hu mer jo virdrun héieren -, déi zur Verfügung ze stellen, huet sech näischt geännert. Dat begréisse mir mengen ech alleguerten heibannen. Mir sinn a mir bleiwen am Spëtzepeloton vun de Geberlänner an der internationaler Kooperatioun. Dat ass e staarkt Zeeche vu Solidaritéit mat deenen déi näischt oder guer net vill hunn an deene mir e bësse weider wëlle ginn. Et ass déi konsequent Politik vun engem Land, wat et mat der Solidaritéit eescht mengt, wat no bannen an no baussen e Sënn dofir huet, dass et Ongerechtegkeete ginn a wat dobäi hëlleft se ze behiewen.

Mir brauchen och an dëser Zäit de Sënn dofir, dass d'Entwécklung eppes ass wat eis all, direkt a permanent ugeet. Et gëtt net eis Welt, déi räich an déi schéin, an dann nach eng aner, eng aarm an eng ellen, et gëtt nëmmen eng an an där liewe mir all zesummen a mir musse se zesumme verbesseren an dauerhaft liewenswäert maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Den nächste Riedner ass den Här Charles Goerens. Dir hutt d'Wuert, Här Goerens.

M. Charles Goerens *(DP).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll am Ufank vu menger Interventioun dem Här Schiltz Merci soe fir seng éischt Ried als Minister vun der Kooperatioun an och félicitéiere fir déi Akzenter, déi e gesat huet, an ech well em och versécheren, dass e kann op déi 100% Kontributioune vu menger Fraktioun zielen. Mir wäerten en an deenen Zilsetzungen, déi en de Mëtteg hei exposéiert huet, voll a ganz ënnerstëtzen, well ech mengen déi Zilsetzungen halen d'Strooss. A wéi en zu Recht gesot huet, et kann ee wierklech net alles a sou enger Deklaratioun soen, obschonn Der der ganz vill gesot hutt, an ech wëll och kuerz déi eenzel Elementer, déi Der ervirgestrach hutt, kommentéieren.

Éischtens, wat d'Zillänner ubelaangt, mengen ech, kënnt een, wann ee sech mat der Problematik befaasst, net dolaanscht, fir déi Saach virsiichteg unzegoen, fir de pour an de contre ze évaluéieren, vun engem eventuellen Ausklammen aus engem Zilland, mir hunn déi Diskussioun nach all Joer gehat. All Joer goufe kritesch Téin ugemellt, ob mer nach sollen an eenzelne Länner bleiwen, wéi zum Beispill an Namibien oder am Nicaragua, a mir sinn ëmmer erëm zur Konklusioun komm, dass et net evident ass fir e Land vun haut op muer falen ze loossen, an ech ënnerstëtzen och déi Nuance, déi Der fonnt hutt, fir déi do Problematik ze beschreiwen.

De Cap-Vert zum Beispill ass eent vun de Länner, dat ënnert dem Impuls vun der Lëtzebuerger Kooperatioun enorm Fortschrëtter gemaach huet. Et muss een awer och wëssen, wann déi Fortschrëtter reell sinn, da kann een awer och eng Inversioun vun der Situatioun erbäiféieren, andeems dass net nëmmen ee Land, mä dass all Land mateneen erausginn, an et ass précisément dat wat d'Lëtzebuerger musse versichen ze verhënneren, well et wier net gutt wann de Cap-Vert an eng Situatioun kéim, wou déi Vulnérabilitéit, déi am Rapport vun der Krichszäit iwwert dat Land stoung, voll a ganz zum droe kéim. Et ass nämlech e Land wat ganz staark vun Auslandszouwennungen ofhänkt. 25% vum Bruttoinlandprodukt vun deem Land gi generéiert vun deem wat d'Diaspora plus ou moins regelméisseg dohinnerschéckt, dat Land hänkt nach ëmmer ganz staark of vun der Kooperatiounspolitik an et wier also falsch wann een déi Progrèsen, déi an deem Land gemaach goufen, net géing konsolidéieren, duerch eng virun enk Kooperatioun mat deem Land.

An anere Länner, wou d'Situatioun e bëssen anescht ass, wéi zum Beispill an Namibien, gëtt jo och probéiert fir an engem intelligenten „phasing out" eng intern Redistributioun vun de Richessen mat ze förderen, wat och normal ass, well wann e Land d'Moyenen huet fir sech selwer ze entwéckelen, da soll et och déi bei sech doheem selwer asetzen, an da kann déi Entwécklungshëllef, déi gemaach gëtt mat deem Land, complémentaire zu där éischter wierken. Well jiddfereen ass jo awer och responsabel fir déi Situatioun, déi e bei sech doheem fënnt.

Och d'accord si mer mat der strategescher Dimensioun, déi e wëllt senger Kooperatiounspolitik ginn, respektiv weiderginn. Déi Programmes Indicatifs de Coopération halen d'Strooss an et ass gutt fir déi periodesch ze adaptéieren, déi eenzel Secteuren ze identifizéieren, an deenen ee wëllt intervenéieren, an deementspriechend eis Gelder sënnvoll ubréngen, déi dann och periodesch évaluéiert ginn, wat absolut indispensabel ass fir ze kucken, ob dat, wat ee gemeet huet, net muss - wann net ganz, wéinstens zum Deel - a Fro gestallt ginn.

Och do mengen ech sinn déi Efforten an déi Gelder, déi an d'Evaluatioun gestach ginn, absolut gutt ubruecht, an den Här Schiltz huet och nach iwwert eng ganz Partie aner Aspekter geschwat, déi ech net weider brauch ze kommentéieren, well ech absolut d'accord si mat em.

De groussen Défi, an dat huet och meng Virriednerin gesot, dat ass natierlech déi vun der Kohärenz vun de Politiken. D'Kohärenz vun de Politiken, dat heescht mol fir unzefänken, datt dat, wat mer haut soen, net an deenen 364 Deeg, déi duerno kommen, widdersprach gëtt. D'Kohärenz vun de Politiken, dat heescht awer och eng Kohärenz tëschent deenen eenzelne Secteuren. Et kann och net sinn, datt dat, wat an deem enge Politikberäich gemeet gëtt, widdersprach gëtt vun Initiativen oder Aktiounen, déi an anere Beräicher gemeet ginn. Wann een an der Agrarpolitik een anere Kurs fiert wéi an der Entwécklungspolitik, dann neutraliséiert dat sech. Dann ass et tout au plus un jeu à somme nulle. Wann ee Land net kohärent ass mat deem wat déi aner maachen an engem Zilland, da verstéisst een och géint d'Kohärenz.

Et ass elo net un der Europäescher Unioun, déi jo laut Vertrag den Optrag huet fir déi eenzel Politikberäicher an der Kooperatioun ze koordinéieren, eng grouss Verantwortung huet, fir e Maximum vu Kohärenz an hirer Aktioun ze erreechen, an déi selwecht Europäesch Unioun muss och kucke wéi se vis-à-vis vun internationalen Acteure wéi Weltbank, Fonds Monétaire International, eng ganz Parti UNO-Agenturen agéiert, fir deem Impératif vun der Kohärenz gerecht ze ginn.

D'Kohärenz vun der Politik, dat heescht natierlech och datt een d'Situatioun an deenen eenzelne Länner richteg erfaasst, datt ee weess wat déi reell Besoinë sinn. An Dir hutt zu Recht op d'Question agraire higewisen, wou een et mat där absurder Situatioun ze dinn huet, datt 3/4 vun de Leit, déi op der Welt Honger leiden, net Keefer si vu Liewensmëttel, mä Produzen-

ten. A firwat si mer an déi absurd Situatioun komm? Mä précisément well d'Präisser effektiv sou bradéiert ginn, datt et sech och net méi rentéiert fir an Entwécklungslänner nach seng Produiten hierzestellen. A wann et fréier - ech menge mir hu schonn eng Kéier doriwwer geschwat hei am Haus - méiglech war, datt een am Sahel mat enger Tonn Céréalë konnt liewen, pro Famill, da musse e wëssen, datt d'Rendementen haut net méi héich sinn, mä den Ënnerscheed, dat ass datt bei gläichgrousse Familljen, bei gläichgrousse Rendementen haut eng Tonn Céréalë net méi duergeet fir eng Famill ze ernähren; obschonn d'Konsumgewunnechte sech net geännert hunn.

Et ass drop zréckzeféieren, datt haut musse vun deenen 1.000 Kilo, déi récoltéiert gi pro Famill, der 400 musse verkaaft gi fir d'Schold ze bezuelen, 200 gi gebraucht fir den Outil de Travail ze renouveléieren, an da bleiwen der nach 400 vun deenen 1.000 Kilo, dat ka leider net méi duergoen. Do ass also eppes wat net gutt ass.

Eppes anescht. A puncto Kohärenz wëll ech soen: Et geet net, dass een hei an eise Länner jäitzt no nidderegen Zënse soubal wéi de Wirtschaftswuesstum ufänkt lues ze déclinéieren. Wann et hei ënner 2% oder 1% kënnt, da seet jiddfereen, obscho mer net der Europäescher Zentralbank dranzeschwätzen hunn, d'Zënse mussen onbedingt op engem nidderegen Niveau bleiwen, respektiv erofgefouert ginn. Wann dat do passéiert an engem Land wéi a Mali, oder am Burkina Faso, oder a Südafrika, da si ganz séier déi ganz grouss Experten do fir ze soen, et muss eng Rosskur an deem Land administréiert ginn. An eent vun den Elementer, fir aus deem Déif do erauszekommen, sinn normalerweis, an och fir d'Inflatioun Meeschter ze ginn, de Ruff no méi héijen Zënssätz. Déi Inégalitéiten, soulaang wéi déi bestinn, sinn e groussen Obstacle fir déi Kohärenz ze erreechen, an der Démarche déi mer alleguer ustriewen.

Här President, de Kofi Annan huet emol eng Kéier gesot, an ech mengen et war 2001, bei senger Ried bei Geleeënheet vun der Réceptioun vum Friddensnobelpräis: „Haut ass e Meedchen am Afghanistan gebuer." - sot en - „Wann een als Meedchen am Afghanistan op d'Welt kënnt, da wunnt ee Liichtjoeren ewech vun der Prosperitéit, a wann een als Meedchen op d'Welt kënnt am Afghanistan, dann huet een eng Chance vu véier fir fënnef Joer al ze ginn."

Dat ass d'Situatioun an et ass en einfachen technesche Kritär, deen dat och kann erëmginn. Fir déi arithmetesch Dimensioun vum Problem emol eng Kéier ervirzeträichen: Den Afghanistan, gradwéi den Niger, hunn en TMM5, dat heescht en Taux de mortalité des moins de cinq ans, vun 250 pro dausend, dat heescht all véiert Kand gëtt net méi wéi 5 Joer al. Wann een esou een TMM5 huet, da weess een, an deem dote Land ass alles nach ze maachen.

Do kann et keng Infrastructure hospitalière ginn digne de ce nom. Do kënnen et net Dispensairë ginn an der Héicht wéi se gebraucht géife ginn. Do kann d'Fra nëmme just behandelt gi wéi dat Allerlescht, well soss géifen et Assistancë gi bei den Accouchementer; den Accouchement non assisté an deene Länner ass net d'Ausnahm, mä ass do carrément d'Regel. Do gëtt et kee Versuch fir d'Demographie ze maîtriséieren. An esou Länner fonctionnéiert am Fong guer näischt. E Land wéi den Afghanistan, do ass de President, tout au plus, Buergermeeschter vun der Haaptstad, vu Kabul, an et gëtt duerch international Efforte probéiert fir him d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi grouss Défien ze bekämpfen an ze relevéieren.

Mir kënne mat eiser Kooperatiounspolitik, Gott weess, net alles maachen. Mir kënnen enorm vill maachen. Et ass mir am Fong och egal, ob mir zéng oder eelef Zilländer hunn, wichteg ass dat wat mir maachen, och wa mir der nëmme sechs hätten - dat wier vläicht e bëssen ze mann, well mir da keng Risikostréiung hätten an eiser ganzer Exekutioun vun der Entwécklungspolitik -, datt dat wat gemaach gëtt gutt gemaach gëtt, datt et richteg verstane gëtt, datt et pertinent ass, datt et op eng efficace Manéier realiséiert gëtt an datt et sech och an der Dauer aschreift. Och dat ass e Bäitrag zu der Kohärenz, déi den Här Schiltz a sengem Discours erbäigewënscht huet.

Kohärenz, dat heescht och besonnesch do Efforten entwéckelen, wou et net esou einfach ass fir se ze verstoen. Wann elo den Owend en Äerdbiewe géing passéieren a mar den Owend géifen op de Bildschiermer d'Postscheckkonte vun deenen Haapt-ONG-humanitaires publizéiert ginn, da wiere wéineg Leit, déi insensibel géife bleiwen, vis-à-vis vun där Situation en détresse. Do sinn d'Leit relativ séier prett fir ze investéieren, fir de Portefeuille opzemaachen, respektiv fir e Virement ze maachen.

Scho méi schwéier gëtt et wann ee muss en Entwécklungsprojet erklären, wann een 2004 an eng Schoul investéiert an engem Zilland am Kader vun engem Programme Indicatif de Coopération, an dee kënnt 2006 an d'Phas vun der Realisatioun, an et muss een och nach Proffen ausbilden, an et muss ee kucken datt een Accordë fënnt mat der Regierung, fir datt, wann de Projet eng Kéier fäerdeg ass, och déi Schoul weidergefouert gëtt, dann ass dee Projet 2010 fäerdeg. Bis dohin ass eng Partie Geld gefloss a bis dohinner ass a sech näischt Spektakuläres geschitt, au contraire. Dat, wat geschitt ass, ass indispensabel, mä et ass keen, deen dat entgéinthëlt. Fir dat ze erklären, dat ass net esou evident.

A wa mir wëlle kohärent bleiwe mat deem Effort, dee mir wëlle weiderféieren, da musse mir en och an der Dauer installéiert a konsolidéiert kréien, an ech menge mir hunn eng grouss Chance, dat ass déi datt hei am Haus, an dëser Chamber praktesch all Parteie mat der Zilsetzung d'accord sinn. Mir sinn d'accord mat der Héicht vum Involvement vun de budgetäre Mëttelen, 1%, dat ass net näischt, dat geet awer duer. 1% ass enorm vill, loosse mir also dorunner hänke bleiwen, a loosse mir och besonnesch soen, wat mir maachen, a besonnesch firwat datt mir dat maachen. A loosse mer virun allem drop insistéieren, do aktiv ze ginn, wou d'Saache sech net vum selwen erklären an eis do d'Wuert ginn, datt mir dat duerchstinn. A mir sollen och - erlaabt mer den Ausdrock, Här President - bei d'Comptoire goen an eis wiere géint all déi Stereotypen, déi mir do héieren.

An zur Kohärenz vun de Politike gehéiert och, datt een ophält de Mond ze halen, wann een esou Dommheeten héiert wéi: Am SIDA musse mir haaptsächlech an der Preventioun aktiv ginn, awer net an der Therapie. Loosse mir ophale mat där absurder Juxtapositioun vun deenen zwou Positiounen.

D'Experienz - et brauch ee jo net vill Experienz an deem Domän ze hunn - léiert eis, datt an engem Land, egal a wat fir engem Land, ob et an engem Land ass aus eise Breitengraden oder an engem Entwécklungsland, et ass kee bereet, wann net emol dee gerëngsten Espoir de thérapie besteet, sech testen ze loossen, ob en HIV-positiv ass oder net. Et kann also nëmme just een eng sënnvoll Preventioun maachen, wann och en Espoir de thérapie do besteet. An dat ass ee vun de groussen Défie mat deenen d'Kooperatioun weltwäit konfrontéiert ass, de Beräich SIDA, a mir wäerten och nach net esou bal, à moins datt et eis geléngt e Vaccin ze fannen, vun där doter Plo befreit sinn. A mir sollen alleguer déi Démarchen erklären, déi noutwendeg si fir dohinner ze kommen. Do gëtt et villes ze erklären, vill komplex Démarchen, och villes wat net verstane gëtt.

Dir hutt iwwert d'Evaluatioun geschwat an och iwwert d'Sensibilisatioun an ech begréissen och, datt Dir den ONGen d'Moyenë gitt, fir précisément an där doter Richtung aktiv ze ginn. An déi Suen, déi doranner investéiert ginn, wann d'Sensibilisatioun intelligent gemaach gëtt - dat ass bal ëmmer, am Regelfall kann ee soen, ass dat esou -, da sinn déi Suen net ewechgehäit. Dat si Suen, déi wuel hei zum gréissten Deel ausgi ginn, mä dat musse mir awer eis selwer schëlleg sinn, wa mir wëllen hunn datt den Effort, dee mer alleguer ustriewen, sech an der Dauer aschreift.

De Sensibilisatiounsberäich setzt menger Meenung no och viraus, datt mer net nëmmen um Niveau vun den ONGen aktiv ginn, mä et schéngt mir, an ech hat och schonn eng Kéier e Gespréich mam Minister selwer doriwwer, noutwendeg ze sinn, fir vläicht an een, zwee Joer, no der Lëtzebuerger Présidence, sech ze iwwerleeën, ob een net soll nach eng Kéier eng grouss ugeluechte Campagne de sensibilisation hei am Land maachen, well et mierkt een, déi lescht ass ongefeier annerhalleft Joer eriwwer, déiselwecht Stereotypen iwwert d'Entwécklungspolitik: „Wat maachen" - an ech wëll elo hei wierklech net dat erëmginn, wat ech heiansdo héieren - „all déi mat eise Suen?"; déi fänkt een u schonn erëm méi oft ze héieren. Déiselwecht domm Gespréicher, déi total dernieft sinn an déi oft vu gescheite Leit, oder déi mengen se wiere gescheit, gesot ginn, déi musse mer awer duerch en zolitten Argumentaire contréieren, a vläicht an der nächster Campagne de sensibilisation méi an d'Déift goen a méi an d'Zesummenhäng vun der Kooperatiounspolitik.

Mir mussen an däerfen net midd gi virun drop ze insistéieren an ze soen: Et ass machbar. Wat ass machbar? Ma datt ee kann d'Aarmut erfollegräich bekämpfen, net nëmme mat 0,7% zu Lëtzebuerg, mä mat 0,7% bei all deene Länner, déi an enger Situatioun sinn, déi ee kann als confortabel bezeechnen, an déi Länner si jo och an der OCDE garantéiert.

Wann een nämlech dohinner kéim an et kéim een op deen Niveau zu deem d'Länner sech schonn alleguer engagéiert haten am Ufank vun de 70er Joren, dann hätt een net nëmme genuch fir d'Aarmut ëm d'Halschent ze reduzéieren, mä dann hätt ee genuch fir d'Aarmut ganz ze éradiquéieren. A wann ee sech och nëmmen ee Moment ausdenkt, wat een do en termes de rendement, en termes de stabilité, Sécherheet an och de retour économique à la longue géing récoltéieren, dann hätt een eng Erfolleg verspriechend an och räsonnéiert a räsonnabel Sensibilisatioun eriwwerkritt.

Loosse mer och ophale mat deenen Approches malthusiennes laut deene vill Leit anerer gleewen dinn, wann een eppes gëtt, dat wier definitiv verluer. Dat ass net de Fall, wann een d'Suen an d'Efforten intelligent déployéiert.

Dat gesi mir am Kader vun dem europäeschen Integratiounsprozess, wou och nach ëmmer virun déiselwecht Milchmädchenrechnunge gemaach gi bei den Nettozahler, déi menge si géifen definitiv méi aarm ginn, wa se an eppes investéieren. Si iwwersinn awer dobäi, datt se en retour net nëmmen en termes de rendement budgétaire, mä virun allem en termes de rendement économique enorm vill gewannen. A wa se dat opweie mat deem wat se abezuelen, dann ass jiddferee gagnant. An ech mengen d'Entwécklungspolitik ass eng Win-Win-Strategie, a se schreift sech an an déi grouss kollektiv Ambitioune vun der Europäescher Unioun, awer och vu Lëtzebuerg.

Et ass eng Politik, déi et verdéngt fir ënnerstëtzt ze ginn. An ech mengen de Wäert vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, dee miesst sech selbstverständlech un deem wat an deenen zéng Zilländer gemaach gëtt an och un deem, wat iwwert déi multilateral Kanäl iwwert de Fonds des Nations Unies pour les populations, zum Beispill, an de Länner ukënnt. Dat kann een alles moossen, dat kann een alles évaluéieren. Mä wat vill méi wichteg ass, dat ass datt Lëtzebuerg et fäerdeg bruecht huet an de leschte 25 Joer, als eenzegt Land an der internationaler Communautéit, de Spronk op 0,7% öffentlech Zouwendunge par rapport zum Bruttoinlandprodukt ze packen. An domat ass de Beweis erbruecht, datt et méiglech ass dohinner ze kommen, ouni datt ee Land doduerch bankrott geet.

An ech si relativ optimistesch, jiddefalls wat den europäesche Raum ubelaangt. Frankräich wëll op deen Niveau kommen an 2012, Belgien 2010, Irland 2007, Schweden ass schonn drop, Norwegen och, Finnland huet et a seng Objektiver ageschriwwen. Mir hunn also nach während dräi, véier Joer déi enorm Chance, datt mir dat eenzegt sinn, wat dee Sprong geschafft huet, an ech mengen dat solle mir voll a ganz exploitéieren, a mir kënnen do eis Impulsgeberfunktioun als Lëtzebuerger Land voll a ganz spille loossen.

Ech mengen do, an där Hiewelwierkung, déi mir duerch deen do Acquis hunn, kënne mir enorm vill erreechen, besonnesch an der Présidence vun der Europäescher Unioun, wou et wuel drëm geet fir d'„midterm review" ze maache vun de Cotonou-Accorden - dat ass eng Aarbecht, déi gëtt d'nächst Joer fälleg, déi ass enorm wichteg, an déi wäert och zäitraubend si fir déi, déi mam Dossier befaasst sinn -, nieft dem SIDA an nieft der Fortschreiwung vun all deenen Efforten, déi déi aner Présidencë gemaach hunn a mat deenen Dir lech och koordinéiert. Do géing ech och der Lëtzebuerger Regierung wënschen, datt se déi Hiewelfunktioun, vun där ech elo geschwat hunn, voll a ganz zum Droe bréngt.

An dann ofschléissend, Här President, mir ginn, an dat wëlle mir jo alleguer erreechen, à moyen terme, 1% aus vum nationale Räichtum fir d'Kooperatioun a fir deenen, deenen et wierklech net flott geet, eng Chance ze ginn. Deen ee Prozent soll een erklären, hunn ech gesot; et muss een awer och net alles erklären. Wann een am Gruef läit - passez-moi l'expression - futtizegoen, muss ech net nach eng Erklärung ginn, do hëlleft een - Punkt! Do ass een och beim Comptoir kengem eng Erklärung schëlleg. Mä wat een awer och kann hannendrop soen: Dat ass keng Negatioun vun de sozialen Härten oder vun de Situations de détresse, déi sech hei am Land stellen, dofir bleiwe jo och nach 99%, an iwwert déi solle mir och schwätzen, awer net am Kader vun der Kooperatiounspolitik.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. D'nächst Riednerin ass d'Madame Err. Dir hutt d'Wuert, Madame Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net fir d'éischt wou ech op dëser Tribün sti fir iwwer Entwécklungszesummenaarbecht ze schwätzen, mä et ass ëmmer rëm aneschters. Mä gleeft mir awer, dass trotz engem Aller retour - Chamber, Regierung a Majoritéit an Oppositioun - meng fundamental Meenung zu deene Froen, déi hei diskutéiert ginn, sech net geännert huet. Dat wäerten och déi, déi scho virdrun hei waren, mierke bei där Motioun, déi ech herno wëll proposéieren, an déi ech probéieren zënter Joren an dësem Haus schonn eng Kéier duerchzekréien.

Ech bedaueren eppes Klenges, Här Minister: Trotz Ärer interessanter Ried ass et e bësse frustrant, well eigentlech hat ech mir jiddefalls e Rapport erwaart iwwert de Bericht. Dir sidd interessanterweis largement iwwert de Bericht erausgaangen. Dir hutt doduerjer och Ären Zäitkreditt largement ausgeschöpft, während mir hei am Fong no 20 Minutten, wat mäi Grupp betrëfft, d'rout Luucht ugemaach kréien, sou dass et e bësse schwiereg ass fir op Saachen anzegoen, déi Dir gesot hutt, besonnesch wann ee se eréischt während Ärer Ried entdeckt huet, mä Dir hutt gesot, Dir géift deemnächst eng Kéier an der Kommissioun erkläre kommen, wat mat eisem Projet ënner anerem am Gaza passéiert ass. Ech hoffen, dass mir dann d'Geleeënheet kréien aner Saachen auszetauschen, déi Dir haut ugeschwat hutt, an op déi een an dësem Kader keng Zäit huet anzegoen.

Am Koalitiounsprogramm, Dir Dammen an Dir Hären, sti genau véier Sätz iwwert d'Entwécklungszesummenaarbecht. Dat wëllt awer net vill soen. Ech mengen, datt dat en Zeechen ass, datt et éischtens op deene Froen hei zu Lëtzebuerg e Konsens gëtt iwwert d'Parteien an dësem Haus ewech. Et ass net kontestéiert, dass Lëtzebuerg am internationale Vergläich excellent do steet an eent vun deene wéinege Länner ass, déi hire Must bis lo erfëllt hunn, an doriwwer eraus et och ganz kloer ass, dass d'Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht e wichtegt Element ass vun eiser Aussepolitik.

An der Déclaration universelle des Droits de l'Homme steet folgende Saz: «Toute personne a droit à un niveau de vie suffisant pour assurer sa santé, son bien-être et ceux de sa famille, notamment pour l'alimentation, l'habillement, le logement, les soins médicaux ainsi que pour les services sociaux nécessaires.»

Vun dësem Text, Dir Dammen an Dir Hären - et ass evident -, si mir nach meilewäit ewech an trotz grousse Wierder wéi Cohérence des politiques, Développement durable, Codéveloppement an Décroissance, a wat alles nach kreucht und fleucht vun interessanten Ausdréck op dësem Gebitt, ass et kloer, dass mir och an deenen nächste Joren dat Zil do net erreeche wäerten. Mir hoffen awer wéinstens op den Input vun der Lëtzebuerger Présidence, fir de Midterm vun de Millenium Goals do weiderzebréngen, a mir rechnen och domadder, dass déi Prioritéiten, déi haut ugeschwat gi sinn, och um Niveau vun Europa während eiser Présidence, wou eisen Afloss jo vläicht e bësse méi grouss ass, duerchgesat ginn.

Ech wëll e puer Zuelen nennen, eigentlech huet de Minister der scho genannt, déi fir sech schwätzen, notamment dass 60 Milliarden Euro - dat steet lo net dran, mä ech huelen un, dass et Euro oder Dollare sinn, dat mécht esou een enormen Ënnerscheed net onbedéngt aus - op der Welt Entwécklungshëllef gespent gëtt vun de räiche Länner, an dass 900 Milliarden Dollar an den Armement ginn. Domadder huet een am Fong scho bal alles gesot. Et bleift nach vläicht ze kucken, wou dann déi Länner mat där Aarmut do sinn, wou dann déi Budgeten aus de räiche Länner higinn.

Et ass hei gesot gi vun der Madame Arendt, dass bal d'Halschent vun der Bevölkerung op der Welt haut mat manner wéi zwee Dollar den Dag iwwert d'Ronne komme muss. Ech wëll do e bësselche virundenken a soen, dass vun där bal Halschent vun der Weltbevölkerung 70% Frae sinn. Mol eng

Kéier sinn d'Fraen iwwerrepresentéiert, awer net nëmmen do: Si sinn och iwwerrepresentéiert wann et ëm Analphabetismus geet, wann et ëm Réfugiéë geet, wann et bei de Kanner ëm Schoulausbildung geet.

Dofir kann een also soen, dass et haut ganz kloer sou ass, dass d'Aarmut net nëmme schwaarz ass - well déi gréisst Aarmut ass an Afrika -, mä si ass och weiblech. Dofir, Här Minister, sinn ech Iech besonnesch dankbar fir déi Remarquen, déi Dir ganz zum Schluss vun Ären Ausféierunge gemaach hutt, wou Dir Iech engagéiert hutt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg op d'Fraen an der Kooperatioun ze setzen, mä och ze probéieren, déi Prioritéite während der Présidence duerchzesetzen.

Fir dorunner vläicht eng Fro unzehänken: Mir hunn elo héieren, dass mir mat grousser Wahrscheinlechkeet deemnächst e Kommissär hunn, deen zoustänneg ass fir d'Entwécklungszesummenaarbecht. Ass et an deem Kontext och virgesinn, dass de Conseil de coopération erëm agefouert gëtt? A wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung op deem prezise Punkt dozou?

Ech wëll iwwregens a Klammere soen, dass ech net weider op dee Punkt vun der Accentuatioun vun der Entwécklungszesummenaarbecht op Fraen aginn, well ech dat schonn esou oft gesot hunn, a mech eigentlech selwer net méi driwwer héiere kann. Ech hunn dofir mengem Fraktiounskolleeg hei déi wichteg Aufgab iwwerdroen, dee grad esou iwwerzeegt ass wéi ech, dass dat eng vun de Prioritéite muss sinn. Hie fënnt vläicht aner Wierder an nei Begeeschterung fir iwwer en aalt Thema an eng al Prioritéit vun de Sozialisten ze schwätzen.

An deemselwechte Kontext wollt ech nach - mir hu gesot, d'Aarmut ass weiblech, an dat behandelt de Marc Angel, wann ech lo hei deemnächst fäerdeg sinn - ee Wuert soen zu „Aarmut ass schwaarz". Mir hu mat groussem Interesse gesinn, datt en neit Partenariat fir d'Entwécklung an Afrika passéiert, an dat mécht een a priori optimistesch. Strukturell awer a fundamental, mengen ech, sinn do relativ grouss Problemer. Mech mécht zum Beispill ganz stutzeg, dass an der Autokontroll, déi den NEPAD agesat huet, vun 53 Länner nëmme 15 d'accord waren, sech géigesäiteg ze kontrolléieren, wat d'Korruptioun, wat Investissement an Armement, wat d'Mënscherechter, wat d'Demokratisatiounen, wat institutionell Reformen ubelaangt.

An eng Fro an deem Kontext: Wier et net logesch, datt eis Zillänner, déi an deem Partenariat fir d'Entwécklung vun Afrika dobäi sinn, e bëssen incitéiert géife ginn, wann et net de Fall ass, sech un deen Autokontrollgremium aus dem NEPAD do unzeschléissen?

Vu datt et ëmmer méi problematesch gëtt, déi néideg Fonge fir eng efficace Entwécklungszesummenaarbecht zesummenzekréien, trotz Efforten, déi op internationale Konferenze lo mat 16 Milliarden, wann ech mech richteg erënneren, Supplément ugekënnegt gi sinn, ass et mir a sécherlech Iech och ganz kloer, dass mir net domadder kënne rechnen, d'Millenium Goals oder soss iergend nach eppes Besseres ze erreechen, wa mir et net fäerdeg bréngen zousätzlech Ressourcen ze mobiliséieren.

Dofir hunn ech mat groussem Interesse dee Rapport gelies deen Dir ugeschwat hutt, Här Minister, an op deen ech wëll ganz kuerz agoen an ech hoffen och, dass mir wéinegstens an der Kommissioun eng Kéier op déi Konklusiounen aus dem Landau-Rapport vum President Chirac géifen zréckkommen. Et ass ganz kloer, an ech wëll dat aganks ënnersträichen, dass dat Dokument fir eis nëmmen dann interessant ass, wann déi Ressourcen, ëm déi et do geet, supplementar zu den nationale Ressourcen dobäikommen. Mä wann een déi Montantë kuckt, déi hei méiglech sinn, da mengen ech kënnt een net derlaanscht fir ze probéiere sech anzesetzen, niewent eisem nationalen Effort, och op internationalem Plang, déi Iddien hei aus dësem Rapport ze ënnerstëtzen.

Déi éischt Iddi ass déi vun der Tobin-Tax. Ech kommen net weider dorobber zréck. Et ass bekannt an ech hunn och eng vu menge leschte Rieden hei praktesch exklusiv op dëse Mechanismus achséiert gehat. Interessant ass a mengen Aen, dass zënterhier an der Belsch an och am Frankräich Gesetzer gestëmmt gi sinn, mat Conditions suspensives esou ze soen iwwert déi Tax an och Budgetë virgesi gi sinn. Fir de Fall wou 25 europäesch Memberstate sech géife bereet erklären, wieren also zwee vun eisen Nopeschlänner bereet mat op dee Wee ze goen. Dat wier, mengen ech, eng gutt Ursaach fir wéinegstens d'Iddi emol ze verbreeden an an där Hinsicht weider ze kucken.

Laut Experten, an dat si keng nei Chifferen, géif e Prozentsaz vun 0,01% op allen internationale Finanztransaktiounen 20 bis 30 Milliarden Euro jährlech méi abréngen. Dat géif duergoen, fir dem Kofi Annan senge Chifferen no beispillsweis déi ganz Éducation primaire vun de Kanner an den Entwécklungslänner ze finanzéieren, an eleng dofir wier et derwäert, mengen ech, nei Weeër ze goen.

Déi zweet Propositioun aus deem Landau-Bericht ass de Rapport iwwer eng Steier um Kerosin, dee bis elo steierfräi ass. Dat ass eng interessant Iddi, et géif d'Flugbilljeeën e bësse méi deier maachen, mä et huet virun allem och nach een Nodeel, dass et vill manner, nämlech nëmmen aacht Milliarde géing bréngen, de Rechnunge vun den Experten no, par rapport zu der Tobin-Tax, wéi ech dat virdru gesot hunn.

Déi drëtt Méiglechkeet ass eng ganz interessant, besonnesch fir d'Kolleege vun der Grénger Fraktioun, huelen ech emol un, d'Méiglechkeet vun enger Steier op den Ofgase vum Kuelendioxid, déi jo gläichzäiteg och nach d'Ëmwelt ruinéieren an déi am Fong éischtens eng Incitatioun wier, fir besser op eis Ëmwelt opzepassen, an eng zousätzlech Ressource vun ongeféier 25 Milliarde jährlech.

De véierte Punkt, dee vun den Experte proposéiert gëtt, ass eng Steier um Waffeverkaf. Déi ass natierlech ganz interessant, mä do mécht ee sech ganz wéineg Illusiounen an et ass ee sech och bewosst, dass wann een dat do géing maachen, da géife wahrscheinlech nach méi inoffiziell Geschäfter am Waffecommerce ofgewéckelt ginn.

E fënnefte Punkt ass eppes ganz Interessantes. Dat wier e minimale Prélèvement op all Transaktiounen, déi mat Kreditkaarte gemaach ginn. Do steet elo leider an deem Landau-Bericht net genau derbäi wat dat géif bréngen, mä dat hätt menger Meenung no den Avantage, dass et nëmmen déi Leit géing treffen, déi mat Kreditkaarten hantéieren an déi sech a priori, géing een emol unhuelen, kënnten dee klenge Surplus do erlaben.

Während déi lescht Propositioun, déi d'Experte maachen, e Prozentsaz op dem Waasser- an op elektreschen Taxen, déi ass natierlech a mengen Aen op jidde Fall sozial ganz ongerecht, well et gläichermoossen déi Wuelhabend an déi Leit, déi méi schlecht dru sinn, géing treffen.

Jiddefalls hu mer hei eng Palette vu Méiglechkeete fir d'Ressourcen an der Entwécklungszesummenaarbecht ze hiewen an ech hoffen, dass mer dorobber zréckkommen an eis déi eng oder déi aner prinzipiell Iwwerleeung zu dëse Propositioune maache kënnen.

Mä ech kommen dann nach eng Kéier zu enger Motioun, déi ech elo beim drëtten Asaz hei probéieren an hoffen, dass se dann dës Kéier duerchgeet. Ech hunn et schonn öfters hei gesot, mä fir déi Leit, déi nei hei sinn, ass bis elo an der Entwécklungszesummenaarbecht alles auditéiert ginn, ugefaange bei de Projeten iwwert d'ONGen, iwwert d'Lux-Development, déi en plus och nach all Joer en internen Audit huet, iwwregens eng Iddi, déi mer ganz gutt gefält, déi Dir hei ugekënnegt hutt, och de Ministère, mä wou ee sech och muss eens gi wat déi Chargë wieren, an och dorobber géing ech gären eng Kéier zréckkommen.

Mir hunn also bis elo alles wat säugt und fleugt an der Entwécklungszesummenaarbecht zu Lëtzebuerg schonn auditéiert, just d'Maschinn net wou am Fong all Décisioune geholl ginn, an dofir denken ech dass et wierklech logesch wier an am Intérêt vun der Saach, fir och ze kucken ob déi Maschinn, déi ëmmer méi Sue verschafft, wierklech beschtméiglech funktionéiert, fir se virun esou gutt an der Qualitéit ze verschaffe wéi dat nëmme méiglech ass, an dofir hunn ech eng Motioun hei, wou ech d'Regierung dann eng Kéier opfuerderen.

D'leschte Kéier ass mer gesot ginn, mir hunn den Exame vum CAD, an elo hu mer d'Présidence. Dann no der Présidence. Mir kënnten eis dann entre-temps drop virbereeden, deen Audit organisationell ze maachen.

Selbstverständlech ass et evident, dass eventuell nei Organiséierungen oder nei Orientéierungen, déi hei ugeschwat gi sinn, do misste materafléisse kënnen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant l'augmentation constante de l'aide publique au développement;

- considérant que la charge de travail du Ministère des Affaires étrangères en matière de coopération au développement augmente substantiellement d'année en année, sans que le personnel concerné ne soit renforcé en conséquence;

- considérant les initiatives prises en matière d'évaluation et de suivi ces dernières années;

- considérant les efforts substantiels qui continuent d'être faits en la matière;

- considérant que la politique de coopération se doit d'être une politique de qualité;

- soucieuse d'une efficacité optimale de l'organisation de la Direction de la Coopération, ainsi que de la qualité de son action, étant entendu que ces deux éléments sont tributaires non seulement de la qualité, mais aussi de la quantité des ressources humaines tant au ministère que sur le terrain;

invite le Gouvernement

- à entreprendre après la Présidence luxembourgeoise un audit organisationnel du Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire;

- à prendre dans ce contexte en compte les mesures de réorganisation d'ores et déjà entreprises d'ici là par le ministre compétent.

(s.) Lydie Err, Marc Angel, Nancy Arendt, Ben Fayot, Jean Huss.

Ofschléissend nach ee Wuert. Ech hunn déi Deklaratioun wierklech interesséiert nogelauschtert. Ech sinn awer der Meenung, an dat adresséiert sech éischter un eise President an un d'Presidente vun eise Fraktiounen, dass wann et esou ass, dass d'Regierung „open end" hei schwätze kann, dass de Modell vun der d'Zäit, déi de Fraktiounen zousteet, misst a Relatioun stoen. Et ass relativ onfair, wann een op vill interessant Saachen, déi een héiert, keng Zäit huet anzegoen an ech wier dankbar wa mer dorobber kënnten zréckkommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Eng lescht Iddi wollt ech nach mat op dee Wee ginn, an zwar déi vun enger Plateforme vun allen Acteuren, déi an der Kooperatioun zu Lëtzebuerg aktiv sinn. Dat heescht net nëmmen déi institutionell ONGen, de BAT, mä och beispillsweis Gemengen, déi jo awer entretemps an ëmmer méi grousser Zuel Initiativen huelen.

D'Leit aus der Chamber, aus den ONGen an net nëmmen d'Leit aus dem Cercle vun den ONGen, fir eben esou prinzipiell Froe wéi déi, déi ustinn, wéi zum Beispill eng eventuell Revisioun vun den Indicateure fir d'Definitioun vun der Zuel vun eisen Zillänner, d'Natur vun de Projeten an Ähnleches, emol e bëssen zesummen ze diskutéieren.

Menger Meenung no hate mer elo dee richtege Moment geroden, well mer jo och Chercheuren op eiser Uni hunn, déi eis kënnten zur Säit stoe mat engem Bléck aus engem anere Wénkel wéi deen, deen op anere Plaze bei den Acteuren ass, an dass mer am Fong et misste fäerdeg bréngen och iwwert dee Wee méi eng grouss Sensibilisatioun vun eiser Bevölkerung fir déi Entwécklungszesummenaarbecht ervir ze kréien, déi, dovunner sinn ech iwwerzeegt, alle Leit, déi heibanne sëtzen, um Häerz läit.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Jean Huss ageschriwwen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech hei och eng Partie Iwwerleeungen ustellen zu dësem Bericht iwwert déi Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik.

Well vum Minister a vu menge Virriedner jo scho villes gesot gouf iwwer eis sou genannte Pays cibles an iwwer konkret Projeten a verschiddene Beräicher, an och well meng Riedezäit nach méi kuerz ass wéi déi vun der Madame Err, kann ech hei net länger eng Detailanalys vun de Projeten an de Pays cibles virhuelen an ech wëll mech dofir haaptsächlech beschränken op e puer méi prinzipiell Iwwerleeungen dozou.

Dir Dammen an Dir Hären, ufanks vun de 70er Jore war bekanntlech vun den deemolege westlechen Industriestate feierlech beschloss a versprach ginn, d'Entwécklungshëllef schrëttweis op 0,7% vum jeeweilege Bruttoinlandprodukt an d'Luucht ze hiewen, fir doriwwer den aarme Länner aus dem sou genannten Tiers-Monde ënnert d'Äerm ze gräifen, fir se esou méi schnell erunzeféieren un déi wirtschaftlech a sozial Standardë vun den Industriestaten.

Déi feierlech an Aussicht gestallten 0,7% vun den nationale PIBen hunn natierlech deemools ganz gutt geklongen. Dat ware vun der Gréissenuerdnung hier net just Peanuts oder Almosen, au contraire. Dëst Verspriechen huet bei de Regierungen aus dem Tiers-Monde nei Hoffnungen, eng nei Opbrochstëmmung provozéiert a si sinn am Kader vun dëser neier Opbrochstëmmung higaangen an hunn, fir de Retard op d'Industrielänner méiglechst schnell opzehuelen, dunn zousätzlech Kreditter zu relativ gënschtegen Zënssätz opgeholl, fir wéi gesot hir Länner am Eiltempo un d'Entwécklung vum räiche Westen erunzeféieren.

Déi nei Euphorie war dunn awer spéitstens Mëtt vun den 80er Jore schonn eriwwer, an dat aus zwee Grënn.

Éischtens well déi feierlech Versprieche vun 0,7% Entwécklungshëllef, vun éierbaren Ausnahmen ofgesinn, leider de Pabeier net wäert waren ob deem se geschriwwe gi waren; an zweetens well et op den internationale Finanzmarchéen ufanks den 80er Jore schonn zu engem abrupten an drameteschen Ustieg vun den Tauxë vun den Zënse komm ass an all Drëttweltlänner, déi Kreditter opgeholl haten, elo op eng Kéier an eng dramatesch Scholdefal an an eng nach méi dramatesch Ofhängegkeet vu Banken, vum internationale Währungsfong a vun der Weltbank gerode waren. Vun deem Moment u war et eriwwer mat der Illusioun vu schneller wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung. Den internationale Währungsfong an d'Weltbank hunn dunn den Tiers-Monde-Länner drastesch Austéritéitspolitiken diktéiert a bis haut geet an deene meeschten Tiers-Monde-Länner, virun allem an Afrika, a Mëttel- a Südamerika, de Groussdeel vun allen Exportrecettë vun dësen aarme Länner drop, just fir d'Zënsen an d'Zënseszënsen u westlech Banken a Finanzinstituter zréckzebezuelen.

Huelt d'Chifferen, Dir Dammen an Dir Hären, déi dës Entwécklung illustréieren. Just e puer wéineg Länner wéi Dänemark, Holland, Schweden a Lëtzebuerg hunn dat 0,7%-Verspriechen agehalen oder esouguer dépasséiert. Dat ass éierewäert, mä insgesamt awer net vill méi wéi eng Drëps op dee berühmte gliddege Steen, well déi meeschten aner Länner, virun allem déi grouss Industriestate wéi d'USA, Frankräich, Däitschland an esou virun, ganz wäit hannert de Versprieche vun 1972 zréckbliwwe sinn. Sou ginn zum Beispill d'USA all Joer 15 Milliarden Dollar fir Entwécklungshëllef aus, mä dat si just 0,14% an domadder den niddregsten Taux vun den 22 räichsten Industriestaten, während déiselwecht USA ëmgekéiert awer all Joer dat 30facht, nämlech 450 Milliarden Dollar, fir Arméi, Krichsrüstung a Krich ausginn.

D'Europäesch Unioun an hir Länner steet do natierlech mat ronn 0,39% vum PIB, déi bis 2006 sollen ugepeilt ginn, e bësse besser do. Allerdéngs nëmmen e bësse besser, well mir als Europäer insgesamt och nach ganz wäit vun deenen 1972 versprachenen 0,7% ewech bleiwen, an dat sinn ëmmerhin 33 Joer hier.

E puer Zuelen och just fir den Drama vun der Verscholdungssituatioun vun de Länner vum Tiers-Monde zënter ufanks vun den 80er Jore bis haut ze illustréieren: Laut glafwierdegen internationale Berechnungen hätten d'Tiers-Monde-Länner, wéinst deenen onmoralesch héijen Zënslaaschten op hiren Emprunten, déi Enn vun de 70er Jore geléinte Sue praktesch scho siwemol rembourséiert an trotzdeem bleiwe si och haut nach héich verscholt a mussen all Joer nach ronn 300 Milliarden Dollar u Scholdendéngscht leeschten.

Wann een dobäi just Afrika kuckt, esou huet, laut Berechnunge vum CNUCED, der UNO-Institutioun fir Handel an Entwécklung, Afrika tëschent 1970 an 2002 ronn 540 Milliarden Dollar Kreditter kritt. An obwuel Afrika bis haut méi wéi 550 Milliarden Dollar zréckbezuelt huet, bleiwen Enn 2002 nach 295 Milliarden Dollar Scholden iwwreg, wat bedeit datt all déi verschélte Länner an hirer wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung hoffnungslos zréckbleiwen, well déi gréissten Deeler vun hire Recetten aus dem Export oder déi ganz Recettë bei eenzelne Länner fir de Scholdendéngscht drop ginn. Am Résumé: Déi aarm Tiers-Monde-Länner, deenen hätt solle gehollef ginn, leeschten a Wierklechkeet Entwécklung fir déi räich Banken a Finanzinstituter.

E weideren Aspekt, deen d'Länner vum Tiers-Monde a virun allem déi aarm Länner ënnert hinnen net décolléiere léisst, dat ass déi bisherege krass Ongerechtegkeet an den internationalen Handelsbezéiun-

gen, op déi mer scho méi wéi eng Kéier heibannen higewisen haten, zum Beispill bei den Debatten ëm d'OMC-Konferenzen, also d'Welthandelskonferenze vun Doha a vu Cancún. Soulaang déi räich Industriestaten, d'USA, d'Europäesch Unioun, Japan an esou virun, vun den Tiers-Monde-Länner eng total Ouverture vun hire Marchéë verlaangen an deelweis erzwongen hunn, awer ëmgekéiert hir eegen Agrar- an aner Marchéen net bereet sinn opzemaachen, soulaang bleiwen déi Handelsbezéiungen net gerecht an erlaben et den Drëttweltlänner net eng eegestänneg Wirtschafts- a Sozialentwécklung an Ugréff ze huelen.

Déi nächst Woch taagt erëm eng Kéier d'OMC-Konferenz zu Bréissel - an dës Kéier wäerten den Här Goerens an ech dobäi sinn, fir ze kucken ob et dann do zu Fortschrëtter kënnt. Op jidde Fall kann een nëmmen hoffen, datt et Fortschrëtter do wäert ginn, fir déi sou genannten Entwécklungsronn vun Doha mat Succès op en Enn ze bréngen; mat Succès heescht fir eis Gréng awer ganz kloer Entwécklung am Intérêt vun den aarme Länner an net am Profitintérêt vu grousse Multinationalen.

Nach eng lescht Zuel iwwert d'Problematik vun der Verscholdung am Kontext vum sou genannte Millenniumround vun de Vereenten Natiounen, wou bekanntlech d'UNO am Joer 2000 feierlech déclaréiert hat, bis 2015 misst d'Zuel vun deene ganzen Aarmen, déi mat manner wéi engem Dollar pro Dag mussen auskommen, ëm d'Halschent reduzéiert ginn. Elo si mer gläich am Joer 2005 an et gesäit ganz düster aus, wat d'Erreeche vun dëser Zilsetzung betrëfft. Dat Zil wäert net nëmmen net kënnen erreecht ginn, de Risiko ass souguer an eisen Aen ëmgekéiert grouss, wann et net zu fundamentalen Ännerungen an zu méi gerechten Handels- a Finanbezéiungen an deenen nächste Jore kënnt, datt d'Situatioun a villen Tiers-Monde-Länner a virun allem an Afrika nach ëmmer méi katastrophal wäert ginn.

Zënter Jore fuerderen dofir net nëmmen d'Tiers-Monde-Länner selwer, mä och d'Entwécklungs-ONGe weltwäit an och hei zu Lëtzebuerg, an och déi Gréng an och anerer, datt endlech déi ongerecht Scholdelaaschte missten drastesch reduzéiert oder ganz gestrach ginn, souwuel am bilaterale Kader wéi och d'Scholde vum Tiers-Monde beim internationale Währungsfonds a bei der Weltbank. Zum Beispill schëlden eleng déi 41 äermste Länner dem internationale Währungsfonds an der Weltbank méi wéi 33 Milliarden Dollar. De Gordon Brown, de Chef vum Trésor an der englescher Regierung, hat dofir viru kuerzem gemengt, wann näischt Fundamentales géif un der Scholdesituatioun geschéien, da wieren d'Ziler vum Millenniumsround, fir d'Aarmut ëm d'Halschent ze reduzéieren, och an 150 Joer nach net ze erreechen.

Aus deem Grond hat d'englesch Regierung dee positive Virschlag gemaach, d'Industrielänner, den internationale Währungsfonds an d'Weltbank sollten d'Schold vun den 41 äermsten a verschouldste Länner bis 2015 etappeweis op Null zréckféieren; wat sécherlech ee positive Schrëtt gewiescht wier.

Leider ass dunn awer beim Jorestreffe vum internationale Währungsfonds a vun der Weltbank vum 3. bis de 6. Oktober dëst Joer dëse Virschlag um Widderstand vun den Haaptmemberstate beim internationale Währungsfonds a bei der Weltbank gescheitert, wat méi wéi dramatesch ass, a mir géifen dofir gären an dësem Kontext och vun der Lëtzebuerger Regierung wëssen, wéi da bei dëser Versammlung, bei dësem Jorestreffen déi Lëtzebuerger Haltung war. Wéi huet d'Lëtzebuerger Regierung sech da verhale par rapport zu dësem Virschlag vun Entscholdung, wéi et vun der britescher Regierung gemaach ginn ass?

Mir géifen och gären an dësem Kontext, well dat jo eng wesentlech an eng wichteg Fro ass, d'Fro opwerfen, ob et bei esou décisivë Saachen net sënnvoll wier, fir datt een am Virfeld, ier d'Lëtzebuerger Regierung dann do eventuell Stellung bezitt, an der parlamentarescher Kommissioun zumindest iwwer esou Saach kéint schwätzen, dat heescht datt och d'Parlament e Matbestëmmungsrecht doriwwer hätt.

Dir Dammen an Dir Hären, mir Gréng begréissen, datt mer bei der Entwécklungshëllef scho bei 0,84% vum PIB ukomm sinn an dass d'Regierung esouguer an den nächste Jore wëllt op 1% histeieren. Dat éiert sécherlech eist Land an et kann dofir och net eis Absicht sinn, op eng klenglech Aart a Weis elo eenzel Projete vun eiser Entwécklungshëllef a Fro ze stellen. Mir sinn insgesamt mat der Ausrichtung vun dëser Entwécklungspolitik mat averstanen, souwuel wat de Choix vun eisen Zilländer, eis États cibles betrëfft, wéi och mat der allgemenger Ausrichtung vun de Projeten a Richtung Educatioun, Drénkwaasserversuergung, Santé an aner sozial Infrastrukturen. Mir mengen och, datt global gesi souwuel vun eiser offizieller Entwécklungsagence hier wéi och vun den ONGen um Terrain insgesamt eng positiv Entwécklungsaarbecht geleescht gëtt. An trotzdeem menge mer, datt dat op eenzelnen Aspekter nach weider kéint verbessert ginn, an zwar op folgende Punkten:

1. Wat eng méi wëssenschaftlech Evaluatioun vun der Qualitéit vun eiser Entwécklungsaarbecht betrëfft - dat huet och d'Madame Err hei schonn ugeschwat -, wou et misst drëm goen ze kucken, awéiwäit eist Gesamtkonzept, wat mer haten, richteg bleift, beziehungsweis wou ee misst kucken, awéiwäit eenzel Aspekter dovunner missten iwwerschafft ginn, wat hir mëttel- a längerfristeg Konsequenzen an den Empfängerlänner betrëfft. Fir esou eng méi wëssenschaftlech Evaluatioun bräicht een eventuell en Audit, mä et bräicht een awer och eng permanent Struktur, e Gremium, deen iwwer Joren eraus esou eng Begleedung an der Zesummenaarbecht mat den ONGe géif leeschten. Eng Méiglechkeet, fir esou eng méi permanent Begleedung, wier zum Beispill virzegesinn am Kader vun engem ze schafende Conseil supérieur du Développement durable.

2. En zweete Beräich, dee misst verstäerkt ginn, ass de Beräich vun der Sensibiliséierung vun der Bevölkerung iwwert d'Problematik vum Tiers-Monde. Ech hu grouss Zweifelen, datt et do mat relativ clichéhafte Plakataktiounen a Bushaisercher oder Ähnleches duer geet. Mir mengen, datt et do virun allem zu enger Opstockung vun de Mëttele misst kommen, fir dës Sensibiliséierung nach méi staark wéi bis elo, an Zesummenaarbecht mat den ONGen, an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, mat Schoulen oder soziale Bewegungen, kënnen ze maachen. Grad haut a relative Krisenzäiten, och hei an Europa an och hei zu Lëtzebuerg, bleift et an eisen Ae wichteg, fir weiderhin op d'Tiers-Monde-Problematik hinzeweisen a fir d'Leit op déi wierklech Hannergrënn vun der Aarmut a vun de Problemen hinzeweisen.

3. E leschten Haaptpunkt vun noutwendeger Weiderentwécklung besteet doran, dass eis Entwécklungspolitik an engem méi kohärente Gesamtkonzept vun nohalteger Entwécklung misst organiséiert ginn. 0,84% Entwécklungsgelder si schéin, mä grad esou wichteg wier et, datt eist Land och op anere Felder méi staark wéi bis elo seng Stëmm géif hiewen. Fir de Länner vum Tiers-Monde wierklech ze hëllefen, misst d'Lëtzebuerger Regierung sech op allen internationalen Tribünen, ob UNO, Europäesch Unioun, Weltbank oder internationale Währungsfonds, a virun allem och bei der OMC iwwert de Wee vum europäesche Vertrieder, offensiv dofir staark maachen, fir engersäits d'Scholdesituatioun vun de Länner vum Tiers-Monde schnellst méiglech ofzebauen a fir anerersäits d'EU-Vertrieder bei der Welthandelskonferenz ze mandatéieren, fir do fir méi e gerechte Welthandel zu Gonschte vun de Länner vum Tiers-Monde anzetrieden.

Dir Dammen an Dir Hären, eng gutt Entwécklungspolitik ass wichteg, mä si ass net alles, wann net gläichzäiteg op sämtleche Politikfelder - an der Aussepolitik, an der Finanzpolitik, an der Wirtschafts- an Aussewirtschaftspolitik an an der Agrarpolitik an esou virun - an déiselwechte Richtung geschafft gëtt. Do vermësse mir nach e wéineg d'Kohärenz vun der Lëtzebuerger Politik, grad esou wéi mer nach ëmmer e wéineg vermëssen, datt d'Parlament an dann och d'ONGen, bis elo jiddefalls, net genuch am Virfeld implizéiert gi sinn an déi ganz Aarbechten an an déi ganz Diskussioun. Ech betounen: Am Virfeld vun Décisiounen. Ënnert der viregter Regierung sinn an Usätz eenzel positiv Saache geschitt, mä dat geet an eisen Aen net duer. Grad déi Décisiounen am Virfeld, do mussen d'ONGen an do muss d'Parlament an eisen Ae vill méi staark agebonne ginn.

Nach ee leschte Punkt, ganz kuerz, Här Minister, nämlech eng Fro, eng Fro un Iech par rapport zu engem Incident virun e puer Wochen, wou och an der Press driwwer bericht ginn ass, wou d'israelesch Arméi am Palästinensergebitt e lëtzebuergeschen Entwécklungsprojet zerstéiert huet. Wat ass do genau zerstéiert ginn? Wéi vill finanziell Wäerter a wéi vill Lëtzebuerger Steiergelder sinn do vun der israelescher Arméi an de Koup gestampft ginn a wat huet d'Lëtzebuerger Regierung vis-à-vis vun dësem israelesche Gewaltakt ënnerholl, oder wat gedenkt se nach do ze ënnerhuelen?

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Hei a Lëtzebuerg, hei an Europa gouf an de vergaangene Méint zimlech vill iwwert d'Asylpolitik, iwwert déi zounehmend Zuele vun Asylbewerber, grad och aus afrikanesche Länner, geschriwwen a geschwat. Datselwecht gëllt fir de Problem, datt et dem internationalen Terrorismus anscheinend net schwéier schéngt ze fale bei jonken a verzweifelte Mënschen am Tiers-Monde ëmmer erëm op en Neits Unhänger ze gewannen. Duerfir gëtt et sécherlech eng Rei vun Ursaachen an d'Aarmut ass sécherlech net déi eenzeg Ursaach fir d'Flucht aus dem Tiers-Monde, fir Asyl ze sichen oder och souguer fir Terrorismus. Aarmut a Verzweiflung sinn awer wichteg, Haaptursaache vun deene Saachen, och wann et net déi eenzeg sinn.

Ech wéilt duerfir an dësem Kontext ophale mat e puer Sätz vum Här Jeffrey Sachs, dem Sonderberoder vum UNO-Generalsekretär Kofi Annan, deen déi Sätz virun e puer Deeg gesot huet: „Wir können Sicherheitsprobleme nicht mit militärischen Mitteln lösen und keinesfalls mit militärischen Mitteln allein." Domat huet hie sech haaptsächlech un d'USA adresséiert. „Niemandem sei dies je gelungen, denn hungrige und verzweifelte Menschen werden stets verzweifelte Dinge tun. Der beste Weg zum Frieden sei das Problem zu lösen wie Menschen auf dem Planeten überleben können." An e leschte Saz: „Die Welt wäre sicherer, wenn mehr Menschen genug zu essen hätten, sowie Zugang zu medizinischer Versorgung, sauberem Trinkwasser und die Aussicht auf eine bessere Zukunft."

Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng kënne mir esou Wierder nëmmen ënnerstëtzen. Mir waren a mir bleiwen Unhänger vun enger staarker, vun enger kohärenter a solidarescher Aussen- an Entwécklungspolitik, esou wéi ech se virdru versicht hunn ze skizzéieren. Mir wäerte jiddefalls d'Aktioune vun dëser Regierung an de kommende Joren och an dësem Sënn kritesch, mä konstruktiv begleeden.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Als nächste Riedner ass den Här Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbecht vun onsen ONGen an d'Aarbecht vun onse Coopéranten ass bewonnerenswäert a si huet och ganz gutt Resultater bruecht an de leschte Joren. Si déngt och onsem Land zu Éier, an iwwerall wou mer higinn, wou mer d'Méiglechkeet hunn déi Aarbechten ze gesinn, déi gemaach gi vun der Entwécklungshëllef, esou héiere mer nëmme Luef. An ech mengen, dat ass eppes wat een hei muss positiv ervirsträichen.

Ech wëll och dem neie Minister soen, datt mir als ADR bien entendu, grad ewéi an der Vergaangenheet, d'accord si mat den Objektiver, déi d'lëtzebuergesch Kooperatioun huet, an och domadder datt mer progressiv op 1% vum PIB als Kontributioun wäerten eropgoen. Mä et ass awer och ganz kloer datt et wichteg ass, datt déi Aide au développement, déi mer maachen, richteg akzeptéiert gëtt an der Bevölkerung, datt d'Bevölkerung informéiert gëtt iwwert dat wat gemaach gëtt a woufir et gemaach gëtt.

Eent vun de Problemkanner, déi mer hunn, ass deen Investissement, dee mer gemaach haten a Palästina. Mir gesinn, datt mer an de leschten zwee Joer eng ronn siwe Milliounen Euro a verschidde Projeten do investéiert hunn an dann héiert een, datt op eng Kéier d'israelesch Arméi eng Schoul, déi mer gebaut hunn, zerstéiert huet. Et muss ee sech froe firwat esou eng Schoul zerstéiert gëtt, dat ka jo nëmmen aus der israelescher Siicht eraus esou sinn, wann terroristesch Aktivitéiten dodra stattfonnt hätten. Ech gleewen awer net, datt dat de Fall war. Dofir ass do Klärungsbedarf noutwendeg an ech hätt och gären, datt d'Regierung mat der israelescher Regierung schwätzt fir do Opklärung ze ginn an och vis-à-vis vum Land déi néideg Informatiounen ze ginn, wat da genau geschitt ass a woufir et geschitt ass.

Dann hu mer gelies an och héiere virdrun aus Ärem Bericht, datt d'UNO virgesäit, datt eng 120 Milliounen Euro missten an nächster Zäit an déi palästinensesch Gebidder investéiert ginn, fir do de Leit ze hëllefen. Deeselwechten Ablack liest awer och ons Populatioun, ons Leit dobaussen, héieren se iwwer Radio an Televisioun, datt de verstuerwene President, den Här Arafat, zwëschent 400 a 700 Milliounen Euro anscheinend op de Konten hat an datt seng Fra, fir hiren Train de vie ze féieren, méi Sue kritt huet wéi mir als Entwécklungshëllef d'lescht Joer ginn hunn. Ech mengen esou Informatioune schockéieren.

Et hélt een un, datt wann d'Press dat esou seet, datt et och esou stëmmt, mä nach ass hei Klärungsbedarf noutwendeg. Ech wier och frou, wann d'Regierung mat deem neie palästinensesche President a mat där neier Equipe, déi am Januar anscheinend soll d'Geschécker vun de Palästinenser iwwerhuelen, datt do awer och e Klärungsbedarf besteet, well dat do si Saachen, déi awer ganz schwéier och bei onser Populatioun ze vermëttele sinn.

Deen anere Punkt op deen ech wollt agoen ass deen, datt een d'Geleeënheet soll notze vun der Présidence européenne, déi mer am nächste Semester wäerten exerzéieren, fir ze plädéieren, fir nees e Conseil des ministres chargés de l'aide au développement anzeféieren. Ech mengen et ass wichteg, datt um europäesche Plang d'Aktivitéite koordinéiert ginn, datt een informéiert gëtt wou déi eenzel Prioritéite sinn an datt een deen Ablack och ons Kooperatiounsaarbecht besser kann an dee Kader stellen. Dat zemools, Här Minister, wann ech Iech richteg verstanen hunn, well Der envisagéiert en neie Pays cible auszesichen an datt et also gutt wier fir dat och am Aklang ze maache mat deenen aneren europäesche Partner, déi vläicht och nei Ziler sichen, datt mer eventuell dohinner ginn, wou aner Länner net ginn. Ech wier frou, Här Minister, wann Der ons do kéint an der zoustänneger Kommissioun Opklärung ginn, ier datt eng Décisioun vun der Regierung gefällt gëtt, wann et géing op de Wee goe vun engem neie Pays cible.

Dann hunn ech och gelies, datt Der wëlles hutt, wann et en neie Pays cible géing ginn, fir e Programme de coopération, e PIC, ze négociéieren. Och do wier ech frou wann Der géingt d'Geleeënheet notze fir bei därselwechter Geleeënheet, wou mat engem Land esou e PIC négociéiert gëtt, datt do och en Accord de réadmission soll mat an d'Diskussioun gefouert ginn. Well et ass jo verständlech, datt wa mer mat engem Land wëllen zesummeschaffen, wa mer do wëllen Entwécklungshëllef bedreiwen, datt deen Ablack, wou si Réfugiéen hei zu Lëtzebuerg hunn, déi de Statut vum Réfugié politique net hunn, datt se dann awer wéinstens domat d'accord si fir hir eege Leit nees erëm an d'Land zréckzeféieren.

Wichteg ass och d'Iddi, déi elo 2005 soll lancéiert ginn, vun de Mikrokreditter. Et gesäit een um Terrain wéi wichteg déi Zort vun Aktivitéit fir d'Leit ass. Ech hunn och mat Intérêt ee Projet suivéiert, deen am Laos gemaach ginn ass, wat ee kënnt als eng Aart Banque agricole oder e Maschinnerénggmodell bezeechnen, wou ons Coopéranten higaange sinn a si hunn de Bauere verschidden Déieren oder Leit zur Verfügung gestallt, deen Ablack wou Nout un der Persoun an deem Betrib war. Dat ass op jiddfer Fall an deene ganz aarme Länner eng ganz wichteg Hëllef an et soll ee kucken, fir dat op aner Länner, op aner Pays cibles notamment och auszeweiden.

Méi generell gesi muss een och vun dëser Regierung erwaarden, an och vun der Europäescher Unioun, datt mer ons Agrarpolitik iwwerdenken.

Mir gesinn, datt d'Populatioun speziell an den aarme Länner permanent zouhëlt. Mä d'Produktioun, d'Agrarproduktioun ass awer an Afrika an de leschte Joren ëm 20% zréckgaangen. Mir wëssen, datt d'Agriculture 60 bis 90% vum PIB ausmécht vu munchen aarme Länner. An da geet d'Europäesch Unioun hin, mä och Amerika an aner Länner, a si exportéiere Gidder an déi Länner an déi verkafe se duerch d'Subsiden, déi mer ginn, zu engem Präis, deen ënnert dem Gestehungspräis ass vun den Zillänner - vun deenen aarme Länner. Doduerjer maache mir hir Agriculture futti. Ech mengen, dat ass eng ganz schlecht Politik, vun där mer mussen Ofstand huelen. Éischtens kascht et d'Europäesch Unioun ganz deier an zweetens mécht et d'Existence vun de Bauere futti.

Deen anere Problem, mat deem d'Agriculture an den aarme Länner ze kämpfen huet, oder a ville Länner wéinstens, dat ass d'Heesprén-

gerplo, an dofir mengen ech och datt dës Regierung soll en Akzent sëtzen och an der Lutte antiacridienne. Well den éischte Problem, dee muss geléist ginn, dat ass datt d'Leit genuch ze iessen hunn an datt se dat kënne selwer erwirtschaften. Domadder kënne mer, mengen ech, deen effikasseste Bäitrag leeschten an do ass eng Globalpolitik gefuerdert, mä och spezifesch Hëllefen. Ech wëll nëmmen un déi Problemer erënneren, déi mer am Niger hunn an an anere Länner, wou d'Heespréngerplo wierklech Devastatioune gemaach huet a ganz Streecher vu Länner an d'Aarmut gedriwwen huet.

Dat gesot, Här Minister, an deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, wëll ech nach eng Kéier soen, datt mir als ADR mat där Solidaritéitsaktioun vis-à-vis vun den aarme Länner d'accord sinn. Mir sinn ons, als ee vun deene räichste Länner op der Welt, dat schëlleg, ënnert där Konditioun datt déi Sue gutt ubruecht ginn an datt mer och deene Leit efficace kënnen hëllefen, déi nach an der Aarmut sinn.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virewech wëll ech drop opmierksam maachen, dass ech als siwenten oder aachte Riedner hei um Pult net méi brauch op all déi Zuelen anzegoen, déi am Rapport stinn.

Zum Rapport wëll ech awer soen, dass e grad fir en neien Deputéierten, dee sech an dat Thema hei wëll aschaffen, eng wichteg Informatiounsquell an och e wichtegt Aarbechtsinstrument ass. Dofir wëll ech dem Minister a senge Mataarbechter villmools Merci soen; och Iech, Här Minister, fir Är Presentatioun.

Erlaabt mer awer och e puer kritesch Wierder zu deem Rapport ze soen, Saachen, déi mir, als een, deen dee Rapport elo nei kuckt, opgefall sinn a wou ech mech froen, ob et net besser wier d'nächst Joer do vläicht méi Detailer ze ginn oder Informatiounen.

De Rapport ass wonnerbar faarweg, mat ville Fotoen dran. Mä hien ass a mengen Aen awer net ëmmer honnert Prozent transparent, well et ass schwéier, wann een net grad mat enger Rechemaschinn do sëtzt, verschidden Zuelen nozevollzéien. Et muss een d'Zuelen a verschiddene Kapitelen zesummesichen, wann ee wëllt Vergläicher maachen, an op den éischte Bléck ass dat net ëmmer ganz einfach.

Ech bedaueren och, dass nëmmen d'Zuele fir 2003 opgelëscht sinn. An der Entwécklungshëllef investéiere mer jo awer meeschtens a Projeten, déi pluriannuel sinn, also iwwer e puer Joer ginn. Dofir mengen ech wier et wichteg, wann een an all den Tabellen am Rapport och d'Zuele vun den zwee Joer virdrun a vläicht eng Projektioun an déi zwee nächst Joer kéint derbäimaachen. Dat géing eng Analys wierklech vereinfachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech si frou an och ech begréissen, datt Lëtzebuerg entretemps zu deene véier Länner op der Welt gehéiert, déi proportional zu hirem Räichtum am meeschten an d'Entwécklungshëllef investéieren. Duerfir ënnerstëtzen ech och a begréissen d'Motioun vun der Kolleegin Nancy Arendt, déi gesot huet, mir mussen och elo weider bis op ee Prozent eropgoen. Ech hat uganks Oktober d'Chance zesumme mam Minister Schiltz an nach mat anere Leit mat op de Cap-Vert ze goen, fir mer do eis Lëtzebuerger Entwécklungshëllef op der Plaz unzekucken, an ech muss soen, ech war beandrockt vun deem wat ech do gesinn hunn, a wéi eis Lëtzebuerger Gelder do investéiert ginn a wat mer do erreeche kënnen.

Ech hu gesinn, dass eng ganz Rei Leit duerch ons Hëllef an de Genoss vu propperem Drénkwaasser komm sinn. Ech hunn och gesinn, dass eng ganz Rei Leit duerch eis Hëllef u medezinesch Versuergung kommen. Ech hunn och gesinn, duerch déi Lycéeën, déi mer do bauen, dass vill Kanner no der Primärschoul weiderléiere kënnen. A wann Dir mer zwou perséinlech Remarquen hei erlaabt, muss ech soen - wann ech vun Emotioun däerf schwätzen -, ech war am August hei ému, wéi ech mäi Schwuer ofginn hunn, mä déi Emotioun, déi ech um Cap-Vert verspiert hunn, wéi mer déi Schoulen ageweit hunn, a wéi déi Honnerte Kanner do stoungen, déi war honnertmol méi staark an dat huet mech wierklech immens beandrockt.

Ech war och frappéiert vum Engagement vun deene Leit, déi ech do kenne geléiert hunn, déi Leit vum Ministère, déi Leit vu Lux-Development, déi Lëtzebuerger, déi um Cap-Vert schaffen, awer och déi Kapverdianer, hir Leit, hir Politiker, déi sech ëm Entwécklungshëllef këmmeren - do war en enormen Engagement. Mir kennen all Leit, déi hir Aarbecht mat Engagement a Satisfaktioun maachen, mä bei deene Leit do hunn ech gespiert, dass dat Engagement nach vill méi staark war.

E puer allgemeng Bemierkungen nach: Et ass och scho gesot ginn, dass d'Halschent vun der Mënschheet muss mat manner wéi zwee Dollar den Dag zefridde sinn an e Véierel vun der Mënschheet mat manner wéi engem Dollar. Am Joer 2000 um Sommet du Millénaire hu jo 189 Natioune festgehalen, dass mer solle bis 2015 d'Aarmut ëm 50% reduzéieren. Ech mengen, et braucht ee kee Prophet ze si fir ze wëssen, datt d'Weltgemeinschaft dat Zil mengen ech net wäert erreechen. Par contre, wa mer et géife fäerdeg brénge fir nëmmen an de Grenzberäich dovunner ze kommen, da wier scho vill erreecht.

Mä soulaang wéi 35.000 Kanner - ech mengen d'Madame Arendt hat dat och scho gesot - Dag fir Dag u Krankheeten an Ënnerernährung stierwen, dierfe mir keng Zäit méi verléieren. De globalen Aarmutsproblem huet sech verschlëmmert. Et ass net nëmmen e Problem fir Lëtzebuerg, mä et ass e Problem fir Europa. Et ass de Schlësselproblem fir déi ganz Nord-Süd-Bezéiungen an heidra läit och de Keim an d'Wuerzel fir vill global Risiken, déi de Fridden op der Welt a Fro stellen an och d'Ursaache sinn, mengen ech, vu ville Kricher a Konflikter.

De Wuesstum vun der Weltbevölkerung gëtt nëmmen nach duerch déi wahnsinneg Ënnerscheeder tësche räich an aarm verschäerft. Dëst huet erëm eng erhieflech Influenz op den Immigratiounsdrock, dee mir hei an Europa an och hei zu Lëtzebuerg verspieren. Keen Deel vun der Welt, weder den Norden an de Süden, nach de Westen an den Osten, kann ouni deen aneren Deel seng Zukunft sécher gestalten. Mir sinn also alleguer een op deen aneren ugewisen.

Niewent der extremer Aarmut, déi scho vun all menge Virriedner hei ugeschwat ginn ass, sinn awer och nach e puer aner Themen, mengen ech, déi wichteg sinn. Een Thema ass d'Demokratie. Ech mengen duerch Entwécklungshëllef kann een a muss ee souguer och op dësem Gebitt Verschiddenes virubréngen. Et gi Länner, déi a Projeten investéieren, déi sech mat dem Opbau vu Parteien an demokratesche Strukturen an och Justizapparaten an den Entwécklungsländer ofginn.

En zweet Thema, wou ech och frou sinn, dass de Minister dat ugeschnidden huet, ass d'Thema vum AIDS, wou mer déi schrecklech Zuele kennen a wou mer och wëssen, dass haaptsächlech de südafrikanesche Kontinent staark betraff ass.

En drëtt Thema ass eben déi inakzeptabel Situatioun vu ville Fraen a Meedecher an den Entwécklungsländer. Dräi Fënneftel vun den 115 Millioune Kanner, déi net an enger Schoul sinn, si Meedecher. Zwee Drëttel vun deene bal 900 Millioune Mënschen, déi net liesen a schreiwe kënnen, si Fraen. An derbäi kënnt dann nach, dass iwwer 500.000 Frae Joer fir Joer un hirer Schwangerschaft stierwen. Dat ass eng Fra pro Minutt. An anere Wierder, währenddeem ech hei schwätzen, stierwen zirka zéng Fraen, well si keng medezinesch Ënnerstëtzung hunn an och keng Informatioun haten iwwer Verhütung.

Déi Zuelen, déi ech nennen hei, stammen aus engem Rapport vun der Chancëgläichheetskommissioun vum Europarot, wou eng hollännesch Parlamentarierin, d'Madame Zwerver, e Rapport geschriwwen huet iwwert d'Incidencë vun der Politik vu Mexiko iwwert de libre Choix vun der Verhütung. Et ass e ganz interessante Rapport. D'Politik vu Mexiko - dat war 1984 op enger Konferenz vun der Weltbevölkerung, do huet de Ronald Reagan all d'Gelder gestrach fir ONGen, déi an der Familljeplanung aktiv waren an déi vläicht och mol Projeten ënnerstëtzt hunn, wou et ëm Ofdreiwung gaangen ass am legale Kader.

Dobäi muss ee wëssen, dass all Joer 40 Milliounen Avortementer gemaach ginn an deelweis ënner ganz, ganz schreckleche Konditiounen. Et ass och gewosst, dass dobäi all Joer 70.000 Frae stierwen, an och nach ganz vill Fraen dono vill gesondheetlech Problemer hunn; Infektiounen a sou weider. Also, an den Entwécklungsländer bleift d'Grossesse an och den Accouchement am Fong déi Haaptbedroung fir déi Fraen, déi am Alter si fir Kanner ze kréien.

Dofir wollt ech Iech eng Motioun hei ofginn, Här President, an där ech op déi Zuelen hei aginn, a wou mer awer och nach als Chamber feststellen, dass d'Besoine vu Millioune Fraen, wat éischtens d'Familljeplanung an zweetens d'Santé en matière de reproduction ugeet, net erfëllt ginn. An där Motioun begréisse mir awer och schonn d'Efforten déi gemaach gi si vum Ministère um multilaterale Plang fir ONGen ze ënnerstëtzen, déi hei an deem Kader aktiv sinn.

Wat wëll ech soen? Ech wëll hei net soen, dass Lëtzebuerg nach näischt do gemaach huet. Mir sinn do schonn aktiv, mä ech menge mir mussen an Zukunft nach verstäerkt dorop agoen. Wann Dir mer et erlaabt, däerf ech déi dräi Punkte beim Invité op franséisch virliesen: «…invite le Gouvernement à continuer à développer les liens internationaux dans ce domaine; à développer ses relations dans le même domaine également avec les ONG agréées actives dans ce domaine; à encourager, dans le cadre de la Présidence luxembourgeoise, tous les gouvernements de l'UE à n'épargner aucun effort pour assurer d'ici l'an 2015 l'accès universel aux services et produits de santé en matière de reproduction.»

Voilà, Här President, wann ech gelift.

M. le Président.- Merci.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- déplorant que 1,2 milliard de personnes vivent avec moins d'un dollar par jour dont plus de la moitié sont des femmes;

- regrettant que chaque année plus de 500.000 femmes meurent durant la grossesse et l'accouchement dont 7 millions de plus souffrent d'infections ou de lésions;

- considérant que 350 millions de femmes n'ont à ce jour pas accès à un éventail de moyens de contraception sans danger et efficaces; chaque année, près de 175 millions de grossesses ne sont pas désirées ou se placent à un moment inopportun;

- considérant que les besoins de millions de femmes sur le plan de la planification familiale et de la santé en matière de reproduction ne sont pas couverts;

salue

- l'action menée par le Luxembourg dans le domaine de la santé reproductive et notamment le renforcement de ses relations avec l'UNFPA à travers la signature d'un accord-programme ainsi que par l'augmentation substantielle des ressources mises à la disposition de cette organisation;

invite le Gouvernement

- à continuer à développer les liens internationaux dans ce domaine;

- à développer ses relations dans le même domaine également avec les ONG agréées actives dans ce domaine;

- à encourager, dans le cadre de la Présidence luxembourgeoise, tous les gouvernements de l'UE à n'épargner aucun effort pour assurer d'ici l'an 2015 l'accès universel aux services et produits de santé en matière de reproduction.

(s.) Marc Angel, Nancy Arendt, Lydie Err, Ben Fayot, Charles Goerens, Jean Huss.

M. Marc Angel *(LSAP).*- An dann erlaabt mer zum Schluss nach e puer Punkten.

Här Minister, mir hu jo d'Présidence déi sechs éischt Méint vum nächste Joer. D'Madame Err huet jo ugeschwat, dass mat deem neie Kommissär Louis Michel, dee fir Entwécklungshëllef zoustänneg ass - si huet d'Fro gestallt an ech sinn dovunner iwwerzeegt -, bestëmmt erëm e Conseil agesat gëtt vun den Entwécklungsministeren. Ech mengen, do kënnt Dir nei Impulser, nei Orientatioune ginn. Do kënnt Dir d'Europäer iwwerzeegen, déi Mexikopolitik, déi de Ronald Reagan, wéi ech virdru gesot hunn, ageféiert huet, déi de Bill Clinton dunn erëm gestoppt huet - dat hat ech vergiess ze soen - an déi vum President Bush viru véier Joer, et war eng vu sengen éischten Aktiounen, erëm ageféiert ginn ass, dass Dir do kënnt hëllefen, dass mer als Europäer kënne suergen, dass d'Fraen do méi Hëllef kréien.

M. le Président.- Här Angel, ech hat och vergiess ze soen, dass Är Zäit esou lues op en Enn kënnt.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Voilà, dann halen ech op a soe just nach eng Anekdot, déi mer gëschter zu Venedeg geschitt ass. Ech war do mat der Assemblée vun der NATO. Do hu mer herno op d'Schëff gewaart an do huet ee mäin Nummschëld gesinn, an do stoung da Luxembourg drop, do seet en: „Ah, Dir kommt aus deem Land, dat jo bal näischt gëtt fir d'Arméi a fir de Fridden op der Welt." An do hunn ech meng Broscht erausgestreckt a gesot: „Jo, ech kommen awer aus engem Land, dat scho laang déi 0,7% an der Entwécklungshëllef erreecht huet an dat elo op 1% histeiert. Ech mengen, och dat ass e Beitrag fir de Fridden op dëser Welt." Ech mengen, dofir brauche mer eis net ze schummen an dorop kënne mer all heibanne ganz stolz sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Angel, fir Är Interventioun. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert fir nach kuerz Stellung ze huelen. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Här President, ech wëll d'Madame Err net nach eng Kéier enttäuschen a fir ze beweisen, dass ech dat och seriö mengen, bleiwen ech hei stoe fir ze weisen, dass ech kuerz wäert schwätzen. Ech wëll also just op e puer spezifesch Punkten agoen.

Den Här Goerens huet vun der Sensibilisatioun geschwat, den Här Huss huet och vun der Sensibilisatioun geschwat. Ech mengen, dass mer do op enger Wellelängt sinn. Ech géif gäre bei d'Sensibilisatioun och nach d'Iddi vun der Éducation au développement dobäisetzen, well déi zwou Saache ginn zesummen. Wat mer lo mol gemaach hunn, dat ass déi Sensibilisatiounslinn vun den ONGe konsequent an deem Projet de budget, dee virläit, eropzesetzen, an ech stelle mer och konkret Initiative vir, wat d'Éducation au développement ubelaangt.

Fir och nach op e puer Punkten anzegoen. Ee Punkt ass mengen ech vu jiddferengem ervirgehuewe ginn: Ech mengen, et ass wichteg um internationalen Niveau, dass Lëtzebuerg seng Experienz an och déi Roll, déi et ze spillen huet an der Kooperatioun, elo notzt am Kader vun der Présidence. Ech gesinn, dass den Terrain do alt net ze vill onfavorabel ass, well mer nämlech no den Hollänner kommen an och eng gutt Zesummenaarbecht mat deenen hunn. Et geet drëm, ech hunn dat och virdrun a menger Ried gesot, fir dass mer zu neien, konkreten Objektiver kommen, wat d'Objectifs du Millénaire ubelaangt, zum Beispill um Horizont 2009 oder 2010. Dir erlaabt, dass ech haut net méi dozou soen, well dat alles am Fong geholl nach an der Maach ass.

Wat de Conseil vun der Kooperatioun ubelaangt, wollt ech Folgendes dozou soen: Ech weess net vun Initiative vum Louis Michel, fir deen erëm anzeféieren. Dat ass och normal, well d'Kommissioun jo réischt a Fonctioun trëtt.

Et geet mir haaptsächlech drëm fir um Fong eppes ze maachen; et geet mer drëm fir ze kucken, dass déi Länner, déi à la traîne sinn, och no uewe bäikommen. Et geet mir och drëm an der Présidence zesumme mat deene Présidencen, déi virun eis waren an no eis sinn, déi och op där Linn sinn, ze erreechen, dass d'Kooperatiounsiddi an deenen zéng neie Länner och méi zum Droe kënnt, wat natierlech och au vu vun der ekonomescher Situatioun oft schwiereg ass.

Ech mengen, dass d'Kooperatiounsministeren zwee Foren hunn. Dat eent, dat ass d'Informell, dat fënnt normalerweis statt ënnert der Lëtzebuerger Présidence am Februar, plus, dat anert, de Conseil des Affaires générales. Ech ginn d'nächst Woch dohinner a wäert lech dann do Bericht maachen.

D'Madame Err huet geschwat ënner anerem vun deenen alternative Finanzementssourcë vun der Entwécklungspolitik. Ech hunn déi an engem Saz ugeschwat gehat, andeem ech gesot hunn, dass dat Hoffnunge weckt, mä dass et mir awer och Suerge mécht - abstraction faite vun der Fro vun de Modalitéiten.

Madame Err, ech deelen absolut Är Suerg, dass et onbedéngt muss eng supplementar Initiativ sinn. Wat ech fäerten, dat ass dass, wa mer op dee Wee ginn - an do kënnt de Lien mam éischte Punkt vun der Augmentatioun vun der Aide an anere Länner -, fir d'éischt geschitt, dass dat eng alternativ Source gëtt, an dass all Mënsch sech zréckleet, an dass mer dann op deem éischte Punkt vun der Augmentatioun vun der Aide net weiderkommen.

Wat déi englesch Initiativ ubelaangt, mengen ech, hunn ech de Problem vun der Dette an engem Saz ernimmt am Kader vun der Cohérence des politiques. Ech géing virschloen, Här Huss, mir géifen an der Kommissioun doriwwer diskutéieren. Ech wëll Iech dobäi soen, dass dat alles, wat déi englesch

Initiativ ass, vläicht net grad sou einfach ass, well d'Engländer och nach mat der „International Finance Facility" kommen, déi dorop hinziilt, dass elo déi europäesch Länner solle léine goe fir den Développement ze finanzéieren, wat den nämlechte Risiko huet wéi déi alternativ Sourcen, nämlech dass mer eis dann zréckleeën, wat de Rescht ubelaangt an eise prozentualen Effort vum RNB ubelaangt, a wat och Froe sécherlech opwerft, par rapport zum Prinzip, dass mer d'Welt nëmme vun eise Kanner geléint hunn. Ech mengen, dat wär eng Discussioun à part wäert.

De Conseil supérieur du Développement durable géif ech gär gesinn am Kader vun engem eventuellen neie Gesetz.

Zu Palästina géif ech gären haut dat hei soen: De Fait selwer ass jo bekannt. Ech hunn och deemools eng Zuel genannt. Mir hunn dat sou séier wéi mer et wosste public gemaach. Déi Zuel, déi war dee Moment eng Millioun Euro, dat bestätegt sech elo oder et bestätegt sech net. Mir hunn do eng ganz Serie Kontakter geholl. Ech wëll soen, dass Lëtzebuerg net dat eenzegt Land ass, deem dat geschitt. Mir ware wahrscheinlech déi Eenzeg, deenen et nach net geschitt war.

Ech géif gären, plutôt wéi do Salamitaktik ze maachen, wann ech e komplett Bild hunn a wann all déi Kontakter, déi mer geholl hunn, zu Resultater oder och net zu Resultater gefouert hunn - dat muss ee kucken -, dat eng Kéier komplett presentéieren an dodriwwer diskutéieren. Den Här Henckes huet dat och soulevéiert.

Här President, just nach zwee Wierder, déi d'Remarquë vum Här Henckes ubelaangen. Ech hunn net gesot, dass mer nécessairement op de Wee gi vun engem neien Zil. Ech wollt am Fong just do véier generell Iddië lancéieren. Ech mengen, dat solle mer diskutéieren.

Wat d'Heespréngер ubelaangt, wëll ech drop opmierksam maachen, dass mer do direkt intervenéiert sinn iwwert d'FAO, an der FAO gesot hunn, mir hätte gär, dass déi Suen, déi mer der Heespréngerplo dédiéiert hunn, haaptsächlech oder exklusiv an eisen Zillänner géifen agesat ginn. Ech si frou, dass dee Projet hei percéiert, well ech muss Iech soen, am Ufank wou ech hei de Leit vun Heesprénger geschwat hunn zu Lëtzebuerg, an dass dat e seriöe Problem wär, sinn déi meescht Leit mer mat engem midde Laache begéint.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat ass problematesch, Här Minister.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Wat sot Der?

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Dat ass e ganz komplizéierten ökologesche Problem.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Den Dossier, Här Scheuer, ass ëmsou méi problematesch, dass mer virun dräi, véier Joer preventiv Projeten ofgebrach hunn - net nëmme mir, mä och anerer -, well mer lauter Avisë vun Experten do leie gehat hunn, dass de Problem definitiv geléist wär. An de Problem ass ëmsou méi problematesch, dass, nodeem se no Süde gaang sinn, se elo no Norde ginn, a sou weider a sou fort, an dass se dat effektiv net an de Grëff kréien. Ech soen Iech awer, datt de senegaleseschen Ausseminister mir gesot huet, dass am Senegal d'Situatioun souwäit ënner Kontroll wär.

Voilà, Här President, et géifen nach eng ganz Rei Saachen ze soe bleiwen. Ech wëll just nach soen: Wat d'Présidence ubelaangt hunn ech geschwat vun deenen Efforten, déi mer wëlle maachen op internationalem Niveau. D'Cohérence des politiques an de SIDA wäerten och um Ordre du jour sinn. Ech kréien d'Geleeënheet nach, dozou méi ze soen.

Wann Der wëllt, huelen ech och direkt Positioun zu deenen dräi Motiounen. Ech géif mengen, dass déi éischt Motioun deen Engagement vun der Chamber réitéréiert, dee se an der leschter Legislatur geholl huet, och a Richtung vun der Concentration géographique, wat eng gutt Saach ass. Dofir géif ech d'Chamber bieden déi Motioun ze stëmmen.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, mam Audit organisationnel vum Ministère de la Coopération, do wëll ech d'Madame Err net nach eng Kéier enttäuschen an ech géif dann och d'Chamber bieden déi Motioun ze stëmmen. Ech wollt awer zwou Remarquen dozou maachen, dat ass dass ech schonn amgaange sinn eng ganz Rei Reorganisatiounsmesuren do ze huelen an dass ech Iech elo scho ka soe wat bei deem Audit erauskënnt, nämlech dass mer méi Leit brauchen an d'Prozedure solle straffen, an all déi aner Saachen, déi ech a menger Ried gesot hunn. Mä wann den Audit mer dann och nach dat seet, da kann ech dat vläicht méi einfach ëmsetzen. Dofir géif ech d'Chamber och bieden déi Motioun ze stëmmen, dass deen Audit organisationnel soll stattfannen.

Wat déi drëtt Motioun ubelaangt, wëll ech Folgendes soen: Mir sinn de 17. Contributeur mondial, ënner anerem beim Fonds pour les Populations, ech weess also net, wou mer do nach vläicht kënne méi wäit goen, mä ech sinn awer gäre bereet dat eng Kéier ze kucken an ech géing d'Chamber also och bieden déi Motioun ze stëmmen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun de Motiounen, déi am Kader vun dëser Debatt abruecht gi sinn.

Motion 1

Fir d'éischt zur Motioun 1, déi d'Madame Nancy Arendt abruecht huet. All Fraktiounen hunn déi Motioun ënnerschriwwen an deementspriechend denken ech, dass mer par main levée kënnen doriwwer ofstëmmen.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Ech gesinn Unanimitéit. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Motion 2

D'Motioun 2 vun der Madame Lydie Err ass ënnerschriwwe vun dräi Fraktiounen, wann ech dat richteg gesinn. Kënne mer trotzdeem do par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun 2?

D'Motioun 2 ass à l'unanimité ugeholl.

Motion 3

D'Motioun 3 vum Här Marc Angel ass och vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Mir stëmmen iwwert d'Motioun 3 och par main levée of.

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun 3?

D'Motioun 3 ass och eestëmmeg ugeholl.

Domadder si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour a kommen zum nächste Punkt, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5343 iwwert d'Gemengefusioun vu Baastenduerf a Furen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Kaes, den Här Calmes, den Här Klein, den Här Gira an den Här Jaerling. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

3. 5343 - Projet de loi portant fusion des communes de Bastendorf et de Fouhren

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dee Projet, dee mer haut an der Chamber virleien hunn, huet als Objet d'Fusioun vun zwou ländleche Gemengen, nämlech Baastenduerf a Furen, d'Fusioun an eng nei Gemeng, déi sech dann an Zukunft wäert Tandel nennen. Dës nei Gemeng Tandel wäert ongeféier, wann et se da bis gëtt, 1.600 Awunnerinnen an Awunner hunn an eppes iwwer 4.000 Hektar grouss sinn.

Och wann dëse Projet vläicht elo keng enorm national Portée huet, esou ass e fir de Gemengesecteur awer bal historesch, well et zënter 1978 keng Fusioun méi gouf hei am Land. Deemno kënnt ee soen, dass dëse Projet eng gewëss Signalwierkung huet, well op där enger, op där anerer Plaz - Dir wësst dat - och u Fusioune geduecht gëtt, notamment Kautebaach, Wëlwerwolz an och Hengescht respektiv mat Klierf a Munzen.

Den 3. Juni 2004 huet den deemolegen Innenminister de Projet 5343 an der Chamber déposéiert an de leschten 21. Oktober huet déi zoustänneg Kommissioun sech mat deem Projet befaasst. D'Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen ass d'Resultat vun enger laanger Kooperatioun, also net vun haut op muer geschitt, eng laang Concertatioun, eng enk Kooperatioun op interkommunalem Niveau, dat heescht schonn 1996 ass et richteg ugaangen, doduerch dass déi zwou Gemengen e Syndicat intercommunal gegrënnt hu fir de Bau an d'Fonctionnéiere vun enger regionaler Schoul, d'Schoul zu Tandel.

Duerno hunn dann déi zwou Gemengen décidéiert sech méi no ze kommen en vue vun enger eventueller Fusioun, an den 21. Dezember 2001 hunn dunn déi zwee Buergermeeschter e Bréif un den Innenminister adresséiert, fir hire Wëllen ze manifestéiere mateneen ze fusionéieren. Et si Verhandlungen opgeholl ginn an dës Verhandlungen haten als Zil eben e Projet de fusion, an doropshin hunn och déi zwee Gemengeréit dëse Projet adoptéiert. Dat war am Juli 2003.

Den 1. Oktober 2003 gouf dunn eng Informatiounsversammlung organiséiert mat de Biergerinnen a Bierger vun deenen zwou Gemengen, wou den deemolegen Innenminister dobäi war, deen d'Avantagë vun esou enger Fusioun och explizéiert huet. An dann e bësse méi spéit war dann och, am Oktober 2003, e Referendum, wou dann d'Bevölkerung d'Méiglechkeet hat sech auszedrécken, d'Bevölkerung vun deenen zwou Gemengen, ze soen, ob si fir déi Fusioun sinn oder net, an ëmmerhin hunn zwee Drëttel vun de Leit gesot, dass se dat eng gutt Initiativ géife fannen.

Op dat positiivt Resultat hin hunn dann déi zwee Gemengeréit sech definitiv en faveur vun där Fusioun ausgedréckt a si hu gréngt Liicht ginn iwwer Délibérations concordantes fir eng Konventioun mat der Regierung ze ënnerschreiwen en vue vun där Fusioun. Dat ass dann net méi spéit wéi den 23. Abrëll 2004 geschitt. Dir gesitt, dat ass alles relativ séier virugaangen.

Am Avis vum Conseil d'État steet, dass de Conseil d'État d'accord ass mat deem Projet, sauf enger klenger Remarque am Artikel 12 - ech soen nach herno eppes dozou. D'Aarbechte vun der Kommissioun si relativ séier résuméiert. Den 21. Oktober, a Presenz vum Innenminister, huet d'Kommissioun och nach eng Kéier iwwert d'Fusiounen am Allgemenge geschwat an och de Minister huet gesot dass hien der Meenung ass, dass Fusiounen e ganz wichtegen Atout sinn, déi een awer net soll forcéieren, mä dass et awer näischtdestotrotz wichteg ass, dass ee mat der Zäit vläicht aner Masse-critiquë kritt fir eis Gemengen hei am Land an dass och solle Gemenge gestäipt ginn, wa se da wëlle fusionéieren.

Et ass och gesot ginn, dass déi zwou Gemenge vu jeeweils 800 Awunner do optimal virgaange sinn en vue vun enger Aarbecht, déi ee kann no an no rationaliséieren. Doduerch kënne se herno Sue spueren an insgesamt Déngschtleeschtungen ubidden, déi se als kleng Gemeng net hätte kënnen ubidden.

Ech wollt eppes zum Artikel 9 soen. Et ass esou, dass déi zwou Gemengen oder déi zukünfteg Gemeng Tandel dann och 2.500 Euro par habitant zougesot krut, dat étaléiert iwwer 10 Joer. Mat deene Suen däerf een awer net grad egal wat maachen. Et steet am Gesetz dran, dass déi Suen am Fong fir dräi Objete geduecht sinn:

1. fir en neit administratiivt Gebai, dat zu Tandel soll gebaut ginn,

2. fir den Ausbau vun der Schoul zu Tandel an

3. fir den Uschloss vun der Uertschaft Longsdref un d'Kläranlag vun der Bleesbréck.

Déi Fusioun mécht sech net beieneen, dat mécht sech no an no. Esou ass virgesinn, dass de Schäfferot aus véier Leit besteet, engem Buergermeeschter an dräi Schäffen, an aus insgesamt eelef Conseilleren, bis d'Gemengewahle vun 2017.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi zwee Gemengesekretäre wäerte sech hir Tâchen deele bis dee Moment, wou dann ee vun deenen zwee Poste vakant gëtt, respektiv gëtt de Receveur vum Gemengerot désignéiert, also ee vun deenen zwee, déi den Ament do sinn, gëtt dann definitiv Receveur. Dat kann nëmmen ee si laut dem Gemengegesetz.

Dann ass och an der Kommissioun nach kuerz driwwer geschwat ginn, wéi et mat de Gemengefinanze steet an Zukunft. Et ass gesot ginn, eng Dotatioun fält jo ewech, well mer nëmmen nach eng Gemeng hunn, also eng Dotation de base, déi jo ongeféier 100.000 Euro ausmécht bei enger Gemeng vu siwe Conseilleren. An do ass awer och da gesot ginn, dass zumindest deelweis dat kompenséiert gëtt doduerch, dass jo de Gemengerot vu siwen, respektiv zweemol siwen, vu siwen op eelef dann eropgeet. An et ass natierlech nach eng Kéier gesot ginn, dass op ville Punkte wäert méi rationell geschafft kënne ginn, esou dass d'Gemeng insgesamt och Sue wäert spueren.

Vläicht zum Schluss nach zwee, dräi Sätz zu verschiddenen Artikelen. An zwar am Artikel 4 steet, dass den éischte Gemengerot vun der neier Gemeng Tandel den 9. Oktober 2005 definitiv da gestëmmt gëtt.

Am Artikel 5, wat och nach wichteg ass, steet, datt d'Gemengereglementer gëlle vun deenen zwou Gemengen op deem jeeweilegen Territoire, bis se da vun der neier Gemeng, vum neie Gemengerot ersat ginn.

Den Artikel 12, vun deem ech virdru scho kuerz geschwat hat, wou de Conseil d'État recommandéiert hat e Passus ewechzeloossen - dat ass deen Artikel dee seet, dass d'Gesetz den 1. Januar 2006 a Kraaft trëtt, an do ass awer an der Kommissioun gemengt ginn, mir solle weider beim Regierungstext bleiwen, datt et däitlech ass, dass et keen Zweifel gëtt, wat d'Entrée en fonction vun deem neie Gemengerot ubelaangt.

A last but not least, am Artikel 13 steet dann och nach, ier en neit Gemengenhaus zu Tandel gebaut gëtt, ass de Siège vun der neier Gemeng zu Furen, an där jëtzeger Märei zu Furen selwer.

Dat ass dat, wat ech wollt als Rapport viruginn. Um Enn wollt ech am Numm vun der Kommissioun déi zwou Gemenge félicitéiere fir déi richteg Initiativ, déi sënnvoll Initiativ an deem Kontext, an ech wollt och méiglechst vill Kolleeginnen a Kolleege bieden dësem Projet zouzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Kaes, zur selwechter Zäit Buergermeeschter vun enger vun de Fusiounsgemengen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Loosse mer mol a Rou nolauschteren.

Une voix.- Dir kënnt jo ënnerbriechen, wa Froen ze stelle sinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst elo den Här Kaes schwätzen! Loosst Iech elo net hei ënnerbriechen a kommt zu Ärem Discours.

(Interruptions)

Discussion générale

M. Ali Kaes *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, erlaabt mer fir d'éischt dem honorabelen Här Marco Schank Merci ze soen an ze félicitéiere fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Bon, et ass fir mech natierlech e ganz besonnesche Moment, well ech meng éischt Interventioun hei an der Chamber zu engem Gesetzesprojet ka maachen, deem säin Ursprong méi wéi zéng Joer zréckläit a wou ech d'Éier hat och e bëssen zum Inhalt vum deem Gesetzesprojet bäizedroen.

Ech wëll net nach eng Kéier déi eenzel Etappe bis zur Fusioun hei opzielen. Ech wëll Iech soen, datt déi zwee Schäfferéit sech schonn den 18. Mäerz 1994, wat iwwregens e ganz besonneschen Datum fir déi zwou Gemengen ass, fir d'éischte Kéier getraff hunn, an dat mam Zil iwwer eng gemeinsam Schoulorganisatioun respektiv iwwert de Bau vun enger gemeinsamer Schoul- a Sportinfrastruktur nozedenken.

No e puer Startschwieregkeeten an nodeem déi zwee Gemengeréit definitiv festgestallt haten, datt se nëmmen zesummen de Kanner optimal Schoulkonditioune kënnte bidden, ass d'Décisioun u sech gefall fir en interkommunale Syndikat ze grënnen an dee mam Bau vun engem neie Schoul- a Sportkomplex ze beoptragen.

Deemools huet a sech nach keen un eng Fusioun vun deenen zwou Gemenge geduecht. Mat der Schoulrentrée 1999, do wou d'Kanner vun deenen zwou Gemenge fir d'éischte Kéier an déi nei Schoul gaange sinn - virdrun hate mer schonn déi eenzel Klassen an deene bestoenden Infrastrukturen zesummegeluecht fir den Eeklassesystem iwwerhaapt ze erméiglechen -, do hunn d'Leit u sech aus deenen zwou Gemengen eréischt esou richteg festgestallt, wat fir eng Virdeeler esou en Zesummeschaffe géif mat sech bréngen.

Jo, iwwert de Wee vun de Kanner koume sech d'Leit aus deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen ëmmer méi no. Am associative Beräich ass ëmmer méi zesummegeschafft ginn, nei Veräiner sinn entstanen. Um Gemengenni-

veau ass déi al Tandeler Schoul ëmgebaut a vergréissert ginn, fir de Précoce, e Spillgrupp an e Krabbelgrupp vun deenen zwou Gemengen opzehuelen, an och de Préscolaire ass ebenfalls vum Schoulsyndikat iwwerholl ginn.

Zënter 2000 gëtt et e gemeinsame modernen Informatikzenter, wou d'Leit kënnen e breet Ugebuet un Informatikscoursë besichen. Dësen Zenter ass och gläichzäiteg eng Internetstuff fir d'Leit aus der Regioun. Déi zwou Gemenge gehéieren iwwregens och zënter ganz laangem schonn dem Triage forestier vu Baastenduerf un. Dat heescht, deeselwechte Fierschter ass u sech och zoustänneg fir déi zwou Gemengen.

D'Zesummewuesse vun de Leit aus deenen zwou Gemengen an déi ëmmer méi heefeg a villsäiteg Zesummenaarbecht op Gemengenniveau hunn eis u sech, nëmmen zwee Joer nodeem déi nei Schoul hir Bestëmmung iwwerholl huet, op de Gedanke bruecht iwwer eng Fusioun vun deenen zwou Gemengen nozedenken. Dat besonnesch och, well mer déi Ënnerstëtzung, déi voll Ënnerstëtzung vum deemolegen Innenminister an heitege Fraktiounspresident vun der CSV haten.

Ech wëll mer erlaben op dëser Plaz, Iech, Här Wolter, e ganz grousse Merci ze soe fir Är konstruktiv Begleedung während där gesamter Préparatiounsphas.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Ali Kaes *(CSV).*- Bon, et war den Här Wolter, deen zu deem Zäitpunkt eng ganz Rei vu Kontakter mat de Gemengen aus der Region Nord, esou wéi se am Plan directeur genannt gëtt, hat, fir iwwer eng nach besser regional Zesummenaarbecht engersäits, mä awer och iwwer eng Neiuerdnung vun der Gemengelandschaft anererséits ze schwätzen.

Vun ënnen no uewe muss dat geschéien. D'Bierger musse mat agebonne ginn. Dat waren d'Wierder vum deemolegen Innenminister. Och den heitegen Innenminister hält un dësem Prinzip fest a wëll all déi Gemengen ënnerstëtzen, déi de Wee vun der Fusioun wëlle goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nëmmen zwee Méint ware vergaange vum éischte Gedanken iwwer eng Fusioun bis déi zwee Buergermeeschteren den 21. Dezember 2001 dem Innenminister an engem Bréif matgedeelt hunn, datt d'Gemenge Baastenduerf a Furen bereet wiere Verhandlungen opzehuelen, fir eventuell mateneen ze fusionéieren.

D'Zouhuele vun der Zesummenaarbecht huet och bewisen, datt et souwuel administrativ wéi finanziell net vu Virdeel wier, wann d'Décisiounen op dräi Niveauen oder an dräi verschiddene Strukture géife geholl ginn, nämlech an zwee Gemengeréit an an engem Comité vum interkommunale Schoulsyndikat, an dat zum groussen Deel och nach vun deeneselwechte Leit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „In keiner der beiden Gemeinden ist das Thema Fusion ein Aufreger." Sou konnt een 2003 am Télécran liesen. Mä firwat war dat esou? Bon, vum éischten Dag un hunn déi Verantwortlech vun deenen zwou Gemengen de Bierger mat agebonnen a keng Geleeënheet verpasst de leschte Stand vun den Diskussioune matzedeelen. Et war ganz sécher de Wee vun ënnen no uewen, de Wee mam Bierger fir de Bierger.

Den 1. Oktober 2003 huet den deemolegen Innenminister Michel Wolter un enger Informatiounsversammlung fir all Bierger...

(Interruptions diverses)

…vun deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen deelgeholl, fir nach eng Kéier kontrovers iwwert d'Vir- an Nodeeler vun enger Fusioun ze schwätzen.

Hei gouf konstruktiv a sachlech diskutéiert an, Dir Dammen an Dir Hären, den aneren Dag gouf et och keng Karikatur am Lëtzebuerger Wort, wéi dat 1975 de Fall war, wéi een e Geessebock konnt gesinn, deen hannert dem deemolegen Innenminister hiergelaf ass, fir hien aus dem Duerf ze dreiwen.

(Hilarité)

Och de Referendum huet mat enger Zweedréttelmajoritéit bewisen, datt d'Bierger hannert dëser Fusioun géife stoen. Den 1. Abrëll dëst Joer hunn déi zwee Gemengeréit dunn d'Préparatiounsaarbechte fir d'Fusioun tëschent deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen zum würdegen Ofschloss bruecht, wéi jidder Gemengerot fir sech unanime décidéiert huet, ab dem 1. Januar 2006 där neier Fusiounsgemeng Tandel unzegehéieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Dëst ass also domadder déi éischt Gemengefusioun am 21. Jorhonnert, wa se hanneno hei da wäert gestëmmt ginn.

Ech wëll op dëser Plaz och kuerz op d'Lëtzebuerger Gemengelandschaft an deene leschte gutt honnert Joer agoen. 1890 hate mer hei an deem Land 129 Gemengen. 1891 hu mer eng Gemeng bäikritt; nämlech deemools ass Rëmeleng vun der Gemeng Keel ofgetrennt ginn. Vun do un huet u sech d'Zuel vun eise Gemengen ofgeholl. Esou hunn 1920 déi deemoleg Gemengen Hamm, Hollerech, Rollénger-gronn an Eech mat der Stad Lëtzebuerg fusionéiert.

Et huet dunn awer bis an d'70er Jore gedauert, ier sech erëm iergendeppes an der Gemengelandschaft beweegt huet. Vum Innenministère ass am Abrëll 1971 dunn eng Kommissioun agesat gi vu Leit aus deem Ministère mat folgender Aufgab: «d'étudier l'ensemble des problèmes relatifs au regroupement et à la coopération des communes». De 15. Oktober 1971 huet den deemolegen Innenminister dem Regierungsrot d'Konklusiounen ënnerbreet. D'Kommissioun ass zur Schlussfolgerung komm, datt d'Fusioun vun de Gemengen deen Objektiv wier, deen onbedéngt misst erreecht ginn.

Eng weider Kommissioun ass agesat ginn, dës Kéier aus Regierungsexperten. Laut dëser Kommissioun sollte 34 Gemengen no engem Schema A, respektiv 30 Gemengen no engem Schema B bleiwen. Aus dem Rapport konnt een zum Beispill eraushuelen, datt d'Mindestzuel vun Awunner pro Gemeng 2.500 bis 3.000 sollt sinn, an datt eng Gemeng sollt mindestens 5.000 Hektar grouss sinn. Ma och wann déi nei Gemeng Tandel net grad un dës Gréisst erukënnt, esou ziele mir ëmmerhin 4.172 Hektar a 1.600 Awunner, eng Zuel, déi awer sécher wäert ganz schnell uwuessen, well an deenen aacht Dierfer geschéien de Moment ganz vill Projeten, an et besteet och de Moment en immensen Drock, fir iwerhaapt e Bauterrain an deenen Dierfer ze kréien.

Doriwwer eraus gëtt et och deen een oder anere Projet, wou relativ vill nei Bauplaze geschafe ginn, an et muss ee wëssen, datt déi nei Gemeng wierklech um Rand vun der Nordstad läit, an also och domadder den Drock ganz besonnesch grouss ass, well an der Regioun Nordstad net onbegrenzt Méiglechkeete si fir ze bauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Rapport vun der Kommissioun huet deemools awer och schonn d'Zuel vun de Kanner, déi de Primaire, respektiv de Préscolaire géife besichen, eng ganz wichteg Roll gespillt. Bon, dee Rapport vun där Kommissioun ass dann deenen 126 Gemengen deemools zougestallt ginn. Dat war Enn 1972 pour avis, a wat ganz interessant ass ass, datt deemools wäit iwwert d'Halschent vun de Gemenge mam Prinzip vun engem Gemengeregroupement schonn d'accord waren. Et haten 114 vun deenen 126 Gemengen en Avis ofginn. Dovunner waren der 74 positiv, an nëmme 40 Gemenge ware géint all Regroupement.

De Conseil économique et social, deen ebenfalls mat dësem Dossier befaasst war, huet a sengem Avis, dee Mëtt 1974 unanime an der Plénière vun dëser Institutioun ugeholl ginn ass, ënner anerem Folgendes festgehalen: «Le CES estime qu'une fusion des communes s'impose à brève échéance. Le CES se doit toutefois de constater qu'une fusion des communes visant une organisation plus rationnelle et plus efficace des institutions existantes est uniquement possible si elle se situe dans un cadre général prévoyant la possibilité de la réaliser par voix coercitive.»

Dës Iwwerleeungen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beweisen, datt et deemools gewollt war méi wäit ze goen, wéi mir a sech haut bereet sinn ze goen. Mir si géint all Zwang, mä fir den Dialog an d'Abanne vun dem Bierger. Keng Fusioun soll géint de Wëlle vum Bierger geschéien. Datt de Bierger awer ganz dacks eng vill méi grouss Bereetschaft beweist an déi Richtung matzegoe wéi esou munche Gemengepolitiker, beweist ganz einfach dee positive Referendum vum 12. Oktober an de Gemenge Baastenduerf a Furen.

A wann ech haut en Artikel am Lëtzebuerger Wort liesen, wou esouguer Leit op eng Ëmfro hin an den Dierfer vun deenen zwou Gemengen offe gesot hunn, ech war nach net iwwerzeegt wéi de Referendum war, dofir hunn ech dergéint gestëmmt, mä ech fannen et awer haut eng ganz gutt Saach an et ass de richtege Wee, a wou aner Leit soen, si sinn nach net wäit genuch gaangen, si hätten dat Ganzt nach méi grouss solle maachen, dat beweist u sech, datt d'Bierger an deene Saache ganz ganz dacks méi konstruktiv sinn, wéi dat d'Politiker heiansdo selwer sinn.

Datselwecht gëllt awer och fir d'Gemenge Wëlwerwolz a Kautebaach, wou de Referendum den 13. Juni mat de Landes- an Europawahle stattfonnt huet, a wou esouguer 93,19% zu Wëlwerwolz an 71,5% vun de Wieler zu Kautebaach sech fir eng Fusioun ausgeschwat hunn. Déi nei Gemeng do wäert jo bekanntlecherweis Kiischpelt heeschen.

Ech wëll och dës Geleeënheet benotze fir alle Bierger, awer och alle Politiker aus deene véier Gemengen ze félicitéieren, fir hire Courage a fir hir Wäitsiicht bei hiren Décisiounen.

Mä zréck an d'70er Joren. Deemools si schlussendlech net 39 Gemengen entstanen, esou wéi d'Regierung et virgesinn hat, mä no laangen an deels heftegen Diskussioune sinn nëmme véier Fusiounsgemengen 1978 realiséiert ginn, an zwar am Norde Rammerech, d'Stauseegemeng a Wëntger, an am Osten déi heiteg Gemeng Jonglënster. 25 Joer sinn et elo hier, datt u sech näischt méi un der Gemengelandschaft geschitt ass. Mir zielen haut, wéi viru 25 Joer, 118 Gemengen, wou déi klengsten, an dat muss een einfach kucken, emol net esou vill Awunner huet wéi anerer Personal, a wou d'Forschett vun 250 bis 20.000 Awunner geet, ouni vun der Stad Esch a vun der Haaptstad iwwerhaapt ze schwätzen.

Eis Gemengen hunn an deene leschte Joren ëmmer méi Aufgabe bäikritt, an dat am administrativen, am techneschen, am sozialen, am kulturellen, am sportlechen an a villen anere Beräicher. De Bierger gëtt ëmmer méi exigent an hi besteet op e gudden an e komplette Service vu senger Gemeng. Wéi soll eng kleng Gemeng dat awer fäerdeg bréngen, wa se sech zum Beispill emol net am technesche Beräich en Techniker ka leeschten, ouni vun enger ganzer Rei vun techneschen Infrastrukturen ze schwätzen?

Et ass nun eemol net d'Aufgab vum Schäfferot déi technesch Begleedung an Iwwerwaachung vun de Schantercher ze assuréieren, respektiv e gudde Fonctionnement vun deenen ëmmer méi héich technologeschen Infrastrukturen ze garantéieren. Hei brauch eng Gemeng geschoulte Fachpersonal, anerefalls riskéiert se op déi eng oder aner Manéier iwwert den Dësch gezunn ze ginn.

Am Hibléck op d'Fusioun hunn déi zwou Gemenge Furen a Baastenduerf den 1. Abrëll 2003 en Ingénieur technicien agestallt an domadder méi e kompletten technesche Service opgebaut. D'Virdeeler vun dëser Décisioun leien haut, annerhalleft Joer duerno, op der Hand an dës Ëmstrukturéierung huet deenen zwou Gemengen an hire Bierger schonn esou munches bruecht.

Datselwecht gëllt fir den administrative Beräich, wou et nach wie vor Gemenge gëtt, déi nëmmen e Sekretär Deelzäit kënne beschäftegen. An dësem Beräich kann een duerch d'Zesummeleeën an duerch Bündele vu Kräften dem Bierger e bessere Service ubidden an d'Aarbechtskonditioune vum administrative Personal sécherlech nach verbesseren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Och am urbanistesche Beräich ginn d'Ufuerderungen un eis Gemengen ëmmer méi grouss. A wa mer am Kader vun IVL eist Land besser organiséieren, da fänkt dat an der Haaptsaach an de Gemengen un. Des Weidere gëllt et och an Zukunft nach méi spuersam mat eisem Bauland ëmzegoen an eis Uertschafte gutt an nohalteg ze strukturéieren. Dofir brauchen d'Schäfferéit eng gutt Begleedung a Berodung an hirer Gemeng.

Eng Gemeng brauch also e Mindeststaff u Personal an et gëllt hei eis Gemengen un d'Ufuerderungen an un d'Realitéite vun haut unzepassen.

Vill kleng Gemenge kréien et an Zukunft ëmmer méi schwéier hire Bierger op Dauer déiselwecht Liewensqualitéit ze bidden, wéi dat a méi grousse Gemengen de Fall ass.

Wëlle mer eng zweet an eng drëtt Klassegesellschaft um Gemengenniveau verhënneren, da muss grad bei dëse Gemengen d'Bereetschaft do sinn aner Weeër ze goen a sech enger Neiuerdnung vun eise Gemengen net ze verschléissen.

Wëlle mer déi geplangte Regionaliséierung vun eisem Land optimal ëmsetzen, da brauche mer an deene respektive Regioune gutt organiséiert a strukturéiert Gemengen. Si sinn de Garant, dass mat Hëllef vun Entwécklungspläng eng eegen Dynamik entsteet an datt déi eenzel Regioun sech zu engem groussen Deel onofhängeg géréiere kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schwätzt ee mat enger Rei vu Gemengemammen, respektiv vu Gemengepäpp, gëtt oft den interkommunale Syndikat als Alternativ zur Fusioun genannt.

Vill vun deene méi wéi 70 Gemengesyndikater sinn aus enger Noutléisung entstanen, well d'Fusiounspläng an de 70er Jore ganz einfach net de gewënschten Erfolleg haten. Eng Rei vu Syndikater sinn awer och ganz sécher onbedéngt néideg gewiescht, fir bestëmmte Gemengenaufgabe gemengeniwwergräifend ze géréieren. Ech denken hei ënner anerem un Offall.

8. BLATT Konrad Raimund, né le 27 avril 1964 à Saarburg (Allemagne), demeurant à Bech-Kleinmacher
9. BORMANN Wilfried Johann Fritz, né le 8 mai 1947 à Beppen (Allemagne), demeurant à Ehlerange
10. BOUGUATTAYA Halima, née le 16 août 1973 à Casablanca (Maroc), demeurant à Esch-sur-Alzette
11. BRANICKA Anna Katarzyna, née le 12 décembre 1983 à Varsovie (Pologne), demeurant à Luxembourg
12. BRKIC Bernarda, née le 15 février 1962 à Janjevo (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg
13. CHAMMAS Henriette, née le 00.00.1926 à Lattaquie (Liban), demeurant à Strassen
14. CIKOTIC Adela, née le 4 juin 1981 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Esch-sur-Alzette
15. CIKOTIC Asmir, né le 8 décembre 1982 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Rumelange
16. CORNUT Jean-Marc, né le 2 mai 1960 à Sorengo/Tessin (Suisse), demeurant à Kehlen
17. CORREIA Vanda Maria, née le 20 janvier 1976 à Ribeira Grande/Santo Antao (Cap-Vert), demeurant à Ehnen
18. DA CRUZ Maria de Fatima, née le 19 octobre 1963 à Santo Crucifixo/Ribeira Brava (Cap-Vert), demeurant à Differdange
19. DA SILVA PINTO Célia de Fatima, née le 8 juillet 1979 à Fornos/Marco de Canaveses (Portugal), demeurant à Mamer
20. DE BACKER Roger Louis Ivo, né le 21 mars 1948 à Anvers (Belgique), demeurant à Junglinster
21. DE CARVALHO RODRIGUES Maria José, née le 14 janvier 1965 à Vrea de Jales/Vila Pouva de Aguiar (Portugal), demeurant à Bertrange
22. DE GROOT Joanna Diana Nicolasina, née le 7 novembre 1943 à Venlo (Pays-Bas) demeurant à Mersch
23. DE TOMMASO Gianni, né le 22 septembre 1972 à Luxembourg, demeurant à Bergem
24. DESCAMPS Jacques Gaston Cornelius, né le 8 mai 1943 à Ieper (Belgique), demeurant à Luxembourg
25. FADINA Viktoriya, née le 15 novembre 1976 à Sébastopol (Ukraine), demeurant à Hautcharage

26. FAYMONVILLE Gabriele Agnes, née le 7 décembre 1961 à St. Vith (Belgique), demeurant à Weiswampach
27. FERREIRA LOPES Salvador, né le 22 septembre 1978 à Dakar (Sénégal), demeurant à Differdange
28. FILIPOVIC Ksenija, née le 8 janvier 1972 à Siegburg (Allemagne), demeurant à Strassen
29. FORTES BARROS Ana Paula, née le 18 juin 1973 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
30. FUCHER Marie Joséphine, née le 2 juillet 1954 à Dudelange, demeurant à Fennange
31. GAMALIEL Azra Florence, née le 15 juillet 1957 à Faisalabad (Pakistan), demeurant à Esch-sur-Alzette
32. GARCIA Valérie, née le 19 mai 1966 à Lyon (France), demeurant à Ernzen
33. GARCIA CACERES Yanilda Altagracia, née le 14 novembre 1964 à La Vega (République Dominicaine), demeurant à Esch-sur-Alzette
34. GOMES ROCHA Filomena, née le 25 août 1969 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Dudelange
35. GORGIZADEH Sakinéh, née le 22 février 1959 à Guénavéh (Iran), demeurant à Bech-Kleinmacher
36. HARIS Andrea, née le 24 juillet 1978 à Budapest (Hongrie), demeurant à Sandweiler
37. HÉGAZY Ramadan, né le 13 novembre 1969 à Le Caire (Egypte), demeurant à Luxembourg
38. HIRTZ Olivia Josée Eliane, née le 10 janvier 1967 à Arlon (Belgique), demeurant à Luxembourg
39. HORSBURGH Karl-Heinz, né le 29 novembre 1957 à Minden (Allemagne), demeurant à Septfontaines
40. HOSCH Sylvia Patricia Geneviève, née le 4 octobre 1983 à Messancy (Belgique), demeurant à Esch-sur-Alzette
41. KNEBL Tanja, née le 2 février 1966 à Brcko (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Ettelbruck
42. KOHNEN Olivier Jean Ghislain Lucie, né le 11 mai 1970 à Vielsalm (Belgique), demeurant à Doncols
43. KRASNIQI Dervish, né le 21 janvier 1969 à Prapaqan (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Howald
44. LAPORTA Frédéric Marie-Louise Philippe, né le 20 décembre 1976 à Wilrijk (Belgique), demeurant à Mamer
45. ZEEB Christophe Tommy, né le 7 décembre 1978 à Nassau (Allemagne), demeurant à Strassen

Naturalisation en vue du second vote constitutionnel, demande de naturalisation basée sur l'article 7, pénultième alinéa de la loi modifiée du 22 février 1968 (circonstances exceptionnelles)

MEDIOUNI Raphaël, né le 21 janvier 1979 à Rehovot (Israël), demeurant à Luxembourg

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.50 heures)

JEUDI, 18 NOVEMBRE 2004 — 7E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communication
3. Dépôt d'une motion
4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la récente décision de la Commission européenne de recommander l'ouverture de négociations d'adhésion de la Turquie

   (Discussion générale - Motions - Votes)
5. Discours de M. le Président de la Chambre des Députés
6. Discours de M. Josep Borrell, Président du Parlement européen

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Den Här Gesondheetsminister a Minister vun der sozialer Sécherheet freet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. De Grand-Duc huet mech autoriséiert am Numm vun der Regierung de Projet de loi 5401 ze deponéieren, deen d'Renten an d'Pensiounen aus dem öffentlechen a private Regime an d'Onfallrenten un d'Lounentwécklung ab 1. Januar soll erlaben. Et ass eng Upassung vun 2%.

- Projet de loi N° 5401 portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi. De Projet gëtt un déi zoustänneg Kommissioun verwisen, fir analyséiert ze ginn.

2. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Défense, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 17 novembre 2004, le projet de loi N° 5400 modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations pour le maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales.

Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

3. Dépôt d'une motion

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, am Hibléck op déi kommend Kommunalwahlen nächst Joer géif ech hei eng Motioun deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert, fir fir all neie Wieler e Wielerpass anzeféieren.

Motion

D'Volleksvertriederkummer,

- sech der Wichtegkeet vun de Kommunalwahlen an doriwwer eraus vun alle Wahle bewosst;

- beméit all neiem Wieler eng komplett Informatioun iwwer eise Wahlsystem zoukommen ze loossen, an iwwert dee Wee aus hinne gutt virbereet Wieler ze maachen;

- iwwerzeegt, datt eng Unerkennung vum Aschreiwen a Wielerlëschten an déi éischt Bedeelegung u Wahlen eng wichteg Etapp ass am Liewe vun engem Bierger, déi eng besonnesch Opmierksamkeet awer och eng Unerkennung verdéngt;

- datt dës Opmierksamkeet an Unerkennung unhand vum Ausstelle vun engem Wielerpass kann demonstréiert ginn,

fuerdert d'Regierung op

- e Wielerpass fir all neie Wieler anzeféieren, dat begleet vun enger optimaler Informatioun vun all neiem Wieler iwwer eise Wahlsystem.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

M. le Président.- Ech ginn Iech Akt vum Dépôt vun der Motioun, déi mer an der Presidentekonferenz kucken an dann en Datum fixéiere wäerten, wéini dass mer déi hei am Plenum debattéiere wäerten.

Fir haut de Mëtteg huet den Här Gast Gibéryen am Numm vun der Fraktioun vum ADR eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei ugefrot. D'Riedezäit ass folgendermoosse vun der Presidentekonferenz festgeluecht ginn: 15 Minutte fir d'Fraktioun vum ADR, jeeweils zéng Minutte fir déi aner Fraktiounen a 15 Minutte fir d'Regierung. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Wolter, den Här Goerens, den Här Fayot an den Här Bausch.

Vu dass mer kuerz viru véier Auer de President vum Europaparlament hei wäerten empfänken, géif ech jiddferee bieden sech strikt un d'Riedezäit ze halen, an da musse mer kucken, wéi wäit dass mer kommen, an och, wa Motioune kommen, ob mer déi haut nach diskutéieren oder ob mer déi gegebenenfalls spéider musse kucken.

D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la récente décision de la Commission européenne de recommander l'ouverture de négociations d'adhésion de la Turquie

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et kann ee fir oder géint, enthusiastesch oder skeptesch stoen zu der Iddi, dass d'Tierkei Member gëtt an der Europäescher Unioun, mä eent ass sécher, hei geet et ëm eng kapital Entscheedung fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun.

Eng Adhésioun vun der Tierkei an d'EU implizéiert e Choix, eng Äntwert op d'Fro: „Wat fir een Europa wëlle mir?" Esou ass et iwwert dëse Choix, datt ech wëll schwätzen.

Den Artikel 49 vum Europäeschen Traité seet: „Tout État européen peut demander à devenir membre de l'Union Européenne". D'Tierkei ass net Europa! D'Tierkei ass keen europäesche Stat. Dat ass wouer, geopolitesch gesinn. 5% vum nationalen Territoire vun der Tierkei sinn an Europa a 95% sinn am Mëttleren Orient. Wann d'Tierkei Member gëtt vun der EU, da sinn d'Grenzen vun Europa Syrien, den Irak an den Iran. Dat ass net Europa, dat ass de Mëttleren Orient.

D'Fro vun de geopolitesche Grenze vun Europa ass awer eng wichteg Fro. Wa mer d'Tierkei mat an d'EU eranhuelen, da gi mer de Prinzip vun der europäescher Territorialitéit op, an dat war bis elo awer ee vun de Grondprinzipië bei der Konstruktioun vun der Europäescher Unioun. Da wësse mer net méi, wou mer mat der Erweiderung ophalen. Da gëtt et extrem schwéier fir aner net europäesch Länner glaubwürdeg zréckzeweisen.

Jiddferee kennt d'Konflikter an d'Dramen, déi sech an dësem Deel vun der Welt ofspillen. D'Analyse vun der NATO weisen aus, dass zwielef vun deene geféierlechste Konflikter an der Welt sech am immédiaten Ëmfeld vun der Tierkei ofspillen. Europa soll do matschwätzen. Europa spillt an dëser Regioun net déi Roll, déi et soll. Mä Europa kann dat nëmme maachen, wann et neutral ass. Dëst wäert vill méi schwiereg sinn, wann Europa Deel vum Problem gëtt, wann Europa interesséiert an engagéiert ass an all dëse Konflikter iwwer ee vu senge Memberstaten, der Tierkei.

D'Tierkei ass net Europa. Dat ass och wouer, wat d'Demokratie ugeet. An de leschten zéng Joer sinn am Kurdistan dausende vun Dierfer zerstéiert an d'Bevölkerung verdriwwe ginn. Déi kurdesch Fro ass en deeglechen Drama an dëser Regioun. D'Fro vun der Unerkennung an der Veraarbechtung vum Völkermord um armenesche Vollek bleift. D'Fro vun Zypern an der militärescher Besetzung vun engem Deel vun dëser Insel bleift.

Wann d'Tierkei bis Vollmember an der EU ass, kann d'EU net méi als onparteiesche Vermëttler an all dëse Froen a Konflikter optrieden, well ee vun hire Memberstaten direkt implizéiert ass.

Et gouf viru kuerzem vill iwwert dat neit tierkescht Strofgesetzbuch debattéiert. Et ass vill geschwat ginn iwwert deen Artikel an dësem Code pénal, deen den Adultère kriminaliséiere wollt. Generell gouf sech gefreet doriwwer, dass d'EU et fäerdeg bruecht huet, fir d'tierkesch Regierung ze béien, fir dësen Artikel aus dem Strofgesetzbuch falen ze loossen. Mä keen huet gefrot, firwat dann déi tierkesch Regierung esou eng Propositioun gemaach huet. Wéi war an engem Land, wat sech als modern Demokratie versteet, esou eng Propositioun iwwerhaapt méiglech?

Hei weisen sech esou fundamental Ënnerscheeder an der Mentalitéit, dass se mat eisem Verständnis vun der Fräiheet an der Dignitéit vum eenzelne Mënsch net ze vereinbare sinn. A kee soll mengen, dass dës fundamental Ënnerscheeder an de Grondiwwerzeegungen tëschent eisem Mënschebild an deem vun der islamescher Welt sech duerch Gesetzestexter iwwerwanne loossen. D'Geschicht léiert eis ëmmer erëm, dass dat net geréit a besonnesch an esou grousse Populatiounen e Changement de mentalité praktesch net méiglech ass - ganz besonnesch, wann d'Reliioun och nach do mat erapillt.

Ech wëll hei ganz däitlech soen, dass dësen Aspekt wäit iwwert dat erausgeet, wat mir gewéinlech ënner kultureller Vielfalt an Europa verstinn a souguer als ee vun den Atoute vun der europäescher Communautéit ugesinn.

Mat der kultureller Vielfalt hu mir kee Problem, mä wann et ëm grondsätzlech Wäerter an Iwwerzeegunge geet, déi den Zement vun der EU duerstelle mussen, dann ass d'Diversitéit keen Atout, mä e geféierleche Sprengstoff, deen een net toleréiere kann.

Dëser Deeg gouf an enger héichkaräteg besatener Diskussiounsronn festgestallt, dass de fundamentalen Ënnerscheed tëschent eisem Demokratieverständnis an der islamescher Mentalitéit doranner besteet, dass mir all aner Glawensbekenntnisser an Iwwerzeegungen toleréieren, an dat am Islam net de Fall ass. Do knuppen zwou Welten openeen, déi sech net matenee verdroen, an dat léisst sech och net um gesetzleche Wee aus der Welt schafen.

D'Tierkei, dat ass och de Choix vun engem Europa, dat keng Roll méi an der Weltpolitik spillt. An alle Sondagë soen déi meeschte Bierger an Europa - bis zu zwee Drëttel -, dass si en Europa wëllen, dat Amerika a China riicht an d'Ae kucke kann an hinne soe kann: „Dir hutt Äre Modell, mir respektéieren deen, mä mir hunn onsen, a mir wëllen net op dee verzichten."

An elo versteet een och, firwat d'amerikanesch Administratioun alles mécht, fir ons d'Erweiderung vun der EU op d'Tierkei ze imposéieren. Et gesäit ee gutt, wéi wichteg et fir d'Amerikaner ass, dass Europa eng einfach Fassad vun der NATO gëtt, garantéiert duerch d'Gewiicht vum tierkesche Militär, deen der tierkescher Regierung d'politesch Richtung weist.

D'Tierkei an Europa, dat bedeit eng finanziell Belaaschtung, déi d'Capacitéite vun der EU iwwerfuerdert. Dat bedeit nämlech, dass Europa all Joer 28 Milliarden Euro an d'Tierkei wäert iwwerweise mussen. Et däerf ee mat Recht unhuelen, dass d'Tierkei nëmme wéinst de finanzielle Virdeeler an d'EU komme wëllt. 28 Milliarden Euro, dat ass méi wéi dat Duebelt, wat haut Spuenien kritt. Et ass sechs Mol méi wéi dat, wat Portugal kritt. Et ass een Drëttel vum ablécklechen EU-Budget.

Fir den Tierkei-Bäitrëtt ze finanzéiere mussen d'Memberstaten an haaptsächlech d'Nettozahler ënner hinne méi an d'EU–Budgetë bezuelen, an dat an engem Moment, wou den Haaptnettozueler, nämlech Däitschland, net méi weess, wéi en d'Enner soll beienaner kréien.

Et ass seriö ze fäerten, dass aus dëser finanzieller Belaaschtung eraus an der EU sech eng negativ Stëmmung bei den EU-Bierger breet mécht, déi de Fonctionnement an de weidere Bestand vun der EU a Gefor bréngt, a wat dozou féiere wäert, dass déi national Reflexer an den Egoismus erëm vill méi staark zur Geltung kommen.

An deem Fall wär de Bäitrëtt vun der Tierkei net e Gewënn, mä den Ufank vum Enn vun der EU. D'Tierkei an Europa, dat sinn haut 80 a muer 100 Millioune Leit aus dem Mëttleren Orient, déi mat décidéieren. D'Tierkei an Europa, dat ass och eng important Migratioun no Europa. D'Kommissioun schwätzt vun iwwer véier Milliounen Tierken.

Ech wëll awer elo op dräi Awänn agoen.

Éischtens d'Tierkei géif eng Bréck tëschent Orient an Okzident ginn, eng Bréck tëschent der islamescher Welt an eiser judeochrëschtlecher an humanistesch geprägter Gesellschaft.

Ech si méi wéi skeptesch iwwer esou naiv euphoresch Zukunftsvisiounen. Grënn fir meng Skepsis fannen ech méi wéi genuch an de bizarre Virstellunge vu munche Spëtzepolitiker selwer. Esou sot an engem rezenten Interview am «Le Monde» den neien EU-Kommissiounspresident José Manuel Barroso: «Ce n'est pas à l'Europe de se plier à la Turquie, c'est à la Turquie de se plier à l'Europe.» Éischtens gëtt hei zouginn, dass zwee géigesetzlech Modeller openeeprallen, an zweetens, dass ee vu béide muss noginn, ee sech upasse muss, jo ee sech verbéie muss, an dësem Fall d'Tierkei.

Mir als ADR sinn der Meenung, dass een net dauerhaft e Vollek, seng Traditiounen a seng Kultur kann ënnerdrécken. Am Géigendeel, dat wat ënnerdréckt gëtt steet ënner Spannung, wéi e Ressort brécht et nees ervir soubal d'Emstänn dono sinn. Mä dann ensteet dat wat repriméiert gouf op a senger radikaalster Form, a Form vun Integrismus, Fanatismus a Gewalt.

An hei wëll ech op deen zweeten Awand agoen, en Awand, deen zu engem gudden Deel eng Erpressung ass. Esou heescht et: „Wann der d'Tierkei net Vollmember maacht, dann hu se all hir Reformen ëmsoss gemaach a si verfalen erëm dem Islamismus."

Fir eis si Reformen a Richtung Demokratie a Respekt vun de Mënscherechter kee Mëttel zum Zweck. Fir den ADR sinn dat Wäerter u sech: Demokratie a Mënscherechter si gutt fir d'Leit an de friddleche Fortschrëtt vun hire Gesellschaften. Dës Reforme mussen aus Iwwerzeegung kommen an net fir iergendenger EU-Kommissioun ze gefalen an den Entréesbilljee an iergendee politesche Klub ze kréien. Et ass keng Formalitéit fir kënne vu finanzielle Bäihellefen aus dem EU-Budget ze profitéieren.

An da gëtt et en drëtten Awand, dee seet, dass d'Tierkei an d'EU musse virdemonstréieren, dass d'Unioun kee chrëschtleche Klub ass. Dat brauch een net eréischt ze demonstréieren, dat ass scho laang d'Realitéit. 15 Milliounen EU-Bierger si scho muslimescher Relioun, an et ass och net d'Chrëschtentum eleng, dat d'europäesch Kultur a Wäerter geprägt huet. D'Wuerzele vun eisem Droit, vun eise politesche Strukturen, eis Philosophie, d'Meenungs- an d'Iwwerzeegungsfräiheet, Chrëschtentum, libre pensée, Juddentum, dat sinn Athen, Roum a Jerusalem. Eliminéiert een ee vun deenen dräi, an et zerstéiert een Europa wéi mir et kennen.

Wéi komme mer elo aus deem Schlamassel eraus an deen déi verschidde Regierungen, ouni Mandat duerch hiert jeeweilegt Vollek, Europa eramanövréiert hunn?

Hei wat mir virschloen: D'Chamber fuerdert d'Regierung an enger Motioun op, den EU-Bäitrëtt vun der Tierkei ofzelehnen. D'Regierung soll de Vertrieder vun der Tierkei onmëssverständlech soen, dass falls verhandelt géif ginn, d'Resultat nëmmen eng privilegéiert Partnerschaft mat der EU ka sinn. Deen Automatismus, deen elo als zwangsleefeg an als onwidderruffbar duergestallt gëtt an an enger EU-Vollmemberschaft soll resultéieren, ass inakzeptabel. Dësen Automatismus ass ondemokratesch. Ni haten déi europäesch Bierger hei hiert Wuert matzeschwätzen. Et goufe sou genannte Faits accomplis geschaf, ouni dass jee eng transparent a breet öffentlech Debatt iwwert d'Grenze vun der Europäescher Unioun stattfonnt huet. Haut ass deen historesche Moment fir dëse Mechanismus ze stoppen.

Bis elo gouf mat enger Salamitaktik verfuer, fir eis kënnen ze soen, Dir hutt net Onrecht, mä et ass elo leider ze spéit, et ass versprach, mir hu kee Choix méi. D'Entscheedung ass schonn 1963 gefall, soen déi eng. Déi aner soen, et wier eréischt 1999 zu Helsinki gewiescht, a fir Drëtter wor et 2002 zu Kopenhagen.

All dës Décisiounen hu keng demokratesch Legitimatioun. Mat dësem ondemokrateschen Taktéiere muss elo Schluss sinn. Mir wëlle kloer Verhältnisser. Et ass dat wat mir an onser Motioun proposéieren.

Mir schloen awer och eng wierklech Alternativ vir. Den Opbau, zesumme mat deene Länner vum Mëttelmierraum, déi et wëllen, vun enger méi breeder Gemeinschaft vu Wuelstand a Fridden, eng Gemeinschaft vu géigesäiteger Ënnerstëtzung a Verflichtung, d'Euro-Méditerranée; d'EU op där enger Säit, mat hirer op gemeinsame Wäertvirstellunge berouender Identitéit an op där anerer Säit d'Länner vum Mëttelmierraum mat hirer Identitéit, awer mat eis verbonnen an enger enker privilegéierter Partnerschaft.

Dat ass e politeschen Zukunftsprojet, dee vill méi gerecht an équilibréiert ass wéi eng Zwangsgemeinschaft an där déi eng sech fir déi aner verbéie mussen. Eis Propos ass eng vill méi positiv Approche, den tierkeschen Dilemma am Intérêt vun der Europäescher Unioun ze léisen. Wann dës Regierung, Här Ausseminister, de 17. Dezember Jo seet zu Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei, da gëtt d'Tierkei EU-Member, well et ass sécher, dass d'Europäesch Unioun der Tierkei net seet: „Mir hunn elo fënnef Joer verhandelt, et ass domm gaangen, Dir gitt awer net Member." Et heescht also haut an elo eng historesch Décisioun huelen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que l'adhésion de la Turquie constituerait une décision d'une dimension historique pour l'avenir de l'Union européenne, donc aussi pour l'avenir du Luxembourg;

- que l'article 49 du traité sur l'Union européenne dit «Tout État européen (...) peut demander à devenir membre de l'Union européenne»;

- que la Turquie n'est pas un État européen alors que 95% de son territoire national se trouvent au Moyen-Orient;

- que l'Europe n'a pas vocation à s'élargir indéfiniment et, a fortiori, à des pays non européens;

- que la Turquie présente toujours des problèmes d'application des droits de l'homme, en particulier vis-à-vis des femmes et de la minorité kurde;

- la négation continue du génocide infligé au peuple arménien;

- la charge financière exorbitante qu'entraînerait l'adhésion de la Turquie pour le budget européen au détriment des autres membres de l'Union;

- la position géopolitique de la Turquie et ses relations tendues avec la plupart de ses États voisins;

- que l'Union européenne en intégrant la Turquie deviendrait partie prenante dans la plupart des conflits du Caucase et du Proche et Moyen-Orient;

- la forte immigration à laquelle l'Union européenne devrait faire face suite à une pleine intégration de la Turquie;

- le contexte actuel marqué par le terrorisme et la poussée de l'islamisme;

- la forte croissance démographique de la Turquie et son important poids politique future dans une Union européenne envisageant d'introduire, via le traité constitutionnel, un critère de population dans son processus décisionnel;

- l'article 56 du traité établissant une «Constitution pour l'Europe» prévoyant la conclusion d'accords spécifiques de relations privilégiées de l'Union avec ses États voisins;

- que si des négociations ont lieu avec la Turquie elles ne doivent pas viser une adhésion, mais la possibilité d'aboutir à un accord de partenariat privilégié auquel d'autres pays de la Méditerranée pourraient également être associés;

- que l'unanimité est requise pour toute décision au Conseil européen et donc qu'aucune décision ne peut se prendre sans l'accord du Luxembourg;

demande au Gouvernement

- de s'opposer, lors du Conseil européen du 17 décembre 2004, à toutes négociations en vue d'une adhésion de la Turquie à l'Union européenne;

- de proposer, lors du Conseil européen du 17 décembre 2004, que les négociations avec la Turquie visent à conclure un accord de partenariat privilégié.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als éischte Riedner ass den Här Michel Wolter agedroen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Bäitrëtt vun der Tierkei ass e Sujet, dee mat vill Passioun diskutéiert gëtt. D'Kenntnis respektiv d'Onkenntnis iwwer Geschicht, Kultur a Leit vun engem Land, dat um Rand vum europäesche Kontinent läit, d'Relioun vu senger Populatioun, an dat wat vill Leit haut mat där Relioun a Verbindung bréngen, nämlech islamesche Fundamentalismus an Terrorismus uechtert d'Welt, droen dozou bäi, dass déi allgemeng Perceptioun vun der Tierkei an der Europäescher Unioun eng ass, déi d'Opnam vu Bäitrëttsverhandlungen net zu engem Fait divers vun der europäescher Agenda maachen.

D'Tierkei ass zënter fënnef Jorzéngte mat Europa enk verbonnen. Si ass Grënnungsmember vun der NATO, Member vum Europarot zënter 1950, mat der EG associéiert zënter 1963. D'Tierkei huet hir Bäitrëttsdemande zur europäescher Gemeinschaft 1987 gestallt an d'Zollunioun tëschent der EU an hir ass zënter 1995 a Kraaft.

1999 hunn déi europäesch Stats- a Regierungschefen um Sommet vun Helsinki d'Tierkei als Kandidatestat confirméiert an hir Adhésiounsvokatioun ënnerstrach. Schlussendlech läit säit dem 6. Oktober 2004 déi nuancéiert positiv Recommandatioun vun der Kommissioun vir, déi dem Europäesche Conseil un d'Häerz leet, d'Opnam vu Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei am Dezember ze beschléissen. D'Entwécklung vun de Relatioune vun der Tierkei mat der EU sinn deemno am Laf vun de Joren a Jorzéngte lues a lues a Richtung Bäitrëttsverhandlungen erausgelaf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Opnam vu Bäitrëttsverhandlunge rifft déi enorm Erausfuerderungen an Erënnerung, déi mat enger tierkescher EU-Memberschaft verbonne wieren. Dës Erausfuerderungen ergi sech aus der Gréisst vum Land, et ass anerhallef Mol esou grouss wéi Frankräich; aus senger geographescher Situatioun tëschent Europa an Asien; aus de Relatioune mat sengen Nopeschlänner wéi dem Irak, dem Iran, Syrien an Armenien; aus senger Populatioun vun haut 70 an an 20 Joer tëschent 90 an 100 Milliounen Awunner.

Erausfuerderungen ergi sech awer och aus dem Zoustand vun der tierkescher Wirtschaft, déi zwar déi 21. Ekonomie weltwäit ass, mä awer nëmmen e PIB pro Kapp vun och 21% vun der aktueller Uniounsmoyenne erbréngt. Dobäi soll een allerdéngs net ënnerschloen, dass dat zimlech genee den Niveau ass vu Rumänien a Bulgarien, déi 2007 sollen der Unioun bäitrieden.

En tierkesche Bäitrëtt géif ouni all Zweiwel eng spierbar Belaaschtung vum europäesche Budget um Niveau vun der Landwirtschaft an de Strukturfonge bedeiten. Esou e Bäitrëtt kann deemno eréischt erfollegen, nodeem déi finanziell Perspektive fir d'Unioun iwwer 2014 eraus virleien. Och d'EU muss an der Perspektiv vun engem Bäitrëtt vun der Tierkei Efforte maachen. Dat ka keen unilateralen tierkeschen Exercice sinn, wa mer dem tierkesche Bäitrëttswonsch wëllen op fair Manéier begéinen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Opnam vu Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei ass net gläichbedeitend mat dem Bäitrëtt vun der Tierkei. De Bäitrëtt u sech gëtt konditionéiert duerch en erfollegräichen Ofschloss vun engem Prozess, deen d'Wiese vum tierkesche Stat beréiert an net wäert onverännert loossen. D'Tierkei ass zu esou engem Prozess bereet, a mir hunn et gëschter nach aus dem Mond vun hirem Premierminister hei an der Chamber héieren; an dës Bereetschaft verlaangt eise Respekt.

D'Opnam vu Bäitrëttsverhandlunge selwer ass nëmme méiglech ginn op Grond vun deene konsequente Changementer, déi an deene leschte fënnef Joer an der Tierkei stattfonnt hunn. Ech mengen domat ongezielt Verfassungs- a Gesetzesännerungen, d'Ofschafe vun der Doudesstrof, d'Erlaabnis vum Gebrauch vun der kurdescher Sprooch, d'Stäerkung vun der ziviler Administratioun an déi faktesch Aschränkung vun der Roll vun der Arméi. Am Résumé bedeit dëst, dass déi wesentlech politesch Kritären, déi e Bäitrëttskandidat muss erfëllen, haut vun der Tierkei erfëllt ginn.

Mä wéi scho gesot, d'Opnam vu Verhandlungen ass eng Saach, de Bäitrëtt ass eng aner. Et si ronn 30 Verhandlungskapitelen ofzeschléissen ier et zu engem Bäitrëtt ka kommen. All eenzelt vun dëse Kapitele muss mat Succès ofgeschloss ginn, Ausnahme ginn a goufen et fir kee Kandidat, et kann och keng fir d'Tierkei ginn. D'Europäesch Unioun muss der Tierkei am Laf vun dësem Prozess schounungslos bäibréngen, wat et heescht zu Europa ze gehéieren an Deel vum politeschen Europa wëllen ze sinn. Dat bedeit net nëmmen Demokratie a Mënscherechter, wirtschaftlech Stäerkt a Währungsstabilitéit, et bedeit och eng bestëmmte Kultur vu Sozialpolitik vu Familljepolitik, vum Respekt an der Förderung vun der Roll vun der Fra an et bedeit kulturell, reliéis, gesellschaftlech a mënschlech Toleranz.

Donieft gëtt et weider Elementer, déi een direkten tierkesche Bäitrëtt zum heitegen Zäitpunkt onméiglech géife maachen. All Joer ginn nach ëmmer honnerte vun individuelle Folterfäll aus der Tierkei gemellt, och wann net méi sou genannt systematesch gefoltert gëtt. Ob eng Persoun allerdéngs Affer vun enger Systematik oder vun individuellem Feelverhaale gouf, ass hir zimlech egal.

All Joer ginn nach ëmmer ronn 2.000 Asylanten aus der Tierkei an der Gemeinschaft opgeholl, dat kann net esou bleiwen. E Land, wat als EU-Member soll potentiell um System vum sécheren Drëttstat deelhuelen, ka kee Land sinn aus deem nach ëmmer Leit fortlafen an an der Unioun Asyl sichen. D'Relatioune mat Zypern an Armenien sinn net gekläert an och dat kann net esou bleiwen. Et ass ondenkbar, dass e Memberstat vun der EU en anere Memberstat net unerkennt, an et ass ondenkbar, datt e Memberstat vun der EU seng Grenz mat engem friddlechen Nopeschland zou léisst. All dës Froe musse beäntwert ginn, ier een un en tierkesche Bäitrëtt denke kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op där anerer Säit, an dat muss een och soen, kann een e Land a seng Leit net éiweg hinhalen. D'Tierkei huet an deene leschte Jore vill versprach kritt. Déi europäesch Vokatioun ass op ville Plazen ënnerstrach ginn. Elo no immensen tierkesche Virleeschtungen ass eng europäesch Géigeleeschtung néideg. D'Opnam vu kontrolléierten a regelméisseg evaluéierte Bäitrëttsverhandlungen ass haut eng europäesch Verflichtung géigeniwwer engem Land, dat iterativ widderholl huet, dass et Member vun der Unioun wëllt ginn, awer och géigeniwwer engem treien Alliéierten, dee sécherheetspolitesch ëmmer fest op eiser Säit stoung.

D'Tierkei ass e Stabilitéitsfaktor am Balkan, deem seng Staten och d'Vokatioun hunn der EU unzegehéieren, an doriwwer eraus. D'Tierkei ass Deel vun enger europäescher Friddensuerdnung a vun der Friddensuerdnung ronderëm Europa. Europa u sech ass nach ëmmer a besonnesch eng friddenspolitesch Entreprise, déi fir Stabilitéit a Sécherheet op eisem Kontinent suergt. Hei kann d'Tierkei an a mat Europa eng Roll spillen, déi soss kee vun den europäesche Partner kéint iwwerhuelen. D'Tierkei ass deen eenzege wierklech demokratesch konstituéierten a laizistesche Stat mat enger moslemescher Populatioun.

Si ass d'Paart op dat turksproochegt Zentralasien, e Raum, dee sech bis China erstreckt an 150 Millioune Leit zielt. Si ass Member vun der Konferenz vun den islamesche Staten an ënnerhält gläichzäiteg besonnesch privilegéiert Relatioune mam Stat Israel. A schliesslech liewen zu dësem Zäitpunkt schonn iwwer dräi Milliounen Tierken an der Europäescher Unioun, deenen hir Integratioun e wichtege Faktor vun der Kohesioun vun de Gesellschaften a Länner, wéi Däitschland, Frankräich, Éisträich an Holland ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Evaluatioun vum Inhalt a vun den Etapperesultater vu Bäitrëttsverhandlungen ass e béidsäitege Prozess. Et sëtzen zwee Partner um Dësch, déi kënnen zur Konklusioun kommen eenzel oder zesumme weiderzefueren, d'Négociatiounen auszesetzen oder ofze-

briechen. D'Verhandlunge musse mam Zil vum Bäitrëtt opgemaach ginn, well dat de Sënn vu Bäitrëttsverhandlungen ass. Mä de Bäitrëtt ass net d'office d'Resultat vun de Verhandlungen. Wouhinner dee laange Wee féiert, dee mat engem Beschloss fir d'Opnam vu Verhandlungen elo soll ugoen, dat wäert den Inhalt, d'Atmosphär an de Fortschrëtt vun dëse Verhandlunge weise mussen.

Loosse mer deemno déi legitim Erwaardunge vun de Partner an déi objektiv Fortschrëtter vun deene Verhandlungen, déi elo sollen ugefaange ginn, éierlech a fair begleeden an evaluéieren. En tierkesche Bäitrëtt an d'Unioun ass dann, awer nëmmen dann, wann e gutt preparéiert gëtt, wann en aus deene richtege Grënn stattfënnt a wann en de Leit an deenen nächste Jore begräiflech gemaach ka ginn, eng Beräicherung fir Europa.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Als nächste Riedner ass den Här Goerens ageschriwwen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet haut am Fong drëm fir Stellung ze huelen zu enger Äntwert, déi d'Lëtzebuerger Regierung de 17. Dezember soll zu Bréissel am Kader vum Conseil européen mat ginn.

Mir wäerten iwwer eng Äntwert schwätzen, wou et awer net esou sécher ass, ob mir iwwerhaapt wësse wéi d'Fro ass, déi gestallt gëtt, well wann ee sech dobaussen ëmfreet bei de Leit an et freet een, wouriwwer gëtt dann effektiv de Mëtteg an der Chamber diskutéiert, da mengen der ganz vill, et géif iwwert de Bäitrëtt vun der Tierkei an d'Europäesch Unioun diskutéiert ginn, an dat ass guer net de Fall. Et gëtt haut de Mëtteg hei driwwer diskutéiert, ob mer der Regierung sollen e Mandat ginn oder ob mer d'Regierung sollen ënnerstëtzen, datt de 17. Dezember zu Bréissel si kann hiren Accord ginn zum Ufank vu Bäitrëttsverhandlunge vun der Tierkei an d'Europäesch Unioun. Dat ass d'Fro iwwert déi mir haut de Mëtteg hei solle befannen.

Am Virfeld vun där ganzer Debatt ass enorm vill polemiséiert ginn an ech menge mir hätten Intérêt drun, fir d'Fro erëm op e sachleche Plang zréckzekréien. D'Tierkei, an et ass grad vu mengem Virriedner rappeléiert ginn, huet 1963 en Associatiounsvertrag mat der Europäescher Gemeinschaft gemaach an domat war schonn d'Vokatioun zu engem spéidere Bäitrëtt mat verbonnen. 1963 ass also schonn eng wichteg Weichestellung gemaach ginn, et ass duerno och nach zu Rapprochementer komm, ofgesi vun deenen enken transatlantesche Bezéiungen, déi mir mat deem Land hunn.

Virun e puer Joer waren den Här Fayot an ech zesummen am Europaparlament wéi mir doriwwer diskutéiert an och ofgestëmmt hunn, ob d'Europäesch Unioun soll d'Tierkei an eng Zollunioun ophuelen. Ech hunn deemools am Europaparlament dergéint gestëmmt, well ech der Meenung war, datt eng ganz Partie Acquisen notamment en matière de droits de l'homme an en matière de respect des minorités, net erfëllt waren. Ech hat awer kee Problem, datt aner Kolleegen e positive Vote ofginn hunn, well am Fong wollte mer alleguerten datselwecht.

Déi eng wollten duerch de Bäitrëtt vun der Tierkei an d'Zollunioun dozou bäidroen, datt dat Land kënnt Progrèsë maachen, an duerno si jo eng Partie Konditiounen nach nogeschoss ginn un déi d'Tierkei sech huet missen halen. An ech mengen et kann een och soen, datt déi Konditiounen, déi deemools vun europäescher Säit un d'Tierkei gestallt goufen, hiert Zil erfëllt hunn, well et sinn enorm vill Progrèsë gemaach ginn.

1999 ass um Sommet zu Helsinki am Fong beschloss gi fir de Statut vum Kandidat vun der Tierkei ze akzeptéieren, awer net zu egal wat fir enge Konditiounen, an et ass ganz kloer rappeléiert ginn, datt wann d'Tierkei eng Kéier wëllt sech der Europäescher Unioun unnäheren au point fir selwer Member ze ginn, da misste Konditiounen erfëllt ginn, an déi Konditiounen, déi sinn och festgeluecht an de sou genannte Kopenhagener Kritären.

Just ee Wuert zu de Kopenhagener Kritären, si hunn dräi Kategorien. Déi éischt Kategorie geet nämlech iwwert de Respekt vun den Droits des minorités, de Respect vun den Droits politiques, also dat wat mir Critères politiques nennen, muss an engem zefriddestellende Mooss erfëllt ginn, fir iwwerhaapt kënnen der Kommissioun ze erlabe Feu vert ze ginn, fir déi Négociatiounen ulafen ze loossen, respektiv dem Conseil européen ze proposéiere mat deene Bäitrëttsverhandlungen unzefänken.

An där éischter Kategorie vun de Kritäre vu Kopenhagen steet also ganz kloer, datt ee muss d'Mënscherechter, d'Minoritéiterechter respektéieren. Elo kann ee soen, dat huet och schonn d'Tierkei ënnerschriwwe vun deem Moment un, wéi se Member gouf vum Conseil d'Europe. Mir wëssen awer och, datt dat en Upassungsprozess war, deen am Chef vun der Tierkei net ganz einfach war, an duerch den Drock, dee progressiv exercéiert ginn ass op dat Land, an och duerch déi verschidden Ouvertüren, déi der Tierkei opgemaach goufen, war et méiglech, do Fortschrëtter ze erzilen.

Ech wëll nach eng Kéier ganz kloer soen: Mir décidéieren haut net, ob d'Tierkei Member gëtt vun der Europäescher Unioun; mir décidéiere just, ob mir déi sukzessiv Perspektiven, déi d'Tierkei vun 1963 kritt huet bis haut, weider opliewe loossen oder net - wëssend datt am Endeffekt d'Fro sech eng Kéier stellt, ob d'Tierkei däerf Member ginn, jo oder nee. Dat kann net a fënnef Joer de Fall sinn, well souguer den Här Erdoğan huet gëschter zouginn, datt déi Négociatioune schwiereg ginn, an datt laang Zäit gebraucht gëtt bis d'Tierkei och do ka sech esou der Europäescher Unioun rapprochéieren, datt ee kann déi Fro mat Jo beäntwerten.

Elo gëtt et e puer Manéiere fir déi Fro unzegoen. Ech ginn dovun aus, datt déi Kolleegen, déi hei intervenéieren, sech och Zäit geholl hunn, fir der Kommissioun vu Bréissel hire Rapport duerchzeliesen. Wann een zum Beispill kuckt, wat um wirtschaftleche Plang muss erfëllt si vu Konditiounen: Dat ass net esou ohne. D'Tierkei muss den Acquis vun der Europäescher Unioun akzeptéieren, an d'Tierkei muss och duerno wirtschaftlech prett sinn, fir kënnen d'Kompetitivitéitsregele vum Marché unique zum Beispill bei sech unzewenden. Dat sinn zwou Kategorië vu Kritären, déi mussen erfëllt sinn nieft där éischter Kategorie vu Kritären, nämlech dem Respekt vun de Mënscherechter an dem Respekt vun de Minoritéiten.

Wann een elo d'Rapporte liest vun Amnesty international zum Beispill, da gesäit een, datt do nach Fortschrëtter musse gemaach ginn. Dat gëtt och souguer den Här Erdoğan zou; dat huet en och gëschter zouginn an deem Gespréich, dat e mat eis hat. Et muss een awer en Ënnerscheed maachen tëschent der Folter, déi nach op verschiddene Plaze praktizéiert gëtt ouni den Assentiment vun den Autorités centrales oder vun den Administratiounen oder vun de Policeautoritéiten; et muss een en Ënnerscheed maachen tëschent esou enger Haltung an där Haltung, wéi se nach bis virun e puer Joer an der Tierkei d'Regel war. Et gëtt haut net méi mat der Complaisance oder dem Assentiment vun der Regierung respektiv vun de politeschen Autoritéiten an der Tierkei gefoltert. Dat weisen och d'Rapporten, déi vun deenen zoustännege Kontrollinstanzen agesat ginn.

Also, fir déi Bäitrëttsverhandlungen, zu deenen et eiser Meenung no muss kommen, well se sech an der Logik bewege vun deem, wat vun 1963 bis elo gemaach ginn ass, mussen duerno vun der Tierkei enorm vill Progrèsë gemaach ginn an deene verschiddenste Beräicher.

Dat geet iwwert den Transport, dat geet iwwert d'Frais de circulation vun de Produiten, iwwert d'Frais de circulation vun de Persounen, iwwert d'Nidderloossungsrecht, iwwert d'Wettbewerbsregelen, iwwert den Acquis en matière d'environnement, iwwert de Respekt vun de Libertés publiques, all de Regelen an den Acquisen, déi am Beräich Justice et affaires intérieures gemaach goufen, bis hin zu deenen anere Politiken, ob dat d'Agrarpolitik ass oder d'Handelspolitik, an esou weider. Do läit en enorm weites Feld virun eis.

Ech géif mer wënschen, datt déi Négociatioune fair gefouert ginn, dat heescht, datt d'Tierkei eng fair Chance kritt, an och gëschter huet de Premierminister vun der Tierkei hei net gesot, mir misste jo soen; en huet gesot: „Gitt eis eng fair Chance." An da jugéiere mir den Ausgang vun deene Verhandlungen op seng Mériten.

Fir et am Résumé ze soen, Här President, ass d'Haltung vun der Demokratescher Partei an där doter Fro déi, datt een engem Land, wat bis elo eng Serie vu Perspektiven opgemaach krut, och dës Perspektive soll weiderginn. Et soll een op kee Fall dës Perspektive verspären.

Eis Haltung ass ganz kloer: Neen zum Amalgam. Et däerf een dës Fro net vermësche mat anere Froen; et däerf een dës Fro net vermësche mat der Fro iwwert d'Konstitutioun jo oder neen, well se huet näischt domadder ze dinn. Et däerf een och net eng Exklusiv ausspriechen. Also, mir sinn och géint all Exklusiv, well soss muss een direkt nee soen, da brauch ee keng Verhandlungen unzefänken. Also keng Exklusiv a keen Amalgam, och keen Automatismus, well wann ee Bäitrëttsverhandlungen opmécht, heescht dat net automatesch, datt een dozou scho jo gesot huet, datt ee schonn eng definitiv Ausso mécht iwwer hiren Ausgang, soss brauch een net ze négociéieren.

Eis Haltung ass och ganz kloer déi, datt ee soll op eng korrekt Manéier jo an nee soen. Et gëtt eng Manéier fir jo ze soen, dat ass, wann een um Enn vum Prozess bei all deenen Etappe virdu jo gesot huet zu de Perspektiven. An de Jo kann nëmme just kommen, wa sämtlech Konditioune vun der Tierkei erfëllt sinn, an nëmmen dann, wann d'Kommissioun au préalable de Rapport gemaach huet, deen dem Conseil européen an dem Europaparlament, déi an där doter Fro mussen tranchéieren, dat och suggeréiert. Eréischt da kann een um nationale Plang eng Décisioun huelen.

Elo gëtt et awer och Manéiere fir neen ze soen. Eng Manéier fir neen ze soen, dat ass jo ze soen zu de Verhandlungen a sech dann hannert engem eventuelle Referendum ze verstoppen, wëssend datt d'Opinion publique majoritairement dergéint ass. Dat ass ongeféier déi hannerhältegst Manéier fir neen ze soen. Een, deen ze feig ass fir carrément neen ze soen, dee ka jo soen zu de Bäitrëttserklärungen a jo zum Referendum. Et ass kee Fall bekannt - an ech hat gëschter och dem Här Erdoğan d'Fro hei gestallt - et ass mir kee Fall bekannt an him och net, datt bei iergendengem anere Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun am net Bäitrëttsland e Referendum iwwert déi dote Fro ofgehal gi wier.

Ech géing et och onfair fannen. Ech woen nëmme just ee Moment drun ze denken, wat passéiert wier, wa mir deemools iwwert de Bäitrëtt vun dem Grënnungsstat Bundesrepublik an der Europäescher Gemeinschaft ofgestëmmt hätten hei zu Lëtzebuerg. Ech mengen net, datt mir majoritär dofir gewiescht wieren. Ech fannen, dat do ass eng Fro, déi muss tranchéiert ginn au niveau parlementaire. Mir kënnen net déi Fro do dem Populismus präisginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Charles Goerens *(DP).*- Eis Haltung ass awer ganz kloer déi: Keng Exklusiv, keen Automatismus, keen Amalgam an och keen Instrumentaliséiere vun den demokratesche Meenungsprozesser an Décisiounsstrukturen.

Här President, déi Fro hei ass vill ze vill eescht, fir se an e puer Minutten ze tranchéieren. Ech mengen, dat haut ass e gudden Usaz, et ass och gutt, datt mir doriwwer geschwat hunn. Mir wëssen d'Haltung vun der Regierung. Haut kënne mir och d'Haltung vun deenen aneren Oppositiounsparteien hei zur Kenntnis huelen. Meng Partei ënnerstëtzt also d'Regierung, och an deem, wat den Här Juncker gëschter dem Här Erdoğan gesot huet am Bäisein vu sengem Ausseminister.

Mir mengen, et soll een der Tierkei déi Chance ginn, déi se verdéngt huet - net méi an net manner. Mir sollen d'Tierkei esou behandele wéi mir déi aner Länner behandelt hunn, hir eng fair Chance ginn, an au vu vun hire propre Mériten eis Décisioun à la fin du compte huelen. Dat kann ënner Ëmstänn eréischt am Joer 2020 de Fall sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass den Här Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, „D'Tierke kommen.", seet de Volleksmond, an denkt domat u Masse Leit, déi ons iwwerschwemmen, ons nei Gewunnechte bréngen, Aarbechtsplaze besetzen. Kommen d'Tierke wierklech? Neen, se kommen net, oder nëmmen, wa mir se ruffen, wéi an Däitschland an de 60er Joren.

D'Tierke bleiwe gradesou gär doheem ewéi mir, wa se doheem ze schaffen hunn, fräi sinn a sech wuel fillen. Mir wëllen hinnen dobäi hëllefen. Mir maachen dat iwwregens schonn an der Stratégie de préadhésion. Mir hunn 1995 eng Zollunioun mat hinnen ofgeschloss, fir dass si hir Wirtschaft entwéckele kënnen an hir Leit bei sech Aarbecht fannen. Mir maachen dat och aus eegenem Interesse, fir de Fridden an där Géigend, fir d'Rou an d'Stabilitéit vun Europa, fir eng roueg an tolerant Relatioun mam Islam, well Islam an Demokratie zesummeginn an zesummegoe mussen.

Mir wëllen d'Tierken och net ouni weideres ophuelen. Mir stellen hinne kloer Konditiounen. Si mussen se erfëllen, wa se Member vun der Europäescher Unioun wëlle ginn. Mir kënnen dobäi net een oder zwee Aen iwwert d'Problemer vun der Tierkei zoudrécken, mir mussen se grouss opdoen.

D'Tierkei war an ass nach ëmmer keen einfacht Land. D'Tierkei ass net d'Schwäiz oder Lëtzebuerg. Déi modern Tierkei hat dräi Militärputschen - 1960, 1970 an 1980 - kannt. Si huet e fofzéngjährege Biergerkrich mat de Kurde kannt, dee 35.000 Doudecher mat sech bruecht huet. Si huet eng chronesch onstabel Regierung a se huet haut eng islamesch Regierung, déi déi traditionell kemalistesch Majoritéit ofgeléist huet a Modernitéit an Demokratie duerstellt. Wéi laang déi politesch Stabilitéit dauert, weess haut keen.

Fundamental Problemer fir d'Zukunft vum tierkesche Statswiese wéi vun der Gesellschaft sinn d'Relatiounen tëschent dem politeschen an dem militäresche Pouvoir, tëschent dem Stat an der Relioun, tëschent dem Zentralstat an de kurdeschen an armenesche Minoritéiten, alles Problemer, déi net geléist sinn, héchstens um Wee vun der Léisung sinn.

Säit 2001 huet d'Tierkei, fir de Kopenhagener Kritären ze entspriechen, déif gräifend Reforme vun der Verfassung an der Gesetzgebung virgeholl. Si bréngen dat Land op de Wee vun enger moderner a fräier Demokratie. Zwou Froe vun enger ganzer Partie ginn allerdéngs ëmmer nach hefteg an Europa diskutéiert wann iwwert d'Tierkei rieds ass, an ech wëll se hei kuerz évoquéieren.

Déi éischt ass: Besteet d'Tortur an der Tierkei weider an ass se systematesch? D'Fro vun der Tortur stellt kloer Froen op d'Funktionéiere vun engem Rechtsstat an dobäi och vun der Effikassitéit vun de Reformen, déi d'Politik an der Tierkei duerchgesat huet.

D'Mënscherechtsvereenegung vun der Tierkei, déi sech ëm d'Torturkloe bekëmmert, mëllt fir 2003 925 Kloen an hiren Zentren, fir 2004 597, wouvun der 297 Torturen aus dem Joer 2004 concernéieren. 90% vun deenen Demandë betreffe politesch Fäll.

Dogéint gëtt et wéineg Fäll vu Geriichtsplaintë géint d'Tortionnairen, awer vill Pressioune géint d'Mënscherechtsorganisatiounen. Déi Donnéeën erlaben ze konstatéieren, datt d'Tortur an der Tierkei nach ëmmer besteet, dass se net vereenzelt ass, dass se besonnesch um Land an an der Militärzon grasséiert, an dass et nach ëmmer net evident ass, ob de politesche Pouvoir staark genuch ass, fir sech géint d'Militär duerchzesetzen. Wann och an de grousse Stied manifestement Verbesserungen agetratt sinn, kann een datselwecht net fir aner Géigende behaapten.

Déi zweet Fro ass d'Fro no der Stellung vun der Fra an der tierkescher Gesellschaft. Si gëtt vun den Tierke mat Kultur a Mentalitéiten erkläert. Dofir ass d'Législatioun sécher en avance op d'Mentalitéit, déi sech natierlech immens lues ännert. Bei der Schoulrentrée zum Beispill am September 2004, ware 650.000 Meedercher net scolariséiert. Et ginn, wéi de Premierminister Erdoğan ons gëschter hei erkläert huet, grouss Efforte gemaach fir d'Aschoulung vun de Meedercher erbäizebréngen, mä déi Efforten hunn net aboutisséiert fir den Ableck.

Besonnesch och um Land ass d'Gewalt géint d'Fraen an de Familje grouss. Et gëtt nach ëmmer sou genannt Verbrieche wéinst der Éier a sou genannte Crimes d'honneur, besonnesch bei de Kurden. Och déi ganz Affär ronderëm d'Penalisatioun vun dem Adultère weist d'Problemer vun enger Gesellschaft, déi sech schwéier deet mat der Moderniséierung no westleche Kritäre weiderzekommen.

Déi Feststellunge weisen, dass d'Tierkei haut net zeideg ass fir an d'EU anzetrieden an dass nach vill dovunner ofhänkt, wéi dat Land sech an deenen nächste Joren entwéckelt. Dat gëllt och fir verschidde Reaktioune vun den Tierken Zypern a Griichenland géintiwwer, dat gëllt fir Minnefelder tëschent der Tierkei a Griichenland, déi nach ëmmer dat ugespaante Verhältnis tëschent engem Land vun der EU an der Tierkei belaaschten.

Mir mussen déi grouss Problemer gesinn, déi sech an deem Land an och duerch dat Land stellen. Mir

mussen awer och déi grouss Opportunitéite vun der Tierkei gesinn. D'Tierkei huet säi Wee an Europa zu Europa hin 1923 ugefaangen, wéi dat Land sech zu enger demokratescher a laizistescher Republik ënnert dem Kemal Atatürk ëmgewandelt huet.

Nom Zweete Weltkrich ass d'Tierkei 1949 schonn direkt, also bei der Grënnung, Member vum Europarot ginn, 1951 Member vun der NATO, da vun der OCDE. Och huet d'Tierkei seng Kandidatur, fir Membre associé vun der europäescher Wirtschaftsgemeinschaft ze ginn, ganz fréi déposéiert, an 1963 ass den Accord d'association ënnerschriwwe ginn, an 1987 huet d'Tierkei seng Kandidatur agereecht, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn.

Ech hu schonn op d'Union douanière vun 1995 higewisen, an iwwer verschidden Etappen ass et dunn zur Décisioun vum Europäesche Rot komm zu Helsinki 1999, fir d'Tierkei als Kandidat festzehalen.

De Conseil européen vum 17. Dezember dëst Joer soll also festleeën, ob de Respekt vun de politesche Kritäre vu Kopenhagen d'Ophuele vu Bäitrëttsverhandlungen erméiglecht, an et ass gutt, dass den Här Goerens kloer drop higewisen huet, dass et sech nëmmen ëm d'Ophuele vu Verhandlungen handelt an net ëm iergendeen Ofschloss. Et ass also en Ufank mat deem mir hei befaasst sinn.

Deen Ufank vu Verhandlungen iwwert de Bäitrëtt vun der Tierkei an d'Europäesch Unioun ass also eng logesch Konsequenz vum Wee vun der Tierkei no Europa. A wa mer vun Europa schwätzen, schwätze mer net nëmme vun enger geographescher Entitéit, mir schwätze vun enger demokratescher Entitéit, enger politescher an och enger kulturreller Entitéit, well déi Géigend vun der Tierkei ass och d'Wéi vum kulturellen Europa. Dat Land spillt eng grouss Roll am Mëttelmier an am Noen Osten. Mir kënnen net einfach d'Lueden erofloossen a maache wéi wann dat ons näischt u géif goen.

Dofir soe mir Jo zu Verhandlunge mat der Tierkei, ënnert deene strikte Konditiounen, déi d'Kommissioun an hirem Bericht proposéiert. Et geet ons net nëmmen ëm en nach méi grousse Maart wéi mer e schonn hunn, et geet ons ëm eng Chance fir de Fortschrëtt an d'Besserstellung vun de Mënschen an der Tierkei an ëm de Fridden an der Géigend. Ob a wéi dat geschitt, muss d'Zukunft ons weisen. Dofir kënne mir haut net soen, ob d'Tierkei a fënnef, an zéng oder a 15 Joer Member vun der Europäescher Unioun gëtt. Mir wëllen dofir de 17. Dezember 2004 eng Dier opmaachen, an net méi, just eng Dier opmaachen. Also net an d'EU erakommen, mä d'Dier fir an d'EU eranzekommen opmaachen. D'Dier zu enger Chance fir de Fridden, fir d'Stabilitéit an der Tierkei an och selbstverständlech an där Géigend an dofir och a ganz Europa.

Ech soen Iech Merci.

Här President, ech wollt awer bei där Geleeënheet eng Motioun virleeën, déi ënnerzeechent ass vun dem Här Wolter, dem Här Goerens, dem Här Bausch, der Madame Err a mir selwer, déi eben dat confirméiert, wat déi viregt Riedner scho gesot hunn an héchstwahrscheinlech och weider nach wäerten ausféieren.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant l'accord d'association entre la CECA et la Turquie de 1964, prévoyant la perspective d'une adhésion future de la Turquie à la Communauté;

- considérant l'entrée en vigueur de l'union douanière entre l'Union européenne et la Turquie le 31 décembre 1995, ultime étape prévue par l'accord d'association;

- considérant les conclusions du Conseil européen d'Helsinki du 10 et 13 décembre 1999, qui réaffirment «le caractère inclusif du processus d'adhésion, qui regroupe (...) treize pays candidats dans un cadre unique» et qui confirment que « la Turquie est un pays candidat, qui a vocation à rejoindre l'Union sur la base des mêmes critères que ceux qui s'appliquent aux autres pays candidats»;

- considérant les conclusions du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002, stipulant que «si, en décembre 2004, le Conseil européen décide, sur la base d'un rapport et d'une recommandation de la Commission, que la Turquie satisfait aux critères politiques de Copenhague, l'Union européenne ouvrira sans délai des négociations d'adhésion avec ce pays»;

- considérant la recommandation de la Commission du 6 octobre 2004 invitant le Conseil européen du 17 décembre 2004 à décider l'ouverture de négociations d'adhésions avec la Turquie, en conditionnant le déroulement des négociations par une stratégie de trois piliers (processus de réformes, cadre de négociation, dialogue politique et culturel);

invite le Gouvernement

- à se prononcer en faveur de l'ouverture de négociations d'adhésion avec la Turquie en 2005 lors de la réunion du Conseil européen du 17 décembre 2004, en insistant sur le respect des critères formulés dans la recommandation de la Commission du 6 octobre 2004 tout au long du processus de négociation, qui sera dès lors un processus ouvert, sujet à évaluation régulière sur base de rapports établis par la Commission.

(s.) Ben Fayot, François Bausch, Lydie Err, Charles Goerens, Michel Wolter.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch ageschriwwen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro ass schonn e puermol de Mëtteg hei gestallt ginn, mä ech mengen, et drängt sech op, datt ee se nach eng Kéier stellt. Wat steet eigentlech haut de Mëtteg hei am Zesummenhank mat der Tierkei zur Debatt?

Verschidde politesch Kräfte spille mat der Bevölkerung andeem se virtäusche wéi wa schonn ënner Lëtzebuerger Présidence en Datum fir d'Ophuele vun der Tierkei als vollwäertegen EU-Member géif ustoen. Dat ass natierlech net de Fall. An deenen nächste Méint muss oder soll eng wichteg Tëschenetapp am Zesummenhank mat de Beméiunge vun der Tierkei, fir sech zu enger vollwäerteger Demokratie zum europäesche Modell ze entwéckelen, ofgeschloss ginn. Fir dës Beméiungen ze honoréieren an ze stäerke sollen dofir definitiv Verhandlunge mat deem Land opgeholl ginn, en vue vun enger eventueller zukünfteger Adhésioun.

Et ass schonn erstaunlech, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dass zënter ee bis zwee Joer op eemol esou vill politesch Kräften d'Tierkei entdeckt hunn. Ech stelle fest, datt déi Problemer, déi vun deene Kräften do opgeworf ginn, nämlech d'Verletzung vun de Mënscherechter oder de Kurdeproblem, am aktuellste waren net an deene leschten zwee Joer, mä laang virdrun, a si se do net entdeckt haten.

Déi Gréng haten dëst Land mat all senge Problemer schonn an den 80er an 90er Joren entdeckt, zu deem Zäitpunkt also, wou d'Verletzung vun de Mënscherechter oder d'Ënnerdréckung vu Minoritéiten, wéi dem kurdesche Vollek, besonnesch schlëmm waren. Dofir ware mir bis Enn den 90er Joren extrem zréckhalend am Zesummenhank mat der Opnam vu Verhandlunge mat der Tierkei a mir hunn um europäeschen Niveau méi wéi eng Kéier gehollef op d'Brems ze trëppelen.

Déi, déi zënter ee bis zwee Joer awer d'Tierkei eréischt entdeckt hunn, do hunn ech de staarke Verdacht, déi hu se virun allem entdeckt, well se mengen, si kënnten um Bockel vum tierkesche Vollek populistescht Kapital an hire Länner erausschloen. Si erhoffe sech politescht Kapital erauszeschloen doduerch, datt d'Bevölkerungen an Europa aus verständleche Grënn, wëll ech hei betounen, sech Froe stellen oder veronséchert sinn. Dës Virgoensweis ass bei deene politesche Kräften zwar net iwwerraschend, mä ugesiichts dem demokrateschen a friddenspolitesche Enjeu, dee sech mat der Tierkei-Fro verbënnt, duebel bedauerlech an och geféierlech. Ech wëll an dëser Debatt zu véier wichtege Punkte kuerz Stellung bezéien.

Éischt Fro, déi och schonn e puermol gestallt ginn ass haut de Mëtteg: Gehéiert d'Tierkei iwwerhaapt an d'Europäesch Unioun? Dës Fro ass eiser Meenung no historesch scho laang virun 1999 entscheet ginn, wou d'Land an der EU eestëmmeg den Titel als Bäitrëttskandidat kritt huet. D'Tierkei ass historesch ganz enk zënter laangem mat Europa verbonnen. Schonn d'Osmanescht Räich huet seng Spuren an Europa hannerlooss an ëmgedréint hunn déi al europäesch Muechten och ganz staark den osmaneschen Territoire politesch a kulturell, fir et emol esou gelinde auszedrécken, markéiert.

D'Tierkei ass net nëmme Member vun der NATO, mä och vun enger ganzer Rei vun europäeschen Institutiounen. Schonn haut gëtt et privilegéiert Bezéiungen tëschent der EU an der Tierkei am Rahme vun der Zollunioun. Oft gëtt jo d'Fro gestallt, ob déi absolut prioritär muslimesch Bevölkerung dann och wierklech interesséiert ass, der kulturell staark geprägter chrëschtkathoulescher EU bäizetrieden.

Dozou wëll ech e gréngen Europa-Deputéierte mat engem éischter net europäeschen Numm, duerfir en awer net manner interessanten Numm, zitéieren, den Cem Özdemir. Wéi den Numm Iech verréit kënnt Der Iech jo virstellen aus wat fir engem kulturellen Hannergrond, dass en hierkënnt. Hien huet kierzlech an enger däitscher Dageszeitung dozou Folgendes bemierkt, an ech zitéieren: „Ginge es nach der Europa-Begeisterung der Bürger und Bürgerinnen in der Türkei, so müsste die Türkei sofort Mitglied werden“ an dann huet en a Klammeren hannendru gesat „und etwa Großbritannien sofort austreten.“

Zweete Punkt: Wat ass säit 1999 an deem Land alles geschitt? Bannent dräi Joer huet an deem Land eng politesch Revolutioun stattfonnt. Néng grouss Gesetzespaquete si verofschiet ginn, fir d'Tierkei un d'EU-Recht erunzebréngen. Doranner goufen ënner anerem décidéiert: d'Ofschafung vun der Doudesstrof, d'Gläichstellung vu Mann a Fra, Respekt vun de Minderheeterechter, Pressefräiheet, Fräigab an Aglidderung an de Schoulsystem vun anere Sproochen, déi vu Minoritéiten an der Regioun geschwat ginn, dorënner och kurdesch, d'Reform vum gesamte Justiz- a Strofvollzuch, an doriwwer eraus ass den Afloss vum Militär a vum nationale Sécherheetsrot an der Tierkei op d'Politik däitlech beschnidde ginn.

All dës Reforme wären ni geschitt, wann net eng Perspektiv bestanen hätt an der Tierkei fir e Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun, an déi Regierung, déi de Moment um Pouvoir ass, konnt se nëmmen duerchsetzen, well dës Perspektiv bestanen huet.

Une voix.- Très bien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Drëtte Punkt: Wou gëtt et nach Mängel a wat bleift nach ze maachen an der Tierkei? Och wann dës Ustrengunge méi wéi begréissenswäert sinn, esou sinn awer nach vill Mängel festzestellen, virun allem bei der Ëmsetzung vu Gesetzestexter an d'Praxis happert et nach ganz staark.

Zum Beispill - an dat ass och schonn de Mëtteg ugeschwat ginn - gëtt et nach ëmmer keng konsequent Ënnerbannung vu Folter oder vum net Anhale vun de Mënscherechter an der Tierkei. Do muss een awer dobäi soen, et wär jo erstaunlech, wann an engem Land, dat eréischt zënter e puer Joer aus enger Militärdiktatur erauskënnt, wann do géing esou rapid um Terrain, och vun deenejéinegen, déi virdru gewinnt waren d'Mënscherechter net ze applizéieren an net ze akzeptéieren, déi elo an der Praxis kënnen einfach esou akzeptéiert ginn. Do hannendru verstoppt sech natierlech eng ganz komplizéiert Reform fir d'Tierkei, nämlech déi vum gesamte Polizei-, Justiz- a Militärapparat. A wann ee weess natierlech, dass deen d'Soen absolut hat während laange Joren, da weess een, dass dat net esou einfach ass.

Weider Theme sinn d'Sécherstellung vun der Schoulausbildung fir Meedercher a Fraen. Ech wëll awer nëmmen e puer Sujeten opnennen - et gëtt der nach eng ganz Rei anerer och am ekonomesche Beräich, déi scho vu ville vu menge Virriedner hei ugeschwat gi sinn. Mir mengen als Gréng, dass eng réckwäertsgewandte Politik, wéi zum Beispill de Versuch fir den Ehebroch ënner Strof ze stellen, d'Tierkei sech net ka leeschten, wa se déi geréngste Chance wëllt hunn iergendwann eng Kéier an d'EU ze kommen.

A ville gesellschaftleche Beräicher wäerten an deenen nächste Jore weider staark Ustrengunge vun der Tierkei verlaangt ginn. Mä wann een awer déi dräi Recommandatioune kuckt, déi dräi Haaptpiliere kuckt, déi d'EU-Kommissioun an hirem Ofschlossrapport festgehalen huet am Kader vun enger eventueller Opnam vu Verhandlungen, da gesäit een, dass grad déi dräi Pilieren - an ech hu leider net genuch Zäit fir se am Detail elo hei opzezielen - wäerten dozou bäidroen, dass deen néidegen Drock entsteet, fir dass an deenen do Beräicher och eppes geschitt.

Mä virun allem muss ech awer och hei soen, dass et net stëmmt wa behaapt gëtt den Tierkei-Prozess, dat wier schonn alles décidéiert, do wär kaum nach eppes drun ze rüttelen. Grad an deenen dräi Pilieren ass am Detail beschriwwe wéi dee Prozess soll oflafen, dass en oppen ass. Virun allem sinn och all déi laang Iwwergankszäiten an och zousätzlech Sonderregelungen, zum Beispill an de Beräicher Strukturpolitik, Landwirtschaft, Fräizügegkeet vun den Arbeitnehmer, also Schutzklauselen, do virgesi fir onbehellegt op den europäesche Marché ze kommen. All déi Saache sinn dora virgesi.

A virun allem déi drëtt Sail, an dat géing ech soen ass nach bal déi wichtegst fir déi nächst Joren, niewent de Reformprozesser, déi domat ënnerstëtzt ginn an der Tierkei selwer, dat ass, dass virgesinn ass fir de politeschen a kulturellen Dialog tëschent de Mënschen an der Tierkei an der Europäescher Unioun méi ze förderen, d'Leit méi zesummenzebréngen an an deem Kontext virun allem e staarkt Gewiicht op d'Zivilgesellschaft ze setzen.

Als Konklusioun, Här President, déi gréng Fraktioun ass der Meenung, dass d'Opnam vu Verhandlungen aus folgenden Iwwerleeunge richteg an och wichteg ass.

Éischtens fir den demokratesche Prozess an dësem grousse muslimesche Land ze stäerken. Zweetens well d'Tierkei als Grenz zum Noen Oste fir d'EU vu besonneger Bedeitung ass a schlussendlech well d'Gelénge vun engem sozialen an demokratesche Reformprozess an der Tierkei e wichtegt Zeechen an eng nei Hoffnung fir eng ganz Regioun ka sinn.

Mir hunn dofir och déi gemeinsam Motioun vun der CSV, der LSAP an der DP mat ënnerschriwwen, well se déi am Moment wichtegst Fuerderung am Zesummenhang mat der Tierkei-Fro fir d'EU an domadder och fir Lëtzebuerg kläert, nämlech d'Opmaache vun engem Verhandlungsprozess mat engem oppenen Enn, dat heescht wou net vu vireran e positiivt Resultat muss onbedéngt erauskommen.

A schlussendlech, Här President, déi Gréng sinn der Meenung, ob d'Endresultat positiv wäert sinn hänkt virun allem vun der Tierkei herno selwer of, nämlech ob dëst Land bereet ass oder fäeg ass europäesch Standarden an Normen ze erfëllen. Mir wëllen deem Land déi Chance ginn a mir mengen, dass et net nëmme fir dat Land eng Chance ka sinn, mä doriwwer eraus fir d'gesamteuropäesch Unioun an och wäit doriwwer eraus.

An deem Sënn wäerte mir selbstverständlech och déi Motioun vun haut mat stëmmen an aus deemselwechte Grond evidenterweis ënnerstëtze mer och d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. D'Wuert huet elo den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen effektiv de Mëtteg jo iwwer ee vun deene wichtegste Sujeten, déi d'Zukunft vun der Europäescher Unioun uginn, nämlech d'Türkei. Ech wéilt vläicht am Numm vun der Regierung och hei ganz kuerz véier Aspekter uschneiden, déi d'Relatioun mat der Türkei versichen erëmzespigelen.

Fir d'éischt, an de François Bausch huet schonn ugesat gehat: Huet d'Türkei eng europäesch Vokatioun? Déi zweet Fro: Huet d'EU Interessen un enger Memberschaft vun der Türkei? An déi drëtt Fro: Ass d'Türkei prett? Wat sinn déi grouss Erausfuerderungen an dësem Prozess? An da véiertens: Wou sti mer, wat sinn d'Décisiounen, déi ze huele sinn?

Bei der Fro, ob d'Türkei eng europäesch Vokatioun huet, wëll ech awer vläicht virewech hei festhalen, dass d'Europäesch Unioun - an ech mengen do sidd Der alleguerte mat mer d'accord - eng Communautéit vun demokrateschen an humanistesche Wäerter ass, eng Communautéit, déi verbënnt an déi Gemeinsamkeeten erschléisst, net ausschléisst.

D'Türkei ass historesch gesinn ee vun de Foyere vun der europäescher Entwécklung. D'Stied Ephesus, Bodrum, Myra a Klengasien un der Ägäis weisen et. Dat si Stied, déi virun 2.000 Joer am beschte Sënn vum Wuert schonn europäesch waren. Konstantinopel, Istanbul huet laang als zweet Roum gegollen an der Zäit vun de byzantinesche Keeser. Eis europäesch Jurisprudenz geet op de Kodex vum Justinian am 5. Jorhonnert zréck, all seriöen Affekot weess dat. Op de Fundamenter da vun der Antik an dem byzantinesche Räich rout zum Deel déi ottomanesch Zivilisatioun, déi et notamment an der Architektur an am Art décoratif zu enger grousser Bléi bruecht huet.

Et kann ee soen, dass ausser Roum keng aner Stad esou vill an esou déif gräifend Wuerzelen an Europa huet. D'Geschicht ass en zolidd Fundament op dat mer eis gemeinsam Zukunft opbaue kënnen. D'Tierkei huet sécherlech eng ganz aner Kultur wéi mir hei zu Lëtzebuerg. Mä och d'Griichen hunn eng ganz aner Kultur wéi d'Iren, an d'Portugisen hunn eng ganz aner Kultur wéi d'Dänen. An dach sinn dës Länner ënner engem Daach, dee mer Europäesch Unioun nennen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

D'Tierkei ass - dat ass och schonn dacks hei gesot ginn de Mëtteg - ee musulmanesche Stat, dee laïque ass, an dat - dat muss een ënnersträichen - zënter 80 Joer. Eleng d'Erausfuerderung fir iwwert d'Reliounen ewech, iwwert d'Gebräicher ewech, iwwer d'Mentalitéitstabuen ewech der europäescher Wäertegemeinschaft eng Dimensioun vun engem neien Ausmooss ze ginn, engem Ausmooss vun Toleranz, vu Respekt a vu Versteesdemech, ass jo eng formidabel Aufgab fir béid Säiten.

Bei der Fro da vun den Interesse vun der Europäescher Unioun un engem Bäitrëtt vun der Tierkei ass un éischter Plaz eng Schinn ze fueren, déi a mengen Ae manner philosophesch wéi och strategesch natierlech ass. D'Bréck tëschent der westlech geprägter Kultur an dem Orient ass ouni d'Tierkei net esou ze intensivéieren. Mat der Tierkei kritt awer dës Konstruktioun eng ganz aner Bedeitung. De Fridden an der Europäescher Unioun, dat musse mer hei wëssen, d'Stabilitéit, den Impakt vun der Europäescher Unioun op der Weltbühn steet an dëser Fro mat um Agenda.

Also, eleng aus dëser Siicht gesinn huet net d'Tierkei eleng en Intérêt an d'Europäesch Unioun ze kommen, och d'EU huet Avantagen ze erwaarden, also ass dëser Optik och vill Gewiicht bäizemoossen.

De Rapprochement vun de Kulturen, strategesch wéi politesch Perspektive si vu groussem Wäert, mä och terre à terre, dat muss ee gesinn. Et däerf een deen ekonomesche Plang net ënnerschätzen. D'Tierkei ass e Maart mat Zukunft. En Abannen an d'Europäesch Unioun dréit dozou bäi dës Relatiounen ze stäerken. Den Intérêt fir d'Europäesch Unioun un enger Memberschaft vun der Tierkei ass also evident.

Wat sinn d'Erausfuerderungen? An der Tierkei liewen elo 65 Millioune Leit. Am Joer 2020 wäerten et 80 Millioune sinn, esou vill wéi der haut am gréisste Land vun der Europäescher Unioun liewen, an Däitschland.

Angscht an der EU mécht ee méiglechen Awanderungsdrock op eis Länner. Dëse Phenomeen stellt sech iwwregens bei all Erweiderung. Am Fall vun der Tierkei ass dëse Punkt, wéi mer wëssen, vu primärer Wichtegkeet. Dass also laang Periode vun Transitioun bei der Zirkulatiounsfräiheet agebaut musse ginn, ass onëmgänglech. Hei ass vun zéng a méi Joren als Iwwerganksperiod auszegoen.

Aus finanzieller Siicht gëtt, oder dat ass de Mëtteg versicht ginn ze maachen, eng méiglech Adhésioun vun der Tierkei als Gouffre financier duergestallt, mä loosse mer dat emol schéi realistesch a roueg maachen. Hei gëllt et virewech am Agrarsecteur selbstverständlech och eng Iwwerganksperiod anzebauen. Et kann een op der Basis vun där heiteger Politique Agricole Commune, der PAC, mat enger EU-Ausgab vun iwwer fënnef Milliarde pro Joer fir d'Tierkei rechnen. Loosse mer emol eng Relatioun hierstellen, dat wiere 50% vun deem, wat haut Frankräich kritt.

An der Strukturpolitik ginn d'Zouwendunge ganz kloer geschat vun der Kommissioun a vun aneren Organismen an der EU op zéng Milliarden Euro. Mat fënnef Milliarde Contributioun vun der Tierkei ass awer och am Géigesaz ze rechnen. Also ronn zéng Milliarden Euro géif dat den EU-Budget kaschten am Joer; graff betruecht. Wann een dat rechent op d'Awunnerzuel vun den Europäer: 20 Euro pro Joer. Also ass et kee Gouffre.

Déi gréissten Erausfuerderung, an do sinn ech mat all deene Leit d'accord, déi dat hei ugeschnidden hunn - déi véier lescht Riedner -, ass de Reformprozess a Saache Mënscherechter an Demokratie. Ech hunn och hei net d'Zäit am Detail op d'Evolutioun anzegoen. Festhale muss een awer, dass zënter dem Conseil européen vum Dezember 1997 zu Lëtzebuerg enorm Fortschrëtter gemaach gi sinn.

D'Doudesstrof ass stufeweis, elo 100% ofgeschaaft an deem Land. D'Expressiounsfräiheet, d'Manifestatiounsfräiheet, d'Rechter vun de Minoritéiten, d'kulturell Rechter, d'zivil Kontroll iwwert d'Arméi an a Saachen Tortur ass d'Nulltoleranz am Gesetz - ech soen: am Gesetz - verankert, an déi türkesch Autoritéiten hu selbstverständlech all Zewidderhandlungen opzedecken an ze sanktionéieren.

All dës positiv Développementer hunn d'EU-Kommissioun dozou gefouert ze schlussfolgeren, dass d'Kopenhagener Kritären zefriddestellend, ech betounen zefriddestellend, op franséisch suffisamment, erfëllt sinn. D'Mise en oeuvre vun all dëse Reforme muss selbstverständlech mat Determinatioun weidergefouert ginn.

Eleng um Gebitt - an dat muss ee mengen ech de Kolleege vum ADR soen - vun den individuelle Fräiheete sinn an de leschte Jore fir 65 Millioune Leit entscheedend Verbesserungen an der Tierkei Realitéit ginn, an dat duerch d'Tatsaach, dass de Wëlle besteet, eng EU-Memberschaft unzestriewen. Dës Dynamik däerf net gebrach ginn, un éischter Plaz am Intérêt, ech soen et nach eng Kéier, vun de Mënscherechter.

Leschte Punkt dann: Wou sti mer haut, wat sinn d'Décisiounen, déi ze huele sinn? Zënter dem Associatiounsaccord tëschent der CECA an der Tierkei 1964, sinn dräi Etappen ze ënnersträichen:

- Dezember 1999 zu Helsinki: De Conseil européen seet, dass d'Tierkei Kandidat ass, wou sech déiselwecht Kritären ze applizéieren hu wéi fir déi aner Länner;

- Dezember 2002 zu Kopenhagen: De Conseil européen hält fest, dass d'Kommissioun am Joer 2004 ee Rapport mécht - mir wëssen, dass dat jo geschitt ass am Oktober - mat enger Recommandatioun, an dass dann de Conseil européen décidéiert, ob d'Négociatiounen ouni Délai mat der Tierkei opgeholl ginn;

- déi drëtt Etapp, de Rapport vun der Kommissioun gëtt Feu vert, e formuléiert awer engersäits wéi d'Verhandlunge solle gefouert ginn an anerersäits hält e fest, dass dëse Prozess en oppene Prozess bleiwe muss, dat heescht ënner anerem, dass d'Négociatiounen zu all Moment opgrond vun engem Kommissiounsrapport ënnerbrach kënne ginn.

D'Lëtzebuerger Regierung ass dofir, dass d'Décisioun vu Kopenhagen respektéiert gëtt. Dass folglech keng nei, zousätzlech Etappen elo definéiert ginn. Dofir ass d'Motioun, déi hei ënnerschriwwe ginn ass vu véier Parteien, an déi den Här Fayot abruecht huet, ganz am Sënn vun der Démarche vun der Regierung.

Ech wéilt hei ënnersträichen, dass d'Lëtzebuerger Regierung net mat enger Formel wéi se erfonnt ginn ass déi Säit der Musel, déi heescht „privilegierte Partnerschaft", d'accord ass.

D'Tierkei ass elo schonn, Dir Dammen an Dir Hären, e privilegéierte Partner vun der Europäescher Unioun duerch d'Zollunioun, déi jo ënnerschriwwe ginn ass 1995, an och duerch „Berlin Plus". Aus menger Siicht, dat soen ech hei ganz kloer, huet d'EU all Interesse, et mat enger Tierkei ze dinn ze hunn, déi Member vun der Europäescher Unioun wëllt ginn, anstatt mat enger Tierkei, déi näischt vun der Europäescher Unioun wësse wëllt, dëst och am Interesse vun der Stabilitéit vun der Europäescher Unioun.

Nun, Här President, fir ofzeschléissen, ech sinn eigentlech ganz houfrech Politiker vun engem Land ze sinn, an deem déi véier gréisst Parteien aus dësem Land, vu fënnef vertruedenen hei am Parlament, d'accord sinn, fir der Tierkei hir Chance ze ginn, an also Verhandlungen opzehuelen.

Den ADR huet eigentlech hei a senger Interventioun d'Thees fir d'Antithees selwer geliwwert. Den ADR sot, et knuppen zwee Wäerter openeen hei, Europa mat senger Kultur, d'Tierkei mat der Kultur vum Mëttleren Osten. Esou Theese baséieren op - a mengen Aen - engem kloren Antagonismus-Fetischismus. Wa se wierklech géifen enges Dags openaner knuppen, da froen ech mech, wat d'Konsequenze wieren, och fir eis hei an Europa. D'EU-Politik huet d'Aufgab, dee Knuppert ze verhënneren. Dee Knuppert däerf net stattfannen. Den Antagonismus duerch Integratioun ofbauen ass eist Zil, net duerch Isolatioun opbauen.

Politik mécht een net mat Angschtgefiller, Politik mécht ee mat Courage, mat engem Friddensmessage an och mat engem Solidaritéitsugebuet. Sollt d'Tierkei enges Dags EU-Member ginn, wat ech hoffen - mir hunn d'Dier fir Verhandlungen opzemaachen de 17. Dezember -, dann hunn déi, déi dëse Wee wëlle goen an der Europäescher Unioun dee Courage gewisen, deen ee braucht fir Europa als wierkleche Player mat Gewiicht um Planéit méi staark a Positioun ze bréngen.

D'Chamber gëtt mat dëser Motioun, déi mat honnertprozenteger Sécherheet gestëmmt gëtt, der Regierung e kloert Mandat, fir de 17. Dezember der Tierkei eng Chance ze ginn um Conseil européen, an ech soen Iech alleguerten dofir Merci.

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister.

Ech denken, dass mer da kéinten direkt zum Vote vun deenen zwou Motioune kommen. Déi zwou Motioune si kloer an däitlech, an ech mengen duerch d'Interventiounen och vun deenen eenzelne Fraktiounsspriecher ass kloer duergeluecht ginn, wat dann an deenen zwou Motiounen ass, respektiv wat d'Differenz ass.

Dofir géif ech proposéieren, dass mer direkt zum Vote kéime vun der éischter Motioun, déi vum Här Jacques-Yves Henckes déposéiert ginn ass.

Motion 1

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 5 Jo-Stëmmen a 55 Nee-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Da komme mer zur Motioun 2, déi den honorablen Här Ben Fayot déposéiert huet.

Motion 2

Vote

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer fir de Moment um Enn vun der Sitzung ukomm. Mir ënnerbriechen elo d'Sitzung. An e puer Minutte wäert de President vum Europaparlament antreffen, an da wäerte mer säi Message héieren.

D'Sitzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est interrompue entre 15.43 heures et 15.53 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung nees op.

5. Discours de Monsieur le Président de la Chambre des Députés

Monsieur le Président, c'est pour moi un grand honneur et un réel plaisir de vous souhaiter au nom de tous les membres de la Chambre des Députés une très cordiale bienvenue dans notre Parlement et dans le cadre d'une séance publique, souhaits de bienvenue que je voudrais étendre à votre délégation et en particulier à Monsieur Julian Priestley, secrétaire général du Parlement européen, voire à Madame Christine Verger, directrice de votre cabinet.

Je tiens par ailleurs à vous remercier, Monsieur le Président, d'avoir trouvé le temps de vous adresser aux élus luxembourgeois et par le biais de notre retransmission télévisée en direct au peuple luxembourgeois malgré votre calendrier particulièrement chargé ces derniers jours et surtout aujourd'hui.

Nous savons tous que vous venez tout droit de Strasbourg où, il y a quelques heures, la nouvelle équipe de commissaires européens a été investie. Je suis sûr qu'une grande majorité de notre Parlement se réjouit du vote intervenu.

Nous sommes convaincus que la nouvelle commission tâchera d'œuvrer au mieux dans l'intérêt de l'Union européenne et de ses citoyens.

Vous me permettez, Monsieur le Président, de réfléchir un instant sur les événements de ces dernières semaines relatifs à l'investiture de la nouvelle Commission européenne.

Tout d'abord je pense que ce qui s'est passé démontre bien qu'il existe au niveau européen un débat politique et un discours démocratique.

Monsieur Barroso lui-même a bien su évaluer la portée du comportement du Parlement européen lorsqu'il a déclaré que: «Ces derniers jours ont démontré que l'Union européenne est une construction éminemment politique et que ce Parlement élu par les votes populaires dans tous nos États membres, a un rôle vital à jouer dans la gouvernance de l'Europe.»

Le Parlement européen a montré qu'il sait faire usage des instruments qui lui sont attribués par les traités en vigueur et qu'il est prêt à assumer les nouvelles responsabilités que lui confère le traité constitutionnel.

Lors d'un discours au Conseil européen du 4 novembre 2004 vous avez bien fait de mentionner, Monsieur le Président, «qu'il ne s'agissait à aucun moment d'une crise institutionnelle ou d'un bras de fer entre les institutions», mais que «ce qui s'est passé s'inscrit dans la normalité du débat démocratique».

Je me félicite que l'Union européenne puisse se valoir d'un équilibre institutionnel capable de défendre au mieux les valeurs qui en sont le fondement même.

Nous nous félicitons par ailleurs que le traité constitutionnel prévoit que les parlements nationaux seront davantage associés à la politique européenne.

La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg, fermement déterminée à utiliser pleinement le moment venu ces nouvelles prérogatives, vient de discuter tout récemment sur sa stratégie européenne afin d'améliorer davantage la fonction européenne dans son enceinte. Ceci se traduit notamment par la création d'une cellule spécialement chargée du suivi intense des affaires européennes.

Nous avons sensibilisé les présidents des différentes commissions parlementaires de prévoir pour chaque réunion de commission un point à l'ordre du jour pour les dossiers européens. Nous sommes déterminés de nous concerter avec tous les acteurs de la procédure législative en vue d'une réduction des retards de transposition des directives européennes sans oublier que nous avons convenu de réserver une place plus importante à la politique européenne dans nos différents instruments de communication.

La semaine passée, nous avons fixé, ensemble avec le Gouvernement, la date du référendum sur la ratification de la Constitution européenne au 10 juillet 2005. Une place primordiale dans la vie politique et démocratique de notre pays reviendra à ce référendum, car le dernier référendum ici au Luxembourg, Monsieur le Président, remonte à l'année 1937.

J'ose prédire que la majorité des partis représentés dans cette enceinte s'exprimeront en faveur de la ratification et je suis persuadé que les citoyens luxembourgeois ne failliront pas à leur réputation de peuple pro-européen bien que nous ne prenions pas à la légère ce rendez-vous politique avec les électeurs luxembourgeois voire avec ceux en provenance des pays de l'Union européenne que nous avons tenu à associer à cette consultation populaire.

Monsieur le Président, l'année 2004 a été marquée par un événement capital dans l'histoire de l'Union européenne: son élargissement à 25 membres.

Cependant cette étape ne constitue pas la fin du mouvement d'adhérence à l'Union européenne. D'autres pays sont demandeurs: la Bulgarie, la Roumanie, la Croatie, l'ancienne République yougoslave de Macédoine sans oublier évidemment la question de l'adhésion éventuelle de la Turquie, une question sur laquelle le Parlement vient de débattre juste avant votre arrivée et qui s'est soldée par le vote d'une motion, qui a été très largement appuyée, invitant le Gouvernement à donner son accord le 17 décembre à Bruxelles en vue de commencer les négociations avec la Turquie.

Monsieur le Président, le traité constitutionnel, l'élargissement de l'Union, la sécurité en Europe et dans le monde et bien d'autres sujets suscitent des questions voire des angoisses auprès des citoyens.

Le remède, vous l'avez si bien décrit dans votre discours du 29 octobre 2004 à Rome lorsque vous disiez: «Faisons le nécessaire pour gagner la confiance des citoyens européens. Parlons-leur des défis à relever. À nous de parler de l'Europe, de son identité, de ses valeurs, de ce qu'elle signifie, de sa raison d'être.

Expliquons-leur que ce traité constitue un cadre dont l'évolution repose entre leurs mains afin de rendre notre Europe capable de relever les défis du troisième millénaire. En commun, nous le ferons mieux qu'aucun pays ne saurait le faire seul. Faisons un effort pédagogique et motivons les citoyens européens afin de vaincre les deux grands ennemis de notre démocratie, c'est-à-dire l'ignorance et l'indifférence.»

Monsieur le Président, la stratégie de Lisbonne, le pacte de stabilité, les ressources financières de l'Union, la question de la sécurité de nos citoyens, de l'asile, de l'immigration et bien d'autres sujets mériteraient d'être relevés. Je dois m'en passer au vu de votre programme chargé.

Je voudrais terminer en vous disant à quel point nous apprécions tous votre geste envers le Parlement luxembourgeois d'avoir accepté de prendre la parole en sa séance plénière d'aujourd'hui et j'ose espérer qu'il préfigure une coopération riche et fructueuse entre notre Parlement et le Parlement que vous présidez.

M. Josep Borrell, *Président du Parlement européen.*- Merci, M. le Président.

M. le Président.- Monsieur le Président, si vous permettez je vous passe la parole, et je vous invite à prendre la parole à la tribune.

6. Discours de M. Josep Borrell, Président du Parlement européen

M. Josep Borrell, *Président du Parlement européen.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten. Je dois avouer que ma connaissance du luxembourgeois s'arrête ici et je vais continuer en français, si vous le permettez.

(Hilarité)

Monsieur le Président, Mesdames et Messieurs les Députés, c'est un grand honneur et un grand plaisir pour moi de pouvoir m'adresser à vous aujourd'hui à l'occasion de ma visite officielle à Luxembourg.

Au cours des travaux de la Convention sur le futur Traité constitutionnel, qui a été signé à Rome le 29 octobre dernier, j'ai eu la chance de rencontrer des Luxembourgeois, dont l'amitié m'honore. Je connais toute l'activité déployée par les membres de ce Parlement au sein de la Convention. Je me souviens en particulier des documents de M. Helminger sur les autorités locales en Europe et de ceux de M. Ben Fayot sur le système institutionnel. Je suis ravi de vous revoir aujourd'hui.

L'étroite collaboration qui existe entre vous et le Parlement européen à travers la COSAC, dont j'ai fait partie pendant de longues années, a toujours été enrichissante. C'est d'ailleurs au cours de la dernière présidence luxembourgeoise, en 1997, qu'il a été décidé d'inviter les nouveaux Etats membres - candidats à l'époque - comme observateurs aux réunions de la COSAC. Cela a été très positif pour notre collaboration à l'époque et je suis sûr qu'elle continuera à être fructueuse dans le futur.

Monsieur le Président, Mesdames et Messieurs les Députés, permettez-moi d'aborder quelques-uns des points que le Président a traités dans sa présentation; quelques points de travail qui nous sont communs et qui affectent la vie quotidienne de tous les Européens.

Permettez-moi de commencer par les événements qui ont jalonné la procédure d'investiture de la Commission, qui vous ont sans doute intéressés - comme tous les Européens d'ailleurs -, peut-être préoccupés, mais qui aujourd'hui avec les événements qui viennent de se produire à Strasbourg, nous donnent à tous l'assurance que la démocratie en Europe a bien fonctionné. Elle a même un peu grandi.

En effet, le 27 octobre dernier, le Président Barroso a eu la sagesse de demander au Parlement européen de ne pas se prononcer; il n'a pas demandé le report du vote mais il a demandé que l'horloge s'arrête. Et il a bien fait, je pense, parce qu'il n'aurait pas reçu l'appui nécessaire. Il aurait peut-être réussi à faire passer la majorité plus un, mais sans doute ça n'aurait pas été suffisant. Et je pense qu'il a eu raison de demander un délai supplémentaire pour remanier sa proposition de Collège des Commissaires.

Aujourd'hui, et seulement trois semaines plus tard, d'une façon très diligente et très active et avec le concours du Conseil, le Parlement a montré une grande flexibilité pour que les nouvelles auditions se produisent vite. Nous avons pu investir la Commission Barroso par pratiquement deux tiers des voix: 449 voix pour, 149 voix contre et 82 abstentions. C'est même plus que ce que Monsieur Barroso avait eu pour lui tout seul quand il a été investi Président de la Commission.

Je pense qu'il faut en tirer un certain nombre de leçons, car cela a été un moment fort de la démocratie parlementaire européenne. Quelles leçons? Tout d'abord je tiens à exprimer ma conviction que ce qui s'est passé a fortifié la démocratie au sein de l'Union européenne, a renforcé nos institutions - toutes! - et a favorisé l'intérêt des citoyens pour le débat politique européen. Parfois on se plaint que ce qui se passe au Parlement européen n'intéresse personne. Mais cette fois-ci on peut dire que les Européens s'y sont intéressés. Et finalement ce qui s'est passé a rendu aussi plus effectif le respect des droits fondamentaux des Européens.

En deuxième lieu, j'ai toujours dit - Monsieur le Président a bien voulu le rappeler - qu'à aucun moment je considérais qu'il s'agissait d'une crise institutionnelle, d'un bras de fer - vous l'aviez bien dit! Ce qui s'est passé s'inscrit tout à fait dans les normalités du débat démocratique. Le Parlement européen n'a pas fait autre chose que d'utiliser les pouvoirs que les traités lui confèrent. Ce serait vraiment bizarre qu'on nous octroie des pouvoirs à la condition que nous ne les employions jamais. Ce serait vraiment bizarre qu'un examen doive automatiquement et toujours se terminer par la réussite de l'examiné. Ce ne serait pas un examen, ce serait un chèque en blanc.

Non, je pense qu'on a traité des questions très importantes: l'asile, l'immigration, le rôle des femmes dans la famille et le travail, la non-discrimination des personnes en raison de leur préférence sexuelle, la relation entre éthique et politique... . Et parce que c'étaient des choses importantes, et surtout parce que c'étaient des choses appréhendables, les gens pouvaient comprendre; ce débat-là les a intéressés et ils y ont participé.

Il est normal que l'Europe, qui vient de se doter d'une Charte des droits fondamentaux, débatte de ces sujets et il est normal que ce soit au sein du Parlement européen - la grande agora - qu'ils y soient discutés.

Par contre je ne pense pas que le Parlement européen ait discriminé quiconque en fonction de ses croyances religieuses. Vraiment je ne le pense pas! Ce serait une erreur de croire que ce qui s'est passé était un refus d'une personne en raison de ses croyances religieuses. Et si Monsieur Erdoğan, qui a été hier ici chez vous, avait tenu les mêmes propos qu'on a entendus au Parlement européen, croyez-vous que ça aurait augmenté la chance de la Turquie de devenir membre de l'Union européenne? Sans doute pas! Et que je sache Monsieur Erdoğan n'est pas catholique.

En troisième lieu, il faut dire aussi que le Parlement a démontré qu'il n'est pas un «tigre de papier». On a très souvent lu cela dans les journaux: «Oh oui, le Parlement européen, c'est du „gossip", c'est un „talk show", c'est du „baratin"; finalement ils feront ce que leurs gouvernements vont leur ordonner de faire. Cela ne mérite pas beaucoup d'attention car c'est une simple formalité.»

Eh bien, non et on ne pourra plus jamais le dire. Le Parlement européen existe, il devient visible et c'est une bonne nouvelle pour la démocratie européenne. Je vous répète, nous n'avons rien fait d'autre que d'exercer nos compétences. Nous avons recommencé les auditions, d'une façon - comme je vous l'ai dit - rapide et flexible. Nous avons renoncé par exemple au régime linguistique pour réaliser la procédure écrite avec seulement deux ou trois langues pour aller plus vite. Mais ça n'a pas été une procédure „soldée", les nouvelles auditions ont été aussi exigeantes que celles qui ont été tenues auparavant.

Nous avons donc une Commission plus forte, un Parlement plus crédible, et c'est l'Europe toute entière qui y gagne.

Pour notre part, et je l'ai réaffirmé au Président Barroso aujourd'hui, nous sommes maintenant prêts - et il est prêt aussi - à commencer un nouveau partenariat entre nos deux institutions, un partenariat fondé sur le respect et la confiance mutuelles, guidé par la volonté de faire de l'Europe un monde où nos institutions contribuent à la démocratie, à la légitimité et à l'efficacité du système.

Maintenant, permettez-moi de dire quelques mots sur la Turquie. Monsieur Erdoğan était chez vous hier, de même qu'il est venu au Parlement européen. Et pour ma part, je vais lui rendre visite en Turquie en décembre.

La Turquie est une grande question. De votre côté, vous demandez à votre Gouvernement de commencer les négociations. Du côté du Conseil, on ne sait pas ce qu'ils vont décider. Et pour ce qui est du Parlement européen, nous allons également nous prononcer, même si personne ne nous le demande. Pour le moment, le Parlement européen n'a pas son mot à dire. Et c'est tout de même bizarre qu'il n'ait pas son mot à dire au début puisque, à la fin du chemin des négociations - on ne sait pas quand -, le Parlement européen aura in fine le dernier mot. Sans son accord, il ne pourra y avoir d'élargissement, que ce soit à la Turquie ou à qui que ce soit d'autre.

Je pense qu'il est important que le Parlement donne son avis dès le début. Cet avis n'aura pas de conséquence juridique, il ne sera pas contraignant, mais du point de vue politique, il est primordial que nous disions ce que nous en pensons au cours d'un débat qui sera un peu le débat de tous les Européens.

La Turquie est déjà un pays candidat. Que cela plaise ou non, c'est son statut. On peut dire: «Oui, mais ils ont été trop vite à Helsinki.» Peut-être! Mais c'est un pays candidat à l'adhésion. La Turquie pose beaucoup de questions, la plus importante n'est peut-être pas la religion et son appartenance au monde islamique, mais peut-être plus le fait que c'est un pays très grand et très pauvre.

Mais il faudra leur dire que quelle que soit la décision qu'on prenne, le problème le plus important pour l'Europe aujourd'hui, à mon avis, c'est son rapport avec le monde islamique. C'est sans doute le problème le plus important pour notre futur, et ce problème passe par - sans doute - l'Iraq, l'Afghanistan, la Palestine - ce que l'on n'a pas été capable de résoudre ou d'empêcher de se produire. Il passe aussi par le partenariat euro-méditerranéen, qui n'a pas beaucoup avancé depuis Barcelone en 1995.

Et il passe également par l'intégration des immigrants musulmans dans nos sociétés. Nous avons déjà 14 millions de musulmans en Europe. Il y en a 1.000 millions dans le monde et nous devons faire notre possible pour montrer au monde musulman que nous ne traçons pas nos frontières en fonction de ce choc des civilisations que certains s'obstinent à provoquer.

Nous avons tout intérêt, nous les Européens, à consolider l'islamisme démocratique en Turquie et les perspectives de l'adhésion peuvent sans aucun doute énormément contribuer à ce processus.

Le hasard de l'histoire a voulu que la question de la Turquie ait lieu au moment de la question de la Constitution. Et j'ai bien peur, et vous aussi, je pense, que la question turque ne contamine le débat constitutionnel. On court le risque que les citoyens répondent „en turc" à la question sur la Constitution européenne. Ces questions n'ont rien à voir l'une avec l'autre. Chaque chose en son temps. Mais nous savons que dans la psychologie collective, on pourrait donner une réponse préventive à la question sur la Turquie et il faut faire un effort pédagogique pour éviter le mélange.

Le Parlement européen va se prononcer. Le débat sera sans doute très fort et très intéressant mais je ne peux pour le moment préjuger de la réponse que donnera le Parlement.

Pour ce qui concerne la Constitution, votre pays va faire un référendum le 10 juillet prochain. Mon pays, l'Espagne, le fera le 20 février, et ce sera le premier pays où il y aura un référendum. La Lituanie l'a déjà ratifiée par une procédure parlementaire. Pour vous c'est très important puisque vous n'avez pas fait de référendum depuis 1937 et encore, que je sache, le résultat n'a pas été celui qu'on attendait. C'est peut-être heureux. Mais je ne vais pas entrer dans le détail de votre histoire car, vous le savez bien, les référendums c'est „le diable qui s'en charge". Parfois la réponse n'est pas celle qu'on attend. Il faut faire un grand effort de pédagogie pour que les gens sachent au moins quelle est la question, qu'ils répondent au texte de la question, et non pas au contexte dans lequel la question se pose.

De notre côté, nous allons dynamiser les débats. Nous aurons un rapport, élaboré par deux députés très distingués, Messieurs Corbett et Méndez de Vigo, qui ont aussi fait partie de la Convention. Vous vous rappelez sans doute, Monsieur Helminger et Monsieur Ben Fayot, de leur travail, mais là on peut espérer que le Parlement européen aura une forte majorité, je pense, en faveur de la Constitution.

Mais qui sait, peut-être l'histoire va-t-elle s'écrire le 1er décembre en France, avec le référendum du Parti socialiste, qui aura sans doute une énorme importance pour ce processus.

Vous savez que le Parlement européen sera beaucoup plus important avec la Constitution en vigueur, il aura plus de pouvoir et les parlements nationaux auront aussi un rôle beaucoup plus important à jouer. Ils participeront plus à la construction de l'Europe, rendant ainsi l'Europe un peu plus parlementaire, un peu plus démocratique et plus participative. Et je pense que c'est très important étant donné que les gouvernements ont déjà fait beaucoup. Et je crois que beaucoup de gouvernements en Europe n'ont pas trop envie d'en faire plus. C'est l'heure des citoyens, c'est l'heure des gens. Si l'Europe doit avancer, ce sera parce qu'il y aura dans la citoyenneté européenne la volonté qu'elle le fasse.

Finalement, on verra bien comment toutes ces questions vont se dérouler.

Je souhaiterais aussi traiter une question, je dirais plus domestique, entre vous et nous: le rapport entre le Luxembourg et les institutions européennes.

Depuis que je suis Président du Parlement, et même avant, on m'a demandé maintes fois: «Qu'est-ce que vous croyez: trois sièges, c'est cher, c'est compliqué, c'est complexe?» J'ai toujours dit et je le répète ici, et pas seulement parce que je suis à Luxembourg aujourd'hui, que nous avons trois lieux de travail, que ça fait partie de l'histoire de l'Europe, que c'est comme ça que les traités définissent le travail de nos institutions et que c'est inutile d'en discuter plus parce que c'est comme ça et pour très longtemps.

D'accord c'est cher et complexe mais l'Europe est complexe et la

guerre, par exemple, coûte beaucoup plus cher. Je pense que l'Europe, qui a fait son unité à travers cette volonté de vivre ensemble, ne pourra pas être dans un seul lieu. Cela serait - et je le répète - en effet beaucoup plus pratique. Mais Strasbourg et Luxembourg sont des villes qui ont une histoire en Europe et l'écho de ce qu'on ne peut oublier.

Alors croyez-moi, le Parlement européen est à Luxembourg et il va y rester. Lorsque quelqu'un achète des maisons, ce qui est notre cas; lorsque l'on fait de très importants investissements immobiliers - Monsieur le Secrétaire général m'a très bien mis au courant des achats que nous sommes en train de faire pour nous installer dans un seul grand, moderne et confortable bâtiment -, lorsqu'on sait que le nombre de fonctionnaires va augmenter - nous avons ici au Luxembourg la plus grande partie de nos fonctionnaires et même beaucoup plus ici qu'à Bruxelles et Strasbourg réunis; lorsque l'on sait que la charge de travail en terme de traductions va encore augmenter et que la traduction va continuer à siéger ici à Luxembourg, alors vous avez là toutes les preuves de la volonté de rester à Luxembourg.

Pour conclure, je voudrais aborder un sujet où le Gouvernement luxembourgeois va devoir faire de grands efforts pour le résoudre: je parle des perspectives financières. J'ai eu la chance de siéger avec le Président du Gouvernement luxembourgeois, Monsieur Juncker, pendant de longues années au Conseil «budget» de l'Union européenne. Nous étions tous les deux alors Ministres du Budget, c'est toujours une référence, et nous avons travaillé ensemble sur les budgets européens, à l'époque, avec beaucoup d'amitié. Je suis très confiant sur le rôle que vous allez jouer sur cette difficile question. Si ce n'est pas vous, si ce n'est pas le Luxembourg, ça sera beaucoup plus difficile pour les Britanniques de le résoudre. Vous, finalement, vous n'avez pas signé la lettre 18, celle qu'on appelle „la lettre de riches", tout au moins la lettre des gens qui financent le budget communautaire, et c'est bien, ça vous donne une position plus équilibrée pour faire face aux problèmes.

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'autoriser le Gouvernement à procéder à la construction d'une tour-radar à l'aéroport de Luxembourg, y compris l'acquisition et l'installation des équipements techniques, ainsi que les aménagements extérieurs. La construction d'une nouvelle tour-radar s'impose pour plusieurs raisons. D'une part, les installations techniques actuelles ne répondent plus aux nouvelles normes techniques définies par Eurocontrol à partir de la deuxième moitié de l'année 2005 et aux obligations internationales à assumer en matière de circulation aérienne. Dans une phase transitoire, le respect de ces conditions est assuré par une mise à jour des logiciels concernés. D'autre part, le maintien du site actuel de la tour-radar pénaliserait de futurs projets de construction d'infrastructures dans l'enceinte aéroportuaire. Finalement, l'effort architectonique lié à ce projet se justifie par le souhait de rendre à l'aéroport un aspect plus adapté à son importance économique.

Pour le détail du coût, il est renvoyé à la fiche financière jointe à l'exposé des motifs du projet de loi. Le montant total arrondi du devis estimatif se chiffre à 11,6 millions d'euros correspondant à la valeur 579,98 de l'indice semestriel des prix de la construction au 1er octobre 2003.

La durée totale de réalisation est projetée à 28 mois.

Dépôt par M. Lucien Lux, Ministre des Transports, le 11.10.2004

Rapporteur: M. Marc Angel

Travaux de la Commission des Transports (Président: M. Roland Schreiner):

09.11.2004	Désignation d'un rapporteur
	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
25.11.2004	Examen et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 02.12.2004

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix.- Neen, Här President.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

Aus legale Grënn, déi mat der Prozedur zesummen hänken, widderhuelen ech meng Kommunikatioun vum 26. Oktober 2004, datt de Poste vun engem Conseiller an der Cour des Comptes fräi ginn ass.

1) Conformément à l'article 7, paragraphe 5 de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes et aux dispositions des articles 117 à 130 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée, 30 jours au moins après la présente communication, à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes en remplacement d'un membre démissionnaire.

Les intéressés posent leur candidature par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas, ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être adressées au Président de la Chambre des Députés au plus tard dans les 15 jours qui suivent la présente communication.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2 de la loi précitée sont remplies, à savoir:

a) être de nationalité luxembourgeoise,

b) jouir des droits civils et politiques,

c) offrir les garanties de moralité requises,

d) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction,

e) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès dans l'une des matières suivantes: sciences économiques et sociales, études de réviseur d'entreprise, droit et science politique.

La présente information sera publiée sous forme de communiqué de presse par le Greffe.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Depuis le 18 novembre 2004, les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. **5402** - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 18.11.2004

2. **5403** - Projet de loi modifiant 1) le Code des assurances sociales; 2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois; 3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension

Dépôt: M. le Ministre de la Sécurité sociale, le 24.11.2004

3. **5404** - Projet de loi portant approbation des amendements, adoptés par le Comité des Ministres, à Strasbourg, le 15 juin 1999, à la Convention pour la protection des personnes à l'égard du traitement automatisé des données à caractère personnel (STE n°108) permettant l'adhésion des Communautés européennes

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.11.2004

4. **5405** - Projet de loi portant approbation 1. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et modifiant l'article 2 et l'annexe de ladite convention, signé à Bruxelles le 30 novembre 2000, 2. du Protocole modifiant la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et le protocole sur les privilèges et immunités d'Europol, des membres de ses organes, de ses directeurs adjoints et de ses agents, signé à Bruxelles le 28 novembre 2002, et 3. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol), modifiant ladite convention, signé à Bruxelles le 27 novembre 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.11.2004

5. **5406** - Projet de loi portant 1. approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg le 8 juin 2004, 2. approbation de la Décision 2003/725/JAI du Conseil du 2 octobre 2003 modifiant les dispositions de l'article 40, paragraphes 1 et 7, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, et 3. modification: a) de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police, b) du Code d'instruction criminelle, c) de la loi modifiée du 28 juillet 1973 réglant l'usage des armes et autres moyens de contrainte par les membres de la force publique dans la lutte contre la criminalité, d) de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Dépôt: M. le Ministre de la Justice, le 26.11.2004

6. **5407** - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Dépôt: M. le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 26.11.2004

7. **5408** - Projet de loi concernant la modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal; b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail; c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Dépôt: M. le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 29.11.2004

8. **5409** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

Dépôt: M. le Ministre du Trésor et du Budget, le 29.11.2004

4) La Chambre des Députés a été saisie de deux pétitions:

- la pétition N° 264 du 15 mai 2004 pour la fermeture du Stafelter et

- la pétition N° 265 du 23 novembre contre le financement de la Mammerent sur la réserve des caisses de pension.

5) Les représentants des Commissions spécialisées en affaires communautaires et européennes des États membres, des pays candidats et du Parlement européen se sont réunis les 22 et 23 novembre 2004 à La Haye dans le cadre de la XXXIIème COSAC (Conférence des Organes spécialisés dans les affaires communautaires et européennes). La délégation de la Chambre des Députés se composait de M. Laurent Mosar, Président de la délégation, ainsi que de M. François Bausch, M. Ben Fayot et M. Gast Gibéryen.

Les parlementaires ont étudié les systèmes de contrôle du respect du principe de subsidiarité que les Parlements sont en train de mettre en place dans le contexte du mécanisme d'alerte précoce. Introduit par la Constitution européenne, ce mécanisme permet à tout Parlement national d'un État membre, dans un délai de six semaines à compter de la date de transmission d'un projet d'acte législatif européen, d'adresser aux Présidents du Parlement européen, du Conseil et de la Commission un avis motivé exposant les raisons pour lesquelles il estime que le projet en cause n'est pas conforme au principe de subsidiarité. Dans le cas où un tiers des Parlements concluent au non-respect du principe de subsidiarité, le projet de la Commission européenne doit être réexaminé.

La délégation luxembourgeoise a plaidé en faveur de l'implication de toutes les Commissions parlementaires concernées dans les dossiers européens, de manière à ne pas en réserver l'examen aux Commissions des Affaires européennes.

Les représentants parlementaires ont conclu dans ce contexte qu'ils ont un intérêt certain à échanger leurs conclusions en matière du contrôle du respect du principe de subsidiarité.

Donnant suite à un document intitulé «Declaration on the role of national parliaments to raise national European awareness», établi par deux membres néerlandais de la Convention sur l'avenir de l'Europe, les parlementaires ont lancé un appel à la Conférence des Présidents des Parlements afin de déterminer une semaine pour débattre sur le programme législatif annuel de la Commission européenne.

6) M. Marc Angel, M. Fred Sunnen, Mme Colette Flesch, Mme Lydia Mutsch et M. Jean-Pierre Koepp ont représenté la Chambre des Députés à la 50e session annuelle de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, qui s'est déroulée du 12 au 16 novembre 2004 à Venise.

L'Assemblée a adopté des résolutions concernant les moyens pour faire face à la prolifération nucléaire, la reconstruction et le développement en Irak et en Afghanistan après les conflits, les opérations de l'OTAN en Afghanistan, la relance du dialogue transatlantique en matière de sécurité ainsi que la traite des enfants.

Les 300 parlementaires des 26 pays membres de l'OTAN et des 13 délégations associées ont également discuté sur la lutte contre le terrorisme, les capacités et les nouveaux partenariats de l'OTAN.

Dans le cadre de la réunion conjointe de l'Assemblée de l'OTAN et du Conseil de l'Atlantique Nord, M. Jaap de Hoop Scheffer, Secrétaire général de l'OTAN, a expliqué que «Le renforcement du rôle politique de l'OTAN requiert (…) une culture du débat». Une culture où les discussions sur l'avenir du Kosovo, de l'Afghanistan et même de l'Irak, ne sont pas des exceptions, mais la règle. Une culture où les Alliés n'abordent pas les aspects fondamentaux de la sécurité dans le seul but de parvenir à un consensus ou de prendre une décision, mais aussi pour échanger des points de vue, même si cela n'aboutit qu'à un «accord sur l'existence d'un désaccord». Nous ne devons pas nous accrocher à l'idée qu'une discussion au Conseil de l'Atlantique Nord doit toujours se conclure par un consensus sur une opération militaire.

Un autre orateur, à savoir le Général James Jones, Commandant Suprême des forces alliées en Europe (SACEUR), a déclaré que «L'OTAN se transforme. Elle est toujours considérée comme une institution utile et son action peut influer sur le cours des événements. Elle deviendra ce que l'on veut qu'elle soit, et je suis persuadé que, comme au XXème siècle, elle représente un des meilleurs espoirs de sécurité et de stabilité pour l'avenir».

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an hirer Reunioun vum 25. November Folgendes virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer

d'Presentatioun vum Budgetsrapport vun der Finanzkommissioun duerch de Rapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar.

Mar, um hallwer dräi

1) den Exposé vum Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statshaushalt vum Joer 2005,

2) de Projet de loi 4965 iwwert de Compte général vum Joer 2001, nom Modell 1, an

3) de Projet de loi 5344, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Terrorismus, nom Modell 1.

Iwwermar, en Donneschdeg, och um hallwer dräi

1) de Projet de loi 5260 iwwert den Artikel 22 vum Code des assurances sociales, zesumme mat der Proposition de loi 5173, nom Modell 1,

2) de Projet de loi 5373 iwwert d'Kulturzentren zu Ettelbréck an zu Iechternach, nom Modell 1,

3) de Projet de loi 5342 iwwert d'Ausbesserung vum Flughafen, nom Modell 1,

4) de Projet de loi 5385 iwwert de Bau vun engem Radartuerm um Findel, nom Modell 1, an

5) d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Haut de Mëtteg, léif Kolleeginnen a Kolleegen, presentéiert eis den Här Budgetsrapporteur, Laurent Mosar, de Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Budget vum Joer 2005.

Här Rapporteur, Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

3. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann een als Budgetsrapporteur vun der Finanz- a Budgetskommissioun bestëmmt gëtt, sou ass dat eng grouss Éier, awer och eng riseg Erausfuerderung fir jiddfer Politiker, deem dës Éier an deenen allermeeschte Fäll nëmmen eemol a senger Carrière zoufält.

Dëst Joer ass dann d'Erausfuerderung besonnesch grouss gewiescht, well ech fir déi éischte Kéier ënnert där neier Prozedur der Chamber de Budgetsrapport dierf presentéieren. Aneschters wéi an de vergaangene Jore kënnt et net zu engem Rapport complémentaire, sou datt de Rapporteur nëmme méi een Optrëtt op der Chambertribün mécht an de Budget och zum Ofschloss vun den Debatten den Donneschdeg d'nächst Woch direkt hei ka gestëmmt ginn.

Déi nei Budgetsprozedur, déi d'Koalitiounspartner während de Verhandlunge fir d'Regierungsbildung am Summer beschloss hunn, bleift net ouni Auswierkungen op d'Aarbechte vum Budgetsrapporteur a vun der Chamber. De Budgetsprojet gouf dëst Joer eréischt an der zweeter Oktoberhalschent presentéiert an d'Acteure vun der Prozedur haten duerno just nach fënnef Woche fir hir Avisë respektiv hire Rapport auszeschaffen. Perséinlech fannen ech, datt sech dëse méi gerafftene Kalenner positiv op déi gesamt budgetär Aarbechten ausgewierkt huet. Net nëmmen ass de Budgetsprojet, esou wéi d'Regierung en am Oktober déposéiert huet, komplett gewiescht an huet net méi mussen amendéiert ginn, mä déi méi enk zäitlech Fënster duerno huet de Rapporteur och derzou incitéiert, säi Rapport géigeniwwer de leschte Joren erhieflech ze beschneiden. Et ass nees méi e reng budgetären, e geziilt finanzielle Rapport, deen drop verzicht, eng politesch Gesamtiwwersiicht ze liwweren, wat jo am Fong och net säi Sënn war an ass.

Här President, den Dépôt vum Budget am Oktober ass virun allem vun der Suerg inspiréiert, sech kënne bei der Ausaarbechtung vum Projet op méi realistesch wirtschaftlech Daten ze baséieren. Mir hunn tatsächlech an de leschte Jo-

ren ëmmer nees erlieft, datt déi Prévisiounen, déi am éischten Hallefjoer konnte gemaach ginn, am zweete Semester méi oder manner drastesch revidéiert goufen. Duerch dee méi spéiden Dépôt vum Budgetsprojet gëtt dëse Problem geléist. D'Acteure vun der Budgetsprozedur, vum Statec iwwert de Budgetsdepartement an d'Beruffschamberen, d'Zentralbank, d'Cour des Comptes bis hin zur Finanz- a Budgetskommissioun an hirem Rapporteur, schaffen direkt op deenen Donnéeën, déi um Enn vun engem Kalennerjoer kënne mat zimlecher Sécherheet fir dat nächst Budgetsjoer zu Gronn geluecht ginn. Ech perséinlech hu fonnt, datt déi nei Prozedur och d'Aarbecht vum Rapporteur an deem Sënn erliichtert huet.

Während fënnef Wochen hat ech elo Geleeënheet, mech am Detail mat de staatleche Finanzen, mat der Struktur vun de Steierrecetten a mat der allgemenger wirtschaftlecher Situatioun vum Land auseneenzesetzen. Meng Virgänger als Budgetsrapporteur wëssen, datt esou een Exercice genausou spannend wéi opschlussräich ass an datt een als Rapporteur vum Budget en Iwwerbléck iwwer finanzpolitesch Zesummenhäng kritt, déi engem an där Form an an deem Mooss virdrun dacks net esou bewosst waren. Et kritt een awer och d'Geleeënheet mat deene sou genanntene Forces vives de la nation ze diskutéieren iwwert d'Finanzsituatioun vun eisem Land. Ech muss lech soen, datt ech dës Diskussiounen, mat all de Beruffschamberen, de Gewerkschaften, de Patronatsorganisatiounen an all aneren Associatiounen appréciéiert hunn a si mir och alleguerte wäertvoll Informatioune geliwwert hunn, vun deenen ech och versicht hunn a mengem Rapport eng Rei ze verschaffen.

Ech wëll dann awer och déi excellent Zesummenaarbecht mam Budgetsminister, mat deene verschiddenen Direktioune vun der Steierverwaltung, der Administration de l'Enregistrement, der Douane an den Accisen, der Finanzinspektion, dem Trésor, dem Statec, dem Administrateur général, der Direktioun vun der Cour des Comptes a vun der Zentralbank ervirsträichen, déi der Finanzkommissioun eng äusserst grouss Disponibilitéit entgéint bruecht hunn, an ouni deenen hir aviséiert Avisen och dëse Rapport net an där Form hätt kënnen ofgeschloss ginn. Déi héich Qualitéit vun hiren Avisë beweist dann och, dass een an engem begrenzten Zäitraum eng excellent Aarbecht ka maachen.

Ech wëll dann och hei vun der Geleeënheet profitéieren, hinnen alleguerten e ganz groussen an oprichtege Merci auszedrécken. E ganz spezielle Merci wëll ech awer och un all Kolleeginnen a Kolleege vun der Finanz- a Budgetskommissioun riichten, fir hiert Verständnis an hir aktiv Zesummenaarbecht. Och e besonnesche Merci un d'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Madame Caroline Guezennec. E leschten, ganz besonnesch déiwen a spezielle Merci geet u mäi Fraktiounssekretär Frank Engel, ouni deem seng wäertvoll Mataarbecht dëse Rapport sécherlech net am Délai hätt kënne fäerdeg gestallt ginn, sou wéi un all déi aner Mataarbechter aus der CSV-Fraktioun.

Här President, ech sinn duerfir dankbar, dëst Joer den Exercice vun engem Budgetsrapport kënne gemaach ze hunn, zu engem Moment wou sech wesentlech Froen am Zesummenhang mat der Zukunft vun de Statsfinanzen an domat mat dem politesche Spillraum an deene kommende Jore stellen.

Ech hunn dann och meng Roll als Rapporteur net limitéiert gesinn op eng Bestandopnahm vun der finanzieller Situatioun vun eisem Land, mä wollt och op eng Rei vu Schwaachpunkten hiweisen. Ech sinn der Iwwerzeegung, datt dem Budgetsrapporteur seng Missioun sech net kann an däerf drop beschränken, mat der Wäirauchschossel ronderëmmer ze goen, mä hien och d'Flicht huet hannert den Zuelen ze krazen, se ze hannerfroen an och emol eng Rei méi kritesch Iwwerleeungen unzestellen.

Ech géif dann och wëlle behaapten, datt ech mat där Approche an der Traditioun vu ville vu menge Virgänger als Budgetsrapporteur mech bewegen, déi och ëmmer erëm an hiren Ausféierunge versicht hunn, de Budgetsprojet méi kritesch ze hannerfroen.

Ech hunn dann awer och gemengt et géif net duergoen, nëmme Kritike par rapport zu gewëssene Schwaachpunkten ze maachen, mä ech wollt och eng Rei vu Weeër opweisen, ganz besonnesch an de Kapitele Finanzplaz a Gemengefinanzen, wéi een aus Schwächten erëm kéint versiche Stäerkten ze maachen.

An dësen Iwwerleeungen huet fir mech ëmmer d'Kompetitivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg am Vierdergrond gestanen, ouni dee mer de Wuelstand vun dësem Land net kënne mëttel- a laangfristeg garantéieren.

Ech géif dann och nach eng Kéier wëlle betounen, datt dës Léisungsvirschléi perséinlech Iwwerleeunge vum Rapporteur sinn an domadder natierlech net d'Budgets- an d'Finanzkommissioun an hirer Gesamtheet engagéiert. Dëst gesot, wëll ech dann zu mengem eegentleche mëndleche Budgetsrapport iwwergoen.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, de Budgetsrapport fir 2005 konnt op enger wirtschaftlecher Ausgangsbasis opgestallt ginn, déi nees besser ass, wéi mer se tëschent 2001 an 2003 kannt hunn. Fir dat lafend Joer rechent de Statec mat engem ekonomesche Wuesstum vun iwwer 4%, a fir 2005 kënne mer och nees vun enger Wuesstumsfourchette tëschent 4% a 4,5% ausgoen. Domat situéiert sech déi Lëtzebuerger Ekonomie nees e gutt Stéck méi no un hirer mëttlerer Wuesstumskurv an enger laangfristeger Perspektiv, wéi dat an deenen éischte Jore vun dësem Jorzéngt war.

De Budgetsprojet selwer baséiert op enger Wuesstumsprognos vu liicht ënner 4% am Joer 2005. D'Finanzkommissioun ass der Meenung, datt d'Regierung mat dëser méi virsiichteger Projektioun Recht huet, virun allem well mer schonn ze dacks déi wirtschaftlech Dynamik am Land iwwerschat hunn, wann e Budget ficeléiert gouf. An nodeems nach eng ganz Rei Onsécherheetsfacteuren op den internationale wirtschaftleche Perspektive laaschten - virun allem deen onberechenbaren, awer konstant héije Präis vum Pëtrol an d'Evolutioun vum Wiesselcours tëschent dem Euro an dem Dollar -, schéngt et fir de Stat richteg, am Joer 2005 nach eng liicht méi moderat Croissance virauszesetzen, wéi d'Prognose vun den Instituter dat de Moment maachen.

De Budgetsprojet selwer wiisst allerdéngs méi staark par rapport zum aktuelle Joer, wéi eis Ekonomie dat mécht. Ronn 8% Gesamtwuesstum vum Budget si fir 2005 geplangt, wat dëse Volume an d'Géigend vu 7 Milliarden Euro bréngt. Virun allem déi lafend Ausgaben affichéieren dëst Joer eng Progressioun vun iwwer 8%, wat muss ze denke ginn.

Nu muss een awer de Budgetswuesstum relativéieren. D'Exekutioun vum Budget vun dësem Joer weist nämlech, datt souwuel op der Säit vun de Recettë wéi och bei den Dépensë ronn 200 Milliounen Euro méi wäerte verbucht ginn, wéi d'Chamber am Dezember 2003 gestëmmt huet. Bei den Dépensë schloe virun allem déi steigend Sozialtransferten am lafende Joer mat enger Plus-value vun ëm 150 Milliounen zu Buch - ech wäert op dësen Ëmstand nach méi am Detail agoen. Tatsaach ass awer, datt wann een de Budgetsprojet fir 2005 mat den tatsächleche Statsausgaben am lafende Joer vergläicht, da kënnt ee bei den Dépenses courantes op eng Progressioun, déi méi no bei 4% läit - an dat ass konkordant mat deem viraussiichtleche Wirtschaftswuesstum am nächste Joer.

De Budgetsprojet gesäit en Defizit vu ronn 90 Milliounen Euro vir, déi aus der Budgetsreserv kënne finanzéiert ginn. Fir dëse Feelbetrag auszegläichen, kann de Stat sech also bei sengen eegenen Erspuernisser zerwéieren. Doriwwer eraus gëtt awer am nächste Joer en Emprunt néideg: De Stat wëllt 200 Milliounen Euro léinen, déi direkt an zu gläichen Deeler sollen dem Fonds des Routes an dem Fonds du Rail zougefouert ginn. Dës Zomm transitéiert also net duerch den eigentleche Statsbudget a gëtt deemno och net als Recette kontabiliséiert. 2004 war dat esou virgesinn a gouf vun enger ganzer Partie Kritiker contestéiert, déi geléintent Geld net wollten als Statsrecette betruechten. Ech wëll mech net mat deenen techneschen Detailer vun esou engem Virgank ophalen, mä just fannen datt et e bëssen eegenaarteg ass eng Recette, egal wéi eng et ass a vu wou se kënnt, net als Recette ze considéréieren. Mä esou oder esou stellt déi Fro sech fir den Exercice 2005 net méi.

Insgesamt feelen dem Stat 2005 dann 300 Milliounen Euro, fir esouwuel säi Budget wéi säin Investitiounsprogramm iwwert d'Fongen ze finanzéieren. An der europäescher Berechnungsmethod SEC95 musse jo d'Dépensë vun de Fonge bei der Ermëttlung vum Budgetsdefizit berücksichtegt ginn. Dat ass am Fong eng total Häresie, well d'Avoirë vun de Fonge Finanzreserve vum Stat duerstellen, déi iwwer Jore constituéiert goufen, an déi Dépensen, déi mat dëse Gelder gemaach ginn, hunn deemno iwwerhaapt näischt mat engem Defizit ze dinn. Well awer ausser Lëtzebuerg kee Land an der Europäescher Unioun esou Reserven huet an och keen ausser eis sech ka virstellen esou Reserven ze hunn, si mir esou gutt a kontabiliséieren d'Ausgabe vun de Fonge mat, wa mer den Defizit fir dat kommend Joer berechnen. An da komme mer am Total op e Feelbetrag vun 843 Milliounen Euro.

De Gesamtsolde vun den öffentleche Verwaltungen zu Lëtzebuerg, an deem de Stat, d'Gemengen an d'Sozialkeese berücksichtegt ginn, ass fir 2005 zimlech genee am Equiliber. Dat erkläert sech doduerch, datt d'Sozialkeesen een nach ëmmer kräftegen, iwwerschëssege Solde virweisen, deen déi vun der Zentralverwaltung an de Gemengen ausgläicht.

Am Résumé stellt d'Finanzsituatioun vum Stat sech esou duer, datt se souwuel équilibréiert wéi gesond ass. E Wuert nach zur Schold vum Lëtzebuerger Stat, fir dës Appréciatioun ofzeronnen.

D'Statsschold ass vun 1997 bis 2003 stänneg erofgaangen, well de Stat an deene Jore keng nei Verschëldung opgeholl huet. 2004 louche mer du bei enger Bruttoschold vu just 435 Milliounen Euro, wat 1,8% vum PIB ausgemaach huet. Mat den Empruntë vun 2004 an 2005 - insgesamt 320 Milliounen Euro Neiverscholdung am lafenden an am kommende Joer - geet eis Bruttoschold nees op 569 Milliounen Euro erop. Par rapport zum PIB ass dat keng weider bedenklech Entwécklung. Mir situéieren eis d'nächst Joer bei enger Schold vun 2,1%, wat am europäesche Verglach nach wie vor absolut konkurrenzlos ass.

Här President, ech wëll dann iwwergoen zu mengem Commentaire vum Budget vun de Recetten, esou wéi de Projet fir 2005 se virgesäit. Dobäi wéilt ech mech op e puer grouss Poste konzentréieren, déi och d'Eckdate vun de staatleche Recetten ausmaachen, an zwar d'Akommessteier, d'Kollektivitéitssteier, d'TVA, d'Taxe d'abonnement an de Lëtzebuerger Undeel un deene gemeinsame Recettë vun der UEBL.

Bei der Akommessteier féiert deen duerchaus dynameschen Aarbechtsmaart, dee mer ëmmer nach hunn, derzou, datt dës Recettë kënne substanziell klammen, an zwar vun ëm déi 1.250 Milliounen Euro am lafende Joer op 1.400 Milliounen am Joer 2005. Natierlech ass d'Croissance vum Aarbechtsmaart net nëmme mat steigende Steierrecettë verbonnen, mä op där anerer Säit och mat Sozialausgaben, déi enger eegener Entwécklung follegen a stänneg an d'Luucht ginn - dorop kommen ech nach zréck.

Bei der TVA ass et esou, datt 2005 soll e Rekordjoer gi mat Recettë vu 1.588 Milliounen Euro, 218 Millioune weider wéi am gestëmmte Budget fir 2004. E wesentlechen Deel vun dësen zousätzlechen Einnahme resultéiert aus der Presenz zu Lëtzebuerg vun e puer Internetgesellschaften, déi de Standuert Lëtzebuerg gewielt hunn, well mir deen niddregsten TVA-Saz an der Unioun hunn, a si deen am Land bezuelen, wou hire Verrechnungssiège ass.

Esou dankbar a frou mer iwwert dës zousätzlech TVA-Recettë sinn - déi eis am Iwwregen iwwerhaapt net einfach esou an de Schouss gefall sinn, wéi dat verschiddentlech op dëser Tribün behaapt gouf -, esou séier musse mer eis awer bewosst bleiwen, datt se net op éiweg geséchert sinn. De Prinzip vum Land vum Dingschtleeschter, deen de Moment nämlech an Europa bei der TVA-Erhiewung zu Gronn geluecht gëtt, ass schwéier ënner Beschoss.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass net ausgeschloss, datt en an enger mëttelfristeger Perspektiv net iwwerlieft an datt domat d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg fir Internethandelsfirme géif kräfteg relativéiert ginn. Dëst ass eng Méiglechkeet an der Evolutioun, et ass keng Sécherheet. Mä et soll eis derzou bréngen, d'TVA-Recetten aus dem Internethandel net als gottgegeben hinzehuelen. Si sinn éischter fragile.

Bei der Taxe d'abonnement dann ass och en Erhuelungsprozess ze verzeechnen, deen derzou féiert datt nees iwwer 400 Milliounen Euro am Budgetsprojet opgefouert sinn. Tatsächlech ass d'Industrie vun den Investmentfongen, déi dës Tax zu quasi 100% bezilt, gesond an hir Aktiva entwéckele sech positiv. Enn September 2004 louchen déi bei 1.059 Milliarden Euro, wat eng reell Progressioun vu ronn 150 Milliarden Euro während engem Joer erëmgëtt. D'Taxe d'abonnement ass deemno amgaang sech ze erkrabbelen a soll 2005 ronn 50 Milliounen Euro méi erabréngen, wéi dat nach 2003 de Fall war.

Allerdéngs muss ee wëssen, datt Lëtzebuerg weltwäit deen zweete bis drëtten - mir liwweren eis do e permanent Fänkesspill mat Frankräich fir déi zweete Plaz - Standuert fir Investmentfongen ass, just hannert de Vereenegte Staten. An op all deenen anere Plazen, wou esou Fonge sech wuel fillen - an Amerika, a Frankräich, an Australien, an Italien - gëtt et keng Taxe d'abonnement. Dat bedeit, datt mer bei der Standuertpromotioun regelméisseg mussen erklären, wat dann déi speziell Tax do eigentlech ass, déi just zu Lëtzebuerg muss entriicht ginn. An dat mécht d'Promotioun net ëmmer einfach. Duerfir ass et och rotsam, datt mer den Taux vun dëser Tax lues no ënnen upassen, au fur et à mesure wou de Volume vun deenen hei lokaliséierte Fongen zouhëlt. Domat kënne mer d'Recettë stabiliséieren an de Standuert gläichzäiteg nach méi attraktiv maachen. Vill méi ass natierlech an esou enger Logik net aus der Taxe d'abonnement erauszehuelen. Och däers musse mer eis bewosst sinn.

D'Recetten, déi Lëtzebuerg am Kontext vun der UEBL virun allem aus den Accisen zoustinn, dierfte sech 2005 op iwwer 900 Milliounen Euro situéieren. Dat beweist d'Vitalitéit vum Tanktourismus a sengen ugeschlossene Phenomeenen, wéi zum Beispill dem Grenzverkaf vun Tubaksprodukter. Mä och d'Entwécklung vun dëse Recettë wërft Froen op, déi mer net einfach kënne vum Dësch wëschen.

Den Tanktourismus ass eng wichteg Finanzquell vum Lëtzebuerger Stat, mä mer liewen nun emol am Zäitalter vum Protokoll vu Kyoto, ënnert deem Lëtzebuerg sech dozou engagéiert huet, bis zum Horizont 2008-2012 seng CO_2-Emissiounen ëm 28% par rapport zu 1990 zréckzeschrauwen. A problematescherweis gëtt eisem Land dee ganze Pëtrol, dee mer do un de Grenze verkafen, als Quell vu Lëtzebuerger Emissiounen zougeschriwwen.

De Budgetsprojet fir 2005 gesäit dann och schonn d'Schafung vun engem spezielle Fong vir, deen eng éischte Kéier mat 5 Milliounen Euro dotéiert gëtt, fir datt Lëtzebuerg kann um internationale Maart zousätzlech Emissiounsrechter kafen. Mä kee Mënsch weess genee wéi eisen Emissiounsbilan sech riskéiert iwwert déi nächst Joren ze entwéckelen; d'Emissiounsquote sinn elo schonn deier a riskéieren och vill méi rar ze ginn. An da kann et eis geschéien, datt mer Pénalitéiten ze bezuele kréien, wa mer d'Emissiounen, déi eisen nationalen Allocatiounsplang virgesäit, iwwerschreiden. Net mar, mä an e puer Joer wäert eng exzessiv Tonn CO_2 mat 100 Euro zu Buch schloen. Wat dat am Kontext vun honnertdausenden Tonnen, déi aus dem Tanktourismus resultéieren, kéint als Belaaschtung fir de Statshaushalt bedeiten, brauch ech net weider ze detailléieren.

Tatsaach ass: Den Tanktourismus riskéiert am Kyoto-Zäitalter méi zu enger Belaaschtung ze ginn, wéi en dat bis haut war. A mer wiere gutt beroden, e Gesamtbilan ze erstellen, an deem eisen Energiehaushalt ausenaner geholl a par rapport zu de Kyoto-Verflichtunge berechent gëtt. Wa sech dann ergéif, datt am schlëmmste Fall enges Dags méi Pénalitéiten ze bezuele wiere wéi mer Recetten aus dem Tanktourismus kéinten zéien, dann dränge sech och fir d'Regierung neiaarteg Iwwerleeungen iwwert de Präis vu Bensin an Diesel op.

(Coups de cloche de la Présidence)

Bleift schlussendlech, Här President, d'Kollektivitéitssteier, déi eis Betriber bezuelen. Do gesäit d'Perspektiv fir 2005 net esou roseg aus. Déi Zäiten, wou 1.400 Milliounen Euro konnte budgétiséiert ginn, sinn eriwwer. Fir 2005 rechent d'Regierung mat 1.125 Millioune Recetten aus dëser Steier, 25 méi wéi am lafende Joer. Dat sinn Zuelen, déi eis mussen ze denke ginn.

D'Kollektivitéitssteier - esou gëtt engem gesot, mä ni richteg offiziell - gëtt zu ronn 80% vum Finanzsecteur bezuelt. Dat bedeit éischtens, datt eis Industrie an de gesamte Mëttelstand nëmmen nach ganz wéineg Kollektivitéitssteiere bezuelen. Et bedeit anerersäits awer - an dat ass méi wichteg -, datt dës Steier quasi ganz vun engem Wirtschaftssecteur ofhänkt, deen ëmmer méi duerch Fusiounen, Acquisitiounen a Rationaliséierungen opfält an deen och versicht seng Steierlaascht zu Lëtzebuerg permanent ze drécken. Wann een dann nach weess, datt an de Joren zënter 2002 zimlech massiv de Banken hir Steierscholden agedriwwe goufen, fir d'Recetten aus der Kollektivitéitssteier héich ze ha-

len, an datt dës Solden haut weitgehend opgebraucht sinn, dann zeechent sech fir d'Kollektivitéitssteier e Bild, wat net kann optimistesch stëmmen.

Dës Steier ass an hirem Produkt faktesch réckleefeg. Un deem Ëmstand wäert sech an deenen nächste Jore kaum eppes Fundamentales änneren; d'Acteure vun der Finanzplaz, awer och déi Industriebetriber, déi nach Kollektivitéitssteier bezuelen, setze vill drun, fir duerch steierlech Ingénierie déi Beträg, déi se un de Lëtzebuerger Stat ofzeféieren hunn, erofzedrécken. Aus de Récklage fir d'Besteierung op der Finanzplaz ass net méi vill erauszehuelen an d'Zuel vun deene Betriber, déi iwerhaapt Kollektivitéitssteier bezuelen, hëlt net méi zou, an d'Effekter vun der Steierreform vun 2002 weise sech elo eréischt an hirem ganzen Ausmooss.

Dobäi muss ee jo soen, datt mer mëttlerweil am europäesche Verglach mat eisem Taux vun 22% Kollektivitéitssteier guer net méi sonnerlech gutt do stinn. Mir leie just nach op der aachter Plaz an der Europäescher Unioun an Irland, e wichtege Konkurrent vun eiser Finanzplaz, féiert den Tableau mat 12,5% un.

Zousätzlech ass et dann esou, datt et fir e Betrib zu Lëtzebuerg mat der Kollektivitéitssteier jo net gedoen ass. Derbäi kommen nach Gewerbe- a Solidaritéitssteier, esou datt e Betrib am Schnëtt hei 30,38% bezilt. Mat deem Taux leie mer am europäesche Verglach nach just op der 18. Plaz. Dat ass wuel net déi Positioun, déi mer ustriewen, an en Taux vun iwwer 30% gëtt an der erweiderter Unioun, wou vill Memberstaten Tauxë vun ënner 20% applizéieren, ëmmer méi schwéier ze vermaarten. Datselwecht gëllt d'ailleurs och um Niveau vun der OECD.

Et geet also och hei ëm d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg an och ëm déi Kritären, déi an der Lissabonner Strategie virgesi sinn an déi jo eigentlech sollen d'Kompetitivitéit vun der gesamter europäescher Wirtschaft verbesseren.

Ech kommen dann och net ëmhin nach eng Kéier festzestellen, datt hautdësdaags een net derlaanscht kënnt ëmmer erëm kuerzfristeg ze reagéieren, well ware mir no der Steierreform mat eisem Taux vun der Kollektivitéitssteier ee Moment an der europäescher Hitparad op den Topplazen, esou si mer innerhalb vun zwee, respektiv dräi Joer an dat hënnescht Mëttelfeld zréckgefall.

Wa mer hei net definitiv wëllen den Uschloss verpassen, och ganz besonnesch par rapport zu deenen neien EU-Memberlänner, schéngt et mer onerlässlech ze sinn an deenen nächste Méint eng Diskussioun iwwert den Taux vun eiser Kollektivitéitssteier ze féieren. Et geet hei allerdéngs net nëmmen ëm d'Erofsetzung vun deem Taux, mä et geet virun allem och ëm eng Vereinfachung vun dëser Steier, déi am Handling einfach ze komplizéiert ass an domadder sécherlech eng Rei vu potenziellen Investisseure vum Standuert Lëtzebuerg ewechhält.

All dës Iwwerleeungen hu mech dozou bruecht, a mengem schréftleche Rapport eng Reform vun der Betribsbesteierung virzeschloen, déi eis nees un d'Spëtzt vum europäesche Peloton géif bréngen an déi d'Promotioun vu Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert wuel géif vereinfachen. Et muss ee wëssen, datt opgrond vu ganz villen Aménagementer vun der Assiette vun der Kollektivitéitssteier déi tatsächlech Belaaschtung méi no bei 20% wéi bei 30% läit. Wann dat esou ass, da gëtt et kaum e Grond fir den theoreteschen Taux net deem fakteschen unzepassen. A Verbindung mat enger méiglecher Reform vun der Gewerbesteier, op déi ech nach wäert agoen, sollt et méiglech sinn, d'Gesamtbesteierung vun de Betriber ënner 20% ze drécken. Wann also den Taux vum IRC, der Kollektivitéitssteier, op 15% erofgefuer géif, an d'Gewerbesteier halbéiert, da léiche mer, Solidaritéitssteier abegraff, bei 19% an eppes. Esou e Saz léisst sech verkafen. An doduerch datt ee parallell géif d'Assiette vun der Betribsbesteierung méi breet maachen, bléif d'Recette aus dem IRC wuel méi oder manner konstant.

Esou eng Verbreederung vun der Assiette ass souwisou op der Dagesuerdnung, wann et zu där europäescher Harmoniséierung vun der Grondlag vun der Betribsbesteierung kënnt, déi de Code de conduite virgesäit. A wann een déi Reflexioun, déi bei all Steiererliichterung gemaach gëtt, dann nach an de Räsonnement abaut, datt sech nämlech aus esou enger Operatioun eng wirtschaftlech Dynamiséierung ergëtt, da kann een dovun ausgoen, datt sech aus engem Ëmbau vun der Betribsbesteierung, wéi ech e proposéieren, éischter méi wéi manner Steierrecettë géifen erginn.

Här President, wéi gesot, ech maachen herno nach eng Parti Aussoen zu de Perspektive vun der Gewerbesteier. Elo wëllt ech mech den Ausgabe vum Stat fir 2005 zouwenden, wéi de Budgetsprojet se virgesäit, an dobäi mat den Investissementer vum Stat ufänken.

Mat iwwer 800 Milliounen Euro gëtt 2005 an de Proportiounen esou vill investéiert wéi nach ni. 10,8% vun de gesamte Statsausgabe fléissen an öffentlech Investissementer. Dat si ronn 3% vun eisem PIB. Dës Investissementer sinn néideg a fir d'Moderniséirung vum Land onverzichtbar. Duerch si adaptéiere mer eis Infrastrukturen un d'Bedürfnisser vun der Zäit, an enger Populatioun, déi bestänneg wiisst. Mä Investissementer, déi dauerhaft de Volume vun 2005 erreechen, hunn natierlech Auswierkungen op de Stand vun de Statsfinanzen, a besonnesch op d'Avoirë vun deene grousse Fongen, iwwert déi déi meescht Investitioune getätegt ginn.

Zënter 2003 ginn d'Finanzreserve vun de Fonge bestänneg erof. Dat läit dorun, datt mer zënterhier keng staatlech Plus-valuë méi kënnen zousätzlech un d'Fongen affektéieren, well et där keng méi gëtt. A mat den uerdentleche budgetären Dotatiounen ass et kloer, datt zënter dem leschte Joer a bis op weideres d'Ausgabe vun de Fonge méi héich wäerte si wéi hir Recetten. Domat schmëlzen d'Reserve lues awer sécher ewech.

Et kann een haut dovun ausgoen, datt bei engem konstanten Investitiounsvolumen iwwert de gesamten Horizont vun der pluriannueller Planung bis 2008 spéitstens an deem Joer e Besoin de financement bei de Fongen optaucht. Si sinn dann eidel. Allerdéngs setzt dat viraus, datt bis 2008 all Joer weiderhin 200 Milliounen an d'Fonge fléissen, wéi se 2005 aus engem staatlechen Emprunt resultéieren. Wier dat net de Fall, kriten d'Fongen also all Joer bis 2008 just esou vill Dotatiounen, wéi reng aus dem Budget kann u si fléissen. Da wier de Besoin de financement schonn am Laf vum Joer 2006 erreecht. 2008 léich de Geldbedarf vun de Fongen, fir am Equiliber kënnen ze funktionéieren, ouni déi 200 Milliounen zousätzlech Dotatioune pro Joer, bei enger ronner Milliard Euro.

Natierlech geet och d'Exekutioun vun den Aarbechten am Verlaf vun de Jore virun an d'Bedürfnisser vum Land un öffentlechen Investissementer huele graduell of. Si verschwannen natierlech net, si verschwannen ni ganz, esou datt e bestëmmten Handlungsspillraum fir öffentlech Investitioune muss erhale bleiwen. Ugesiichts der wahrscheinlecher Entwécklung vun de Kontostänn vun de Fongen ass et awer esou, datt ee sech scho muss d'Fro stellen, ob mer dee ganzen, haut geplangten Investitiounsvolumen op Dauer packen, ouni op anere Plazen am Budget Aschränkunge virzehuelen.

Et schéngt mer evident ze sinn, datt mer deen héijen Investitiounsniveau, dee liewenswichteg fir eis Wirtschaft ass, nëmme mëttel- a laangfristeg kënnen halen, wa mer erëm esou Progressiounen an eisem PIB kréie wéi Enn den 90er Joren - an hei muss een emol einfach dovun ausgoen, datt dat kaum wäert de Fall sinn -, oder ob ee muss op anere Plazen am Budget aspueren.

Ech wäert am Laf vu mengen Ausféierungen nach méi oft op dës, wat ech géif nennen, Réorientatioun vun dëse Prioritéiten zréckkommen.

Besonnesch interessant ass ganz sécher d'Evolutioun vum Beschäftegungsfong, iwwert deen de Chômage an déi vill Moosnamen zu Gonschte vun der Beschäftegung finanzéiert ginn. Ech erënneren drun, datt déi Erhéijung vun der Sozialcontributioun um Diesel, déi 2005 passéiert, dozou déngt, deem Fong 20 Milliounen zousätzlech Recetten ze verschafen. 145 Millioune vun deenen 285, déi en d'nächst Joer erakritt, stamen iwwregens aus dëser Contributioun, weider 90 Milliounen aus der Solidaritéitssteier. De Fong gëtt 2005 338 Milliounen Euro aus. Dat si bal 30% méi wéi nach 2003.

Well mer wëssen, datt de Chômage och d'nächst Joer kaum wäert substanziell erofgoen - Dir kennt déi ekonomesch Theorie, déi beseet, datt mer hei am Land iwwer 5% Wirtschaftswuesstum bräichten, fir datt et zu engem Réckgank vum Chômage kéim, an deen hu mer eben net -, kënne mer unhuelen, datt och d'Ausgabe vum Beschäftegungsfong net wäerte gebremst ginn. Ech weess och, datt et eng Rei Erklärunge fir dës sou genannten Okun-Theorie gëtt, déi ganz besonnesch och mat eisem Statut als Arbeitgeber um Niveau vun der Groussregioun ze dinn huet. Nach mengen ech awer, datt dës Erklärungen net duer ginn, fir dës enorm Differenz an der Relatioun tëschent Wirtschaftswuesstum an Ofhuele vum Chômage par rapport zu eisen Nopeschlänner ze explizéieren.

Déi ongenügend Qualifikatioun vu ville Chômeuren hei zu Lëtzebuerg ass sécherlech an deem Kontext eng scho wesentlech méi iwwerzeegend Explikatioun.

Ech sinn der Meenung an der Iwwerzeegung, datt sech ugesiichts vun dësen enormen Zuelen en Audit vum Beschäftegungsfong opdrängt. Déi immens Zuel vu Moossnamen an Initiativen, déi vun him finanzéiert ginn, an déi objektiv Entwécklung vun de Mouvementer op de Konte vum Fong loossen dat néideg erschéngen. Wa mer de Chômage net an de Grëff kréien, da riskéiert de Beschäftegungsfong op Dauer zu engem Faass ouni Buedem ze ginn. A fir d'Ausgaben net duerch e gréissert Lach, mä duerch en iwwersiichtlechen Ausgank aus dem Fong erausfléissen ze loossen, sollt am Detail gepréift ginn, wat e fir wéi eng Zwecker an a wéi enge Beträg ausgëtt. Hei schéngt et mer onbedéngt noutwendeg ze sinn, am Interessi par ailleurs vun allen interesséierte Parteien, méi Transparenz eranzekréien.

Här President, wéi all Joer ass och fir 2005 de sou genannte Sozialbudget eng wierklech Erausfuerderung, net nëmme well e 44% vun alle geplangte Statsausgabe fir d'nächst Joer ausmécht - dat ass nämlech eng Proportioun, déi net méi héich ass wéi an aneren europäesche Länner mam Sozialstatsmodell och -, mä well de Sozialbudget zënter Joren eng Eegendynamik un den Dag leet, déi riskéiert en aus dem Rad lafen ze loossen, wa mer en net méi prezis gefaasst kréien. Ech explizéiere mech.

De Sozialbudget fir 2004 gouf ëm ronn 150 Milliounen Euro depasséiert, ouni datt d'Politik duerfir iergendeng Décisioun geholl hätt. D'Expansioun vum Aarbechtsmaart a vun der residenter Populatioun eleng huet dës Méiausgabe bewierkt, op déi d'Politik am Fong och keen Afloss huet. Natierlech affektéieren d'politesch Décisiounen d'Sozialausgabe vum Stat - ech erënneren hei drun, datt déi Cotisatiounserhéijung fir d'Krankekeesen, déi d'Generalversammlung vun der UCM virun zwou Woche beschloss huet, fir de Stat mat zousätzlechen Dépensë vun iwwer 26 Milliounen Euro zu Buch schléit -, mä och ouni esou Décisioune wiisst de Sozialbudget iwwert dat vun der Chamber gestëmmtent Mooss, an zwar all eenzelt Joer.

Krankekeesen- a Pensiounscotisatiounen esouwéi Kannergeld sinn déi gréisste Posten, déi ënnert dem Unzéie vum Aarbechtsmaart an d'Luucht ginn. Op där anerer Säit, an dat gesi mer jo och am Recettëbudget fir d'nächst Joer, bréngen zousätzlech Aarbechtsplazen och zousätzlech Recetten aus der Akommessteier, an déi Leit, déi bei eis am Land wunnen, ginn och hiert Geld hei aus. Deemno sinn och steigend TVA-Recetten zum Beispill dermat verbonnen, datt mer netto all Joer e puer Dausend Leit zu Lëtzebuerg bäikréien, déi hei consomméieren.

Mä eng aner Entwécklung wéi déi objektiv Croissance vun de Sozialausgabe muss eis an deem Kontext dach Suerge maachen, well se déi Logik, no där méi Dépensen duerch e Wuesse vum Aarbechtsmaart och méi Recettë fir de Stat an enger bestëmmter Proportioun no sech zéien, relativéiert. Dës Entwécklung ass déi vun den Exportatioune vun de sozialen Transferten, déi ëmmer méi staark an eis Nopeschlänner ginn. Dat ass virun allem op dat drastescht Usteige vun der Zuel vun de Frontalieren zréckzeféieren.

Fir deenen hire stänneg wuessenden Undeel um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ze verdäitlechen, wëll ech e puer Zuelen nennen. Vum Januar 2001 bis September 2004 ass den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg ëm 12% gewuess, dat heescht, et hunn um Enn vun där Period 30.000 Aarbechtsplaze méi zu Lëtzebuerg existéiert wéi un hirem Ufank. An därselwechter Period ass awer d'Zuel vun de Frontalieren ëm 20.000 geklommen, vun 93.000 op 113.000, wat enger Augmentatioun vun 21% entsprécht. Zwee Drëttel vun deene geschafenen Aarbechtsplaze goufen an där Zäit mat Frontaliere besat. Dëst an d'lescht Joer si mer méi no bei enger Proportioun vun dräi Véirel. An d'Tendenz hält un - d'Frontaliere si méi disponibel an huelen éischter Plaze mat manner interessante Léin a Konditiounen un, wéi déi Leit dat maachen, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn.

De Frontalieren hir Dépensë ginn awer virun allem do gemaach, wou déi Leit wunnen, also net hei zu Lëtzebuerg. Vun hirem Logement iwwer hir Liewensmëttel an aner Konsumausgabe bis zu der Visite beim Coiffeur an am Kino kann a muss een dervun ausgoen, datt déi méi attraktiv Präislandschaft ronderëm Lëtzebuerg d'Frontalieren derzou bréngt, och do hiert Geld auszeginn. Déi Recettë ginn deemno der Lëtzebuerger Ekonomie an dem Lëtzebuerger Stat verluer, an d'Relatioun tëschent méi Dépensen a méi Recettë fir Lëtzebuerg gëtt verzunn: Bei de Frontalieren ergi sech Recetten nach aus der Akommessteier an aus dem Konsum op de Lëtzebuerger Tankstellen, awer soss keng an därselwechter Proportioun wéi dat bei de Résidenten de Fall ass. Am Kloertext: D'Explosioun vun der Zuel vun de Frontalieren, déi ronn 40% vum privaten Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg ewell ausmaachen, kascht de Stat nettement méi, wéi se him zréckbréngt.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Um Niveau vun den Exportatioune vun de Sozialtransferten, déi jo och am Konsum vun de Bénéficiairen hiren Néierschlag fannen, wëll ech och e puer Zuelen nennen, well déi absolut fir sech selwer schwätzen.

Zënter 1990 hu sech d'Transferten an d'Ausland vun deene grousse soziale Prestatioune folgendermoossen entwéckelt: Krankekeesen a Pensiounskeese bezuelen haut zéngmol méi an d'Ausland wéi nach 1990. Beim Kannergeld - déi Steigerung ass bal net nozevollzéien - ass et 275-mol méi wéi viru 14 Joer. An d'Tendenz vun der Kurv, déi dës Entwécklung beschreift, dauert un. 1990 goufe sozial Leeschtunge fir 70 Milliounen Euro an d'Ausland transferéiert. 2003 sinn et Leeschtunge fir bal 900 Milliounen, an d'Milliard dierft am Joer 2005 erreecht an depasséiert ginn. Den Undeel vun den Exportatiounen an de Gesamtprestatioune steigt an där ganzer Period vun 9% op iwwer 21%.

Dës Zuele schwätzen, wéi ech fannen, eng méi ewéi däitlech Sprooch. An et ass nach net eriwwer. Et ass eng Fro vun der Zäit, bis Lëtzebuerg ënnert dem Drock vun europäesche Regelen a Geriichtsuerteeler nach weider Deeler vu senge Sozialleeschtunge muss fir den Export fräiginn. Do kéint een zum Beispill un d'Mammerent denken, deenen hir Bénéficiairen esou definéiert sinn, datt et musse Mamme vu Kanner sinn, déi zu Lëtzebuerg op d'Welt koumen. Dës Bestëmmung kéint liicht enger Décisioun vum europäesche Geriichtshaff zum Affer falen, no där dann d'Exportatioun vu Mammerenten de Käschtepunkt vun där Moossnam ëm e gudden Drëttel, wann net méi, kéint an d'Luucht dreiwen, ouni Retombéeë fir d'Lëtzebuerger Ekonomie an de Budget, well pensionéiert Fraen an der Grenzregioun ganz sécher net vill zu Lëtzebuerg consomméieren.

Et heescht deemno opzepassen op de Sozialbudget, deen enger Dynamik follegt, déi sech dem politeschen Zougréff entzitt. Ech hunn et scho gesot, an ech widderhuelen et: Bei deenen Erausfuerderungen, déi sech beispillsweis dem Investissementsbudget an deenen nächste véier oder fënnef Joer stellen, kënne mer net parallell och nach massiv steigend Sozialausgaben op d'Schëller huelen. Duerfir geet de kuerz- bis mëttelfristege budgetäre Spillraum wuel ganz einfach net duer.

E geet iwwregens och net duer, fir dauerhaft an ëmmer méi Sozialpolitik op Felder ze bedreiwen, déi sech eigentlech fir Ëmverdeelung net eegnen. Mir wäerten eis mussen d'Fro stellen, ob mer zum Beispill op Dauer den Usagerë vum öffentlechen Transport net méi wéi déi 12% u Participatioun mussen ofverlaangen, déi se de Moment zum Finanzement vum öffentlechen Transport bäidroen. D'Fro stellt sech ganz eendäiteg, ob et gerechtfäerdegt ass, datt quasi all déi Leit, déi exklusiv den öffentlechen Transport benotzen, dat fir näischt oder fir e ganz symbolesche Bäitrag kënne maachen.

(Brouhaha général)

Den öffentlechen Transport kascht 2005 alles an allem bal 550 Milliounen Euro.

M. Henri Grethen *(DP).*- E sollt dach gratis ginn!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Do sinn 200 Millioune fir Investissementer an d'Streckennetz abegraff. Dat ass e gewaltege Montant, deen op d'mannst an deem Deel, deen d'Fonctionnement betrëfft, misst op méi équitabel Manéier tëschent Benotzer a Stat opgedeelt sinn.

Et kënnt dobäi, dass no der Liberaliséierung am Wuerentransport spéitstens 2008 respektiv 2009 och eng Liberaliséierung am Persouneverkéier kënnt, déi riskéiert déi verschidden öffentlech Bedreiwer an en äusserst schwieregt konkurrenziellt Ëmfeld ze drécken.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert dem Rapporteur no!

(Interruptions diverses)

Une voix.- E seet awer Saachen, déi bal net ze gleewe sinn!

(Interruptions diverses)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- An all Iwwerleeungen, déi zum öffentlechen Transport artikuléiert ginn, soll een dëst Element net vergiessen, ganz besonnesch an der Diskussion ëm d'Zukunft vum Persouneverkéier.

(Interruptions)

Här President, fir datt ech net falsch verstane ginn: Ech sinn iwwerzeegt, dass um Niveau souwuel vun den Infrastrukture wéi och vum Matériel roulant e groussen Nohuelbedarf hei am Land besteet, a mir kommen och net ëmhin en vue vun der Mise en musique vum IVL dës gewalteg Efforten um Niveau vum öffentlechen Transport ze maachen. Nach muss et awer erlaabt si sech d'Fro ze stellen, wéi mer mëttel- a laangfristeg dës enorm finanziell Laascht kënne packen, wann ee gläichzäiteg heiansdo d'Gefill huet, all dës Mesurë géifen nach net duergoen, fir vill méi Leit op den öffentlechen Transport ze kréien.

Mir mussen eis vläicht alleguerten, Dir Dammen an Dir Hären, froen, ob et net hei virun allem mol zu engem Mentalitéitswiessel an de Käpp vun de Leit misst kommen, ier se hiren Auto an der Garage loossen an op den öffentlechen Transport ëmklammen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de finanzielle Spillraum, iwwert dee mer verfügen, geet och net duer, fir op Dauer eng Subventiounspolitik vun den alternativen Energien, virun allem der Fotovoltaik, ze bedreiwen, esou wéi mer dat bis den 31. Dezember dëst Joer maachen. Déi Subsiden, déi mer fir fotovoltaesch Anlagen ausginn, chiffréiere sech bis elo an deene verschiddene Budgeten op iwwer 65 Milliounen Euro, mä domat wäert et wahrscheinlech nach net gedoe sinn. D'Aspeiseprämië wäerten nach eng Kéier spierbar zu Buch schloen, sou datt mer kënnen dervun ausgoen, datt méi oder wéineger 100 Milliounen Dépensen an dëser Saach erreecht an iwwerschratt ginn.

Dat Ganzt, fir zum Deel eng quasi industriell Stroumproduktioun vun eenzelne Solarparkbedreiwer matzefinanzéieren, déi domat Geld verdéngen, ouni datt et eiser nationaler Energieversuergung eppes bréngt: Mat allen haut genehmegten Anlagen - jo nach laang net all sinn se a Betrib - géif d'Fotovoltaik just e Véirels bis en hallwe Prozent vun der nationaler Stroumversuergung ausmaachen. Dat bréngt eis am Kyoto-Bilan praktesch näischt, mä et huet iwwer dräi bis véier Budgetsexercicë substanziell Geld kascht. Esou generéis Usätz vum Lëtzebuerger Stat wäert et an Zukunft net méi kënne ginn. Et soll se och net méi ginn, well hei Reglementer hiert eigentlech gutt gemengtent Zil verfeelt hunn an et erlaben, datt sech eenzel Persounen un enger staatlecher Politik beräicheren. D'Fotovoltaik ass eigentlech e gutt Beispill, wéi eng Iddi, déi am Usaz sécherlech richteg ass an déi d'Produktioun vun alternativen Energien ënnerstëtzt, duerch en onkohärent Exekutiounsreglement zu engem finanzielle Faass ouni Buedem riskéiert ze ginn.

Och hei, Här President, wëll ech net falsch verstane ginn, d'Entwécklung vun alternativen Energië muss och an eisem Land weider gedriwwe ginn, dëst allerdéngs an engem kloer definéierte juristeschen a finanzielle Kader. Bei all deenen Iwwerleeunge soll een och aner, vläicht manner kostspieleg energiespuerend Moossnamen net aus den Ae verléieren, wéi zum Beispill d'thermesch Isolatiounen an d'Sanéierung vun alen Haiser, déi sécherlech och kënne Resultater um Niveau vum Energiespuere bréngen, dëst zu engem wesentlech méi gerénge Käschtepunkt.

(Brouhaha général)

Här President, ier ech dann zu de Volete Finanzplaz a Gemengefinanze kommen, nach e puer Wuert zu de Bauten. Mir bauen zu Lëtzebuerg ze deier an ze lues. Dat ass eng Tatsaach, där mer eis musse bewosst sinn, wa mer wëllen eppes drun änneren. Déi endemesch Dépassementer vun de Bautekreditter, déi d'Chamber stëmmt, sinn an där Hinsicht genee esou problematesch wéi d'Käschte vum Bau selwer an d'Héicht vun den Ënnerhaltskäschten, déi bis haut eng völleg ongenügend Berücksichtegung an den initiale Projete fonnt hunn.

Ech wëll an deem Kontext explizit begréissen, datt d'Finanzkontrollkommissioun, zesumme mam Bauteminister Claude Wiseler, derbäi ass nei Prozeduren ze definéieren, déi et sollen erlabe manner deier a méi séier ze bauen. An Zukunft soll et zwee Voten zu engem Bauprojet ginn, woubäi en éischten e Planungsvote ass, nodeems eréischt den detailléierten Devis opgrond vun engem prezise Projet soll etabléiert ginn. Dësen Devis muss menger Menung no och d'Honorairë vun Ingénieuren an Architekte verflichtend festhalen. Déi dierfen net am Kader vun Dépassementer mat wuessen. Et ass net ze toleréieren, datt sech aus deels heftegen Dépassementer och nach Méiannahme fir Leit erginn, déi am Fong hir Aarbecht net vollkomme gemaach hunn, well soss wier et net zu den Dépassementer komm - op d'mannst net a vergläichbarem Mooss.

An engem zweete Vote gëtt dann den definitive Projet mat sengem viraussiichtleche Käschtepunkt gestëmmt. Sollt deen iwwerschratt ginn, muss d'Finanzkontrollkommissioun befaasst ginn a sech d'accord erklären.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Op eng aner Manéier ass dat permanent Iwwerschreide vu Baukreditter, dat och der Öffentlechkeet kaum nach ze rechtfäerdegen ass, net anzedämmen. A mir kënnen eis et ganz einfach och objektiv net méi leeschten, Dépassementer einfach esou hinzehuelen. Eis Mëttele sinn net onbegrenzt an doraus ergëtt sech noutwendegerweis e vill méi prononcéiert Moosshale bei deene staatlechen Ausgaben, déi eis mëttelfristeg am meeschte wäerte belaaschten, nämlech deene vun den öffentleche Bauten an Investitiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn a mengem schréftleche Rapport der Finanzplaz Lëtzebuerg e Kapitel gewidmet, well an eisem Land villes vun der Gesondheet an der Leeschtungsfäegkeet vum Finanzzentrum ofhänkt. Ech si schonn op déi grouss Dépendancen agaangen, déi eise Budget a Saache Kollektivitéitssteier - an also och a Saache Gewerbesteier - vun der Finanzplaz huet. Fakt ass allerdéngs, datt Lëtzebuerg nach a méi Hisiichten dovun ofhänkt, ob et eiser Finanzplaz gutt geet. Grond genuch, sech e bësse méi agoend mat hir ze befaassen.

D'Finanzplaz erwirtschaft ronn e Véirel vun eisem nationale Räichtum. Si beschäftegt 10% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg am Privatsecteur schaffen, a si ass zoustänneg fir bal 80% vun de Betribssteieren, déi mer anzéien.

De Lëtzebuerger Finanzzentrum ass weltwäit d'Nummer aacht. Bei der Fongenindustrie ass de Ranking souguer nach e gudde Krack besser, do steet Lëtzebuerg ëmmer op zweeter oder drëtter Plaz weltwäit - hannert de Vereenegte Staten. Op esou enger Plaz laascht natierlech e gewëssen Drock. Erfollegsdrock fir d'Acteure vun der Plaz, Erhalungsdrock fir déi, déi de politeschen Encadrement dervun ze besuergen hunn. Alles an allem ass e weltwäit féierende Finanzzentrum eng Chance an eng Belaaschtung - an et ass d'Aufgab vun der Politik, d'Chancen esou auszegestalten, datt d'Belaaschtung net problematesch gëtt. Genee do läit och déi grouss Erausfuerderung fir d'Zukunft.

Als Steiergenerator ass d'Finanzplaz net ze schloen, 80% vun der Kollektivitéitssteier - dat sinn ëm déi 850 Milliounen Euro - ginn an de Betriber vun der Lëtzebuerger Finanzwelt erschafft. Genee esou 400 Milliounen Euro Taxe d'abonnement an e gudden Deel vun der Verméigens- an der Enregistrementsteier, soe mer mol nach eng Kéier 300 bis 350 Milliounen Euro. Selbstverständlech kënnt d'Akommessteier vun de Beschäftegten derbäi - reng statistesch kéint ee vun engem Zéngtel vun der Gesamtrecette an deem Beräich ausgoen, also ronn 140 Milliounen Euro. Dobäi hu mer keng Retenue à la source, keng Tantièmësteier a keng TVA berücksichtegt a landen dach bei 1,7 Milliarden Euro, bal e Véirel vun de Steierrecettë vun eisem Land, déi reng aus der Aktivitéit vun der Finanzplaz resultéieren. Esou e Secteur muss der Politik deemno ganz besonnesch intensiv um Häerz leien. An et ass net falsch ze behaapten, datt d'Finanzplaz dat zënter de 60er Joren, wou se hir éischt Prouessen op de Parquet geluecht huet, och ëmmer gemaach huet.

Well d'Finanzplaz Lëtzebuerg awer an Europa an doriwwer eraus engem gewëssenen Drock ausgesat ass, dee sech aus ville Facteuren ergëtt, kënnt der Promotioun vun dësem Zentrum eng ganz speziell Bedeitung zou. Net nëmmen hu mer et regelméisseg mat europäeschen Harmoniséirungsbestriewungen ze dinn, déi net ëmmer an déi Richtung lafen, déi fir d'Vitalitéit vun der Lëtzebuerger Finanzplaz déi bescht ass, mä eis Plaz befënnt sech doriwwer eraus an direkter Konkurrenz mat anere Finanzzentren, wéi zum Beispill Dublin, London oder de Kanalinselen - fir der just e puer ze nennen, déi no bäi sinn -, a muss sech also an deem Kontext behaapten. Doraus ergëtt sech eng permanent Noutwendegkeet, fir d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz a vun deenen hire Rahmebedingungen, an deene se funktionéiert, ze verbesseren.

Elo kënne mer zu dësem Zäitpunkt vum Joer 2004 feststellen, datt et souwuel de Banken, wéi der Fongenindustrie, wéi och deenen anderen Deeler vum Finanzsecteur zu Lëtzebuerg nees ufänkt besser ze goen. D'Beschäftegung hëlt zënter dësem Hierscht nees liicht zou, d'Bilanszommen ënnerleie kengem Negativtrend an d'Aktive vun de Fonge ginn nach weider an d'Luucht. Mä net alles, wat hei schéngt ze blénken, ass och aus Edelmetall.

Esou konnt zum Beispill bei der Beschäftegung am Finanzsecteur den Trend no ënnen ëmgedréit ginn, mä d'Beschäftegungszuele leien haut no wéi vir ënnert dem Rekordniveau vum Ufank vun dësem Jorzéngt. D'Zuel vun de Banken op der Plaz situéiert sech awer just nach liicht iwwer 160, wat virun allem op Fusiounen an Acquisitiounen an deem Beräich zréckzeféieren ass, mä et bleift, datt keng nei Banke méi heihinner kommen. Och bei de Fongen, deenen hir Aktiven en Total vun 1.059 Milliarden Euro Enn September 2004 ausgemaach hunn, ass et esou, datt de Spillraum no uewen net méi onbegrenzt ass. D'Finanzplaz, déi e grousse Räifegrad erreecht huet, beweegt sech op d'Grenze vun hirer Expansiounsfäegkeet zou.

Nun ass et awer esou, datt an engem dynameschen, international ënner groussem Kompetitiounsdrock stoende Secteur eng Stagnatioun keng Optioun ass. Stagnatioun ass faktesch gläichbedeitend mat Regressioun. Wann et net méi no vir geet, wa keng attraktiv Zukunftsperspektive méi kënne vermëttelt ginn, wann de Standuert Lëtzebuerg net iwwerzeegend an d'Welt erausstrahlt als eng Plaz, wou d'Zukunft stattfënnt, dann evoluéiert eise Finanzzentrum éischter no ënnen eméi bis elo. Mir brauchen deemno eng Wuesstumsperspektiv. A wann déi net aus méi Banken a méi Milliarden an de Fonge ka gestréckt ginn, da musse mer op Terrainen auswäichen, wou qualitative Wuesstum méiglech ass a konsequent kann ugestrieft ginn.

Ech gesinn hei virun allem zwee Felder, déi ze bestelle sinn. Dat ass zum engem dat vun der Regulatioun vun den Aktivitéite vum Finanzzentrum, wou mer net dierfen de Feeler maachen an an en totalen Excès falen, well deen Aktivitéiten ofwiergt, amplaz se ze förderen. An anererséits ass et den europäesche Standuert vu relevanter an international beuechter Recherche am Finanzberäich, duerch déi eis Finanzplaz den néidegen akademesche Réckgrat kritt an déi e stännege Bäitrag zur Entwécklung vun neien, zukunftsträchtege Finanzproduite leescht.

Et ass zu Lëtzebuerg mëttlerweil méi schwéier fir e Kont opzemaachen, wéi op der Kreissparkasse zu Wittlech oder beim Crédit agricole zu Diddenuewen. Esou eppes ass op Dauer der Attraktivitéit vun der Finanzplaz ofträglech. Datt mer eis zu Lëtzebuerg konsequent drëm beméien, eng propper Finanzplaz ze hunn, op där de Blanchiment bekämpft gëtt, an déi duerfir och net fir Finanzbewegunge ronderëm all méiglech kriminell Machenschaften zur Verfügung steet, muss mat enger verstänneger Reguléirung kompatibel bleiwen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et geet einfach drëms, fir net an Exzesser ze verfalen, déi aktuell a potenziell Clientë sou wéi och nei Acteure vun eiser Finanzplaz ewechhalen. Et ass net normal, Dir Dammen an Dir Hären, datt ee Client, deen aus engem vun deenen eemolegen Ostblocklänner kënnt, et praktesch onméiglech gemaach kritt e Kont op enger lëtzebuergescher Bank opzemaachen. Et ass net normal, datt dës Leit, déi jo awer net alleguerte Wäisswäscher an Terroriste sinn, awer quasi esou vu ville vun eisen Acteure vun der Bankeplaz behandelt ginn.

Et ass och net normal, datt een neierdéngs muss uginn, ob een en Deputéierten oder ee Gemengerot perséinlech kennt, wann een e Kont wëllt opmaachen, just well iergendeen d'Konzept vun der sou genanntener „politically exposed person" erfonnt huet, dat mir nees eng Kéier vill méi äerdeg ëmsetze wéi déi aner Finanzzentren.

(Brouhaha général)

Am Résumé: Wann d'Politik ronderëm de Finanzzentrum méi helleg wëllt…

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, mir sinn opgereegt, well de Rapporteur ass amgaangen de Budgetsminister ze attackéieren.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Neen, Här Grethen, reegt lech net op, well et war d'Europäesch Unioun an den Ecofin, an deem Dir och soutzt.

M. Henri Grethen *(DP).*- Mä wie setzt et ëm? Wie setzt et hei ëm, wann et zu Wittlech net ëmgesat gëtt an zu Arel?

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, wann den Här Grethen sech berouegt huet, da kann ech vläicht virufueren.

M. Henri Grethen *(DP).*- Ma Dir kënnt roueg virufueren, mä Dir reegt mech schrecklech op.

(Hilarité)

An ech hu schonn héije Bluttdrock.

M. le Président.- Wann Der dem Rapporteur eng Fro wëllt stellen, da stellt se.

(Brouhaha général)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Am Résumé: Wann d'Politik ronderëm de Finanzzentrum wëllt méi helleg si wéi de Poopst, da schuede mer eis just. Dat hu mer rezenterweis beim Gesetz iwwert de Blanchiment gesinn, wou sollt eng quasi generell Infraktioun geschafe ginn, déi just mat Onwësse vu Bankbeschäftegten ze di gehat hätt. D'Chamber huet dat gekippt, mä et bleift, datt ëmmer nees esou Initiative geholl ginn, vun deene kee Mënsch zu Lëtzebuerg eppes huet - déi aner Finanzzentren an Europa awer séier wuel!

Dobäi kënnt, dass eng Iwwerreglementatioun och zu Panik bei deene betraffene Leit am Finanz- a Bankesecteur féiert, déi musse befäerten, bei all Ouverture de compte mat engem Fouss am Prisong ze stoen. Och dëst dréit sécherlech net zu deem Vertrauensverhältnis bäi, wat misst zwëschent den Acteure vun der Finanz- a Bankeplaz par rapport zu hire Clientë bestoen.

Mir brauchen deemno eng „better regulation" am Sënn vu méi realistescher, méi pragmatescher Regulatioun, wéi mer se ëmmer haten. Nëmmen esou kann de Finanzzentrum kompetitiv bleiwen, an nëmmen esou kënne mer an der Finanzwelt eescht geholl ginn. All Acteuren, d'Politik, d'Verwaltungen, d'CSSF, d'Banke selwer, sinn hei gefuerdert, fir zesummen dee Grad vu Regulatioun ze schafen, deen eng propper Finanzplaz garantéiert, déi international awer konkurrenzfäeg bleift.

Mäin zweete Punkt ass dann dee vun der Luxembourg School of Finance als akademescht Réckgrat vun engem héich entwéckelten, mat komplexe Mechanisme funktionéierende Finanzzentrum. Et ass schonn dacks gesot ginn an et stëmmt: Eng weltwäit méi matféierend Finanzplaz kann net nëmmen op Basis vu prakteschen Impulser aus Politik a Wirtschaft funktionéieren. Esou eng Plaz brauch en Iddiëlaboratoire, an deem Recherche bedriwwen, iwwer Produkter nogeduecht, neier entwéckelt an aler verbessert ginn. An dësem Iddiëlaboratoire musse Chercheuren aus der Finanzwelt regelméisseg transitéieren an duerch hir Presenz zu Lëtzebuerg eiser Plaz hir international Unerkennung verstäerken.

Ech hunn a mengem schréftleche Rapport op d'Initiativ vu Liechtenstein higewisen, déi all Joer eng héichkaräteg besate Konferenz organiséieren, wou d'Décideuren aus der Finanzwelt zesumme kommen, wat zu der internationaler Réputatioun vun dësem Land sécherlech wesentlech bäidréit.

Et ass esou e Laboratoire vun der internationaler Finanz, deen e qualitative Wuesstum vun eiser Plaz ka förderen an ukuerbelen. Vun do kann ee sech nei Impulser erwaarden a vun do kënnen Uregungen ausgoen, déi der Politik an der Bankewelt als solcher net afalen. Mä dëse Laboratoire ass d'Luxembourg School of Finance nach net.

D'Luxembourg School of Finance huet en Optrag, deen aus Enseignement a Recherche besteet. Elo muss op deen zweete Pilier, op dee vun der Recherche, déi Prioritéit geluecht ginn, déi an Terme vu Ressourcen a vun erwënschtem Output néideg ass. Dat ass e Prozess, deen nees eng Kéier muss vu verschiddener Säit an d'Gäng bruecht an zum Zil gefouert ginn. D'Politik, notamment d'Héichschoulpolitik ass hei gefuerdert, awer och d'Welt vun de Banken an deenen anere Professionelle vun der Finanzplaz; déi mussen derzou bäidroen, datt eng Missioun fir d'Luxembourg School of Finance kann definéiert an e Statement formuléiert ginn, un deem sech hir zukünfteg Aktivitéit dann orientéiert.

Et bleift mer, Här President, och nach eng Kéier am spezifesche Kontext vun der Finanzplaz, op d'Noutwendegkeet hinzeweisen, eis Betribssteieren esou ze gestalten, datt se an e verstäerkten internationale Promotiounseffort erapassen. Et kritt een haut kengem potenziellen Invester méi erklärt, Lëtzebuerg wier en europäeschen Dramstanduert, wann een ëm da muss soen, mir hätten awer eng Betribsbesteierung vun iwwer 30%. Bis een deem Mënsch erklärt huet, datt awer un der Assiette ka gebastelt ginn an datt et Regele ginn an datt een och déi Saach ka méi favorabel aménagéieren, huet deen opgehal mat nolauschteren. Doweinst drängt sech séier eng Reflexioun iwwer eng Reduktioun vum Taux vum IRC a sengen ugeschlossenen Instrumenter op.

An dee Kontext gehéiert och d'Ofschafung vun der Verméigenssteier an d'Aféiere vun enger befreiender Retenue à la source vun 10% op Kapitalerträg fir Résidenten, déi Lëtzebuerg als Residenzland fir Leit mat gréissere Fortunen interessant mécht. Wann där sou genanntener „high net worth individuals" sech zu Lëtzebuerg néierloossen - mir däerfen allerdéngs déi Facilitéit net op EU-Bierger beschränken -, da kënnen dat duerchaus och Décideuren aus Finanz an Industrie sinn, deenen hir Presenz zu Lëtzebuerg och d'Bedeitung vun hirem Lëtzebuerger Wirtschaftsstanduert nees géif bekräftegen.

(Interruptions)

Ech kéim dann, Här President, zu mengem leschte Kapitel, an zwar zu deem vun de Gemengefinanzen. Well dat jo e Sujet ass, dee méi oder manner opgereegt a ville Gemengen diskutéiert gëtt, wëll ech versiche mat enger gerafftener Argumentatioun an esou vill Optioune virzegoen, datt kee mer kann ënnerstellen, nëmmen een Deel vun der Realitéit berücksichtegt ze hunn. Eng Saach ass a bleift awer kloer, ob se elo gär gehéiert gëtt oder net: Eng Reform vun de Gemengefinanzen drängt sech op a si ass mat der aktueller Gemengelandschaft net méiglech. Wat sech dorauser fir Konsequenzen erginn, misst eigentlech jiddferengem kloer sinn.

Am Résumé stellt sech d'Situatioun vun de Gemengefinanze folgendermoossen duer. D'Recetten aus der Gewerbesteier si grad esou réckleefeg wéi déi aus der Kollektivitéitssteier, wat net anescht ka sinn, well zënter der Reform vun 2002 déi zwou Steieren déiselwecht Assiette bei de Kapitalgesellschaften hunn. D'Dotatiounen iwwert de Fonds communal de dotation financière huelen zou, wat doru läit, datt de Stat signifikant Progressioune bei de Recetten aus der Akommessteier an der TVA ka verbuchen. An den Undeel vun der Grondsteier un de Gemengerecetten - knapps 2% vun den net affektéierte Ressourcen - ass verschwannend kleng, sou datt dës Steier an hirem aktuellen Zouschnëtt kee Bäitrag zu enger finanzieller Besserstellung vun de Gemenge kann duerstellen.

D'Gewerbesteier mécht tëschent 40% a 50% vun de Recettë vun de Lëtzebuerger Gemengen aus. De Rescht ass, um Niveau vun den net affektéierte Ressourcen, praktesch eleng d'Dotatioun aus dem Fonds communal de dotation financière. E puer Zuelen zur Illustratioun: D'Gewerbesteier erbréngt landeswäit iwwer 400 Milliounen Euro, de Fonds communal de dotation financière gëtt mat iwwer 500 Millioune gespeist, déi dann un d'Gemenge fléissen. D'Grondsteier mécht e landeswäit Produkt vu ronn 25 Milliounen Euro aus. 900 géint 25 - dës Relatioun ass kloer. Zum Verglach: A Groussbritannien ass d'Grondsteier déi eenzeg Steier, aus där d'Gemengen autonom Recetten zéien. An Däitschland mécht se ëmmerhin 6% aus, a Frankräich an an der Belsch si mer schon iwwer 15%. Zu Lëtzebuerg sinn et 2%. Souvill zur autonomer Gestaltung vun enger Steier, déi integral an den Hänn vun de Gemengen ass.

Aus där heier Duerstellung ergëtt sech eng grouss Ofhängegkeet vun de Gemenge vun enger Steier, där hir Zukunft net noutwendegerweis roseg ass. Dat ass d'Gewerbesteier. An der Logik vun enger méi wirtschaftsfrëndlecher Besteierung wéilt ech da folgend Reflexioune maachen. D'Gemengen hänken an engem ze vill grousse Mooss vun dëser Steier of, där hir Zukunftsperspektiven, wéi ech et schonn e puermol gesot hunn, net schrecklech sécher sinn. Wann d'Gewerbesteier och nach net richteg méi no uewe kann évoluéieren, well ëmmer manner Betriber ëmmer manner dovu bezuelen a se parallell derzou en Deel vun där steierlecher Gesamtbelaaschtung vun de Betriber ausmécht, déi mer esou schwéier no bausse verkaaft kréien - mat der Gewerbesteier an der Solidaritéitssteier am Taux dra leie mer an der Europäescher Unioun mëttlerweil just nach op der 18. Plaz -, da misste mer se reformëieren.

Ech proposéieren an där Hinsicht a mengem schréftleche Rapport, datt d'Gewerbesteier soll, graff gesinn, op d'Halschent vun hirem aktuelle Saz reduzéiert ginn. Dat geet entweder iwwer en national eenheetlechen Taux vu véier Prozentpunkten, dee sech op den IRC grefféiert, oder awer iwwert d'Reduktioun vum heitegen Taux d'assiette vun 3% op dann nach 1,5%. An där zweeter Logik léich se da bei 3,75 Prozentpunkte mat engem Hebesaz vun 250%.

De Produit vum Impôt commercial communal misst dann natierlech verdeelt ginn. Do gesinn ech dräi Optiounen. Entweder d'Gemengen, an deenen dësen Impôt erwirtschaft gëtt, behalen e ganz - dat ass déi Variant vum maximale kommunalen Intéressement un der wirtschaftlecher Aktivitéit op hirem Territoire. Oder awer e gëtt un d'Regionalfonge verséiert mat deenen d'Investissementer am Intérêt vu méi Gemenge finanzéiert ginn - dat ass eng méi planeresch konsequent Variant. Oder awer et bleift alles beim Alen, also bei der aktueller Péréquatioun, an et geschéich eng Ëmverdeelung, wéi mer se och haut kennen, no deeneselwechte Regelen. Ech perséinlech - ech verstoppen dat net - hunn eng Preferenz fir déi éischt Variant, déi allerdéngs och eng aner Gemengelandschaft viraussetzt. Dozou kommen ech nach.

Wann dat esou géing, dann entstéing - ouni elo eng verbessert Steiermoral a méi wirtschaftlech Aktivitéit viraus wëllen ze soen, déi sech prinzipiell aus enger spierbarer Reduktioun vun der Betribsbesteierung misst erginn - en Déchet fiscal vu ronn 225 Milliounen Euro um Stand vun 2005. An déi missten éirens anescht erakommen, fir datt d'Gemengen op hirem aktuelle Recettenniveau kéinte bleiwen. Meng Preferenz zum Zweck vun der Kompensatioun geet eendeiteg a Richtung vun där Reform vun der Grondsteier, déi ech elo gläich wëll skizzéieren. Ech behaapten och, datt do genuch Spillraum besteet, fir de substanziellen Deel vun der Gewerbesteier ze kompenséieren. Mä do virdru maachen ech, fir komplett ze sinn, eng Iwwerleeung zu engem reforméierte Fonds communal de dotation financière, wou och Kompensatiounsmëttele kéinten hierkommen.

(Coups de cloche de la Présidence)

De Fonds communal de dotation financière gëtt haut alimentéiert vun der Akommessteier, der TVA, der Autossteier an engem forfaitairen Zousazbetrag. Wann een d'Participatiounssätz - 18% fir d'Akommessteier, 10% fir d'TVA, 20% fir d'Autossteier - géif unhiewen, da bestéing d'Méiglechkeet, fir eng Rei Milliounen Euro zousätzlech eranzehuelen. Datselwecht wier wouer, wann ee géif en Deel vun den Accisen - och zum Beispill 10% oder 15% - an de Fonds communal de dotation financière fléisse loossen. Dobäi géif een dann dovun ausgoen, datt deene Gemengen en Deel vum Produkt vun där Steier zousteet, déi am Wesentlechen aus dem Tanktourismus resultéiert, dee sengersäits déi Auswierkungen op d'Liewensqualitéit an deene betraffene Gemengen huet, déi mer kennen.

Mä am sënnvollste wier et nach, fir eng weider Alimentatioun vum Fonds communal de dotation financière duerch eng Participatioun un neie Steiere sécherzestellen, u Steieren, déi et haut nach net gëtt. Domat mengen ech d'Retenue à la source souwuel fir EU-Bierger, vun där hirem Produkt eis e Véirel zousteet, an déiselwecht Retenue fir Résidenten zu Lëtzebuerg, déi soll geschafe ginn. Op déi Manéier entstéing dem Stat trotz enger méi héijer Dotatioun vum Fonds communal de dotation financière keng Moins-value par rapport zur Situatioun vun haut, well jo keng bestoend Steier déviéiert géif ginn.

Da bleift also eng méiglech Reform vun der Grondsteier. Wann déi verdräi- oder vervéierfacht géif ginn, dann hätt nach kee Stot am Land e reelle Problem mat er,…

(Brouhaha général)

…mä amplaz 25 Milliounen Euro kéime schonn emol 100 Milliounen Euro eran. Da géifen zur Kompensatioun vun engem ICC-Feelbetrag vun 225 Milliounen der just nach 100 feelen. A wann een dann nach géif d'öffentlech Gebaier der Grondsteier ënnerwerfen, a se als Steierinstrument um Logementsmaart spekulatiounshemmend asetzen, da géif sech nach en nenneswäert méi héije Produit erginn. Ech sinn der Iwwerzeegung, datt et muss séier zu enger Reform vun der Grondsteier kommen. Hir Berechnungsgrondlag muss de Realitéite vun haut ugepasst ginn, d'Valeur unitaire muss no uewe gezu ginn. Bien entendu muss och den Ënnerscheed tëschent bebautem oder bebaubarem an net bebaubarem Terrain an deem Kontext erhale bleiwen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mä d'Dréinen un der Schrauf vun der Grondsteier ass eng Moossnam, déi integral der Gemengenautonomie Rechnung dréit, well et eng reng kommunal Steier ass, an zousätzlech och nach e Feelbetrag aus enger wirtschaftsfrëndlecher Reform vum Impôt commercial communal kéint wäitgoend kompenséieren. Dat soll deemno geschéien, an zwar zimlech zügeg. Et géif och dem Text vum Koalitiounsaccord entspriechen - sief emol niewebäi bemierkt.

Natierlech, ech hunn et scho gesot, mécht eng Reform vun de kommunale Finanzen, wéi ech se skizzéiert hunn, kee Sënn mat 118 oder 116 Gemenge mat 3.400 Awunner am Schnëtt. Déi 40 Gemengen ënner 1.000 Awunner, déi 70 ënner 2.000, déi hunn déi kritesch Masse net, fir sënnvoll kënnen op ekonomeschem Plang ze wierken, a se hunn och net déi Gréisst fir eng méi relevant Roll ze spillen.

Wann een eng Reform vun de Gemengefinanzen uviséiert, muss ee parallell wëllen d'Ausgesi vun der administrativer Kaart vu Lëtzebuerg änneren. Eng kommunal Finanzreform, déi vun autonome Gemengen ausgeet, muss als Basis ekonomesch viabel Gemengen hunn. Déi, déi sech haut net finanzéiert kréien, kréie sech och no enger Reform vun de Gemengefinanzen net finanzéiert. Kommunal Autonomie fänkt bei de Finanzen un. Déi Gemengen, déi keng finanziell Autonomie hunn, hunn am Fong guer keng Autonomie. Dat weess all Buergermeeschter, dee mat sengem jährleche Budget e Sekretär an e Receveur bezuelt kritt an nach kann 200 Meter Strooss frësch maachen. Eng Reform vun de Gemengefinanze setzt Gemenge viraus, déi finanziell kënnen autonom sinn. Ënner 3.000 Awunner am ländleche Raum, an duebel esou vill am méi urbane Raum, do ass dat net dran.

Eng Diskussioun, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Gemengefinanze kann een awer net lassgeléist gesi vun der Ëmsetzung vum IVL, déi jo och eng Reorganisatioun vun de Gemenge virgesäit. Nach mengen ech awer, dass zum Beispill um Niveau vun der Grondsteier eng Reform elo scho kann op d'Schinne gesat ginn, an ech erënneren do och un déi Motioun, déi an der leschter Legislaturperiod scho vun dëser Chamber ugeholl ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. De Budgetsprojet fir 2005, wéi d'Regierung e virgeluecht huet, a wéi d'Finanzkommissioun an hire Rapporteur e konnte fir dëse Rapport analyséieren a verschaffen, ass een, dee vill Froen opwërft, mä gläichzäiteg awer eng ganz Partie bekannten a vertrauten Äntwerte liwwert.

An der Rubrik vun den Äntwerte kënne mer nees eng Kéier feststellen, datt déi grouss Equilibrë vun den öffentleche Finanze sech halen. Dat geet net vum selwen, mä ass d'Resultat vun enger iwwer Jore systematesch gefouerter Budgets- a Finanzpolitik, déi op Virsiicht a Wäitbléck opgebaut war. Dat ass se och haut nach.

No de Jore vu séier gehemmtem Wuesstum tëschent 2001 an 2003 komme mer am lafende Joer an 2005 nees an eng Phas vu gréisserer wirtschaftlecher Dynamik. Déi Dallsuel, déi do huet missen duerchschratt ginn, hu mer ouni Aschnëtter an de grousse budgetären Aggregater gepackt, well an deene bessere Jore konsequent Reserven ugeluecht a budgetär Mëttelen op d'Säit geluecht goufen, fir an enger méi dréchener Zäit d'Handlungsfäegkeet vun der Politik ze erhalen.

Dës Handlungsfäegkeet ass tatsächlech erhale bliwwen, och wa sech haut Froen iwwer zukünfteg Choixen opdrängen. D'Budgete konnten tëschent 2001 an 2004 kontinuéierlech am Volumen zouhuelen, wat d'Ofsécherung vum Investitiounsprogramm vum Stat gradesou erlaabt huet wéi e konstant ganz héije Grad vu sozialer Sécherheet a Versuergung.

Souguer mat der neier Schold, déi 2005 wäert opgeholl ginn, also mat deenen 200 Milliounen Euro fir Investissementer an d'Schinnen an an d'Stroossen, situéiert sech eis Statsschold nach wie vor op engem niddregen Niveau. Mat just liicht iwwer 2% vum PIB ass eis Schold quasi négligeabel an d'Verscholdungscapacitéit vum Stat fir d'Zukunft intakt.

De Budgetsprojet fir 2005 selwer weist en Defizit op, dee sech mat ronn 300 Milliounen Euro - ouni d'Ausgabe vun de Fongen anzerechnen - bei 1,2% vum PIB usiedelt, wat integral konform ass mam europäesche Stabilitéitspakt. Souguer mat den Ausgabe vun de Fonge läit eisen Defizit bei 3% - an déi Gelder, déi do ausgi ginn, si bekanntlech Reserven an net geléinte Suen, wat déi 3-Prozent-Betruechtungsweis muss relativéieren.

Allerdéngs stelle sech trotzdeem fir 2005 an doriwwer eraus Froen zu de mëttel- a laangfristege Budgetsperspektive bei gläichbleiwenden Ausgaben an enger net gebremster Dynamik vun den Dépensen. D'Fongen, ech hunn et gesot, falen 2006 schonn an e Finanzéierungsbedürfnis, wann net weiderhin all Joer 200 Milliounen Euro geléint ginn. Dann hätte se Enn 2008 e Lach vun enger Milliard Euro. Bei gläichbleiwende budgetären Dotatiounen un d'Fongen, déi schonn immens héich leien, musse mer deemno 2006, 2007 an 2008 jeeweils 200 Millioune léinen, fir d'Fongen ze speisen an den Investitiounsprogramm weiderlafen ze loossen.

Zwar hunn ech gesot, eis Verscholdungscapacitéit wier intakt, an dat stëmmt och. Allerdéngs ass et keen Zil Scholden ze maachen. Wa se fir Investissementer néideg sinn, da muss ee se op sech huelen, awer gläichzäiteg e schaarfe Bléck op de gesamte Budget werfen, fir erauszefannen, wou kënnt gespuert ginn. Well ech wëllt trotz alle Méiglechkeete virun enger Verscholdungslogik, déi sech mëttel- a laangfristeg géif verfestegen, warnen.

Den amerikanesche President Franklin Delano Roosevelt huet zu deem Thema gesot: „Any government, like any family, can for a year spend a little more than it earns. But you and I know that a continuation of that habit means the poorhouse."

Eng längerfristeg Verscholdungsdynamik ass geféierlech. Si féiert zu engem héije Scholdestand an zu entspriechende Réckzuelungen. A wann een, wéi eis Nopeschlänner, 10, 20, oder esouguer 30% vun de jährleche Budgetsrecetten op eemol an de Scholdendéngscht muss investéieren, da verléiert ee seng politesch Handlungsfäegkeet. Do si mer nach net, mä mir sollten et vermeiden dohinner ze kommen.

Eis Recettë klammen zwar weider, mä hir Struktur seet eis, datt mer un d'Grenze vum Wuesstum op deem Niveau stoussen. Méi Recetten ergi sech nach aus der Croissance vum Aarbechtsmaart, um Niveau vun der Lounsteier an der TVA, wéinst deem bestänneg wuessende Konsum, an aus der Presenz zu Lëtzebuerg vun e puer groussen Internethändler, déi substanziell Zommen un TVA bezuelen, an déi net vum selwen heihinner komm sinn, wat een op dëser Tribün emol nach eng Kéier soll ënnersträichen.

Déi aner steigend Recettë sinn zum Deel verbonne mat steigenden Dépensen. Ech erënneren hei un d'Relatioun tëschent de Recetten aus den Accisen an de Verflichtungen ënnert dem Protokoll vu Kyoto. A schliesslech bewierkt d'Struktur vum Wuesstum vum Aarbechtsmaart eng ëmmer méi ëmfangräich Exportatioun vu sozialen Transferten an domat d'Offléisse vu Geldmëttelen, déi net oder net genuch an de Konsum zu Lëtzebuerg investéiert ginn.

Déi eegen Dynamik vun de Sozialausgaben, déi aus dem Wuesstum vum Aarbechtsmaart zwanghaft resultéiert, ass e weidere Facteur, dee mer an der budgetärer Prioritéitestellung an de kommende Joren am A ze behalen hunn.

Alles an allem hu mer eng Situatioun erreecht, Dir Dammen an Dir Hären, an där däitlech gëtt, datt

Lëtzebuerg net méi alles kann, well och eis Ressourcen net onbegrenzt sinn. An deem Zesummenhank muss de Stat sech d'Fro stellen, musse mer eis all zesummen am politesche Raum d'Fro stellen, wéi mer an Zukunft eis Recettë wëllen esou géréieren, datt dat, wat mer musse maachen, ka finanzéiert ginn, an dat op Plazen, wou mer net onbedéngt musse weider Dépensen a Kaf huelen, oder ufänken ze spueren.

Ech hunn d'Beispill vum Subventionnement vum öffentlechen Transport ugefouert, wou mer de Betrib vu Bus a Bunn mat honnerte Milliounen Euro sponseren, fir datt schrecklech vill Benotzer gratis den öffentlechen Transport kënne profitéieren. Ech hunn och d'Zouschëss am Beräich vun der Fotovoltaik genannt, an d'Praxis vum ze deiere Bauen. Mir kënnen net méi alles. Mir sollten och net esou maache wéi wa mer alles kënnten.

En éierlechen, onverkläerten a schounungslose Bléck op de Budget fir 2005 weist eis, datt d'Choixë bei de staatlechen Ausgaben ustinn an datt mer déi besser hätten ze preparéieren, esou laang mer net ënner absolutem Zuchzwang stinn.

De Bertolt Brecht huet emol op seng onvergläichlech Aart a Weis folgende Saz formuléiert: „Ist das nötige Geld vorhanden, ist das Ende meistens gut." Bis haut war bei eis ëmmer dat néidegt Geld do, mä mir hunn zu dësem Moment keng Garantie, datt dat éiweg esou bleift. Dofir musse mer eis an Zukunft verstäerkt froen, wat wierklech néideg ass, fir och an deene kommende Joren ëmmer e gutt Enn ze fannen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Ech ginn dem honorablen Här Mosar, Budgetsrapporteur fir de Budget vun 2005, Akt vu sengem Rapport.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi héiere mer d'Ausféierunge vum Budgetsminister Luc Frieden zu deemselwechte Projet.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.26 heures)

MERCREDI, 1ER DÉCEMBRE 2004 — 9E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

(Exposé du Ministre du Trésor et du Budget, M. Luc Frieden)

2. 4965 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2001

(Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5344 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne pour la répression du terrorisme, fait à Strasbourg, le 15 mai 2003

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Mir hunn haut de Mëtteg um Ordre du jour d'Interventioun vum Här Budgetsminister Luc Frieden zum Projet iwwert de Budget vum Joer 2005.

Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

1. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

Exposé du Ministre du Trésor et du Budget, M. Luc Frieden

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Statsbudget fir 2005, dee siwente Statsbudget hannerenee fir deen ech als Budgetsminister zoustänneg sinn, deen éischte vun der Regierung, déi aus de Wahle vun dësem Summer ervirgaangen ass.

Dëse Statsbudget, zesumme mat der Finanzpolitik vun deenen nächste Joren, sinn déi Instrumenter déi mer brauchen, fir eist Land vu mar verantwortungsvoll virzebereeden.

E Land dat an Europa an an der Welt respektéiert muss ginn a wëllt ginn, well et Verantwortung iwwerhëlt. Verantwortung am Intérêt vu Fridden, Entwécklung a Stabilitéit.

E Land wat Europa villes politesch an ekonomesch verdankt an dofir och grad an deenen nächste Méint säi vollen Asaz gëtt fir Europa ze verdéiwen, andeem mer eis ausschwätze fir déi europäesch Verfassung an andeem mer an der Présidence eist bescht wäerte fir Europa maachen.

E Land wat heiheem dofir suergt, dass mer eng konkurrenzfäeg Wirtschaft hunn, déi Aarbechtsplaze schaaft, an eng Schoul, déi op déi Aarbechtsplaze virbereet.

E Land wat weess, dass Finanz- a Wirtschaftspolitk muss Hand an Hand goe mat enger staarker, mä finanzéierbarer Sozialpolitk, déi d'sozial Gerechtegkeet an d'sozial Kohesioun als Zil muss hunn.

E Land, wat senge Bierger versicht Liewensqualitéit ze garantéieren; Gesondheet, Fleeg am Alter, Erzéiung, Transportinfrastrukturen a Sécherheet mussen dofir Finanzprioritéite bleiwen.

E Land awer och, wat bereet ass Changementer unzegoen, fir och an Zukunft kënnen eng zolidd Sozialwirtschaft an eng gesond Finanzpolitik kënnen ze halen.

Dës sechs Objektiver, dat sinn eis Aufgaben. Ech mengen et sinn eis Flichten, fir Lëtzebuerg op eng responsabel Aart a Weis, grad via de Budget, grad via d'Finanzpolitik op mar ze préparéieren. Dat ass net einfach. Do ginn et eng Rei Pisten, an de Budgetsrapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar huet am Numm vun ärer Finanzkommissioun, an zum Deel do, wou en et preziséiert huet, a sengem perséinlechen Numm eng Rei Observatioune gemaach, déi an deenen nächste Wochen an dësem Haus a ronderëm dëst Haus diskussiounswäert sinn a mussen zu Iwwerleeunge féieren.

6.902.000.000 Recetten, 6.991.000.000 Dépensen; dat sinn déi impressionant Chiffrë vum Statsbudget vun 2005. Iwwert dës Chiffrë muss dëst Haus déi nächst Woch ofstëmmen. Si sinn d'Grondlag vu ville Politiken an Aktivitéiten, déi an dësem Land d'nächst Joer gemaach ginn. Mä ech mengen, dass dës einfach Chiffren net d'Komplexitéit vun der Finanzpolitk duerstellen an och net d'Komplexitéit vun all deene politesche Beräicher, déi de Statsbudget versicht ze encouragéieren an ze dirigéieren.

Fir d'Regierung ass de Budget vun 2005 e wichtege Motor vun der Ekonomie a vun den Aarbechtsplazen, et ass en Instrument vun der sozialer Gerechtegkeet an et ass eng Garantie, fir zolidd Statsfinanzen ze halen. Dat sinn dräi Facteuren, déi bei eis bei allen Iwwerleeunge bei dësem Statsbudget wichteg waren.

Mir stinn awer viru groussen Erausfuerderungen, wa mer dës dräi Ziler - Motor vun der Ekonomie, d'sozial Gerechtegkeet an zolidd Statsfinanzen - wëlle mateneen erreechen. Grouss Schwieregkeeten an Erausfuerderungen, well mer mierken, dass den Niveau vun eisen Investissementer héich ass a muss héich bleiwen, fir eis Ekonomie ze ënnerstëtzen, datt mer sozial Dépensen hunn, déi héich sinn, well mer wëllen e staarke Sozialstat hunn, mä op där anerer Säit eng Fiskalitéit, Recetten, déi net esou schnell klamme wéi d'wirtschaftlech Entwécklung, respektiv sech mat enger ënnerschiddlecher Evolutioun entwéckelen, an eng wirtschaftlech Situatioun, déi schwiereg ass an déi eis op d'mannst zu Virsiicht oprifft.

Wa mer d'Statsbudgete schreiwen, dann hu mer an der Vergaangenheet an och an der Zukunft dofir gesuergt, dass se sech um mëttelfristege Wirtschaftswuesstem orientéieren. Mir sinn der Meenung, dass ee keen Zickzackscours an der Budgetspolitik dierf fueren. Dat wier schlecht fir d'Ekonomie an et féiert zu Onstabilitéit an der Wirtschaft a bei de Leit.

Mir stellen awer fest, dass d'wirtschaftlech Evolutioun eng ass, déi am Zickzackscours fiert, an dofir musse mer de mëttelfristege Wirtschaftswuesstem kucken, fir d'Croissance vun eisem Budget festzeleeën. Zickzackscours an der wirtschaftlecher Entwécklung ass besonnesch ausgepräegt zu Lëtzebuerg.

Ech erënneren drun, dass mer am Joer 2000 e wirtschaftleche Wuesstem vun 9% haten, deen ass 2001 op nëmmen 1,3% gefall, en ass 2003 liicht erop gaangen op 2,1% a fir dëst Joer elo op eemol mengen déi, déi d'wirtschaftlech Situatioun analyséieren, datt mer kënnten op e Wirtschaftswuesstem vun iwwer 4% kommen. Iwwer 4%, woubäi mer d'lescht Joer vun deenen nämlechte gesot kritt hu wéi mer de Budget opgestallt hunn, datt fir dëst Joer héchstwahrscheinlech de Wirtschaftswuesstem bei 1,2% läit. Déi Zickzackscoursë sinn an der Zäit. Déi Zickzackscoursë sinn awer och an de wirtschafleche Prognosen, déi mer vun heiheem a vun dobaussen era gemellt kréien.

Fir de Budget vum Joer 2005 hu mer eis op eng wirtschaftlech Croissancehypothes vun 3,5% baséiert. De Statec hat a senge leschte Prognose gemengt: 3,8%. A wann ech kucken, wat d'OCDE gëschter fir Lëtzebuerg matgedeelt huet fir d'Joer 2005, da stellen ech mat Erstaunen - muss ech soen - fest, dass d'OCDE mengt, d'wirtschaftlech Entwécklung géif d'nächst Joer ëm 4,5% wuessen; 4,5% fir d'nächst Joer - wat e ganz staarke Wuesstem wär. Wat ëmsou méi erstaunlech ass, wann ee kuckt, wat fir e Wirtschaftswuesstem déi nämlecht OCDE fir d'nächst Joer virausgesäit, nämlech fir Däitschland vun nëmmen 1,4% - or, mir wësse wéi déi eng Ekonomie mat där anerer zesummenhänkt -, fir Frankräich 2% a fir d'Eurozon 1,9%, also quasi dat nämlecht. Eise Wirtschaftswuesstem wär also dixit OCDE duebel esou héich wéi dee vun der Eurozon. Ech mengen, dass mer gutt dru gedoen hunn, eng virsiichteg wirtschaftlech Croissancehypothes fir de Budget vum Joer 2005 virzegesinn. 3,5%, dat ass optimistesch, mä awer zugläich virsiichteg, well et awer eng ganz Rei Inconnuë ginn.

Éischtens d'Evolutioun vun der Eurozon - vun där ech elo grad geschwat hunn.

Zweetens de Pëtrolspräis, deen op engem Niveau ass, dass eng Brems fir d'wirtschaftlech Entwécklung an Europa weider besteet. D'Héicht vum Euro, déi och ganz sécher der Exportindustrie d'Liewen net wäert einfach maachen.

Et bleift Onstabilitéit an der Welt. En Evénement, wat mer net hoffen, mä wat zu all Moment kënnt antrieden, wéi en terroristescht Attentat, géif eng zousätzlech an immediat Brems op d'wirtschaftlech Entwécklung an Europa an an der Welt hunn, an d'Kompetitvitéit vun der europäescher Ekonomie ass, dat beweisen all déi Rapporten, déi zu Bréissel oder soss entzwousch eraus kommen, net déi déi se misst sinn, fir dass mer eng staark Croissance hunn. Duerfir mengen ech, dass mer géinge gutt drun doen, an eiser Analys vun der wirtschaftlecher Situatioun virsiichteg ze sinn.

Et si ganz vill Inconnuen, och wann een dierf moderéiert optimistesch an dat nächst Joer, wat d'wirtschaftlech Entwécklung ugeet, erakucken. Mä souguer wann een d'wirtschaftlech Entwécklung relativ optimistesch ka kucken, da bleift, datt mer konfrontéiert si mat enger Situatioun bei der Betribsbesteierung, déi net direkt, traditionell net direkt, der wirtschaftlecher Entwécklung Rechnung dréit.

D'Steiere vun de Betriber hänken dovun of, wéi vill déi Betriber investéieren; d'Steiere vun de Betriber hänken dovun of, wou e Grupp an engem gewëssene Moment besteiert gëtt, an dofir kann een och net automatesch, wéi Verschiddener dat maachen, d'Bilanë vun de Banke liesen a kucken, wat se als Provisioun fir Steiere virgesinn hunn, well en Deel, e groussen Deel heiansdo, vun deene Steieren am Ausland bezuelt gëtt. Dat sinn also net Suen, déi direkt an de Statsbudget fléissen. An, et ass ganz kloer, datt d'Kierperschaftssteier mat engem gewësse Retard sech bemierkbar mécht an dem Statsbudget. Dofir huet eng méi staark wirtschaftlech Croissance, déi mer fir d'nächst Joer gesot kréien a vun där mer och hoffen datt se kënnt, net direkt déi Incidenz op de Statsbudget. An dofir plädéiere mer fir Prudenz an der Budgetspolitik a mer plädéieren zugläich dofir, datt mer bei deem Prinzip bleiwen, datt mer eis um mëttelfristege Wirtschaftswuesstem orientéieren, a wa mer dat ronderëm 4% usiedelen, ech mengen dann hätte mer enger ganzer Rei vun Incertitudë Rechnung gedroen.

De Budget vum Joer 2004, dat ass deen dee mer amgaange sinn ze exécutéieren, beweist, datt d'wirtschaftlech Situatioun e bësse besser ass wéi déi vun 2001, 2002 an 2003, an deem Sënn datt mer mierken, datt mer Enn Oktober scho 85% vun deene virgesinnene Recetten eran haten, datt mer op der Dépensësäit ganz rigoros waren an datt mer dofir héchstwahrscheinlech an enger reng nationaler - ech preziséieren - an enger reng nationaler Budgetsoptik dervu kënnen ausgoen, datt mer de Budget 2004 wäerten am Equiliber opkréien. Et ass kloer, dass no enger Maastrichtanalys, wou mer also d'Dépensë vun de Fonge mat berücksichtegen a just nëmmen déi Recetten, déi an deem Joer erakommen, datt mer do och am Joer 2004 mat engem Defizit, allerdéngs engem ganz klengen Defizit wäerten ofschléissen. Dat gesi mer awer eréischt an deenen nächste Méint, well déi lescht Méint vum Joer traditionell an der Steierpolitik ontypescher sinn, well verschidde Steierofrechnungen Enn des Joers engem méi Kloerheet iwwert déi richteg Situatioun vun de Steiere bréngen.

Ech géif gären e puer Wuert zu de Recettë soen an duerno eng Analys maache vun der Croissance vun den Dépensen an dem Inhalt vun deenen Dépensen. Et kann ee selbstverständlech fir d'éischt - an dat ass eng philosophesch Diskussioun bei all Budgetsopstellung - kucken, wéi vill Recetten een huet an da fixéiert een d'Dépensen. Et kann een awer och kucken, wat fir eng Ausgaben de Stat maache soll, an en fonction dovunner fixéiert een dann d'Steierlaascht.

Am Fong hunn ech eng Preferenz fir déi zweeten Theorie, nämlech fir d'éischt kucken, wat de Stat finanzéiere soll, an dann d'Steiere fixéieren. An dëser Situatioun mengen ech awer, datt mer deen ëmgedréintene Wee musse goen, nämlech well et fir d'Wirtschaft schlecht wär, wa mer an dësem Moment géifen d'Steieren héijen. Dofir si mer gezwongen, eis un d'Situatioun vun de Steiere fir d'éischt erunzetaaschten, ier mer kucke wat mer mat deene Suen, an nëm-

men deene Suen déi do erakommen, kënne finanzéieren.

D'Recetten am Budget 2005 - Dir hutt dat gesinn an deene Chifferen, déi Der an deene leschte Méint besonnesch an der Finanzkommissioun studéiert hutt - klammen d'nächst Joer ëm 8%. Dat ass eng staark Progressioun, mä et ass wichteg, datt ee se am Detail analyséiert. Mir hunn en chiffres absolus dräi grouss Steierkategorien: d'Kierperschaftssteier, déi vun de Betriber bezuelt gëtt, d'Gehältersteier an d'TVA. Wann een déi Steiere kuckt fir d'nächst Joer, da gesäit een, datt mer am Budget vum nächste Joer d'TVA als déi héchste Steierkategorie en chiffres absolus vun deenen dräi Steieren agesat hunn. Dat huet mat enger ganzer Rei vu Phenomeenen ze dinn - och der Usiedelung zu Lëtzebuerg vu Betriber am elektronesche Commerce, mä et ass awer virun allem och well d'Kierperschaftssteier erofgaangen ass, well d'Kierperschaftssteier par rapport zu deem nämlechte Montant vun der Kierperschaftssteier vun deene leschte Joren elo eréischt op deem Niveau ass, vun deem mer viru fënnef Joer waren. Dat heescht, contrairement zu anere Steierkategorië stagnéiert d'Kierperschaftssteier.

Wann ee kuckt zum Beispill - an dat ass net oninteressant -, wéi d'Kierperschaftssteier an der Period 1995 bis 1999 évaluéiert huet, do ass déi Steier geklommen ëm 44% iwwert déi ganz Period. An der Period 2000 bis 2004 ass se nëmmen ëm 9% geklommen. Doranner läit eng ganz grouss Schwieregkeet vun der Lëtzebuerger Finanzpolitik, nämlech déi, datt d'Kierperschaftssteier aus Grënn vun Ofschreiwungsméiglechkeeten, aus Grënn vu Besteierung, déi am Ausland gemaach gëtt, aus Grënn awer och vun der nebulöser wirtschaftlecher Entwécklung, aus villen anere Grënn och nach, net méi dat erabréngt, wat se an deene Jore virdrun erabruecht huet.

Wann een awer iwwert déi fënnef Joer kuckt, da gesäit een, datt déi lescht fënnef Joer déi dräi Steierkategorien - d'Kierperschaftssteier, d'Gehältersteier an d'TVA - en chiffres absolus fir déi ganz Period quasi déi nämlecht Zomm erabruecht hunn: ronn sechs Milliarden Euro jee fir déi dräi Kategorië vu Steieren. Et sinn also déi dräi Steieren do, déi mer ganz enk am A behale mussen. D'Fro ass dofir, ob een den Niveau vun der Fiskalitéit vun den Entreprisë kann oder soll änneren. Et ass wichteg an der Analys vun der Konkurrenzfäegkeet vun de Betriber, datt d'Betriebsbesteierung, déi mer an deene leschte Jore substanziell erofgesat hunn, an dësen Zäiten net eropgeet.

D'Lëtzebuerger Regierung ass net der Meenung, datt et gutt wier, wann et an Europa zu enger Course no ënnen an der Betriebsbesteierung géif kommen, well Länner och eng ganz Rei vun Infrastrukture an och eng Sozialpolitik finanzéiere mussen. Dofir muss een, wann een iwwert d'Betriebsbesteierung schwätzt, selbstverständlech och ëmmer déi aner Contraintë vun engem héich entwéckelte Stat, déi och noutwendeg sinn fir d'Konkurrenzfäegkeet vun der Ekonomie, berücksichtegen.

Et geet jo net duer, datt een an engem Land de Steiersaz op e gewëssenen Niveau fixéiert, fir datt all d'Betriber an dat Land kommen. D'Betriber kucken och Facteure wéi d'Steiersécherheet - Ännert all Méindeg Moien de Steiersaz? Et gëtt gekuckt, wéi d'Stabilitéit ass, och déi sozial Stabilitéit an engem Land. Et gëtt gekuckt, wéi d'Infrastruktur - Stroossen, Schoulen, Kultur- a Sportsinfrastrukturen - ass. Wat ass den Know-how, deen op enger gewëssener Plaz besteet? An et ass d'Gesamtanalys vun all deene Facteuren, déi mat sech zitt, wou e Betrib sech usiedelt. Mä et ass och richteg, datt de Steiersaz doranner eng Roll spillt, an et ass duerfir, datt déi viregt Regierung de Kierperschaftssteiersaz op 22% gesenkt hat, woumat een zu enger Gesamtbesteierung vun 30%, wann ee lokal an aner Steieren dobäirechent, kënnt.

De Budgetsrapporter huet gëschter hei eng Reflexioun gemaach, ob een net d'Kierperschaftssteier erofsetze soll, zugläich awer - e Saz, dee gären iwwerhéiert gëtt - d'Assiette, d'Basis, déi besteiert gëtt, verbreeden an d'Abattementen, d'Bonificatiounen an aner Ofschreiwungen ofschafen. Dat ass eng Debatt, déi ee sécher ka féieren an déi och am Ausland oft geféiert ginn ass. Wann een dat allerdéngs mécht, da gëtt ee sech e wichtegt Steierlenkungsinstrument aus der Hand. Déi viregt Regierung hat probéiert dat bei de Privatpersounen ze maachen, mat der Steier erofzegoen a sämtlech Abattementen ofzeschafen. Bei deem éischten Abattement, dee mer wollten ofschafen, hu mer gemierkt, datt dat net nëmmen zu groussem Zodi géif féieren, mä datt mer virun allem domadder e wichtegt Instrument vun der Politik aus der Hand géife ginn, wat nämlech wëllt, datt d'Betriber oder d'Leit duerch steierlech Elementer zu engem gewëssene Comportement féieren.

D'Fro zum Beispill bei de Privatpersoune war, ob een d'Abattementë sollt ofschafen, déi d'Leit encouragéieren ze spueren; ob ee soll d'Ofschreiwungsméiglechkeeten ofschafen, déi d'Leit hunn, wa se Sue léine gi fir en Haus ze bauen; ob ee soll d'Abattementen ofschafen, déi Méiglechkeeten, déi d'Leit hunn, wa se Donë maachen u gewëssen Netregierungsorganisatiounen. A mir si séier zur Konklusioun komm, datt an der Theorie et gutt wär, wann ee kënnt e ganz niddrege Steiersaz hunn an absolut keng Abattementen, mä datt dat steierpolitesch net dee Wee wär, dee mer wéilte goen.

An datselwecht gëllt fir déi Diskussioun ronderëm d'Betribsbesteierung. Et kann een dat sécher analyséieren, et kann een dat studéieren an et wär interessant ze héieren, wat d'Betriber dozou soen, well eng ganz Rei vu Banke si ganz Demandeur fir grad déi Ofschreiwungsméiglechkeeten do ze hunn, an déi wären net frou wann duerch eng generell Ofschafung, notamment vun enger ganzer Rei vu Bonifikatiounen, hir Steierlaascht héchstwahrscheinlech géif eropgoen.

Déi meescht Betriber fannen, datt déi aktuell Situatioun vun eisem Steiersaz mat deene Méiglechkeete vun den Ofschreiwungen an de Bonifikatiounen, wann een alles analyséiert an net nëmmen an der Zeitung d'Tafel kuckt vun de Steiersätz, en fait eng positiv Situatioun ass, an duerfir misst een, wann een op esou ee Wee wëllt goen, ganz am Detail mat de Betriber kucken, wat dat a puncto Steierbelaaschtung géing änneren. Eis Impressioun ass et, datt dat fir eng ganz Rei Betriber zu enger méi héijer Steierbelaaschtung géing féieren.

Eist Haaptargument ass, datt mir gären d'Steierlenkungselement vun der Politik géinge behalen an duerfir Betriber encouragéieren ze investéieren an duerfir kënne manner Steieren ze bezuelen, datt mer gären hätten, datt mer iwwert d'Steierpolitik verschidde Saachen erreechen.

D'Géigenargument, an dat schwätzt fir e méi nidderege Steiersaz mat Ofschafung vun den Abattementen an aneren Ofschreiwungsméiglechkeeten, ass selbstverständlech d'Visibilitéit, déi en nidderege Steiersaz huet, wann ee vereinfacht d'Tableaue kuckt, wéi vill de Steiersaz a verschiddene Länner ass.

Dir wësst, datt e Land wéi d'Slowakei op 19% seng Steiere fixéiert huet, zugläich awer elo ganz grouss Finanzéierungsschwieregkeeten huet fir Infrastrukturen op den Niveau vu Westeuropa ze maachen an och d'Betriber net richteg zum Investéiere kritt. Mir mengen, datt ee scho muss nom Aspekt vun der Visibilitéit vun de Steiersätz kucken, an duerfir hat d'Regierung an der Regierungserklärung gesot, wéi se déi Fro wëllt klären. An déi Fro ass och haut nach am Liicht vun deem ze gesinn, wat de Statsminister hei am Numm vun der Regierung zur Betribsbesteierung gesot huet, ech zitéieren: „D'Steiersätz hirersäits maache keng grouss Spréng", sot de Statsminister, „guer keng no uewen, klenger no ënnen. D'Steierlaascht vun de Privatpersoune ka periodesch un d'Inflatioun ugepasst ginn, déi vun de Betriber ka liicht ofgesenkt ginn, fir datt mer op der europäescher Steierskala wettbewerbsfäeg bleiwen."

Ech mengen duerfir, datt déi Propositiounen, déi hei gemaach gi sinn, sécher zu enger Reflexioun an zu enger Debatt mat allen Acteur-économiquë soll a ka féieren; iwwregens gëtt et jo och eng Debatt an Europa, wat iwwerhaapt d'Assiette soll sinn, déi besteiert gëtt, fir emol d'Comparabilitéit vun deenen eenzelne Steieren an Europa méiglech ze maachen, mä et misst ee virun allem emol vun de Betriber och dann héieren op wat fir eng Bonifikatiounen an Abattementen an anerer si bereet wären ze verzichten. Well et muss ganz kloer sinn - an dat huet Äre Rapporteur och gëschter hei gesot -, datt en fin de compte net manner Steieren dierfte fir de Stat erakommen.

An ech mengen och, an dat ass déi Gefor vun där Propositioun, datt eng ganz Rei Betriber géingen en fin de compte méi Steiere musse bezuelen an domadder manner konkurrenzfäeg wären. D'Regierung wäert also bei deem bleiwen, wat mer an der Regierungserklärung gesot hunn an, le cas échéant, no Analys vun de Steieren an alle Länner vun der Europäescher Unioun, eng punktuell Adaptatioun maache fir vläicht liicht ënner 30% an der Gesamtbesteierung ze kommen.

Ech hunn d'Privatpersounen elo grad kuerz ugeschnidden an deem Saz, deen ech aus der Regierungserklärung zitéiert hunn. Och do gëllt dat, datt mer bei der Steierbelaaschtung, déi mer fir de Moment hunn, wëlle bleiwen, well mer mengen, datt se sozial gerecht ass. Ganz vill Leit an dësem Land bezuele keng Steieren. Si ass och konsumfördernd an deem Sënn, datt d'Leit hei zu Lëtzebuerg contrairement zu alle Länner ronderëm vill méi netto erauskréien an domadder kënne consomméieren. Mir mengen och, datt an dësem Moment et duerfir net gutt wär, wann ee géing déi Steieren erhéijen.

Mir hunn am Kontext vun der Privatpersounebesteierung gesot, datt mer wëllen an dëser Legislaturperiod no der europäescher Quellesteier eng national Quellesteier aféieren, och dat fir d'Besteierung vun de Leit erofzesetzen, fir d'Spueren ze förderen, well haut wësst Der, datt d'Zënsbesteierung zesumme mam Akommes vun de Leit global besteiert gëtt mat deem do applicable Saz. Mir wëllen an Zukunft, fir d'Spueren ze encouragéieren, erofkomme vun deem allgemenge Saz, dee sech fir d'Leit applizéiert, an op eng Ofgeltungssteier vun 10% kommen. Ofgeltungssteier, dat heescht datt d'Leit déi Suen net méi brauchen ze deklaréieren, datt vun der Bank 10% ofgeféiert ginn, an duerfir bleift och fir d'Résidenten d'Bankgeheimnis bei esou enger Moossnam ganz bestoen.

Dës Quellesteier gëtt net 2005 ageféiert, fréistens 2006, well mir hunn ëmmer gesot, datt dat no der europäescher Quellesteier kënnt, déi méi héich ass. An et ass logesch, datt wann d'Leit näischt méi brauchen ze deklaréieren, wann een also d'Bankgeheimnis wëllt voll a ganz bäibehalen, datt dann och en contrepartie muss d'Verméigenssteier fir d'Privatleit ofgeschaaft ginn.

Och do géing ech gären nach eng Kéier d'Regierungserklärung, déi de Statsminister am Numm vun der Regierung gemaach huet, zitéieren: „Fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, bleift d'Bankgeheimnis bestoen an et gëtt eng Quellesteier vun 10% op de Spuerzënsen agefouert. Dës Quellesteier ass libératoire. Am Géigenzuch entfält d'Verméigenssteier fir d'Privatleit."

D'Zil vun dëser steierlecher Moossnam, déi wéi gesot héchstwahrscheinlech no 2006 oder 2006 kënnt, ass fir d'Steieren zu Lëtzebuerg esou ze gestalten, datt d'Spueren encouragéiert gëtt; duerfir wäerten och héich Abattementen ageféiert ginn. Wann dat als Nieweprodukt och nei Aktivitéiten am „private banking" zu Lëtzebuerg unzitt, da begréisse mer dat, mä dat ass net d'Haaptzil vun dëser Moossnam, mä selbstverständlech begréisse mer all Diversifikatiounseffekt, deen op der Finanzplaz duerch esou Moossname ka kommen.

Et ass wichteg, datt mer, wéi gesot, an deenen nächste Méint, an deenen nächste Joren an enger onsécherer Finanzsituatioun, an enger onsécherer wirtschaftlecher Situatioun d'Steierlaascht zu Lëtzebuerg net erhéijen. Dat wär konterproduktiv, esou tentéiert een och wär als Budgetsminister fir dat ze maachen, wann ee fir d'zweete Kéier hannereneen e Budget am Defizit dëser Chamber muss presentéieren.

Mä ech hu gesot e Budget ass ee Ganzt an ech hu sechs Ziler am Ufank vu menger Budgetsried genannt, an d'Wirtschaftspolitik muss ee Ganzt sinn, muss gekuckt ginn zesumme mat der Finanzpolitik, zesumme mat der Sozialpolitik, wann een e Budget mécht. A mir hätte gären, datt hei zu Lëtzebuerg d'Betriber sech weider kënnen ausdehnen, weider kënnen investéieren an d'Privatleit kënne weider consomméieren. An duerfir kënnt eng Steiererhéijung 2005 an 2006 bei den direkte Steieren net a Fro.

Mir hunn 2005, an dat hu mer bei der Budgetspresentatioun gesot, d'TVA um Bensin an op den Zigarette vun 12 op 15% gehéicht, gradesou wéi mer d'Contributions sociales um Diesel och mam Budgetsgesetz vun 2005 erhéijen.

Sécher sinn dat keng agréabel Moossnamen, an ech versti ganz gutt, datt wann e Micro-trottoir doriwwer gemaach gëtt, datt d'Leit doriwwer net frou sinn. Do bräicht een iwwerhaapt kee Micro-trottoir ze maachen, well dat wëssen och déi, déi esou Moossname proposéieren. Mä mir hu gemengt, datt an engem Moment, wou d'Gesondheetskäschte klammen, wou nei Obligatiounen am Ëmweltberäich op eis zoukommen, datt et net abwegeg wär grad op deenen dote Produkter, wou mer wäit ënnert deenen anere Länner leien, wat souwuel d'Besteierung wéi den Endpräis ubelaangt, géingen eng liicht Adaptatioun maachen, well Dir wësst, datt den TVA-Saz vun 12% am Fong net deen normale Mindestsaz an der Europäescher Unioun ass, deen ass 15%, dat wësse mer jo och bei all deenen anere Produkter. Hei hätte mer also nach ëmmer en Taux parking vun 12%.

Et bleift och dobäi, datt trotz där Augmentatioun Lëtzebuerg wäitaus méi bëlleg an deenen dote Produkter ass wéi eis Nopeschlänner. Wéi mer déi Augmentatioun do gemaach hunn, deemools huet de Bensin zu Lëtzebuerg 0,94 Euro kascht an zum Beispill an Däitschland 1,20 Euro, a Frankräich 1,10 Euro, an der Belsch 1,16 Euro. Et gesäit een also, datt do nach e ganz groussen Différentiel bleift.

Ech soen lech och, datt mir zum Beispill mat der TVA vun 12% op 15% eropginn, datt d'Belsch en TVA-Taux vun 21% um Bensin huet. Mir hei ginn op 15%. Wann een also mat där Moossnam net total zefridden ass, wann ee se kritiséiert, da muss een och kucke wéi d'Situatioun an deem dote Beräich an den Nopeschlänner ass.

Déi Moossnam do bréngt dem Statsbudget awer 40 Milliouen Euro eran an de Fonds pour l'Emploi, dee selbstverständlech an enger schlechter ekonomescher Situatioun och vill Ausgaben ze tätegen huet, a mir mussen dofir suergen, datt dës Augmentatiounen, do wou dat iwwert de gesetzgeberesche Wee nach net geschitt ass, indexneutral sinn. Bei der Contribution sociale, déi um Diesel opgehuewe gëtt, ass dat souwisou schonn de Fall. Bei deenen aneren duerch ëmwelt- a gesondheetbedéngten Erhéijunge musse mer déi diesbezüglech gesetzlech Schrëtter nach ënnerhuelen.

An deem Kontext géing ech och gären e Wuert soen zu deem wat generell ënnert Tanktourismus gesot gëtt, op dat och gëschter de Budgetsrapporteur, den Här Mosar, agaangen ass.

Éischtens rappeléieren ech nach eng Kéier, datt mer et hei mat enger harmoniséierter europäescher Steier ze dinn hunn. D'TVA ass zënter 1991 harmoniséiert. De Mindestsaz ass 15%. Mir bleiwen also beim Mindestsaz. Mir gi just vum Taux vun 12% fort, fir op 15% ze kommen.

Zweetens, an dat huet den Ecofin-Conseil virun engem Joer décidéiert, datt mer am Accisëberäich eis mussen iwwert déi nächst zéng Joer openeen zoubewegen an datt mer am Accisëberäich beim Bensin och mussen eis Präisser no uewen unhéijen. Et gëtt keng total Harmonisatioun, mä et gëtt eng Unhéijung.

D'Fro ass gëschter an dësem Kontext gestallt ginn, ob deen Tanktourismus dem Land eppes géif bréngen, wëssend datt mer och grad am Beräich vun der Ëmwelt - Kyoto ass do d'Stéchwuert - mussen eng ganz Rei Dépensen tätegen.

Ech wëll lech soen, datt fir mech aus enger finanzieller Siicht an och esouguer aus enger Ëmweltsiicht d'Fro liicht ze beäntwerten ass.

De Pëtrolsverkaf zu Lëtzebuerg bréngt eis pro Joer u Steiere ronn 600 Milliounen Euro an. Den Zigaretteverkaf, deen domat zesummen hänkt, well ganz vill bekanntlech op den Tankstelle verkaaft gëtt, bréngt eis pro Joer ronn 400 Milliounen Euro eran. Dat ass also eng gesamt Recette pro Joer vu ronn enger Milliard Euro.

Kyoto wäert eis, quitte datt dat nach muss am Detail iwwert déi nächst Jore méi prezis gerechent ginn, eng 30 Milliounen Euro kaschten. Wann een also déi eng Milliard par rapport zu deenen 30 Millioune kuckt, ech mengen dann ass déi Fro, déi hei opgeworf ginn ass, mat de Chiffere schnell beäntwert.

An ech soen dobäi, wann ech dat als Budgetsminister dierf, datt den Tanktourismus an d'Ofschafung, dat heescht, wa mer géingen eise Präis d'selwecht maache wéi d'Nopeschlänner, net dozou géing féieren, datt da kee méi géing tanke goen. Et wier da just esou, datt déi belsch, däitsch an hollännesch Camionen, déi hei zu Lëtzebuerg tanken, bei sech am Land géingen tanken. Mir hätten also domat net dofir gesuergt, datt op eemol kee Camion méi géif iwwert d'Autobunn fueren, mä e géing just op enger anerer Plaz tanken, an dofir mengen ech muss een dat an der Siicht vun engem europäesche Maart kucken an nët nëmmen an der Siicht vum Lëtzebuerger Maart.

Sécher musse mer Energie spueren, mä datt mir just zu Lëtzebuerg géingen d'Präisser erhéijen an domadder mengen, datt mer dann an

Europa géinge manner Bensin verkafen, ech mengen datt dat net richteg wär.

Eis Steiersituatioun ass charakteriséiert duerch eng stagnéiert Kierperschaftssteier. Et ass eng déi charakteriséiert ass duerch méi e staarkt Uklamme vun der TVA, wou mer deen niddregste Saz hunn an Europa an och dee wëllen halen, mä d'TVA gëtt d'nächst Joer eis haapt Einnahm, an ech soen et nach eng Kéier, de Fait, datt mer eng Rei Betriber am elektronesche Commerce konnten usiedelen, dréit wesentlech, voire ausschliesslech dozou bäi, datt déi Steier sech esou positiv entwéckelt huet, grad esou wéi vläicht och de Fait, datt d'Lëtzebuerger vill méi consomméiere wéi an deenen anere Länner, an dat ass well mer eng Politik gemaach hunn, esouwuel am Sozialberäich wéi am Steierberäich, déi de Leit netto méi léisst, wéi dat an den Nopeschlänner de Fall ass. An deem Kontext muss een och aner sozial Mesurë gesinn, déi an deene leschte Woche presentéiert gi sinn. Et ass ganz kloer, datt d'Leit zu Lëtzebuerg méi Revenu disponibel hunn, doduerch méi ausginn, an dat mierkt een am Konsum an d'TVA ass eng Indikatioun dofir.

Mä mir musse wëssen, datt mer mat enger Situatioun konfrontéiert sinn, déi net der wirtschaftlecher Entwécklung direkt Rechnung dréit. Ech hunn dat uganks scho gesot. Ech wëll dat hei nach eng Kéier am Kontext vun de Steiere rappeléieren. D'Steiere wuessen net mat därselwechter Vitesse wéi d'Croissance économique, an op där anerer Säit kréie mer héchstwahrscheinlech mat der Kierperschaftssteier net méi dat erëm, wat mer an de Boomjoren hate vun der Finanzplaz, duerch Ofschreiwungsméiglechkeeten, duerch europäesch Gruppen, Steierstrukturen an däersgläiche méi.

Mat deem Wësse géing ech gär e puer Wuert iwwert d'Dépensësäit soen, well ech hu virdru gesot, et kann een net méi Suen ausgi wéi déi, déi een erakritt, plus déi, déi een a Reserven ugeluecht huet.

De Wuesstum vun den Dépensen ass substanziell. Doriwwer ass gëschter hei och geschwat ginn. Dat erkläert sech duerch eng Rei vu Phenomeener, dorënner datt mer d'Hypothèse de croissance, déi mer agesat hate fir de Budget vun 2004, vill méi niddreg agesat hate wéi se sech elo im Nachhinein schéngt ze entwéckelen, wat zur direkter Konsequenz huet, datt wann d'wirtschaftlech Evolutioun méi schnell ass, notamment wa méi Aarbechtsplaze geschaaft ginn, datt alles dat wat mir an d'Pensiounskeessen an an d'Krankekeessen contribuéieren, automatesch zu enger vill méi héijer Belaaschtung vum Stat féiert, andeem wat mer an d'Pensiounskeessen, d'Krankekeessen an och d'Familljenzoulage contribuéieren, an déi Croissance hate mer am Budget vun 2004 net an deem Mooss agesinn.

Wa mer also elo vergläichen de Projet de budget vun 2004 mam Projet de budget vun 2005, dann hu mer eng Croissance vu bal 9%. Wa mer awer de Budget, esou wéi mer een elo wäerten ausféieren, trotz dem Fait, datt e wäert am Equiliber sinn, mam Projet de budget vun 2005 kucken, dann hu mer eng Croissance vun eppes méi wéi 4%, an ech mengen dat wär der wirtschaftlecher Entwécklung Rechnung gedroen.

Mir hunn an deem Budget ganz héich Investitiounsausgaben, 803 Milliounen, esouwuel Fongenausgabe wéi direkt Budgetskapitalausgaben, 803 Millioune fir Infrastrukturen ze bauen. Dat sinn 11% vun de Gesamtausgabe vum Stat oder 3% vum PIB. Ech mengen, dat ass fir d'Wirtschaft ganz wichteg a mir wëllen op deem héijen uniquen Taux an Europa bleiwen.

Mir hunn doniewent selbstverständlech och courant Ausgaben, an et gehéiert bal zum gudden Toun, datt jidderee seet, et ass jo tipptopp datt se héich Investitiounsausgaben hunn, mä d'courant Ausgabe vum Stat mussen awer niddreg sinn.

A wann een dat dann hannerfreet, da kënnt meeschtens net méi vill, well dat hannerfroen heescht ze kucken, wat sinn dann déi courant Ausgabe vum Stat.

An dofir mengen ech datt et gutt wär, datt een déi emol e bëssen am Detail kuckt. Aus wat setzt sech eise Budget courant zesummen? A wann een dat emol vergläicht mat der Situatioun, déi mer virun 10 Joer haten, do ass zum Beispill d'Fro vun de Gehälter beim Stat. Wivill hunn d'Gehälter an d'Pensioune beim Stat fréier am Budget representéiert a wivill representéieren déi haut am Budget?

Ech huelen 1995, well dat einfach op zéng Joer gekuckt ass.

1995 hunn d'Gehälter an d'Pensioune vum Stat 23% vun de Gesamtdépensë vum Budget ausgemaach, elo 20%. Iwwregens ass et déi lescht Joren ëmmer bei 20% bliwwen. Dee Posten ass also net geklommen. Dobäi soen ech awer, och déi, déi dee Montant ze héich fannen, sinn awer ganz oft déiselwecht, déi bei alles reklaméiere wat beim Stat net gutt fonctionnéiert. Mir wëssen, datt mer an enger Rei staatleche Servicer méi Leit mussen astellen: Enseignement, Police. Esoubal iergendeng Affär verjährt, kréien ech als Justizminister eng Question parlementaire wou gesot gëtt, et géifen net genuch Leit an der Police judiciaire schaffen. An esou ginn et x Servicer, déi mer nach musse weider ausbauen. Dat kascht natierlech Suen. Dat si courant Dépensë vum Stat. Wann een awer seet, d'courant Dépensë mussen erofgeschrauft ginn, da muss ee soe wou een dat mécht. Mir mengen, dass mir bei de Salairen a Pensioune mat 20% vum Gesamtbudget besser leie wéi Nopeschlänner an dass dat adequat ass. D'Dépenses de consommation ausserhalb vun de Salairen; dat ass also dat, wat de Stat brauch fir ze fonctionnéieren. Déi sinn och iwwer 10 Joer stabel bliwwen. Déi louche bei eppes 7% a sinn och haut nach bei 7%.

D'Salairen also sinn an der Gesamtmasse vun den Dépensen erofgaangen, d'Dépenses de consommation hors salaire si bliwwen an et sinn dräi Kategorien eropgaangen, dat sinn d'Transferten un d'Entreprisen, d'Transferten un d'Ménagen an d'Transferten an d'Investissementer. D'Transferten un d'Entreprisë si vu 7% op 8% geklommen, déi un d'Ménagë si vun 10% op 11% geklommen an d'Investissementer si vun 8% op 9,5% geklommen; do gesäit een also wou d'Dépensë gemaach gi sinn. Déi Transferte sinn also virun allem där, déi un d'Haushalter gaang sinn, dat sinn zum Beispill d'Kannergeld, dat sinn all déi Aiden, déi mer am Beräich vum Logement gemaach hunn. Alles dat schléit am courante Budget zu Buch an dofir, wann ee seet, déi courant Ausgabe vum Stat mussen erofgoen, da muss ee ganz genau wësse wat dat heescht.

Mir mengen net, dass een an deem dote Beräich sollt erof goen, well dat erëm eng Kéier d'Ekonomie ukuerbelt an de Leit hire Liewensniveau verbessert. Dat heescht net, dass een automatesch ka sou weiderfueren, wéi mer et bis elo gemaach hunn. Mir stelle fest - an dat erkläert zum Deel och déi staark Croissance fir d'nächst Joer -, dass déi Automatismen, déi mer hunn an der Sécurité sociale, eis Contributioun bei de Pensiounen, bei de Krankekeesen, am nächste Budget eng Croissance vu 7% mat sech zéien. Sécher ass dat e Facteur vu sozialer Gerechtegkeet, sécher huet dat en ekonomeschen Impakt, well wann d'Leit Sozialleeschtunge kréien, hu se méi Netto-Verdéngscht a kënnen domat méi consomméieren.

Mä mir mussen eng Debatt driwwer féieren, wie wéi vill bezilt fir wat eraus ze kréien; en tenant compte vun deem, wat ech virdru gesot hunn. Well et ass ganz kloer, dass wa mer dat op engem Kuch kucken, wat mer als Dépensen hunn, da gesäit een - dat gesidd der héchstwahrscheinlech am Sall net -, dass dee gielen Deel hei vun deem Tableau ganz kloer weist, dat sinn eis Dépensen un d'Sécurité sociale, an dass dat mat 28,7% dee gréisste Block ass vun den Dépensen, déi mer hunn. Mir hunn 28,7% Dépensen un d'Sécurité sociale a wann een de gesamte Sozialbudget hélt, da komme mer op 44%. Dat ass natierlech gewalteg. Wéi gesot, mir mengen dass dat net falsch wär, mä dass een awer muss en Fonctioun vun deem, wat ech och bei de Steiere gesot hunn, verschidde Réorientatioune maachen, well et stinn eng Rei Erausfuerderunge virun der Dier.

Elo ginn et der, déi wëllen déi, déi d'Budgetspolitik maachen, tëscht deenen dividéieren, déi fir d'Wirtschaftspolitik wären, an déi, déi fir d'Sozialpolitik wären. Wann een nämlech eng Reflektioun mécht iwwert de Sozialbudget, da gëtt direkt gesot, gemengt, vermutet, dass ee géing wëllen d'Sozialausgabe kierzen. Mir sinn net der Meenung, dass wann een esou Reflektioune mécht, dass een de Sozialstat soll ofbauen, mä dass een nach muss iwwert e Rééquilibrage no soziale Kritären kënnen haart nodenken. Et muss ee kënnen nodenken, ob een net en Ëmtässelen am Sozialbudget mécht, wëssend zum Beispill, dass och an deenen nächste Joren d'Finanzlaascht, déi op der öffentlecher Hand läit am Beräich vun der Gesondheet, wäert klammen.

D'Gesondheet kascht ëmmer méi an d'Gesondheet gëtt ëmmer méi sophistikéiert. Wann een also dee Sozialbudget huet, muss ee kucke wat fir engen Elementer een absolut Prioritéit gëtt. Ech menge mir kommen net derlaanscht, fir an deenen nächste Joren och weiderhin d'Gesondheetspolitik, Infrastrukturen a Fonctionnementer, sou wéi an deene vergaangene Joren, weider finanziell ze encouragéieren. An do muss och d'Fro ëmmer erëm gestallt ginn, sou wéi se och bei der Quadripartite undiskutéiert ginn ass, wéi se weider wäert diskutéiert ginn, vun eege Bedeelegungen.

A bei den Investitiounen - an dofir soen ech et - kann een dat soziaalt vun deem ekonomeschen net trennen, well et muss een, fir Sozialpolitik kënnen ze finanzéieren, Betriber hunn, déi fonctionnéieren. Déi Betriber mussen eppes erwirtschaften, déi Betriber musse Steiere bezuelen. Ech hunn iech gesot, dass mer net d'Steiere wëllen eropsetzen, mä mir musse kucken, dass déi Betriber konkurrenzfäeg bleiwen, a mir mussen och kucken, dass déi Betriber Optreeg hunn. An dofir wëlle mer d'Investitiounen op engem héijen Niveau halen. An dofir musse mer kucken, wa mer keen Ofbau vum Sozialstat wëllen hunn, mä e Rééquilibrage, dee mer mussen diskutéieren, an d'Investitiounen op engem héijen Niveau halen, wëssend awer dass d'Steieren deem net esou permanent nokommen an dass eis Reserve lues a lues ofhuelen, wéi mer domat eens ginn.

Eis Meenung ass an deem dote ganze Kontext, dass mer mussen dofir suergen, dass mer d'Investitiounsausgabe par rapport zum Gesamtbudget net klamme loossen, mä plafonéiere mussen, an dass mer och am Sozialbudget musse versichen déi Gesamtausgaben ze stabiliséieren. Stabiliséiere vun de Sozialausgaben a Stabiliséiere vum Investitiounsvolumen, wa mer dat géingen erreechen, hätte mer scho Wesentleches geschafft, dann hätte mer näischt ofgebaut, mä mer géifen op deem Niveau stoe bleiwe wou mer waren.

Firwat brauche mer dat, och wa mer eng Croissance kréien? Mir brauchen dat, well nei Obligatiounen op de Stat zoukommen, well mer Margë brauchen, fir kënnen nei Aufgaben ze finanzéieren, an déi Margen hu mer fir de Moment net, wa mer weider d'Sozialausgaben a weider d'Investitiounsausgabe klamme loossen.

Wat sinn där couranter Ausgaben, déi nei op eis zoukommen - an ech soen dat grad all deenen, déi plädéieren, dass courant Ausgabe missten erofgoen? Mir hunn nei courant Ausgaben am Beräich vum öffentlechen Transport; wat ee méi Schinnen a méi Zich fuere léisst, wat dat och d'öffentlech Hand méi kascht. Mir hunn nei Ausgaben am Beräich vun dem Encadrement vun de Kanner no der Schoul; dat sinn Aufgaben, déi de Stat fréier net hat. Dat kascht de Stat, d'öffentlech Hand, well d'Gemengen hunn och do eng Responsabilitéit, enorm vill nei Suen. Mir hunn, ech hunn dat lo grad ugeschwat, beim Numerus clausus bei der Zuel vun de Statsbeamten a verschiddene Secteure sécher nach Nohuelbedarf. Mir hunn de ganze Beräich vun der Informatisatioun vum Stat vun eLëtzebuerg, vun eGovernment, wou mer an deenen nächste Joren nach mussen e ganze grousse Schrack no vir kommen; dat kascht enorm Zomme Suen.

An ech soen Iech, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, ech weess net wou mer déi Suen hierhuelen, wa mer net an deenen zwee anere Beräicher net ofbauen, mä stabiliséieren. Ech hätt also gären, och an dëse Wochen, dass mer eng Diskussioun iwwer all d'Elementer vum Sozialstat hunn, fir de Käschtepunkt ze stabiliséieren - d'Gesondheet, d'Familljenzoulagen, d'Fleeg, d'Pensiounen -, fir dass mer plafonéieren, net ofbauen, an domadder, wéi gesot, nei Margë kréien.

Ech hu geschwat vun neie Beräicher a géing och gären nach eng Kéier op d'Ëmweltpolitik zréckkommen, op déi ech scho virdrun am Beräich vun den Tankeinnahme geschwat hunn. Et ass ganz kloer, dass mir eng Responsabilitéit an der Welt hunn an dass mir och eng Responsabilitéit heiheem an dobaussen am Beräich vun der Ëmwelt hunn. Jo, déi ganz Kyotomechanismë kaschte Suen. A wa se am Budget vum nächste Joer, souwuel dat nationaalt wéi dat internationaalt, wat mer do maachen, eréischt mat 7 Milliounen zu Buch schloen, da wäert dat dat Joer duerno oder déi Joren duerno bis op 30 Milliounen eropgoen. Mir denken, dass dee Finanzéierungsfong fir Mechanismë vu Kyoto eppes 20 Milliounen Euro pro Joer wäert kaschten an dass dat, wat mer am Kader vun den nationale Moossname vum Stat aus maachen, eng 10 Milliounen Euro wäert kaschten. Do sinn also grouss Zomme Suen, déi mer mussen zur Verfügung hunn an deenen nächste Joren, fir déi doten Obligatiounen, déi mer och fräiwëlleg als Land agaange sinn, och kënnen ze respektéieren.

Et muss een also iwwer sou Dépensë kënne schwätzen, grad sou wéi een an engem konstruktive Geescht muss kënnen, och aus der Siicht vun Ëmweltpolitiker an aus der Siicht vu Finanzpolitiker, iwwer Moossname schwätzen, wéi déi am Beräich vun der Fotovoltaik, déi och de Budgetsrapporteur gëschter hei ugeschwat huet.

Deen aktuelle System huet aus der Siicht vun der Finanzpolitik zu engem iwwerhéichte Käschtepunkt gefëiert, deen et zugläich net - an dat ass am Fong dat, wat een als Finanzpolitiker bedauert - zu engem massiven Uwuesse vun eisem Undeel un den alternativen Energië bruecht huet. De Moment leien - an eis Chiffere si méi héich wéi déi vum Budgetsrapporteur -, de Schätzungen no vum zoustännege Ministère, déi Hëllefen, déi bis elo accordéiert gi sinn, bei 80 Milliounen Euro, a mir musse wëssen, datt déi Aspeisprimen och iwwert déi nächst Jore während enger längerer Zäit de Stat nach eppes kascht. Souguer wa mir de Regime elo op eng nei Bunn musse brëngen, well dat Reglement souwisou expiréiert, dann ass et esou datt mir bis d'Joer 2022, wa mir bis de Rythme de croisière erreecht hunn, eng Dépense vun eppes iwwer 9 Milliounen Euro Aspeisprimen an deenen nächste Budgeten hunn.

An et ass genau dat de Punkt, deen ech virdru gemaach hunn. Wann een also seet d'Dépenses courantes mussen erofgoen, da muss een iwwer all déi do Saache schwätzen, sech Margë ginn am Budget fir och am Ëmweltberäich kënnen an Zukunft, gemäss deem, wat mir international engagéiert hunn, a gemäss deem, wat finanzéierbar ass a wat ëmweltpolitesch Sënn mécht, fir dat kënnen ze finanzéieren.

Do ass eng Debatt, déi bevirsteet, mä déi musse mir ugoen, an déi muss een ugoen ouni ideologesch Scheiklappen, a kucken, wat d'Nopeschlänner maachen a wat d'Resultat muss sinn, wat mir gären erreechen, oder ob een et och anescht erreeche kann. Et hätt een zum Beispill kënnen déi 80 Milliounen vläicht huelen a selwer Anlage maachen - mä et ass net um Budgetsminister fir doriwwer kompetent ze schwätzen. Et ass ganz kloer, datt mer mat dësem Käschtepunkt an Zukunft net méi kënne virufueren. Ech mengen, dat gëtt vun alle Säiten agesinn, à moins datt een d'accord wär, d'Steiere massiv ze héijen, an ech hunn lech virdru gesot datt d'Regierung net bereet ass, op dee Wee ze goen.

Ech hu gesot, mir mussen an der Sozialpolitik kënnen iwwer alles diskutéiere fir ze plafonéieren, d'Investissementer net weider klamme loossen, mä och net erofgoe loossen, well mir Margë brauchen. Mir brauchen och Margen, well mir op d'mannst dräi Gebidder hunn, wou mir d'Dépensë par rapport zum PIB automatesch évoluéiere loossen, no internationalen Engagementer och do, an dat ass de Beräich vun der Recherche, dat ass de Beräich vun der Entwécklungshëllef an dat ass de Beräich vun der europäescher Sécherheetspolitik.

Bei der Recherche gëtt et een Zil, dat heescht, datt mir mussen 1% öffentlech Recherche maachen. Onofhängeg vum Prozentsaz liicht et jiddferengem an, an dat soen och all d'Rapporten och am Kontext vu Lissabon, fir eis Ekonomie méi kompetitiv ze maachen, datt déi Ekonomien, déi vill fuerschen, nei Produkter fannen, méi modern ginn, méi konkurrenzfäeg ginn an domadder mëttelfristeg de Match vun der Konkurrenz packen.

Mir ginn an dësem Budget op 0,22% vum PIB öffentlech Recherche hin. Mir klammen also do, mä mir hunn nach ee Wee ze goen, fir datt och eis Recherche zu Lëtzebuerg, déi öffentlech Recherche, weider gefuerdert ka ginn. Et ass ganz kloer, datt do och eng grouss Responsabilitéit op d'Betriber zoukënnt, well zesumme wëlle mir 3% erreechen - zwee Drëttel vun deenen Obligatioune leien op de Privatbetriber. Mä d'Recherche ass e Motor vun der ekonomescher Entwécklung an d'Lëtzebuerger Regierung braucht Sue fir kënnen deen dote Beräich ze finanzéieren. Et sinn nämlech iwwregens erëm Dépense-couranten.

D'Entwécklungshëllef muss och weidergoen, well et huet mat ganz villes ze doen. Net nëmmen, mä och mat eisem moraleschen Engagement vis-à-vis vun deenen, deenen et vill méi schlecht op der Welt geet. Mä et gëtt och ganz gutt eegen Ursaache fir datt mir weider eng staark Entwécklungspolitik maachen. D'Aarmut ass eng vun

den Haaptursaache vun der Immigratiounswell a Richtung Europa. Et ass ee vun de Facteuren niewe politeschen Ongerechtegkeeten, deen den Terrorismus stimuléiert, an all déi Ursaachen zesummegeluecht, bréngen et dozou, datt mir och weider mussen dofir suergen, datt mir déi UNO-Obligatioun am Beräich vun der Entwécklungspolitik kënne berücksichtegen. Mir wäerten am Budget vun 2005 0,85% vun eisem Bruttoinlandprodukt, vun eisem national geschafene Räichtum, fir d'Entwécklungshëllef ginn. Mir sinn domadder iwwert deene 0,7%, déi d'UNO sech als Zil ginn huet. Mir sinn um Wee op deen 1%, deen am Konsensus vun dësem Haus déi sukzessiv Regierungen ugestrieft hunn. Mir ginn op deem Wee weider.

Enk mat der Entwécklungshëllef hänkt och d'Sécherheets- an d'Défensepolitik zesummen. Do wou mir dat eent net gemaach hunn, muss dat anert intervenéieren. Et ass falsch ze mengen, datt mir kéinten nom Enn vum kale Krich keng Verdeedegungspolitik méi maachen a keng Arméie méi an Europa hunn. Et gëtt haut Krisen an der Welt; et gëtt der ëmmer méi an der Welt, wou et eng Flicht vun Europa ass - am eegenen Intérêt och erëm eng Kéier, well et eppes mat eiser Sécherheet heiheem ze doen huet -, fir datt Europa intervenéiert. Dat wat am Balkan geschitt; dat wat an Afghanistan geschitt; dat wat an der Ukraine geschitt, huet en Effet op dat wat eis Situatioun heiheem ass. Ech mengen, datt een haut ka schwätze vun der Globalisatioun vun der Onstabilitéit; dat wat op enger Plaz geschitt, huet een Effet op enger anerer Plaz. Dofir geet et net, datt mir wéi an der Vergaangenheet - an dat soen eis Partner eis och - just vun deenen aneren hire Sécherheetsprogrammer profitéieren.

Mir sinn dat Land, wat proportional zu sengem PIB an der Europäescher Unioun an an der NATO bäi wäitem am mannste gëtt. Déi aner soen eis, datt dat net ka sou weider goen. Wann ee Member ass an deenen Organisatiounen, a wann ee wëll Responsabilitéit an der Welt hunn, da muss ee sech un deenen Efforte bedeelegen, déi déi Länner maachen. Mécht een dat net, da muss ee sech net wonneren, wann déi aner Länner soen, datt si och an anere Beräicher net bereet sinn, eis weider europäesch Avantagen, déi mir brauchen an der Wirtschaft an an der Politik, ze ginn.

Et ass och dofir, dass déi viregt Regierung an dës Regierung zum Beispill sech un den europäeschen Transportcapacitéiten am militäresche Beräich bedeelegen. Et ass dofir, dass déi viregt Regierung en Accord ënnerschriwwen huet mat der Belsch, an dass dës Regierung de Projet de loi déposéiert huet iwwert d'Acquisitioun hisiichtlech dem Joer 2017 vun engem Militärfliger. Dat ass net, well Lëtzebuerg och gären e Fliger hätt. Et ass en europäesche Programm, deen drop ausziilt, fir datt d'europäesch Arméi schnell an eng Kriseregioun ka geféiert ginn, an an deem Sënn musse mir an deenen nächste Jore vun haut 0,4% vum PIB och op 1% vum PIB eropkommen. Dat ass am Intérêt vun eiser Sécherheet a mir mussen och kucken, datt mir bei der Reorientatioun vun eiser Verdeedegungspolitik och vläicht Elementer fannen, déi der Lëtzebuerger Ekonomie Rechnung droen, der Lëtzebuerger Ekonomie profitéieren. Ech deelen do d'Aschätzung, déi d'Chambre de Commerce an hirem Avis zum Statsbudget gemaach huet.

Mä wa mir an der Recherche, an der Entwécklungspolitik an an der europäescher Sécherheetspolitik méi wëlle maachen, well mir méi musse maachen, well mir méi wëlle maachen, da musse mir dofir Marge-de-manœuvren hunn, an déi hu mir am bestoende Budget net. Dofir soen ech, wann eise Budget klëmmt, musse mir kucken, datt mir e staarke Sozialstat halen, staark Investitioune versichen ze stabiliséiere bei de Gesamtausgaben, an déi nei Margen, déi mir hunn, déi brauche mir an deene Beräicher, déi ech ugeschnidden hunn: öffentlech Transporter, Encadrement, Ëmweltberäich, Recherche, Entwécklung, Défense; et gëtt der vill méi - eLëtzebuerg hat ech och mentionnéiert.

A mir mussen och op der Dépensëséit kucken, wou mir nach Aspuerunge kënne maachen. Och de Budgetsrapporteur ass gëschter drop agaangen, datt mir am Beräich vun den öffentleche Baute musse kucken, wéi mir méi bëlleg a méi schnell kënne bauen. Mir wëssen, datt dat liicht gesot ass a schwéier gemaach ass, mä ech mengen déi Propositiounen, déi de Bauteminister gemaach huet, si Propositiounen an déi richteg Richtung, un deene musse mir weiderschaffen, fir hei am Haus besser Prozeduren ze hunn a fir duerno méi bëlleg kënnen ze plangen a méi bëlleg kënnen ze exécutéieren, ouni domadder manner Qualitéit ze hunn, mä vläicht och heiansdo méi funktionell ze bauen.

Mir mussen net iwwerall noutwendegerweis deier Tunnele bauen do, wou och normal breet Stroossen duerginn. Mir mussen net all al Mauer erhalen, déi Milliounе kascht, wéi ech mir soen, wann ech moies iwwert déi nei Cité judiciaire fueren, wou mat Ach und Krach versicht gëtt eng Mauer richt ze halen, déi an dee Komplex integréiert gëtt. Och do mengen ech hunn ech sou wéi am Ëmweltberäich sécher net d'Kompetenz fir all Elementer mat un den Dësch ze bréngen, mä als Budgetsminister, deen de Garant ass vun enger gudder Gestioun vun de Steiersuen - de Leit hir Sue géréiere mir beim Statsbudget -, denken ech muss déi Diskussioun geféiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, Dir waart dat Gebai kucken, wat der Chamber wäert déngen, wat hei vir gebaut gëtt, wou Büroe vun der Chamber drakommen. Dee Käschtepunkt ass x-mol méi héich, well et muss an enger bestoender Mauer gehale ginn a bannendra muss alles geännert ginn. Och dat sinn Diskussiounen, déi mir mussen an deenen nächste Jore féieren. Et geet net duer, datt mir soen, mir wëllen…

(Interruption)

Et geet net duer, datt mir soen, mir musse méi bëlleg bauen, mir mussen dann och iwwer esou Saachen Diskussioune féieren. Wéi gesot, d'Regierung, de Bauteminister, als Éischten, an de Budgetsminister, deen dat aus engem ganz kloren Intérêt am Numm vu senge Kolleegen och selbstverständlech ënnerstëtzt, geet op dee Wee, a mir hoffen datt dat bei deenen nächste Projeten, wann déi Prozeduren dann hei am Haus och den Accord fanne wäerten, säin Nidderschlag fanne wäert.

Gradesou muss dierfen d'Diskussioun erlaabt sinn, an enger schwiereger Budgetszäit, wat d'staatlech Déngschtleeschtungen dierfe kaschten. D'Fro ass jo net ëmmer, ob eppes gratis oder net gratis ass, d'Fro ass och wéi vill de Bierger vum Stat bei sengen Déngschtleeschtunge muss kënne gefrot kréien. Am Privatsecteur froe mer eis dat iwwregens ni oder bal ni. Mir mussen also kucken, wéi wäit wëlle mer duerch e Präis e gewëssent Comportement encouragéieren.

Gëschter ass hei relativ mouvementéiert iwwert de Beräich vun der Eegebedeelegung beim öffentlechen Transport geschwat ginn. Ech mengen, datt dat eng Diskussioun ass. Sécher ass et net esou, datt de Stat muss onbedéngt bei alles d'Gestehungskäschten dem Bierger iwwerdroen, mä d'Fro muss erlaabt sinn, net nëmmen an deem dote Beräich, wéi vill de Stat muss bäileeë bei gewëssenen Déngschtleeschtunge vun deenen de Bierger profitéiert. Ech mengen de Stat huet eng Contrainte, déi d'Privatindustrie net huet, dat ass de soziale Kritär, an do wéi bei der Steierpolitik muss en och heiansdo e Lenkungsinstrument sinn, wann e wëllt dat eent oder dat anert encouragéieren.

Mä d'Fro muss erlaabt si wéi vill ee bei Medikamenter muss bäileeën - ech hunn dat virdru gesot am Kontext vun eise Käschte bei de Sozialversécherungen. D'Fro muss erlaabt si wéi vill kann den Encadrement am périscolairë Beräich d'Eltere kaschten oder d'Participatioun vun de Leit, déi an eng Kantinn vun de Schoulen iesse ginn. Dem Stat säi Präis ass véiermol méi héich wéi dat wat d'Leit bezuelen. Doriwwer muss ee kënnen an engem Parlament bei Budgetsdebatten diskutéieren, selbstverständlech och bei Saache wéi den Transport oder bei villen aneren Déngschtleeschtungen, déi och am Beräich vun eLëtzebuerg mussen diskutéiert ginn.

eLëtzebuerg kascht de Stat vill, wann de Bierger gäre schnell Certificaten oder aner Dokumenter vum Stat hätt. Den Timber, deen do gefrot gëtt, deckt emol net e Brochdeel vun deem Käschtepunkt, dee persounen- an informatiksméisseg dohannert steet. Da muss een och doriwwer kënne schwätzen.

Dat heescht net, datt vu mar un alles muss méi deier ginn, mä et geet net, datt wa mer wëllen d'Dépenses courantes am Gréff behalen, datt mer net iwwert déi dote Saachen och diskutéieren. Mir wëllen op jidde Fall verschidde vun deenen dote Moossname maachen an der Reduktioun vun den Dépensen a wat verschidde Bedeelegungen ubelaangt; global gekuckt, fir datt mer de Budget och an deenen nächste Joren am Gréff behalen.

Ech hunn Iech geschwat, Dir Dammen an Dir Hären, vun de Recetten. Ech hunn Iech eng ganz Rei Iwwerleeunge gemaach zu engem staark uwuessende Prozentsaz vun den Dépensen. Alles dat verlaangt, dass mer virsiichteg bleiwen, mä mir kënnen déi Dépensen haut nach gestalten, well eis Statsfinanze gesond sinn, ech géing souguer woen ze soen extrem gesond sinn. Dat ass d'Resultat vun enger konsequenter Budgetspolitik vun deene leschte Joren, voire Jorzéngten.

Mir hunn haut eng Statsschold, déi ass 1,5% vum PIB oder en chiffres absolus 392 Milliounen Euro. Dat ass extrem niddereg an Dir fannt kee Land an Europa, wat esou eng Scholdesituatioun huet. Duerfir kënne mer, wann noutwendeg, an deenen nächste Joren nei Schold maachen, mä mir wäerte keng Schold maache fir courant Ausgaben ze tätegen, mä nëmme Schold maache fir Ausgaben, déi ville Generatiounen zegutt kommen. Duerfir hu mer gesot, mir limitéieren eis am Scholdeberäich op Infrastrukturen am Stroossen- an am Schinnennetz. Mir proposéieren duerfir am Budget, deen hei zur Diskussioun steet, 200 Milliounen Euro d'nächst Joer duerfir opzehuelen.

Och déi viregt Chamber hat der Regierung eng Autorisatioun ginn, fir Emprunten am Joer 2004 opzehuelen. Ech wëll hei d'Chamber driwwer informéieren, datt ech dat am lafende Joer nach net gemaach hunn a wäert versichen op déi Autorisatioun net zréckzegräifen, fir domadder eng gutt Finanzsituatioun, eng grouss Capacité d'endettement ze halen, mä dat wäerte mer an deenen nächste Méint eréischt definitiv décidéieren, wa mer d'Steiersituatioun Enn des Joers definitiv kennen. Mä wa mer bei déi 392 Milliоune géingen zousätzlech Schold maachen, da wär dat absolut ze justifizéieren.

Mir hunn och nach ëmmer Reserven. Mir hu Reserven ugeluecht an deene leschte Joren, besonnesch an deenen extrem gudde Jore vun der Finanzplaz, fir eng ganz Rei Infrastrukturdépensen ze tätegen. Eis Reserve waren uganks dës Joers, Reserven an de Fongen an d'Réserve budgétaire, 2,7 Milliarden Euro an eis Reserv ass Enn dës Joers ronn 2 Milliarden Euro. Dat sinn nach ganz kolossal Ziffere, mä mer wëssen och, an dat gëtt jo och an dësem Haus ëmmer gesot, datt mer och ganz kolossal Investitiounsausgabe schonn décidéiert hunn.

Mir hunn also an deenen nächste Joren, an dat gesitt Der wann Der de pluriannuellen Investitiounsprogramm kuckt, da wäerte mer an deenen nächste Jore Gesamtausgabe vun de Fonge vun eppes ronn 4,5 bis 5 Milliarden Euro hunn. Vun deene 4,5 bis 5 Milliarden Euro hu mer 2 Milliarden op der Säit als Reserven. Ronn 2 Milliarde gi mer pro Joer iwwert de Budget un déi eenzel Fongen, soudatt mer deen Ënnerscheed, dee mer tëschent deene 4 Milliarden an deene 4,5 a 5 Milliarde kënnen an deenen nächste Jore bis 2008 iwwer Empruntë finanzéieren. An et ass och kloer, datt mer dann 2008, wann deen Investitiounsprogramm esou géing exekutéiert ginn, selbstverständlech déi Reserven, déi mer ugeluecht hunn, opgebraucht hunn.

Et kann een natierlech, wann déi Croissance elo steigt, och an deenen nächste Jore vläicht erëm nei Reserven uleeën, mä mir hunn ëmmer gesot: Déi Keese sinn net, wann déi nei Regierung untrëtt, eidel, déi sinn et och net d'nächst Joer, déi sinn ett och net d'iwwernächst Joer. Wa mer deen Investitiounsprogramm esou tätegen, da sinn d'Reserven 2008 - Reserven, déi déi aner Länner guer net hunn - dann opgebraucht. Dat hunn ech virun de Wahle gesot, ech soen dat no de Wahlen, do ass also keen neit Element, mä vill hu virun de Wahle gesot: No de Wahle gesitt Der, datt d'Keesen eidel sinn. Ech soen haut an der Continuitéit vun der Budgetspolitik, datt dat net de Fall ass. A mir mussen och dofir suergen, datt mer eis Investitiounsplanunge fir déi nächst Joren esou gestalten, datt mer no 2008 net an ee Lach falen, mä datt mer den Investitiounsprogramm nëmmen do adaptéieren, wou et absolut noutwendeg ass, fir datt mer net an eng Iwwerverscholdung no 2008 musse falen.

An duerfir musse mer och an deenen nächste Joren eis verstäerkt duerfir asetzen, datt eis Ekonomie sech kann développéieren. An deem Sënn begréissen ech d'Aussoen, déi Är Finanz- a Budgetskommissioun gemaach huet wat den Développement vun der Finanzplaz esou wéi den Développement vun der Ekonomie en général ugeet.

Ech mengen et ass richteg, datt vill vun dem Exposé vum Budgetsrapporteur iwwert d'Finanzplaz gaangen ass, well et muss een ëmmerhi bedenken, datt déi Kierperschaftssteier, iwwert déi ech de Mëtteg vill hei geschwat hunn, zu 80% aus dem Finanzsecteur kënnt. A wann een also wëllt, datt mer och an Zukunft déi Kierperschaftssteier op engem Niveau halen, mat alle Schwieregkeeten, déi ech beschriwwen hunn, dann ass et normal datt ee muss alles maache fir eng zolidd, propper, diversifiéiert Finanzplaz ze hunn.

Dat hu mer an deene leschte Jore mat neie Gesetzer gemaach, déi Är Chamber gestëmmt huet, wéi d'Titrisatioun, d'Sicaren, alles ganz technesch Gesetzer, mä déi et ëmmer erëm erlaabt hunn, nieft dem „private banking", nieft dem Kreditgeschäft, nieft dem Fongegeschäft nei Secteuren ze développéieren, an dës Regierung wäert dat weider maachen, gradesou wéi dës Regierung wäert souwuel fir d'Finanzplaz wéi fir déi aner Secteure vun der Ekonomie verstäerkt op d'Promotioun vun eisem Land setzen; verkafen, erkläre wat eist Land ass, wat seng Atoutë sinn an ech mengen an deem ganze Beräich vun der Infrastruktur, vun der Steiersécherheet, vun dem Know-how - ech hunn et am Ufank gesot -, dat sinn eng ganz Rei Atouten, déi inhärent sinn zur Gréisst vun eisem Land an zum politesche Wëllen, deen d'Regierung an dësem Beräich huet.

Mir wäerten eng aktiv Politik maache fir d'Industrie, eng aktiv Politik am Beräich vun de Servicer, dem elektronesche Commerce an der Finanzplaz.

Ech hu selbstverständlech och hei déi Kritiken héieren, déi plädéieren - et ass iwwregens e generellen europäeschen Appel -, fir eng besser Regulatioun oder eng Iwwerregulatioun vun dem Secteur, notamment financier, ze évitéieren. Mä keng vun deene Propositiounen, déi mer gemaach hunn, Här President, haten zum Zil eng Iwwerréglementatioun ze maachen. Si haten ausschliesslech zum Zil, an duerfir sti mer an an duerfir wäerte mer och an dësem Haus weiderkämpfen, datt och am Beräich vun dem Encadrement vun der Finanzplaz mer eisen internationalen Obligatiounen nokommen.

Wann d'Chamber am Beräich vum Gesetz iwwert d'Geldwäsch verschidden Ännerunge gemaach huet, dann hu mir deem Rechnung ze droen, mä mir mussen och Rechnung droen, datt den FMI a sengem rezentste Rapport iwwert d'Législatioun ronderëm d'Finanzplaz der Meenung ass, datt dat Gesetz net den Obligatioune vum Groupe d'action financière internationale ganz Rechnung dréit op engem spezifesche Punkt, nämlech d'Infraction de base vun der Geldwäsch, do wou de Regierungsprojet méi wäit gaange wär, a mir mussen also elo am Kader vun der Transpositioun vun der drëtter Direktiv iwwert de Blanchiment mam Parlament doriwwer e Gespréich féieren.

Et bleift de Souci vun der Regierung, an dat hu mer och dem FMI an dem GAFI gesot, déi sech ëm déi Froe bekëmmeren, datt Lëtzebuerg wëllt - an ech hunn domat d'Parlament respektvoll mat abezunn - all déi international Obligatioune berücksichtegen. Mir mussen also Ännerungen zu deem Gesetz maachen op deem dote Punkt, wa mer net wëlle weider an d'Kritik kommen, mä ech menge grondsätzlech, an och dat seet den FMI, datt eisen Encadrement vun der Finanzplaz an der Surveillance excellent ass an et ass en ausdréckleche Luef fir dat wat d'Regierung an deene leschte Joren an deem dote Beräich gemaach huet. Op deem Wee wäerte mer mam Parlament zesumme weider fueren.

Wie seet Ekonomie, dee seet och Aarbechtsplazen. Ech hu gesot, de Fonds pour l'Emploi brauch nei Suen, an dofir hu mer d'Contribution sociale um Diesel geheicht. Mir hunn dat net gemaach well mir wëllen datt d'Leit méi bezuele wa se Auto fueren, mä well mer Sue brauchen am Fonds pour l'Emploi. An dee Fonds pour l'Emploi huet en enorme Besoin, trotz dem Fait, an dat ass jo dat wat een awer inquiétéiert, datt d'Zuel vun den Aarbechtsplaze massiv an deene leschte Jore geklommen ass.

2004 ass d'Zuel vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ëm 7.000 Plaze geklommen, an de Statec geet dovun aus, datt och d'nächst Joer d'Zuel vun den Aarbechtsplazen ëm 2,5%, dat sinn 7.500 Aarbechtsplazen, wäert klammen. Ech mengen, datt dat déi gréissten Erausfuerderung fir eis Gesellschaft an deenen nächste Jore wäert sinn. Wéi bréngе mer et fäerdeg, déi Leit, déi hei wunnen, déi hei aus der Schoul kommen, déi hei keng Schaff hunn, op déi Aarbechtsplazen ze kréien oder musse forcéieren, déi mir hunn, déi eis Gesellschaft, eis Ekonomie awer schaaft, well soss komme mer och do a substanziell Finanzschwieregkeeten an deenen nächste Joren, niewent alle

mënschleche Misären, déi dat mat sech zitt, wa Leit net eng Schaff fannen an net enger geregelter Schaff kënnen all Dag nogoen.

Ech mengen, datt mer och mussen dofir e Mentalitéitswandel zu Lëtzebuerg kréien. D'Leit mussen nees gäre schaffen. Mir mussen och bereet si moies fréi ze schaffen, mir musse bereet sinn zu méi ongeregelten Zäiten ze schaffen, well grad an deene Secteuren, déi déi ongeregelste Schaffzäiten hunn, do fanne mer um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart keng Leit. Do fanne mer Leit an der Grenzregioun, e Problem, deen och gëschter hei ugeschwat ginn ass, an dofir musse mer och déi Beruffer revaloriséieren a mir mussen den Effort revaloriséieren. Dat kann een net an der Regierung dekretéieren, mä dat muss och an der Mentalitéit an am Discours politique encouragéiert ginn. Deen aneren Discours vu manner schaffen, deen dierf net d'Iwwerhand hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wär nach vill ze soen zu dësem Budget, mä ech mierken, datt hei quasi all d'Liichtercher u sinn, déi op dësem Riednerpult kënnen u sinn. Déi gesitt Dir net, mä hei ass rout an orange un, woubäi et evident awer ass, datt d'Regierung opgrond vun hire verfassungsrechtleche Prerogativen an dësem Haus ka schwätzen esou laang se wëllt, mä ech wëll Är Gedold net iwwerstrapazéieren an ech wëll och net, datt de Chamberspresident mech hei aus dem Gebai eraussetzt. Dofir maachen ech nëmmen eng kuerz Konklusioun an hoffen, datt mer an den Debatte vun deenen nächste Woche kënnen intensiv iwwert eng Rei vun deene Punkten hei diskutéieren.

Dat gehéiert zu dem Héichpunkt vun der parlamentarescher Debatt, vum parlamentaresche Liewen, datt mer ronderëm de Statsbudget debattéieren, well et d'Grondlag ass vun all de Politikberäicher. An dofir dierf och d'Opstellung, d'Debatt an de Vote iwwert de Budget, och wann ee weess wéi de Vote ausgeet, ni zu enger Routine ginn, well et ass do wou entscheet gëtt wat de Stat wëllt, wat de Stat soll a wat de Stat ka maachen.

Ech hunn Iech op enger Rei vu Punkten haut gesot, datt ech mengen, datt de Stat Verschiddenes muss maachen, wëllt maachen, mä datt en net alles ka maachen. An dofir hoffen ech op gutt Debatten an dësem Parlament an deenen nächste Wochen, mä och an der Zivilgesellschaft, déi eis observéiert an déi d'Parlament vertrëtt, well d'Parlament ass vum Vollek gewielt fir d'Steiersuen ze géréieren.

De Budget vun 2005 ass, mengen ech, en utilë Motor vun der Ekonomie a vum wirtschaftleche Wuesstem duerch héich Investitiounen. En assuréiert de Lëtzebuerger an deene Leit, déi hei am Land wunnen, en héije Liewensniveau a sozial Stabilitéit, an ech mengen dorobber kënne mer als Regierung stolz sinn. D'Statsfinanze mam Budget 2005 sinn a bleiwe gesond. Si bleiwen och gesond dat Joer duerno. Dat war en Zil, wat mer eis ginn hunn. Dat ass en Zil, wat mer halen.

Kuckt op eis Schold, kuckt op eis Reserven, kuckt op eis Recettë par rapport zu den Dépensen, an dofir, an och dat soen ech hei mat Satisfaktioun, respektéiere mer voll a ganz den europäesche Stabilitéitspakt, dat wat vill Länner an Europa net packen. Mir respektéieren et wat d'Schold ubelaangt, mir respektéieren et wat de Budgetsdefizit ubelaangt, an d'Regierung huet de leschte Freideg de Stabilitéitsprogramm fir d'nächst Joer ugeholl. Deen hu mer gëschter op Bréissel geschéckt, an dee Stabilitéitsprogramm ass voll en ligne mat deem wat Bréissel, wat déi aner Länner an der Eurozon vun eis verlaangen. Dat war en haart Stéck Aarbecht, mä dee Stabilitéitsprogramm wär gutt, wann deen och géing mat diskutéiert ginn am Parlament, well d'Budgetspolitik ass haut och eng Politik wou déi aner Länner engem iwwert d'Schëller kucken, wann ee säi Budget mécht.

Ech plädéieren awer bei aller Satisfaktioun iwwert d'Gesondheet vun de Statsfinanzen nach eng Kéier fir Virsiicht, Virsiicht bei der Aschätzung vun de Recetten, Virsiicht bei der Revolutioun vun den Dépensen, well mir hunn eng Rei Automatismen, déi eis keng Margë ginn an der Zukunft, mir hunn eng Rei Onsécherheeten op der Recettësäit a mir brauche Margen, fir nei Politikberäicher ze bedéngen.

D'Regierung wäert hir Responsabilitéit am Intérêt vun dem Land och no dësem Budget iwwerhuelen. Mir wäerten dat déterminéiert maachen, mä ech soen et nach eng Kéier, ouni Zickzack, well mir wëllen déi sechs Objektiver erreechen, déi ech am Ufank vu menger Ried gesot hunn. An an deem Sënn freeë mer eis iwwert déi Budgetsdebatten, déi hei am Haus stattfannen. Ech bieden Iech elo schonn am Numm vun der Regierung dem Budget fir 2005 seng Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech ginn dem Här Budgetsminister Akt vu senger Deklaratioun. Den nächsten Dënschdeg fänkt d'Chamber u mat den Debatten iwwert de Budget vum nächste Joer.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4965 iwwert de Compte général vum Joer 2001. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Fayot an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

2. 4965 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2001

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz 4965 iwwert d'Konte vun 2001 stellt eng Neierung duer par rapport zu de Gesetzer iwwert d'Konte vun deene Jore virdrun, an dat, géif ech soen, emol gläich an dräifacher Hisiicht.

1. 2001 war deen éischte Budget, deen an Euro opgestallt gouf;

2. de Budget 2001 war och deen éischten, deen no de Regele vun deem neie Kontabilitéitsgesetz ze kontrolléiere war;

3. d'Chambre des Comptes, déi duerch Gesetz an eng Cour des Comptes ëmgewandelt gouf, huet hire Rapport als Instance de contrôle externe des finances publiques no deenen neie Kritäre verfaasst.

De Projet de loi portant règlement du compte général 2001 ass de 4. Juni 2002 hei an der Chamber déposéiert ginn. D'Amendementer zum Projet goufen de 5. September 2002 erabruecht. Zousätzlech Annexen zum Projet krute mer den 19. September 2002 an de 5. Mee 2003. De Rapport vun der Cour des Comptes koum den 13. Januar 2003. An deem Rapport vun de Cour des Comptes waren och d'Äntwerte vun der Regierung iwwer verschidde Kritikpunkten, déi net kloer waren, an déi deemno och vun der Cour opgeworf gi sinn.

Nei Amendementer vu Regierungssäit koumen dunn nach eng Kéier den 30. Januar 2004.

De Conseil d'État huet säin Avis den 28. September 2004 presentéiert. D'Comexbu huet mech zum Rapporteur bestëmmt an de President vun der Cour des Comptes huet de Rapport vun der Cour mëndlech an de Sitzunge vum 28. Abrëll a vum 5. Mee 2003 virgedroen. Den Avis vum Conseil d'État gouf dunn an der Sitzung vum 11. Oktober 2003 aviséiert a schlussendlech gouf de schréftleche Rapport vun der Comexbu de 25. Oktober 2003 ugeholl.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Här President, ech hunn elo all déi Datumen an eenzel Dépôten hei, déi verschidde Leit vläicht e bësse generft hunn, ganz explizit opgezielt, an dat net ouni Grond. Ech wollt domadder beweisen, datt bis elo nach keen, net ee vun den Intervenanten, weder d'Regierung nach d'Cour des Comptes nach de Conseil d'État nach mir als Chamber selwer, sech un den Timing konnten halen, deen dat neit d'Kontabilitéitsgesetz u sech virschreift. D'Cour des Comptes weist och an hirem Rapport op dëse Problem hin, mä et gëtt allerdéngs och Erklärungen an et gëtt och Ursaache fir dëse Retard, déi all am schréftleche Rapport nozeliese sinn.

Et muss een elo an dësem an och am nächste Joer kucken, wou mer mat der Datumsvirgab aus dem 99er Gesetz hikommen. Et muss ee kucken, ob dës d'Datumsvirgaben an der Praxis och anzehale sinn oder ob se net anzehale sinn. Bei der Année de démarrage vun deenen neie Prozedure konnt een op jiddfer Fall kengem vun den Acteuren ënnerstellen, se wieren net gudde Wëllens gewiescht, fir sech bescht méiglechst un déi eenzel Délaien ze halen.

Zu de Konte selwer, wëll ech mech op e puer Chifferë beschränken; den Detail dovunner ass och am schréftleche Rapport an och am Rapport vun der Cour des Comptes nozeliesen. D'Recettë steigen um Kont par rapport zum Budget definitiv ëm 4,8%, déi ronn 262,635 Milliounen Euro ausmaachen. D'Dépensen hirersäits klammen och ëm 4,8%, wat ronn 261,550 Milliounen Euro ausmécht. Et bleift dann deemno e Boni, deen 83,5% méi héich ass wéi deen, dee virgesinn ass.

A reellen Zuelen ass dat awer e bëssen anescht, do schléisst de Kont of mat engem Boni vun 2,384 Milliounen Euro. Abstention faite vun der Affektatioun vum Excédent vun de Recettë vun engem Montant vun 150 Milliounen Euro an déi eenzel Fongen, sinn Dépenses courantes en capital, wéi se am Budget virgesi sinn oder virgesi waren, nëmmen ëm 2% iwwerschratt ginn, wat en valeur absolue 111,55 Milliounen Euro ausmécht. Bei dëse supplementaren Dépensë stinn d'Transferten un d'Sécurité sociale mat 97,7 Milliounen Euro zu Buch.

Wat d'Restrictioun bei der Ausgabepolitik ugeet, huet sech d'Regierung an dësem Fall, dat heescht also d'Regierung vum Budgetsjoer 2001, mat Sécherheet eng Bonnenote verdéngt. Déi genee Chifferë vun de Plus-valuë vun de Recettë kënnt dir och am schréftleche Rapport noliesen.

À titre indicatif ginn ech do just dräi Zuelen: d'Impôts directs verzeechnen e Plus vun 187,352 Milliounen Euro, d'Impôts indirects e Plus vun 148,006 Euro, d'Droits de Douanes et Accises hunn e Minus vu 97,032 Euro. Déi eenzel Fongen, déi mat 150 Milliounen Euro gespeist goufen, sinn déi heiten: Fonds de la coopération et du développement mat 25 Milliounen, Fonds pour le financement des infrastructures socio-familiales mat 20 Milliounen, Fonds spécial des investissements hospitaliers mat 40 Milliounen, de Fonds d'investissement public scolaire och mat 40 Milliounen, de Fonds pour la loi de garantie mat 15 Milliounen an de Fonds du rail schlussendlech mat 10 Milliounen Euro.

Well de System nei ass, wëll ech awer nach ervirhiewen, datt de Contrôle financier während dem Exercice 2001 236.834 Operatioune validéiert huet, dovunner 44.342 Engagementer an 192.492 Ordonnancen. 16-mol hu verschidde Ministèren nom Refus de Visa vum Contrôle financier e Passer-outre missen ordonnéieren. Selbstverständlech louch bei dëse verschiddene Passer-outren ëmmer en Arrêté motivé vir.

Beim Contrôle intensifié de certaines dépenses d'acquisition schreift d'Cour des Comptes an hirem Rapport: «En ce qui concerne le contrôle de la légalité et la régularité des dépenses, la Cour des Comptes constate que les résultats obtenus lors de ces contrôles sont de manière générale satisfaisants, pour la plupart des dépenses les procédures prévues par la loi ont été respectées.»

D'Cour bemängelt allerdéngs, datt den Archivage an de Classement vun de Pièces justificatives vun den Dépensen nach ëmmer net geregelt ass. Am Moment archivéiert nach all Ministère no senge Regelen an no senge Méiglechkeeten. Et gouf allerdéngs heizou e Reglement vun der Direction du contrôle financier ausgeschafft, an dat schonn 2001; e Reglement wat awer bis haut nach net den Accord vum Conseil de Gouvernement fonnt huet. Fir hei en eenheetleche Modell ze hunn, wéi an no wat fir enge Kritären déi eenzel Piècë schlussendlech sollen archivéiert ginn, wier et schonns wichteg, datt dat Reglement hei vun der Regierung trotz all deem géif schnellstméiglech geholl ginn.

Verschidden Irregularitéiten, déi d'Regularitéit vun den Dépensen uginn, huet d'Cour och no hiren Interventiounen dann awer dach nach festgestallt - ech wëll hei net an den Detail agoen, och déi kënnt der alleguerten am Rapport vun der Kommissioun an och am Rapport vun der Cour liesen.

Déi concernéiert Ministèren, wëll ech allerdéngs hei soen, waren de Ministère du Travail et de l'Emploi, den Educationsministère, de Ministère de l'Environnement an de Ministère des Affaires étrangères en ce qui concerne les comptables extraordinaires. Comptables extraordinaires, déi hiren Dekont ze spéit oder déi guer keen Dekont vun hiren Aktivitéiten eraginn; sinn u sech awer näischt Neies - et kann een do scho bal soen, alle Jahre wieder - a bedeiten deemno, net eréischt säit haut, och e Problem.

Déi laang Lëscht mat den Nimm an och mat den Datumen, déi mir virgeluecht kruten, bedeit, datt wann de Contrôle vun de Statsfinanzen an dësem Domän soll eescht geholl ginn, datt hei akuten Handlungsbedarf besteet an datt do och schnellstméiglech eppes muss geschéien. Et ass u sech net ze akzeptéieren, datt elo no den neie Kritären hei am Land all Ministèren, all Verwaltunge sech an der Regel - muss een awer soen - vill Méi ginn, fir no deenen neie Kritären do ze funktionéieren, an op där anerer Säit maachen do verschidde Comptables extraordinaires, wéi wann et kee Contrôle géif ginn oder wéi wann d'Gesetz iwwerhaapt nach net bei hinnen ukomm wier a wéi wann d'Gesetz net néideg wär.

Et ass haut, Här President, guer kee Problem, fir mat moderne Kommunikatiounsweeër eng Kontabilitéit à jour ze halen. Ech weess och, datt de Ministère des Affaires étrangères do un neie Modeller schafft, fir dës Onregelméissegkeeten ze bannen, mä wéi gesot et gëtt héich Zäit, datt mir dat an de Griff kréien. Et ass net eréischt säit haut, datt dat besteet. De Conseil d'État mécht a sengem Avis d'Remarque - an dat och dëst Joer net fir d'éischt -, datt keng Analyse économique virläit wat déi eenzel Plus-valuen oder Moins-valuen ugeet.

Dat gesot, Här President, bleift festzehalen:

1. Dat neit Kontabilitéitsgesetz, och wann et net 100%eg applicabel ass, verstäerkt op jiddfer Fall der Chamber hire Rôle wat de Contrôle vun der Exécutive ugeet - et verstäerkt dee Contrôle enorm.

2. Verschidde Ministèren oder Verwaltunge ginn u sech, wa se gefrot ginn, déi néideg Erklärungen zu verschiddene Problemer, anerer doe sech natierlech e bësselche méi schwéier, mä ech gi mol dovunner aus, datt dat sech och apendele wäert.

3. An der Regel ass awer eng gutt Zesummenaarbecht, voire Explikatioun, bei Problemer tëschent de Ministèren an de Verwaltungen op där enger Säit an dem Contrôle an der Cour op där anerer Säit festzestellen.

4. D'Praxis huet eis gewisen a wäert eis och an Zukunft nach weisen, datt mir net derlaanscht komme wäerten, fir dat 99er Kontabilitéitsgesetz op verschiddene Punkten ofzeänneren, ënner anerem och fir et e bësselche méi praktikabel a méi flexibel ze gestalten.

Dat gesot, Här President, bleift mir als Rapporteur just nach der Chamber ze recommandéieren, dëse Projet de loi iwwert d'Konten 2001 an där virleiender Versioun ze stëmmen. Ech fir mäin Deel, wëll deene Leit Merci soen, déi nogelauschtert hunn, an ech wëll den Accord brénge vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le President.- Merci, Här Clement. Als éischte Riedner ass d'Madame Flesch ageschriwwen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Lucien Clement, fir säi Rapport Merci soen. Ech wëll och net alles dat widderhuelen, wat en a senger detailléierter Analys souwuel am schréftleche wéi am mëndleche Rapport gesot huet. Ech wëll awer dat eent oder dat anert besonnesch ënnersträichen. Sou zum Beispill, dass de Budget 2001 deen éischte war, deen ënnert deenen neie Regele souwuel fir d'Cour des Comptes wéi och fir d'Comptabilité de l'État ofgewéckelt ginn ass. Also, säit dem 1. Januar 2001 ass och d'Direction du Contrôle financier agesat ginn am Ministère des Finances als Instance de contrôle a priori vum Pouvoir ordonnateur.

Wann de Finanzminister hei wier, da géing ech hie froen, e soll ons wann ech glift soen, wat fir en Impakt dës nei Moossnam hat fir de Budget 2001 an - wann en dat och scho soe kéint - fir déi Budgeten 2002, 2003 zum Beispill. Vu dass e sécher d'Oueren huet alles ze héieren, och wann en net an der Chamber ass, sinn ech iwwerzeegt, dass e mer duerno a sengen Äntwerten op déi Fro wäert äntwerten - Big Brother, as you know, is watching us.

(Hilarité)

De Rapport iwwert de Compte général vum Stat ass also deen éischten, deen d'Cour des Comptes finaliséiert huet als Instance de contrôle externe des finances publiques. Or, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, hat d'Cour des Comptes Schwieregkeete fir hiren Avis an der festgesetzter Zäitlimite ofzeginn, dat heescht fir den 30. Dezember 2001. An dat net well d'Cour des Comptes net séier genuch geschafft huet, mä well d'Trésorerie de l'État déi komplett an definitiv Versioun vum Projet de loi iw-

wert de Règlement vun de Konten 2001 eréischt den 11. Oktober 2002 agereecht huet. Och d'Trésorerie de l'État hat Grënn, woufir se d'Délaien net konnt anhalen: Si hätte mat engem neien Informatikssystem ze meeschteren, wéi schwéier et ass en neien Informatikssystem ze meeschteren, esou dass ech also all Verständnis hu fir d'Schwieregkeeten, deenen d'Trésorerie de l'État begéint ass.

Quoi qu'il en soit, de Rapport général vun der Cour des Comptes ass also eréischt am Januar 2003 virgeluecht ginn. Et sinn also, wéi de Rapporteur och schonn ënnerstrach huet, Ursaachen do, wisou déi eenzel Institutiounen oder Administratiounen net konnten am Délai hir Contributiounen ofliwweren. Mir géinge fir onsen Deel hoffen, dass dat Kannerkrankheete ware bei der éischter Mise en œuvre vun deene Gesetzer an dass dat an Zukunft net méi wäert antrieden, an net méi spéit wéi bei de Konten 2002 wäerte mer jo dann d'Geleeënheet hunn ze kucken, wéi dat verlaf ass.

An deem Zesummenhank wëll ech ënnersträichen, dass mer d'accord si mat der Cour des Comptes, wa se seet, et soll ee ganz besonnesch deem Rechnung droen, dass Inventaires uniformes téschent allen Départementer an Administratiounen a Servicer kënnen opgestallt ginn, dass een also eng gewësse Kohärenz huet an deenen Dokumenter, déi sech mat deene Froe beschäftegen.

ëst Joer ware mer mat enger neier Budgetsprozedur konfrontéiert - fir de Budget 2005. De Rapporteur vum Budget huet gëschter jo och ënnerstrach, dass senger Meenung no déi nei Prozedur dozou bäidréit, dass een eng méi prezis Iwwersiicht huet vun den Dépensen a vun de Recetten, déi de Stat am kommende Joer muss maachen a kréien, dass d'Administratioune méi Zäit hu fir d'Préparatioun vum Budget sécherzestellen an dass selbstverständlech och déi lescht Statistiken dann disponibel sinn. Dat misst alles also dozou féieren, dass mer mam Budget méi no un de Konte leien. Et misst een och kënnen hoffen, dass déi nei Prozedur dozou wäert bäidroen, dass d'Administratiounen an Zukunft manner oft Gebrauch musse maache vun der Institutioun vun de Comptables extraordinaires.

Compte tenu vun dëse Remarquen, Här President, approuvéiert meng Fraktioun de Compte général vum Excercice 2001 an ënnerstréicht an erënnert drun, dass déi allergréissten Exactitude an der Elaboratioun vum Budget muss versicht ginn a muss gesicht ginn an dass selbstverständlech bei där Elaboratioun een och muss de wirtschaftleche Perspektive Rechnung droen. Mä zu där Fro komme mer an den Debatte vun där nächster Woch.

Ofschléissend also, Här President, mir wäerten dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, selbstverständlech fanne mer de Rapport vum Här Clement ausgezeechent, wéi en och an der Kommissioun ofgestëmmt ginn ass. Mir hunn ons iwwert dee Rapport enthalen an der Kommissioun, wäerten ons och hei an der Plénière enthalen, aus där Ursaach, déi ech schonn hei uginn hunn iwwert de Kont vun 2000, well dat e Budget war vun der viregter Regierung. Mir sinn net mat deem Budget d'accord gewiescht. Mir sinn awer mat der Manéier, wéi dee Budget exécutéiert ginn ass, an och wéi en an de Konten technesch zum Virschäi kënnt, d'accord, dofir enthale mer ons.

Ech wollt awer nach derbäi soen, dass ech déi Aarbecht vun der Comexbu eng wichteg Aarbecht fanne fir déi parlamentaresch Dimensioun vun der Lëtzebuerger Chamber. Dir wësst, dass mer ganz vill Saachen an der Logik vun der Oppositioun an der Majoritéit maachen an am Fong geholl ze mann Saachen an der Logik vun der Exekutiv par rapport zu der Legislativ. Ech mengen, mir hunn duerch dës Kommissioun an och duerch d'Schafung vun der Cour des Comptes an iwwerhaapt duerch déi Mechanismen, déi am Gesetz vun 1999 dra sinn, och de Contrôle parlementaire iwwert d'Ausféierung vum Budget verstäerkt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass och dokumentéiert doduerch, dass ee Member vun der Oppositioun President vun där Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ass. Dat alles ass selbstverständlech wichteg. Ech mengen och, wéi d'Madame Flesch gesot huet, dass een eng Kéier kënnt dat Gesetz vun 1999 a sengen Effeten évaluéieren. D'Cour des Comptes huet scho gewësse Remarquen doriwwer gemaach. Mä dat kann een nach eng Kéier méi am Detail maachen.

Dat hei, déi Konte vun 2001 sinn déi éischt, déi eigentlech no där neier Prozedur duerchgezu sinn. Et ass natierlech e bësse bedauerlech, dass mer dat um Enn vun 2004, bal am Ufank vun 2005 maachen. Dat ass e bësse wäit ewech vun deene Konte vun 2001. Dat huet sech jo verbessert an deene Joren duerno, 2002 an 2003, déi mer och scho vrun der Kommissioun hunn.

Dat gesot, also nach eng Kéier, meng Fraktioun wäert sech bei dem Vote iwwert dëse Rapport enthalen.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech mengen dat meescht hätt de Rapporteur gesot, deem ech och fir seng Interventioun hei wëll Merci soen. En hat eng ondankbar Aufgab an enger Budgetsatmosphär, enger Krichs- oder Ausernanersetzungsatmosphär vun deem Budget, dee kënnt, deen d'Leit natierlech wesentlech méi interesséiert wéi e Kont vun engem Joer, wat elo schonn dräi Joer zréckläit.

Et muss een d'Cour des Comptes ëmmer erëm félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se mécht. Si huet och dës Kéier erëm eng ganz Partie Kapitelen am Detail opgeschafft, wou ee vill wichteg Informatioune kritt. Esou gesäit een, datt 593 Refus de visa awer komm sinn am Kader vun där neier Prozedur, wou déi allermeescht da berengegt si ginn, mä wou trotzdeem eng Partie Passer-outre nach waren. Et ass zum Beispill och e Contrôle de la réalité gemaach ginn. Et ass op d'Plaz kucke gaange ginn, ob dann Acquisitiounen, déi bezuelt gi sinn, effektiv duerchgefouert si ginn, an et ass op Plaze festgestallt ginn, datt dat net ëmmer esou war, wéi et presentéiert ginn ass. Sief et, datt aner Saachen ugeschaf gi waren; sief et, datt och deelweis mat falsche Rechnunge geschafft ginn ass, wat eigentlech net dierft virkommen. Mir hunn d'Explikatiounen dofir geliwwert kritt.

Mir denken awer, datt deen Exercice heilsam ass fir déi Leit, déi all Dag doranner schaffen, déi et och sécher an deem legislative Kader, dee mer hunn, net ëmmer liicht hunn de Budget ze exécutéieren, an da probéieren alt vläicht op déi eng oder déi aner Manéier hir Problemer geléist ze kréien. Mä et muss een awer ëmmer erëm op de Respekt vun der Legalitéit pochen. Et ass festgestallt ginn, datt plazeweis keng Inventairen existéiert hunn. Dat schéngt eis och wichteg ze sinn, datt dat, do wou et bis elo nach net besteet, gemaach gëtt, fir datt een d'Iwwersiicht iwwert dat behält, wat de Stat géréiert.

Mir hunn e Kapitel dra vun de Crédits non limitatifs. Ech gräifen do ee Punkt eraus, well en interessant ass, well do ass net vill driwwer geschwat ginn. Do gëtt et esou e flotten Artikel, deen heescht „dépenses diverses jugées opportunes par le Gouvernement". Dat ass esou eng Virwëztut, wou d'Regierung e bësse sech e Spillraum gëtt fir verschidde Saachen ze regléieren, déi net am Budget virgesi waren.

Da gesi mer dann hei, datt 10.000 Euro virgesi waren an datt 3,2 Milliounen Euro ausgi sinn an eng vun den Haaptursaache sinn oder d'Haaptursaach ass, datt déi Gesellschaft Gedelux - jiddereen erënnert sech nach un dee berühmten Industrietipp -, datt d'Regierung do 50% bäigesteiert huet fir de Passiv do ewech ze kréien, dat sinn 3,1 Milliounen Euro gewiescht. Do gëtt natierlech im Nachhinein net vill driwwer geschwat. Ech fannen et och komesch, muss ech soen, datt et iwwert deen Artikel do regléiert ginn ass.

Mir hunn e Kapitel erëm dran iwwert d'Comptables extraordinaires. Ech mengen de Rapporteur huet dat gesot, do muss effektiv eppes geschéien. Mir kënnen net all Kéiers heihinner jéimere kommen, datt do esou grouss Retardë sinn.

Et ass och e Kapitel dran iwwert d'Montants non régularisés, dat regelméisseg do ass, wou et ëm Litigë geet besonnesch bei Gehälter, déi einfach nach net definitiv gekläert sinn a wou och schrecklech vill mat virugeschleeft gëtt iwwer laang Joren, wat engem eigentlech och ze denke gëtt, well ee géing mengen déi Litigë missten awer definitiv berengegt sinn an dat misst dann och endlech an de Konte berengegt ginn. Do schleefe mer 5,8 Milliarde Frang awer dës Kéier mat virun, déi net definitiv regulariséiert sinn.

Et feelt dës Kéier ausnahmsweis d'Kapitel iwwert d'Marchéen, besonnesch iwwert d'Marchés de gré à gré ex post, déi eis och heiansdo Kappwéi maachen. Mir sinn der Meenung, Här President, datt een der Cour des Comptes, besonnesch an där Zäit wou mer haut sinn, iwwert dat eraus wat hir duerch d'Gesetzer bis elo zousteet, an dat ass de Contrôle vun der Legalitéit, der Regularitéit an der Bonne gestion financière, iwwert déi ee sech natierlech stonnelaang kann ënnerhale wéi wäit d'Kontrollrecht vun der Cour des Comptes do geet, datt ee soll probéieren dat Kontrollrecht iwwer just déi Bonne gestion financière weider auszedehnen.

Däitschland beispillsweis huet a senger Gesetzgebung stoen, datt de Rechnungshaff ka kucken, ob e bestëmmtent Zil net och mat anere Moyenë wesentlech bëlleger hätt kënnen erreecht ginn. Do läit wierklech eng bedeitend Nuance dran. Hei gëtt méi oder wéineger dat respektéiert, wat décidéiert ginn ass. Et gëtt bal nëmmen d'Legalitéit an d'Regularitéit gekuckt. Do muss eiser Meenung no nach en Effort gemaach ginn.

D'Comexbu, ech wëll dat och ënnersträichen, déi eng ganz nëtzlech Aarbecht mécht, ass amgaangen och d'Kontabilitéitsgesetz, wou elo d'Erfahrunge virleien, ze réexaminéieren. Dat ass en Exercice, deen en cours ass, a wou ganz sécher och en etlech Konklusiounen erauskommen, déi et méiglech maachen, datt dat Gesetz och fir déi Leit, déi domat ëmginn, besser ze applizéieren ass an Zukunft.

Et huet sech zum Beispill bei engem vun deene berühmte Schantercher, wou mer elo déi lescht Zäit déck Kreditter hu missen nostëmmen, an der Diskussioun erausgestallt, datt an engem Fall de Kredit, deen d'Chamber accordéiert hat, an den Engagementer scho relativ wäit dépasséiert war. Op eng Fro hin ass gesot ginn, dat wär ganz schwéier fir déi Leit, déi do opereieren, fir dat kënnen ze kontrolléieren. Ech mengen, do weist sech eng Lacune, déi onbedéngt muss ausgewëscht ginn. Et ass och e Problem, wou ee sech freet: Wéini muss dann de Contrôleur financier d'Schell zéien? Wéini gesäit den Ordonnateur, dass et Zäit ass fir ze soen: „Et geet wahrscheinlech net duer mat deem autoriséierte Kredit; mir musse kucken, datt mer e Gesetz maachen"? Musse mer bei klengen Dépassementer iwwerhaapt e Gesetz maachen? Dat sinn alles Froen, déi am Raum stinn, déi mer deemnächst oder an deenen nächste Méint wäerten diskutéieren a wou mer och hoffentlech eng Léisung wäerte fannen.

Här President, ech sinn domadder mat menge Remarquë fäerdeg. Mir haten de Budget 2001 net gestëmmt. Mir wëssen alleguer, datt mer och näischt um Kont kënnen änneren, ob mer e stëmmen oder net. Mir wäerten eis bei der Ofstëmmung enthalen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. D'Regierung huet elo d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, meng Kolleege soe mer ech hätt de Mëtte schonn esou vill geschwat, datt ech am Fong wollt mech deem ralliéieren, wat hei de Rapporteur zu dësem Projet gesot huet, deem ech dofir och Merci soen. Ech si frou, datt déi Konten hei gestëmmt ginn, woubäi ech just géing um Uschloss un dat, wat den honorabelen Här Fayot gesot huet, dee bedauert huet, datt ze oft hei géing an der Logik vu Majoritéit an Oppositioun geschwat ginn an net genuch an der Logik vun Exekutiv a Legislativ, géing ech just dann och d'LSAP-Kolleegen invitéiere fir och dëse Projet an der Perspektiv vun Exekutiv a Legislativ ze stëmmen, well hien huet jo selwer gesot, et wär e gudde Projet.

Merci.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dofir stëmme mer jo net dergéint.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mer sinn elo…

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President!

M. le Président.- D'Madame Flesch freet nach d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Jo, Här President, ech hat dem Minister eng prezis Fro am Zesummenhank mat dem Exercice 2001 gestallt. Ech wier frou, wann hie mer dorobber eng Äntwert kéint ginn.

M. le Président.- Här Minister.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ech bieden d'Madame Flesch mech ze entschëllegen, datt ech déi Fro vergiess hat. Ech mengen, et war d'Fro vun dem Effet vun deene Kontrollmechanismen, ob een dee ka mesuréieren op d'Dépensen an d'Exekutioun vum Budget.

Mme Colette Flesch *(DP).*- D'Fro goung iwwert d'Effikassitéit vun der Direction du Contrôle financier, déi an deem Exercice jo fir d'éischt agesat ginn ass.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Voilà, et ass also déi Fro. Ech mengen, datt een dat net mat aller Prezisioun ka moossen.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Ouni Prezisioun.

(Hilarité)

Impression générale.

M. le Président.- D'Madame Flesch hätt gären eng Evaluatioun.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Et hänkt dovunner of, Här President, wien Der frot. Dat Gesetz ass jo e Resultat vun enger laanger an dësem Haus geféierter Debatt, no de Problemer, déi viru Joren am Gesondheetsministère bestanen hunn, an dunn ass e Kontrollmechanismus agefouert ginn duerch d'Gesetz iwwert d'Reform vun der Kontabilitéit vun 1999, datt déi, déi deemools fir dat Gesetz plädéiert hunn a wéi se et hu missen exekutéieren, ech schwätze vun alle Kolleegen aus der viregter Regierung, sech schrecklech beklot hunn iwwert déi Kontrollmechanismen, déi do agefëiert gi sinn.

Duerfir, wann Der mech frot, Här President, da soen ech, datt dee Kontrollmechanismus gutt ass, well en erlaabt d'Legalitéit vun den Dépensen ze kontrolléieren an duerfir mengen ech, datt eng ganz Rei Saachen - ech soen emol Saachen - net méi gemaach ginn, egal ob se virdrun aus Inadvertance virkomm sinn oder wëllentlech falsch gemaach gi sinn. An deem Sënn mengen ech, datt et eng Protektioun ass vun de Steiergelder.

Déi, déi all Dag domadder ze liewen hunn, verstinn ech och, datt déi sech oft driwwer bekloen, datt dat eppes relativ Komplizéiertes ass, datt dat zu villen zousätzlechen Ënnerschréften a Kontrollen an zu Diskussioune mat deem Contrôleur financier féiert.

(Interruption)

Och wat d'Zäit ugeet, wéi d'Madame Jacobs komplettéiert wat ech hei soen.

Nach eng Kéier, ech mengen, datt déi Mechanismen, gradesou wéi d'Commission des Finances et du Budget, déi ech net ka jugéieren, mä déi Dir kënnt jugéieren, ech mengen, datt all déi Mechanisme bei engem Budget vu 7 Milliarden, iwwert dee mer elo grad geschwat hunn, scho Sënn maachen; wat net heescht, datt een déi och le cas échéant kann no fënnef Joer oder no méi Joren nach eng Kéier iwwerkucken. Mä grondsätzlech war dat dee richtege Wee.

Et ass iwwregens dee Wee, deen och all déi aner Länner ginn, well et am Fong e Contrôle interne ass, dee mer fréier an där doter Form beim Stat net haten, wou mer nëmmen e Contrôle externe a posteriori haten, deen net am Ministère war. Woubäi ech awer och nach eng Kéier soen, wat d'Leit nach ëmmer net wëssen, datt, obschonns d'Direction du Contrôle financier mir hierarchesch ënnerstallt ass, deen eenzelne Contrôleur financier vum Tresors- a Budgetsminister keng Instruktiounen ze kréien huet. Dee kuckt also selwer a sengem Ermiessen, ob déi Dépense der Legalitéit entsprécht oder net, fir datt en ebe keng Influenz, politescher oder soss Natur, ka subisséieren. An ech mengen, wéi gesot, ënnert dem Stréch, datt dee Mechanismus sech bewährt huet.

Merci.

M. le Président.- Ech denken, dass dat eng detailléiert Äntwert ass, Madame Flesch, op Är Fro. Domat wär d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Konte vum Joer 2001.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wie fir de Projet ass stëmmt mat Jo, wien dergéint ass mat Neen oder en enthält sech.

De Projet de loi 4965 ass mat 41 Jo-Stëmme bei 19 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5344, eng europäesch Konventioun fir d'Bekämpfung vum Terrorismus. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry a Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

3. 5344 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne pour la répression du terrorisme, fait à Strasbourg, le 15 mai 2003

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Veronsécherung vun der Zäit vum kale Krich ass entre-temps vergiess, läit wäit zréck. Den Terrorismus bedeit haut fir vill Leit d'Plo vum 21. Jorhonnert. Déi apokalyptesch Attacken op New York a Madrid hunn d'Öffentlechkeet an der ganzer Welt an Otem gehalen.

Den Terrorismusphenomeen u sech ass net nei. De Cliché vum traditionellen Terrorismus ass d'Saach vun identifizéierbare Gruppen, déi selektiv virginn, mat kloer politesch sozial oder wirtschaftlechen Ziler, wéi zum Beispill d'Organisatioun Abu Nidal am mëttleren Orient, wéi déi rout Arméifraktioun an Däitschland, wéi awer och aner ethno-nationalistesch Terrorbewegungen, wéi d'IRA oder d'ETA. Dat heescht, och scho virum September 2001 huet d'Antiterrorbekämpfung eng wichteg Roll an der Sécuritéitspolitik an Europa gespillt.

Nom Attentat op d'olympescht Duerf vun 1972 zu München, hu mir den internationale Charakter vum Terrorismus realiséiert. Dofir huet 1975 den Aarbechtsgrupp TREVI d'Grondlage vun enger europäescher Antiterrorgesetzgebung ausgeschafft an hir Aktivitéite sinn an der drëtter Sail vum Maastrechter Traité iwwerholl ginn.

An esou ass 1977 déi europäesch Convention pour la répression du terrorisme a Kraaft getrueden, déi Lëtzebuerg ouni Reserven 1981 ratifizéiert huet. Dës Konventioun gesäit d'Vereinfachung vun Ausliwerungsverfahren an d'Dépolitisatioun vun enger ganzer Rei vun Infractiounen vir, awer och dass d'Antiterrorgesetzgebung net duerf d'Gläichgewiicht zwëschent der Sécherheet op där enger Säit an de Mënscherechter op där anerer Säit a Gefor bréngen.

Nom 11. September huet dës Konventioun vu 1977 nei Impulser kritt. Firwat? Well den Terrorismus vun haut eng weltwäit a global Dimensioun huet, politesch a reliéis motivéiert ass an d'Terroriste mat katastrophal destruktiver Gewalt virun allem versichen d'Opmierksamkeet an den internationale Medien op sech ze zéien. Terrorakte vu klengen, schwéier erfaassbare Gruppen hunn eng richteg Sabotagewierkung op eis Infrastrukturen, op eis Ekonomie a ganz oft och op eis Liewenszefriddenheet. Dofir hunn d'europäesch Ministere beschloss grouss Ustrengungen ze maachen, fir dësem Phenomeen wierksam ze begéinen, an e multi-disciplinairen Aarbechtsgrupp beoptraagt, fir d'alleréischt déi international juristesch Instrumenter vum Europarot a puncto Terrorbekämpfung op hir Wierksamkeet ze iwwerpréifen an d'Konventioun vun 1977 géint den Terror à jour ze setzen. An esou ass de Projet de protocole ausgeschafft ginn, dee Lëtzebuerg den 11. Juli 2003 ënnerschriwwen huet, an iwwert dëse Gesetzesprojet, deen nach d'Madame Lydie Polfer signéiert huet, wëlle mer haut ofstëmmen.

Wat gesäit dee Protokoll vir? Fir d'alleréischt eng Lëscht, d'Lëscht vun den internationale Konventiounen, déi eng ganz Rei vu Gewalttate virgesinn, déi gëtt vun zwou op zéng erweidert. Mir fannen elo an där Lëscht och déi UNO-Konventioun iwwert d'Finanzéierung vum Terrorismus. Dat heescht an der Praxis, dass bei dësen Delikten eng Extraditioun oder eng Aide judiciaire net méi kënne verweigert ginn, dat wëllt soen, den Haaptschëllegen oder seng Komplizen, och wann et nëmmen eng Tentative war, gi verfollegt a bestrooft.

De Protokoll gesäit och eng Restrictioun vir, wat d'Reserve betrëfft. An dat war deen delikaatste Punkt bei de Verhandlungen, well mir wëssen all, dass e Stat net gär op seng Souveränitéit en matière de compétence pénale nationale verzicht. D'Länner behalen no dësem Protokoll awer hir Reserven. Just, si hu kee generelle Charakter méi a wann e Land net Wëlles huet enger Extraditiounsdemande nozegoen, muss se dës Décisioun motivéieren, a wann et sech ëm ganz staark Delikten handelt, musse se och déi Deliktgravitéit berücksichtegen.

Ausserdeem gesäit de Protokoll vir, dass zwee Comitéë sech sollen ëm déi gutt Exekutioun vun der Konventioun bekëmmeren. Dat ass fir d'éischt de Comité européen pour les problèmes criminels, dee schonn ëmmer existéiert huet, seng Kompetenz gëtt erweidert, an do derniewent gëtt de COSTER (Conférence des États contractants contre le terrorisme) gegrënnt.

Bis elo konnte just d'Membere vum Europarot d'Konventioun vun 1977 ënnerschreiwen, no dësem Protokoll ass dës Konventioun och opgemaach fir aner Länner. An der Zukunft soll och dës Konventioun kënnen duerch eng vereinfacht Prozedur geännert ginn, déi Änneronge brauchen net méi duerch e Protokoll gemaach ze ginn.

Nom 11. September war et dem Ministerrot kloer, datt Europa eng verstäerkt polizeilech a justiziell Zesummenaarbecht a Koordinatioun brauch. Et soll en Espace européen pénal geschafe gi mat Instrumenter wéi Eurojust, wéi Europol an och wéi de Mandat d'arrêt européen. Dat bedeit, wat de Mandant d'arrêt européen betrëfft, deen, wéi der wësst, de 17. Mäerz dëst Joer a Kraaft getrueden ass, dass am Kader vun de Relatiounen zwëschent Länner aus der EU d'Gesetz vum Mandant d'arrêt européen dës Konventioun vun 1977 ersetzt; ersetzt, selbstverständlech ënnert der Bedingung, dass dës Kader-Décisioun vum europäeschen Haftbefeel och transposéiert gouf.

Ech wëll awer nach kuerz op den Avis vum Statsrot zréckkommen. De Statsrot stellt sech d'Fro, ob d'Tatsaach, datt Lëtzebuerg déi eng oder déi aner Konventioun, déi am Artikel 1 vun der Konventioun vun 1977 opgelëscht sinn, net ënnerschriwwen huet, eng Incidenz hat op de Prinzip vun der double incrimination. Ech mengen net, well ech erënneren drun, dass de Prinzip vun der Extraditioun nëmmen da kann erfollegen, wann d'Faiten, fir déi eng Ausliwwerung gefrot gëtt, strofbar sinn, souwuel an deem Land dat d'Extraditioun freet wéi an deem Land dat d'Extraditioun soll exekutéieren. Dat wëllt soen, et stellt sech en plus iwwerhaapt kee Problem méi, säit d'Gesetz vum 12. August 2003 iwwert d'Repressioun vum Terrorismus a Kraaft getrueden ass, well mir wëssen all, dass den Terrorismus als solches als eng spezifesch Infractioun am Artikel 135-1 vum Code pénal virgesinn ass.

Da mengt de d'Statsrot och nach, dass ee misst kucken ob eis Gesetzer et erlaben, den internationalen Engagementer nozekommen, och wann eng ganz Rei vun internationale Konventiounen, déi erëm eng Kéier an der Konventioun vun 1977 opgelëscht sinn, net ratifizéiert gi sinn. D'Äntwert op dës Fro läit erëm eng Kéier an der Applikatioun vum Gesetz vum 12. August 2003, deen den Artikel 7-4 vum Code d'instruction criminelle ofgeännert huet. Well no dësem Artikel ka jiddfereen, dee sech am Ausland en terroristeschen Akt zu Schold komme gelooss huet, hei zu Lëtzebuerg veruerteelt ginn, selbstverständlech wann eng Extraditiounsdemande virläit. Dat ass nom klassesche Prinzip aut dedere aut judicare, entweder et geet een eraus oder et muss ee Justiz vollzéien.

Zum Schluss wëll ech awer soen, datt et net duer geet bei dësem Protokoll, dass een nëmmen iwwer polizeilech a sécherheetstechnesch Kollaboratioun schwätzt, mä doriwwer eraus brauche mir eng gemeinsam Ustrengung vun alle Staten, alle Gesellschaften, a Reliounen, wa mir wëlle géint den Terrorismus goen. Mir mussen d'Ursaache vun der Gewalt erkennen an an d'Préventioun vum Terror mat Vernunft an Entschlossenheet investéieren, well mir wëssen all, d'Philosophie vum Conseil de l'Europe ass déi: Fir der Logik vum Terrorisme op laang Dauer ze begéinen, brauche mer eng gefestegt Kultur vun de Mënscherechter.

Op all dësen Ursaachen hin, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wollt ech Iech froen, ob mer dëse Projet de protocole kënne stëmmen, mat der Bemierkung, dass ech den Accord vu menger Fraktioun hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Doerner. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Maacht den Handy aus!

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt hei der honorabeler Madame Doerner Merci soe fir dee komplette Rapport, dee se hei gemaach huet; de ganzen Historique vun der Kollaboratioun fir den Terrorismus ze bekämpfen an den Detail vun deem Protokoll, dee mer haut solle stëmmen. Wéi d'Madame Doerner hei gesot huet, ass et ganz wichteg, dass - egal wou en terroristeschen Akt virbereet gëtt, exécutéiert gëtt, Leit zesummekomme fir e virzebereeden - en do ze bekämpfen ass.

Et hätt kee geduecht, dass a Spuenien op eng Kéier en Attentat net vun der ETA, esou wéi et jo am Ufank gesot ginn ass vun der Regierung, mä au contraire vun enger islamescher Grupp kéint organiséiert ginn a mat deenen Al-Qaidas-Linken, déi dohanner fonnt gi sinn. Hei zu Lëtzebuerg ware mer jo awer och ganz paff, wéi mer op där däitscher Televisioun gehéiert hunn, dass en Attentat hei zu Lëtzebuerg op jidde Fall an der Preparatioun war. Vill Leit hunn ëmmer geduecht, zu Lëtzebuerg kéint ni esou eppes geschéien.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Mir waren och paff, wéi de Bommeleeër komm ass.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Also, Här Jaerling, Är Bemierkung ass Är Bemierkung. Mä tëschen engem Attentat wéi an Amerika oder a Spuenien an dem Bommeleeër géif ech awer eng Nuance maachen. Et gëtt och Terroristen an Terroristen. Fir verschidde Leit kéint een…

(Interruptions)

Une voix.- Mir wëssen nach ëmmer net, wien et war.

M. le Président.- Här Bettel, loosst Iech net duerchernee bréngen.

(Hilarité)

An déi aner lauschteren no!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Vun enger Attack vum ADR oder wéi?

(Interruptions)

Neen. Also…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Wéi gesot ass et fir eis, fir d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei selbstverständlech ganz wichteg. Wéi d'Madame Doerner et schonn hei gesot huet, hat d'Madame Polfer jo de Projet de loi do erabruecht mam Här Frieden. Fir eis ass et selbstverständlech och ganz wichteg, dass dat gemaach gëtt.

Firwat? Éischtens soll net d'Excuse vun enger politescher Ursaach eng Ursaach sinn, fir datt d'Demande net poursuivéiert ka ginn a fir eng Extraditioun kënnen ze refuséieren. Ech wëll net soen, dass et total eraus ass, mä hei hu mer op jidde Fall eng Dépolitisatioun vu verschiddenen Infractiounen erabruecht. Et sinn aner Kontrollorganer do. Et sinn nei Infrastrukturen och elo do erakomm fir dat Ganzt ze maachen. Mä selbstverständlech ass et ëmmer ganz schwéier den Equiliber ze fannen, esou wéi de Rapporteur et och scho gesot huet, tëschent der Préservatioun vun den Droits de l'Homme, vun de Garantië vun de Mënscherechter, an op där anerer Säit dem Combat vum Terrorismus.

Op jidde Fall ass dat heiten eng weider Etapp fir den Terrorismus ze bekämpfen. Ech mengen, et soll een net…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Jo, Här President, all Mënsch schwätzt heibannen.

M. le Président.- Jo, mä dofir hunn ech versicht Uerdnung heibannen ze kréien.

M. Henri Grethen *(DP).*- Well ech den Här Bettel mat am beschte kennen heibannen, weess ech, dass hie sech doduerch net duerchernee bréngt léisst. Well hien ass ee vun deenen, déi och hëllefen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech probéieren dann elo zur Konklusioun ze kommen.

(Hilarité)

Ech hunn de Message verstanen, obwuel ech awer nach ganz vill Zäit hunn.

Mä wéi gesot, d'Rapportrice huet schonn dat meescht gesot. Mä wéi gesot, an ech widderhuelen, och wann dat elo fir verschidde Leit eng Redite ass: Do wou een Terrorismus ka bekämpfen, muss een e bekämpfen. Mat deem heite Projet de loi gi mer méi wäit fir den Terrorismus ze bekämpfen, an egal wou et ass, den Terrorismus kann iwwerall zouschloen, egal wéini. Dofir ass et och wichteg, méi adequat Moyenen ze hunn, fir géint den Terrorismus ze kämpfen, an dofir wäert selbstverständlech och eis Fraktioun dëse Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

(Interruptions et hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass agedroen den honorabelen Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert; an déi aner, déi lauschteren no.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Projet kann…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif Iech ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …déi richteg Manéier ugoen. Ech mengen, dass et awer en eeschte Sujet wier an och e seriöen Text wier, an ech mengen och, och eng Chamber sollt sech e puer Froe stelle bei esou Texter, och wann et international Konventioune sinn oder Protokollen zu internationale Konventiounen, déi mer hei guttheeschen, déi tësche Länner verhandelt gi sinn a wou eng Lëtzebuerger Regierung sech schonn engagéiert huet, mä wou d'Chamber mengen ech hir Ratifikatiounsfonctioun sollt seriö maachen.

Ech mengen, kee stellt a Fro hei, dass den Terrorismus muss bekämpft ginn an och praktesch nëmme kann international bekämpft ginn an dass een dofir natierlech och sech muss juristesch Instrumenter ginn, fir dat kënnen ze maachen.

Dofir ass et mengen ech wichteg, dass de Conseil de l'Europe - an duerno och d'Europäesch Unioun - iwwer Traitéë probéiert huet, Deelaspekter vun där Terrorismusbekämpfung tëschent de Länner ze regelen, fir och ze verhënneren dass Nischen entstinn op internationalem Plang, wou Terroriste sech kënnte verstoppen an net méi eigentlech gräifbar wiere fir d'Justiz. Et ass also wichteg, dass esou Instrumenter bestinn. Nach muss ee kucken, wat dat genau heescht a wat dat dote ka vu Konsequenze mat sech zéien.

Ech mengen, mir hunn haut eng aner Vue vläicht iwwert den Terrorismus wéi nach virun zéng, fofzéng Joer, wou, notamment wat déi politesch Konfrontatioun ugeet, sech d'Fro gestallt ginn ass, ob et net awer bei esou Akte vill Grenzfäll gëtt, déi méi an de politesche Beräich erakommen an déi eigentlech keng kriminell Hannergrënn hunn. Dat ass haut zu engem groussen Deel net méi de Fall. Haut kann ee soen, dass den internationalen Terrorismus an d'inter-

national organiséiert Kriminalitéit matenee verkoppelt sinn. Déi zwee Elementer sinn eigentlech net méi vuneneen ze trennen. Internationalen Terrorismus an international organiséiert Bande schaffen zesummen, sinn oft déiselwecht. Duerfir mengen ech ass et och haut sécherlech net méi esou entscheedend fir do eng Differenz ze maachen.

Nach ass et jo awer net aus Liichtfankegkeet eraus, firwat an deene meeschten demokratesche Länner, wann et ëm d'Extraditioun geet, ganz kloer eng Differenz gemaach gëtt tësche reng kriminellen Akten an Akten, déi e politeschen Hannergrond, eng politesch Motivatioun hunn. An eis Lëtzebuerger Nationalitéit mécht dat jo och. An eisem Gesetz vum 20. Juli 2001, dat war zwar virun den Attentater zu New York, mä ëmmerhin, an deem Gesetz steet dran am Artikel 4, dass d'Ausliwwerung net wäert stattfannen, wann déi Infractioun, fir déi se gefrot ass, eng politesch Infractioun ass oder eng connexe Infractioun zu enger politescher ass, respektiv eng Infractioun ass, déi op politesche Motiver opgebaut ass. Dat ass nach ëmmer geltend Recht hei zu Lëtzebuerg - nationaalt Recht.

International ass d'Bewegung ganz schnell gaangen an deene leschte Joren ënnert deem Schock an deem Androck vum 11. September a wou dann eng Reaktioun komm ass, och besonnesch op europäeschem Plang, déi dozou gefouert huet, dass mer - sécherlech eng gutt Saach - och den europäeschen Haftbefehl kennen an och hei zu Lëtzebuerg jo iwwer Gesetz guttgeheescht hunn.

Mir brauchen esou Instrumenter fir wierksam kënne virzegoen. Nach muss ee sech d'Fro stellen, ob een all Garde-fouen ewechrappt a just nach op d'Collaboration policière an d'Kollaboratioun tëschent de Justicë setzt, oder ob net nach gewësse Kontrollmechanisme musse bestoe bleiwen, fir gewësse Mëssbräich an Iwwerwéchs och ze verhënneren, déi kënne bestoen, wann ee reng nëmmen op onageschränkten Austausch vun Informatiounen an Zesummenaarbecht tëschent de Polizeiinstanzen iwwert d'Grenzen eraus setzt.

Et ass wichteg, mir mussen eng wierksam, méi eng wierksam Kollaboratioun tëschent de Policen, tëschent de Justicen an den europäesche Länner kréien. Nach wéi gesot ass et wichteg, dass ee gläichzäiteg ëmmer erëm betount, dass de Respekt vun de Fräiheeten, vun de Mënscherechter muss och an deem Ganzen e wichtegt Element vu Betruechtung bleiwen. Déi zwou Saache mengen ech, d'Wierksamkeet vun der Polizeiaarbecht, d'Wierksamkeet vun der Aarbecht vun der Justiz, mä do niewendrun awer och Kontrollmechanisme fir ze garantéieren, dass och fundamental Mënscherechter garantéiert bleiwen, dass fundamental Fräiheete vum Eenzelnen net ënnert d'Rieder kommen hannert där Noutwendegkeet fir repressiv kënnen an deem Beräich vun der Bekämpfung vun der internationaler Kriminalitéit virzegoen.

Eng Fro, déi ee sech awer muss stellen, ass, wa mir iwwert de Kader vun elo der Europäescher Unioun erausginn, wou mir eis jo eens sinn, dass dat Memberstate sinn, wou déi demokratesch Prinzipie respektéiert ginn a wou Rechtsstaatlechkeet nach sécherlech en héije Stellewäert huet. Hei si mer elo am Beräich vum Conseil de l'Europe. De Conseil de l'Europe, do ass de Fächer vun de Memberstate scho liicht méi breet, wann ee Länner kuckt wéi Albanien, Aserbaidschan, Russland. Kënnt ee sech do net virstellen, datt do emol Grenzfäll opdauchen, wou ee seet, dat do ass en Akt vun Terrorismus, mä den Haaptgrond war e politesche vläicht?

Déi Iwwerleeungen, déi an den 80er an an den 90er Joren nach gefouert gi sinn an deem doten Zesummenhank vun Extraditiounen, hunn déi haut guer keng Bedeitung? Ech menge scho mat aller Noutwendegkeet, fir eng kloer Sprooch ze schwätzen, wann et ëm d'Verdeedegung vun de Fräiheete geet, déi den Terrorismus jo futti mécht, datt een niewendrun nach ëmmer am Hannerkapp muss behalen, dass ee bei aller Begeeschterung fir elo international do unzepaken an zesummenzeschaffen, dass et awer och am breeden Europa nach ëmmer Grenzfäll ka ginn, wou vläicht dat Politescht awer méi staark ass wéi dat Kriminellt. An dat muss ee jo wëssen, dass mat där heiter Konventioun déi dote Bedenken eigentlech awer ewech sinn, well elo festgeluecht gëtt, dass wann esou Infractioune spezifizéiert waren an aneren internationalen Traitéen, dass dann automatesch déi Infractiounen dann och hei betruecht ginn als terroristesch Infractiounen an da kann eigentlech dat Land, wat dat heite guttgeheescht huet, d'Extraditioun net méi refuséieren opgrond vun nationale Bestëmmungen. Dat muss een also wëssen, wann een iwwert dat heiten diskutéiert.

Wéi gesot, um europäesche Plang gëtt et scho Grenzfäll, mä wann dat heiten elo eng weltwäit Konventioun wier, géife sech sécherlech nach munch aner Grenzfäll stellen, well mir hunn nach vill Diktaturen a bluddeg Diktaturen op der Welt an do kënne sech also och ganz kloer Froe stelle vun der Begrenzung, déi besteet tëschent engem terroristeschen Akt an engem Fräiheetskampf, dee mat militäresche Mëttele gefouert gëtt. Alles dat sinn also Distinctiounen, déi net komplett ewech sinn, och nom 11. September. Ech mengen och dat sollt ee bei där Diskussioun hei net ausser Acht loossen.

Et bleift, mengen ech, dass dat heiten e wesentleche weidere Schratt ass an der internationaler Bekämpfung vun der Kriminalitéit an och a senger Form vum Terrorismus. Dass Lëtzebuerg do scho laang keng Insel méi ass, ass entretemps och hei duerchgesickert. Et ass also net nëmmen e Pro-forma-Akt, dee mer hei maachen. Mä wa mer deen heiten Text stëmmen, wéi mer och aner Texter vun internationalem Recht guttgeheescht hunn, wat d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit ugeet, da maache mer dat och duerfir, well mer e Member vum internationale Statebond sinn, mä awer och well mer gläichzäiteg kënnte Victime gi vun esou Akten. Dofir ass et wichteg esou Akzenter ze setzen.

Et ass awer och wichteg, dass mer op europäeschem Plang weiderkommen an eiser Politik, an do ass d'Europäesch Unioun e ganz wichtegt Element. Et si jo och Versich do vun der Lëtzebuerger Regierung an engem klenge Grupp fir eigentlech ganz Europa e bësse matzezéien an där internationaler Zesummenaarbecht. Et gëtt Sënn en europäesche Casier ze hunn. Et gëtt Sënn, mengen ech, och dofir ze suergen, wat d'Ausféierung vu Justizdécisiounen ugeet, dass do eigentlech keng Barrièren an der Europäescher Unioun däerfte weider bestoen.

Déi Diskussioune sinn net einfach. Déi gräifen an an déi prinzipiell Froe vun de Souveränitéitsrechter vun deenen eenzelne Länner. Mä ech mengen et féiert an där Situatioun, wou mer sinn, näischt derlaanscht, fir do d'Grenze méi opzemaachen an d'international Kollaboratioun sichen ze goen, well mer soss keng zerguttste Léisung fanne fir dee ganze Problem.

Wéi gesot, mat deenen e bësse méi nodenklechen, och e bësse kritesche Remarquen, wëll ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu deem heiten Text abréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Braz agedroen.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dat hei ass ee vu villen Texter, déi mam 11. September a Verbindung sinn oder zumindest mam 11. September a Verbindung bruecht ginn.

Dat ass hei keng nei Konventioun iwwert déi mer diskutéieren, et ass eigentlech nëmmen e Protocole additionnel zu enger bestehender Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Repressioun vum Terrorissem aus dem Joer 1977. E Protokoll, deen am Wesentlechen, wann och net eleng, als Zil huet, d'Lëscht vun de Konventiounen ze verlängeren, am Kader vun deenen d'États signataires net méi oder nëmme méi ënner méi schwierege Konditiounen Extraditiounen aus politesche Grënn kënne refuséieren.

Et geet also ëm déi Clause politique, déi zënter dem 19. Jorhonnert a ganz villen, fir net ze soe praktesch allen internationale Konventiounen iwwert d'Entraide judiciaire drasteet an hirer Bedeitung zréckzedrängen. D'Lëscht vun de Konventiounen, fir déi keng Clause politique méi gëllt, ass also verlängert ginn.

Mir Gréng hunn trotzdeem gezéckt, ob mer d'Gesetz sollte stëmmen oder eis sollten enthalen, well dëst Gesetz, wat de Protokoll soll ëmsetzen, net déi Portée huet, déi och vun eenzelne vu menge Virriedner menger Meenung no an de Raum gestallt ginn ass.

Éischtens ënnerstëtze mir Gréng awer grondsätzlech all déi Bestriewungen, déi drop erauslafen d'Justiz am Beräich vun den Eenzeldécisiounen aus dem Aflossberäich vun der Politik erauszehalen. D'Gewaltentrennung an d'Fräiheet vun den Instances judiciaires sinn héich Wäerter an enger Demokratie an déi soll een och am internationale Beräich stäerken. Dat besonnesch wa se am Kader vum Respekt vun de Mënscherechter kënne stattfannen.

Et soll een awer dëse Protokoll trotzdeem net iwwerbewäerten, well mat dësem Protokoll wäerten och weiderhi State kënnen eng Clause politique invoquéieren. Si ass also net vum Dësch. Si ass just, wa se invoquéiert gëtt, an enger anerer Prozedur ze invoquéieren. Si muss mat aneren Argumenter invoquéiert ginn. Et gëtt och e Comité agesat, de COSTER, deen e Suivi wäert maache vun deenen Invocatioune vu Clause politique, deen och herno préift, inwieweit dass dee seriö ze huele war. Mä et ännert näischt drun, dass et vläicht elo méi schwiereg ginn ass, mä trotzdeem wäerte Länner weiderhi kënnen eng Clause politique bei Extraditioune wouerhuelen, notamment déi Länner oder haaptsächlech déi Länner, déi net aus der Europäescher Unioun sinn.

En zweet Argument, firwat dass een dëse Protokoll net sollt iwwerbewäerten, dat ass dass dëse Protokoll an de Relatiounen tëschent den EU-State praktesch ouni Géigestand ass. Mir hunn duerch aner Gesetzgebungen, notamment duerch de Mandat d'arrêt européen eng Gesetzgebung tëschent den EU-Staten, déi wäit iwwert dat erausgeet wat alles am Protocole additionnel drasteet, esou dass mer tëschent den EU-Staten hei e Protokoll stëmmen, dee wéi gesot praktesch ouni juristesche Géigestand ass.

D'Konventioun vu Stroossburg aus dem Joer 1977 war deemools schonn eng Äntwert op terroristesch Evénementer an och zënter den Evénementer vum 11. September 2001 ass leider déi heefegst Äntwert op déi opgeworfe Froen eng repressiv, fir net ze soen eng reng repressiv. Am grousse Stil war dat e juristesch net legitiméierten a preventiven Invasiounskrich am Irak. Am méi klenge Stil sinn dat Gesetzer, wéi dat aus dem Joer 2003, iwwert d'Repressioun vum Terrorismus a sengem Finanzement, oder och dat aus dem Joer 2004 iwwert de Mandat d'arrêt européen, wou déi Gréng deemools dergéint gestëmmt hu mat enger ganzer Partie vu richtegen Argumenter.

Vermëssen doe mir Gréng politesch Effortë fir den Terrorismus och doduerch ze évitéieren, dass ee seng Ursaache wéinstens esou vill bekämpft wéi seng Auswierkungen a seng Auteuren. Den Terrorismus ass keng Naturgewalt, deen iwwert eis erabrécht. Den Terrorismus ass ursächlech net nëmmen d'Resultat vu rücksichtlosem Handele vu Verschiddenen, mä Terrorismus ass och d'Konsequenz vu joren- a jorzéngtelaange politeschen an ekonomeschen Entwécklungen an och Feelentwécklungen, wou da fir d'Mënscherechter ganz oft keng Plaz méi bleift. Dat gesot a mat deene Remarquë wäerte mer dëse Projet awer stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech géing just gären der Rapportrice, der Madame Doerner, Merci soe fir déi Explikatiounen, och vu Regierungssäit. Ech begréissen déi breet Zoustëmmung, déi ech aus deenen Interventiounen héieren hunn zu der Approbatioun vun dësem Protokoll. Ech wëll och ausdrécklech begréissen déi Reflexiounen, déi den honorablen Här Bodry gemaach huet iwwert déi Weeër, déi mer an Europa musse beschreiden, fir eng besser Kooperatioun am Beräich vun der Justiz an de Polizeiautoritéiten och an der Bekämpfung vum Terrorismus a vun der Kriminalitéit ze kréien, wëssend och déi Schwieregkeeten an och déi Grenzen, déi ee sech selwer muss setzen, well et geet ëm villes, ëm Fräiheeten, d'Demokratie an d'Mënscherechter, an dofir kann ech déi Aussoen, déi do gemaach si ginn, nëmme voll a ganz ënnerstëtzen an dofir wäert och d'Lëtzebuerger Présidence an deem Sënn weiderfueren, esou wéi déi hollännesch dat ugefaangen huet.

Muer ass de Justizministerconseil, wou och erëm eng Kéier grad iwwert deen dote Volet zu Bréissel geschwat gëtt, an dofir ginn ech also mat der Ënnerstëtzung vum Parlament an déi Sitzung op Bréissel.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 5344[2].

Vote sur l'ensemble du projet deloi et dispense du second vote constitutionnel

Wie fir de Projet ass stëmmt mat Jo, wien dergéint ass mat Neen oder en enthält sech.

De Projet de loi 5344 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Nelly Stein), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Jean Huss), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Felix Braz, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.55 heures)

Chamber TV

an der Stad: *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*
zu Déifferdeng: *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

Ordre du jour

1. Communication

2. 5260 - Projet de loi modifiant l'article 22 du Code des assurances sociales

5173 - Proposition de loi portant modification de l'article 22 du Code des assurances sociales

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

3. 5373 - Projet de loi modifiant la loi du 27 juillet 1994 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'une École de Musique avec Centre culturel à Ettelbruck et modifiant la loi du 25 septembre 1997 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'un Centre culturel et touristique régional à Echternach

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

4. 5342 - Projet de loi sur la mise en conformité de l'assainissement de l'Aéroport

5385 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à procéder à la construction d'une tour-radar à l'aéroport de Luxembourg, y compris l'acquisition et l'installation des équipements techniques, ainsi que les aménagements extérieurs

(Rapports de la Commission des Transports - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

5. Demandes en naturalisation

6. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

1. Communication

Ech hunn un d'Chamber folgend Kommunikatioun ze maachen:

Monsieur le Député Gast Gibéryen a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 1er décembre 2004, la

- Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution - N° 5410.

Mir kommen dann elo zu eisem éischte Punkt vum Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5260 iwwert den Artikel 22 vum Code des assurances sociales. Gläichzäiteg gëtt d'Proposition de loi 5173 iwwert datselwecht Thema behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Fir d'alleréischt huet elo d'Rapportrice d'Wuert, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

2. 5260 - Projet de loi modifiant l'article 22 du Code des assurances sociales

5173 - Proposition de loi portant modification de l'article 22 du Code des assurances sociales

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, zënter elo geschwë méi wéi 200 Joer ass d'Homeopathie als alternativ Heelmedezin ganz ëmstridden an och geneesou kontroverséiert gëtt se diskutéiert, och haut nach.

Fir déi eng ass et eng däitlech Alternativ zur Schoulmedezin, wou de Mënsch als Ganzt gesi gëtt a wou de Kierper soll gehollef kréie sech selwer ze hëllefen a mat de Krankheeten eens ze ginn. Fir déi aner, an et ass am Fong just de Contraire, ass et eppes Irrationales ouni iergendwellech wëssenschaftlech Grondlag, wou hir héchstens e Placeboeffekt als positiv Wierkung zougeschriwwe gëtt. Et gëtt ganz vill Verständnislosegkeet téschent de Vertrieder vun dësen zwou extreme Positiounen, ob dat elo am Milieu médical ass oder ob et och einfach an eiser Gesellschaft ass, wou dee Problem haart a gär diskutéiert gëtt.

Zwou Tatsaache gëtt et awer. Déi éischt Tatsaach ass déi, datt eng grouss Begréffsverwirrung ass ronderëm d'Wuert Homeopathie. Mëttlerweil gëtt et gebraucht fir de ganzen Themeberäich ronderëm d'Alternativmedezin, d'Médecine douce, onkonventionell Medezin, Ganzheitstherapie, Planzemedezin oder Medezin op Basis vun Naturprodukter, an dat natierlech am krasse Géigesaz zur Schoulmedezin. Dat obwuel d'Homeopathie eigentlech hiren eegene System huet, dat ass jo - a keng Angscht, ech ginn net drop an - déi héichgradeg Verdënnung vun Ursubstanzen, obwuel d'Homeopathie mat deem dote System net nëmme ganz oft am krasse Géigesaz zur Schoulmedezin ass, mä och bal geneesou oft am Géigesaz zu de Prinzipie vun der eigentlecher Alternativmedezin ass, dat heescht och zu hinnen am Widdersproch steet. Dofir wier emol eng vun deene ganz wichtege Saachen, fir manner Confusioun bei der Begréfflechkeet ze kréien.

Eng zweet Tatsaach ass: D'Homeopathie, an ech beloossen et dann elo emol beim allgemenge Begréff, kritt ëmmer méi Zoulaf. Ech wëll lech just e puer Chifferen nennen. Allgemeng gëtt geschat, internationalen Erhiewungen no, datt, jee nodeem ob ee méi am däitschsproochegen oder am franséischsproochege Raum ass, tëschent 25 a 50% vun alle Leit aus de Populatioune vun den europäesche Länner heiansdo oder och scho méi oft op homeopathesch Mëttelen zréckgräifen.

A Frankräich - fir nëmme Frankräich an Däitschland ze huelen, eis zwee Nopeschlänner - ass et esou, datt ufanks vun den 80er Joren ongeféier 15 bis 16% vun de Leit Aussoe gemaach hunn, datt se heiansdo, awer wéinstens e puer Mol am Joer géingen op homeopathesch Mëttelen zréckgräifen. 20 Joer dono sinn et der elo scho 40%. Dat heescht 40% vun de Leit, déi gefrot ginn a Frankräich, an et si representativ Ëmfroen, déi soe se kéime regelméisseg a Verbindung mat homeopathesche Medikamenter a géinge se och selwer kafe goen. Dat ass net näischt, géing ech soen. Et muss een och wëssen, datt iwwer 1.000 eenzel homeopathesch Mëttele bei eisem Nopeschland am Verkaf sinn an datt se mëttlerweil iwwer 10% vun der Gesamtvente ausmaachen.

Bei esou Ëmfroen, déi awer elo e manner wëssenschaftleche Charakter hunn, ech hunn dat nach rezent nogelies, wou franséisch Radiosenderen Ëmfroe gemaach hu bei hiren Nolauschterer, sinn et bis zu 70% vun de Fransousen déi soen, si géingen zwar net ëmmer gäre Mëttele kafen, mä insgesamt géinge se der Saach awer éischter positiv géigeniwwer stoen.

An eisem däitschen Nopeschland geet dat souguer bis op 90% erop, déi soen dat wär awer iergendeppes, wat, wa se dovunner héieren, esou eppes wéi Sympathiegefiller an hinne géing erbäiruffen. 90%, dat ass onheemlech vill. Wat elo e Fait ass, dat ass datt 1975 an Däitschland all sechsten Dokter gesot huet, datt e regelméisseg homeopathesch Medikamenter géing verschreiwen. Haut sinn et 75% vun den däitschen Dokteren, déi soe si géinge regelméisseg homeopathesch Medikamenter hire Patiente verschreiwen an hätte grosso modo ënnert dem Stréch gutt Erfahrungen domadder gemaach. 75%! Dat ass onheemlech vill.

Mir schéngen an deem doten Themekomplex méi esou zum franséischsproochege Raum ze gehéieren, well bei eis gëtt geschat - dat ass awer eng Etüd, déi elo schonn e puer Joer zréckläit, dat kann also an der Tëschenzäit no uewe sech nach geännert hunn -, datt mindestens 25% vun alle Lëtzebuerger regelméisseg homeopathesch Mëttelen an d'Apdikte kafe ginn. Dat heescht, Fazit: Et ass eng medezinesch an och eng gesellschaftlech Realitéit, egal wéi een elo domadder ëmgeet.

Wann also alternativ medezinesch Methoden, déi, wéi et an dësem Fall ass, net op wëssenschaftlechen Erkenntnisser berouen, trotzdeem esou eng héich Nofro mat sech zéien, dann ass einfach en noweisleche Besoin do bei de Leit an dee kann een net ignoréieren, ob een dat wëllt oder net. Do gëtt et eng ganz Rëtsch vun Ursaachen. Ech wëll elo net eng grouss Ursaachefuerschung maachen, mä et sinn der e puer déi op der Hand leien an déi mer an den Diskussiounen, déi mer all Dag féieren, och hei am Haus selwer matkréien.

Dat ass, datt während déi klassesch Medezin ëmmer méi performant, ëmmer méi héich techniséiert gëtt, ëmmer méi informatiséiert gëtt, se awer vun ëmmer méi Leit als bedrohlech, als anonym oder onmënschlech emfonnt gëtt, wat eigentlech eent am krasse Widdersproch zu deem anere läit, well wann eng Medezin sech esou évoluéiert wéi bei eis am Land, da geet natierlech och de Käschtepunkt an déi Richtung an d'Akzeptanz geet awer erof. Et misst eigentlech genee ëmgedréint sinn.

Dann d'Ännerung vun der Bezéiung tëschent dem Dokter an de Patienten. Dat ass net méi datselwecht wéi nach virun e puer Jorzéngten. Dee sou genanntenen „Gott in Weiß" gehéiert definitiv der Vergaangenheet un. Et ass elo eng aner, vill méi opgeklärte Relatioun tëschent dem Dokter an dem Patient.

Et ass och eng ganz aner Erwaardungshaltung bei de Patienten do. Mir liewen an enger schneller Welt, also hätte mer och gären eng schnell Äntwert op komplex Froen a mir hätte virun allem gären eng schnell Heelung, och wann dat an der Praxis net ëmmer esou einfach ass. De Patient entwéckelt e ganz anert Bewosstsinn an e wëllt och eng ganz aner Vertrauensbasis opbauen, wat haut an dem Verständnis vun der Medezin net ëmmer esou evident ass, well och d'Zäit heiansdo knapps bemooss ass a well dann dat Vertrauensverhältnis guer net kann opgebaut ginn.

Dann ass och esou eng diffus Angscht viru schiedleche Substanzen, viru Chemie allgemeng do. Esou wéi mer feststellen, datt den Ëmgank mat der Ëmweltproblematik eng aner ginn ass an deene leschte Jorzéngten, esou ass och den Ëmgank mat Medikamenter en anere ginn. Dat heescht et ass méi eng kritesch Approche dozou do. A virun allem hätt de Patient gären, datt dat respektéiert gëtt, wat eng iewescht Prémisse ass, dat ass einfach de libre choix zu där Medezin, déi hie gären hätt, an zu deene Produiten, déi e gären hätt, an och zu där Therapie, déi e gären hätt. Dobäi kënnt, datt d'Homeopathie an déi ganz Diskussioun ronderëm d'Homeopathie net gefouert gëtt wéi ronderëm eng Method, mä si gëtt gefouert wéi eng Ideologie, eng Weltanschauung, wéi eis Nopere soen.

Elo kéint een natierlech mengen, alles wat a Richtung Ideologie, Weltanschauung geet, dat wär eng Glawensgeschicht an da kéint ee jo och soen, eppes ze gleewen ass Privatsaach an da solle mer eis gefällegst do eraushalen. Dat wier jo de Fall, wann et net awer an de Gesamtberäich vun der Santé publique géing eragoen. Dora befanne mer eis. A wann ee vu Santé publique schwätzt, da schwätzt een automatesch och vu Protektioun, et schwätzt ee vu Garantië fir de Patient, et schwätzt ee vu Kontrollmechanismen, déi asetze fir de Patient ze protégéieren, et schwätzt ee vun Aufgaben, déi de Stat huet fir deen Encadrement ze maache legislativ an och medezinesch. Also geet et drëm, an dat ass eigentlech de sprangende Punkt, fir en Equiliber ze fannen tëschent der Schoulmedezin an dem Gesamtkomplex Parallellmedezin.

Wéi kann dat sinn? Majo ganz einfach andeem een déi Besoinen erkennt vun de Leit - si sinn do, d'Chiffere weisen et, d'Leit soen et - a se och genee definéiert, andeem een d'Responsabilitéiten definéiert an andeem een niewent allen Diskussioune ronderëm alternativ oder komplementar Heelungsmethoden d'Erkenntnisser vun der Wëssenschaft, déi jo e kollektive Besëtz sinn, deen haart erkämpft huet misse ginn an der Vergaangenheet - mir dierfe jo net vergiesse wéi oft d'Thesen op d'Kopp gehäit gi sinn, déi d'Medezin zu deem gemaach hunn, wat se haut ass -, dass ebe grad déi Erkenntnisser vun der Wëssenschaft zum Wuel vun der Allgemengheet weider agesat kënne ginn an net op d'Spill gesat ginn an trotzdeem et zouloossen, datt d'Instrumenter vun eben där klassescher op der Wëssenschaft berouender Medezin kritesch kënnen hannerfrot ginn, virun allem wann et ëm d'Erkenntnisser geet, déi um Terrain sollen ëmgesat ginn.

An da komme mer bei dee berühmt berüchtegten «utile et nécessaire». Wat ass «utile et nécessaire»? Fir mech kléngt dat ëmmer wéi schéin a gerecht, et kléngt gutt, mä et ass awer schwéier ze beschreiwen an et ass och schwéier nozevollzéien.

An engem ganz rezenten Artikel, wou de President vun der UCM Positioun bezunn huet, do huet den Här Kieffer gesot: „In Luxemburg wissen weder die Versicherten noch die Ärzte was utile und nécessaire ist. Was wir bräuchten wären Leitlinien für die verschiedenen Krankheitsbilder damit wir objektiv beurteilen können was nützlich und was notwendig ist. Genau das fehlt."

Bal genau dës Diskussioun gouf jo och gefouert am Débat d'orientation am Januar 2004 iwwert d'Médecine complémentaire, och awer net nëmmen am Zesummenhank mat der Homeopathie. Wann de Minister elo hei wier, da géing hie mer bestëmmt Recht ginn, wann ech géing hei soen, datt mat deem Gesetz, dat mer…

(Brouhaha général)

Gellt, Här Minister, Dir gitt mer bestëmmt Recht, wann ech…

M. Carlo Wagner *(DP).*- Madame Rapportrice, ech ka mech do uschléissen.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Dir schléisst lech direkt un, ier Der wësst wat ech soen?

(Interruption)

…, datt mer mat deem Gesetz, wat mer haut, dat jo de Redressement beziehungsweis de Rétablissement vun enger Situatioun virun 2002 erméiglecht, eis Aarbecht nach laang net ofgeschloss hunn, am Contraire. Net wat d'Definitioun an d'Ëmsetzung vum «utile et nécessaire» ubelaangt, an och wat d'Interpretatioun do ubelaangt, net wat d'Äntwerte vun der klassescher Medezin op d'Besoinë vun haut ubelaangt, net wat d'Informatioun ubelaangt, wat d'Homeopathie kann a wat se net dierf sinn. Ech wéilt vläicht e kuerze Réckbléck maache wéi d'Prozedur war.

Mam Gesetz vum 31. Mee 2002, dat duerch d'Referenz op den Artikel 23 vum Code des assurances sociales «preuve de l'efficacité thérapeutique», also de wëssenschaftleche Beweis vun e verlaangt huet, fir kënnen op d'Liste positive des médicaments ze kommen, déi dann och remboursabel sinn, huet jo dozou gefouert, datt zënterdeem déi Medikamenter, iwwert déi mer haut schwätzen, net méi konnte rembourséiert ginn. Dat huet jo och zu engem Déremboursement vun der Union des Caisses de Maladie gefouert.

Dir selwer, Här Minister - wann den Här President mer dat erlaabt fir mech un lech ee Moment ze adresséieren -, hat eng Proposition de loi gemaach, an zwar am Juli 2003, wou Der notamment dee Redressement gefrot hat. An de Projet de loi, deen ee Joer drop koum, ass och an déi Richtung gaangen an et ass genee deen, dee mer haut virleien hunn.

Dir hutt eis et confirméiert an eiser Santéskommissioun, datt et och haut, esou wéi mer dat scho virun e puer Joer haten, och wann d'Aarbechtsëmfeld vläicht en anert ginn ass, datt Dir e Gremium agesat hutt, an dat ass staark noutwendeg, deen zu Konklusioune soll féieren, fir datt mer net nëmmen Opschloss kréien iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, déi d'Patienten an der Zukunft hunn, awer virun allem och Opschloss kréien iwwert déi eenzel Forme vun der Médecine complémentaire an déi, déi ronderëm deen Themekomplex schaffen.

Ech denken haaptsächlech do un d'Homeopathen, awer och un d'Chiropraktiker, un d'Osteopathen an un déi, déi Akupunktur maachen, dat heescht an anere Wierder, dat Gesetz haut, dat also an Zukunft nees e Remboursement vun den homeopathesche Mëttelen erlaabt, souwäit se der Definitioun entsprieche wéi se am Gesetz elo gi sinn, an dat och de libre choix vum Patient fir Medezin an Therapie dann erméiglecht, ass eng zolidd Basis, déi der medezinescher a gesellschaftlecher Realitéit Rechnung dréit an trotzdeem eréischt den Ufank ass vun enger breet ugeluechtener Diskussioun, déi mer nach weider féiere mussen.

Éischtens op europäeschem Plang. Mir kënnen eis net erlaben eis an där heiter Fro ze isoléieren. Mir mussen also kontinuéierlech kucke wéi um europäesche Plang d'Diskussioun weidergeet. Dat ass och eng vun de Remarquen, déi de Statsrot a sengem Avis mécht.

Ech wëll Iech just drun erënneren, datt am Moment an Europa eréischt zwee Länner légiféréiert hunn an där heiter Matière, dat ass d'Belsch an dat ass Schweden. An der Belsch ass dat Gesetz scho virun engem Joer gestëmmt ginn, mä et ass awer nach ëmmer net en vigueur, well eng Rei vu Problemer opgetaucht si bei der Mise en oeuvre oder Mise en vigueur vun deem Gesetz. Do mussen nach eng Rei vu Modalitéite gekläert ginn. An och a Schweden ass et net esou, datt déi Législatioun zu engem automatesche Remboursement vun den homeopathesche Mëttele féiert. Deen Automatismus besteet net an et gëtt och eng ganz Rëtsch Diskussioune ronderëm d'Ëmsetzung vun deem Gesetz, soudass et net schéngt eng einfach Affär ze sinn.

Duerfir ass et nëmme recommandéiert, an duerfir hu mer jo och eis informéiert, also ass et nëmme recommandéiert, datt mer weiderhi kucke wéi op europäeschem Plang deen doten Themekomplex gehandhaabt gëtt. Dann insistéieren, wéi mer dat och gemaach hunn an der Kommissioun a wéi och d'Avisë vun de Beruffskummeren et maachen, datt all d'Modalitéite gekläert gi ronderëm d'Prise en charge vun de Patienten.

Dann drëttens d'Kritären, an dat ass, wa mer dat richteg verstanen hunn, jo een Haaptinhalt vun engem Gesetz wat no deem heite soll kommen, genee Kritären opstelle wat d'Formatioun an d'Qualifikatioun vun all deenen ubelaangt, déi ronderëm déi Gesondheetsberuffer kreesen an deen Themekomplex, dee mer haut behandelen. A wéi eng Kritäre musse virun allem erfëllt sinn, datt genee déi Persoune kënnen op d'Liste des professions de santé kommen, mat allem wat dorunner hänkt.

Da véiertens d'Fro stellen: Gi mer op de Wee, wéi beispillsweis d'AMMD et verlaangt, vun enger Autorisation scientifique oder einfach engem Gremium am Kader vun der Quadripartite, wéi et do verlaangt ginn ass, wat sech genee mat deenen dote Froe befaasst, och am Zesummenhank mat deem wat nécessaire et utile soll sinn an als solcht soll definéiert ginn? De Fazit ass awer an deem Ganzen: Egal wéi de Gremium herno heescht, datt et muss drëm goe fir den Dialog ze féieren, souwuel mat de Patiente wéi och mat den Dokteren, wéi och mat den Interessevertriedunge vun deenen engen oder vun deenen aneren.

Da fënneftens, Informatioun an ëmmer nees Informatioun, zum engen, wat d'Chancë vun der klassescher Medezin sinn, déi en enorme Fortschrëtt bruecht huet fir eis Gesellschaft, wat eis alleguerten erlaabt méi eng héich Liewenserwaardung ze kréien an nei Medikamenter ze kréien, déi Krankheete bekämpfe fir déi et bis virun e puer Joer nach keng Léisung gouf, also op d'Chancë vun der klassescher Medezin hiweisen.

Och op d'Risiken an d'Geforen, an zwar vun deenen zwee Themekomplexer, déi mer diskutéieren, zum engen d'klassesch Medezin, an och dat ass mat Risiken a Gefore behaft.

ir wëssen zum Beispill, datt elo eng Campagne soll kommen, wou den Ëmgank mat Antibiotiquë kritesch hannerfrot gëtt. Et brauch een net fir all kleng Erkältung en Antibiotique ze huelen. Ech weess och, datt dee ganzen Ëmgank mat Berouegungsmëttelen, mat Schlofmëttelen, mat Beliewungsmëttelen, mat Relaxatiounsmëttelen an esou weider, déi ganz Psychopharmaka, datt dat och soll kritesch hannerfrot ginn. Dat sinn d'Risiken an d'Chancen am ganzen Themefeld klassesch Medezin oder Schoulmedezin.

An dann och d'Risiken an d'Geforen am Ëmgank mat homeopathesche Mëttelen oder alternativen Heelmethoden, well genee sou gutt wéi d'Homeopathie et net fäerdeg bruecht huet, fir viru ronn 180 Joer d'Cholera ze heelen, bréngt se et och haut net fäerdeg, fir eng Kriibserkrankung ze heelen, an och hei muss een op Chancen a Risiken hiweisen an op de kriteschen Ëmgank mat deene Medikamenter. Op alle Fall kënnt Der do op eis zielen, Här Minister, dass mir Iech begleede bei där doten Informatiounspolitik, a wa mir do kënnen eng Hand mat upaken, da maache mir dat.

Sechstens, déi gesetzlech Lücke fëllen, déi awer nach bestinn, wann et drëm geet fir d'Santé publique ze garantéieren a wann et drëm geet fir de Patient, de Mënsch ze protégéieren.

Siwentens a leschte Punkt: Weider diskutéieren, och hei am Haus, dee ganzen Themekomplex zu engem gesellschaftspoliteschen Thema maachen an en och esou diskutéieren. Haut ass jo eng Geleeënheet fir dat ze maachen; an et ginn nach aner ganz gudder.

Dem Minister e grousse Merci, dass en esou schnell mat dësem Projet de loi an d'Chamber komm ass. Et ass e wichtege Projet iwwert dee mer haut schwätzen. Der Kommissioun Merci fir déi flott Diskussioun déi mer haten an zum wierklechen Ofschloss dann den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi an Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als éischt Riednerin ass d'Madame Marie-Josée Frank ageschriwwen. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi soll der Union des Caisses de Maladie, also der UCM, et erlaben, déi homeopathesch Medikamenter ënner bestëmmte Bedéngungen de Patienten erëm zréckzebezuelen. Domadder soll eng fréier rechtlech Situatioun erëm hiergestallt ginn.

Dëse Projet ass am Kader vun der net konventioneller Medezin ze gesinn. Dëst ass keen neit Thema hei am Haus, well schonn den 28. Juni 2001 ass eng Resolutioun gestëmmt ginn, wou d'Santéskommissioun, ënnert der deemoleger Presidentschaft vum Här Niki Bettendorf, beoptraagt ginn ass, d'Méiglechkeete vun der Réglementatioun vu bestëmmte Forme vun net konventioneller Medezin ze studéieren. Mir haten an der Santéskommissioun verschidden Experten invitéiert fir méi Informatiounen ze sammelen an hunn den 20. Januar 2004 e Rapport ugeholl, dee kuerz drop hei an der Chamber diskutéiert ginn ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

An enger Motioun gouf deemools d'Regierung ënner anerem opgefuerdert, an ech erënneren:

„- à réglementer en matière de médecine complémentaire ou non conventionnelle, notamment en ce qui concerne les formations et les qualifications des prestataires;

- à entamer des démarches nécessaires en vue du remboursement de ces actes sur base d'une prescription médicale (…)"

Dës Motioun gouf deemools bal eestëmmeg hei ugeholl, nëmmen zwee Kolleegen haten dogéint gestëmmt, an dat woren déi zwee Doktere vun der Demokratescher Partei.

(Hilarité)

Une voix.- Dofir si se net méi gewielt ginn!

Mme Anne Brasseur *(DP).*- D'Demokratesch Partei hat keng Doktere mä Deputéierten, déi Dokter an hirem privaten Engagement woren, an hirem Privatliewen. Dat wollt ech awer preziséieren.

(Interruption)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Ok, mä et waren awer déi zwee Dokteren, déi deemools dogéint gestëmmt haten.

Une voix.- Jo.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Mä dëse Vote ass eigentlech symptomatesch fir d'Diskussioun iwwert d'net konventionell Medezin. D'Majoritéit vun den Dokteren - an d'Madame Mutsch huet et scho gesot - préféréieren d'Schoulmedezin eendeiteg a stelle ganz oft d'Alternativmedezin als Scharlatan duer.

Ech géif awer gäre behaapten, dass e groussen Deel vun der Populatioun d'alternativ Medezin ënnerstëtzt an och dru gleeft. Dëst koum sécher an enger Petitioun zum Ausdrock, déi virun e puer Méint hei am Haus deponéiert ginn ass, mat enger Ënnerschréftenzuel vu bal 8.000 Leit. Ech fannen et schued, dass vill Dokteren déi complémentaire Medezin einfach verdäiwelen. Si refuséieren, wat se net moosse kënnen.

Ëmmer méi gewënnt een awer den Androck, dass déi konventionell Medezin oft net méi de Wënsch an de Besoinë vun der Populatioun vun haut entsprécht, well ëmmer méi Kranker sichen Dokteren op, déi eng complémentaire Medezin ubidden an och domat hire Gesondheetszoustand an och hir Liewensqualitéit verbesseren.

D'Madame Mutsch huet elo éinescht Ëmfroen aus Frankräich an aus Däitschland zitéiert, ech géif hei eng aus Amerika ervirhiewen. An do ass eng Ëmfro, déi huet bei 831 amerikaneschen Erwuessene ganz interessant Resultater geliwwert. 70% vun de Befrote ginn éischter zu hirem Hausdokter, wéi zu engem Dokter, deen alternativ Medezin ubitt. 63 bis 72% vun de Patienten deelen awer hirem Hausdokter net mat, wa si parallell Medezin an Usproch huelen. Da goufe si gefrot: Firwat? Dunn hunn 31% geäntwert, si géifen hiren Dokter net als kompetent am Beräich vun der Alternativmedezin halen a 14% waren der Meenung, dass hiren Hausdokter net géif akzeptéieren, wa si dës Medezin an Usproch huelen.

An, contrairement zur konventioneller Medezin, ass déi complémentaire Medezin op den éischte Bléck fir vill Patiente vu grousser Attraktivitéit, well se scheinbar méi einfach ass a méi eng verständlech Philosophie huet.

Här President, am CSV-Wahlprogramm stoung: „Krank werden ist schlimm genug! Niemand soll auch noch um die Finanzierung seiner Gesundheitsausgaben sorgen müssen. Doch unsere Gesundheit hat einen hohen Preis, den wir solidarisch zahlen müssen."

Une voix.- Gutt.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Jo, ech fannen dat och gutt.

Dann erënneren ech un de Koalitiounsprogramm, wou d'Réintroductioun vum Remboursement vun homeopathesche Medikamenter ugekënnegt ginn ass. An do steet, wat d'alternativ Medezin ubelaangt, nach vill méi. Ech zitéieren: «À côté de la réintroduction du remboursement des médicaments homéopathiques, le Gouvernement déposera un projet de loi portant reconnaissance et réglementation de différentes formes de médecine complémentaire (homéopathie, chiropraxie, ostéopathie, acupuncture etc.) tout en maintenant un lien et une collaboration étroite entre les nouvelles formes de médecines et les médecines traditionnelles.

Par ailleurs, le Gouvernement entend introduire le remboursement pour certains actes effectués par les professionnels exerçant des médecines complémentaires, parallèlement à celui qui existe pour les kinésithérapeutes.»

Dës puer Sätz aus dem Programm beweisen de Wëllen, d'Motioun aus där leschter Legislatur a konkrete Gesetzer ëmzesetzen.

Här President, am Kader vun där deemoleger Orientéierungsdebatt hat ech mech mat engem Spezialberäich vun der complémentairer Medezin befaasst, nämlech dee vun der Psychothérapie. Dëse Beräich war a mengen Aen deemools ze kuerz komm.

D'Psychotherapie ass net, wéi dacks behaapt gëtt, nëmmen eppes fir psychesch schwéier gestéiert Mënschen. Och wann d'Akzeptanz vun der Psychotherapie an der Gesellschaft wiisst, sou fäerten dach ganz oft nach vill Leit, déi haut dovunner profitéieren, fir dat dobausse matzedeelen, well se da vu ville Leit als verréckt erkläert ginn; an dat ass e staarkt Stéck! Ech mengen och do hu mer nach e grousse Klärungsbedarf.

1991 hat déi däitsch Bundesregierung eng Expertise am Kader vum Débat vun der Réglementatioun vun dem Psychotherapeutegesetz an Optrag ginn. Et huet sech erausgestallt, dass d'Allgemeinmedeziner en héije Prozentsaz u Patiente behandelen, déi séilesch Problemer hunn - och dat huet éineschters d'Madame Mutsch scho gesot. Vill vun deene gi falsch behandelt andeems hinnen dacks Medikamenter verschriwwe ginn, déi fir si inefficace sinn. D'Expertise huet gewisen, dass bei Patiente mat psychescher Stéierung et oft siwe bis zéng Joer dauert, bis si beim Psychotherapeut ukommen an dann eréischt eng hellefräich Therapie kréien, wou se dann och punktuell op hir Problematik behandelt ginn. Während deene Jore ginn dës Patiente vun engem Dokter zum aneren; dass dat mat héije Käschte verbonnen ass, wësse mer alleguer.

Et stellt sech awer d'Fro vum Käschtepunkt vun der Psychotherapie. Dacks gëtt gesot: Dat gëtt ze deier. Ech mengen, datt just de Contraire wouer ass. Eng psychotherapeutesch Behandlung zur richteger Zäit géif net nëmmen de betraffene Patienten hir psychesch Souffrance erspueren, mä géif der ganzer Gesellschaft enorm Käschten, also der Krankekeess, erspueren. Käschten-Notzen-Analyse fir den Asaz vu psychotherapeutesche Behandlungsmethoden hunn erginn, dass d'Intensitéit vum Zréckgräifen op d'medezinesch Déngstleeschtungen no psychotherapeutesche Behandlunge laangfristeg manner kascht wéi bei Patienten, déi keng esou eng Therapie an Usproch geholl hunn. Déi laangfristeg duerch eng Psychotherapie agespuerte Suen decke sécher bei wäitem d'Käschte vun dëser Behandlung.

Ech erënneren drun, datt d'Sozialpartner an de Krankekeesegremien och schonn des Öfteren de Wonsch vun engem Finanzéierungsmodus vun dësen Akte vun de Psychologen iwwert d'Krankekeess ausgedréckt hunn. Ech invitéieren de Minister dës Iwwerleeungen net onberéiert ze loossen, well wann ee bedenkt, datt haut…

(Interruption)

…Temesta dat heefegst gebraucht Schlof- a Berouegungsmëttel ass, wat d'Leit hei am Land benotzen, da muss ee soen, datt dat vill Froen opwerft, well haut mat där Liewensaart vill Mënschen einfach net méi eens ginn an dann eben op esou Mëttel zréckgräifen.

Här President, d'homeopathesch Medikamenter ginn um gesonde Mënsch getest, fir déi fir jiddfer Planz a jiddfer Substanz charakteristesch Wierkung op de gesonde Kierper festzestellen, déi a sou genannten „Arzneimittelbilder" erfaasst ginn. Op der Verpakung vun dëse Medikamenter fënnt een dofir och keng Uwendungsgebidder an och dacks keng Gebrauchsanweisung. Dës Medikamenter, déi remboursëiert solle ginn, sinn awer wéi déi aner Medikamenter och nëmmen an enger Apdikt ze kréien.

Wéi ass et elo mat der Praxis vun der Verschreiwung vun dëse Medikamenter an eisen Nopeschlänner? A Frankräich gëtt hautdësdaags den Undeel vun den Hausdokteren, déi homeopathesch Medikamenter regelméisseg verschreiwen, op 12% geschat. Méi wéi 50% vu franséischen Hausdokteren verschreiwe vun Zäit zu Zäit dës Medikamenter. An der Belsch sollen et ongefëier 2.000 Doktere sinn, a wéi et haut hei am Land ass, wier interessant ze wëssen.

Här President, munchereen doheem virun der Télevisioun wonnert sech sécher iwwert déi heiteg Diskussioun, well wa mir bedenken, datt an deene leschte Méint a Wochen ëmmer erëm iwwert d'Krankekeesendefiziter diskutéiert ginn ass, déi mir besser an de Gréff musse kréien, a mat deem heitege Projet de loi mir jo awer zu enger Méibelaaschtung vun de Krankekeese kommen, si sécherlech vill Leit, déi dat bal net kënne verstoen.

Et gëtt gesot, datt dës Méibelaaschtung minimal, marginal ausfält, mä trotzdeem, Här Minister, ech wier frou, wann Dir eis herno heiriwwer kënnt Opklärung ginn. Ech perséinlech an och eng grouss Majoritéit vun der CSV-Fraktioun sinn der Meenung, datt dës Medikamenter hautdësdaags déi néideg Garantien a puncto Qualitéit bidden. Vis-à-vis vun eise Patiente gëtt dës Garantie doduerch verstäerkt, datt d'Gesetz net einfach jiddfer homeopathescht Medikament duerch d'Krankekeess remboursëiere léisst, mä datt dëse Remboursement op datjéinegt beschränkt ass, dat, wéi et op franséisch heescht, hiergestallt ass «à partir d'une fiche végétale minérale, voire chimique et commercialisé sous forme de globules, granulés, comprimés ou gouttes».

Ier ech zum Schluss kommen, wëll ech der Rapportrice Merci soe fir de Rapport. Dëse Projet, deen de Patienten eng gewëss Garantie gëtt an zugläich hinnen eng gewëss Fräiheet bitt, fënnt den Accord vun der grousser Majoritéit vun eiser CSV-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Den Här Wagner wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Jo, ech wollt der honorabeler Madame Meyers-Frank just d'Fro stellen…

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Madame Frank!

M. Carlo Wagner *(DP).*- Madame Meyers oder Madame Frank, wéi Dir et gären hätt.

(Hilarité)

Ech wollt d'Fro stellen, ob d'honorabel Dokter Martine Stein-Mergen, d'Doktesch vun der CSV-Fraktioun, deen heite Projet och mat dréit an ob se en och mat stëmmt?

(Interruptions diverses)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Also, zurzäit ass…

M. Carlo Wagner *(DP).*- Si ass Doktesch bei Iech an der Fraktioun.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Zurzäit ass d'Madame Mergen nach net hei, an dat gesi mir herno beim Vote.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Ah, ech hätt alt gemengt, Dir géift dat wëssen, a vu dass Dir vun aneren Doktere vun anere Parteie schwätzt, Dir hätt Iech besser renseignéiert!

(Hilarité)

M. le Président.- Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir fir d'alleréischt der Rapportrice vun dësem Gesetzesprojet Merci ze soe fir hiren ausféierleche Bericht.

Ech wollt vläicht kuerz op eppes agoen, wat d'Madame Frank gesot huet, dat ass dass mir an deem Débat d'orientation net allze vill iwwert d'Psychotherapie geschwat hunn. Ech muss Iech soen, dass mir deemools ënner 200 - 200! - verschiddene komplementare Medizinen oder alternative Medezinen effektiv nëmme véier erausgesicht hunn, d'Ostéopathie, d'Chiropraxie, d'Akupunktur an d'Homeopathie; an do hu mir eréischt en cours de route iwwert d'Psychotherapie geschwat.

Ech si ganz frou haut hei ze héieren, dass Dir dat opgräift, an ech sinn och frou, dass de Minister gesot huet, hie wier ganz beréiert iwwert déi Ausso. Da kann ee jo och dovun ausgoen, dass an Zukunft de Psychotherapeut och als Gesondheetsberuff géif unerkannt ginn.

Mir haten hei an der Chamber eng Motioun geholl, an där mir effektiv d'Regierung opgefuerdert hunn, fir déi véier verschidde Gesondheetsberuffer wéi d'Homeophatie, d'Ostéopathie, d'Chiropraxie an d'Akupunktur als Gesondheetsberuff unzëerkennen, dofir direkt un den Här Minister d'Fro, dass en eis herno seet, wéi wäit dass hie mat sengen Aarbechten ass, fir déi Gesondheetsberuffer dann och unzëerkennen, sou wéi d'Chamber d'Regierung am Débat d'orientation opgefuerdert huet.

Här President, mat dësem Projet de loi gëtt déi sou genannte Liste positive vun de Medikamenter, dat heescht d'Lëscht vun deene Medikamenter, déi vun der Krankekeess rembourséiert ginn, erweidert. Homeopathesch Mëttelen oder besser gesot verschidden homeopathesch Mëttele wäerten an der Zukunft nees an de Genoss vun der Prise en charge vun de Krankekeese kommen. Ech ënnersträichen „nees", well effektiv virum Gesetz vum 31. Mee 2002 d'Union des Caisses de Maladie homeopathesch Mëttele rembourséiert huet.

Dat heescht awer net, datt dat Gesetz vum 31. Mee 2002 elo géif iwwer Bord geheit ginn. D'Zil vun deem Gesetz war jo och net, d'homeopathesch Mëttele vun der Liste positive erofzehuelen. Neen, mat deem Gesetz huet déi viregt Regierung an der Persoun vum deemolege Gesondheetsminister Carlo Wagner déi europäesch Direktiv 89/105 aus dem Joer 1988 endlech vollständneg an eis national Gesetzgebung ëmgesat. Dat och hätt ee vläicht kënnen am Rapport vun dësem Projet de loi ernimmen.

Et muss ee soen, dass dat do a Lëtzebuerger Législatioun ëmgesat ginn ass, an dat mat dräizéng Joer Verspéidung. Ech brauch Iech net hei eng Zeechnung ze maachen, wien un dësem Retard schold war. Et war doudsécher net de Minister Carlo Wagner, deen de Projet de loi mat Zäiten op den Instanzewee ginn huet, mä dat ware seng Virfaren.

D'Gesetz vun 2002 huet awer en Ausschloss vun homeopathesche Mëttele mat sech bruecht, an dat op Basis vun den Artikele 17 an 23 vum CAS, déi d'Kritäre vun der Liste positive preziséieren. Ee vun deene Kritären ass nämlech deen, datt d'Efficacitéit vun de Medikamenter muss wëssenschaftlech erbruecht ginn, woumadder déi homeopathesch Mëttelen disqualifizéiert goufen.

Här President, fir dësen onerwënschten Nieweneffet ze redresséieren, huet de viregte Gesondheetsminister an elo mäi Fraktiounskolleeg Carlo Wagner dëse Projet de loi op den Instanzewee bruecht, an zwar de 16. Dezember 2003, nodeems e Groupe de travail, zesummegesat vun der Division de la Pharmacie et des Médicaments vum Ministère de la Santé vum Contrôle médical de la Sécurité sociale a vun der UCM, seng Aarbecht ofgeschloss hat. Den Dépôt vun dësem Gesetzesprojet koum deemno méi spéit wéi dee vun der Proposition de loi Di Bartolomeo. Dat ass normal. Déi Aarbechten, déi waren nämlech vum 2. Juli 2003, mä d'Aarbechten hu missen ofgeschloss sinn, ier de Projet de loi konnt vun der Regierung déposéiert ginn.

De 16. Januar 2003, also virdrun, hat de Minister Wagner allerdéngs schonn an der Gesondheetskommissioun ugekënnegt, hie géif déi néideg gesetzlech Mesuren huele fir d'Prise en charge vun enger Partie vun homeopathesche Mëttelen erëm ze erméiglechen.

A senger Ongedold huet den deemolegen Oppositiounspolitiker vun Diddeleng an der Sitzung vun der Santéskommissioun den 11. Juli 2003 nach eng Kéier nogehaakt a beim Minister nofroe gelooss, wou dee Gesetzesprojet da géif hänken. Elo annerhalleft Joer méi spéit fënnt den Här Di Bartolomeo sech do ënnen op der Regierungsbänk erëm an e wäert wuel kaum enttäuscht sinn, wann haut seng Proposition de loi virum Regierungstext de kierzeren zitt, dass mir am Fong geholl um Regierungstext schaffen. De Conseil d'État…

(Interruption)

Une voix.- Très bien.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Et geet ëm d'Saach.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Et geet ëm d'Saach. Ech gi jiddferengem déi Tranche vu Mériten, déi e verdéngt, selbstverständlech och mengem Virgänger.

(Interruption)

Ganz gär, Här President. Ech komme jo och nach drun.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Merci, Här President. De Conseil d'État stellt a sengem Avis vum 12. Oktober 2004 fest, datt den Avis vum Collège médical - Avis, deen annoncéiert war - géif feelen. Bis haut schéngt deen nach net do ze sinn, ass awer menger Meenung no och net legal noutwendeg. Wouer ass awer och, datt de Collège médical an deem Groupe de travail souz, deen d'Gesetz mat virbereet huet. De Collège médical weess also wat an deem Gesetz drasteet.

Här President, erlaabt mer nach allgemeng e puer Wuert iwwert d'homeopathesch Mëttelen ze soen, meng Virgänger hu scho versicht dat ze maachen. Am Kader vun de Preparatioune fir den Débat d'orientation concernant la réglementation de certaines formes de médecines complémentaires ou non conventionnelles vum 29. Januar dëst Joer, a wou ech d'Éier hat de Rapporteur ze sinn, ass sech och intensiv mam Thema Homeopathie an homeopathesche Mëttele beschäftegt ginn, mat esou kontradiktoreschen Aussoe vun allen Zorten Experten, Experten engersäits, déi sech vläicht selwer genannt hunn, anerersäits Experten, déi déi schoulesch Prémissen haten; egal. et war eng terribel kontradiktoresch Diskussioun.

Esou hate mer den 11. Juni 2003 an der Santéskommissioun eng Entrevue mat Vertrieder vum Syndicat des pharmaciens luxembourgeois. Mir kruten erkläert wat en homeopathescht Mëttel genau ass a wat et net ass. Homeopathie däerf net mat Phytotherapie verwiesselt ginn. Ech hunn d'Impressioun, datt d'Leit dobaussen oft homeopathesch Mëttele mat reng planzleche Mëttele gläichstellen.

Or, e Planzenextrakt oder en Téi ass keen homeopathescht Mëttel. Ouni wëllen an den Detail ze goen, kann ee soen, dass homeopathesch Mëttelen aus toxeschen, aus planzlechen, mineraleschen oder chemesche Substanze kënne bestoen, déi extrem staark verdënnt goufen. Et däerf ee sech och net der Illusioun higinn a mengen en homeopathescht Mëttel wär de facto harmlos an onschiedlech. Och esou Produkter kënne schiedlech sinn. Et ass kloer, datt all dës Mëttelen eng Autorisation de mise sur le marché mussen opweisen.

Dëse Gesetzesprojet gesäit vir folgend Mëttelen op d'Positivlëscht ze setzen: «Les médicaments homéopathiques unitaires», an ech preziséieren unitaires, «fabriqués à partir d'une souche végétale, minérale voire chimique et commercialisés sous forme de globules, granules, comprimés ou gouttes.» Homeopathesch Cocktailen, wou méi Substanzen dra sinn, sinn also net erlaabt, a Salefe sinn hei och ausgeschloss.

Här President, d'Homeopathie huet hir Verfechter an och hir Géigner. Vill Schoulmedeziner gesinn an den homeopathesche Mëttelen héchstens e Placebo, trauen hinnen awer kee wierklech heelenden Effekt zou. Ech wëll mech elo hei net an den Débat pro a kontra, oder kontra, aloossen; dat ass in extenso während dem Débat d'orientation hei an der Chamber ervirbruecht ginn. Sécher ass awer, datt homeopathesch Mëttelen déi klassesch Medikamenter net kënnen ersetzen. Ech mengen, do si mir eis heibannen eens.

Wat elo de Remboursement betrëfft, esou gëtt et och do verschidde Meenungen. Déi eng soen, vu datt keng wëssenschaftlech Preuve no alle Regele vun der Konscht, wéi zum Beispill „evidence based medicine", Randomisatioun, double aveugle, wann deen net besteet, dierfte se och net vun der UCM finanziell gedroe ginn au même titre wéi planzlech oder aner Produkter.

E weidert Argument fir d'Géigner vum automatesche Remboursement huet d'Pharmaindustrie selwer geliwwert, wéi se nom Ausschloss vun den homeopathesche Mëttele vun der Liste positive ganz einfach europawäit d'Präisser erofgesat huet. Richteg ass awer och, datt virum Gesetz vum 31. Mee 2002 de finanziellen Impakt vun homeopathesche Mëttelen am Gesamtbudget vun eiser Union des Caisses de Maladie sech nëmmen op plus/minus 60.000 Euro belaf huet, wat wierklech net terribel war, an do huet doudsécher d'Union des Caisses de Maladie sech net gesond geschrumpft, wou déi net méi rembourséiert gi sinn.

Wéi och ëmmer, fir datt d'homeopathesch Mëttele grad wéi all aner Medikamenter vun der UCM finanziell iwwerholl kënne ginn, musse se vum Dokter verschriwwe ginn. Am Kloertext heescht dat, datt de finanziellen Impakt vum Remboursement vun homeopathesche Mëttele vun den Dokteren ofhänkt. Et sinn eis Dokteren op déi mir musse vertraue kënnen, datt dat, wat si eis opschreiwen, eis an eiser Gesondheet beschtméiglech hëlleft.

Et ass awer och eng Tatsaach, dass vill Dokteren - an et sinn der, et ass d'éinescht scho gesot ginn, manner heibannen, wéi an der Chamber vu virdrun, déi dat kënnte bestätegen - vun enger staarker Pharmalobby gefléift kréien, wann net souguer harceléiert gi vu Reesender, déi an der Praxis opdauchen, fir se vun der Efficacitéit vun hirem Produkt ze iwwerzeegen. Et bleift ze hoffen, datt d'Dokteren déi néideg Objektivitéit an deem Spill do behalen an datt un éischter Stell d'Wuel vum Patient steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Fraktioun wäert dëse Projet de loi selbstverständlech stëmmen, an ech soen Iech alleguerten häerzlech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, datt déi Gréng och dëse Projet wäerte stëmmen. Dat heiten ass e Remboursementsprojet vun homeopathesche Mëttelen. Mir hate verlaangt, datt esou Mëttelen och musse kënne rembourséiert ginn. Mir ware scho virun '99 eng Kéier an d'Öffentlechkeet getrueden, mam Wonsch datt verschidde sou genannten alternativ, komplementar oder net konventionell Medezine sollen endlech unerkannt ginn. Mer haten och dem deemolege Minister am Joer 2000 e Pabeier iwwerdroen, wou mir virun allem vun deene Medizine geschwat hunn, déi finalement an d'Diskussioun komm sinn: Homeopathie, Akupunktur, Ostéopathie a Chiropraxie. Mir haten och nach vun der Ernährungsmedezin deemools geschwat, doriwwer ass awer net diskutéiert ginn, a vun der Psychotherapie.

(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)

Et ass elo esou, datt mir déi Debatt jo laang an der Kommissioun gefouert hunn, esou wéi den Här Bettendorf dat hei erkläert hat. Ech wëll net nach eng Kéier am Detail op déi Debatten agoen, déi do gefouert gi sinn iwwert d'Wëssenschaftlechkeet, beziehungsweis d'net Wëssenschaftlechkeet oder d'manner Wëssenschaftlechkeet vun deenen eenzelne medezineschen Therapien. Ech wëll dat elo hei net nach eng Kéier jugéieren.

Just vläicht eng kleng Saach, well et mer awer witzeg erschéngt: Eng nei Etüd, déi viru ronn dräi Wochen, engem Mount an Däitschland erschéngt ass, net am Bezuch op d'Homeopathie, mä op d'Akupunktur; eng Etüd, déi awer Verschiddenes a Fro stellt, well jo op där enger Säit gesot gëtt d'Schoulmedezin, dat ass déi eenzeg wëssenschaftlech, „evidence based medicine", déi also déi eenzeg ass, wou ee ka Kritären uwenden, déi herno och zu engem Succès féieren. Dat gëllt anscheinend fir déi ganz klassesch Medezin par rapport dann zur Akupunktur.

Do sinn dann Etüde gemaach gi vu verschiddenen däitsche Krankekeesen, dat ass déi sou genannt Gerac-Etüd, déi um leschten Orthopädekongress zu Berlin presentéiert ginn ass, an do ass et ëm Patiente gaangen, déi entweder Réckwéi haten oder déi de Knéi wéi haten. An do sinn da verschidde Methoden ugewant gi fir déi Leit ze kontrolléieren. Hei ass dann engersäits déi klassesch chinesesch Akupunktur ugewant ginn, an där Schmerztherapie vun deenen doten zwee Malaisen. Op där anerer Säit ass Schäinakupunktur gemaach ginn an drëttens ass och klassesch Medezin ugewant ginn. Dat heescht klassesch Medikamenter, verbonne mat hanneno Massagen, Gymnastik an esou virun. Or, d'Resultater vun där Etüd sinn opschlussräich, zumol wat op där enger Säit déi klassesch Schoulmedezin ass, déi anscheinend déi eenzeg wëssenschaftlech Wäertegkeet huet.

Bon, d'Resultater sinn déi heiten. Bei Kreuzschmerzen, wéi se dat genannt hunn, ass et esou, datt déi richteg Akupunktur a 47,6% gehollef huet. Schäinakupunktur huet awer och gehollef, an zwar a 44,2%, an da kënnt den absoluten Hummer, d'schoulmedezinesch Therapie mat Pëllen a mat uschléissende Massagen huet do derbäi just a 27,4% gehollef. An där dote Logik géif een net diskutéieren iwwert de Remboursement vun der Akupunktur, mä da misst een diskutéieren iwwert de Remboursement vun der Schoulmedezin an deenen dote Beräicher.

(Hilarité)

Wat d'Knéien ubelaangt, ass an där Etüd erauskomm, dass echt Akupunktur an 51% genëtzt huet, Schäinakupunktur huet gehollef an 48% an d'standard schoulmedezinesch Therapie huet gehollef an 28% vun de Fäll; also hei déiselwecht Konklusioun. Wat ech mat deem Beispill hei just wollt weisen, dat ass datt ech der Meenung sinn, datt ee muss ganz virsiichteg sinn, wann een dat eent géint dat anert wëllt auspillen.

Fir eis Gréng ass et ganz kloer, datt d'Schoulmedezin immens Mériter huet. Ech wëll dat hei nach eng Kéier däitlech soen, ech hunn et ëmmer hei betount. Op där anerer Säit ass et awer esou, datt et eng Rei vu sou genannten, egal wéi ee se nennt, parallell, alternativ, complémentaire an esou viru Medezine gëtt, déi an der Praxis an deene leschten 20, 30 oder 50 Joer awer och schonn Heelerfolleger bruecht hunn a ville Leit gehollef hunn. An da muss een a mengen Aen eng Iddi méi offe sinn an unerkennen, datt do och Méiglechkeete vun Therapien an deem dote Beräich bestinn an et däerf een do net einseiteg soen, „evidence based medicine", well wann ee seet, „evidence based medicine", da muss ech soen, wann een d'Kritäre vun der „evidence based medicine" op d'Schoulmedezin selwer géif uwenden, dann dierften 80% vun de schoulmedezinesche Medikamenter net rembourséiert ginn, well déi sinn net „evidence based" an et wäert och ni méiglech sinn, fir déi ganz klassesch Medikamenter „evidence based" ze iwwerpréifen. Dat wäert ni méiglech sinn, ganz einfach well d'Medezin permanent an och mat ëmmer neie Medikamenter an enger Evolutioun ass an et wäert also ni méiglech sinn eng total 100%eg wëssenschaftlech Method ze fannen, déi dann no sou genannten doppelblinde randomiséierte Konditiounen duerchgefouert gëtt; dat wäert ni méiglech sinn.

Et soll ee Wëssenschaftlechkeet an der Medezin ustriewen - deen Usproch ass ganz gutt a richteg -, mä et soll awer eng gewësse Bescheidenheet do sinn. Fir mech ass d'Medezin keng Wëssenschaft. Fir mech bleift d'Medezin nach ëmmer eng Heilkunst an et wäert och ëmmer eng Heilkunst bleiwen, och wann ee wëssenschaftlech Methode ka siche fir se ze iwwerpréifen - dat just méi allgemeng dozou gesot.

Et wier och falsch a mengen Aen, wann een elo nach géif just d'Alternativmedezin ënnerstëtzen, well och do ginn et Limiten an och an der Alternativmedezin ass et esou, datt et vill Scharlatanismus effektiv gëtt. Do gëtt et Scharlatanismus an et muss een, wann een als Chamberskommissioun iwwer esou Saachen diskutéiert, scho ganz virsiichteg virgoen. Meng Virgänger

hei op dem Pult, den Här Bettendorf an och d'Madame Frank, hunn dovunner geschwat, datt ee misst zum Beispill schwätzen iwwert d'Psychotherapie, där Meenung sinn ech och, mä datt een awer och schwätze muss, dat ass eis Meenung, iwwer Ernährungsmedezin op där enger Säit a virun allem och iwwer Ëmweltmedezin, an net nëmmen doriwwer schwätzen, mä dann och iwwert e Remboursement dovunner schwätzen. Ech wäert dat elo eng Iddi méi am Detail erklären.

Fir d'éischt mol zur Psychotherapie, wou mer kuerz ugefaangen haten driwwer ze diskutéieren; an et ass effektiv esou, wéi den Här Bettendorf gesot huet, datt mer do net méi virukomm sinn. Et wier och falsch gewiescht do eppes iwwert de Knéi ze briechen, mä ech mengen elo an der Santéskommissioun solle mer eis de Problem vun der Psychotherapie, vun der Ernährungsmedezin a vun der Ëmweltmedezin virhuelen an an der Chamberskommissioun dës dräi Disciplinë seriö diskutéieren.

Firwat Psychotherapie? Ech mengen et ass ganz kloer an et ass richteg, datt besonnesch bei de Generalisten och ëmmer méi Leit optauchen, bei deenen et kloer ass, datt och psychesch Problemer eng Ursaach spillen. Wou kënnen déi psychesch Problemer hierkommen? Dat kënne Sozialproblemer sinn. Dat kënne Problemer sinn, wéi d'Angscht virum Chômage oder wierklech am Chômage. Dat kënne Familljeproblemer sinn, wou et net méi geet. Dat kënne bei Kanner oder bei Schüler oder och bei Adolescentë Problemer si vum Eruwuessen oder mat der Schoul an esou virun. Et gi vill Ursaachen, déi kënnen zu psychesche Problemer vun de Leit féieren. Ech mengen dat muss een effektiv esou gesinn.

An dann ass natierlech d'Reaktioun ganz heefeg déi, déi och hei, ech menge vun der Madame Frank - oder war et den Här Bettendorf - scho gesot ginn ass, datt et als Äntwert, wann esou Patiente mat esou Problemer beim Generalist oder beim Psychiater optauchen - an net nëmmen hei am Land, mä och vu Länner ronderëm eis - ëmmer méi heefeg zu enger Médicaliséierung vun deene Problemer kënnt, dat heescht et gëtt Psychopharmaka agesat; an zwar vu Psychiateren a vu Generalisten. Ob dat elo Anti-depressiva sinn oder Calmantë sinn oder angschtléisend Mëttele sinn an esou virun, déi ginn dann agesat an dann ass den Dokter de Problem mol lass. Dat geet de Patient heem, hien hëlt seng Pëllercher an esou virun, bis et erëm net méi geet, da kënnt en erëm zréck an et ginn erëm nei Pëllercher oder et ginn aner Pëllercher probéiert.

De Problem do derbäi ass, engersäits ass et eng Médicaliséierung vu sozialen oder vu mënschleche Problemer, déi dozou féiert - an dat ass nogewisen -, datt a munche Fäll Niewewierkungen optrieden an a munche Fäll, an dat sinn net wéineg Fäll, Ofhängegkeeten optrieden. An zwar och bei deenen neiste Kategorië vun deene sou genannten Anti-depressiva, déi um Marché sinn; ob dat de Prozac ass, ob dat de Soloft ass oder op dat Temesta ass an esou virun, déi hei schonn zitéiert gi sinn. A kuckt emol - dat ass hei virdru richteg gesot ginn - bei de Krankekeese wat fir eng Medikamenter am meeschten iwwert den Dësch vum Apdikter ginn. Ënnert deenen 20 meescht verkaafte Medikamenter si mindestens fënnef Anti-depressiva.

Une voix.- Souguer méi!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Oder méi souguer. Ech hu gesot mindestens. Souguer méi, sot Der!

Dat heescht also, do ass e Problem dee besteet an dat kann esou net sinn, besonnesch och well Dépendanceproblemer doduerjer geschafe ginn. An dann ass et, a mengen Aen oder an eisen Aen, vill méi sënnvoll mol ze kucken, wat sinn d'Ursaachen, wat fir eng Mëssbräich ginn do gemaach. An op där anerer Säit ze kucken, wat sinn aner Méiglechkeete fir deene Problemer entgéint ze kommen. Da si mer am Beräich vun der Préventioun an eiser Gesellschaft - déi allerdéngs iwwert d'Gesondheetswiesen erausgeet, et ass och eng sozial Préventioun déi da muss gemaach ginn - a mir sinn am Beräich vun der Psychotherapie. Dofir ass et also och wichteg, fir iwwer Psychotherapie ze diskutéieren, fir ze kucke wat fir eng Forme vu Psychotherapie - mir mussen eis dat virstelle loossen - do sollen unerkannt ginn, an Unerkennen ass och verbonnen dann an eisen Ae ganz kloer mam Remboursement vun esou Therapien.

E weidere Beräich, deen ech virdru kuerz ugeschwat hunn a wou ech mengen, dee misste mer diskutéieren, dat ass de Beräich vun der Ernährungsmedezin a wat de Remboursement ubelaangt.

Här Minister, wat de Remboursement ubelaangt. Well et jo hei e Remboursementsgesetz ass an d''Homeopathie jo zu engem Deel erëm rembourséiert gëtt, mengen ech, datt een och misst ganz schnell agéieren um Niveau vun der Zännmedezin. An zwar am Beräich vu Krounen, Brécken, Prothesen an esou virun. Vun deem Material wat am Moment op eng Aart a Weis rembourséiert gëtt, déi eng Schan ass fir e räicht Land wéi Lëtzebuerg. Mir sinn an enger Situatioun wou Leit, déi net vill Suen hunn, sech iwwerleeën ob se sech kënnen eng Bréck abaue loossen oder net, wann et muss gemaach ginn. Ganz einfach well déi Produkter immens deier sinn an den Taux de remboursement, deen ass katastrophal niddereg. Dee läit net vill méi héich wéi dee vun enger normaler Fëllung. An dat kann net sinn. An dofir ass et dréngend noutwenneg am Beräich vun dem Zännmaterial d'Rembourséments-fro endlech och mol méi sozial ze léisen.

An e weidere Punkt - dat wësst Der, Här Minister, well ech scho laang an där doten Affär aktiv sinn - ass och am Beräich vun der Ëmweltmedezin, wou eng ähnlech Situatioun ass. Dat heescht wou een da Leit huet, déi duerch d'Ëmwelt krank gi sinn, mengetwegen an hirer Wunneng krank gi sinn, déi also scho gezwonge gi sinn no Moossungen, déi an hiren Haiser gemaach gi sinn, Saachen ze ersetzen, Holztäfelungen erauszerappen aus hiren Haiser oder Tapis plain, wouduerch se krank gi sinn, erauszerappen. Zousätzlech si se krank a si wandere vun Dokter zu Dokter a si kréien ëmweltmedezinesch Diagnostik an Ëmwelttherapie entweder nëmmen deelweis oder guer net rembourséiert. Och do kënne sozial Fäll entstoen. An ech mengen och do muss also gekuckt ginn, fir ëmweltmedezinesch Diagnostik an Therapie hei am Land endlech zu engem seriöe sozialen Taux ze rembourséieren.

Dat gesot mengen ech sinn dat just d'Iddien, déi mer sollen an der nächster Santéskommissioun diskutéieren, wou ech awer och hoffen, datt d'Regierung awer och selwer méiglech schnell aktiv gëtt, fir deenen dote soziale Problemer entgéint ze kommen, a wa mer dat dote maachen, mengen ech, da si mer als Kommissioun fir déi nächsten een, zwee Joer op engem ganz gudde Wee an da kënne relativ kuerzfristeg eng Rei vu wichtege Problemer am Beräich vun engem soziale Remboursement vun esou Saache geléist ginn.

Nach e Wuert zu de Krankekeesen. Also wann et eng Kategorie vu Medikamenter gëtt, déi mat Sécherheet d'Krankekeesen net belaaschten oder héchstens minim belaaschten oder absolut minim belaaschten, da sinn et wierklech d'homeopathesch Medikamenter, well se absolut bëlleg sinn, vill méi bëlleg wéi klassesch Medikamenter. Well wann all déi Patienten, déi homeopathesch Medikamenter rembourséiert kréien, géife klassesch Medikamenter kréien, da géif et d'Krankekeesen ouni Zweifel vill méi deier ginn. An ech mengen och, datt wann een higeet an et mécht een eng seriö Préventiounspolitik, zum Beispill a Saachen Ëmweltmedezin, da kann dat och, mindestens mëttelfristeg, fir d'Krankekeesen Aspuerpotenzialer matsechbréngen. Mir mussen also kucken eng Santéspolitik ze bedreiwen, déi de Leit hëlleft, déi ouni Dogma fonctionnéiert, déi oppen ass, déi no vir kuckt, déi innovativ ass an déi awer och probéiert, fir d'Leit e sozialen Ausgläich ze hunn, dat heescht, datt net d'Leit mussen alles aus hirer Täsch bezuelen. Dohinner däerfe mer op jidde Fall net kommen an dofir, wéi gesot, den Opruff un Iech, no der Homeopathie och schnell an anere Saachen ze handelen, déi ech hei opgezielt hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Als leschte Riedner ass den Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och der Madame Rapportrice an der Presidentin vun der Sozialkommissioun Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport, awer besonnesch Iech Merci och fir d'Zousécherung, dass dëst Gesetz nëmmen en Ufank ass an den Diskussiounen, déi mir iwwert d'alternativ Medezin féieren, an dass déi Diskussiounen och an Zukunft solle weidergefouert ginn.

Och wann dëse Gesetzesprojet textuell net vill ausseet an inhaltlech kleng ass, esou huet en awer dach eng déif gräifend Bedeitung. Eng déif gräifend Bedeitung an deem Sënn, datt mir lues a lues vun deem traditionelle medezinesche Denken an Handelen ewechkommen an de Wee awer och lues a lues opmaache fir alternativ Medezin an déi unerkennen.

Fir den ADR huet dëse Projet awer eng weider besonnesch grouss Bedeitung, an zwar eng grouss demokratesch Bedeitung. Ech mengen, doriwwer ass hei nach net geschwat ginn, well peinlechst versicht ginn ass, verschidden Elementer aus der Vergaangenheet doriwwer ze verstoppen. Well dëse Projet ass de Beweis dofir, dass, wa Bierger sech manifestéieren, d'Politik och muss reagéieren.

Dofir, Här President, erlaben ech mir e klenge Réckbléck ze maachen iwwert d'Grënn, firwat dass mir dee Gesetzesprojet haut iwwerhaapt hei virleien hunn. Ech mengen, dat ass net eleng doduerch, datt de Minister oder den Här Di Bartolomeo e Projet hei virgeluecht huet.

De 15. am Haartmount 2002 sinn op der Lëscht vun de positive Medikamenter d'homeopathesch Medikamenter vum Remboursement ausgeschloss ginn. D'Haaptinitiatore vun dëser Mesure schénge mir Medeziner aus de Reie vun CSV, LSAP an DP gewiescht ze sinn, well besonnesch déi zwee Medeziner vun der DP - an dat kann ee roueg noliesen -, déi hei am Parlament vertruede waren, sinn ës net midd ginn, d'alternativ Medezin als Scharlatanismus an d'Lächerlechkeet ze zéien.

Doropshin ass deemools awer eng grouss Protestwell duerch d'ganzt Land gaangen. Eng Protestwell, déi sech an enger Petitiounslëscht mat 8.537 Ënnerschrëften niddergeschloen huet an deelweis zum politeschen Ëmdenken iwwert d'alternativ Medezin an d'homeopathesch Medikamenter gefouert huet.

Här President, haut kënne mir als ADR mat Houfert drop hiweisen, dass et den ADR-Deputéierten Dokter Jean Colombera war, dee sech konsequent agesat huet, dass d'homeopathesch Medikamenter erëm op d'Positivlëscht vun de Medikamenter haut kommen.

(Interruption)

Dir hutt hei éineschters gesot, et wär eng Tranche vu Mériten auszeschwätzen hei, an ech mengen do géif awer och den Dokter Jean Colombera dozou gehéieren, well et war och den Dokter Jean Colombera, deen an enger Rekordzäit déi 8.537 Ënnerschrëfte gesammelt huet an dem Chamberspresident iwwerreecht huet. Och wann d'Madame Frank hei peinlechst versicht huet, den Numm vum Autor vun dëser Petitiounslëscht net ze nennen, sou ass et awer eng Evidenz, et war den Dokter Jean Colombera, deen och de 4. am Heemount 2000 am Optrag vum ADR eng Gesetzespropositioun iwwert d'alternativ Medezin hei deponéiert huet, mat der Recommandatioun fir d'Homeopathie, d'Chiropraxie, d'Akupunktur an d'Phytotherapie unzëerkennen.

De 27. am Heemount 2001, also e Joer duerno, war awer nach ëmmer näischt geschitt. An et war och do erëm eng Kéier den ADR-Deputéierten Dokter Jean Colombera, deen eng Interpellatioun agereecht huet iwwert d'alternativ Medezin. Et war awer einfach deemools erbäermlech nozelauschteren, an dat wëll ech awer net hei verfeele virzebréngen, wat am Zesummenhang vun der alternativer Medezin Verschiddener vu sech ginn hunn, a mat wat fir enge klengkaréierten an aarmséilegen Ausdréck verschidden Traditiounsmedeziner versicht hunn, ëmmer erëm d'alternativ Medezin lächerlech ze maachen.

Här President, fest steet awer haut, datt dank Idealiste wéi dem Dokter Jean Colombera an awer och nach anere Verfechter vun der alternativer Medezin hei an der Chamber dës Medezin endlech um Wee ass, eng effektiv Unerkennung ze kréien. Bemierkungen, datt déi homeopathesch Medikamenter just deier wieren an näischt géifen notzen, sinn einfach lächerlech. Ech mengen, dat huet den Här Huss och scho gesot, an och wann do lo am Zesummenhang mam Budget vun de Krankekeese geschwat gëtt, sou kann ech mir virstellen, dass et nach ganz aner Saache gëtt, déi de Budget vun de Krankekeese méi belaaschte wéi déi puer homeopathesch Medikamenter, déi hei am Land elo wäerte verschriwwe ginn. Ech denken do erëm un d'Ënnerscheeder vun der éischter an zweeter Klass, wat do fir e gëllene Skalpell bezuelt gëtt - dat gëtt méi deier wéi homeopathesch Medikamenter.

Wann deem esou sollt sinn, wann dat soll sou deier sinn, da stellen ech mir d'Fro, wisou dann zum Beispill nach Medikamenter mat Placeboeffet vun den traditionelle Medeziner verschriwwe ginn, wou dach ganz genau gewosst ass, dass déi medezinesch guer näischt notzen, an trotzdeem hu se bei verschidde Patienten awer e positiven Effet - an et ass dat, wat mir wichteg erschéngt, an och wichteg ze sinn huet.

Mat deem Gesetzesprojet vun haut maache mir de Wee weider op a Richtung Unerkennung vun der alternativer Medezin, eben duerch d'Erëmaschreiwe vun homeopathesche Medikamenter an déi Positivlëscht vun de Medikamenter. Dëst ass e weideren Erfolleg vum ADR, well ouni eisen Drock an ouni onermiddlechen Asaz vum ADR-Deputéierten Dokter Jean Colombera wär dat net méiglech gewiescht.

(Interruption)

Här Huss, dat ass net wouer. Ech hunn hei och all déi Leit ervirgehuewen an der Chamber - an ech hunn och kee Problem Ären Numm do mat ze nennen -, déi sech hei agesat hu fir d'alternativ Medezin. Ech hunn dat virdru gesot, an et fält mir och keng Zack aus der Kroun, wann ech hei zouginn, dass Är Partei och Virreider war vun där Medezin. Ech mengen, dat stéiert mech absolut guer net. La fin justifie les moyens.

Ech hoffen, datt de Wee, dee mir ageschloen hunn, endlech d'Méiglechkeete schaaft fir d'alternativ Medezin an engem legale Kader weider auszebauen, an dat am Respekt vum Patient, deem d'Wiel vu sengem medezinesche Betreier an de Choix vun ofgesécherte Medikamenter muss garantéiert ginn, an dat ouni finanziell, awer och soss Contrainten.

D'Erweiderung vun der Lëscht vun de positive Medikamenter dréit och dozou bäi, dem Patient sécher Medikamenter unzebidden, déi e vun der Sécurité sociale no deem normalen Tarif zréckbezuelt kritt. Et verhënnert zudeem och nach, datt de Patient déi Mëttelen, déi en net hei kritt, oder fir déi en ze deier muss bezuelen, iwwert den Internet bestellt oder se an d'Ausland kafe geet, ouni datt awer do eng Garantie ass, datt se dat halen, wat op publizisteschem Glanzpabeier versprach gëtt.

Legal registréiert Medikamenter ginn dem Patient Vertrauen an dës Substanzen, an et ass och eng Kontroll doriwwer do, an de Remboursement ass eng weider Motivatioun, nëmme sou Medikamenter méi ze benotzen. D'Unerkennung vun der alternativer Medezin an den homeopathesche Medikamenter hëlleft effektiv d'Wuelbefanne vun eiser Populatioun ze verbesseren.

D'Gesondheet an d'Wuelbefanne vum Mënsch ass dat wichtegst Kapital, wat mir iwwerhaapt hunn. Besonnesch wat d'Gesondheet vum Mënsch ubelaangt, soe mir ganz kloer, „la fin justifie les moyens". Wann de Mënsch sech duerch dëst oder dat traditionellt oder alternatiivt Medikament wuelfillt an et em besser geet, ech géif mengen, da solle mir him dat Medikament oder dat Mëttel ginn, awer ëmmer an engem legale Kader an an engem Kader, deen nëmme Substanzen zouléisst, wou dem Mënsch kee Schued kann entstoen. An esou ee Kader ass eben déi Positivlëscht vun de Medikamenter an dofir kënne mir als ADR och dësem Gesetzesprojet ouni Bedenken eis Zoustëmmung ginn, awer och mat der Zousécherung, datt mir zesumme mam Dokter Colombera eis weider wäerte fir d'alternativ Medezin an déi domadder verbonnen Heelmëttelen asetzen. Dat awer ëmmer an engem legale Kader ouni de Wee opzemaache fir doutéis Heilpraktiken.

Här President, ofschléissend wëll ech awer nach mäi Bedaueren ausdrécken, dass am Zesummenhang mat där positiver Lëscht vun de Medikamenter ëmmer nach d'Dokteren net kënne bei der Opstellung vun dëser Lëscht mat bedeelegt ginn. Et ass de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, deen dru bedeelegt ass, deen awer ganz oft eng aner Approche huet wéi d'Dokteren, déi an der Praxis schaffen an déi all Dag mat de Patienten ze dinn hunn a mat de Patienten e ganz anert Vertrauensverhältnis hu wéi de Contrôle médical vun der Sécurité sociale. Dofir bedauere mir dat.

Ech wëll dann nach eng Kéier hei, nodeem dass awer lo eng Rei Joren erëmgaange sinn an en Ëmdenken hei stattfonnt huet iwwert d'homeopathesch Medezin an och iwwert déi Positivlëscht vun de Medikamenter, dann nach eng Kéier eng Motioun hei areechen, déi den Här Colombera hei agereecht hat, an zwar déi, dass och d'Doktere solle bedeelegt ginn un der Opstellung vun der Lëscht vun de positive Medikamenter.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'article 22 du Code des Assurances sociales prévoit que la liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie est établie par les statuts, la Direction de la Santé - Division de la Pharmacie et des Médicaments - et le Contrôle médical de la Sécurité sociale, demandés en leurs avis;

- considérant que dans l'article 22 aucun représentant de médecins travaillant sur le terrain n'est prévu;

demande au Gouvernement

- de faire participer des représentants des médecins travaillant sur le terrain à l'établissement de la liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Elo huet d'Regierung d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Ech ergräifen d'Wuert mat enger gewësser Emotioun, well et deen éischte Projet ass, deen ech am Numm vun der Regierung däerf verdeedegen,…

(Interruption)

Voilà, et ass e gutt Omen!

…a well ech doriwwer eraus selwer bedeelegt sinn iwwert d'Proposition de loi. Dofir brauch ech Iech dann och meng Proposition de loi net ze presentéieren.

Ech wollt nach eng Kéier kuerz drun erënneren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass den Déremboursement vun homeopathesche Medikamenter viru gutt annerhallwem Joer net aus prioritär politeschen Iwwerleeungen oder aus ideologeschen Iwwerleeungen oder finanziellen Iwwerleeunge geschitt ass, mä doduerch entstanen ass, dass mer eng Direktiv transposéiert hunn, déi mat der Definitioun vun de Medikamenter d'homeopathesch Medikamenter net méi zougelooss huet. Ech wëll och ënnersträichen, dass bei den Diskussiounen iwwert dat Gesetz deemools, mat der Ausnahm vun Dokteren, déi fréier op der DP-Säit soutzen, an déi dann haut op der CSV-Säit sëtzen, eng grouss Unanimitéit do war, fir de Remboursement vun engem Deel vun den homeopathesche Medikamenter, an ech ënnersträichen, net vun allen homeopathesche Medikamenter, erëm hierzestellen. Well och virum 1. Januar 2003 sinn net all homeopathesch Medikamenter zréckbezuelt ginn, nëmmen déi sou genannten Unitären, déi aus enger Substanz hiergestallt sinn.

Et soll een also net de Leit ze verstoe ginn, dass elo alles géif remboursëiert ginn. Dat wär eng falsch Informatioun an dat wëlle mer net maachen. Net aus finanziellen Ursaache sinn deemools d'homeopathesch Medikamenter net méi remboursëiert ginn, well effektiv de Remboursement eng kleng Drëps an deem grousse Gewässer vun der Assurance-maladie duergestallt huet, wéi richteg gesot, 2001 waren et genee 60.000 Euro, a wann een och net 60.000 Euro däerf als näischt duerstellen, esou compromettéiere se awer net den Equiliber vun de Krankekeesen.

Den deemolege Gesondheets- a Sozialminister - dorunner huet sech näischt geännert - war direkt d'accord, och scho bei den Debatten, fir de Remboursement erëm hierzestellen. Et ass doropshin no dem Deelremboursement zu enger Petitioun komm, wou net nëmmen een dru bedeelegt war, mä wou ganz vill Leit dru bedeelegt waren, fir déi 8.000 Ënnerschrëften zesummen ze droen. Et ass eng Proposition de loi komm. Et ass e Projet de loi komm an, wéi scho virdru gesot, hei soll een, mengen ech, wann ee vun engem Mérite ka schwätzen, nodeem den Déremboursement geschitt war, sech dat ganz équilibréiert deelen. Hei gëtt et keng haart Stëmmen an der Chamber, jiddefalls net bei deenen, déi do sinn, déi géint de Remboursement géife plädéieren.

Ech si ganz frou, dass mer et fäerdeg bruecht hunn elo nom Regierungswiessel ganz schnell de Projet virun d'Chamber ze bréngen. Et ass effektiv e klenge Projet, wann ee kuckt wéi vill Artikelen dass en huet. Mä et ass awer e Projet, dee vill an animéiert Diskussioune ka suscitéieren.

Ech wëll och ënnersträichen, dass d'Regierung net déi Terminologie an dee Begréff vun alternativer Medezin gëlle léisst, well et ganz kloer ass, dass Homeopathie an och déi aner complémentaire Medezinen net eng Alternativ, en Ersatz fir klassesch Medezin sinn, mä héchstens als Complément dozou kënne gëllen, also déi klassesch Medezin kënnen ergänzen. Wann déi complémentaire Medezinen op hir Grenzen treffen, dann ass et noutwendeg, datt een op déi klassesch Medezin zréckgräift.

Ech wëll och ganz kloer soen, dass ee muss drop hiweisen, dass homeopathesch Mëttele sécher bei enger Rei vu Krankheete kënne wierken, bei enger Rei vun anere Krankheeten awer sécher net, an een et och dann net soll prioritär versichen, well dat kann Zäit kaschten, an Zäit ass bei schlëmme Krankheeten e Facteur, deen een net däerf ënnerschätzen.

De Choix fir d'homeopathesch Medikamenter ze remboursëieren ass net e Choix géint déi klassesch Medezin. Et soll héchstens e Choix erméigleche vun de Leit bei verschiddene Krankheeten, besonnesch bei méi liichten a méi lästege Krankheeten dorop zréckzegräifen.

Ech deelen och net déi Meenung, dass dat hei e falsche Schrëtt wär, zu engem Zäitpunkt wou een iwwer Krankekeesendefiziter schwätzt, dass et e falsche Schrëtt doduerch wär, dass ee Saachen erëm remboursëiert, déi een net méi remboursëiert huet. Dat ass net richteg. Et stellt den Equiliber vun de Krankekeesen net a Fro. Et ass och net esou, dass no dem 1. Januar 2003 de Konsum vun den homeopathesche Medikamenter erof gaange wär. De Konsum ass stabil bliwwen, mä et geet hei och ëm e Signal, dat ee setzt, dass een a verschiddene Pathologien de Choix vum Patient respektéiert, an et muss ee soen dass et net déi Patiente sinn, déi op homeopathesch Medikamenter zréckgräife bei méi klenge Krankheeten, déi den Déséquilibre vun de Krankekeese géifen hierstellen, well se ganz gefillvoll mat deene Medikamenter ëmginn.

(Interruptions)

De Fraktiounspresident vun der CSV bréngt mech aus dem Konzept, mä ech fannen, Här Fraktiounspresident, an do si mer enger Meenung, „das Kind im Manne" ass dat beschte Medikament wat ee kann hunn, an een deen net méi…

(Hilarité)

…ka laachen, bon, mat deem senger Gesondheet ass et net zum Beschte gehalen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Minister, fuert weider, well mir hunn nach vill um Ordre du jour fir haut.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech geheien dann dee méi séiere Gank an, Här President.

Leit, déi also homeopathesch Medikamenter gebrauchen, gi virsiichteg mat dem Konsum vun de Medikamenter ëm, sinn also meeschtens net verdächteg, dass se en Iwwerkonsum vu Medikamenter gebrauchen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass d'Diskussioun iwwert d'homeopathesch Medikamenter net eleng eng Diskussioun ass iwwert deen een Typ vu Medikamenter oder iwwert deen aneren Typ vu Medikamenter, mä ganz oft och eng Diskussioun iwwer eng Astellung, déi d'Leit mat homeopathesche Medikamenter verbannen. A ganz oft gëtt mat Homeopathie, mat homeopathesche Medikamenter och d'Gefill, den Androck vermëttelt, dass wann ee bei en Dokter geet, dee sech op Homeopathie spezialiséiert huet, ee méi Zäit kritt, dass ee méi Attentioun kritt. An dofir wëll ech soen dass déi Diskussioun iwwer homeopathesch Medikamenter, oder déi Gefiller, déi domat verbonne sinn, sech net sollen op d'Diskussioun iwwert deen heite Beräich beschränken, mä déi doten Diskussioun insgesamt eropbeschwieren, wivill Zäit een an der Medezin dem Patient ka widmen, net nëmmen an der Homeopathie, net nëmmen an der complémentairer Medezin, mä an der Medezin schlechthin. An dat ass eng Diskussioun déi mer bereet sinn ze féieren, och bei méi komplizéierte Pathologien, wou den Dokter méi Zäit brauch, déi een och muss kënnen honoréieren.

Dat gëllt ënner anerem och elo fir deen neie Projet, dee mer amgaange sinn unzepaken, d'Gestioun vum Dossier duerch de Generalist, wou de Generalist eng Supervisioun iwwert de Werdegank vum Patient mécht a wou een dem Generalist och dofir muss a soll entgéint kommen.

Niewent der Attitüd vun dem Medeziner, alle Medeziner, egal op klassesch oder vun der complémentairer Medezin, werft déi heiten Diskussioun awer och d'Fro vun der Attitüd zu de Medikamenter insgesamt op, d'Fro vum gudde Gebrauch, vum richtegen Asaz vun de Medikamenter an och d'Fro vun enger gewëssener Banaliséierung vum Medikament an eiser Gesellschaft. Et ass wichteg d'Medikamenter richteg doséiert bei deene passende Krankheeten anzesetzen an et ass och richteg, datt de falsche Gebrauch vu Medikamenter net méi Gesondheet, mä héchstens méi Krankheet ka bréngen. Dofir ass et wichteg, dass mir dat doten thematiséieren.

Ech mengen, dass wa mir déi Diskussioun hei féieren, da féiere mir se net prioritär am Rumm vun dem Assainissement vun de Krankekeesen, mä am Geescht vun enger efficacer Santé publique. An enger Iwwerleeung iwwert d'öffentlech Gesondheet ass d'Fro vum Iwwerkonsum, dem falsche Konsum vu Medikamenter eng ganz essenziell Fro.

Well mir der Meenung sinn, dass dat esou essenziell ass, hu mir relativ schnell och mat de Generalisten de Projet vum richtege Gebrauch vun den Antibiotiquen ugepaakt. Antibiotiquen, wéi Dir wësst, an aus der Campagne och héieren hutt, gi leider oft gebraucht géint Krankheeten, déi keng Antibiotiquë brauchen. Den Antibiotique ass e wichtegt Medikament, mä nëmmen dann, wann en agesat gëtt bei deene Krankheeten, déi domat ze heele sinn. Wann e falsch agesat gëtt, entsti Resistenzen an dann ass den Antibiotique net méi esou efficace oder iwwerhaapt net méi efficace.

Mir sinn doniewent amgaangen eng Bestandsopnahm iwwert de Konsum oder den Iwwerkonsum vu Psychotropen ze maachen. D'Psychotropen, dat sinn déi Medikamenter, déi de Schlof solle bréngen, oder erëm waakrech solle maachen, Angscht sollen huelen, an Antidépresseuren. Och do muss ee soen, dass een net ka soen, dass all Psychotrope net gutt oder verwerflech wär, mä richteg anzesetzen ass.

An da mengen ech, wann ee vu Medikamenter schwätzt, da muss een drop hiweisen, dass mir amgaange sinn eis méi seriö och op de gudde Gebrauch vu Génériquen anzestellen, déi hei zu Lëtzebuerg ganz wéineg gebraucht ginn.

Richteg ass schliesslech, datt dat beschte Medikament dat ass, wat een net brauch ze huelen; dofir ass e ganz grousst Gewiicht op d'Preventioun, op de Mode de vie sain ze leeën.

Iwwert d'Efficacitéit vun de Medikamenter léisst sech ganz vill streiden, ob iwwer klassesch Medikamenter oder homeopathescher. Ech kann Iech just soen, dass bei klengen, méi liichte Krankheete sécher dat bescht Medikament dat ass, wat een net asetzt. Et gëtt nun emol Krankheeten, do brauch ee mam Medikament siwen Deeg fir dass ee gesond gëtt, an ouni Medikamenter eng Woch.

(Hilarité)

Dir gesitt also, wéi grouss dass d'Differenz ass.

Froen, déi opgeworf gi sinn, betreffen d'A-Kraaft-Triede vum Projet de loi. Et ass esou, dass vill Aarbecht domat verbonne war fir déi 4.000 homeopathesch Medikamenter opzehuelen, déi heivu viséiert sinn, sou dass ee muss dovunner ausgoen, dass et bis den 1. Februar wäert daueren, bis d'Gesetz kann applizéiert ginn. Et kënnt nach e Règlement grand-ducal, deen awer och deemnächst wäert fäerdeg sinn. Ech wëll soen, dass eng excellent Aarbecht vun der UCM a vun der Divisioun vun de Pharmacieën an der Direktioun vun der Santé geleescht ginn ass.

Zu deene Froen, déi nach opgeworf gi sinn, wéi et mat de Konklusiounen ass vun der Chamber hirem Débat iwwert d'Médecines complémentaires: Den Aarbechtsgrupp, deen ënnert dem Carlo Wagner agesat ginn ass, funktionéiert gutt a wäert deemnächst seng Konklusioune virleeën. Ech hunn him och gesot, e soll d'Diskussiounen iwwert d'Psychotherapie mat abannen, wat net déi einfachst sinn, well et eng ganz Rei vu verschiddene Formatiounen a vu verschiddenen Divisiounen an deem dote Beräich gëtt. Dat heescht, et muss een eng ganz seriö Aarbecht dozou maachen.

Dann ee Wuert nach zum Conseil scientifique, dee mir wäerten asetzen, fir dat Nëtzlecht an Noutwendegt an der Medezin méi kloer ze definéieren. Dee Conseil scientifique ass amgaang op d'Bee gesat ze ginn, an e wäert virun der Quadripartite am Februar, Mäerz operationell sinn.

Mir wäerten e ganze Koup Efforte maache souwuel an der Sécurité sociale wéi an der Santé fir eng concernéiert Aktioun fir de Bon usage, dee gudde Gebrauch vun der öffentlecher Gesondheet kënnen duerchzesetzen. Dofir brauche mir och d'Ënnerstëtzung vun den Assuréën a vun den Acteuren insgesamt, well mer kënnen net einfach alles lafe loossen.

M. le Président.- Här Minister, ech muss Iech bieden zum Schluss ze kommen. Dir sidd scho fënnef Minutten iwwert d'Zäit.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech si beim Schluss, Här President, et ass dee leschte Saz.

Et ass virdrun och zu Recht vum honorabelen Här Huss drop higewise ginn, dass bei der Zännmedezin en Nohuelbedarf do ass. Dat ass ganz richteg, dofir ass och dee franséischen Expert agesat ginn, dee seng Etüd virgeluecht huet. Mä Dir wësst dass wann een nei Leeschtunge mécht oder besser remboursëiert, ee Moyenen dofir brauch. Mir sinn dofir der Meenung, dass ee keng Suen an der Sécurité sociale an an der Assurance-maladie däerf verbëtzen, mä se richteg soll asetzen, fir sech deen noutwendege Spillraum ze verschafe fir weider Verbesserunge kënnen an dem Remboursement vun der Santé ze maachen.

Dofir e ganz waarmen Appell u jiddfereen, deen dat betrëfft, fir matzemaachen, fir d'Suen an der Sécurité sociale richteg an efficace auszeginn, well all Euro, deen een ze vill ausgëtt oder verbëtzt, dee feelt engem fir wichteg an noutwendeg Investitiounen am Beräich vun der Santé ze maachen.

Ech soen Iech Merci, datt Dir mir sou laang nogelauschtert hutt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5260. Den Text steet am Document parlementaire 5260[8].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

(Interruptions)

De Projet de loi 5260 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Felix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

A voté non: Mme Martine Stein-Mergen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dann hu mir nach eng Motioun kritt vum Här Jaerling vum ADR. Wëllt een zu där Motioun Stellung huelen? D'Madame Mutsch an den Här Huss.

Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Motion 1

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, aus den Ufëierungen, wéi se hei gemaach gi sinn, ass jo ervirgaangen, dass mir an der Zukunft de Projet de loi wäerte kréien, dee sech mat der Formatioun an der Qualifikatioun ronderëm déi Professioune beschäftegt, déi a Saachen Homeopathie, Akupunktur a sou weider aktiv sinn, a vu dass mir dee Projet de loi of-

waarden, och wat d'Definitioun vun deene Gesondheetsberuffer ubelaangt, si mir och net der Meenung, dass een am Moment eng Modifikatioun vun deenen entspriechenden Artikele maachen an op en anere Wee goe soll wéi deen, deen am Moment ass. Mir sinn also der Meenung, dass mir déi Motioun hei net unhuelen.

M. le Président.- Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, ech muss soen, datt ech och Problemer mat där Motioun hunn, obschonn dat natierlech sympathesch kléngt, wat verlaangt gëtt, nämlech datt och „des médecins travaillant sur le terrain" missten abezu ginn, fir déi Liste positive vu Medikamenter opzestellen.

Dat kléngt ganz sympathesch. Et wär awer d'Fro, wien déi „médecins traitants travaillant sur le terrain" iwwerhaapt sinn. Ass dat d'AMMD, sinn dat Vertrieder vun der AMMD oder ween ass dat? Dat schéngt mir am Moment nach onkloer ze sinn an där Motioun.

Wann een dat hei fuerdert, sinn ech der Meenung, datt, sou wéi am Ausland - zum Beispill a Frankräich - d'Diskussioun am Moment leeft, dann awer och Vertrieder vun de Patientevertriedungen do mat erakomme sollen. Dat gëtt au moins a Frankräich konkret sou diskutéiert, fir och Vertrieder do ze hunn.

An dëser Form wéi se lo hei virläit kann ech déi Motioun och net akzeptéieren.

Ech mengen awer, datt mir sollen an der Kommissioun dee Problem, deen hei ass, diskutéieren, awéiwäit ee ka goe fir Vertrieder vun den Dokteren a Vertrieder vun de Patienten do och mat un deenen Diskussiounen deelhuelen ze loossen, well dat schéngt mer wichteg ze sinn an och demokratesch, wann eng Participatioun vun de Patienten do mat derbäi wier. Also, esou an dëser Form wëll ech se elo net unhuelen, mä ech wier awer bereet an der Kommissioun dat méi genau a méi breet ze diskutéieren.

M. le Président.- Madame Stein-Mergen.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Merci. Ech wollt och am Numm vu menger Fraktioun Stellung huelen zu där Motioun. En fait ass, den Här Minister huet ons erkläert, dass dee Comité scientifique, dee soll iwwert dat Néidegt an dat Wichtegt an der Medezin statuéieren, op allen Niveauen, net nëmmen an den Traitements médicamenteux, um gudde Wee, an ech sinn iwwerzeegt, dass deen och säi Soe wäert hunn an dësem Punkt, esou dass et mer de Moment net wichteg schéngt ze sinn, dass een dat do parallell zu engem Comité scientifique géif fuerderen.

Merci.

M. le Président.- Den Här Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Jo, Här President, och mir sinn der Meenung, dass déi heite Motioun effectivement de Kader vun deem heite Projet de loi sprengt. Mir sinn awer op där anerer Säit och der Meenung, dass een dat dote muss gesinn am Kader justement vum Unerkenne vun deene verschiddene Médecines complémentaires. Dofir mengen ech sollt déi heite Saach och, wéi den Här Huss et richteg proposéiert huet, am Kader vun der Kommissioun traitéiert ginn.

Et muss ee jo emol och effectivement décidéieren, wie soll mat bäigezu ginn a ganz besonnesch, wat absolut an der Motioun hei net ervirgeet, ween déi Leit chargéiert fir drun deelzehuelen. Wéi hei steet: Wie géif déi Leit vum Terrain nominéieren, déi do sollten deel huelen? Dofir, mengen ech, sollt een am Kader vun der Evolutioun vun de Gespréicher iwwert d'Médecines complémentaires e Renvoi un d'Kommissioun maachen.

M. le Président.- Ech wëll dann den ADR froen, ob se bereet sinn oder ob se mat op de Wee wëlle goen, d'Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, oder ob de Vote électronique oder de Vote par main levée gefrot gëtt.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Bon, ech géif mengen, dat ass eng Propositioun, déi mer kënnen akzeptéieren. Wichteg ass, dass eng Diskussioun doriwwer stattfënnt. Ech mengen dat schéngt mer de richtege Wee ze sinn an ech sinn och iwwerzeegt, dass mer dann an deem Zesummenhank e Konsens wäerte fannen. Dofir zéie mer déi Motioun dann zréck.

M. le Président.- Da verweise mer déi Motioun an d'Kommissioun Santé a Sécurité sociale.

Da gi mer an eisem Ordre du jour vun haut weider a mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5373 iwwert d'Kulturzentre vun Ettelbréck an Iechternach. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur vum Projet de loi ass den Här Fred Sunnen. Den Här Sunnen huet elo d'Wuert.

3. 5373 - Projet de loi modifiant la loi du 27 juillet 1994 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'une École de Musique avec Centre culturel à Ettelbruck et modifiant la loi du 25 septembre 1997 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'un Centre culturel et touristique régional à Echternach

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Legislaturperiod ass nach net al a mir schwätzen an der Chamber elo scho fir d'drëtt iwwer budgetär Dépassementer bei Bauprojeten. Et ass an dësem Haus schonn des Öfteren ugeklong, datt mer Reformen an de Prozedure brauche fir dës Problematik ze meeschteren. Et ass awer net esou wéi wann de Stat eleng seng Responsabilitéiten huele misst. Och um Gemengenan um regionale Plang muss méi prezis a méi prospektiv verfuer ginn, fir béis Iwwerraschunge bei der Planifikatioun, der Ausféierung vu Bauprojeten a bei der Gestioun an der Exploitatioun ze ënnerbannen.

Den Text, dee mer haut de Mëtteg stëmme wëllen, ass de 5. August 2004 vum Kulturminister François Biltgen an der Chamber abruecht ginn. De Statsrot huet säin Avis den 28. September ginn, wat et der Kulturkommissioun erméiglecht huet fir hir Aarbechten den 13. Oktober unzegoen, andeems se de Rapporteur désignéiert an den Text vum Projet grad wéi den Avis vum Statsrot analyséiert huet. De schréftleche Rapport konnt an der Sitzung vum 11. November ugeholl ginn.

Här President, den Detail iwwert déi eenzel Iwwerschreidungen ass am Gesetzesprojet erkläert. Ech wëllt mech duerfir nëmmen op e puer Aspekter limitéieren, déi sech vläicht e bësse méi kritesch mam Gesetzestext ausernee setzen.

Ech wëllt fir d'éischt drun erënneren, dass d'Gesetz vum 27. Juli 1994 iwwert déi staatlech Participatioun beim Bau vun der Museksschoul a vum Centre culturel zu Ettelbréck, sou wéi d'Gesetz vum 25. September 1997 iwwert de staatlechen Undeel um Bau vun engem Kultur- an Tourismuszenter zu Iechternach eng Zomm vu 6,25 Milliounne respektiv 6,5 Milliounen Euro virgesinn haten. De Bäitrag vun de staatleche Gelder konnt net oprecht erhale ginn, well et sech en cours de route erausgestallt huet, datt sech eng Rei Upassungen um Konstruktiounsprogramm a bei den Equipementer vun den Infrastrukturen imposéiert hunn, déi den techneschen Ufuerderunge vun enger moderner Kulturinfrastruktur mat nationaler, regionaler an internationaler Ausriichtung entspriechen.

D'Auteure vum Projet ginn awer och nach aner Ursaachen un, déi d'Käschte vun dësem Bauprojet an d'Luucht gedriwwen hunn. D'Evolutioun am Bausecteur sou wéi d'Verschäerfung vun der Législatioun iwwert d'Sécherheet, iwwert d'Gestioun an iwwert d'Energie oder déi schlecht Bausubstanz vun de Gebailechkeete selwer, wéi zum Beispill zu Iechternach, déi enger kompletter Sanéierung ënnerzu solle ginn.

D'Bauprojete selwer si substanziell évoluéiert; virun allem deen zu Iechternach. Speziell hei war et absolut noutwendeg um architektonesche Plang, fir déi al Bausubstanz ze erhalen. Dobäi kënnt, datt de Volume op 3.000 m³ erugewuess ass. Aner technesch Adaptatiounen um Niveau vun der Akustik, der Beliichtung an dem Bühnebild si virgeholl ginn, fir enger moderner a virun allem multifunktioneller Infrastruktur besser gerecht ze ginn.

De Surcoût vun deenen zwee Projete beleeft sech schlussendlech op eng Gesamtzomm vun 9,17 Milliounen Euro, déi sech op 3,47 Millioune fir Ettelbréck a 5,73 Millioune fir Iechternach opdeelen. Déi gesamt staatlech Zouwendung beleeft sech summa sumarum op 9,667 Millioune fir Ettelbréck an 12,171 Millioune fir Iechternach.

Kolleeginnen a Kolleegen, de Statsrot ass betount kritesch zu dësem Text, deen, senger Meenung no, enger gudder Gestioun vun den öffentleche Gelder an enger seriöer Planifikatioun an Ausféierung net entsprécht. De Statsrot stellt doriwwer eraus d'Fro, ob d'Regierung en Interventiounsrecht an dësem Projet hat, fir hirer Iwwerwaachungs- a Kontrollfunktioun nozekommen. Déi héich Kierperschaft gesäit d'Inexistenz vun esou engem Interventiounsrecht als inadmissible un, well de Stat domadder viru vollendet Tatsaache gestallt gëtt.

Zum aneren ass de Statsrot der Meenung, dass de Stat och an Zukunft Ofstand huele muss vun iwwerambitiéisen an ze prestigiéise Bauprojeten, déi iwwert déi technesch, finanziell a personell Capacitéite vun de Gemengen erausginn. Déi kulturell Aktivitéiten, op lokalem a regionalem Plang, si mëttelfristeg a Fro gestallt, wann d'Käschte vun den Infrastrukture selwer, wéi och déi fir de Fonctionnement an d'Gestioun, exponentiell an d'Luucht ginn.

An der Kommissioun krute mer nach weider Prezisiounen, déi net am Gesetzesprojet enthale sinn. Deemno ass nach festgehale ginn, datt de Stat den Undeel vu 50% iwwerhélt. Eis Statssekretärin an der Kultur, d'Madame Octavie Modert, huet doriwwer eraus preziséiert, dass d'Regierung weiderhi bestrieft ass fir sech u lokalen a regionale Kulturinfrastrukturen ze bedeelegen. Op legislativem Plang wäert sech deemnächst och nach eppes doen. Esou ass e Projet an der Ausaarbechtung, deen e „Service d'animation culturelle" an e Fënnefjoresplang iwwer regional Kulturinfrastrukture virgesäit. Vläicht kann eis d'Statssekretärin nach déi eng oder aner Zousazinformatioun liwweren.

Et ass des Weidere preziséiert ginn, datt de Volume vun 3.000 m³ fir de Centre culturel de Virgabe vum Iechternacher Festival entsprécht. D'Ausgestaltung vun engem Concertssall brauch e Volume vun 10 m³ pro Auditeur; eng Virgab, déi den initiale Gesetzestext vun 1997 net mat agerechent hat. Des Weideren hat d'Erhéije vum Plaffong ëm 2 Meter eng Partie technesch wéi och ästhetesch Problemer matsechbruecht, déi zesumme mat der Sanéierung vun der aler Bausubstanz de Käschtepunkt nach weider an d'Luucht gedréckt hunn.

D'Kommissioun huet och eng Partie Konklusioune festgehalen, déi ech Iech net virenthale wëll. Esou gëtt beispillsweis proposéiert an Zukunft déi staatlech Zouwendung bei engem Infrastrukturprojet un d'Konditioun ze bannen, datt de Bauhär op lokalem wéi regionalem Niveau assuréiere muss, datt en à même ass fir d'Gestioun an d'Exploitatioun anzestoen.

Déi staatlech Participatioun muss no engem prezisen an aktualiséierten Devis definéiert sinn, deen de getätegten Aarbechte vum Projet Rechnung dréit. De Stat muss doriwwer eraus och iwwert de Fortgang vun den Aarbechte regelméisseg informéiert ginn, esou wéi dat vum Statsrot gefuerdert gouf.

Här President, ech hoffen, ech konnt Iech genuch iwwert dëse Projet opklären, dee sech net onbedéngt mat engem kulturpoliteschen Inhalt befaasst, mä mat engem budgetspolitesche Problem, deen nei, verbessert an transparent Prozedure brauch. Et ass net ausgeschloss, datt d'Kulturkommissioun an der Zukunft nach weider mat esou Gesetzesprojete befaasst gëtt.

De Bauteminister Claude Wiseler huet schonn an der Budgetskontrollkommissioun eng Partie Pisten opgezeechent, wéi de Stat Dépassementer bei Bauprojete minimiséieren oder ganz ënnerbanne kann. Mir wäerten d'Diskussioun an dëser Kommissioun weider suivéieren. Mä och d'Acteuren op Gemengeplang musse besser mam Stat zesummeschaffen a musse bestrieft sinn d'Käschten ze maîtriséieren.

E Kolleeg hei aus der Chamber recommandéiert jo andeems en op dëse Projet de loi hiweist, wann der an der Gemeng net mat de Suen duerkommt, da gitt bei d'Regierung, da frot der Iech der nach.

(Hilarité)

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Däerf ech Iech eng Fro stellen? Wat fir eng Schreifweis proposéiert den Här Rapporteur?

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- Wann een Iechternach unenee schreift!

(Hilarité)

Am Numm vun der Kulturkommissioun géif ech Iech bieden dëse Projet ze stëmmen an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt awer wëll ech dem Kolleeg, dem honorable Fred Sunnen, Merci soe fir dee mëndlechen a schréftleche Rapport.

De Gesetzesprojet, dee mer haut diskutéieren, ass e weidert Element vum kulturelle Liewe vun eiser Gesellschaft. Et geet awer hei am Speziellen iwwer Dépassementer vun der staatlecher Participatioun bei deenen zwee regionale Bauprojeten, engersäits d'Museksschoul an de Centre culturel zu Ettelbréck, dem sou genannte „Centre des Arts pluriels Ed Juncker", an anerersäits dem regionale Centre culturel et touristique vun Iechternach.

De Rapporteur war esou fräi an huet schonn e puer interessant Bemierkungen opgezielt, notamment déi Interventiounen am Avis vum Statsrot. Beim éischte Bauprojet, de Bauprojet vun der Museksschoul an dem Centre culturel zu Ettelbréck, mat 450 Sëtzplazen, hu mir et mat engem Dépassement ze dinn vun ëmmerhin 54,7%.

Woren ursprünglech 6,25 Milliounen Euro virgesinn, esou goufen duerch dräi supplementar Devisë fir nei Aarbechten duerchzezéien nach zousätzlech 3,47 Milliounen Euro gefrot. Domat beleeft sech de Projet dann elo op 9,667 Milliounen Euro.

Duerch ënner anerem d'Verbesserung vun der Bühnentechnik an der Bühnemolerei, duerch d'Mesurë vun der Akustikverbesserung an d'Erhéijung vun dem Baukierper selwer, huet et jo verlaangt, dass d'Inspection des Mines et du Travail öfters intervenéiert huet. Och den Aménagement vum Extérieur ass an d'Diskussioun erageholl ginn, an déi legal Haussen am Bau ewéi Extrafuerderungen an Honorairen hunn et mat sech bruecht, dass dës massiv Zousazbelaaschtung komm ass.

Doriwwer eraus muss ech awer soen, och wann een de regionale Charakter vun dem kulturellen Ugebuet net a Fro stellt, esou muss awer hannerfrot ginn, an dat ass jo ganz speziell am Avis vum Statsrot gesot ginn, wéisou an deem ursprünglechen Devis all déi Aarbechten net konnte virgesi ginn.

Bei deem zweete Bauprojet hu mer et dann ze di mat dem regionale "Centre régional et culturel touristique" zu Iechternach. Do hu mer et esouguer mat enger Iwwerschreidung vun ëmmerhi 87,2% ze dinn. De Projet awer, e wichtege Peiler vun dem traditionellen Iechternacher Festival, huet am Ufank 6,5 Milliounen Euro ausgewisen, ass awer iwwert Zousazaarbechten op elo 12,1 Milliounen Euro geklommen. Och do hu mer gesot kritt, an dat huet d'Madame Statssekretärin och ganz kloer erwähnt, hu mer et mat e puer wichtegen Ännerungen ze dinn.

Fir d'alleréischt muss festgestallt ginn, wéi de Bau ugefaange ginn ass, dass déi Bausubstanz relativ brécheg an al war, esou dass vun enger Renovatioun net méi konnt geschwat ginn, sondern enger Neikonstruktioun. Et ass och festgestallt ginn, dass d'„Salle multifonctionnelle" keng gutt Akustik hätt an si huet, no Expertenaussoen, mussen erhéicht ginn an domat ass de Volumen op 3.000 m³ eropgaangen.

Och d'Dréibühn an eng verbessert Bühnentechnik hu mat sech bruecht, dass d'Käschte gewuess sinn. Speziell ass awer drop opmierksam gemaach ginn, an dat beweist och schonn de Gedanke vun deene Leit, déi dat ausgeféiert hunn, dass se sech mat der Energieversuergung ausernee gesat hunn an si hunn e speziellen Energiemanagementssystem agesat. Wieren all déi Aarbechten awer net duerchgefouert ginn, da wier a Fro gestallt ginn, ob dëse Centre seng lokal, regional an och national Roll hätt kënne spillen. Dëse Bau soll jo och eng wichteg Roll an der Rumm vun den touristeschen Aktivitéiten an dëser flotter Regioun vun eisem Land spillen.

Grad wéi bei deem anere Projet muss awer hannerfrot ginn, wéisou an deem ursprünglechen Devis eng Rei vun dëse Moossnamen an Detailer net konnte berücksichtegt ginn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Misste bei esou wichtegen Ännerungen, an de Projeten, déi an der Chamber gestëmmt si ginn a wou dem Stat seng Participatioun gefrot ginn ass, net all déi implizéiert Partenairen dach heiansdo

beienee kommen, wann Ännerunge mussen duerchgeféiert ginn, zumools wann déi finanziell Envergure eng grouss finanziell Suite kritt?

Am selwechten Otemzuch wëll ech awer hei ënnersträichen, dass dës zwee Beispiller weisen, dass et net nëmmen de Stat ass, deen Dépassements de crédit bei senge Bauprojete muss agestoen an dofir och kritiséiert gëtt. Erënneren däerf ech kuerz un déi zwee rezent Stroossebauprojeten. Dat war de Réaménagement vun der Autobunn-Tunnelënnerféierung zu Märel. Do hate mer en Dépassement vun 19%, a beim Réaménagement vun der Croix de Gasperich waren et esouguer 44%.

Mir gesinn also, et huet kee Wäert dass een deem anere Scholdzouweisungen zouféiert; hei ass jidderee gefuerdert, d'Gemengen an de Stat. Aus de Beispiller sollte mer léieren, dass an der Zukunft all Bauprojete méi genau ënnert d'Lupp ze huele sinn. Mir sollen eis hannerfroen, ob de Projet d'Strooss hält an et zu kengem Dérapage en cours de route könnt.

Well awer dat kulturellt Liewen an eiser Gesellschaft e grousse Stellewäert huet an dat am Speziellen och an eise Regiounen, solle mir dësem Projet onsen Aval ginn. Ech bréngen heimat dee vun der CSV-Fraktioun eran a soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'alleréischt wëll ech de Rapporteur félicitéieren an em Merci soen, dass e sech där schwiereger Saach hei ugeholl huet. Ech ka mer virstellen, dass e léiwer iwwer manner kontestéiert a kontestabel Projeten hei hätt misse Bericht erstatten.

Déi zwee Projete sinn nämlech wierklech e Bewäis oder eng Illustratioun wéi een et net soll maachen. Mir hunn och, mengen ech, rar esou e kriteschen an ech géing esouguer soen dévastateuren Avis gesi wéi deen, deen de Conseil d'État bei dësem Projet de loi ofginn huet.

Déi zwee Projeten, déi 1994 hei an der Chamber votéiert gi waren iwwert d'Participatioun vum Stat an deenen zwee Kulturzentren, ginn einfach, wéi den Här Oberweis et elo nach eng Kéier illustréiert huet, du simple au double, geet esouwuel de Käschtepunkt vum Bau wéi d'Participatioun vum Stat a jidderengem vun deenen zwou Bauten.

De Conseil d'État stellt dann och déi richteg Froen, an e mécht och déi richteg Recommandatiounen, déi iwwregens vun der Kommissioun iwwerholl si ginn. Wann de Stat esou massiv an e Projet eraklëmmt, deen eng Gemeng initiéiert, da muss déi Participatioun op engem aktualiséierten Devis berouen, op engem prezisen Devis, an de Projet muss selbstverständlech den Aarbechten entspriechen, déi effektiv duerchgeféiert ginn.

Zweetens, d'Gemeng muss en mesure sinn, d'Gestioun an d'Exploitatioun vun esou engem Projet ze assuréieren, oder ech géing soen, et muss eng räsonnabel Expectative sinn, datt se en mesure ass et ze maachen.

An drëttens, wann Ännerunge kommen, dat kann ee jo ni ausschléissen, da muss awer d'Regierung iwwert déi Ännerungen informéiert ginn. D'Regierung schéngt och déi do Iwwerleeunge gedeelt ze hunn, well wann ech richteg verstanen hunn, huet de Conseil de Gouvernement den 13. Januar 1995 Folgendes festgehalen iwwert de Projet Iechternach: «Le Conseil se déclare d'accord avec le projet réaménagé et souligne avec fermeté d'une part que la contribution de l'État aux frais de construction sera de toute façon plafonnée à 260 millions de francs, et d'autre part que l'État ne participe en aucun cas dans les frais de gestion du nouveau centre. Il appartiendra au Ministère de l'Intérieur en collaboration avec l'IGF de veiller à ce que l'administration communale ne préjuge pas de ses propres moyens, et qu'elle ne compromette pas la situation financière future de la ville». D'sukzessiv Regierungen hunn et leider net fäerdeg bruecht, dat duerchzesetzen.

Wat nun Iechternach betrëfft, do hunn ech mer d'Méi ginn, e bësse méi gewuer ze ginn, wéi dat wat mir an der Kommissioun gesot kruten, well ech e speziellen Intérêt un Iechternach hunn. Ech si Member vum Conseil d'Administration vum Festival; ech wëll dat hei an aller Klorheet soen an dann och en Intérêt deklaréieren.

Wéi ech awer dunn der Affär e bëssen op d'Spur gaange sinn, sinn ech zur Asiicht komm, dass mer an de Formulatiounen, déi een am Rapport erëmfënnt, vläicht e bëssen ze schnell virgaange sinn oder d'Saachen op eng ze vill elliptique Aart a Weis ausgedréckt hunn. Esou zum Beispill gëtt am Rapport gesot, «le devis utilisé était la transposition d'un devis plus ancien et qui prévoyait la nouvelle construction d'un centre culturel et non pas la consolidation d'un bâtiment historique». Dat stëmmt nëmmen ongefeier, well de Projet, deen de Gemengerot vun Iechternach den 28. Dezember 1994 gestëmmt huet, huet effektiv d'Pateregebai betraff an huet eng Rallonge virgesi vun 80 Milliounë Lëtzebuerger Frang deemools, par rapport zum Originalprojet „A Kack", deen den 21. Juni 1993 gestëmmt gi wor, an de Montant ass du vu 460 op 540 Milliounen erop gaangen. Dee Projet ass also reaménagéiert an ass, dat wëll ech ënnersträichen, an där Form der Regierung ënnerbreet ginn, an d'Regierung huet hiren Aval zu deem Réaménagement ginn, mat där Mise en garde, déi ech virdru virgelies hunn.

Et kënnt een aus dem Rapport och verstoen oder mëssverstoen, dass en Deel vun deenen héije Käschten, déi dobäi komm sinn, dem Service des Sites et Monuments kënnt zugeschoustert ginn. Ech hunn och do Vérificatioune gemaach an ech sinn zur Konklusioun komm, dass dat awer net esou ass. De Projet vu '94 ass effektiv dem Service des Sites et Monuments virgeluecht ginn. E wor méi modest, obschonn en, wéinegstens dee vum Pateregebai, e Bâtiment historique betraff huet, mä ganz besonnesch wor den Daach vun dem zentralen Deel, also deen Deel, dee verschidde Leit d'Concertshal nennen, an aner Leit de Sall fir d'Balen, net iwwert d'Diecher vun deene Gebaier niewendrun erausgaangen.

Bei der neier Versioun, déi no 2000 approuvéiert ginn ass vun der Gemeng an déi dunn net dem Service des Sites et Monuments virgeluecht ginn ass, ass de Plaffong ëm zwee Meter eropgesat ginn, an domadder war den Daach vum Gebai natierlech zwee Meter méi héich wéi all déi Gebaier ronderëm. Dat war natierlech vum ästheteschen an urbanistesche Plang an enger historescher Stad oder am historeschen Deel vun Iechternach net vun de Sites et Monuments ze akzeptéieren, an dunn hu misse Kompromëssер gemaach ginn, fir dass een op e Resultat komm ass, wat méi oder wéineger d'Silhouette vun der Stad an deem Deel respektéiert huet.

Et bestinn zu där Froestellung ganz prezis Dokumenter am Ministère vun der Kultur, a vläicht wëllt d'Madame Statssekretärin dozou eppes soen, och am Intérêt vum gudden Numm vun hire Servicer.

Alles dat gesot, Här President, schéngt et ons als Fraktioun evident, dass dat Gebai vun Ettelbréck, de Centre des Arts pluriels an d'Musekksschoul, wat scho laang do steet, muss finanzéiert ginn, an dass de Centre culturel zu Iechternach muss fäerdeg gestallt ginn an dann och finanzéiert ginn. Dat eenzegt wat mir bedaueren zu Iechternach, dat ass dass anscheinend dat net soll kënne geschéie bis zum Joer 2007, mat enger Deelouverture am Joer 2006. Mir sinn also e laange Wee zesumme bei deem Projet gaangen, vun 1993, oder loosse mer soen 1994, bis elo 2004.

Mä mir wäerten als Fraktioun den Text hei approuvéieren, mat selbstverständlech de Recommandatioune vum Conseil d'État a vun der Chamberskommissioun.

Här President, fir ofzeschléisse géing ech gären um Exempel vun den Theatere vun der Stad Lëtzebuerg drop hiweisen, inwiefern de Ministère de la Culture zwee Moossen a Gewiichter applizéiert, wann et ëm dFinanzparticipatioun vum Stat bei kulturelle Projeten geet, déi regional oder esouguer national Bedeitung hunn. Hei deklaréieren ech och en Intérêt, Här President, ech si Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg - et ass evident dass ech do en Intérêt hunn -, esouguer Kulturschäffen.

Sécher participéiert de Stat bei de Produktioune vun onsen zwee Theateren an der Stad, de Kapuzinertheater an de groussen Theater, an ech soen der Regierung Merci, dass d'Zouwendung, déi mer am Joer 2005 wäerte kréien, 50.000 Euro méi héich läit, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall wor. Mir ginn also vun 300.000 op 350.000 Euro. Ech bemierken awer en passant, dass d'Stad Esch, där ech och méi wënschen, deeselwechte Montant kritt vun 300.000 respektiv 350.000 Euro fir een Theater. Bei ons sinn et der zwee. An ech bemierken, dass den Théatre national fir säin Deel 1.102.500 Euro am Joer 2005 soll kréien. Mä et ass emol net esou vill vun deene Subsiden, wou ech wëll schwätzen, mä vun der Renovatioun vum groussen Theater vun der Stad Lëtzebuerg.

Während bei deenen zwee Projeten, déi mer elo stëmmen, mer gesinn, dass d'staatlech Interventioun du simple au double geet, huet de Kulturministère bis elo iwerhaapt keng Suite ginn deem Verspriechen, wat den deemolege Kulturminister Jacques Santer der Virgängerin vum jëtzege Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg ginn huet, dass de Stat géing um Finanzement vun der Renovatioun vum groussen Theater vun der Stad Lëtzebuerg participéieren. Säithier, an dat geet op d'Enn vun den 90er Joren zréck, huet d'Stad Lëtzebuerg verschiddentlech bei der Regierung intervenéiert, bei Entrevuë mam Stat, duerch Bréif, an dat ass ëmmer erëm gemaach ginn. Op Wonsch vun der viregter Kulturministerin, der Madame Hennicot, hu mer esouguer eng ganz Camionnette vu Plangen, Devisën a Gott weess wat nach als Ënnerlagen an de Kulturministère geschéckt.

Madame Minister, wann ech verstinn, dass et net méi méiglech ass eng Interventioun am Budget 2005 virzegesinn, géing ech ower mat Insistance den Här Kulturminister Biltgen an Iech, Madame Statssekretärin, froen, Är Positioun do ze revidéiere fir de Budget 2006; mä mam Budget geet et net duer. Dir misst och e Projet de loi preparéieren, deen da géing dësem Haus virgeluecht ginn.

An ech sinn iwwerzeegt, Här President, dass trotz aller Rigueur a Suerg fir Spueren, déi den Här Budgetsrapporteur Mosar un den Dag geluecht huet a sengem Rapport leschten Dënschdeg, hien doudsécher mat menger Propositioun d'accord ass.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Nächste Riedner ass den Här Scheuer, den Här Jos Scheuer vun Iechternach. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virun enger gewëssener Zäit eng Réceptioun zu Iechternach gehale viru Leit, déi am kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg zoustänneg sinn, net nëmme fir Infrastrukturen, mä awer och fir d'Kulturliewen um Goen ze halen. Ech wollt mech direkt u si adresséieren, un d'Melomanen, an do ass mer een typesche Lapsus freudien ënnerlaf: ech hu mech verschwat a Megalomanen gesot.

(Hilarité)

Dat ass kee Witz, dat war fuerchtbar penibel, mä et léisst sech erklären aus deene Cauchemaren, deenen een ausgesat ass, wann ee probéiert fir d'Gemengefinanze fir déi nächst Joren an d'Rei ze bréngen.

Ech wollt zu deem Projet och fir d'éischt nëmmen e puer Mercië lassginn, awer ech beschäftege mech trotzdeem e bësselche mam Fong, net ganz intensiv, mä als een, deen an deem Moment, wou d'Décisioun gefall war, mat dem Stroum geschwomm ass an elo probéiert, de Kapp iwwer Waasser ze halen bei dem Finanzproblem, deen eis iwwerschwemmt.

Fir d'éischt d'Ursaache vun der Verdeierung ganz kuerz zesummegefaasst - an ech sinn iwwerzeegt, dass fir Ettelbréck munches gëllt wat och fir Iechternach gëllt. Et gëtt fënnef Haaptursaache fir déi Verdeierung.

Éischtens si bestoend Gebailechkeete rehabilitéiert ginn. An déi bestoend Gebailechkeete sinn an engem ganz, ganz schlechten Zoustand gewiescht. D'Analys vun deene Gebailechkeeten ass relativ spéit gemaach ginn. Doraus huet sech erginn, dass vill, vill méi Geld huet missen investéiert ginn, fir dass déi Maueren, déi solle gehale ginn, och stoe bleiwen.

Dat zweet ass dann, dass vun 1994 bis haut eng remarquabel Hausse vum Bauindex stattfonnt huet; dat dierfte méi wéi 2% pro Joer sinn; och dat ass chiffréiert.

Drëttens si Contrainten am Laf vun deene leschten zéng Joer um Niveau vun der Législatioun a Réglementatioun komm, déi d'Sécherheet, d'Hygiène an och de Respekt vun der Émwelt betreffen; och dat konnt 1994-1995 net mat agerechent ginn.

Véiertens waren an deem urspréngleche Devis d'Alentouren net mat abegraff, or, déi gehéieren awer mat an de Projet.

A fënneftens sinn déi technesch Equipementer de Besoinen an de Funktiounen, déi an deene Gebaier ënner Daach bruecht sinn, ugepasst ginn. Dat si modern Techniken, dat allerbescht wat fir de Moment um Maart ass: Et war e Choix ze treffen: entweder et tabléiert een op manuell Handhabung vun enger Bühn oder vun de Kulissen, oder et setzt een eng performant Technik an. Da brauch een herno net esou vill Leit an deen Zenter ze setzen an en ass méi liicht ze benotze wéi dat soss de Fall wier. Dann ass virun allem un enger gudder Akustik geschafft ginn. Déi Aarbechte waren ursprénglech net mat aberechent. Dëst ass geschitt opgrond och vun deene Wënsch, déi de Festival vun Iechternach ugemellt huet - a mat Recht ugemellt huet -, an dës Technik huet eng Envergure an eng Perfektioun kritt, déi et elo erlaben, dass an deem grousse Concertssall net nëmme Concertë stattfannen, mä dass duerch eng variabel Akustik de Sall ka benotzt gi fir Kongresser ofzehalen, well deen Zentrum heescht jo net nëmme Centre culturel, mä en heescht Centre culturel et touristique. Dann ass den Eclairage ugepasst ginn un déi verschidde Besoinen, an och dat war net perfekt geléist gewiescht am urspréngleche Projet.

Dee Kulturzentrum, deen Iechternacher souwuel wéi deen Ettelbrécker, huet eng dräifach Missioun; dat soll een net vergiessen.

Éischtens geet et ëm lokal Besoinen, déi grouss sinn an esou enger Stiedchen, déi awer och den Zentrum ass vun enger Regioun an déi och d'Flicht huet, fir der Regioun eppes - an dësem Fall kulturell Infrastrukturen - zur Verfügung ze stellen. Dozou gehéiert och eng Musekschoul. An déi Musekschoul, déi zu Ettelbréck am Centre culturel ass, kënnt och zu Iechternach an de Centre culturel an si huet tëschent 900 an 1.000 Elèven. Da gëllt fir Iechternach och de Wonsch, dass de Festival vun Iechternach, de Festival vu klassescher Musek en architektonesch wäertvolle Pendant kritt zu der Abtei, zu der Basilika an zu der Pierre-et-Paul a Form vun engem regelrechte Concertssall.

Dat sinn d'Ursaachen, firwat de Bau sou vill méi deier ginn ass. Mä, ech well e puer Konklusiounen aus deem Dossier zéien, déi sech einfach opdrängen.

Éischt Konklusioun: Projete vun dëser Envergure, déi realiséiert gi mat oder och ouni Engagement vum Stat - mä ech froe mech, wat fir ee Projet ouni Engagement vum Stat nach ofgewéckelt gëtt -, déi musse virun hirer Ëmsetzung a virum Vote, deen an enger Gemeng geholl gëtt, gepréift ginn.

An zwar éischtens duerch de Ministère de Tutelle, duerch den Innenministère an dësem Fall, dee Ministère, deen och den Aménagement du Territoire als Ressort huet. Et ass och de Ministère de Tutelle, deen d'Flicht huet fir ze soen: Dir gitt op eng Pist, déi Der net bis zu Enn goe kënnt.

Zweetens - do sinn ech formell dran -, sou Projete wéi déi hei zwee, déi musse vun enger onofhängeger Administratioun gekuckt ginn an dat ass an dësem Fall d'Finanzinspektioun, dat ass d'IGF. Si muss kucken, ob dee Projet sech am Kader vun de Gemengefinanzen, am Kader vun den Engagementer, déi och de Stat derbäi hëlt, bewegt. Si muss och kucke wat d'Folgekäschte vum Projet sinn. D'Autonomie communale, op déi mer alleguerten esou vill halen, huet hir Grenzen duerch de Budget vun enger Gemeng a si kritt se do gesat. An anere Wierder, all Concernéiert musse préifen, ob esou e Projet nohalteg ass oder ob en net nohalteg ass. An dësem Fall kritt dee Begréff Nohaltegkeet säin eigentleche Sënn eréischt. An ech soen dem Rapporteur och Merci fir den Hiwäis, dass e Suivi muss kommen an deem Sënn, datt Stat a Gemeng sech zesummesetzen, fir déi Projeten da regelméisseg ze kontrolléieren. Mir waarden op deen entspriechende Projet de loi, deen d'Madame Statssekretärin sécher elo virstellt.

Zweet Konklusioun: D'Gemenge brauche Berodung a si brauche Berodung an dësem Fall duerch de Stat. Si kënne sech déi Berodung net an de Privatsecteur siche goen. De Ministère de l'Intérieur ass an dësem Fall e Partner an net nëmme Ministère de tutelle. An zwar brauche mer déi Berodung an deem Moment, wou een nodenkt iwwer e Projet - et spillen nämlech ganz oft Velléités politiques, déi e Projet op d'Schinn setzen , an deen dann nëmme schwéier oder och net ze stoppe respektiv ëmzeänneren ass. Mir brauche Berodung wann nogeduecht gëtt, wa geplangt gëtt, wann décidéiert gëtt, wann exekutéiert gëtt a virun allem awer och wa géréiert gëtt.

Drëttens: Bei all Projet, wou de Stat sech mat dran engagéiert, misst gläichzäiteg en Dossier ausgeschafft ginn iwwert d'Gestioun, iw-

wert d'Gérance vun deem Ganzen. Wat sinn d'Folgekäschten, wann een esou e monstergrousse Projet dohinnersetzt vun enger Milliard Frangen, vu 25 Milliounen Euro? Wéi eng Répercussiounen huet dat op eng Gemeng kuerzfristeg, mëttelfristeg a laangfristeg, an deem Moment zum Beispill, wa Reparaturen ufalen? Deen Dossier de gérance huet jo och Implikatiounen - an dat ass dat Graavt drun - op den uerdentlechen Haushalt vun enger Gemeng. Et féiert zu enger Belaaschtung fir de Budget ordinaire. A wann dee Budget ordinaire duerch esou ee Projet gesprengt gëtt, da wierkt dat sech aus op d'Liewensqualitéit vun de Leit, da wierkt dat sech aus op déi Aart a Weis wéi eng Gemeng mat den noutwendege Leeschtungen ëmgeet, déi eng Gemeng de Bierger schëlleg ass. Dat heescht, deen Dossier de gestion muss ee scho kënne virum Bau ficeléieren a mat an d'Diskussioun era bréngen.

Véiert Konklusioun: Stat a Gemenge mussen e Verwaltungsmodell erschafen, fir sou komplex Infrastrukturen ze géréieren; Etablissements publics fir eng Gemeng, dat gëtt et anscheinend net, oder eng Fondatioun, oder…, oder… . Also ech wär wierklech gespaant op eng Propositioun, wéi eng Gemeng ënner wat fir enger Form esou e Bau géréiere kann a géréiere muss, ouni dass si direkt dozou iwwergeet, fir ze privatiséieren, an ech froe mech, wie wieklech Intérêt drun hätt fir an esou e Projet eranzeklammen.

An zu deem Verwaltungsmodell gehéiert dann och e Finanzéierungsmodell, wéi ech scho gesot hunn, e Finanzéierungsmodell vun de Frais de fonctionnement, vun de Käschte fir den uerdentlechen Haushalt. Spéider komme jo nach ëmmer Investissementer dobäi, déi iwwert den ausseruerdentlechen Haushalt ofgewéckelt ginn. Wann een do déi Fonctionnementskäschte vum zukünftege Kulturzentrum iwwerdréit op den uerdentlechen Haushalt vun der Stad Iechternach, da bleift näischt méi Rescht an deenen nächste Joren, sou wéi et ausgesäit.

Fënneft Propositioun dann: De Kulturministère misst onbedéngt als Koordinator vum Lëtzebuerger Kulturliewen an deenen nächste Jore funktionéieren. Kuckt emol wat mer am Laf vun deene leschte puer Jore vun Infrastrukture geschafen hunn. Kuckt emol wat sech am Zentrum ewell schonn ubitt, wéi räich den Zentrum ginn ass u formidabele kulturellen Infrastrukturen. Kuckt wat nach aussteet, de Pei Musée, plus de ganzen Aménagement vum Kirchbierg, dat gëtt fir mech eng vun deene schéinste Plazen, déi et an Europa gëtt, dat gëtt déi grouss Attraktioun an do kristalliséiert sech eppes eraus, wat net dierf op d'Käschte vun deenen eenzelne Regioune goen. Wa mir de Kulturzentrum vun Ettelbréck, vun Iechternach an och déi aus dem Süden net „miwwléiert" kréie mat Manifestatiounen, da riskéiere munch herrlech Gebaier eidel ze stoen. A wa se doudeg sinn, da kaschte se awer Geld, an Dir wäert och kee Privatkapital a kee Privatmann fannen, dee bereet ass doranner als Gérant ze goen. Kuckt emol déi Onmass vu lokalen Initiativen, déi am Laf vun deene leschte Joren dohier entstane sinn, ob dat de Festival vu Maarnech ass oder deen aus dem Syrdall, et cetera, et cetera, si ginn alleguerten opgezielt am Exposé des motifs, wéi mer de Concertsall fir d'Philharmonie gestëmmt hunn.

Dës Koordinatioun vum kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg muss gemaach gi vun engem Ministère, deen iwwert deem Ganze steet, an dat kann nëmmen de Ministère de la Culture sinn, soss ka keen et maachen. An ech wär frou, wa sech dorausser géif eng Cellule erginn, iergend e Gremium, dee géif koordinéieren a Propositioune maachen.

Dann trotzdeem eppes zu Iechternach, wat mer wichteg schéngt. Deen Zenter heescht jo Centre culturel et touristique, a wann een Tourismus seet, da seet een Ekonomie, da seet ee Wirtschaft an da seet een och nationalen Impakt, deen awer null Implikatiounen oder bal keng Implikatiounen op d'Finanze vun enger Uertschaft huet. Eng Uertschaft, de Receveur vun enger Gemeng, dee lieft net vun de Revenuen, déi iwwert den Tourismus erakommen. Déi kommen duerchweegs dem Stat zegutt a se ginn dann nees ëmverdeelt.

De wirtschaftlechen Impakt vun deem Kulturzentrum oder deem Tourismuszentrum, deen huet Répercussiounen op d'Uertschaft, op den Aarbechtsmaart zum Beispill, en huet Répercussiounen op d'Regioun an en huet Répercussiounen op d'Ekonomie. Dat heescht, dass zousätzlech Investissementer musse gemaach ginn, fir zum Beispill Kongresser do ze organiséieren. Ween awer weess, wéi Kongresser zu Lëtzebuerg organiséiert ginn a wéi komplex dat ofleeft a wéi schwéier et ass fir vu baussen an dëse Créneau eranzekommen, dee ka sech schonn ausmolen, dass dee Kongresstourismus zu Iechternach nach eréischt organiséiert muss ginn an et kann een nëmmen alle Leit, déi et maache wëllen, vill Chance a Courage dobäi wënschen.

Dat Ganzt soll also Ënnerstëtzung brénge fir e Secteur, de Secteur vun de Classes moyennes, de Secteur vun de PMEen. Zu Iechternach ginn et ronn 150 Betriber, déi een als PMEen an esou enger Stiedche vu 5.000 Leit erëmfënnt, an dee Secteur soll gestäerkt ginn duerch dësen Investissement. D'Verwaltung vun dësem Zentrum huet also eng wirtschafltech Missioun an déi kann net nëmme geschéien, andeem een e Kulturdezernent drasetzt. Hei gehéiert e Manager dran, deen niewent där kultureller Missioun och nach eng aner eminent wichteg Missioun huet, well soss brécht dat Ganzt zesummen. Et geet drëm fir een ze fannen, deen en Equiliber hierstellt am hausinterne Budget an deen dofir suergt, dass den Apport vun där Institutioun fir d'Stad a fir d'Regioun e groussen ass. An zu deem positiven Apport gehéiert ouni Zweifel de Museksfestival an d'Gestioun vum Museksfestival, vun deem d'Madame Flesch geschwat huet.

Dat waren e puer Konklusiounen zu engem Dossier, dee seng Geheimnisser huet an dee seng Geheimnisser och behält; méi wéi d'Madame Flesch der détectéiert huet. Geheimnisser, déi an den Ambitioune vu verschiddene Leit leien, Geheimnisser, déi an de mënschlechen a politeschen Ambitioune vu Leit a vu Parteie leien.

Elo gëtt e gebaut, 2007 misst e ganz fäerdeg sinn, 2006 deelweis. Ettelbréck an Iechternach hunn ouni Zweifel Modellcharakter an et muss ee se och esou betruechten an et muss een déi richteg Konklusiounen doraus zéien, net nëmmen am Intérêt vun de Gemengen, mä am Intérêt vun enger nohalteger Entwécklung an der Kultur.

Ech wollt zum Schluss nach e puer Mercië lassginn. Mäin éischte Merci geet un de Rapporteur, deen et fäerdeg bruecht huet fir et op den Ordre du jour ze kréien an deen terribel séier geschafft huet. Ech versécheren him, dass e scho bei där nächster Sprangprëssessioun eng Éiereplaz huet an der éischter Rei…

Une voix.- Très bien.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- …tëschent dem Minister Boden a mir. Hie muss just e wäisst Nueschnappech matbréngen, dann duerf e matsprangen.

(Interruption)

Ech soen deene Leit an der Kommissioun Merci, déi de Rapport gestëmmt hunn, an ech soen all deene Merci, déi enger laanger Finanzéierungsgeschicht haut en Enn setzen. Dee Projet ass elo um gudde Wee a mir wäerten dann am Joer 2007 dee Projet aweien. Ech wënschen him eng gutt Zukunft. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Dir hutt d'Wuert, Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Madame Statssekretärin, léif Kolleegen a Kolleeginnen, de Projet de loi 5373, iwwert dee mer haut diskutéieren an iwwert dee scho vill gesot ginn ass, kann een och ganz kontrovers kucken. Mir deelen och déi Konklusiounen an déi Iwwerleeungen, déi den Här Scheuer hei mat Häerz a mat Séil virgedroen huet. Ech wëll net alles widderhuele wat schonn hei gesot ginn ass, ech wëll just an dräi Punkten dëse Projet aus eiser Siicht kommentéieren.

1. Et sinn zwee Projeten, déi fir eng regional Kulturpolitik sinn. Déi Gréng si frou, dass et de Centre des Arts pluriels Ed Junker zu Ettelbréck gëtt. Zënter dem Hierscht 2000 gëtt et zu Ettelbréck en Haus, wou an engem flotte Kader all Joers eng 60 bis 80 Manifestatiounen ugebuede ginn, déi vun engem héije kënstlereschen Niveau sinn an och op eng gutt Resonanz bei engem ganz gemëschte Publikum stoussen.

Mir sinn der Meenung, dass et richteg ass an dass et gutt ass, dezentral gutt équipéiert Kulturhaiser anzeriichten. Et muss och méiglech sinn hei zu Lëtzebuerg qualitativ anspruchsvoll Concerten an Ausstellungen ausserhalb vun der Stad Lëtzebuerg ze organiséieren.

De CAPe zu Ettelbréck huet sech no kuerzer Zäit, et ass ëmmerhin eréischt seng 5. Saison, als wichteg kulturell Institutioun fir den Norde vun eisem Land a wäit doriwwer eraus etabléiert. Dat ass gutt esou. Datt am CAPe och de Conservatoire de Musique du Nord ënnerbruecht ginn ass, wou 75 Enseignanten eng 1.600 Schüler ënnerriichten, och dat fanne mir gutt. Besonnesch wichteg ass et, datt do déi zwou Stied Ettelbréck an Dikrech sech zesummefonnt hunn, fir hir Museksschoul iwwer en interkommunale Syndicat ze organiséieren an ze géréieren. A wa mir wëssen, datt d'Gemenge Baastenduerf a Furen iwwert de Wee vun engem Schoulsyndicat zu enger Gemeng Tandel sech zesummefonnt hunn, da léisst déi interkommunal Museksschoul hoffen. - Ass hei e weidere Schrëtt a Richtung Nordstad gemaach ginn?

2. Et sinn zwee Projeten, déi wäit iwwert den urspréngleche Käschtepunkt eraus ginn; Ettelbréck ëm 50%, Iechternach ëm 90%. Dobäi wësse mir jo och nach net, ob zu Iechternach dat da lo dobäi bleift. De Statsrot seet zu Recht, datt et hei Anomalien an Oublië ginn ass, déi eigentlech net ze veräntwerte sinn. Mir ginn hei an der Chamber viru Fait-accomplië gesat, déi näischt méi mat enger transparenter Planung a Finanzpolitik ze dinn hunn.

Mir ginn awer net onbedéngt mam Statsrot mat op de Wee fir ze soen, datt mir et hei mat iwwerdriwwe groussen a généréise Projeten ze dinn hätten an datt an de Regiounen nëmme misste kleng Bréidercher gebak ginn. Datt mir frou si fir de CAPe ze hunn, dat hunn ech jo schonn a mengem éischte Punkt gesot. Well mir dës gewalteg Ënnerscheeder am Präis en cours de route vum Bau kréien, kann dat da jo nëmmen d'Resultat vun enger schlechter Berodung an der Planungsphas sinn. Wann d'Gemengen da bis virun der Décisioun stinn, e Meter méi héich ze bauen oder op eng gutt Akustik mussen ze verzichten, eng professionell Bühn ze installéiere fir flexibel ze sinn an der Organisatioun vu Spektakelen, wann op eemol vun techneschen Installatioune geschwat gëtt, déi immens deier ginn an op déi een awer besser net verzichte soll, da muss d'Entscheedung geholl ginn entweder ee schlechte Bau ze realiséieren, fir am Kader vum Devis ze bleiwen, oder awer wäit iwwert den Devis erauszegoen.

Datt net nëmme mir an der Chamber mat deene Käschtenexplosioune schlecht dru sinn, mä och déi Gemengeverantwortlech an hire Gemengen, schéngt mir evident. Iwwerhaapt ass d'Planung vun engem Kulturhaus awer och vun anere grousse Projete fir eng Gemeng ëmmer eng riskant Entreprise.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Et ass am Moment nach meeschtens net méiglech eng verbindlech Zouso ze kréien, wéi héich déi staatlech Subventioun bei engem Projet ausfält, an nach manner wéini datt ee mat där staatlecher Hëllef rechne kann, wéini datt déi Hëllef kënnt.

3. Ech wëll a mengem drëtten a leschte Punkt kuerz drop agoen, wéi mir eis virstellen, esou Mëssstänn an Zukunft ze verhënneren. Ech wollt och dann op dëser Plaz un déi zwou Motioune vum ADR vum Abrëll 2000 erënneren, déi hei an der Chamber unanime ugeholl gi sinn. Do gëtt d'Regierung ënner anerem opgefuerdert fir kloer Richtlinnen opzestellen, wéini eng Gemeng oder e Gemengesyndikat ee Subside kritt. Mir begréissen och de Wëlle vun der Regierung fir en Inventar vun alle kulturellen Infrastrukture wëllen ze maachen an ee Plan quinquennal fir déi kulturell Infrastrukturen opzestellen - ähnlech wéi et zum Beispill bei der Planung vun de Sportsinfrastrukture scho besteet. Mir weisen drop hin, datt et och ganz wichteg ass, d'Folgekäschte vun de Kulturhaiser vu virera mat ze plangen.

An deem Sënn wëll ech dann och hei eng Motioun déposéieren, wou mir d'Regierung invitéieren, de System vun de staatleche Subside fir d'Gemenge méi transparent ze maachen, andeem d'Regele fir esou Subsiden an engem Dokument publik gemaach ginn, dass de Subsidësystem méi transparent a gerecht gemaach gëtt, doduerch datt e Plan sectoriel «centres culturels» opgestallt gëtt, an ee Fong geschaaft gëtt fir dëse Plang ze realiséieren, dass méiglechst schnell eng Struktur geschaaft gëtt, déi d'Gemenge beim Plangen, Bauen a Beliewe vun esou Infrastrukture beroden.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les autorités communales ne seront pas à même d'assurer seules les frais de construction, de gestion, de fonctionnement et l'exploitation des centres culturels au niveau local et régional;

- considérant que les autorités communales doivent disposer d'informations précises concernant la participation financière de l'État avant de se lancer dans la réalisation de leurs projets;

- considérant qu'actuellement l'application égalitaire des critères de subventionnement étatiques fait toujours défaut;

- considérant l'adoption des motions 1 et 2 lors des interpellations du 5 avril 2000 au sujet des finances communales;

- considérant que l'intervention financière de l'État pour la construction d'un centre culturel ne doit pas hypothéquer la réalisation d'autres infrastructures culturelles;

- considérant que le Gouvernement a déclaré son intention de faire l'inventaire de toutes les infrastructures culturelles, locales et régionales actuellement en place ou en planification pour garantir une utilisation optimale des ressources et un financement adéquat;

invite le Gouvernement

- à rendre le système de subventionnement étatique plus transparent en publiant les règles de subventionnement dans un document unique et accessible pour les communes;

- à rendre le système de subventionnement étatique plus égalitaire en élaborant un plan sectoriel «centres culturels» pouvant garantir une répartition équitable de centres culturels sur le territoire luxembourgeois et à introduire un fonds régional permettant la réalisation de ce plan sectoriel;

- à mettre en place dans les meilleurs délais une structure pouvant accompagner les administrations communales dans la planification, la construction et l'exploitation d'infrastructures culturelles régionales et/ou locales.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet de loi awer trotz aller Kritik mat stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Mir sinn haut eng Kéier méi befaasst Kreditter nozestëmme fir Projeten, déi amgaange sinn. Ech wollt, well et schonn derwäert ass, déi Chifferen nach eng Kéier rappeléieren. De Projet zu Ettelbréck war geplangt a Frangen, déi Zäit nach - dofir wäert ech och wéint der Vergläichbarkeet bei de Frange bleiwen -, mat 565 Milliounen, e soll der elo 850 kaschten, dat heescht 285 Milliounen méi oder ronn 50% Iwwerschreidung. Iechternach sollt 540 Milliounen kaschten, et gëtt elo mat ronn enger Milliard gerechent, dat si 460 Millioune méi oder ronn 85% Iwwerschreidung.

Ongefeier amselwechte Mooss - eppes méi - geet d'Participatioun vum Stat erop. Dat waren zu Ettelbréck 250 Milliounen, et geet elo erop op 390 Milliounen, dat sinn 140 Millioune méi oder e Plus vu 56%; zu Iechternach geet d'Participatioun erop vun 260 Milliounen op 490 Milliounen, et si ronn 230 Millioune méi oder 88%. Mir stëmmen haut e Projet, deen de Statsbudget mat ronn 370 Milliounen ale Lëtzebuerger Frang wäert belaaschten.

D'Ursaache vun deene Präissteigerunge kann ee regruppéieren, se si jo och opgezielt - net all, mäi Virriedner huet vu Geheimnisser geschwat, déi vläicht ni esou un d'Oberfläch kéimen. Et sinn déi normal Präissteigerungen, mat deene mir alleguer liewen, wou jo och virgesinn ass an de Statsprojeten, datt déi automatesch adaptéiert ginn. Dat mengen ech ass näischt Aussergewéinleches. Da gëtt gesot d'Sécherheetsnorme wären évoluéiert, déi wäre méi streng ginn. An deem Mooss wéi dat sech net évitéiere léisst a wéi dat sënnvoll ass, mengen ech, kann och do keen eppes dergéint hunn. Mä da komme mir an dee Beräich, wou et zu Contestatiounen awer ka kommen. Dat sinn déi baulech an technesch Ännerungen, wou de Statsrot zu Recht freet, wéiwäit de Stat, dee jo do mat finanzéiert, dann och ëm säin Accord gefrot gi wär.

Mir komme bei d'Oubliën, eppes wat eigentlech net ze verzeien ass, wat mir och an de staatleche Projete regelméisseg erëmfannen, a wou de Statsrot, wéi Dir alleguer wësst, ganz haart Wierder gebraucht - ech zitéiere just ee Saz: «Il estime que de telles anomalies

ou oublis sont inacceptables et surtout contraires à une gestion responsable des deniers publics. » An e seet op enger anerer Plaz: «Une telle situation est inadmissible pour le Conseil d'État dans la mesure où elle aboutit à des faits accomplis entraînant une majoration automatique de l'aide financière de l'État.»

(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)

An - last but not least - d'Honorairen an d'Frais-d'étuden, déi meeschtens an deem Mooss mat klammen, wéi och den Investissement an d'Luucht geet: Dat ass e Problem, dee mir och beim Stat bei enger ganzer Partie staatlecher Baute begéinen. Ech hat et scho bei engem anere Projet hei gesot, et gëtt wierklech Zäit datt mir ufänken eis do aner Regelen ze ginn, déi net och bei den Architekten iergendwéi de Reflex ausléisen, fir alt mol ze kucken, de Projet vläicht awer e bësselchen an d'Luucht goen ze loossen.

Ech wëll zu deem Ganzen e puer Remarquë maachen. Déi éischt bezitt sech haaptsächlech op lechternach an déi Diskussioun - ech mengen, et huet scho gëscht oder virgëscht een et hei ugesprach gehat - iwwert déi al Maueren. Mir wëssen, et geet zum Beispill ëm de Prëntz-Rischard hei niewendrun. Ech war selwer zwee-, dräimol dohinner kucke gaangen, wéi mir amgaange waren do ze bauen.

Mir waren eis am Büro eigentlech eens, datt et e Seege wär, wann eng Kéier e gudde Moien de ganze Buttek géif am Koup leien, well effektiv plazeweis, wéi et fäerdeg war, wann een d'Verstäerkunge vum Bëton iwwerall gesinn huet vun deenen ale Maueren tëschent de Fënsteren a sou weider, da konnt ee feststellen, dass praktesch näischt méi gestanen huet.

Näischt dogéint datt een déi eng oder déi aner Bausubstanz, déi et wierklech wäert ass erhalen ze ginn, erhält. Awer wann et wéi an deem Fall hei zu minimum 50% Verdeierung féiert, an een herno vun där aler Substanz souwisou praktesch näischt méi gesäit, da muss ee sech awer seriö Froe stellen. Ech mengen, et kann een iwwer alles diskutéieren, mä wann een an enger Zäit ass, wou et awer wierklech drëm geet fir Prioritéiten ze setzen, fir Akzenter ze setzen a fir sou verantwortungsvoll mat de Steiersuen ëmzegoe wéi et nëmme méiglech ass, da muss een och esou Saache kënnen a Fro stellen.

Souwäit zum Prëntz-Rischard. Ech ka mir virstellen - ech kennen den lechternacher Projet net sou am Detail, mä a ville Fäll gëtt et méi bëlleg, an da kann een et jo awer herno, wat den Aspect extérieur ubelaangt, esou maachen, datt et esou ausgesäit wéi et a fréieren Zäiten ausgesinn huet. Wann ech nach eng Kéier däerf op d'Gebai niewendrun zréckkommen: Dat gesäit jo och elo net méi esou aus wéi et effektiv virun 200 oder 300 Joer do stoung. Dat ass ee Punkt.

Dat zweet ass, datt mir an Zäiten, wou d'Lëtzebuerger Land vill Geld hat, op ville Plazen, de Stat esou gutt wéi d'Gemengen, Kulturpaläst, wann ech mech esou däerf ausdrécken, Concertshalen, Kulturgebaier opgeriicht hunn an nach amgaange sinn opzeriichten, datt ee sech wierklech d'Fro muss stellen, an et si vill Leit dobaussen, déi sech d'Fro stellen, ob mer dann net awer ferme iwwerdriwwen hunn, an iwwerdreiwen, well een och muss fäerten, datt eng Partie vun deene Gebaier, éischtens herno zuëneen a Konkurrenz stinn, datt d'Auslaaschtung bei wäitem net déi ass, déi et misst sinn, fir datt een et ka rentabel bedreiwen.

Dat ass vläicht ze erklären aus enger Zäit eraus wou mer jorelaang Plus-valuen haten a jidderee gemengt huet, dat géing sech ni änneren, mä et huet ee wierklech d'Gefill, datt, och wat d'Gréisst, d'Envergure vun deene Gebaier, vun deenen Ëmännerungen a vun deenen neie Gebaier ubelaangt, einfach ze grouss gesi ginn ass, fir dat wat eist Land duerstellt.

E weidere Punkt ass, datt mer d'Tendenz hu vill ze deier ze baue fir dat wat eigentlech den Objet ass, datt mer ze vill Wäert op e gewëssene Luxus leeën, deen een ënner Ëmstänn awer hätt kënne vermeiden, an trotzdeem dat Resultat hätte kënnen erreeche wat ugepeilt ass.

Véierte Punkt ass dee vun der Planung, an ech mengen do ass all Mënsch mat mer d'accord, et ass jo eng vun de Konklusiounen aus all deene Projeten, déi mer déi lescht Zäit haten, datt mer méi Wäert an Zukunft mussen drop leeën, datt anstänneg geplangt gëtt.

An, Här President, ech hu mer erlaabt e Wuert mat deem zoustännegen Architekt ze schwätzen, deen der jo eng ganz Rëtsch heibanne kennen, an ech mengen ech trieden him och net ze no, wann ech dat erëm ginn, an dat erklläert munches, datt deemools gesot ginn ass, esou, elo muss et geschwënn hei lassgoen, ganz séier plangen, datt mer kënnen ufänken, datt de Projet ka gestëmmt ginn, datt d'Participatioun vum Stat an esou weider, datt et den Hommes de l'art awer vun Ufank u kloer war, datt déi Enveloppe financière fir dat wat geplangt war net géif duergoen. An do ass ganz kloer d'Irresponsabilitéit vun deene Leit am Spill, déi dat esou an d'Wee geleet hunn, wohlwissend datt et net géif duergoen an datt mir an déi Situatioun géinge kommen, an där mer haut sinn. Vläicht net an där Gréissenuerdnung, wéi et elo ass, mä awer vun Ufank u wëssend datt et esou wär, mä wéi et dann heiansdo ass, Drock gemaach, et muss virugoen, mir mussen ukommen an da kucke mer wéi et hannen ausgeet, an da si mir als Deputéierten ëmmer erëm an där Situatioun, datt mer soen: Jo wat solle mer da maachen? Mir mussen et stëmmen, fir datt et fäerdeg gemaach gëtt.

E weidere Punkt sinn d'Folgekäschten. Ech hat dat scho kuerz ugeschnidden. Et gëtt wierklech Zäit, datt näischt méi esou ugefaange gëtt, ouni datt d'Folgekäschte seriö berechent sinn. Ech mengen, Dir sidd all mat mer d'accord, datt mer Villes an d'Wee geleet hunn, wat de Moment nach net leeft, wat awer an deenen nächste Jore fuerchtbar deier wäert ginn, wat esouwuel verschidde Gemengebudgete wéi och de Statsbudget enorm belaaschte wäert. De Statsrot huet jo och ganz kloer an däitlech dorop higewisen.

Här President, ech wollt zum Ofschloss vu menger Interventioun mäi Bedaueren driwwer ausdrécken, datt mer erëm eng Kéier musse Kreditter nostëmmen. Dat hei si keng staatlech Projeten, dat hei ass fir eng Participatioun vum Stat u Projete vu Gemengen. Ech wollt awer an deem Zesummenhank mäin Onmutt driwwer ausdrécken, a bal mäin Onverständnis, fir dat wat sech regelméisseg hei widderhélt, a wou mer och an nächster Zäit méi wéi eng Kéier nach wäerten hei stoen a musse Kreditter nostëmmen.

D'Coque, de Centre sportif et culturel, do uewen, ass mat 32% iwerschratt ginn, deelweis einfach well Saachen ewech gelooss gi waren oder well grouss technesch Ännerunge gemaach si ginn.

Beim Pei Musée hu mer eng Dokumentatioun virgeluecht kritt, aus där ervirgeet, datt mer méi oder wéineger elo an deem neie Kader géinge bleiwen, nodeem datt jo awer schonn eng stramm Rallonge gestëmmt ginn ass. D'Experten an där Matière soe mer, datt e wéinegstens 50-100% iwwert den initialen, den éischte Projet géing erausschéissen.

Bei der Philharmonie si mer de Moment - dat sinn d'Chiffere vum Stat - bei 36% Iwwerschreidung.

Et gëtt elo scho gesot, datt d'Cité judiciaire 22% méi deier géif gi wéi geplangt.

(Interruption)

Dat huet mat der Kultur näischt ze dinn, mä et si Projeten, déi alleguer de Statsbudget belaaschten.

D'Saarstrooss huet eis 20% méi kascht, d'Nordstrooss gëtt elo scho previsionell 50% méi deier, an dee berühmten CITA, fir dee kee Mënsch gefrot gi war, ass elo scho bei 300%.

Ech wëll nëmme soen, esou kann een à la longue kee Stat féieren a keng responsabel Finanzplanung maachen. Et gëtt héich Zäit, datt aner Säiten opgezu ginn. D'Politiker hunn d'Tendenz fir gäre grouss a schéin ze bauen. Dat ass jo och alles schéin a gutt, esou laang wéi d'Finanzen do sinn. Mir sollen awer net aus den Ae verléieren, datt et net eis Gelder sinn, mä datt et d'Gelder vum Steierzueler sinn, an eis, a mir si jo och an der Commission du Contrôle de l'exécution budgetaire amgaange mam Minister vun den öffentleche Bauten an dësem Fall ze diskutéieren, datt mer eis wierklech aner Regele ginn, fir datt esou Dérapagen, déi kee Privatmann sech normalerweis kënnt leeschten, an Zukunft net méi virkommen.

Här President, mir ginn eise Jo zu dësem Projet, dat awer mat schwéierem Häerzen, well et soll kee falscht Signal no bausse sinn, datt ëmmer an ëmmer erëm datselwecht soll kënne virkommen. Et wär vläicht net schlecht gewiescht, wa mer hei eng Motioun oder eng Résolutioun gestëmmt hätten, wou mer eis selwer esouguer opgefuerdert hätten nei Regelen anzefëieren, wou mer wierklech mat alle Mëttele verhënneren, datt dat do an deem Mooss weider geet, wéi ech dat elo grad opgezielt hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Madame Statssekretärin, wann ech gelift.

Ier d'Madame Statssekretärin hei ënnen ass, wollt ech nach en Opruff un d'Kolleege maachen. Déi, déi aus- an aginn, si gebieden d'Dier zouzemaachen, well d'Madame Statssekretärin huet et selwer missen e puermol maachen. Ech mengen, jidderee soll kënnen d'Dier och zoumaachen, wann en erausgeet.

Madame Statssekretärin.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, Här President, datt Dir esou léif u mech denkt, net datt ech nach fortgeblose ginn dohannen.

Dir Dammen an Dir Häre, mir sinn hei amgaangen iwwer e Gesetzesprojet ze diskutéieren, dee mer viru kuerzem déposéiert hunn, wou de Stat eng Subventioun ausbezuelt un d'Gemengen, fir de Bau vu kulturellen an deelweis touristesche Gemenge-Centres culturels. De Stat gëtt also hei eng Subventioun bäi fir Projeten, déi vu Gemenge geplangt sinn a vu Gemengen initiéiert sinn an déi och ënner Gemengeverantwortung gebaut gi sinn. Mir ginn do nëmmen eng Subventioun, wat ganz am Respekt vun der Autonomie communale ass.

Elo sinn déi hei zwee Projeten - Ettelbréck an lechternach - virun e puer Joer schonn eng Kéier an der Chamber gewiescht, a si sinn deemools gestëmmt gi fir e gewëssene Betrag, an tatsächlech ass dee Betrag iwwerschratt ginn, deelweis zimlech wäit iwwerschratt ginn. Mir hunn awer gemengt a fonnt an der Regierung, datt mir déi zwou Gemengen an dësem Fall net sollen am Ree stoe loossen, mä hinnen nach eng zousätzlech Tranche noschéissen. Et hätt ee selbstverständlech kënnen iwwerleeën, wéi och bei anere Saachen, ob ee géif e Plaffong asetzen, an dee Plaffong strikt respektéieren an net iwwerschreide loossen. Trotzdeem hu mer fonnt, datt éischtens déi zwee Centres culturels eng regional Vocatioun hunn an datt mer dofir an enger Optik vu kultureller Dezentralisatioun, wou mer Infrastrukturen net nëmmen an oder ronderëm dem Zentrum vum Land oder an der Haaptstad solle setzen, mä zweetens och doriwwer eraus an déi eenzel Regiounen eppes erlaben hinzebauen, wou kulturell Aktivitéite kënne stattfannen; an dowéinst war d'Regierung der Meenung, datt mer hei sollten nach eng zweet Tranche noschéissen, a mer wollten nach eng zweete Kéier an d'Chamber kommen, fir hiren Accord dozou ze kréien.

Vocation régionale: Se war ganz wichteg an deem Kontext a wéi gesot, d'Dezentralisatioun louch eis um Häerz an dat wollte mer dann dee Moment och hei nach eng Kéier berücksichtegen, fir eppes mat bäizeginn, obschonn et Projete sinn, déi ganz ënnert der Gemengeverantwortlechkeet gemaach gi sinn. Mir kënnen do derzou soen, obschonn et héich Beträg sinn, déi hei nach ees derbäikommen, dass mer och, wat den lechternacher Projet ubelaangt, nach eng Kéier 20% vun enger Tranche kënnen iwwert de FEDER bäikréien, déi dann deenen lechternacher selwer zegutt kënnt.

(Interruption)

Jo, an dat kënnt nach dobäi.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Et muss ee jo awer och soen, dass de Stat sech jo och säin Deel vun där FEDERs-Tranche hëlt.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Jo, dee kritt dat, an do kënnt nach en Deel an d'Statsdëppen zréck.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Se ass net integral fir d'Gemeng.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Jo, dat hunn ech jo gesot. Mä se kënnt lech awer zegutt.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- …an et ass och ëmmer esou gewiescht.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Dat ass jo och normal, dat ass jo an engem Kontext gewiescht, wou dat jo och gepasst huet an de Kritären eran; d'Halschent ass fir d'Gemengepartizipatioun, d'Halschent fir dem Stat seng.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- De Stat profitéiert jo och vun Europa.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Fir awer an der Zukunft e bëssen aneschters vläicht virgoen ze kënnen, wat esou Projeten ubelaangt a virun allem wat esou Planungen ubelaangt, zwou Bemierkungen.

Éischtens, sou wéi elo an och an Zukunft wëllt de Stat weiderhin de Gemenge Sue bäileeën, wa si infrastrukturell Planunge maachen um lokale respektiv - nach besser - um regionalen Niveau.

Zweetens awer, fir do e bëssen ze kucken, éischtens wat mer hunn an zweetens wou mer higinn, hu mer virgesi fir an nächster Zäit eng Programmatioun auszeschaffen iwwert déi regional an déi dezentraliséiert kulturell Animatioun. An zwar wäerte mer do vum Kulturministère aus en Inventaire opstellen, fir ze kucke wat mer hu vu Strukturen, wou mer dru sinn, wat an deene Strukture leeft, wéi se bedéngt ginn an da wäerte mer elo relativ geschwënn e Questionnaire erausschécken un d'Gemengen, wou mir se froen, fir eis matzedeelen, wéi si selwer déi Saachen opgedeelt hunn a wat vu Méiglechkeeten an hiren Haiser besteet fir Aktivitéiten ze maachen. No deem Questionnaire an no deem Inventaire, wa mer dann d'Iwwersiicht hunn dovunner wat do ass, da wäerte mer e Projet de loi iwwert d'Animation culturelle régionale erabréngen, wou mer och souwéisou wëlles hunn, d'Procédure d'éligibilité ze iwwerkucken an eventuell dat Ganzt an enger pluriannueller Planung opzestellen, fir et dee Moment aneschters hinzekréien, wéi mer dat bis elo de Moment an der Planung, e bësse méi vu Joer zu Joer, maachen.

Dat heescht éischtens, dass mir am Fong geholl - wann ech dat däerf soen - déi Motioun, déi mer elo virdru kritt haten an déi den Här Adam eraginn huet, eigentlech souwéisou iwwert dee Projet de loi do regele wäerten. Wat Dir gefrot hutt, fir dorënner kënnen dran ze maachen, hu mir wëlles an deem Projet de loi ze maachen an do ginn och dann nach eng Kéier, wéi gesot, d'Kritäre gekuckt, sou dass ech denken, dass dat, wat Dir eis do frot, souwéisou dat ass wat mir bréngen a sech dann an deem Kontext do géif dran erafannen, sou dass an deem Sënn net nach eng Kéier eng zousätzlech Prozedur muss gemaach ginn, fir eventuell do d'Saachen opzedroen; et deet mer Leed, ech hat geduecht ech hätt se an der Hand an ech hu se awer scheinbar elo hei net dobäi. Dach, hei ass se.

M. le Président.- Madame Minister, hei ass se.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, ech hat se awer hei.

An dann, wat d'Strukture fir déi Administrations communales ze begleeden ubelaangt, an der Planifikatioun, an dem Bauen an an der Exploitatioun vun Infrastructures culturelles régionales, do muss ee sech iwwerleeën a wéi engem Kontext een dat mécht - a wéi engem groussen -, an do muss ee sech och iwwerleeën a wéi engem grousse Mooss dat eventuell an eng kommunal Autonomie erageet oder eben net. Sou dass ech mengen, dass déi Saachen, wou Dir hei proposéiert, richteg sinn an deem Sënn, a souwéisou kënne mer dat analyséiere wa mer de Projet de loi hunn, an an deem Sënn hu mer souwéisou wëlles eppes virzeschloen.

Ech wëll just nach e puer Saache soen. Wou ech da vun de Gemengeverantwortlechen hei gutt héieren hunn, wéi eng Wënsch un d'Regierung erugedroe gi sinn, just zwou ganz kuerz Bemierkungen, ouni hei wëllen op alles anzegoen a souwéisou ouni wëllen iergendeng Polemik ze maachen: nämlech datt mer héieren hunn, wa mer soen, dass mer all d'Projeten ënnerstëtzen, dat selbstverständlech och fir déi aus der Haaptstad gëllt, déi tatsächlech bei hirem Theater näischt bis elo bäikritt haten a mer och gesot hunn - dat hat ech der Madame Flesch viru kuerzer Zäit gesot -, fir 2005 kënne mer do näischt maachen, mä mir kucken awer do och eppes bäizeginn an deene Budgeten duerno; dat wier déi Saach.

Dovunner ofgesinn, dass och deen Theater natierlech Dépassementer erlieft hat, sou wéi dat bei deenen zwee Projeten, déi haut hei um Ordre du jour sinn, och ass. An dann, denken ech, kann een eventuell och nach aner Konklusiounen aus aneren Diskussiounen zéien, wann déi sech imposéieren, an déi op Projeten transposéieren, déi op de regionale respektiv kommuna-

len Niveau passen. Wann der dat wëllt a wann dat gewënscht ass, dann denken ech schonn, dass mer do eppes géife fannen, fir och dat kënnen ze maachen; wéi gesot, wann Dir wëllt, dass de Stat an deene Projete méi agräift, déi u sech Gemengeprojete sinn.

An ech géif awer nach soen, dass ech ganz frou sinn, dass sech hei an der Chamber eng grouss Majoritéit fënnt, sou wéi ech dat bis elo héiere konnt, fir wann de Stat d'Gemengen ënnerstëtzt, sou wéi en dat hei mat dësen zwee Projete mécht, an ech well Iech dofir Merci soen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5373. Den Text steet am Document parlementaire 5373[2].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5373 ass unanime mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Paul Helminger), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Deem ass esou.

Duerf ech der Chamber folgend Propositioun maachen?

Une voix.- Mir mussen nach fir d'éischt iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Motion 1

M. le Président.- Ah jo, mir mussen nach elo fir d'éischt iwwert d'Motioun ofstëmmen. No den Aussoe vun der Madame Statssekretärin, wëllt Dir, dass mir iwwert d'Motioun ofstëmmen?

Une voix.- Ah jo!

Une autre voix.- Méi wéi jee!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat dierft guer kee Problem si fir se unzehuelen.

M. le Président.- Et ass gutt. Här Scheuer, wann ech gelift.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Also déi Motioun ass ouni Zweifel sympathesch, mir hu jo awer héieren, dass d'Regierung gewëllt ass en neie Projet ze deponéieren am Kader vun der Diskussioun vun deem dote Projet, et soll een och déi Motioun an der Kommissioun examinéieren, et wär jo schued, wa se lo géif ofgelehnt ginn.

M. le Président.- Jo, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, also déi Motioun do ass vun den Aussoen hier sou kloer wéi - op gutt lëtzebuergesch gesot - Bullettszopp, well si ass schonn honnertmol virdrun ugeholl ginn, an ech mengen dass et kee Wäert méi huet se an eng Kommissioun ze vertagen. Et ass eendeiteg a kloer wat hei verlaangt gëtt a mir hätten déi gären haut hei zum Vote wann ech gelift.

M. le Président.- Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, ech wollt soen, dass d'DP-Fraktioun déi Motioun hei ënnerstëtzt an och wäert stëmmen, well dat si just déi Fuerderungen, déi d'Madame Flesch och elo grad als mandatéierte Spriecher ënnerstrach huet. Tant mieux, wann d'Regierung relativ séier domat kënnt, dann huet se och séier dem Wonsch vun der Chamber Rechnung gedroen an dann ass dat eng Motioun, déi e Suivi kritt. Dofir géing ech dann en Appel un d'Majoritéitsdeputéierte maache se ze stëmmen, an net, wéi den Här Scheuer gesot huet, dass se géing ofgelehnt ginn. Ech fannen et soll een de Vote net préjugéieren, dat hei ass eng verstänneg Propositioun a mir wäerten déi dann ënnerstëtzen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Da komme mer zur Ofstëmmung vun der Motioun.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 38 Nee- géint 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Plusieurs voix.- Oh!

M. le Président.- Et waren 22 Jo-Stëmmen an 38 Nee-Stëmmen a keng Abstentioun. Domadder ass d'Motioun ofgelehnt.

(Interruption et hilarité)

Da wollt ech der Chamber folgend Propositioun maachen: Mir hunn de Projet de loi 5342 iwwert d'Mise en conformité vum Assainissement de l'aéroport, an de 5385, an deem et och ëm de Flughafe geet, an zwar eng Tour-radar. Ech wollt der Chamber proposéieren, dass mer déi zwee Projet-de-loien an enger Kéier diskutéieren, well et och déiselwecht Orateurë sinn, déi ageschriwwe sinn. Ech hätt folgendermoosse proposéiert: Mir huelen deen ee Rapporteur an duerno deen zweete Rapporteur an da kéime mer op d'Riednerpult esou wéi mer ageschriwwe sinn.

Sidd Der domadder d'accord?

(Assentiment)

Da ginn ech dem Rapporteur vum Projet de loi 5342, dem honorabelen Här Roger Negri, d'Wuert. Ech wëll just betounen, dass den Här Negri och Spriecher ass vu senger Fraktioun. Hie géif also och déi Zäit direkt u säi Rapport drunhänken.

Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

4. 5342 - Projet de loi sur la mise en conformité de l'assainissement de l'Aéroport

5385 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à procéder à la construction d'une tour-radar à l'aéroport de Luxembourg, y compris l'acquisition et l'installation des équipements techniques, ainsi que les aménagements extérieurs

Rapports de la Commission des Transports

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Madame Statssekretärin, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, wann een um Findel steet a schwätzt, dann denkt een net direkt un d'Biereler Baach. Et ass mer eng Éier als Rapporteur vun der Transportkommissioun de Projet de loi 5342 virzestellen iwwert d'Mise en conformité vum Assainissement vum Flughafen, wou et ganz kloer drëm geet eng ëmweltkonform, global Sanéierung vum gesamten Ofwaassersystem um Flughafenareal ze realiséieren, an dofir net zulëscht d'ëmweltkonform Sanéierung vun der Biereler Baach am sou genannte Fransousegronn an och Biereler Gronn genannt, am Dall vun der Syrëbaach Richtung Mënsbech.

Bei menger Aarbecht als Rapporteur vun dësem Projet hunn ech mech perséinlech vum schlechten ekologeschen Zoustand vum Réckhaltebaseng am Biereler Gronn am Bëreng vum Flughafen iwwerzeegt, dëst zesumme mam Flughafepersonal, wou och RTL opgeholl huet, a wou jiddfereen op der Plaz bedauert huet, dass een dee schlechte Geroch - fir elo mol hei net méi ze soen - leider net filme kann.

Dass mir dobäi och bal all festgeholl goufe wéinst deem parallellen Offlug vum Kinnek vu Jordanien duerch iergendwellech Koordinatiounsëmstänn, déi sech awer an aller Frëndlechkeet a Selbstverständlechkeet opgeléist hunn...

Une voix.- Schued, dass se lech lafe gelooss hunn.

(Hilarité)

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- …, wäert en nohaltegen Androck, a wahrscheinlech net nëmme bei mir, hannerloossen.

Ech wéilt drun erënneren, dass de Flughafenareal eng Gesamtfläch vu 451 Hektar huet an dass all Aktivitéite ronderëm de Flughafe ronn 4.700 Aarbechtsplazen ausmaachen an zu 2,7% vun eisem PIB bäidroen.

Dëse Projet vum Assainissement vum Findel huet e groussen ëmweltpolitesche Charakter. Dës Realisatioun vun insgesamt 58 Milliounen Euro erméiglecht d'Ëmwelt wesentlech manner ze belaaschten duerch Schmotzwaasser, wéi dat haut nach de Fall ass. Fir den Assainissement vum Flughafen an de Kontext ze setzen, wëll ech déi spezifesch geographesch Lag vum Findel uschwätzen.

Een Deel vum Gebitt vum Findel läit a Quelleschutzgewässer, ganz no also bei den Drénkwaasserquellen, der Quell vum Biereler Gronn an der Quell vun der Polfermillen, déi vun der Stad Lëtzebuerg exploitéiert ginn. D'Ofwaasser vum Site um Findel fléissen engersäits no Westen duerch d'Kanalisatiounsnetz vun der Stad Lëtzebuerg an d'Uelzecht an anerersäits a Richtung Osten, wéi gesot, duerch d'Biereler Baach an d'Syre.

D'Reewaasser- an d'Schmotzwaasserofféierung um Findel ass säit laange Jore problematesch, well d'Kanalisatiounsnetz iwwereelst ass. Dozou kënnt nach, dass d'chemesch Mëttelen, déi fir d'Entäisung vun de Fligere benotzt ginn, net méi weider an d'Biereler Baach an Zukunft däerfen ofgeféiert ginn.

Fir dat Ganzt elo adequat an de Gréff ze kréien, ginn déi aktuell hydraulesch Capacitéite vun de Kanalisatiounen an och déi bestoend Réckhaltebasengen net duer. Dëst wäert an Zukunft nach vill méi wichteg gi bei der Realisatioun vum Plan d'occupation du sol, oder POS ofgekierzt, oder dem Bued-emnotzungsplang, wou jo nach weider zousätzlech Flächen erschloss ginn. Aus all deene genannte Grënn besteet offensichtlech Handlungsbedarf. An dofir ass och e Plan directeur d'assainissement vum Transportministère an Zesummenaarbecht mat anere Ministèren a mat deene betraffene Servicer vun der Gemeng Lëtzebuerg opgestallt ginn.

Dëse Plan directeur ass den Objet vun dësem Gesetzesprojet. Et sinn dës insgesamt 13 verschidden Deelprojeten. Aacht dovu betreffen de Waasseroflaf a Richtung Syre an déi aner fënnef de Waasseroflaf a Richtung Uelzecht. Wat de Syre-dall betrëfft ass Folgendes virgesin: den Ëmbau vum bestoende Réckhaltebaseng vun engem Opfangvolumen vun 19.000 op 29.000 m³; de Bau vun engem Réckhaltebaseng fir d'Tarmacslandepist mat enger Capacitéit vun 8.500 m³; de Bau vun engem Kanaltrennsystem laanscht den Tarmac vun der Aerogare op enger Längt vun 330 m; d'Verstäerkung vum Ofwaasserréseau um Findel vum Tronçon Neihaischen-Schraasseg op enger Längt vun 1.800 m; de Bau vun zwee Réckhaltebasenge fir Piste mat engem Globalvolumen vun 870 m³; déi deelweis Astandsetzung an Ofdichtung vum bestoende Kanalisatiounsnetz; den Ausbau vum Drénkwaasserréseau am Beräich vum Cargocenter an eng Provisioun fir eng finanziell Bedeelegung vum Flughafen am Hibléck op eng weider spéider Extensioun vun der interkommunaler Kläranlag vum SIAS vun Iwwersiren op eng Equivalenz vu 15.000 Awunner gläichwäertend.

Wat den Uelzechtdall betrëfft ass Folgendes virgesinn: de Bau vun engem Réckhaltebaseng mat enger Capacitéit vu 650 m³ op der Tréierer Strooss; de Bau vun engem oppene Réckhaltebaseng mat enger Capacitéit vun 13.100 um westlechen Enn vun der Pist; de Bau vun engem Réckhaltebaseng mat enger Capacitéit vun 8.500 m³ fir déi nei Zon vun den Hangaren op der Sandweiler Säit; déi deelweis Astandsetzung an Ofdichtung vum bestoende Kanalisatiounsnetz en général an - zum Schluss - den Ausbau vum Drénkwaasserréseau.

De Gesamtkäschtepunkt vun dësem Projet de loi ass wéi gesot 58 Milliounen Euro, déi sech op sechs Joer verdeelen. Dësen zolitten Invest ass gerechtfäerdegt, wann een den ekologeschen, de sozialen, den ekonomeschen an net zulescht de Sécherheetsaspekt a Betruecht zitt.

Dëse Projet de loi ass den 19. Mee 2004 an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot sengersäits huet a sengem Avis vum 12. Oktober 2004 de Projet guttgeheescht, well déi geplangten Aarbechte fir den Ëmweltschutz a fir d'Entwécklung vum Flughafen dringend noutwendeg sinn. An där zoustänneger Chamberkommissioun vum Transport wëll ech déi konstruktiv Diskussiounen ervirsträichen, déi mir haten. Et ass preziséiert ginn, dass d'Facturatioun vun den Ofwaasser, déi un d'Kläranlagen vum SIAS zu Iwwersiren a vun der Stad Lëtzebuerg fléissen, nom Prinzip vum Pollueur-payeur gemaach gëtt. Et ass och festgehale ginn, nodeem dass verschidde Froen diskutéiert waren, dass d'Infrastrukturen um Flughafen dem Lëtzebuerger Stat gehéieren, an dass doduerch d'Käschte vun dësem Assainissementsprojet vum Statsprojet gedroe ginn.

Als Rapporteur vun dësem Projet hunn ech awer feststelle missen, dass de Budget, deen am Planning vum Projet de loi fir d'Joer 2005 festgehalen ass, 16 Milliounen Euro virgesäit an domat net mat den Zuelen, déi am Projet vum Statsbudget vun 2005, wou 2 Millioune stinn, iwwerenee stëmmt.

Ech hunn an der Kommissioun meng Bedenken iwwert d'Anhale vum Planning vun net méi wéi sechs Joer ugemellt, wéinst der Dréinglechkeet vum Projet. Mir wäerten all zesummen deen noutwendegen Equiliber sichen a fannen, tëschent deene finanziellen an deenen ekologesche Contrainten.

Vun deenen 13 eenzelne Projeten, déi de Plan directeur bëinhalt, ginn der véier co-finanzéiert, an zwar een zesumme mat der Kläranlag vum SIAS, ee mat der Gemeng Sandweiler an déi zwee aner mat der Cargolux. De Käschtepunkt vun deene véier verschiddene Projeten, déi co-finanzéiert ginn, sinn am Gesamtbudget vun deenen 58 Milliounen Euro mat abegraff.

Et wär gutt gewiescht, wann déi entspriechend Konventioune mat deene betraffene Partner elo scho bekannt wieren. An dësem finanzielle Volet wëll ech nach eng Kéier erwähnen, dass an dësem Projet eng Provisioun virgesinn ass, fir eng zukünfteg finanziell Bedeelegung vum Flughafen un de spéideren Ausbau vun der Kläranlag vum SIAS bei Iwwersiren. Dëse Projet ass an der Transportkommissioun unanime ugeholl ginn, an dofir wëll ech hei all deene Leit, déi dozou bäigedroen hunn, wierklech Merci soen.

Als Spriecher vun der LSAP-Fraktioun wëll ech nach eng Kéier ganz kloer soen, d'Realisatioun vun deene geplangten Investitiounen um Flughafe verhënnert, dass beschmotztend Waasser an d'Grondwaasser komme kann. An der Wanterzäit wéi elo gëtt d'Iwwerflächewaasser besonnesch belaascht, wann d'Tarmacpiste mat Entdeeungsmëttelen an d'Fligere mat Entäisungsproduitë behandelt ginn. Déi staark belaaschten Iwwerflächewaasser, déi bis elo zum Deel duerch de Fransouse Gronn an d'Biereler Baach gefloss sinn, ginn an Zukunft duerch d'Realisatioun vun deenen zwee geplangte

Projeten, engersäits Réckhaltebasengen an anerersäits Trennsystem fir de ganze Flughafen, separat opgefaangen an ausschliesslech an der Kläranlag vum SIAS zu Iwwersiren behandelt. Dës Mesurë si vun enormer Wichtegkeet, well doduerch verhënnert gëtt, dass Schmotzwaasser an déi ganz sensibel Drénkwaasserquelle vum Biereler Gronn a vun der Polvermille komme kann.

Ech wëll och nach op eng Verbesserung a puncto Sécherheet hiweisen, notamment duerch déi nei sou genannte „prises rapides" an duerch d'Verstäerkung vum Drénkwaassernetz, fir an engem Brandfall direkt an efficace kënnen ze reagéieren.

Eise leider vill ze fréi verstuerwene Kolleeg Marc Zanussi huet den 30. Mäerz vun dësem Joer eng parlamentaresch Ufro gestallt, fir op déi gravéierend Problemer hinzeweisen, déi et um Findel gëtt am Kader vun der Veerschmotzung vum Waasser an op de katastrophalen Zoustand vun den Infrastrukturen. Dëse politesche Verstand vum Marc verdéngt et hei ënnermauert ze ginn.

Här President, Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, all dëst ënnersträicht déi enorm Wichtegkeet um ekonomeschen an um soziale Plang, deen de Flughafe fir eist Land huet. Fir dass d'Entwécklung vum Flughafen um Findel am Aklang mam Ëmweltschutz an Zukunft ka bestoen, ass d'Realisatioun vun dësem Projet dringend noutwendeg. An deem Sënn wëll ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Mir géifen dann elo de Rapporteur héiere vum Projet de loi 5385, den Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Negri huet virdu scho gesot, wéi wichteg de Flughafe Findel fir eis Wirtschaft a fir eisen Aarbechtsmaart ass. Ech wëll nach dobäi fügen, datt et och ganz wichteg fir eisen Tourismus ass, besonnesch de Geschäftstourismus, wann ee weess datt bal 80% vun de Volen, déi um Findel sinn, kommerziell Volë sinn, a 16% vun de Volen nëmme Cargosvolë sinn.

De Projet 5385, dee mir elo hei zur Ofstëmmung hunn, betrëfft, wéi säin Intitulé et seet, de Bau vun engem neie Radartuerm um Flughafen, an dozou gehéiert natierlech och d'Uschafung vun enger Rëtsch techneschen Equipementer, an och déi baussegt Aménagementer. Dat heescht bausse vum Radartuerm kënnt eng Sécherheetszon vun 38 op 35 Meter, wou nëmmen autoriséiert Persounen däerfen eran.

Fir d'Sécherheet an der Loftfahrt a méi spezifesch fir d'Sécherheet vun eisem Loftraum ze garantéieren, muss eise Flughafen um neitste Stand vun der Technik sinn, an e muss natierlech och déi nei international Norme vun Eurocontrol anhalen. De Bau vun engem neie Radar um Findel ass also onëmgänglech, well mer eben déi nei Norme vun Eurocontrol virgeschriwwe kruten.

Zousätzlech Fakte vläicht, firwat mer deen neien Tuerm bauen, erkläre sech doduerch, datt d'Bäibehale vun deem alen Tuerm géing verhënneren, datt verschidde baulech Moossnamen nach kënnen um Site vum Flughafen duerchgeféiert ginn, zum Beispill wa mer endlech eng Hal kréien, wou déi grouss Fligere kënne ganz era geparkt ginn, fir reparéiert ze ginn; well et muss ee wëssen, datt hautdësdaags nach déi Fligeren do gefléckt ginn, datt d'Halschent vum Fliger baussen ass, a bei dësen Temperaturen, mengen ech, ass dat net ëmmer esou einfach.

De Site, wou deen neie Radartuerm gebaut soll ginn, ass dee wou am Fong e ganz ale Radar fréier stong, wéi deen aktuelle Radar 1992 a Betrib komm ass. D'Lag vun dësem Site ass iwwregens vum Büro NAVCOM a senger Etüd mam Titel „Repositioning of Luxembourg Radar" vum Februar 2002 als optimal agestuuft ginn.

Här President, wat de baulechen Aspekt vun dësem neien Tuerm ugeet, ass ze soen, datt d'Gebai aus dräi Deeler besteet. Am ënneschten Niveau an enger Héicht vu 4,5 Meter mat engem Volume vun 1.450 m³ ass d'Entrée dran, den Accès zum Trapenhaus, zum Lift, technesch Raim, an och nach Lagerraim, an d'Raimlechkeete fir d'Transformatoren.

De mëttleren Niveau, dat ass am Fong deen Deel, deen herno den Tuermkapp dréit. Do ass nëmmen d'Trapenhaus an de Lift dran.

Da gëtt et nach den ieweschten Niveau. Dat ass am Fong dee wichtegsten. Den technesche Stack, kënnt een deen nennen. Deen ass op enger Héicht vu 37 an 42 Meter an do ginn dann och all déi technesch Radarinstallatiounen ubruecht.

De Käschtepunkt vun dësem Projet betrëfft 11,6 Milliounen Euro an d'Bauzäit 28 Méint. Vläicht zwou Prezisiounen zum Käschtepunkt. De Bau vum Gebai selwer, déi dräi Deeler, déi ech elo genannt hunn, sinn ouni TVA 1,8 Milliounen Euro an dee groussen Deel vun dësem Invest, 8,2 Milliounen Euro ofgerënnt, geet an technesch Equipementer.

Här President, erlaabt mer nach e puer Wuert ze verléieren iwwert déi konstruktiv Diskussiounen, déi mer an der Transportkommissioun haten. D'Dérogatioun zum Artikel 12b vum Marchés-publics-Gesetz, déi am Artikel 3 vum Projet virgesinn ass, erkläert sech doduerch, datt de maximalen Délai vun dräi Joer, deen am Artikel 12b steet, méiglecherweis net agehale ka ginn, well zu deenen 28 Méint Bauzäit vum Radartuerm kommen och nach ongeféier sechs Méint dobäi fir d'Mise en fonction vun deenen neien Ariichtungen.

An der Kommissioun ass och ee Moment Rieds gaang, fir de Gesetzestext ze amendéieren, an zwar hu mer iwwert d'Installatioun vun engem neie Buedemradarsystem diskutéiert, an zwar net an deem neien Tuerm, mä an deem aktuellen Tuerm. Well et awer esou wichteg ass, dass mer schnell virukommen an dass mer esou séier wéi méiglech en neie Radar kréien, huet d'Kommissioun verzicht, well dat hätt eis an där ganzer Prozedur verzögert.

Wat den héije Käschtepunkt ubelaangt vun dësem neie Radar, huet d'Kommissioun ënnerstrach, dass et noutwenneg ass eis Equipementer ze moderniséieren, an eng Ursaach, firwat dat relativ deier ass, hu mir erkläert kritt, ass doduerch entstanen, dass op deem Marché vu Radaren net vill Konkurrenz ass, dass et nëmmen e puer Ubidder ginn, an dofir déi héich Präisser, voilà.

Här President, ech hunn elo puer Grënn opgelëscht, firwat et wichteg ass, mengen ech, dëse Projet ze stëmmen. Ech wollt Iech an och der Audienz hei soen, dass meng Fraktioun dëse Projet selbstverständlech stëmme wëllt.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Angel. Als éischte Riedner zu deenen zwee Projeten ass den Här Marco Schank ageschriwwen. Dir hutt d'Wuert, Här Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dann e puer Sätz zum Projet 5342 iwwert den Assainissement vum Flughafen, vum Findel. Fir d'éischt wollt ech mengem Kolleeg Roger Negri Merci soe fir deen ausféierleche schréftlechen a virun allem och mëndleche Rapport, dat mécht mir d'Saach e bësselche méi einfach.

Mir hunn dee Projet haut um Ordre du jour fir gréng Luucht ze ginn, fir den Assainissement vum Flughafen duerchzezéien, dat heescht d'Sanéierung vum Ofwaassernetz, wat net esou einfach ass, well déi Ofwaasserproblematik um Flughafen eng duebel ass, engersäits insgesamt d'Infrastrukture fir d'Ofwässer ze evakuéiere verbesseren an anerersäits och d'Drénkwaasserversuergung optiméieren.

Vum Käschtepunkt ass scho geschwat ginn. Den héije Käschtepunkt ass bedéngt duerch déi ausserge wéinlech Konfiguratioun vun deem Ofwaassersystem um Findel. Et handelt sech net nëmmen ëm een eenzege Réseau, et si gläich zwee Réseauen oder zwee eegestänneg Leitungsnetzer, engersäits am Osten d'Ofwaasser via Biereler Baach a wou se an d'Syre geleet ginn, an am Westen, wou dann den Ofwaasserréseau dee vun der Stad Lëtzebuerg benotzt an d'Uelzecht.

Do kann een dobäi soen - dat ass och schonn deelweis ernimmt ginn -, datt d'Stad Lëtzebuerg amgaangen ass hire Système séparatif ze renforcéieren op zwou Plazen, notamment direkt un der N1 Richtung Neiduerf a virun allem och am Val de Hamm. Déi Ofwaasser ginn dann an de Kläranlage laanscht d'Uelzecht respektiv an der Kläranlag vun Uewersiren sanéiert; op déi verschidden technesch Baumoossname ginn ech net weider an, dat huet de Rapporteur detailléiert gemaach.

Vläicht eppes zur Fro, firwat déi Sanéierung effektiv esou noutwendeg ass wéi de Rapporteur dat ënnerstrach huet. Dat huet verschidde Grënn, virun allem zwee Grënn. Den aktuellen Zoustand vum Kanalisatiounsréseau um Flughafen ass schlecht, ëmsou méi well déi éischt Ofwaasserkanäl schonn an de 50er Joren, respektiv Ufank der 80er Jore gebaut goufen, also Infrastrukturen, déi selbstverständlech net éiweg halen. Dann den héijen Alter, de Gros vun de Kanalisatiounsleitungen ass nun ebe baufälleg an dat bréngt da mat sech, datt nëmmen een Drëttel am Fong vun deenen Ofwässer iwwert d'Réseauen ofgeleet ginn, also am Kloertext zwee Drëttel vum Ofwaasser sickeren dann duerch Lächer, duerch Rëss an der Kanalisatioun direkt ongerengegt an de Buedem respektiv verdonsten deelweis duerch d'Hëtzt am Summer.

A vu datt et sech net nëmmen ëm onbelaaschtent Ofwaasser hei handelt, besteet d'Gefor, eng reell Gefor vun der Belaaschtung vun der Ëmwelt ronderëm de Flughafen, domat d'Gefor fir d'Gesondheet vun de Leit insgesamt, déi do schaffen, déi do wunnen, an dat ass also alles keen idealen Zoustand. Et ass och scho vum Rapporteur gesot ginn, datt dobäi kënnt, datt ronderëm de Flughafen ee Quelleschutzgebitt ass, wou d'Stad Lëtzebuerg notamment am Biereler Gronn, respektiv op der Polfermillen Drénkwaasser bezitt.

Dann ass och drop higewise ginn, datt d'hydraulesch Capacitéit vun där separater Kanalisatioun vun der Stad Lëtzebuerg limitéiert ass, well déi och eng Partie vum Reewaasser opfänkt, an d'Problematik gëtt däitlech duerch dëse Projet entschäerft. Dat ass de Grond, firwat datt mer dee Projet um Ordre du jour hunn. Dobäi kënnt eben, datt dee komplette Kanalisatiounsréseau um an och ronderëm de Flughafen an d'Rei gesat gëtt.

Deen zweete Grond vun där Problematik ass deen, datt d'Evakuatioun vum Iwwerflächewaasser am Wanter, an dat ass och schonn ugedeit ginn, de Problem vun dem Wanterdéngscht um Tarmac selwer, awer och vum Entäise vun de Fligeren, vun den Tragfläche virun allem, och do leeft dat Waasser quasi onbehandelt bis elo an d'Biereler Baach a Richtung Syre, zumindest dee gréissten Deel. An Dir kennt dat, datt d'Pisten, d'Fligere mussen eben aus Sécherheetsgrënn entäist ginn, an ech hunn nogefrot, d'Ponts et Chaussées maachen dat jo um Findel fir d'Luxair, fir de Flughafen, a viru kuerzem si se awer vu Glykol an Harnstoff erof gaangen, déi sinn ersat ginn duerch Produiten, déi éischter biodégradabel sinn. Dobäi kënnt, datt awer nach wie vor fir d'Fligere selwer eng Mëschung vu Glykol a waarmem Waasser gebraucht gëtt.

Bäi Glykol, do gëtt gesot, dat wier biologesch ofbaubar. Dat ass wuel zum Deel esou, selbstverständlech ginn awer ganz grouss Quantitéite Sauerstoff gebraucht, wann deen Ofbauprozess leeft, dat ass also fir eng Baach, wou dat eraleeft, selbstverständlech net gutt. Da kënnt dobäi, datt vill Flëssegkeet gebraucht gëtt. Et gëtt gesot, datt fir e grousse Fliger bis zu 1.000 Liter däers Gemësch do gebraucht gëtt, wat jo eng enorm héich Quantitéit ass.

Gutt, fir all deem entgéintzewierken, ginn dann och Réckhaltebecke gebaut, wou dat Uewerflächewaasser vun de Piste ka gesammelt ginn an da kontrolléiert a Richtung Syre ofgeleet ka ginn, respektiv an de Kläranlage fach- an ëmweltgerecht entsuergt gëtt.

Da sollen och Réckhaltebecke gebaut gi fir Problemer, déi um Site selwer entstinn, zum Beispill wann Uelech oder Kerosin ausleeft, fir deene Geforen entgéintzewierken, oder och wann et eng Kéier zu engem Accident géif kommen, wat mer net wënschen, datt Läschwaasser kann opgefaang ginn. An de Kontext vun der Sanéierung vum Flughafen, dat hunn ech virdru gesot, gehéiert och d'Drénkwaasserverbesserung, dat heescht d'Verleeë vun neie Waasserleitunge laanscht d'Start- an d'Landepiste fir d'Méiglechkeet vun der Brandbekämpfung effektiv ze hunn.

Et ass och scho vum Rapporteur gesot ginn, datt déi problematesch Situatioun do am Fong verstäerkt gëtt duerch dat, wat duerch de POS nach soll dobäikommen. Dir wësst, datt eng Zone à caractère tertiaire geplangt ass, datt eng Zone différée nach geplangt ass, datt geplangt ass en neien Hangar fir d'Cargolux ze bauen, eng nei Plattform fir d'Fligeren ze stationéieren. An do ass dann och meng Fro un de Minister, deen eventuell weess vu sengem Kolleeg Landesplanungsminister, wou den Dossier drun ass - ech weess, datt en den Ament am Ministère läit zur Begutachtung. An déi zweet Fro an deem Kontext, wou de Kommodo drun ass an deemselwechten Zesummenhank.

Mir hunn e Projet de loi virleien, et ass gesot ginn, e Plan directeur d'assainissement ass ausgeschafft gi mat alle Partner, wat ech och begréissen, wou d'Stad Lëtzebuerg hir Responsabilitéit iwwerholl huet, den Transportministère an aner concernéiert Acteuren. Vum Käschtepunkt ass och geschwat ginn, ech wollt kuerz dozou soen: De Stat iwwerhëlt 100% vun deenen 58 Milliounen Euro. De Grond dofir ass, datt de Flughafen e ganz wichtegen ekonomesche Facteur fir Lëtzebuerg bedeit. Et ass net virgesinn, datt d'Utilisateure vum Flughafen sech direkt un den Investissementer, elo un den Infrastrukture bedeelegen, mä et ass awer och ganz kloer esou, datt déi Utilisateure Loyer bezuelen, respektiv Redevancë bezuele fir entspriechend Servicer an Infrastrukturen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun der Importenz, der Noutwendegkeet vun deem Projet, déi de Rapporteur och nach eng Kéier däitlech gemaach huet, am Kontext Ekologie, am Kontext Entwécklung och vum Flughafen, och vun der Gesondheet vun de Leit, déi do wunnen a schaffen, stëmme mer selbstverständlech als Fraktioun dee Projet an ech ginn och eisen Accord fir deeselwechte Projet.

Dann nach e puer Sätz zum Projet de loi 5385, de Projet de loi iwwert de Bau vun engem Radartuerm um Flughafen. Do wollt ech dann och dem Kolleeg Marc Angel Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Dir wësst, an do brauch ech net wäit auszehuelen, datt net nëmmen op de Stroossen de Verkéier zouhëlt vun Dag zu Dag, mä datt en eben och iwwer eise Käpp zouhëlt. Wann een déi lescht Zuelen aus dem Aktivitéitsbericht vun dem Transportministère kuckt, da gesäit een och däitlech, datt an engem Zäitraum vun zéng Joer, vun 1994 bis 2003, d'Zuel vun de Mouvementer um, an et kann een deelweis och soe ronderëm de Flughafen zu Lëtzebuerg ëm méi wéi 20.000 Unitéiten eropgaangen ass, bis haut 91.800 Bewegungen.

Dat ass an deene leschten zéng Joer eng Steigerung vun 22% an et ass kloer, dass et sech net nëmmen ëm Mouvementer handelt, wou gestart a wou gelant gëtt, mä datt eben och kleng Fligeren an Helikopteren an esou weider do ronderëm fléien an eben och déi lokal an international Flugbewegungen insgesamt. Et kënnt derbäi, datt d'Fligerflott souwuel vun der Cargolux wéi och vun der Luxair wiisst a mir wëssen alleguerte ganz genau, datt d'Flugbewegungen an Zukunft net wäerten ofhuelen, mä au contraire zouhuelen.

Da gëllt et natierlech dee Verkéier, deen et elo scho gëtt an der Loft an deen nach zouhëlt, a sécher Bunnen ze leeden, an dofir brauch de Flughafen nun eemol e performanten, e modernen Iwwerwaachungssystem, a mir hu schonn héieren, de jëtzege Radar um Findel ass zënter 1992 operationell an huet seng maximal Capacitéiten däitlech erreecht an entsprécht eben och net méi deenen neien technesche Normen, déi gefuerdert ginn, déi virun allem ab der zweeter Halschent 2005 vun Eurocontrol verlaangt ginn.

Dee Projet, dee mer also haut de Mëtteg wäerte stëmmen, gesäit vir e ganz neie Radartuerm um Findel ze bauen, équipéiert mat performanten, héich sensibele Geräter, déi um leschte Stand vun der Technik sinn. Deen neie Radar dréit sécher dozou bäi, fir eben d'Sécherheet am Flugverkéier ze assuréieren, fir d'éischt emol, a virun allem och insgesamt ze verbesseren.

De Rapporteur huet et gesot, deen aktuelle Site vum Tuerm konnt eigentlech net bäibehale ginn, dat wier wuel e gutt Stéck méi bëlleg ginn, dat war awer net méiglech, well en dann déi zukünfteg Infrastrukturprojeten an der Enceinte vum Findel hypothekéiert hätt. De Bau vun deem neie Radartuerm ass net nëmmen noutwendeg fir d'Sécherheet an eisem nationale Loftraum, en dréit och eben anere verschidde Missioune Rechnung, wéi mer se vun der internationaler Organisatioun fir déi zivil Loftfahrt, der OACI, operluecht kruten.

De Service du Contrôle de la Circulation aérienne huet deemno net nëmmen als Missioun eisen nationale Loftraum ze iwwerwaachen, dat heescht also ënner anerem d'Starter an d'Landungen um Findel, mä en ass och verflicht d'Sécherheet vum ganzen Transitverkéier an eisem Loftraum bis 4.500 Meter ze assuréieren. Wann d'Flughéicht méi grouss gëtt, also vu 4.500 Meter u bis 8.000 Meter, gëtt d'Iwwerwaachung vu Belgocontrol assuréiert, an all Vol doriwwer eraus, iwwer 8.000 Meter, do ass et dann Eurocontrol, déi fir d'Iwwer-

waachung responsabel sinn. A fir datt eben d'Koordinatioun och klappt zwëschent deene verschiddenen Unitéiten do, ass deen neien Tuerm wichteg, dat heescht sinn déi nei standardiséiert technesch Norme wichteg, an déi ginn eben duerch deen neien Equipement dann och geleescht.

Ab 2005 mussen all Programmer, all Installatioune geännert ginn, well wéi gesot Eurocontrol nei technesch Normen definéiert huet, an dësem Ëmstand gëtt selbstverständlech duerch de Bau vun deem neien Tuerm Rechnung gedroen. Dat neit Material, eleng dat technescht Material, muss an enger Héicht vun 8,2 Milliounen Euro ugeschafe ginn an de Gesamtkäschtepunkt vum Projet, et ass gesot gi vum Rapporteur, beleeft sech domat op 11,6 Milliarden Euro, wou dann de Bau vum Tuerm selwer vläicht dee méi klengen Deel ass.

Elo kann een driwwer streiden a soen, datt dat awer deier Equipementer sinn, mä ech mengen et ass müsseg do ze streiden, well d'Sécherheet vun de Flugpassagéier a virun allem och d'Sécherheet vun de Leit um Buedem sinn dee Präis do definitiv wäert. Dofir wollt ech ofschléissend, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, soen, datt mir als CSV-Fraktioun deem Projet selbstverständlech wäerten eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Den nächste Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den Här Paul Helminger. Här Helminger, Dir hutt d'Wuert.

M. Paul Helminger *(DP)*.- Jo, Här President, Kolleegen, wann ee méi spéit schwätzt, da brauch een net méi gradesou vill ze soen, besonnesch wann et ëm Projete geet, déi jo mat grousser Wahrscheinlechkeet hei mat enger ganz grousser Majoritéit wäerte gestëmmt ginn.

Och ech freeë mech, datt déi Projeten elo hei zur Diskussioun an zum Vote ustinn. Et si Projeten, déi nach vum Virgänger vum jëtzegen Transportminister op den Instanzewee geschéckt gi sinn an op déi mer eng ganz Zäitche gewaart hunn. Mir si frou - wann ech elo meng Stater Kap ee Moment däerf undoen -, datt, grad just wat elo d'Ofwässer ubelaangt, mer do net nëmmen eis Quellen am Biereler Gronn an an der Polfermille besser géint d'Pollutioun geschützt kréien, mä datt mer och déi Ofwässer, déi soss nach vum Flughafen an eise Réseau vum Kanal eralafen, e bësse méi propper kënnen iwwerhuelen an dofir och manner Problemer domat hu fir se dann ze entsuergen.

Ech géing just an deem Zesummenhank op eppes opmierksam maachen, wat de Rapporteur, den Här Negri, deem ech iwwregens fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport och wéilt villmools Merci soen, schonn ugerass huet, dat ass d'Fro vun de Suen. Hei hu mer et jo mat engem Projet ze dinn, deen 58 Milliounen Euro insgesamt soll sinn, dee wuel sech bis 2010 soll erstrecken, mä wou mer awer da feststellen, datt vun deene 16 Milliounen, déi eigentlech virgesi ware fir d'nächst Joer, sech der am Budget nëmmen nach zwou Milliounen erëmfannen, an do ass och eng kleng Onkloerheet, well am Commentaire des articles zum Budget geet awer nach ëmmer vun 12 Millioune Rieds. Do géing ech nawell gäre vum Transportminister wëssen, wat dann elo déi Ziffer ass, déi effektiv am Budget fir 2005 virgesinn ass; wéi vill Sue mer fir dee Projet, op dee mer alleguerte gamsen, dann elo ausgi kënnen.

Deen zweete Projet, do soen ech dem Här Angel Merci fir säi Rapport, dat ass deen neie Radartuerm. Och do brauch ech net ze widderhuele wourëmmer et geet. Ech muss allerdéngs och do feststellen, datt jo laut Eurocontrol mer fir déi zweet Halschent 2005 eigentlech misste fäerdeg sinn. Bon, et ass scho gesot ginn, datt mer deen Délai an aller Wahrscheinlechkeet net kënnen anhalen, mat där Zäit déi et nun ebe brauch fir deen neien Tuerm ze bauen, mä da verwonnert een trotzdeem, wa fir d'nächst Joer awer och do nëmmen 1,5 Milliounen am Budget stinn, woubäi de Gesamtkäschtepunkt sech jo awer op iwwer 11 Milliounen Euro beleeft. Och do hätt ech nawell gären, datt den Transportminister eis kënnt e Wuert Erklärung ginn, wéi en da gedenkt awer einegermoossen an deem Zäitraum ze bleiwen, dee mer eis do virgeholl hunn.

Ech soen Iech Merci. Bien entendu wäert eis Fraktioun déi zwee Projeten do stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Helminger. Den nächste Riedner ass den Här Felix Braz. Dir hutt d'Wuert, Här Braz.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Déi lescht Joren ass vill iwwert de Findel geschwat ginn, och vill kontrovers, notamment am Kader vum Ausbau. Et ass och oft vill Zäit an Energie domadder verwennt ginn, fir sech Gedanken ze maachen iwwert den Aspect extérieur vum Findel, iwwert d'Gebailechkeeten, déi nei Aérogare. Dat wier eng Visitëkaart vum Land, den éischte Kontakt fir vill Leit, wa se op Lëtzebuerg kommen. Dat ass déi eng Diskussioun.

Mir hunn awer eng zweet Diskussioun, déi während Joren a Jorzéngten offenbar net vill Leit interesséiert huet a mat Momenter scho bal skandaléis Proportiounen ugeholl hat, dat ass d'Aart a Weis vun der Behandlung vun dem Uewerflächewaasser um Findel, wat do während Joren a Jorzéngten an d'Baachen, an d'Biereler Baach an erof bei d'Polfermille gelaf ass; dat ass eigentlech komplett inakzeptabel. An dëse Projet, deen haut endlech an der Chamber ass, dee wäerte mir och dofir stëmmen. Do si Leitungen, déi am Buedem leien, déi nach zréckginn op d'Ouverture vum Findel viru Jorzéngten. Den Zoustand, an deem et deelweis ënnert dem Tarmac ausgesäit, dat ass „oben hui, unten pfui", wann Der mer deen Ausdrock géingt erlaben.

Mir wäerten also dee Projet do stëmmen, well en déi Problematik do endlech enger Léisung wäert zouféieren, och wa verschidde Froen am Moment awer nach am Raum stinn; déi sinn och schonn deelweis gestallt ginn. Den Här Minister wäert, huelen ech un, drop kënnen äntwerten, wéi et beispillsweis mam Respekt vun den Délaien ass.

Am Gesetz ass virgesinn, dass dee Projet mat engem bestëmmtene Rhythmus soll kënne weidergoen, mä d'Finanzementer an d'Kreditter sinn am Moment nach net assuréiert. Do gëtt et widderspréchlech Zuelen, déi eng, déi am Budget stinn, an déi, déi awer laut Planning vum Projet misste fir 2005 do sinn. Ech hoffen, dass den Här Minister eis do kann Auskunft driwwer ginn, mat wéi enger Vitesse dann dëse Projet och elo nom Vote wäert kënnen exekutéiert ginn. E kritt jo elo duerch de Vote gutt Argumenter fir nach eng Kéier bei de Finanzminister ze goen an ze streiden; eppes wat en och bei der Eisebunn nach méi wéi eng Kéier wäert brauchen, mä doriwwer hu mer scho geschwat.

D'Dissonanzen tëschent deenen eenzelne Leit aus der Majoritéit waren déi lescht Wochen net ze iwwerhéieren. Wann ee liest, wat am Regierungsprogramm am August veröffentlecht ginn ass, an elo héieren huet, wat de Budgetsrapporteur elo am November presentéiert huet, an dann een erëm déi lescht Woch dem Budgetsminister nogelauschtert huet, da weess een net méi richteg, wou een drun ass. Jo, et kann ee schonn duerchernee ginn.

Wann een dann och nach héiert, wat eenzel Mandatairë vun de Majoritéitsparteien a Saache Steier- a Sozialpolitik zum Beschte ginn, da ka vu kohärenter Politik keng Rieds méi sinn.

Ech ginn lech e puer Beispiller. Den Här Mosar, deem seng Propos eis sympathesch ass, wëll d'Betribsbesteierung erofsetzen, fir esou méi e kompetitiivt Ëmfeld fir d'Betriber ze schafen, respektiv mat der Entwécklung op anere Standuerter Schratt ze halen. D'Steiersätz sollen erof andeems d'Abattementen ofgeschaaft an d'Base d'assiette verbreedert gëtt. Den Här Frieden par contre huet domadder seng Problemer a läit dann och éischter erëm op der Linn vun der Regierungserklärung, dee kee grousse Spillraum fir Steiererliichterungen zouléisst.

Den Här Frieden kënnegt d'Ofschafung vun der Verméigenssteier un. Ëmmerhi gouf dat esou am Regierungsaccord festgehalen. Trotzdeem geheit den Här Bodry, Parteipresident vun der LSAP, him vir, dat wier en Alleingang. Den Här Frieden „fait cavalier seul", soll den Här Bodry am „Jeudi" gesot hunn.

Datselwecht Gedeessems gëtt et jo schonn, zanter dës Koalitioun ugetrueden ass, ëm d'Finanzéierung vum Forfait d'éducation, der sou genannter Mammerent. Och wa virun de Wahle kee Wuert dovunner ze héiere war, setzt sech de Statsminister an de Koalitiounsverhandlungen duerch. D'Mammerent soll deemnächst iwwert d'Rentekeese finanzéiert ginn. Gewëssen Deputéierten aus der Majoritéit hu sech domadder, wéi mir fannen zu Recht, net offonnt a wëlle grad an dësem Punkt eng konstruktiv Oppositioun maachen. Ech kann lech verspriechen, déi zéng Deputéierte vun der Demokratescher Partei maachen dat säitdeem de Koalitiounsaccord veröffentlecht ass a wäerten an hire Beméiungen net noloossen.

Da gëtt et eng Regierungspartei, déi ugetruede war, fir den öffentlechen Transport gratis unzebidden.

(Interruption)

Elo, an dat ass wahrscheinlech nëmme fir d'LSAP baschten ze dinn, wëll de Laurent Mosar, datt d'Präisser bei Bus a bei Bunn eropginn. Den Här Mosar an den Här Frieden hu sech alle béid mat der Eegendynamik vum Sozialbudget ausenaner gesat. Si wëllen d'Ausgaben an dësem Beräich stabiliséieren. Dat heescht d'Ausgabe vum Sozialbudget wäerte plafonéiert ginn. Esou hunn ech dat mol interpretéiert. Wann d'Regierung dat wëll maachen, a si huet et jo och schonn déi lescht Woch hei ugekënnegt, da sinn ech mol gespaant wat net nëmmen hei am Haus, mä och dobaussen am Land lass ass. Da wäert sech weisen, awéiwäit d'Gemeinsamkeeten tëschent de Koalitiounsparteien nach droen.

Den Tanktourismus géing dem Land dausend Milliounen Euro, eng Milliard Euro also, d'Joer erabréngen. Kyoto kéint bis zu 30 Millioune kaschten. Trotzdeem wëll de Parteipresident vun der LSAP an engem Interview mat der Revue den Tanktourismus stoppen. Mir si gespaant, wéi d'LSAP de Verloscht vun 970 Milliounen Euro wëll géigefinanzéieren.

Dëst Tohuwabohu huet natierlech néfaste Konsequenze fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. D'Betriber brauche kloer Virgaben. Si musse wëssen, wou se dru sinn, wa se wëllen investéieren. Si musse wëssen, wat op se duerkënnt, wa se wichteg Décisiounen ze huelen hunn. Dat ass mat dëser Regierung net méiglech. An och d'Bierger vun dësem Land wëlle wëssen, wat fir eng Regierung se dann elo gewielt hunn. Virun de Wahle wollt een net kloer soen, wou et géing higoe mat CSV an LSAP. Elo, sechs Méint no de Wahlen, ass dat nach ëmmer net ganz kloer. D'Mammerent, d'Betribsbesteierung, de Sozialbudget, den Tanktourismus, den öffentlechen Transport: D'Demokratesch Partei huet zu all dëse Punkten eng kloer Positioun.

Jo, och mir wëllen eng Diskussioun iwwert d'Betribsbesteierung. Eng Analys, wat fir e Mix aus Steiersaz, Base d'assiette an Abattementen eise Betriber am internationale Wettbewerb am Beschten déngt. Jo, mir sinn, wéi et an eisem Wahlprogramm nozeliesen ass, fir d'Ofschafung vun der Verméigenssteier bei gläichzäiteger Aféierung vun enger Retenue à la source délibératoire vun 10% op d'Akommes aus dem Kapital vun de Résidenten. Mir mengen, datt dat d'Leit dozou ka bewegen hire Wunnsëtz op Lëtzebuerg ze verleeën, hiert Verméigen hei unzeleeën an d'Akommes doraus hei ze versteieren, nei Clientë fir eis Bankplaz an nei Recettë fir de Stat. Mir stinn, an ech hunn et gesot, zu deem Accord, deen um Rentendësch 2002 getraff gouf, a wëlle weiderhin de Forfait d'éducation aus dem Statsbudget bezuelen.

Mat där vum Rapporteur a vum Budgetsminister lassgetréppelter Diskussioun iwwert d'Stabiliséierung vum Sozialbudget soll eiser Meenung no dann nach just den Terrain preparéiert ginn, fir d'Mammerent an Zukunft net iwwert de Statsbudget, mä iwwert d'Rentekeesen ze finanzéieren.

Mä mat eis gëtt den öffentlechen Transport och net gratis. Villméi si mer der Meenung, datt prioritär soll an d'Offerte investéiert ginn, a wa sech eng Käschtefro stellt, da fir d'éischt déi, wéi mat beschränkte finanzielle Mëttel déi beschten Offerte fir de Passagéier kann erreecht ginn. An d'Demokratesch Partei ass net bereet mir näischt dir näischt op d'Recetten aus dem Tanktourismus ze verzichten. Mir brauchen eng national Kyoto-Strategie, e Mix aus verschiddene Mesuren, wéi der Förderung vun alternativen Energien, dem Aspuere vun Energie, dem Akafe vun Emissiounszertifikater; eng Strategie, déi mir trotz der Schafung vun engem Kyoto-Fong bei dëser Regierung net erkenne kënnen.

An der Steierfro hu mer eis kloer festgeluecht. Keng Erhéijung vun der Gesamtsteierlaascht. Mir hätten d'Steiertabell un denIndex ugepasst an der Erhéijung vun der TVA um Spritt an op den Zigaretten nëmmen zougestëmmt, wann op där anerer Säit eng kloer Entlaaschtung vun de Bierger domadder finanzéiert gi wär.

Mir sinn elo sechs Méint no de Chamberwahlen an et verwonnert mech, datt all déi Propose vun den Häre Mosar a Frieden virun de Wahlen net ze héiere waren. Obschonn d'Tënt ënnert dem Koalitiounsaccord nach net dréchen ass, si gutt Deeler nach just Schnéi vu gëschter. Wat ass dann zanter dem Juni an dem Dezember 2004 hei zu Lëtzebuerg geschitt, datt op eemol esou villes a Fro gestallt gëtt? Ech hat ëmmer gemengt an enger Demokratie géing et drëms goe fir d'Problemer an d'Léisungsvirschléi virun de Wahle kontrovers ze diskutéieren, dann opgrond vum Wahlresultat a vun de Wahlprogrammer e Regierungsprogramm opzestellen. Dat war emol. Haut ass de Wahlkampf nach eng Show. Déi eng sinn op Tour, déi aner wëllen alles besser maachen. Et gëtt gewielt an da stelle mer fest, datt d'Land dach eng Rei vun déif gräifende Problemer huet, déi sech net mat e puer Plakater iwwerpeche loossen.

D'Demokratesch Partei wäert alles dru setzen, fir datt et bei de Gemengewahlen anescht geet. An dofir huele mer den Här Mosar beim Wuert. Mat der CSV ginn et also manner Gemengen, Fusioune solle vun uewen erof diktéiert ginn a wann dat näischt hëlleft, da geet et un dat liewegt, nämlech un d'Finanzen.

(Interruption)

Här President, ech hunn dat awer zimlech exakt esou gelies.

(Interruption)

Dat wäert der och nach eng Kéier mat Zäite gewuer ginn. An dat wäerte mer wéineger hei an der Chamber diskutéieren, Här Wolter.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. le Président.- Här Grethen, loosst den Här Meisch schwätzen!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Ganz genau, well ech wollt nämlech nach op en anere Spëtzekandidat an der Stad Lëtzebuerg ze schwätze kommen, Här President.

(Interruptions diverses)

Ech froe mech ob den Här Mosar wierklech ausgerechent huet, wat en hei proposéiert? D'Demokratesch Partei ass gewëllt iwwert d'Gemengefinanzen ze diskutéieren, mä trotzdeem musse mer e puer méi déif gräifend Iwwerleeunge maachen; Iwwerleeungen, déi ech am Här Mosar sengem Rapport net fonnt hunn. Déi ekonomesch Aktivitéit ass an eisem Land jo net gläich verdeelt. Och gi Gewerbesteieren do bezuelt wou d'Leit schaffen an net do wou se wunnen. E gudden Deel vun de kommunale Laaschten, fir zum Beispill Schoulen, sozial, sportlech, kulturell Infrastrukturen ze bauen an ze bedreiwen, falen allerdéngs do u wou d'Leit wunnen an net do wou se schaffen.

Och muss ee gesinn, datt et mëttlerweil jo net méi esou ass, datt d'Belaaschtung duerch d'Betriber do ufält wou déi Betriber sinn, déi héich Plus-valuë schafen. Eng Industrie, déi Kaméidi a Knascht mécht, bezilt wéineg Gewerbesteier. En Déngschtleeschtungsbetrib allerdéngs vill méi, wou net vill Nuisancen ze erwaarde sinn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

All dës Iwwerleeunge kommen ze kuerz. Dofir ass et net ze verstoe wann den Här Mosar an d'CSV mengen, d'Gewerbesteier sollt nach just där Gemeng zegutt komme wou se erwirtschaft gëtt.

(Interruptions diverses)

Dat hunn ech awer kloer gelies a kloer hei héieren d'lescht Woch. Dann hunn ech engem aneren Här Mosar hei nogelauschtert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Den Här Mosar huet esou schlëmm Saachen hei gesot. Mäi Bluttdrock ass bal iwwert de Plaffong gaangen.

(Hilarité)

M. le Président.- Da berouegt lech elo alleguerten an da loosst Der den Här Meisch schwätzen.

M. Claude Meisch *(DP)*.- An ech kann, och wann d'CSV-Fraktioun sech net méi kann dorunner erënneren, mech allerdéngs nëmme wonneren, datt nach keen LSAP-Buergermeeschter op d'Barrikade geklommen ass. Virun e puer Méint wiere bei esou Virschléi nach schwéier Geschützer vun Esch a vun Diddeleng a vun anere Plazen aus dem Land ofgefeiert ginn. Elo hu mer näischt héieren. D'LSAP huet also net nëmmen op nationalem Plang kapituléiert, an och de Syvicol war bis elo ganz roueg an där doter Diskussioun.

(Interruptions diverses)

Och deem huet et d'Sprooch verschloen.

Här President, d'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt dem Här Mosar seng Propositioune riskéieren d'Gemengefinanzen aus dem Equiliber ze bréngen. Mat enger Eropsetzung vun den Taxen an den Tariffer an enger Verdräirespektiv Vervéierfachung vun der Grondsteier, wéi hie se virschléit, wäert d'Belaaschtung vun de Bierger drastesch zouhuelen, dat nodeems d'Steiertabell net ugepasst gouf, nodeems d'TVA eropgesat gouf.

Här President, d'Demokratesch Partei ass nach wie vor der Meenung, datt mir eis méi sollten an éischter Linn ëm d'Recettësäit vum Statsbudget këmmeren. Ech mengen net, datt de Stat dierf beim Constat vum Här Frieden stoe bleiwen, dee seet, et kann een net méi ausgi wéi een erakritt. Méi wäit sollte mer denken an hei plädéieren ech op d'mannst mat därselwechter Vehemenz ze kucken, wat mer fir wat erakréien a wéi mer vläicht an Zukunft nach kënne méi erakréien. Well mir sollten derbäi och emol kucke wien hei am Land de Räichtum schaaft a firwat en dat mécht. Kommt mir kucken emol d'Finanzplaz, déi jo ëmmer gären an engem Otemzuch mam Term Räichtum genannt gëtt. Eis Meenung ass, datt mir eng komplett aner Finanzplaz am Moment hu wéi dat nach virun zéng bis zwanzeg Joer de Fall war; eng Finanzplaz, déi net méi grad esou duerch perséinlech Lienen zu Lëtzebuerg bestécht, mä wou Leit, déi wéineg mat Lëtzebuerg um Hutt hunn, wëlle Geld verdéngen. Wa si dat net hei zu Lëtzebuerg kënne maachen, da maache si et anzwousch anescht, zu London, zu Dublin oder zu Singapur.

Eis Impressioun ass awer och, datt d'Politik mat därselwechter Mentalitéit wéi virun zéng bis zwanzeg Joer mat der Finanzplaz zesummeschafft; eng Mentalitéit, déi a mengen Aen iwwerholl ass. Et ass wéi gesot net méi den ale Copain vun der Bank mat deem mer zesummeschaffen a Gesetzer a Reglementer maachen, mä et si Geschäftsleit, déi knallhaart no geschäftleche Kritären uerteelen.

Eis Meenung ass, datt déi gutt Zuele vun der Finanzplaz, déi a leschter Zäit bekannt si ginn, net solle genotzt gi fir déi wierklech Problemer vun der Finanzplaz ze iwwertuschen. Eis Meenung ass, datt mir amgaange si méi lues ze gi par rapport zu eisen Haaptkonkurrenten. Eis Meenung ass, datt mir mussen dréngend versichen erëm méi schnell a besser ze gi wéi déi aner. Eis Meenung ass, datt dat onnéidegt an iwwerflëssegt Kompetenzgerangel tëschent verschiddenen Acteure ronderëm d'Finanzplaz net onbedéngt noutwendeg ass, well mir eis géigesäiteg behënneren an op Dauer der Finanzplaz schueden.

Eis Meenung ass, an do ënnerstëtze mir d'Regierung, datt d'Duerstellung an d'Promotioun vun der Finanzplaz vill méi cibléiert, efficace a besser tëschent den Acteure vun der Finanzplaz ofgestëmmt muss ginn. Eis Meenung ass, datt mat der Kompetenz vun de Mataarbechter an dem Handelsvolumen e formidabelt Potenzial an eiser Finanzplaz stécht, wat mir notze sollte fir eng zousätzlech Dynamik ze entwéckelen. Eis Meenung ass, datt mir direkt sollten ophalen eis dobausse schonns emol ze entschëllege fir eis Finanzplaz, mä datt mir au contraire sollten offensiv dobaussen optrieden an eis net vu Länner e schlecht Gewësse solle maache loossen, déi besser hätte virun der eegener Dier ze kieren.

Dofir schléit d'Demokratesch Partei Folgendes vir: Mir brauche méi Kompetenz um europäesche Plang, fir datt d'Interessië vun der Finanzplaz scho bei der Ausaarbechtung vun enger Direktiv berücksichtegt ginn, an net eréischt wa se schonn um Dësch läit. Mir brauche méi Kompetenzen um nationale Plang, fir datt och bei eise staatleche Servicer déi legislativ Aarbecht kann zesumme mat den Acteure vun der Finanzplaz besser a méi schnell gemaach ginn.

Mir brauche Kontrollorganer, déi mat Know-how hir Aufgab efficace, seriö a schnell kënnen erfëllen. Mir brauchen d'Ham net an der Mëllech ze kachen, wann et drëms geet Direktiven ëmzesetzen a Gesetzer ze maachen.

Mir brauchen eng weider Entwécklung vun de Kompetenzen an eng Verbesserung vun der Formatioun vun deene Leit, déi op der Finanzplaz täteg sinn. Do solle mer vill méi offensiv virgoe wéi dat bis elo de Fall ass. D'Luxembourg School of Finance ass e gudden Usaz, deen allerdéngs konkret éischter op d'Léier a manner op d'Fuerschung ausgeriicht ass. Grad hei kéint eisen Know-how duerch eng geziilten Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg nach verbessert ginn. An da brauche mer eng Promotiounsagence, déi den Numm am Ausland och verdéngt. A loosse mer et kloer an däitlech soen: Dat doten, dat kascht Geld, mä et ass an eisen Ae gutt ugeluechtent Geld.

Duerfir fuerdere mer d'Regierung op am Kader vun enger Motioun d'Viraussetzung, fir déi vu mir genannte Punkten ze schafen, dat och virum Hannergrond vum Här Mosar sengem Rapport, dee sech jo och mat der Finanzplaz beschäftegt huet. Wann ech gelift, Här President.

M. le Président.- Merci.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- considérant que la place financière représente un pilier important de notre économie;

- relevant qu'il est primordial de donner à la place financière les moyens nécessaires afin qu'elle puisse maintenir et développer sa compétitivité au niveau européen et international;

- notant que l'excellence et le savoir-faire des banques ainsi qu'une législation propice au développement de nouvelles activités sont des atouts indispensables pour la place financière;

invite le Gouvernement

- à donner aux administrations de l'État les moyens nécessaires afin de traiter les dossiers financiers sur le plan européen et national de manière encore plus efficace;

- à soutenir les organes de contrôle du secteur financier de façon à leur permettre de mettre en place un contrôle qui se distingue par la rapidité et l'efficacité;

- à construire sur les bases qui ont été jetées grâce à la Luxembourg School of Finance un réseau de recherche propre dans le secteur des finances au sein d'une collaboration étroite et ciblée avec l'Université de Luxembourg;

- à veiller à ce que la promotion de la place financière permette de se mettre en évidence par rapport à d'autres places tant au niveau européen que mondial;

- à informer régulièrement la Chambre des Députés des progrès faits en la matière.

(s.) Claude Meisch, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Henri Grethen, Carlo Wagner.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Um Beispill vun der Finanzplaz gesäit een, datt d'Recetten am Statsbudget ze beaflosse sinn. En anert Beispill: Et ass keen Zoufall, wa mer haut däitlech méi TVA erakréie wéi nach virun e puer Joer. Dat huet domadder ze dinn, datt eng Rei vun Internetfirmen op Lëtzebuerg komm sinn a vun hei aus Commerce électronique bedreiwen. Déi sinn net komm, well et hei zu Lëtzebuerg esou schéin ass, mä déi si komm aus zwou ganz konkreten Ursaachen:

1. gouf mam Gesetz vum 14. August 2000, dat de fréiere Wirtschaftsminister Henri Grethen an d'Chamber erabruecht huet, e legislative Kader fir den Internethandel geschafen, dee sécher an attraktiv ass;

2. hu mer hei am Land mat 15% deen niddregsten TVA-Saz an der Unioun a momentan ass et nach ëmmer esou, dass d'TVA am Land bezuelt gëtt, wou d'Entreprise hire Sëtz huet. Dat weist, datt mat niddrege Steieren an engem attraktive Kader ënnert dem Strëch méi an d'Statskeess ka kommen. Dësen Usaz ass a mengen Ae bei den Ausféierunge vun den Häre Mosar a Frieden ze kuerz komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, grad wann d'Regierungsparteien sech net eens sinn iwwert d'Steierfro, fanne mir et wichteg, datt d'Parlament doriwwer eng Diskussioun féiert. D'Demokratesch Partei ass bereet dës Diskussioun mat konkrete Propositiounen ze animéieren. D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass an dësem Land nei Visioune vun der Steierpolitik entwéckelt musse ginn, well eist Steierwiesen eng Erfindung aus de vergaangene Jorhonnerten ass. D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass Steierpolitik eppes mat den dräi Beräicher ze dinn huet, déi am Prinzip vun der Nohaltegkeet zesummefléissen. Eis Steierpolitik muss mar déi dräi Beräicher net lassgeléist vunenee gesinn, mä d'Steierpolitik muss grad d'Verbindung, d'Schnëttstell tëschent deenen dräi Beräicher beréieren a förderen.

Aus dësem Grond sinn ech weder mat der Analys vum Här Mosar nach mat där vum Här Frieden d'accord. Ech denken, datt mer sollte folgende Wee aschloen: Kuerzfristeg sollte mer d'Vermëigenssteier ofschafen an duerch eng libératoire Quellesteier ersetzen, mat engem Abattement, deen d'Bierger zu Lëtzebuerg encouragéiert ze spueren, an ouni d'Aféierung vun enger lerfschaftssteier en ligne directe. Mer sollten d'Barèmen an der Steiertabell un d'Inflatioun upassen, fir där verstoppter Erhéijung vun der Steierlaascht ze begéinen. Mer sollte mat den Entreprisë kucken, wou een hinne ka steierpolitisch entgéintkommen, sief et iwwert den Taux, sief et iwwer verschidden Aménagementer, wéi zum Beispill d'Ausdehnung vun der Bonification d'impôt à l'investissement op immatériel Bienen, soufern déi noweislech zu Lëtzebuerg entwéckelt a bezuelt gi sinn.

Mëttel- a laangfristeg musse mer awer vill méi eng fundamental Diskussioun féieren, déi folgend Punkte beliichte muss: Wéi kréie mer eng Steierpolitik, déi net just op déi klassesch Famill zougeschnidden ass, mä déi déi nei Familljeformen: Singlen, eleng Erzéiend an esou weider berücksichtegt? Déi lescht Regierung hat ugekënnegt, d'Individualiséierung vum Steiersystem fir 2006 unzestriewen. Här President, 2006 steet elo gläich virun der Dier.

Wéi kréie mer eng Steierpolitik, déi déi enorm Ëmverdeelungsmaschinnerië vum Stat méi efficace maachen? Wéi kréie mer eng Steierpolitik, déi op d'Nohaltegkeet ofziilt, dat heescht wou een net op där enger Säit Aktivitéiten a Verhalen iwwert d'Steiere fördert, déi op där anerer Säit negativ zu Buch schloen? Ech denken hei net nëmmen un den Tanktourismus, mä zum Beispill och un CO_2-gebonnen Autosteieren am Géigesaz zu enger hubraumgebonnener Steier, wéi mer se haut kennen. Wéi kréie mer eng Steierpolitik, déi och mar nach Bestand huet an Europa an déi eis op där anerer Säit genuch Recetten assuréiert fir déi öffentlech Aufgabe vum Stat a vun de Gemengen ze finanzéieren?

Fir déi Saachen hei ze diskutéieren denken ech sollte mer schnellstens folgend Décisiounen huelen:

- d'Regierung soll dee Fiskalgrupp zesummesetzen ënnert dem Finanzministère, deen am Koalitiounsaccord virgesinn ass an deen d'Regierung jo fiskalesch soll beroden;

- d'Regierung soll och d'Steierverwaltungen endlech esou outilléieren, datt si besser Prévisioune kënne maache fir déi fiskalesch Rentréeën anzeschätzen a fir esou prezis wéi méiglech Berechnungen a Planspiller opzestellen;

- um Niveau vun der Chamber sollte mer eng Ënnerkommissioun vun der Commission des Finances et du Budget an d'Liewe ruffen, wou mer spezifesch iwwert d'Fiskalitéit diskutéieren a wou dee Finanzgrupp aus dem Finanzministère soll regelméisseg ugehéiert ginn.

Fir datt mer op dee Wee kënne goen, Här President, hunn ech eng Resolutioun an eng Motioun preparéiert.

M. le Président.- Merci.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- vu la déclaration gouvernementale du 4 août 2004 qui stipule: «Toujours dans le souci de disposer d'un environnement fiscal attractif, et sans préjudice de la nécessité de maintenir des finances publiques saines et du respect de la fonction sociale des impôts, le Gouvernement mettra en place au sein du Ministère des Finances un groupe d'analyse fiscale. La mission de ce groupe qui se composera de représentants du Ministère des Finances et des administrations fiscales ainsi que de représentants du secteur privé disposant de compétences prononcées en matière fiscale, sera de suivre l'environnement fiscal et international et, le cas échéant, d'élaborer des propositions ciblées»;

- notant l'évolution de notre société et des mutations qui ont eu lieu au niveau de la conception de la vie en famille et des adaptations de notre régime fiscal qui s'imposent;

- soulignant le besoin de revoir notre système fiscal dans le sens d'une redistribution plus adéquate des recettes par exemple au niveau des allocations familiales;

- relevant la nécessité de mettre en place un régime fiscal poursuivant non seulement l'objectif de générer des recettes mais qui obéit également aux préceptes du développement durable;

décide

- d'instituer au sein de la Chambre des Députés une sous-commission de la Commission des Finances et du Budget qui sera en charge du dossier fiscal et qui se concertera régulièrement avec le groupe d'analyse fiscale du Ministère des Finances.

(s.) Claude Meisch, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Charles Goerens, Henri Grethen.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- vu la déclaration gouvernementale du 4 août 2004 qui stipule: «Toujours dans le souci de disposer d'un environnement fiscal attractif, et sans préjudice de la nécessité de maintenir des finances publiques saines et du respect de la fonction sociale des impôts, le Gouvernement mettra en place au sein du Ministère des Finances un groupe d'analyse fiscale. La mission de ce groupe qui se composera de représentants du Ministère des Finances et des administrations fiscales ainsi que de représentants du secteur privé disposant de compétences prononcées en matière fiscale, sera de suivre l'environnement fiscal et international et, le cas échéant, d'élaborer des propositions ciblées»;

- notant l'évolution de notre société et des mutations qui ont eu lieu au niveau de la conception de la vie en famille et des adaptations de notre régime fiscal qui s'imposent;

- soulignant le besoin de revoir notre système fiscal dans le sens d'une redistribution plus adéquate des recettes par exemple au niveau des allocations familiales;

- relevant la nécessité de mettre en place un régime fiscal poursuivant non seulement l'objectif de générer des recettes mais qui obéit également aux préceptes du développement durable;

- estimant que toute administration se doit de disposer des moyens nécessaires pour être en mesure de se baser lors de l'établissement d'un budget de l'État sur des prévisions fiables;

invite le Gouvernement

- à mettre en place au sein du Ministère des Finances un groupe d'analyse fiscale;

- à outiller l'administration des Contributions directes et l'administration de l'Enregistrement de façon à être mieux en mesure de prévoir les rentrées fiscales;

- à engager une réflexion sur des réformes fiscales sur la toile de fond d'une meilleure redistribution des recettes, des changements ayant lieu au niveau de la conception de la vie en famille et obéissant aux préceptes du développement durable.

(s.) Claude Meisch, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Charles Goerens, Henri Grethen.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, ech mengen awer och, datt d'Regierung op där anerer Säit e weidert grousst Potenzial huet, wou si usetze kann a muss, an zwar op der Dépensesäit vum Budget; an ech schwätzen hei emol bewosst net vun Dépensen, déi ee sträiche sollt, mä ganz einfach vun der Wirtschaftlechkeet vun esou munchen Dépensen.

Déi viregt Regierung huet jo e gudden Usaz gemaach mat der Etüd iwwert de konventionéierte Secteur, bezéiungsweis de Perimeter vum Stat, wou si en Aarbechtsgrupp agesat hat, dee sech mat deem Thema befaasst huet. Ech wier frou, wa mer déi Etüd emol eng Kéier hei kéinten duerchdiskutéieren a kucke wou double emploi gemaach gëtt, wou de Stat méi bëlleg schafft wéi de privaten oder semi-private Secteur, oder ëmgedréint.

Ech erënneren och drun, datt d'Demokratesch Partei schonn e puermol déi Idee vum „zero base budgeting" opgeworf huet, déi et engem eventuell kéint erlaben de Sënn an Zweck vun där enger oder anerer Dépense ze iwwerdenken.

Ech wëll awer och an dësem Kontext besonnesch op zwou Remarquen ze sprieche kommen, déi vum Rapporteur a vum Budgetsminister gemaach goufen. Déi eng betrëfft d'Ausgabe fir d'Fotovoltaik an déi aner Ausso, datt staatlech Servicer sollte käschtendeckend ugebuede ginn. Bei deenen zwou Aussoen hunn ech d'Gefill, datt hei parteipolitesch Intérêtë priméieren an datt et vill manner ëm d'Saach geet.

Wëllt d'CSV ieren der LSAP soen, datt si käschtendeckend Servicer wëllt ubidden an datt dofir net nëmmen der LSAP hir Idee vum gratis öffentlechen Transport gestuerwen ass? Wëllt d'CSV iere matdeelen, datt esou Syndikater wéi zum Beispill den TICE geschwënn opgeléist ginn an datt den Timber beim Enregistrement geschwënn honnertmol méi kascht wéi bis ewell?

Här President, ech ginn dat Gefill net lass, datt d'CSV hei e ganz iwwelt Spill mat der LSAP dreift. Ech ginn dem Gefill net lass, datt d'CSV hei d'Land wëllt op Décisioune virbereeden, déi si vläicht wëllt, mä wou et guer net esou sécher ass, ob nach soss am Land ee se wëllt. De Budgetsminister hat a sengen Ausféierungen dovunner geschwat, datt d'Land sech misst am Budget Margen erhalen, fir och an Zukunft aktiv Politik kënnen ze maachen. Nu schéngt et esou ze sinn, datt mer fir d'Fotovoltaik keng Margen hunn, also kritt den Här Lux de Krunn zougedréint mam Argument d'Käschtennotzerelatioun géing net stëmmen.

Den Notze vun der Fotovoltaik ass jo net haut ze moossen, mä et geet drëm enger neier Technologie eventuell zu engem Duerchbroch ze verhëllefen. Mat esou enger Approche géif et haut keng Raumfahrt a keen Internet ginn, vill Medikamenter wären ni entwéckelt ginn, jo vläicht wär Amerika ni entdeckt ginn, wann et net viru méi wéi 500 Joer Leit ginn hätt, déi bereet gewiescht wäre Geld an eng Iddi ze investéieren.

(Brouhaha général)

Ech gi gären zou, Här President, datt de Succès bei der Fotovoltaik méi grouss war wéi geduecht an de fréieren Ëmweltminister Charel Goerens huet selwer drop higewisen an zum Alenken opgefuerdert. Wat ech awer net akzeptéieren ass, datt grad bei dëser Dépense gekuckt soll gi wéi d'Verhältnis tëschent Käschten an Notzen ass. Da kommt, mer kucken emol wéi d'Relatioun tëschent Käschten an Notze bei der Concertshal ass, den Agrarsubventiounen, de Subsidie fir Biogasanlagen oder de Subsidien un eng grouss soi-disant Institutioun, déi virun e puer Jorzéngten nach däitlech méi Leit ugeschwat huet.

(Brouhaha général)

Wa mer schonn nom Käschten-Notze-Prinzip fueren, da gëtt et eng Hällewull vu Beispiller a vu Beräicher, déi mer ganz genee kënnen ënnert d'Lupp huelen. Ech hu kee Problem domadder, mä da wann ech gelift schwätze mer och iwwert déi Beräicher, déi der CSV vläicht méi no stinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, de Budgetsrapporteur huet eng ganz Rei vu wichtege Froen opgeworf, et kënnt elo drops un déi richteg Äntwerten ze fannen. Mer begréissen, datt d'Regierung e weideren Ulaf hëlt, fir an Zukunft d'Käschtenexplosioun bei den öffentleche Bauprojeten am Gréff ze behalen; e Punkt iwwregens, wouriwwer déi al wéi déi nei Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire, d'Bautekommissioune wéi och déi sukzessiv Budgetsrapporteuren - se waarden op alle Fall mat Spannung op der Regierung hir Propositiounen an op dat, wat se da konkret bewierke sollen.

Eng aner Prozedur fir grouss Bauprojeten ze autoriséiere mécht sécherlech Sënn, mä d'Fro muss erlaabt sinn, ob d'öffentlech Hand ëmmer an alle Fäll e gudde Bauhär ass. Et kann net grad an dësem Domän verstäerkt op d'Zesummenaarbecht mam Privatsecteur zréckgegraff ginn.

Och kënne mir d'Propose vum Här Mosar nëmmen ënnerstëtzen, fir en Audit iwwert de Fonds pour l'emploi ze maachen, net mam Zil fir deene Leit, déi op enger Sich no enger Aarbecht sinn, manner ënnert d'Äerm ze gräifen, mä fir mol am Detail ze kucken, wat déi séllege Mesurë wierklech bréngen, wou se e Sprangbriet si fir eng fest Ustellung anzwousch ze kréien a wou dat net erreecht gëtt. Och sollt gekuckt ginn, wou dës Mesurë just dozou féieren, datt d'Patronë vum sou genannte Mitnahme-Effekt profitéieren oder vun de Beschäftegungsinitiative Konkurrenz gemaach kréien, a fir déi Propositioun vum Här Mosar ze ënnerstëtzen, hunn ech och do nach eng Kéier eng Motioun preparéiert. Här President, wann ech gelift.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que l'augmentation du taux de chômage demande à ce que des mesures soient prises pour contrecarrer cette tendance;

- estimant qu'il est nécessaire de cibler davantage les programmes mis en œuvre dans le cadre du fonds pour l'emploi sur les personnes rencontrant le plus de difficultés à retrouver un emploi;

- relevant qu'il est indiqué de procéder à une analyse des différentes initiatives prises au niveau du fonds pour l'emploi pour déterminer l'efficacité de ces dernières;

- vu le rapport de la Commission des Finances et du Budget relatif au projet de loi concernant le budget des recettes et dépenses de l'État pour l'exercice 2005;

invite le Gouvernement

- à faire procéder à un audit du fonds pour l'emploi.

(s.) Claude Meisch, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Charles Goerens, Henri Grethen.

Aspuerungspotenzial gëtt et op ville Plazen. Wéi kënne mir mat deene selwechte Mëttele méi erreechen? Beispill öffentlechen Transport: Gëtt net heiansdo iwwert d'Zil eraus geschoss? Beispill Reglementatioun fir eis Structures d'accueil, déi net ëmmer adaptéiert ass an de Bau wéi och d'Gestioun vun esou Structurë verdeiert. Kënnt d'Geld och ëmmer do un, wou et wierklech gebraucht gëtt? Beispill Fonds pour l'emploi.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass dëst eis éischt Prioritéit soll sinn, éier mir dem Bierger méi eng héich Belaaschtung zoumudden. Et ass dann och dat dee fundamentalen Ënnerscheed, tëschent eiser Approche an dem Här Mosar sengen Iwwerleeungen.

Här President, nei an zousätzlech Belaaschtunge fir d'Bierger ass, an eisen Aen, mëttel- a laangfristeg de falsche Wee. Lëtzebuerg huet net déi ekonomesch Talfahrt déi lescht Joren esou gutt gemeeschtert, well d'Leit an d'Betriber Geld aus den Täsche gezu kritt hunn. Neen, et waren déi bedeitend Steiererliichterunge vun 2001 an 2002 fir d'Privatpersounen eweí fir d'Betriber, déi eis Ekonomie um Lafe gehalen hunn. De Leit d'Suen aus dem Porte-monnaie ze zéien ass dee falsche Wee, dat bréngt héchstens kuerzfristeg méi an d'Keess, laangfristeg geet dës Rechnung net op.

Firwat allerdéngs beim Här Mosar sengem Steierkonzept grad d'Gemengen am schlechtesten ewech kommen, liicht engem an, wann een e bësse méi wäit liest.

Une voix.- Net all!

(Interruption)

M. Claude Meisch *(DP).*- Tëschent 30 a 40 Gemengen am Land géingen duer goen, wann et der CSV nogeet. D'Demokratesch Partei verschléisst sech bestëmmt net enger Debatt iwwert de Fonctionnement vun eise Gemengen, och d'Fusioun vun där enger oder anerer Gemeng soll fir eis keen Tabuthema sinn. Wat eis an dëser Fro allerdéngs vun der Regierung ënnerscheet, ass, datt mir dës Diskussioun mat deene betraffene Gemenge wëlle féieren, net vun uewen erof, mä vun ënnen erop; dat ass eis Approche. Wann et sou ass, datt eng Rei vu Gemengen net méi funktiounsfäeg sinn, dann hunn ech vollt Vertrauen an d'Bierger an an déi betraffe Gemengeréit, datt si déi richteg Décisioune wäerten huelen; dëst Vertraue schéngt der Regierung ze feelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee wëll wëssen, wat den Ënnerscheed tëschent enger Regierung mat an enger Regierung ouni DP ass, dann ass dat elo e puer Méint no dem Regierungswiessel besonnesch däitlech ze gesinn. Mir si manner dirigistesch, well mir dem eenzelne Mënsch vertrauen; hie weess am Beschten, wéi hie säi Liewe wëll féieren a wat e mat senge Sue wëll maachen. Mat eis sinn d'Steieren erof gaangen, schonn d'nächst Joer wäert jidderee méi Steiere bezuelen, an et ass jo eréischt den Ufank, wéi mir den Här Mosar d'lescht Woch héieren hunn. Duerch eng niddereg Belaaschtung, den néidege Fräiraum an engem zäitgeméisse legale Kader hu mir et fäerdeg bruecht, trotz engem schlechten internationalen Ëmfeld, d'Ekonomie um Lafen ze halen; jo, se wiisst dëst Joer mat 4,2%. Och dat ass e Stéck zolidd Budgets- a Finanzpolitik: Kucken datt et de Betriber an de Leit am Land gutt geet, da sinn och d'Keese vum Stat gefëllt.

Et ass dëse Message, deen eis an den Ausféierunge vum Budgetsminister gefeelt huet. Jo, de Rimm méi enk schnallen, do wou et Sënn mécht, mä virun allem e Kader fir eng wirtschaftlech Dynamik schafen, sou wäre mir un dëse Budget erugaangen, wa mir d'Geleeënheet dozou gehat hätten. Et sinn dann och dës Iwwerleeungen déi eis dozou féieren, dëse Budget net ze stëmmen. Kuerzfristeg ginn déi falsch, vläicht méi einfach, Décisioune geholl; laangfristeg feelt et eis u Perspektiven, wéi mir hei am Land de Wuelstand kënnen halen.

An ofschléissend, Här President, wëll ech nach eng lescht Motioun era bréngen, fir d'Regierung trotzdeem vläicht nach dovunner ze iwwerzeegen, fir d'Steiertabell un d'Inflatioun unzepassen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant la deuxième étape de la réforme du tarif sur le revenu des personnes physiques du 1er janvier 2002;

- notant une augmentation du taux d'inflation qui se situe actuellement à 2,44% ayant connu une progression de (0,39%) au mois d'octobre 2004;

- relevant que cette augmentation a pour corollaire d'accroître la charge fiscale;

invite le Gouvernement

- à adapter le barème de l'impôt sur le revenu des personnes physiques à l'évolution de l'inflation.

(s.) Claude Meisch, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Henri Grethen, Paul Helminger.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Als nächste Riedner ass de Fraktiounspresident vun der LSAP, den honorabelen Här Ben Fayot, ageschriwwen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, dës Budgetsdebatt ass déi éischt vun der CSV/LSAP-Koalitioun a si schreift sech dann och an dee Reform- a Moderniséierungsprozess an, deen am Koalitiounsprogramm vun der Regierung virgesinn ass.

Erlaabt mir fir unzefänke selbstverständlech dem Rapporteur ons Unerkennung auszedrécke fir seng schnell a grëndlech Aarbecht, déi mir och mat gedroen hunn an der Kommissioun, sachant bien - dat hu mir och an der Kommissioun gesot -, dass mir zu eenzelne Punkten, déi déi perséinlech Meenung vum Rapporteur erëmginn, ons Reserven hunn, an ech wäert nach op déi Punkten zréckkommen.

Här President, mir däerfe bäi der Lëtzebuerger Moderniséierungsdebatt net vergiessen, dass mir en nationaalt, en europäescht an e globaalt Ëmfeld hunn an dat mir eis aschreiwen. Um nationale Plang wäert deen interessanten a wichtege Bericht vum Professeur Fontagné iwwert d'Kompetitivitéit vun eisem Land fir vill Diskussioun suergen. Dat geschitt jo fir d'éischt an der Tripartite, also an deem Modell vu Sozialdialog, wat mir ons hei zu Lëtzebuerg ginn hunn. Et schreift sech och par rapport zu där neier PISA-Etüd an, déi sécher fir vill Diskussioun Ulass wäert ginn, an doniewent ass natierlech um europäesche Plang d'Strategie vu Lissabon ze kucken, als den europäesche Kader fir déi wirtschaftlech, sozial an ekologesch Moderniséierung. An dann um Weltplang gëtt et verschidde Versich vun ekologeschen, sozialen a wirtschaftleche Regulatiounen an d'Ëmsetzung vun de Beschléss vu Kyoto an eisem Budget dëst Joer ass jo een Element dovunner.

Här President, et geet ons bei dëser Debatt drëm onse Bäitrag zu där Moderniséierungsdebatt ze maachen. A fir datt et am Ufank direkt kloer ass, fir d'LSAP ass déi Moderniséierung nëmmen an engem Gläichgewiicht zwëschent wirtschaftlecher Kompetitivitéit, engem héich entwéckelte Sozialstat an engem héijen ekologeschen Niveau ze gesinn. Skandinavesch Länner zum Beispill weisen ons, wéi wirtschaftlech Dynamik, bescht Resultater an den CO_2-Emissiounen an alternativen Energien, gutt Resultater bei PISA an eng dynamesch Demographie zesummegoe kënnen. An dat ass och déi Orientatioun, déi mir als LSAP an eiser Regierungstätegkeet verfollegen, dat ass déi Gesellschaft, déi mir och fir Lëtzebuerg wëllen.

Dass dobäi schwiereg Décisiounen ze huele sinn, muss jiddferee wëssen. Dass mir dat an engem breeden Dialog mat der Gesellschaft, mat den Acteure vun der Zivilgesellschaft, mat de Gewerkschaften an dem Patronat, mat de Beruffschamberen an dem Conseil économique et social maache wëllen a mussen, ass och sécher. D'Stäerkt an den Zesummenhalt vun dëser Koalitioun miesst sech dorun, dass um Enn Décisiounen erauskommen, déi wirtschaftlech richteg, sozial gerecht an ekologesch acceptabel sinn.

Här President, d'Budgetsdebatt ass fir d'éischt eng Appréciatioun vun der Aschätzung vun Einnahmen an Ausgabe fir dat kommend Joer, also vun de Mëttelen, déi fir déi Moderniséierung zur Verfügung stinn.

Zum Budget 2005 ass scho vill Verschiddenes an och oft Widderspriechleches gesot a geschriwwe ginn. D'Analyse ginn oft duerch de Brëll bedéngt mat deem een de Budget kuckt. Déi eng maachen eng éischter pessimistesch Lektür vun den Zuelen, déi aner eng éischter optimistesch. Déi eng hunn dobäi am Hannerkapp zum Beispill manner Sozialstat, déi aner méi Sozialstat, mä op jidde Fall keen Ofbau.

De Budget 2005 entspréngt fir d'éischt der Situatioun, déi déi nei Regierung am August/September 2004 virfonnt huet. Si huet eng Ierfschaft ze assuméieren an zugläich en neie Koalitiounsprogramm ëmzesetzen. Erfreelech un dësem Budgetsentworf ass, dass en esou gutt wéi am Gläichgewiicht ass an de Stabilitéitspakt respektéiert. Erfreelech ass och, dass de Sozialbudget gradewéi d'Investitioune vum Stat sech weiderentwéckelen. An erfreelech sinn och eng Partie nei Akzenter an der Regierungspolitik.

Et gëtt awer och eng etlech Fragezeechen. Et gëtt Onsécheres, wat de Wirtschaftswuesstum an d'finanziell Zukunft vum Land ugeet. Wat ass dann elo als sécher unzegesi fir 2004 an 2005? Vu wat kann een ausgoe fir Politik ze maachen? Sécher ass, dass mat de Joren d'Rigiditéite vum Budget méi grouss ginn an also de politeschen Handlungsspillraum vun der Regierung fir nei Initiative méi kleng.

Sécher ass, dass d'Schold vum Stat selwer nach ëmmer ganz niddreg ass, dass et awer an de kommende Jore wuel net ouni weider Verscholdung wäert goen. Sécher ass, dass d'Engagementer vum Stat zwëschen 1999 an 2004 enorm geklomme sinn. D'Cour des Comptes huet dëst akribesch an ouni Zweiwel an hirem Avis nogewisen. De Roger Negri, onse Spriecher zu den Investissementer,

wäert am Detail nach dorobber zréckkommen.

D'Cour des Comptes zum Beispill huet nogewisen, dass d'Avoirë vun de Fongen zwar nach ëmmer héich sinn, dass d'Engagementer awer säit 2002 massiv an d'Luucht gaange sinn. Spéitstens Enn 2009, wann net éischter, ass trotz den Emprunten en negative Sold vun 175 Millioune bei den 12 Haaptfonge vum Stat ze erwaarden. An zu deene Fonge kënnt en neie Fong, de Fonds de financement des mécanismes de Kyoto mat fënnef Milliounen Euro. Kyoto wäert à terme, huet de Budgetsminister eis gesot, 30 Millioune kaschten. Fir 2005 sinn et 200 Milliounen, wat den Emprunt ugeet, dee mer mussen huelen, an dat wäert iwwert d'Legislatur esou weidergoen.

D'Cour des Comptes verlaangt dofir richtegerweis eiser Meenung no eng Gesamtdokumentatioun iwwer all finanziell Engagementer a finanziell Encoursen. Dozou gehéieren och d'Annuitéite vun der Loi de garantie an d'Engagementer vum Fonds Belval, déi net bei de Fonds spéciaux ugefouert ginn.

Fir dass et ganz kloer ass: Mir ënnerstëtzen d'Regierung bei hirem Beméie fir déi öffentlech Infrastrukturen ze moderniséieren an ze erneieren. Dat gëllt ganz besonnesch fir d'Schoulen am Secondaire, fir Kliniken an Alters- a Fleegeheimer, fir den öffentlechen Transport an d'Telekommunikatiounen. Mir sinn och net géint eng räsonnabel Verschëldung, wann et ëm Zukunftsinvestitioune fir déi kommend Generatioune geet. Besonnesch am Schoulwiesen hu mer massiv Besoinen nozehuelen.

Mä et ass gradesou kloer, dass Prioritéite musse gesat ginn, dass manner deier a manner opwändeg gebaut muss ginn, dass also méi strikt geplangt muss ginn, dass d'Kosten-Nutzen-Rechnung stëmme muss an dass déi katastrophal Dépassementer an déi laang Chantieren ënnerbleiwe mussen. Mir kéinten eis et eigentlech net leeschte fir fir d'Présidence net mam Centre de conférences um Kierchbierg fäerdeg ze sinn an all Devisë vun der Philharmonie ze sprengen. Mir kéinten eis et och net leeschten, dass d'Cité judiciaire mat 114 Milliounen Euro ugesat, viraussiichtlech iwwer en Drëttel méi kaschte wäert. A mir kënnen eis et net leeschten, dass esou Dépassementer onkloer an net novollzéibar sinn.

Här President, wat déi uerdentlech Ausgaben ugeet, ass sécher, dass déi 2005 ëm 8,2% par rapport zum Budget voté 2004, awer nëmme 4% zum Budget exécuté steige wäerten - d'selwecht also wéi déi ongeféier véierprozenteg Steigerung vum Wuesstum.

Manner sécher sinn allerdéngs d'Viraussoen iwwert d'Héicht vun de Steieren. D'Reserven am Steierberäich si souzesoen all opgebraucht. Dat heescht, d'Provisioune vun der Kierperschaftssteier sinn agedriwwen. 2002 an 2003 sinn déi Solde vu Steieren agedriwwe ginn, déi nach aus de Boomjore gestaamt hunn. Nei Reserve si säit 2001 souzesoe keng méi oder nëmme wéineg ugeluecht ginn. Fragezeeche stinn iwwregens och iwwert dem wirtschaftleche Wuesstum vun 2005, gradewéi iwwert der Evolutioun vun den Haaptakommessteieren. Ech kommen nach drop zréck.

Dat alles weist, Här President, dass dës nei Regierung eng schwéier Ierfschaft ze iwwerhuelen huet. Grouss Aarbechte si fäerdeg ze maachen, ier nei Prioritéiten attackéiert kënne ginn. Grouss nei Infrastrukture sinn un d'Fonctionnéieren ze kréien. Grouss Engagementer vum Stat zu Belval an iwwert d'Loi de garantie sinn ze finanzéieren.

Dës Ierfschaft ass net nëmmen enk no Legislaturen a Regierungen ze gesinn. Dës Ierfschaft ass och déi vun de vergaangene Jorzéngten a vun enger gewëssener Kammouditéit, déi duerch de Wuelstand entstanen ass. An do wëll ech de Professer Fontagné a sengem Bericht zitéieren: «(…) les années 1990 ont laissé se développer une vision erronée de la position luxembourgeoise, mésestimant les questions de long terme et laissant se mettre en place les conditions sociales rendant l'économie politique des réformes particulièrement ardue. L'exploitation des éléments de souveraineté nationale a été à l'origine de rentes qui bloquent aujourd'hui le processus de réforme.»

Här President, de Budget 2005 setzt eng Partie nei Akzenter. Selbstverständlech begréisse mer dobäi, dass zum Beispill d'Uni elo endlech op Orbit gesat gëtt an dass dofir 36,2 Millioune virgesi sinn. Och fir d'CRPen, also fir d'Centres de recherche publics sinn 22% méi Suen do, nämlech insgesamt 25 Milliounen Euro. Mir begréissen och, dass d'Préfiguratioun vun der neier Unisbibliothéik, Unis- an Nationalbibliothéik, nach ëmmer en Objektiv vun der Regierung bleift.

An der Éducation nationale kréie mer op Grond vum Gesetz vum 25. Juni 2004 18 Lycéeën an de Centre de Logopédie vum 1. Januar 2005 un d'Gestion séparée mat erweiderte Kompetenze bei den Ausgaben. Domat kënnen se méi flexibel an also besser op d'Bedierfnisser vun de Schüler agoen. Des Weidere gëtt de Lycée-pilote am ënneschten Zyklus vum Secondaire preparéiert gradewéi en anere Projet-pilote am Préparatoire.

Wéi schonns ugedeit, gëllt et ganz besonnesch Efforte fir de Bau vun neie Lycéeën ze maachen. Bis d'Joer 2010 sinn 11.000 Schüler méi an de Lycéeën ze erwaarden. Den augenbléckleche Bauprogramm geet fir 3.000 nei Schüler duer, well Container a gelounte Raim mussen ersat ginn. De Préparatoire zu Dummeldeng, d'Lycéeë vu Jonglënster, Réiden an Esch-Belval, den neie Lycée Hubert Clement op Terres Rouges musse fir d'éischt gebaut ginn. Dräi weider Lycéeën an déi zweet Europaschoul kommen derbäi. Also e risege Bauprogramm, dee fir d'Zukunft vun eise Kanner onëmgänglech ass. Dofir gëtt de Fonds d'investissements publics scolaires ëm 40% am Joer 2005 eropgesat, virausgesat d'Viraarbechte vum Plan sectoriel „lycées" ginn zügeg virun.

Firwat dat alles oft esou laang dauert, ass net ëmmer nozevollzéien. Do ass wierklech, mengen ech, emol eng Analys ze maache vun de Prozeduren, fir d'Décisiounsprozesser ze verkierzen.

Dozou kënnt deen ëmmer méi grousse Besoin an de Gemenge fir de soziokulturellen Encadrement vun de Kanner am Préscolaire an am Primaire. Och am Secondaire sinn Internater a Sportsinfrastruktur gefrot, ob zu Dikrech an der Hotelschoul, zu Iechternach oder an der Stad. Vun 2001 bis 2004 ass de Kredit vum Stat fir d'Gemengen, déi deen Encadrement socioculturel ubidden, vun zwee op aacht Milliounen eropgaangen. 2005 kommen nach eng Kéier dräi Milliounen dobäi, woubäi een natierlech och muss bedenken, dass d'Gemenge selwer do en enormen Effort maachen.

Här President, vill gëtt iwwert d'Zukunft vun eiser Wirtschaft diskutéiert. Ech war a bleiwen der Meenung, dass d'Nischepolitik keen Ersatz fir eng Wirtschaftspolitik ass, déi de Monolithismus ofbauen, d'Wirtschaft diversifizéieren an op eng zouverlässeg an dauerhaft Basis setze wëllt. Et ass och keen Ersatz fir eng Politik, déi d'Ofhängegkeet vun auslänneschen Décisiounen a Betriber, déi hei implantéiert sinn, ofbaue wëllt. Et gëtt sécher eng intelligent Nischepolitik, wéi zum Beispill ons Satellittegesellschaft se duerstellt. Et gëtt eng fragwürdeg Nischepolitik, wéi zum Beispill Lëtzebuerg zu engem zweete Monaco ëmfonctionnéieren ze wëllen.

Ech weess och, dass mer kuerzfristeg net laanscht déi eng oder aner nei Nisch kommen, wéi zum Beispill déi vum elektroneschen Handel. Déi Nische si meeschtens fragile a kënne vun engem Dag zum aneren ewechbréckelen.

Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer kuerz- a mëttelfristeg eng nei modern Déngschtleeschtungs- an Industriebasis mat Fuerschung, Technologietransfert an Héichschoulbildung schafe mussen, wa mer eis dann endlech eens sinn, dass dat de Wee ass. Nu steet d'öffentlech Fuerschung nach ëmmer nëmme bei 0,22% - dat ass e Fortschrëtt, mä nach ëmmer net genuch. Et soll jo 1% sinn niewent 2% fir d'Privatfuerschung.

Mir hunn als LSAP an där Optik alles, heiansdo wuel kritesch, mä alles mat gedroen, wat déi sukzessiv Regierunge realiséiert hunn, vum Gesetz vun 1987 iwwert d'Centres de Recherche publics bis zum Gesetz vun 2003 iwwert d'Uni. Mir hunn als LSAP ëmmer erëm géint Retizenzen a Skeptizismus grad op deem Gebitt vu villen Acteuren zu Lëtzebuerg ugekämpft. Och haut gëtt vu villen nach net agesinn, dass Uni a Fuerschung liewenswichteg fir eist Land sinn. Et geet ëm d'Innovatioun schlechthin an engem Land, wat nëmmen dat huet fir sech wirtschaftlech a sozial selwer ze bestëmmen.

Mir hunn de Projet vun Esch-Belval mat gedroen, iwwert deen eis Kolleegin Lydia Mutsch nach wäert schwätzen, well do an der Cité des Sciences d'Aneneegräife vu Wirtschaft a Fuerschung, vu Bildung a Schaffen eng nei Dynamik schafe kann. Ons Centres de Recherche publics hu säit 1987 gewisen, dass esou Instrumenter néideg si fir nei Betriber ervirzeruffe respektiv bestoender weiderzebréngen.

Mir hunn an der Vergaangenheet oft genuch op d'Noutwendegkeet vun enger dynamescher Approche vun der Informatiounsgesellschaft higewisen. Och do kréie mer vum Här Fontagné gesot mir wären hannendran, wann et ëm eis Kompetitivitéit geet. Mir hoffen a wënschen, dass dës Regierung eis e risege Schrëtt dobäi weiderbréngt.

Mir wëssen awer och, dass Fuerschung an Héichschoulbildung net exklusiv an direkt profitorientéiert kënnen a solle sinn. Et gëtt en direkten Zesummenhank mat dem allgemenge Bildungsstand vun engem Land a senger Fäegkeet an der Wirtschaft adaptabel a flexibel ze sinn. Et gëtt en direkten Zesummenhank zwëschent der Ufanksausbildung an dem liewelaange Léiere fir de Beruff engersäits an der geeschteger a kultureller Entwécklung vun engem Land. Dofir ass d'Schoulpolitik d'Grondlag fir ons wirtschaftlech Zukunft, gradewéi déi sozial Gerechtegkeet a Kohesioun. Nach ëmmer hu mer déi Gerechtegkeet an der Schoul net fäerdeg bruecht.

An de 60er Joren, et ass scho laang hier, hu mer den Defizit vun Aarbechterkanner am klassesche Secondaire an am Supérieur bedauert an ugeprangert. Haut si mer net vill méi wäit, mat der Ausnahm, dass déi Aarbechterkanner meeschtens friem Originen hunn. Dofir gëtt et fir mech en direkten Zesummenhank zwëschent enger besserer Ausbildung vu Léierpersonal am Primaire an am Secondaire an dem Vermeide vun Echecen, dem Verloscht vu Matière grise a Kompetenzen, dem Kampf géint de Chômage an der sozialer Gerechtegkeet zu Lëtzebuerg.

Dofir hänken d'Dynamik vun eiser Wirtschaft an hire Betriber, d'Chancë vun eise jonke Leit bei der Sich no Aarbecht an d'Zukunft vun eisem Land an der moderner Zäit vun all deenen Elementer of. Dat ass alles, wéi een haut esou schéi seet, vernetzt. Fortschrëtter dobäi däerfen net direkt dovunner ofhänken, ob dann elo déi eng oder déi aner Statsbeamten esou oder esou klasséiert sinn. Fortschrëtt entsteet, wa mer eis eens sinn, dass dëst fir d'Zukunft vum Land noutwendeg ass an dass mer och dono handelen.

Här President, de Professer Fontagné mécht och dozou eng Partie Virschléi, och besonnesch wat d'Formation continue vun deene Leit zu Lëtzebuerg ugeet, déi mam Mindestloun schaffen, respektiv mat wéineg Formatioun an de Beruff eraginn. Et ass scho ganz richteg, dass et op deem Plang de sprangende Punkt ass fir déi Plazen, déi mer zu Lëtzebuerg schafen, och vu Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, besetzen ze loossen. Dobäi kommen och nach aner Aspekter, wéi zum Beispill d'Déréglementatioun vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, d'Opmaachen och vun der Fonction publique op auslännesch Kompetenzen, d'Aféiere vun der duebeler Nationalitéit, déi interessant sinn an zur Moderniséierung vum Land bäidroen.

Här President, e puer Wuert zu de Steieren. Wat d'Steieren ugeet ginn d'Diskussioune fir de Budget 2005 iwwert d'Zukunft vun der Kollektivitéitssteier, d'Ofschafe vun der Verméigenssteier am Zesummenhank mat der Steier vun 10% op e Kapitalakommes, an den Undeel vun den direkten an indirekte Steieren am Gesamtsteieropkommes. Méi allgemeng geet et sécher ëm d'Adéquatioun vun Ausgaben an Einnahmen.

Wat d'Kollektivitéitssteier ugeet, do schéngt eis dem Budgetsminister seng Analys richteg, dass déi Steier strukturell erofgoe wäert, well déi Betriber, déi se bezuelen, mat legale Mëttelen hir Steierlaascht minimiséiere respektiv d'Perten, déi se am Ausland maachen, zu Lëtzebuerg konsolidéieren. Dofir gëtt jo versicht en europäesche Rapprochement unzestriewen, fir wéinstens en Deel vun der Steiersubstanz vun de Memberlänner ze erhalen. Dat muss d'Zil vun héich entwéckelte Länner sinn, si kënnen ouni eng zolidd Steierbasis iwwwerhaapt net méi dat Zesummeliewe garantéieren, finanzéiere wat mer fir eisen Zesummenhalt a fir eis Liewensqualitéit brauchen.

Déi Europäesch Kommissioun hat 2001 an 2003 festgestallt, dass d'Betriber am Bannemaart eng gemeinsam Betribssteier misste kënnen applizéieren. Ouni déi Steierbasis behalen d'USA a Japan e wichtege Konkurrenzvirdeel op Europa. Dofir hat déi vergaangen Europäesch Kommissioun dem Conseil Ecofin vum 10. an 11. September 2004 zwee Non-papere virgeluecht, deen een iwwer eng gemeinsam konsolidéiert Assiette vun der Betribssteier, deen aneren iwwert d'Besteierung am Pays d'origine fir Kleng- a Mëttelbetriber.

D'Kommissioun analyséiert richteg, dass d'Länner d'Impressioun hunn eegene politesche Spillraum a Steierfroen ze hunn, wou se a Wierklechkeet andauernd op d'Tauxë vun aneren EU-Länner kucken a sech dono riichten. Dobäi kënnt, dass de System vun no Länner separate Steiere souwuel fir d'Betriber wéi fir d'Steierverwaltungen extrem opwändeg ass.

Et soll jo beim erwähntene Rapprochement, wann ëmmer dee kënnt - a mir si jo hei wierklech nëmmen an enger Ufanksphas vun Iwwerleeungen -, net ëm d'Tauxë goen, mä ëm d'Assiette. Déi Bestriewunge gi sécherlech och vun de wirtschaftleche Milieuen an der Industrie an eisem Land mat Interesse gekuckt. Ech mengen, dass esou eng Démarche och als Instrument soll gekuckt gi fir géint d'Délocalisatioun vu Betriber an Niddregsteierlänner unzekämpfen.

Dofir hunn ech, natierlech gradewéi de Budgetsminister, meng Bedenken iwwert de Virschlag vum Rapporteur fir bei der Betribssteier en insgesamten Taux vun 19% anzeféieren esou wéi dat an der Slowakei gemaach ginn ass an domat voll an d'Steierkompetitioun eranzeklammen. Den Här Mosar mengt duerch d'Erofsetze vum Taux géifen nei Betriber ugezu ginn an de Steierausfall wettgemaach ginn. Ech hätt awer do gäre méi genee Berechnunge gehat iwwert den Ausfall vu Steieren an deem wat un neie Betriber misst kommen, fir dëst wettzemaachen.

Bei engem Saz vun 19% fale jo all aner steierlech Méiglechkeete fir d'Betriber ewech an déi Méiglechkeeten, dat huet jo den Här Minister eis gesot, si sécher och e wichtegt Element vu fiskaler Flexibilitéit vis-à-vis vun de Betriber. Et ass eis jo hei duergeluecht ginn, dass duerch d'Bank déi meescht Betriber déi Flexibilitéit an déi Provisiounsméiglechkeeten appréciéieren an dass et net sécher ass, dass duerch deen Taux vun 19% zesumme mat dem kompletten Ofbau vun den Abattementen d'Fiskalitéit fir d'Betriber besser géif ginn, dat heescht méi attraktiv géif ginn.

Et muss een och gesinn, dass esou een Astieg an en Dumping fiscal op laang Siicht zwangsleefeg zu Reaktioune vun deenen anere Länner féiert. Iwwregens kann deen Avantage séier verschwannen, sief et duerch eng ze schaarf Kompetitioun, sief et duerch eng europäesch Harmonisatioun fir wéinstens en Deel vun der Steiersubstanz ze erhalen. Niddreg Betribssteiere kënne sécher ee Mëttel si fir auslännesch Betriber unzezéien, et ass awer net dat eenzegt an et gëtt eiser Meenung no anerer, déi méi wichteg sinn.

En intelligent Ëmfeld ass zum Beispill méi wichteg. Dat gëllt sécher fir d'Finanzplaz, op déi de Rapporteur sech konzentréiert huet. Zum Beispill musse mer d'Iwwerreglementéierung vermeiden, an ech mengen den Här Meisch huet och schonn dovunner geschwat, wa mer zum Beispill d'Fongen zu Lëtzebuerg auditéiere loossen, da musse mer natierlech och d'Méiglechkeete gi fir déi Auditë kontrolléieren ze loossen, dat heescht mir mussen och der CSSF genuch Leit ginn, fir wichteg Kontrollen duerchzefëieren an och méi schnell op d'Demandes d'agrément vun der Fongenindustrie dann zum Beispill ze reagéieren.

Dëse Service ass, wann e gutt a schnell ass, och e Standuertvirdeel. A wa mer keng Lëtzebuerger fir dës Tâchen an der CSSF fannen, da musse mer dës Spart ebe fir Auslänner opmaachen, well niewent der steierlecher Situatioun ass d'Qualitéit vun de Servicer fir d'Finanzplaz wichteg.

D'Taxe d'abonnement ass eigentlech och eng wichteg Rent fir de Stat a sécher wäert déi och wuel soubal net ofgeschaaft ginn, obschonns dat jo vun deenen zoustännege Kreesser verlaangt gëtt, mä et soll ee sech iwwerleeën als Ciblage vun der Befreiung vun där Steier zum Beispill nei Créneauen opzemaachen, zum Beispill eng Befreiung fir Fonge mat ethescher Ausriichtung, zum Beispill vu Micro-finance.

D'Luxembourg School of Finance soll jo duerch Fuerschung, Enseignement an och Formatioun nei Perspektive fir d'Finanzplaz opmaachen. Fir den Ableck ass net ze erkennen, ob dat geléngt. Vill Froe stellen sech dobäi: Sollen zum Beispill dann elo hei Kadere forméiert ginn oder Fuerschung bedriwwe ginn oder eng Konkurrenz zu aneren héich spezialiséierten Instituter am Ausland geschaf ginn? Alles zesumme kann ee sécher net maachen. Et muss een also do e Choix maachen.

Et gëtt och - et ass schonn hei gesot ginn - e reelle Besoin vu Promotioun vun der Finanzplaz an och vun der Verdeedegung vun der Fi-

nanzplaz vis-à-vis vun europäesche Bestriewungen a vun der Verdeedegung vun Interesse vun der Lëtzebuerger Finanzplaz vis-à-vis vun europäeschen Direktiven.

Här President, déi eenzeg Steiermoossnam, déi am Koalitiounsprogramm festgehale gouf, ass eng Taxe libératoire vun 10% op Akommes vu Kapital fir Residenten an d'Ofschafung vun der Verméigenssteier; dëst soll 2006 antrieden. Den Ertrag vun der Verméigenssteier vum Particulier zu Lëtzebuerg ass jo relativ niddereg, si gëtt an der Haaptsaach vu klenge Spuerer bezuelt, déi net wësse wéi dolaanscht kommen.

Soll domat - esou de Rapporteur - Lëtzebuerg zu engem zweete Monaco opgebaut ginn? Ass dat eng nei Nisch fir d'Finanzplaz? Dat heescht, soll d'Finanzplaz déck Fortunen aus aller Welt unzéien a mat hinnen d'Besëtzer, déi jo solle Residente ginn, also d'Besëtzer vun deene Fortunen heihinner unzéien? Sollen hinnen dobäi speziell Faveure gemaach ginn, fir dass se op Lëtzebuerg kommen? Mir sinn dobäi méi wéi skeptesch.

(Interruption)

Ech wëll net an engem Monaco liewen, souguer wann d'Wieder besser wär. Ech wëll an engem Land liewen, dat säi Wuelstand aus eegener Kraaft erschafft, vun de Leit, déi hei wunnen an dat Land prägen.

Une voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Vergiesse mer net, dass d'Manéier wéi ee räich gëtt, och bestëmmt, wéi ee räich ass. Vill éischter, Här President, solle mer probéiere Spezialisten, héich kompetent Fuerscher zu Lëtzebuerg ze formëieren oder op Lëtzebuerg fir d'Uni an d'Fuerschung unzezéien, hinnen d'Arees an de Séjour vereinfachen an domat d'Grondlag fir nei Betriber am Déngschtleeschtungs- an Industrieberäich ze schafen.

Här President, op d'Gemengefinanzen am Zesummenhank mat der Gewerbesteier kënnt eise Kolleeg, den Här Klein, nach zréck.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech wollt awer ee Wuert iwwert d'Grondsteier soen. Mir sinn do sécher d'accord, wéi et och am Regierungsprogramm steet, dass een eng Reflexioun soll ufänken - allerdéngs huet jo hei nach keen, och de Rapporteur net, gesot, dass déi Grondsteier ëm dat Véierfacht eropgesat soll ginn, wéi ech dat an engem Interview vun engem Oppositiounssprecher gelies hunn. Mir mengen allerdéngs, dass dës Reflexioun sech et net ze einfach maache soll, zum Beispill, dass ee beim Eefamilljenhaus méi géif ofzocken.

Eng intelligent Grondsteier soll wuel dozou féieren, dass Bauland an de Bauperimeteren op de Maart kënnt, si soll och de Gemengen en Instrument ginn, fir géint Spekulatiounen unzekämpfen a géint d'Bureautisatioun an de Stied an doduerch géint d'Verloosse vun de Stadkäre virzegoen. Den Här Innenminister huet ons hei viru kuerzem gesot, e géif iwwer eng Tax nodenken, fir dëse Phenomeen ze bekämpfen.

An der Haaptstad, déi ech e bësse kennen, schwätzen se ëmmer nach a säit enger Partie Jorzéngten - bal 30 Joer - vun enger neier legaler Basis, fir dëst ze verhënneren, fir endlech géint d'Bürospekulatioun an de Wunnquartiere virzegoen. Ech sinn der Meenung, en neit Gesetz iwwert d'Grondsteier misst géint déi Abusën nei Instrumenter schafen. D'Regierung seet och déi direkt Steierlaascht vun de Persoune géif net eropgesat ginn, déi indirekt Steierlaascht gëtt wuel eropgesat - Eropsetze vun der TVA um Bensin an op den Zigaretten - vun 12 op 15% a soll 40 Milliounе méi fir Gesondheet an Ëmwelt abréngen. D'Contribution sociale op den Diesel, dee jo indexneutraliséiert gëtt, soll dem Beschäftegungsfong hëllefen.

Wat d'Ëmverdeelung an eisem Land ugeet ass et wichteg, dass den Index bleift. En ass noutwendeg fir eng regelméisseg Entwécklung an Upassung vun der Kafkraaft, niewent deene kollektivvertragleche Mechanismen, déi mir fir d'Leit hunn, déi schaffen. D'Ëmverdeelung ass noutwendeg fir e wäitgespreete Konsum a sozial Gerechtegkeet. Si ass virun allem noutwendeg fir de sozialen Zesummenhalt a fir de soziale Fridden; an dëst ass jo eng vun de wesentlechen Trëmp fir Lëtzebuerg, déi mir net däerfen op d'Spill setzen.

De Rapporteur huet an der Haaptsaach no der Héicht vun de sozialen Ausgabe vum Budget gekuckt; 44% vun den uerdentlechen Ausgabe sinn d'Transferts sociaux vum Stat. Och de Budgetsminister huet gesot, hei misst doriwwer nogeduecht ginn. D'LSAP ass iwwerzeegt, dass d'sozial Kohesioun an de soziale Fridden zu engem héijen Niveau vu sozialem Schutz an och zu engem héijen Niveau vu Wuesstum a Beschäftegung féieren. Länner wéi Schweden hu 50% Sozialausgaben a gehéieren zu deenen dynameschste Wirtschafte vun der Welt. Sécher féiert an eisem System d'Erhéijung vun der Zuel vun den Aarbechtsplazen automatesch zu méi Dépensë vum Stat, mä gradesou sécher steigt doduerch de Räichtum vum Land an domat och de Räichtum vum Stat.

Den Här Mosar monéiert dann och, dass déi héich Unzuel vun net Résidenten zum Export vun engem gudden Deel vu Sozialleeschtunge féiert. Dës Situatioun huet jo vill Ursaachen. Et ass fir d'éischt eng Konsequenz vum Pendlerzeenario, dee mir de préférence vun Awunnerzeenario gewielt hunn an deen eis ganz vill Avantagë brëngt, zum Beispill héich qualifizéiert Leit, fir deenen hir Formatioun mir net opkomme mussen, déi mir net logéiere mussen, deenen hir Lounsteier mir anzéien. Et ass och eng Konsequenz vun engem relativ niddereгen Taux d'emploi a vun enger niddereger Lëtzebuerger Demographie, déi d'Immigratioun noutwendeg mécht an och an Zukunft wäert noutwendeg maachen; dat gëtt jo net méi spéit wéi och erëm eng Kéier an deem vill zitéierte Fontagné-Bericht ënnerstrach.

Et kann een och dobäifügen, dass onse Schoulsystem vill Echece produzéiert, domat generéiert e Chômage am Land an zugläich d'Immigratioun gradewéi d'Auswanderung vu Kanner an auslännesch Schoulen. Ech kann also net novollzéien, wat de Rapporteur mat senger Klo iwwert den Export vu Sozialleeschtunge soe wëllt. En zitt jo eigentlech och keng Konklusiounen doraus; an Analysen ouni politesch Konklusioun bréngen awer op dësem Niveau net ganz vill.

Ech sinn iwwerzeegt, Här President, dass esou laang mir net un d'Wuerzele ginn, wäert sech och an enger héich entwéckelter Ekonomie wéi eiser näischt änneren. D'Wuerzelen, dat ass méi en héijen Taux d'emploi vu Männer a Fraen, dofir besser Opfaangstrukture fir Kanner an all Alter, besser Schoulen, eng besser Demographie wéi eng intelligent a sozial selektiv Hëllef fir Famillje mat Kanner an eng intelligent Immigratiounspolitik. Doriwwer eraus sinn ech fir mäin Deel net esou rabiat an der Beuerteelung vun der Entwécklung vun der Groussregioun.

Eise Kolleeg, den Här Mosar, mengt d'Frontalierë géifen hei schaffen an doiwwer consomméieren. Ech mengen, dass dës Groussregioun mat der Zäit zesummewiisst, dass d'Betriber an d'Konsumenten aus der ganzer Géigend, ob Lëtzebuerger oder Friemer, do e breede Maart fannen an domat och e Retour vun de Geldexporter no Lëtzebuerg stattfanne kann; a Geld zirkuléiert an der Groussregioun, och fir de Konsum, wéi eng rezent Etüd vum Ceps awer wéinstens deelweis gewisen huet.

En anere Punkt, dee mech am Rapporteur sengem Rapport frappéiert huet, ech muss soen et reegt mech eigentlech manner op wéi hien, dass eng Partie öffentlech Déngschter nëmmen e geréngen Taux de couverture hunn. Ech hunn de Stater Finanzschäffe Laurent Mosar, gradewéi seng DP-Kolleegen am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg schonn x-mol kloen héieren, dass de Busdéngscht vun der Stad nëmme bis zu 12% duerch Recettë gedeckt géif. Elo weess den Här Mosar, wéi och de Buergermeeschter, den Här Helminger, dass mir de Problem mat dem öffentlechen Transport léise wëllen, dee soss eis Stad an eis Ëmwelt an eis Liewensqualitéit futti mécht.

D'LSAP hat sécher, dat ass richteg, an hirem Wahlprogramm de Gratistransport gefrot, well mir duerch e verstäerkte Gebrauch vum öffentlechen Transport den individuelle Verkéier schnell erofdrécke wollten. Dëst gouf jo vum Koalitiounspartner net ugeholl. De Problem bleift awer. De Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet d'virlescht Woch am Stater Gemengerot rappeléiert, dass d'Stad dagsiwwer 200.000 Awunner huet an nuets nëmmen 85.000.

Mir hunn also e Problem, nämlech de Problem vun de Pendler an der Stad an an der Agglomeratioun vun der Stad. De berühmte „modal split" vu 25 zu 75, wéi solle mir en dann erreechen? Mir stinn haut national bei 11 bis 12% Undeel um öffentlechen Transport. Wa mir 25% erreechen…

(Interruption)

An der Stad! Mä d'Stad ass eng Saach an d'Agglomeratioun a ronderëm ass eng aner Saach.

Wa mir 25% landeswäit erreeche wëllen, da kascht dat eppes. Wa mir d'CO_2-Emissiounen an den Emission trading erofsetze wëllen, da kascht dat och erëm eppes op engem anere Plang.

Dofir, Här President, d'Leit, déi iwwerall an der Welt, vu méi wäit oder wéiniger wäit, hier an d'Stied schaffe kommen, bezuelen néierens an der Welt en Tarif, deen den öffentlechen Transport och nëmmen zu engem Drëttel deckt. An iwwregens huet d'CSV/DP-Majoritéit, dat muss ech awer hei soen - ech hunn dat jo scho laang materlieft -, nach ni eng konkret Propositioun op deem Gebitt virbruecht, héchstens Léisungen an deene leschte Jore verhënnert.

An da muss ee sech froen, ob dann elo zum Beispill, wa mir iwwert d'Couverture vum öffentlechen Transport schwätzen, ob da soll d'Gratuitéit vum Behënnertentransport ofgeschaaft ginn, déi jo awer néideg ass, fir déi Leit an déi verschidden Institutiounen ze bréngen, déi de Familljeministère uechtert d'Land opmécht.

Et gëtt sech och op där anerer Säit opgereegt iwwert déi héich Ausgabe fir d'Fotovoltaik. Nu wësse mir aus der Opstellung vun der europäescher…

(Interruptions)

Une voix.- Den Här Mosar hat d'Eisebunn gemengt.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo, jo, okay.

(Interruption)

Plusieurs voix.- Oh, oh!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech hat geduecht, mir géifen hei wierklech e wichtegen Débat féieren iwwert d'Zukunft vun eisem Land. Ech hu probéiert dat ze maachen, an ech hunn net wëlles iergendeng Aart bëlleg Polemik mam Här Gibéryen hei unzefänken.

Et gëtt och geschwat vun den héijen Ausgabe fir d'Fotovoltaik. Dat musse mir awer als Grondiddi behalen. Nu wësse mir aus der Opstellung vun der Europäescher Kommissioun, dass mir mat 2,7% Stroum aus erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg d'Schlussliicht an Europa sinn. An ech mengen amplaz sech iwwert de globale Käschtepunkt opzereegen, soll een ufänken no intelligente Léisungen ze sichen, a sécher huet kee vun haut op mar déi honnertprozenteg richteg Léisung, mä wichteg ass et, datt mir awer net d'Kand mam Bad ausschëdden, an dass mir gesinn, dass mir do mussen aktiv ginn.

Här President, den Här Budgetsminister huet och d'lescht Woch hei iwwert déi uerdentlech Ausgabe vum Stat geschwat, déi jo substanziell an d'Luucht ginn. En huet drop higewisen, dass duerch d'Automatismes vun der Sécurité sociale d'Sozialausgaben 2005 ëm 7% wuesse wäerten, also méi wéi de Wuesstum vu 4% vun den Ausgaben.

Den Här Budgetsminister wëllt doriwwer en Débat, dat ass ganz richteg. En denkt, wéi e seet, un e Réequilibrage vun de sozialen Ausgaben. Et misst een zum Beispill an der Gesondheet vun de Bedeelegunge schwätzen; et misst een d'Ausgabe stabiliséieren, dat heescht plafonnéieren awer net ofbauen, fir dass de Stat Loft kritt fir nei Aufgaben unzegoen. De Rapporteur sengersäits schwätzt vun engem Audit iwwert de Beschäftegungsfong.

Plafonnéieren heescht jo eigentlech, den Deckel drop, dass näischt méi bougéiert. Ech mengen, esou kann een dat net gesinn. Den Här Frieden huet selwer gesot, dass och am soziale Beräich nei Besoinen entstinn, deene muss Rechnung gedroe ginn, wéi zum Beispill dem Encadrement vun de Kanner an der Schoul, den Tagesstätten, der Schoulhëllef, der Fleeg an dem Versuerge vun eelere Leit, dem Encadrement vu sozial schwierege Mënschen, hir Reintegratioun an en Aarbechtsprozess, zum Beispill duerch d'Économie sociale a sou weider.

Wat ass zum Beispill den Intérêt vun engem Audit iwwert de Beschäftegungsfong? Ech mengen, de Problem ass de Chômage - net de Fonds. Et ass de Chômage, dee mir bekämpfe mussen. Ech si mat alle Leit heibannen d'accord, datt dëst eng schwiereg Diskussioun ass, besonnesch dann, wa mir décidéiert sinn, uerdentlech Ausgaben nëmmen iwwer Einnahmen an net iwwer Verscholdung ze finanzéieren.

Wa mir déi Diskussioun och net scheien, da wësse mir, dass mir se nëmmen an engem breede soziale Konsens mat de Sozialpartnere féiere kënnen, an och zu engem gudden Enn féiere kënnen. D'Solidaritéit ass dobäi keen eidelt Wuert. Sozialofbau gëtt et mat ons net.

Nach e Punkt ass mir beim Här Mosar opgefall, nämlech de Gebrauch vun der Strenz, Arrosoir op franséisch. Vill sozial Avantagë géife mat der Strenz verdeelt. E schwätzt dobäi vun de Wunnengsbäihëllefen, vum gratis Transport a sou weider. Dëst ass en oft erhuewene Virworf géint de Sozialstat. Och hei muss een entgéinthalen, dass jo d'sozial Kohesioun zu Lëtzebuerg duerch en anstännegt Wunnen am Eegenheem entstan ass. Et ass jo och vun de verschiddene Regierungen, dass dat ëmmer erëm gefuerdert ginn ass. Ëmmer méi schwiereg gëtt et fir kleng a mëttel Akommessen sech en Eegenheem ze erschaffen. Dofir muss déi Strenz, deen Arrosoir, méi grouss opgoen, fir all déi Schichten ze erreechen, déi ouni staatlech Hëllefen ni zu engem Terrain oder zu enger eegener Wunneng kéimen.

Och hei kann een natierlech och aner Weeër aschloen, wéi zum Beispill öffentlech Terrainë mat Bail emphytéotique zur Verfügung stellen. Loosse mir dat maachen, amplaz nëmmen dovunner ze schwätzen!

A schliesslech gëtt jo och bei der Strenz ni gesot wéi prezis se dann elo cibléiere soll, mat anere Wierder, wann ee vu Selektivitéit schwätzt, da muss een esou ee Konzept bis zu Enn denken.

Här President, fir ofzeschléissen an zesummenzefaassen: De Budget 2005 entsteet an engem schwieregen Ëmfeld, d'Enn vun de Reserven aus de Boomjoren ass no, d'Engagementer si grouss an d'Fongen huelen of, ouni Verschëlddung geet et an deenen nächste Joren net.

Zweetens, et ass dofir noutwendeg ze spueren, zum Beispill beim Bauen. Prioritéite musse gesat ginn: Schoule viru Stroossen, Informatiounstechnologie viru Prestige, sozial Selektivitéit amplaz déi ganz breet Strenz.

Drëttens, nei Ustrengunge brauche mir, fir de Wuelstand vum Land a seng Entwécklung als héich modernt Land an enger komplizéierter Welt weiderzebréngen.

A véiertens a leschtens: Fir d'LSAP gëtt et kee Géintenee vun engem gerechte Sozialstat, engem héijen ekologeschen Niveau, enger moderner a kompetitiver Wirtschaft, mä nëmmen ee Mateneen, dofir setze mir eis an, an dat ass fir eis de Schlëssel zur Moderniséierung vu Lëtzebuerg.

Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet elo de Fraktiounspresident vun deene Gréngen, den honorabelen Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Den éischte Budget an där neier Legislaturperiod fënnt an Diskussioune statt, déi, wat d'Chifferen ubelaangt vun der Entwécklung vun eiser Ekonomie, vun eisem PIB, sech sécherlech geännert hunn.

Wann een d'Chiffere kuckt vun 2003 an 2004, mä virun allem vun 2003 par rapport zu 2004 zum Beispill, da stellt ee fest, datt eise PIB erëm staark ugewuess ass. 2003 hate mir nach e Wuesstem vun 2,9%, 2004 si mir op 4,2% oder wäerte mir op 4,2% do ukommen, aller Viraussiicht no, an 2005 gëtt ee Wuesstem vum Statec prognostizéiert vun och nach eng Kéier 4,2%. Wann een d'Period nach kuckt vu virdrun, tëschent 2001 an 2003, do huet et nach vill méi schlecht ausgesinn, do louche mir tëschent 1,5% an 2,9%.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

An och wann de Statec 4,2% Wuesstem vum PIB prognostizéiert, esou bleift et bei dësem Budget, deen opgestallt ginn ass vun dëser Regierung bei enger virsiichteger Aschätzung vun engem Wuesstem vum PIB vun 3,8%.

Ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei gesot: Mir wäerten och an dësem Land erëm eng Kéier op d'Normalitéit zréckkommen. Fir mech si Wuesstumszuelen, oder fir eis si Wuesstumszuele vun 3 oder respektiv tëschen 3 a 4% ganz gutt Wuesstumszuelen, an et ass och dofir, dass mir frou sinn, datt mir zumindest déi gutt Wuesstumszuelen, déi mir dëst Joer erreechen, hoffentlech dann och wahrscheinlech d'nächst Joer wäerten erreechen.

Mä ech mengen awer, datt et net vu Muttwëll ass, datt an dësem Budget éischter vu virsiichtege Chifferen ausgaange gëtt, vun engem PIB-Wuesstum vun 3,8%, well ech si perséinlech der Iwwerzeegung, datt et alles anescht wéi garantéiert ass, datt mir zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus an der Europäescher Unioun esou e wonnerbaart ekonomescht Ëmfeld wäerten hunn.

Et gëtt een eenzege grousse Sujet, deen de Moment international diskutéiert gëtt, a bei deem net wéineg Ekonomisten dovunner ausginn, datt dee Problem am Laf vum Joer 2005 eréischt voll wäert aschloen, dat ass deen astronomesche Budgetsdefizit vun de Vereenegte Staten, a virun allem de Fait, datt et net méi esou wäert sinn, wéi et awer an deene leschte Joren de Fall war, datt d'Ausland eigentlech dem Här Bush seng Scholde bezuelt huet, duerch gewëssen Investissementer. Dat heescht et wäert esou sinn, datt deen astronomeschen amerikanesche Budgetsdefizit ganz staark wäert do riskéieren op d'international Konjunktur ze drécken, an dofir et net evident ass, ob mer dee Wuesstem Enn 2005 wäerten erreechen, deen am Moment déi Chifferen, iwwert déi de Statec haut verfügt, fir 2005 virausgesinn.

Wat awer méi erschreckend ass, dat ass wann ech kucken, obscho mer e Wuesstum hunn, deen ëm déi 4% dann eventuell d'nächst Joer läit, wat dat bedeit fir d'Chiffere vum Budget, virun allem fir d'Recettë vum Budget. Ech mengen d'Chiffres-clés vum Budget sinn entre-temps bekannt. Bei de Recettë leie mir bei 6,9 an eppes Milliarden Euro, bei den Dépensen bei 6,991 Milliarden Euro. Mir schléissen also de Budget, wann en esou exekutéiert gëtt, wéi et hei virgesinn ass, mat engem liichten Defizit of, deen zwar dann iwwer eng Réserve budgétaire, déi mer hunn, soll gedeckt ginn.

Dat ass elo kee Grond fir a Panik ze verfalen, mä wat awer e Grond ass, fir a Panik ze verfalen, dat si ganz aner Saachen, oder net fir a Panik ze verfalen, mä loosse mer soen, éischter a Suergen ze verfalen, dat sinn eng ganz Rei aner Zuelen, déi aus dem Budget hei ervirginn.

Mir wäerten och, esou wéi et ausgesäit, et ass jo nach net 100%eg sécher, mä ech ginn awer emol fest dovunner aus, am Laf vum Joer 2005 en Emprunt ophuelen an der Héicht vun 200 Milliounen Euro, dee gläichméisseg opgedeelt gëtt un de Fonds des Routes an un de Fonds du Rail. Eis Dette brute wäert dofir klammen op 2,1% vum PIB. Dat ass natierlech, wann een dat vergläicht, wat mir an aneren europäesche Länner hunn, absolut näischt, an et ass och richteg, wat elo scho vu Virriedner gesot ginn ass, och vun der Majoritéit, datt mer natierlech um Niveau vun der Verscholdung nach e grousse Spillraum zu Lëtzebuerg hunn, mä och do gëtt et eng Rei Saachen ze soen, an ech wäert nach zum Schluss vu menger Ried, wann ech op deem Punkt ukommen, nämlech op dee Punkt vun de Fonds d'Investissement, deen an enke Relatioune steet mat der Ophuelung vun den Emprunten, gëtt et eng Rei Zuelen an eng Rei Donnéeën, déi eis mussen nodenklech stëmmen.

Mir hunn och 2005 eng staark Steigerungsrat bei de Recetten, plus 7,98%. Mir leien eigentlech do erëm um Niveau vu Joren, déi zu Recht bezeechent gi sinn als ganz gutt Jore fir Lëtzebuerg, mä den Ennerscheed ass awer deen, datt déi staark Steigerungsrat bei de Recetten net méi dohier kënnt, wou se fréier emol hierkomm ass. Mir wëssen, datt an deene ganz gudde Joren 1999-2000 déi héich Steigerungsraten engem gudden Deel der Kierperschaftssteier unzerechne waren, vun dohier komm sinn. An der Tëschenzäit hu mer eng staark Verschiebung kritt bei de Recetten a Richtung vun anere Steieren, déi ech erkläre wëll.

Fir d'éischt ass natierlech, wann ech bei den direkte Steieren ufänken, den Impôt sur le revenu et les salaires. 2004 hate mer 1.245 Milliounen Euro an 2005 erwaarde mer 1.400 Milliounen Euro. Dat mécht am Verhältnis gesinn zu der gesamter Recette fiscale beim Lëtzebuerger Stat 16,2% aus. Dat ass eng zolidd Steigerung, déi drop zréckzeféieren ass, oder déi wäert drop zréckzeféiere sinn op engersäits eng dynamesch Entwécklung vun de Léin zu Lëtzebuerg, haaptsächlech déi erwaarten Indextranche d'nächst Joer, mä awer och esou Saache wéi d'Unhiewe vum soziale Mindestloun oder den Ajustement vun de Pensiounen. Mä et ass awer och zréckzeféieren op dat erwaartend Usteige vun dem Emploi insgesamt zu Lëtzebuerg.

Wat interessant ass festzestellen, dat ass, datt déi fiskal Recettë vun där dote Steier definitiv elo d'zweet Plaz ageholl hu bei sämtleche fiskale Recettë vum Stat, dat heescht déi Steier gëtt eigentlech just nach vun der TVA dépasséiert, a firwat datt se vun der TVA dépasséiert gëtt, dorobber kommen ech och nach ze schwätzen. Dat huet Grënn, déi mer eigentlech alleguerten och misste wëssen.

En zweete grousse Block ass natierlech d'Kierperschaftssteier. 2005 gëtt sech do eng Recette vun 1.125 Milliounen Euro erwaart. Dat ass e Plus vu 25% par rapport zu 2004. Et mécht par rapport zu de gesamte Recettes fiscales 20% aus, an et ass esou, datt natierlech an der Diskussioun iwwert de Fait, firwat datt d'Kierperschaftssteier net méi esou eropgeet par rapport zu de Jore virdrun, gesot ginn ass, datt mer eigentlech jo an deene Jore virdrun en iwwerméisseg héijen Niveau konnten halen duerch verschidde Retarden, déi kumuléiert gi sinn, datt mer eigentlech eréischt 2005 de kumuléierten Effekt géinge spieren, natierlech vun där Steierreform vun 2002, wou mer d'Kierperschaftssteier op 22% gesat hunn, kombinéiert mat engem Ralentissement vun der Croissance insgesamt.

Et ass awer allerdéngs esou, wann een d'Chifferen am Detail kuckt an et ass interessant, fir dat festzestellen, am Zesummenhank mat Suggestiounen, déi de Rapporteur gemaach huet, Denkustéiss, fir eventuell zukünftege Reforme vun der Kierperschaftssteier, datt 2001 an 2002 mer eigentlech ni dat erreecht hu bei der Kierperschaftssteier wat mer eis am Budget erwaart hunn, dat trotzdeem, datt an deene Jore virun 2004 verstäerkte Steierréckstänn agedriwwe gi si vun de gudde Joren 1999-2000.

Dat heescht am Klortext, datt dat wat de Rapporteur mengt, oder wat e sech erwaart, an ech kommen herno nach dorobber zréck, duerch déi Reform, déi e proposéiert bei der Kierperschaftssteier, nämlech duerch de Fait, datt een esou staark géing erofgoen, nach eng Kéier bei der Kierperschaftssteier, datt dat am Endeffekt als Resultat hätt, datt dann de Stat méi Suen an der Keess hätt, schonn eleng widderluecht ass duerch déi Steierreform vun 2002, well 2002 si genau déiselwecht Argumenter gebraucht ginn, fir d'Erofsetze vun de Kierperschaftssteieren vun 30 op 22%.

Mir stellen also fest, datt dat a kengem Mooss réusséiert ass. Mir hunn zwar en Urappe kritt vun der Croissance, mä d'Recetten um Niveau vun der Kierperschaftssteier hunn op alle Fall net méi ugezunn. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck. Et muss ee sech awer souwisou d'Fro stellen iwwert de Stellewäert vun enger Steier insgesamt a virun allem vun esou enger wichteger Steier wéi der Steier op d'Gewënner vun de Betriber.

Mir als Gréng sinn net der Meenung, datt mer sollen an eng Richtung lasssteieren, fir datt d'Kapitalgesellschaften, wat den Undeel vum Finanzement um Stat insgesamt ubelaangt, kënnen nach e Bäitrag leeschten, datt mer an eng Richtung solle goen, datt mer d'Steierspiral esou wäit no ënnen dreiwen, datt effektiv en totaalt Mëssverhältnis entsteet bei den direkte Steieren, tëschent deem wat zum Beispill bei de Salairen akasséiert gëtt am Verhältnis am Budget an deem wat vun de Gewënner vun de Betriber um Niveau vun den direkte Steieren akasséiert gëtt.

An och wann hei drop verwise gëtt, datt den Undeel vun der Kierperschaftssteier an der Europäescher Unioun an der Moyenne bei 8,6% géing leien, an zu Lëtzebuerg bei 20%, an dat eleng géing beweisen, datt do nach Sputt oder Spillraum wär, esou muss een dat relativéieren. Dat huet natierlech domadder ze dinn, datt mer zu Lëtzebuerg effektiv e klenge Marché hunn, an datt duerch de Fait, datt mer déi Finanzplaz hunn, wat de gréissten Nettozueler natierlech ass bei de Betribssteieren, datt dowéinst eleng d'Verhältnis vill méi héich ass, wéi dat a grousse Länner ronderëm eis ass, wou esou eng krass Monopolsituatioun vun engem Secteur net besteet.

Et ass natierlech kloer, an d'Steierverwaltung huet eis déi Chiffere jo och ginn, datt zum Beispill 2003, wou mer déi definitiv Chiffere schonn hunn, 76% vun där dote Steier direkt aus dem Secteur financier koumen, mä dat si jo alles keng nei Elementer a keng nei Donnéeën. Déi hu mer schonn an den 90er Jore kannt, an och wann een den Tableau kuckt iwwert d'Fiskalitéit an Europa, déi de Rapporteur jo bäigefügt huet an de Rapport, da muss een zwar effektiv feststellen, datt dat wat 2002 décidéiert ginn ass, nämlech d'Erofhuelen op 22%, schonn zum Deel erëm opgeholl ginn ass vun enger Rei haaptsächlech neien EU-Staten, déi bäikomm sinn.

Mä och do muss ee wëssen, datt déi nei Länner, déi bäikomm sinn, déi eigentlech, loosse mer emol esou soen, déi sou genannte Fräimaartwirtschaft nach net esou laang kennen, wäerte séier schnell mierken an deenen nächste Joren, wa se wëllen eng Rei Saachen an hiren eegene Länner finanzéieren, datt dat net geet, wann een d'Steiersätz alleguerten op Null reduzéiert.

Wann een awer déi Tabelle kuckt, dann ass et virun allem dat wat eis am meeschten interesséiert par rapport zu eisen direkten Noperen, sti mer wierklech relativ gutt do, an et besteet op alle Fall eiser Meenung no keen Drock, fir elo direkt an eng aner Richtung erëm nach weider ze denken.

Ech sinn och der Iwwerzeegung, datt déi zukünfteg Evolutioun wäert weisen, datt mer an der Europäescher Unioun éischter eng Diskussioun wäerte kréien, am Kader vun enger EU-Harmoniséierung, déi an d'Richtung geet, fir Minimalsätz festzeleeën, datt dee Steierdumping relativ séier wäert eng Kéier oder hoffentlech eng Kéier en Enn wäert gesat kréien, well wéi den Här Fayot et richteg gesot huet, et kann een d'Steieren natierlech esou wäit erofsetze wéi ee wëllt - ausser et kënnt een iergendwann eng Kéier bei Null un, mä dann ass ee Stat iwwerhaapt net méi funktiounsfäeg, dat ass evident -, mä iergendwann eng Kéier féiert déi Steierdumping-Spiral do eis an der Europäescher Unioun an eng ganz fatal Richtung.

Doriwwer eraus, mengen ech och, datt ee muss d'Steierethik an d'Steiermoral insgesamt emol erëm e bësselchen an d'Luucht hiewen an och de Courage hunn no baussen ze soen, datt d'Steieren net nëmmen erhuewe gi fir d'Leit ze schikanéieren oder d'Betriber ze emmerdéieren, mä datt d'Steieren erhuewe gi fir verschidde Saache vum Stat ze finanzéieren, wouvu jidderee profitéiert, och d'Betriber - an ech kommen herno nach dorop zréck -, respektiv, a fir eis ass dat een onheemlech wichtegt Element, fir Verdeelungsgerechtegkeet ze schafen, well an enger Gesellschaft wéi eiser gëtt et ongerecht Verdeelungen. An dofir, mengen ech, ass dat effektiv e wichtegt Element.

An et ass esou, datt mir dofir och relativ skeptesch si par rapport zu deene Propositiounen, déi de Rapporteur hei an deem dote Kontext gemaach huet. Ech kommen och nach eng Kéier dorop zréck.

Mir hunn 2005 Recette-fiscalë beim IRC, déi natierlech nettement zréckgi par rapport zu 2003. 2003 huet et nach 1,31 Milliarden ausgemaach vun engem Total vu Recettë vu 6,56 Milliarden, dat heescht 20%. Mir ginn an de Previsiounen 2005 op 1,12 zréck, dat heescht et mécht do nëmme méi 16,4% aus. Dat sinn alarméierend Zuelen, déi engem mussen ze denke ginn.

Et muss een nach derbäi soen, datt et och nach ënnerschiddlech Aschätzunge gëtt iwwert déi erwaarte Recetten do. Zum Beispill seet den Avis vun der Cour des Comptes, datt déi Previsiounen do «s'avèrent être très favorables». Dat heescht d'Cour des Comptes geet éischter dovun aus, datt d'«recettes escomptées paraissent surestimées». Bon, dat kann een natierlech elo haut nach net vérifiéieren, mä op alle Fall angesichts deem, wat ech och am Ufank gesot hu vun eventuelle Schwieregkeeten um ekonomesche Plang, ass dat sécherlech net ganz falsch. Och d'Steierverwaltung huet eis an der Kommissioun éischter ze verstoe ginn, datt souguer d'Tendenz iwwer 2005 eraus an d'Richtung wäert goe vu weidere Verschlechterungen an deem dote Beräich.

Mir hunn, an dorobber kommen ech och nach eng Kéier herno zréck, entre-temps e Mëssverhältnis tëschent den direkten an den indirekte Steieren. Fir eis ass och dofir kloer, datt déi Propositioun vum Rapporteur, déi zwar vläicht a priori gutt kléngt, fir ze soen engersäits mir hunn eng Situatioun de Moment: IRC 22%, ICC derbäigeschloen an d'Solidaritéitssteier derbäi, da komme mer op 30,38% global Belaaschtung fir d'Betriber, an datt hien da seet, datt duerch déi vill Ofschreiwungsméiglechkeeten oder Bonifications d'impôt, déi et haut scho gëtt, kaum nach e Betrib op déi 30,38% kënnt an datt déi meescht éischter haut schonn ënner 20% géingen dovu leien.

An da proposéiert hien ebe fir ze soen: Ma komm mir schafe méiglechst vill Bonificatiounen oder Abattementen of a mir ginn insgesamt op eng Belaaschtung ënner 20% an da léisst dat sech méi einfach no bausse verkafen, wann een auslännesch nei Betriber op Lëtzebuerg wëllt unzéien oder déi, déi hei sinn, wëllt behalen.

Ech mengen awer, datt dat e bësse simplistesch ass, well et entre-temps - an dorobber kommen ech och nach ze schwätzen - eng ganz Rei aner Facteure gëtt, déi wichteg sinn, wann een iwwert d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg diskutéiert, wéi nëmmen sech ëmmer erëm ze focaliséieren op den Aspekt vun de Steieren.

Et gëtt awer en anert Argument, wat fir eis nach vill méi wichteg ass, an dat ass dat wat de Budgetsminister selwer och hei bruecht huet, wéi e gesot huet, datt wann een déi Bonifications d'impôt oder d'Abattementen an déi Saache bei de Betriber ofschaaft, dann hëlt ee sech en Element vu Gestaltungspolitik ewech.

Déi Aschätzung deele mir op alle Fall. Mir sinn der Meenung, wann et an Zukunft nach zu weideren Upassungen um Niveau vun de Steiere fir d'Betriber ka kommen oder kënnt, dann éischter an deenen dote Beräicher, fir ganz geziilt verschidde Saachen ze förderen. Duerfir si mer der Meenung, datt zum Beispill Bonifications d'impôt, déi gebonne sinn un Investissements à des fins écologiques, an Zukunft eng gréisser Bedeitung kënnen an och wäerte kréien, an dat Instrumenter sinn, déi fir eis ganz wichteg sinn.

Mir wëssen natierlech och, datt d'Steiere vill mat Psychologie ze dinn hunn, mä et kann een natierlech och déi dote psychologesch Momenter esou iwwerdreiwen an iwwerspëtzen an einfach wéi gesot mengen et kënnt een all Aspekter vu Kompetitivitéit oder all Argumenter fir Kompetitivitéit fir d'Industriesecteuren zu Lëtzebuerg reduzéieren op dat dote psychologesche Moment.

Da kënnt nach en anere Punkt derbäi, dat ass mir sinn de Moment an enger Diskussioun fir am Lissabon-Prozess Neel mat Käpp ze maachen. Den Här Fayot huet eng Rei Saachen opgezielt, déi ganz richteg sinn. Hien huet geschwat, datt d'Forschung misst méi eng grouss Bedeitung kréien, d'Bildung, effikass Strukturen an esou weider an esou fort, mä ech mengen och, an dat gëtt jo haaptsächlech och vun allen ekonomeschen Acteure verlaangt, datt do sollen Neel mat Käpp gemaach ginn, da musse mer eis awer bewosst sinn, datt mer all déi dote Saachen net zum Nulltarif kréien, déi kaschten de Stat Geld.

Da muss een awer engem herno soen, wa mer natierlech un de Steieren dauernd schrauwe ginn no ënnen, wéi mer dat alles solle bezuelen. Selbstverständlech ass et wichteg, datt mer nach méi an d'Forschung investéieren, an dat kascht net wéineg Geld fir méi an d'Forschung ze investéieren, mä da muss een awer och bereet sinn op där anerer Säit, da muss jiddfereen säi Bäitrag dozou leeschten um Steierniveau fir dem Stat déi Méiglechkeeten ze ginn, fir déi Saachen do zum Beispill weiderzedreiwen.

Iwwert d'Gewerbesteier wëll ech kee Wuert verléieren, well mäi Kolleeg Camille Gira dat mar wäert am Detail maachen. Duerfir kommen ech dann direkt zum Punkt vun dem Impôt sur la fortune, haaptsächlech déi Propositiounen, déi do gemaach gi si vum Rapporteur.

Et kann een natierlech soen 100 Milliounen Euro am Budget sinn am Moment virgesi fir 2005, déi méi oder manner, dat mécht elo net onbedéngt de grousse Worf aus fir d'Recetten insgesamt vum Statsbudget. Mä ech mengen awer, datt ee muss oppassen, datt een duerch esou Fuerderunge wéi déi doten onofhängeg vun der Recette, déi et ausmécht fir de Stat, net falsch Signaler setzt. Ech muss soen, ech ginn dem Här Fayot honnertprozenteg Recht a sengen Iwwerleeungen, déi e virdrun hei ugestallt huet: Mir mussen oppassen, datt mer net do a gefëierlech Richtunge ginn, an d'autant plus, an do sinn ech och mat him d'accord, wat hie virdrun hei gesot huet, datt meng Fraktioun an ech äusserst Zweifel hunn iwwert d'Resultater, déi mer dovu wäerte kréien.

Ech gleewen zum Beispill net drun, datt duerch esou Artificen, wéi déi doten, mer et géinge fäerdeg brénge elo ganz grouss Fortunen hei op Lëtzebuerg unzezéien, datt déi och nach géingen hei Résidentë ginn an dann och dat nach géinge maachen, wat de Rapporteur sech natierlech wënscht, gläichzäiteg ekonomesch Aktivitéite géingen entwéckelen hei zu Lëtzebuerg, wa se dann hir Fortune hei placéiert hätten. Ech gleewen déi Saachen alleguerten net. Ech si souguer der Meenung, datt et ganz gefëierlech ass, well wahrscheinlech dat, wat mer als Land vun där dote Steier hunn, eis riskéiert erëm an eng negativ Diskussioun eranzebréngen; Stéchwuert Steierparadies.

Mir wëssen alleguerten, datt mer frou sinn doriwwer, datt mer endlech aus dem Scheinwerferliicht do erausgerode sinn, wat déi Diskus-

sioun ubelaangt. Duerch esou eng Diskussioun wéi dat heiten oder duerch esou Mesurë wéi déi heiten, wou et äusserst fragwürdeg ass wat se eis bréngen, riskéiere mer éischter do e Rebondissement ze kréie vun där Diskussioun vun eisem negativen Image fir Lëtzebuerg an och virun allem fir d'Finanzplaz.

Amplaz datt een eiser Meenung no e bëssen abenteuerlech Iwwerleeungen ustellt iwwer Steiervirschléi, zum Beispill fir déi Superräich, déi da wahrscheinlech awer nach net op Lëtzebuerg kommen, ass et méi intellligent fir iwwer eng Steierpolitik nozedenken, déi eise wierklechen Tissu économique diversifiéiert, an dat och emol e bësse fir eis onofhängeg ze maache vun all méigleche fragwürdegen Nischen. Do gëtt et eng Rei Pisten a Méiglechkeeten op déi ech nach wäert ze schwätze kommen.

Ech wëll awer, Här President, et ass jo elo vill diskutéiert ginn de part et d'autre iwwert déi Propositiounen, sougutt bei der Kierperschaftssteier wéi beim Impôt sur la fortune an den Här Fayot huet gesot seng Fraktioun géing deene Virstellungen negativ géigeniwwerstoen, Gott sei Dank géing ech soen. Och de Budgetsminister huet gesot, hie wär net do mat den Iwwerleeunge vum Rapporteur averstanen, mä dat ass alles ëmmer hei am Raum schéi gesot.

Eis ass et wichteg, datt mer dann direkt Neel mat Käpp maachen an duerfir hu mer eng Motioun preparéiert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wou mer eigentlech e bësse résuméhaft dat oplëschten a wou d'Fuerderung näischt anescht ers ass wéi «invite le Gouvernement à ne pas suivre les recommandations du rapporteur du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005 en matière de réformes de l'IRC et de l'impôt sur la fortune». Ech gi jo dovunner aus, esou wéi et ausgesäit, datt d'Chancë grouss sinn, datt dës Motioun eng breet Majoritéit wäert fannen.

Motion 6

La Chambre des Députés,

- considérant les déclarations du rapporteur du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005, proposant notamment:

• de réviser à la baisse l'imposition frappant les bénéfices de sociétés et de la situer en dessous des 20 pour cent, impôt de solidarité inclus;

• de proposer l'abolition de l'impôt sur la fortune des personnes physiques rendant ainsi le Luxembourg d'autant plus attrayant pour les propriétaires de fortunes importantes;

- considérant que ces mesures constituent une perte de recettes non négligeable pour les finances publiques;

- considérant que ces décisions vont ternir l'image du Luxembourg en alimentant ainsi le reproche du «paradis fiscal»;

- considérant dans ce contexte les déclarations de Monsieur le Ministre du Budget;

invite le Gouvernement

- à ne pas suivre les recommandations du rapporteur du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005 en matière de réformes de l'IRC et de l'impôt sur la fortune.

(s.) François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Ech kommen dann zu den indirekte Steieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt d'TVA. D'Recettë vum Budget 2005 1,588 Milliarden. Wann een d'Gesamtrecettë kuckt, dat heescht mat abegraff dat wat an de Fonds communal de dotation financière geet oder an de Budget vun der EU geet, da kënnt ee souguer op zwou Milliarden. Dat heescht déi Recettë bei der TVA sinn enorm staark ugeklommen. Mir wëssen awer allerdéngs, datt do natierlech e gudden Deel vun deenen zousätzleche Recetten zréckzefëiere sinn op AOL an Amazon - fir nëmmen déi Stéchwierder ze nennen - an datt dat Recettë sinn, déi ganz volatile sinn, datt déi erëm méi séier kënne verschwanne wéi et eis léif ass.

En aneren Deel ass natierlech de Relèvement vun der TVA um Bensin an op den Zigaretten. Bon, dat sinn esou Artificen, déi kann een och maachen. Mä och do, mengen ech, virun allem deen éischte Punkt, deen ech opgezielt hunn, solle mir net drop zielen, datt et eng Normalitéit ass oder eng Garantie, datt mer déi nächst zéng, 15 oder 20 Joer kënnen op déi Recetten zielen.

En zweete Punkt: D'Taxe d'abonnement. Och déi huet e Redresssement; 2005 mécht dat 405 Milliounen Euro aus. An et gëtt och vill am Rapport vum Rapporteur iwwert déi Taxe d'abonnement diskutéiert.

Et ass jo relativ kloer, déi Recette kënnt natierlech quasi total haaptsächlech vum Finanzsecteur a vun den Investmentfongen. An do muss ech soen, deelt eis Fraktioun éischter d'Iwwerleeunge vum Rapporteur, well dat ass eng spezifesch Steier, wou ee spezifesch engem ganz wichtegen ekonomesche Secteur zu Lëtzebuerg kënnt hëllefen. Do si mir bereet mat driwwer nozedenken, ob ee bei där Taxe d'abonnement gewësse Modulatiounen, jee nodeem wéi d'Situatioun sech entwéckelt, kënnt virhuelen. Well et ass richteg, wéi de Rapporteur hei oplëscht, datt dat eng Steier ass, déi et natierlech just zu Lëtzebuerg gëtt an déi natierlech och ëmmer vum Ausland hier vun de Banken an d'Woschuel gehäit gëtt, wann driwwer diskutéiert gëtt, ob se zu Lëtzebuerg weider bleift wann ee wëllt investéieren.

En drëtte Punkt. D'Recetten, déi aus der UEBL hierkommen a virun allem den Zesummenhank vun deene Recettë mam Kyoto-Protokoll. Ech mengen, an dat hunn ech och an enger Ausso an enger éischter Reaktioun par rapport zu dem Rapporteur sengem Rapport op der Televisioun gesot, datt ech déi Aussoen, déi e gemaach huet, couragéiert fannen, well ech mengen, datt hien do déi richteg Saachen détectéiert huet, eng richteg Analys gemaach huet an datt en d'Auswierkunge vun de Recettë vum Tanktourismus, ech wëll net soe richteg ageschat huet, mä op alle Fall d'Froestellung ganz richteg gestallt huet. An ech muss och soen, déi Réplique, déi de Budgetsminister hei ginn huet, huet eis absolut net iwwerzeegt an déi ass och relativ einfach ze widderleeën - an ech wëll hei e bësse méi laang probéiere fir dat ze maachen.

Fir d'éischt emol muss ee jo soen, datt ëmmer erëm, wann iwwert déi Recettë vum Tanktourismus geschwat gëtt, de Feeler gemaach gëtt, datt dann nëmme gekuckt gëtt, wéi vill mécht dat aus. An elo, wou mer eben déi éischte Kéier iwwerhaapt eng Dépense hunn, déi direkt bekannt ass, déi a Relatioun steet - dat ass datt, wat et am Kader vu Kyoto do gëtt - a Kyoto als Géigepart kuckt. Mä domadder geet et jo net duer bei den Dépensen, well wann een iwwert den Tanktourismus diskutéiert, da muss een éischtens diskutéieren iwwert d'Ausgaben, déi den Tanktourismus bewierkt hei zu Lëtzebuerg duerch de Bau vu neien Infrastrukturen, déi mer permanent musse schafen, d'Méi-breet-Maache vun eise Stroossen, respektiv zum Beispill Megatankstellen, déi mer mussen installéieren an esou weider an esou fort, alles dat ass jo e Käschtepunkt an deem dote Kontext. Och d'Instandstetzung vun de Stroossen duerch de Verkéier ass e Käschtepunkt - a mir wëssen, datt am Stroosseberäich de Camionsverkéier mat den Haaptverursaacher ass bei de Schied un de Stroosse selwer.

En zweete Punkt. Mir hunn Ausgabe vum Tanktourismus am Beräich vun der Loftbelaaschtung. Dat ass natierlech schwéier ze chiffréieren, dat wësse mer. Et gëtt zwar entretemps am Ausland, a Kanada huet sech déi Méi gemaach, fir eng Kéier ze versichen esou Saache budgetär ze chiffréieren. Mir hunn dat och schonn oft verlaangt, datt dat emol eng Kéier hei zu Lëtzebuerg soll gemaach gi fir propper Loft erëm hierzestellen an all déi ëmweltbedéngte Krankheeten, déi domat zesummenhänken. An do brauch een nëmmen déi alarméierend Berichter ze kucken, déi am Ausland an deene leschte Jore komm sinn, virun allem am leschte Joer a Frankräich, wou ee vun de renomméiertste franséische Professeren eng Etüd fir déi franséisch Regierung fäerdeg gestallt huet, wou alarméierendst Zuelen erauskomm sinn iwwert den Zesummenhank vun ëmweltbedéngte Krankheeten, déi zum Beispill duerch schlecht Loft entstinn. Dat alles si Käschtepunkten.

Drëttens. Ausgabe vum Tanktourismus duerch zousätzlech Verkéiersaccidenter, déi mer op de Stroossen hunn. Mä mir wësse jo awer alleguer wéi vill Verkéiersaccidenter mer hunn, wou zum Beispill Camionen dra verwéckelt sinn, wat alles gréisstendeels Camionë sinn, déi duerch den Tanktourismus op Lëtzebuerg kommen.

Véierte Punkt - an dat ass een, deen elo an Zukunft vill méi substanziell gëtt - dat sinn déi zukünfteg Direktausgaben, déi mer duerch d'Fräikafen am Statsbudget hunn, well mer iwwert den Tanktourismus de Kyoto-Protokoll net kënnen anhalen. An do muss ech soen, war ech awer erstaunt iwwert dee schlecht informéierte Budgetsminister, deen hei emol net wosst, wat am Lëtzebuerger Allocatiounsplang virgesinn ass, wat et eigentlech ab 2012 wäert kaschten. Also de Rapporteur huet jo gesot, datt am Budget 2005 - an dat steet jo och am Budget dran - fënnef Milliounen Euro do virgesi sinn, mä - an dat seet jo och de Budgetsminister selwer - dat ass emol einfach dragesat ginn, well de Moment keen esou richteg weess wat et kascht.

Am Kader vum Plan d'investissement pluriannuel stinn ab 2006 schonn 20 Milliounen Euro pro Joer dran, mä - an nun haalt Iech un - laut dem Lëtzebuerger nationalen Allocatiounsplang, wa sech näischt un eiser CO_2-Reduktiounspolitik ännert, da wäert et ab 2012 e bëssel chen aneschters ausgesinn, well mir hunn dann 2012 eng Situatioun, datt mer eis musse fir dräi Milliounen Tonnen CO_2 fräikafen. An haut ass et esou, datt geschat gëtt, datt 2012 de Präis vun der Tonn CO_2 100 Euro wäert sinn. Dat heescht 2012 wäerte mer net an enger Situatioun sinn, wéi de Budgetsminister d'lescht Woch hei gesot huet, datt dat eis 30 Milliounen Euro pro Joer am Budget kascht, mä 300 Milliounen Euro pro Joer am Budget.

(Interruption)

An ech wëll awer nach derbäi soen, datt ee muss bedenken, datt mer 2012 mat grousser Sécherheet scho wäerten am Post-Kyoto-Prozess dra sinn. Dat heescht, 2012 ass de Risiko ganz reell, datt schonn nächst Stufen décidéiert sinn, dat heescht datt de Käschtepunkt vun der Tonn CO_2, deen haut eben op 100 Euro pro Tonn CO_2 geschat gëtt, riskéiert oder mat grousser Wahrscheinlechkeet 2012 scho vill méi héicht wäert sinn, esou datt d'Strofen an d'Fräikafe sécherlech nach vill méi deier wäerte ginn, wéi dat wat hei bis elo geschat ginn ass.

An da muss ech soe kënnt jo nach derbäi, datt mer souwisou eng Situatioun hunn, datt mer mussen domadder rechnen, datt déi Recettë vum Tanktourismus riskéieren anzebriechen, well mer an der Europäescher Unioun eng Tendenz hu vun Harmoniséierung vun den Accisen. An do muss ech soen, war ech desto nach méi erstaunt, wéi wéineg datt eigentlech ee Budgetsminister sech Gedanke gemaach huet iwwert deen dote Problem, well hien huet hei gesot, dat wier jo souwisou egal, ob hei géing getankt ginn oder soss iergendzwousch an Europa, well dee Bensin géing egal wéi jo souwisou vertankt ginn.

Mä dat ass awer nëmmen e klengen Deel vun der Wourecht, well Dir Dammen an Dir Hären, duerch de Fait, datt mer zu Lëtzebuerg deen Tanktourismus esou gefördert hunn an d'Präisser esou si wéi se sinn, gëtt et entre-temps e gudden Undeel vu Camionen, déi Détoure maache vun 200 Kilometer fir op Lëtzebuerg ze kommen, just fir hei ze tanken. Ech wëll Iech just op dee klengen Detail hiweisen, datt e Camion 1.000 Liter a säin Tank kritt. An do gëtt et entre-temps net wéineg Camionen, déi maachen Détoure vun 200 Kilometer; natierlech och fir derbäi nach Zigaretten an Alkohol ze kafen. Dat heescht, mir sinn als Lëtzebuerger mat schëlleg un dem Fait, datt mer…

(Interruption)

Wat gelift?

Une voix.- Wéi kënnt een un déi doten Zuelen?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Déi Zuele si bekannt, déi kënnt Der a Rapporten…

La même voix.- Wéi vill Camionë sinn dat?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wéi vill Camionen dat sinn, dat hunn ech elo net erausgekuckt, mä dat kënnt Der awer alles norechne loossen.

Also et muss ee jo wëssen, datt mir als Lëtzebuerg duerch déi Nischepolitik do och zousätzleche Verkéier en masse generéieren, haaptsächlech natierlech vun de Camionen. Dat heescht den Tanktourismus, dee mer eis zu Lëtzebuerg leeschten, dee provozéiert och e massiven Zouwuess u Verkéier zousätzlech zum normale Verkéier, dee mer souwisou schonn hunn. An dat sinn awer alles Argumenter, déi total an d'Richtung schwätze vun den Iwwerleeunge vum Rapporteur an och vum Fraktiounsspriecher vun der CSV, fir ze iwwerleeën, wéi dat do soll weidergoen.

An och mir als Gréng sinn net der Meenung, datt ee soll higoen an en Zeenario entwéckele fir ze soen: Mir kucken, datt déi Differenzen do vun haut op muer verschwannen. Dat ass net de Problem. Dat eenzegt wat mer soen: Mir sinn elo nach an enger Situatioun, wou mer Zäit hunn e luesen Ausstiegszeenario ze entwéckelen an och ëmzesetzen. Wa mer et net maachen, dann ass et relativ kloer, datt mer an deenen nächsten zéng, 15 an 20 Joer iergendwann eng Kéier een nächste Budgetsminister dann a grouss Schwieregkeete bréngen an datt dat eigentlech eng Politik ass, déi op Käschte gemaach gëtt vun deenen nächste Generatiounen, esou e bëssen nom Motto «après nous le déluge», et ass eis zimlech egal, d'Haaptsaach ass et spruddelt elo an der Keess an déi nächst Generatioun ka kucken, datt se mam Problem eens gëtt.

An dann, soen ech Iech, wa mer eis da blannemännerchers op eng Recette verlooss hunn, wou et aus deene verschiddenste Facteure manifest ass, datt se keng 20 Joer wäert iwwerliewen, wäerte mer domm aus der Wäsch kucken, wéi mer da verschidde Saachen hei zu Lëtzebuerg wäerte finanzéieren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech muss och soen, leider huet d'Regierung aner innovatiounsfördernd Pisten am Steierberäich jo total ofgeschriwwen. Iwwert d'ekologesch Steierreform, do schwätzt jo insgesamt kee méi dovunner. Déi gutt Etüd, déi vum Professer Ewringmann an der leschter Legislaturperiod am Optrag vun der leschter Regierung vum Mouvement écologique ausschaffe gelooss ginn ass, wou eng ganz Rei interessant Pisten a Saachen drastinn, déi ass jo emol net méi an engem Tirang verschwonnen, mä déi ass carrément iergendwou an e Feldwee gehäit ginn, vun där wëllt kee méi eppes wëssen, wat relativ dramatesch ass…

Une voix.- Biomass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, déi ass Biomass ginn, wat dramatesch ass, well do eng Rei Pisten dran opgewise ginn, déi eis och an anere Beräicher kéinte weiderhëllefen, op déi ech nach ze schwätze kommen.

Dat, wat dës Regierung hei mécht am Kader vum Budget 2005, déi Accisenerhéijung beim Bensin zum Beispill, dat gëtt jo nëmme gemaach einfach fir d'Budgetslächer ze stoppen, fir de Budgetsdefizit niddreg ze halen, dat huet strictement näischt mat enger ekologescher Steierreform ze dinn, well de Lenkungscharakter vun esou eppes ass strictement null. Et ass keng Zilsetzung fixéiert doranner, an et ass och guer näischt doranner enthalen, wat an iergendengem Sënn d'Relatioun géing herstellen - wat mir mengen, wat ee misst diskutéieren - dat schlecht Verhältnis, dat mer haut hunn an eiser Ekonomie tëschent dem Käschtepunkt vum Facteur Aarbecht par rapport zum Käschtepunkt vum Facteur Kapital. Ech kommen, wann et ëm d'Finanzéierung vum Sozialstat geet, nach eng Kéier drop zréck.

D'Konklusiounen also bei de Recetten, Dir Dammen an Dir Hären: Éischtens stelle mer fest, dass den Undeel vun den indirekte Steieren - an dat ass en Novum an dësem Budget 2005 - fir d'éischte Kéier méi héich ass bei de Recettë wéi dee vun den direkte Steieren. Mir hu bei den direkte Steiere Recettë vun 3,20 Milliarden Euro a bei den indirekte Steiere Recettë vun 3,31 Milliarden Euro.

Mir mussen eis däers awer och bewosst sinn an dat emol eng Kéier soen, dass mer hei ganz definitiv iwwergaange sinn zu enger Verschiebung vun deene sozial méi gerechten, well progressiven direkte Steieren zu de sozial méi ongerechten, well prozentualen indirekte Steieren. Dat ass och eng Feststellung, déi een an deem Kontext vun dësem Budget hei, wéi gesot, muss soen, wou mer fir d'éischte Kéier déi Barrière iwwerschreide vun deem Verhältnis do.

Zweetens, mëttel- a laangfristeg menge mir, dass d'Finanzcapacitéit vum Stat net ofgeséchert ass. Dat aus e puer Grënn. Éischtens, well d'Kierperschaftssteier trotz besserem Wuesstem, laut alle Prognosen, déi mer hei gemaach kritt hunn, esou gutt vun der Steierverwaltung wéi och vun aneren Instanzen, net wäert weider steigen. Zweetens, well déi Recettes supplémentaires bei der TVA, déi duerch de Commerce électronique erakommen, mëttelfristeg alles anescht wéi ofgeséchert sinn. Drëttens, well d'Recetten duerch fragwürdeg Nischen ewéi den Tanktourismus mëttel- a laangfristeg duerch eng ganz Rei Facteuren a Fro gestallt ginn. Véiertens, well d'Aussoen an d'Wierder, déi vu verschiddenen Acteure vun dëser Majoritéit am Steierberäich an d'A gefaasst ginn, fragwürdeg - eiser Meenung no - an och riskant sinn.

Zu den Dépensen, Dir Dammen an Dir Hären, éischtens emol eng

Feststellung: D'Dépensë wuessen ze séier par rapport zu eiser reeller wirtschaftlecher Entwécklung. Dat ass eng Feststellung laanscht déi een net kënnt. D'Dépense-courantë ginn ëm 8,2% am Budget 2005 an d'Luucht. Et ass zwar natierlech esou, dass mer nach ëmmer déi Regel akzeptéieren, dass vu que bei den Dépense-courantë jo och d'Investissements en capital, also d'Empruntë vun 2004, oder elo fir de Budget 2005 natierlech, mat dran enthale sinn, nach richteg leien, wa mer d'Nettoberechnung vun den Dépensë maachen, da leie mer net iwwert deem, wat d'Regel ass, wou een net soll driwwer goen, nämlech net iwwert der Croissance économique vu 4% ongeféier, déi berechent ginn ass.

Mä eppes ass wichteg, an haaptsächlech d'Banque centrale huet staark drop higewisen, nämlech dass mer e Risiko hunn, en inhärente Risiko am Budget hu vun engem Endettement structurel an dass een dofir op verschiddenen Niveauen an deenen nächste Jore muss gewëss politesch Choixe maachen.

Do muss ech soen, deelen ech awer - et ass e bësse cocasse - dem Här Fayot seng Meenung, dofir weess ech net esou richteg, wat dann elo wéi an der Majoritéit nach ass, wien do d'Soen huet, oder wou et soll higoe wat d'Choixen ubelaangt. Den Här Rapporteur huet eng ganz Rei Saachen hei beschriwwen, awer en huet net gesot, wat d'Choixe sinn, déi ee muss treffen.

Ech hu vum Budgetsminister vläicht net gradesou krass Aussoen héieren, mä ech hunn der awer och héieren, ënner anerem wéi de Budget hei virgestallt ginn ass, an och deen huet net gesot, wou d'Choixen da vun der Regierung wären, wou mer géingen higoen an där dote Richtung. Ech hoffen, dass mer dat vläicht an dëser Debatt preziséiert kréien; ech hunn awer meng Zweiwel, dass dat de Fall wäert sinn.

Éischte Punkt ass natierlech de Sozialbudget. De Sozialbudget mécht 44% vun den Dépenses budgétaires totales aus. De Rapporteur wërft hei eng ganz Rei Froen op, e schwätzt vun dräi grousse Bléck virun allem.

Fir d'éischt stellt en d'Relatioun vun de Frontalieren an der aktiver Populatioun op a seet, dass d'Relatioun vun de Frontalierë bei der aktiver Populatioun fir Lëtzebuerg e Problem géing duerstellen. Dat Zweet ass, dass mer e Budget social occulte hätten, deen net méi selektiv genuch wär, an dat Drëtt ass, dass mer e grousse Problem hätte generell vun der Exportabilitéit vun de Prestations sociales.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat heescht am Kloertext beschreift en hei eng Problematik, wann ech elo emol dat ewechloosse vum Budget social occulte, déi dra besteet fir ze soen: Mir hunn eng ganz Rei sozial Dépensen, also sozial Leeschtungen, déi mer ausbezuelen, déi awer fir de Lëtzebuerger Stat a kenger Hinsicht méi récupérabel gi sinn, well se der Consommation intérieure jo verluer ginn.

Zum éischte Punkt, zu de Frontalieren an zum Recours op Frontalierë muss een emol éischtens soen - och wann et richteg ass, an ech déi Aschätzung deelen, dass en Deel natierlech vun deene Gelder do, déi Sozialleeschtungen, déi ausbezuelt ginn, net méi an der Consommation intérieure zréckzefanne sinn -, dass een awer do bedenke muss, dass wa mer géingen déi 100.000 Frontalieren ersetzen duerch 100.000 Travailleur-résidenten, dann hätte mer jo erëm eng Kéier e Käschtepunkt op där anerer Säit, deen deementspriechend méi héich wär. Da géinge mer natierlech duerch déi enorm Immigratiounsfäll, déi mer do géinge schafen, e méi héije Käschtepunkt kréien am Beräich Logement, Educatioun, Sozial- a Santésinfrastrukture an esou weider.

Dofir sinn ech do e bësse skeptesch, ob dat alles esou ass an ob, wat de Käschtepunkt ubelaangt, insgesamt dat anert méi gënschteg oder manner gënschteg fir de Stat wär.

Den zweete Punkt ass dee vun der Exportatioun vun de Prestations sociales. Mir hunn natierlech keen Afloss op dee Prinzip, well dat eng allgemeng communautaire Regel ass, an déi muss applizéiert ginn, mä mir hunn awer en Afloss op d'Schafung vu Prestations sociales. An ech muss awer soen, an do muss een hei zu Lëtzebuerg ufänken eng Rei Saachen ze diskutéieren, an da kommen ech op dat Beispill vun der Mammerent ze schwätzen um Rentendësch zum Beispill.

D'Mammerent hu mer jo eréischt agefouert am Joer 2000, haaptsächlech op Drock vun der Partei vum Här Mosar, net op deenen aneren hiren Drock hin, well all déi aner waren am Prinzip net immens waarm fir déi Mesure. Do hu mer um Rentendësch vu sämtleche Beamte vun der Sécurité sociale virgerechent kritt, dass dat e grousse Problem géing duerstellen, well de Finanzement a sech wär schonn net esou evident, mä dass mer mat Sécherheet géinge verklot ginn, well mer spéitstens an dräi, véier, fënnef Joer déi Mesure do missten exportéieren, an da spéitstens géing de Käschtepunkt esou explodéieren, da wär et net méi ze bezuelen.

Dat heescht, et ka jo awer net esou sinn, dass de Rapporteur vun enger Partei hei op d'Tribün kënnt a sech opreegt iwwert de Prinzip vun der Exportabilitéit vun de Prestations sociales, an da vu Selektivitéit schwätzt um Niveau vum Sozialstat, a seng Partei den Haaptauteur war vun enger Prestation sociale, wou de ganze Rescht net waarm dofir war, a wou all Mënsch wosst, dass mer dee Problem do kriten.

Ech muss soen, dat ass eng Logik, déi muss awer emol ee mer nach e bësse méi am Detail erklären, déi hunn ech nach net esou richteg verstanen.

Dat ännert awer näischt drun, dass mer mussen eis eng Rei Froe stellen iwwert déi laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eiser sozialer Sécherheet, well d'Problematik vun der Exportabilitéit ass jo keng aner, do bäisst d'Kaz sech an de Schwanz oder de System sech selwer an de Schwanz. Mir wësse schonn iwwer Joren duerch verschidden Etüden an Texter, déi mer virleien hunn, dass dee gudde finanziellen Niveau zum Beispill vun eiser Sécurité sociale zu Lëtzebuerg, dee mer do hunn, zu engem groussen Deel drop zréckzeféieren ass, dass mer op Teufel komm raus Aarbechtsplaze geschafen hunn, an dass déi Aarbechtsplazen do natierlech ëmmer erëm dozou bäigedroen hunn, dass déi Keese gutt gefëllt gi sinn, an dass mer do eigentlech Leeschtungen eréischt musse bezuelen zu engem vill spéideren Zäitpunkt.

Et gëtt zwar hei och geschriwwen natierlech vun deenen direkte soziale Leeschtungen, wéi d'Kannergeld, déi direkt ufalen, mä wat jo interessant ass, an de Chifferen zumindest am Budget 2005, dat ass, dass mer entre-temps och 10% vun de Pensiounsleeschtungen exportéieren. An ech soen Iech, Dir wäert Iech jo alleguer hoffentlech bewosst sinn, dass mer do eréischt um Ufank sti vun enger Situatioun, déi an där nächster Generatioun eis vill Problemer wäert maachen, well mir wësse jo, dass vun deenen 10.000 neien Aarbechtsplazen, déi mer an de leschte Jore geschafen hunn, 90% ongeféier net vu Résidentë besat gi sinn, mä gréisstendeels vu Frontalieren oder awer da vun Immigratioun. A bei der Immigratioun, do ass et esou, dass oft déi éischt Generatioun, déi kënnt, iergendwann eng Kéier zréckgeet.

Dofir muss ee sech awer natierlech iwwert déi dote Froen ënnerhalen. Fir d'éischt muss een awer emol klären, wat eiser Meenung no een ënnert dem Sozialstat versteet, wéi een de Sozialstat gesäit, wat d'Fonctioune solle si vun engem Sozialstat. Ech hunn net am geréngste Loscht mech un den Dësch setzen ze goen, fir hei ze diskutéieren an engem Sënn wéi den Här Fayot et richteg hei opgeworf huet, ouni dass clarifiéiert ass wéi déi eenzel Leit heibanne politesch de Sozialstat gesinn.

Mir hunn eng Visioun vum Sozialstat. Fir eis huet de Sozialstat d'Funktioun, datt all Bierger am Land am Alter, respektiv am Krankheetsfall uerdentlech ofgeséchert ass an datt all Bierger a Biergerinnen am Land Zougank hunn zu mënschewürdegem Wunnraum, zu iwwerliewenswichtege Ressourcë wéi propper Loft oder proppert Waasser, zu Déngschtleeschtungen, déi an enger moderner Gesellschaft zur allgemenger Verbesserung vum Wuelstand bäidroen, wéi zum Beispill d'Energieversuergung, d'Kommunikatioun an och d'Mobilitéit.

Alles dat si fir eis Elementer, deenen de Stat muss Rechnung droen, datt jiddereen an de Genoss dovu kënnt. Ech mengen awer allerdéngs - an do, Här Fayot, muss ech lech e bësse widderspriechen -, datt mer hei zu Lëtzebuerg e bëssen de Sënn fir d'Realitéit verluer hu wat d'Selektivitéit ubelaangt am Kader vun enger Gesellschaft. An ech mengen et muss erlaabt sinn dat ze diskutéieren. sous condition natierlech, datt ee fir d'éischt clarifiéiert huet zu wat ee steet, wat een ënner engem État social, an alles wat dorunner hänkt, versteet. Wann een dat gekläert huet, mengen ech, muss et méiglech sinn iwwer eng ganz Rei Saachen ze diskutéieren, iwwer méi Selektivitéit ze diskutéieren. Dat huet guer näischt ze di mat deene Sloganen, déi de Moment an Europa geeschteren, wou dann appeléiert gëtt un d'Eegeverantwortung vun de Leit, wat gréisstendeels ridicule Phrasë sinn, déi do gedrescht ginn.

Dat huet eppes domadder ze dinn, datt een de Sozialstat muss esou ausgestalten, datt en effektiv net riskéiert eng Kéier fir e Stat e Problem ze ginn, well en einfach iwwerfracht ass mat Mesuren, déi sozial esou ausgestalt ginn, datt Leit dovu profitéieren, déi eigentlech eiser Meenung no awer de Sozialstat net néideg hunn.

An och do muss ech soen, Här Mosar, wann ech de Forfait d'éducation kucken, wat wéi gesot eng Mesure war, déi Är Partei jo haaptsächlech proposéiert huet, do kéint een awer laang driwwer diskutéieren, ob do de Ciblage richteg war, wann een dat Wuert sozial Selektivitéit richteg hélt.

Mir sinn awer der Iwwerzeegung, datt ee muss driwwer schwätzen, well alleguer déi, déi mat wëllen hëllefe fir Tabuen dropzeleeën, oder respektiv déi, déi esou diffus driwwer schwätzen ouni ze clarifiéieren, déi wëllen de Sozialstat verfaule loossen, an dat huet zur Konsequenz, datt en herno massiv privatiséiert gëtt an datt déi eigentlech Leeschtunge ratzekahl einfach ofgeschaaft ginn. An dat ass och dat wat eis Suerg ass am Moment, well näischt clarifiéiert ass, well nëmmen esou diffus Saachen ugedeit ginn am Moment. Mir hunn d'Suerg als Gréng, datt deen décken Hummer no de Gemengewahle kënnt, wou da verschidde Leit mat der Faarf eraus wäerte geréckelt kommen, wat si dorënner verstinn.

Ech muss och soen, wann een am Kontext vum Sozialstat virun allem den Aspekt Sécurité sociale diskutéiert an deementspriechend iwwert den Aspekt vun de sou genannte Lounniewekäschten, obschonn ech dat gräisslecht Wuert net gär hunn, dat ass eng Bezeechnung, déi an de leschten 30 Joer op eemol fir eppes opkomm ass, wat eigentlech viru laanger Zäit gegrënnt ginn a geschafe ginn ass an engem Sënn vu Solidargemeinschaft a wou jidderee géing mat dozou bäidroen an enger Gesellschaft, datt eng gewësse sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit géing bestoen.

Mä trotzdeem muss ee wëssen, datt am Kontext vun der Kompetitivitéit vun engem Wirtschaftsstanduert vun haut den Aspekt vum Käschtepunkt vum Lounfaktor eiser Meenung no dee wesentlechsten ass an net wéineg Ekonomiste beschreiwen dat entre-temps. Ech wëll nëmmen een erauszitéieren, virun allem een och, deen „über jeden Verdacht erhaben" ass, datt e fir den Ofbau vum Sozialstat einfach tout court géing stoen, nämlech de jonke franséischen Ekonomist Thomas Piketty, dee ganz vill unerkannte Saache geschriwwen huet iwwert d'Ëmverdeelung vu Räichtum, am Frankräich haaptsächlech, mä entre-temps och an Europa, an deen an deem Kontext och, haaptsächlech a Frankräich, oft warnend Wierder schreift un d'Sozialisten, wann et ëm déi do Diskussioune geet, wou e seet, mir mussen oppassen, datt mer net iwwer falsch Saachen diskutéieren, datt mer eis ze vill fokaliséieren op de Steiersystem, mat alle Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt, déi ech virdru gesot hunn, an eigentlech aus den Ae verléieren, datt de wesentleche Punkt de Käschtepunkt vum Facteur Aarbecht ass. An an deem Kontext si mir der Meenung, wann een d'ekologesch Steierreform eescht géing huelen an emol eng Kéier am Detail géing diskutéieren iwwert d'Ausstattung dovunner, datt ee ganz interessant Saache kënnt maachen, déi engersäits d'ekologesch Dimensioun ganz flott mat där sozialer kënnte kombinéieren.

Ech sinn och perséinlech der Iwwerzeegung, datt d'Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie haaptsächlech muss an d'Richtung goen, net der Illusioun nozelafen, mir krite riseg grouss Industriebetriber nach op Lëtzebuerg, mä datt mer musse kucken op héichtechnologesch, innovativ Kleng- a Mëttelbetriber, an datt grad bei deenen den Aspekt Käschtepunkt vum Facteur Aarbecht niewent Infrastrukturen an dat Gesamtëmfeld e ganz wichtegen ass.

Dann, Här President, ganz kuerz, well ech gesi meng Zäit ass scho wäit fortgeschratt, déi Fro vun de sou genanntene Subventiounen oder Aides sociales occultes. D'Beispill ass hei erausgeholl gi vum öffentlechen Transport a vum Deckungsgrad vun 12%. Ech mengen, et kann net d'Zil sinn, an ech mengen och net, datt de Rapporteur dat gemengt huet fir elo ze soen, mir schafen einfach all d'Gratuitéiten of am öffentlechen Transport. Mä ech mengen awer och do, datt ee muss kënnen driwwer diskutéieren, wie vu wat profitéiert, an ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt mer entre-temps zum Deel och um Holzwee si bei verschiddenen Déngschtleeschtungen, datt Leit entre-temps vu gratis Servicer profitéieren, déi awer eigentlech net onbedéngt misste gratis dovu profitéieren, an datt een do och muss dierfen iwwert den Deckungsgrad diskutéieren, ouni datt een direkt an de Verdacht geréit, et wëllt een elo d'Déngschtleeschtunge privatiséieren oder ofschafen oder wat och ëmmer.

Soit, datt ech den Här Fayot verstinn, angesichts der Entwécklung an Europa am Moment, datt een natierlech ëmmer direkt d'Antennen erausstreckt, wann déi do Diskussioune lassginn. Mä ech mengen awer, datt an deem heite Rapport et richteg ass fir déi Froen opzewerfen. Souwéisou si mir och net der Iwwerzeegung, datt d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport der Weisheit letzter Schluss de Präis ass vum öffentlechen Transport, deen ee bezilt, mä ganz aner Saachen. Do spillen d'Offer, d'Qualitéit vum öffentlechen Transport, d'Pünktlechkeet an esou weider vill méi eng grouss Roll wéi onbedéngt de Präis als solchen. Ech soe jo net, et soll een elo de Präis onméiglech deier maachen, mä op alle Fall sinn dat Argumenter, déi méi wichteg si beim Ausbau.

Dann dee Cas particulier Fotovoltaik. Ech muss soen, ech war frou den Här Meisch hei ze héieren, deen do eigentlech d'Saachen emol erëm an e richtegt Liicht bruecht huet. Effektiv, wa mer iwwert d'Fotovoltaik diskutéieren a wa mer déi Subventionnementer analyséieren, déi mer haut zu Lëtzebuerg hunn. Mir hunn déi Subventionnementer jo net gemaach wéinst dem Kyoto-Protokoll. Dat ass dach ridicule. Dat war ni d'Diskussioun deemools wéi se agefouert goufe fir ze soen, dat ass elo de groussen Challenge, fir doriwwer eise Bilan am Zesummenhank mat Kyoto staark ze verbesseren. Déi Zuelen, déi am Rapport stinn, sinn och richteg, an all Mënsch wor et kloer, datt dat net d'Haaptzilsetzung war. D'Haaptzilsetzung war, datt mer gesot hunn, Solartechniken a Fotovoltaik, dat sinn Zukunftstechnologien. An duerch de Fait, wann een esou Zukunftstechnologië fördert, eng Sensibilitéit entfacht, an dat hu mer fäerdeg bruecht duerch déi Reglementer, da schaaft een niewebäi gesinn och alt schonn emol e puer honnert Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. Dat hu mer gemaach, woubäi de Risiko reell ass, datt der en Deel wäerten ewechfalen, deemno wat mer elo maachen déi nächste Joren.

Mä de groussen Enjeu, dee sech hannendru verstoppt, dat ass jo och datt een iwwer esou e Wee hëlleft eng nei Technologie éischtens an der Effizienz ze verbesseren, well dat bedeit jo eppes, wann déi Technologie um Maart e gréisseren Ofsaz fënnt um Niveau vun der Fuerschung an esou weider.

An den Här Meisch huet Recht wann en hei gesot huet virdrun, datt all modern Techniken, déi mer haut kennen, an hirem Ufanksstadium mat risege Subventioune vum Stat geschafe gi sinn. Mir hätten haut keen Telefon doheem, wann net déi éischt grouss Investissementer a Milliardenhéicht weltwäit gemaach gi wäre mat staatleche Gelder déi Zäit. Wann déi Zäit net de Courage gewiescht wär fir déi Risiken anzegoen, fir esou Techniken ze ënnerstëtzen, dann hätte mer haut vläicht en Telefon nach wou mer d'Kierb géingen dréinen. Also e ganze Koup Technike wären net vum Fleck komm, wann déi net iwwer öffentlech Subventionnementer ënnerstëtzt gi wieren.

An doriwwer eraus muss ech soen, et geet engem wierklech op de Geescht, datt ëmmer erëm, wann et ëm Fotovoltaik geet oder ëm alternativ Energien, geschwat gëtt vum Rentabilitéitsgrad an ech weess net wat nach alles, an aner Dinosauriertechniken, déi mer nach hei am Land an och am Ausland finanzéieren, wou Milliarden drafléissen, do schwätzt kee Mënsch driwwer.

Mir subventionéieren zu Lëtzebuerg jo nach ëmmer déi ominös grouss Technologie oder grouss Ressource Erdgas zum Beispill. Mir wëssen awer alleguer, datt den Erdgas e fossilen Energieträger ass, deen eis engersäits Problemer schaaft an iergendwann eng Kéier fäerdeg ass. Mir subventionéieren deen de Moment nach vill méi massiv wéi d'Fotovoltaik. Doriwwer schwätze mer kee Wuert.

Atomenergie, do kann ee bis elo soen zu Lëtzebuerg: „on a échappé bel", well d'ganz Atombewegungen…

(Interruption)

Jo, mir sinn nach net ganz iwwert de Bierg, mä bis elo hu mer emol e gudde Match gemaach, a wann ech kucke wat am Ausland elo erëm fir Diskussioune si fir déi Dinosauriertechnik, wou mer ganz genau wëssen, datt se iwwerhaapt näischt zum CO_2-Problem wäert bäidroen, well am Moment mécht se 6% vun der weltwäiter Energieproduktiouun aus, a wann ech kucke wat fir Problemer, datt mer haut schonn domadder hunn a wat de Käschtepunkt haut reell dovunner ass, da kann ech nëmme laachen, wann ech déi Leit erëm gesinn an Europa oder an der Welt, déi ufänken ze diskutéieren an deem Kontext misst een déi Technik op eemol förderen.

Une voix.- Très bien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- A wann een et an den Zesummenhank och stellt mat aneren, ech well net soe geckegen, awer zumindest fragwürdegen Investissementer, déi mer gemaach hunn, wou nach de Rentabilitéitsgrad ze beweise bleift; mir hunn en Tunnel duerch de Gréngewald gebaut, wou mer nach haut net wëssen, ob en iwwerhaapt jeemools wäert eng Kéier opgoen, duerch Sécherheetsgrënn. Wou war dann d'Berechnung vum Rentabilitéitsgrad vun der Ostvariant vun der Nordstrooss zum Beispill, wou mer entre-temps bei engem Käschtepunkt sinn, dee scho bei 25 Milliarden aler Lëtzebuerger Frange läit a kee Mënsch weess, wou mer herno wäerten eng Kéier landen?

Dat heescht, wann et ëm eng Zukunftstechnologie geet vum 21. Jorhonnert, da stelle mer eis all méiglech Froen iwwert de Käschtepunkt vun de Budgeten, mä wann et ëm aner Saache geet, do kucke mer driwwer ewech.

Dat wëllt natierlech net bedeiten, datt mir net mengen, datt een net soll driwwer schwätzen, ob dee Subventionnement, dee geschafe ginn ass, ob deen net adaptabel ass. Dat huet näischt domat ze dinn. Mä wat eis stéiert prinzipiell, dat ass d'Approche, déi mer hu fir dorunner erunzegoen, a wat eis stéiert dat ass, datt awer iergendwou esou e bësselchen dat an d'Lächerlecht gezu gëtt an et éischter an eng Richtung geet fir ze soen: Bon, dat ass souwisou nëmmen eng Niewespillwiss, déi mer deene Gréngen iergendwann eng Kéier zougestanen hunn, am beschte wär et, et géing een se erëm ofschafen. Et huet ganz kloer och hei ze di mam Opbau vun neie Secteuren an déi gesamt Investissementspolitik vum Stat op déi ech da wëll nach séier ze schwätze kommen, déi beweist eis, datt mer et néideg hunn och nei Secteuren opzebauen.

Ech kommen dann zum leschte Punkt, Här President. Dee Plan pluriannuel d'investissement ass deen éischte vun där neier Regierung, an ee Plan pluriannuel d'investissement, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen ass jo net onwichteg, well dee gëtt jo en Ausbléck op déi nächst fënnef Joer, dat heescht eigentlech misst een am pluriannuelen Investitiounsprogramm gewëssermoosse Kloerheet kréien iwwer Saachen, déi am Koalitiounsprogramm ugeschnidde gi sinn...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert no, et ass ganz interessant, wat den Här Bausch seet.

Une voix.- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President.

…a relativ vag gehale sinn. Wéi gesot, et misst een hei méi Prezisioune kréien, wat dann d'Regierung wierklech an deenen nächste Jore wëlles huet. An ech hunn eigentlech e puer Froe gestallt an der Kommissiouun un de Budgetsminister en rapport mam pluriannuelen Investitiounsprogramm, déi mer do awer e gewëssent Schmunzeln op d'Gesiicht bruecht hunn.

Ech hunn eng éischt Fro gestallt, do hunn ech gesot: Wat ass an deem Plan pluriannuel d'investissement, deen éischte vun dëser Regierung, anescht par rapport zu deem alen? Do hunn ech gesot kritt: „Näischt", et wier näischt geännert un deem wat déi lescht Regierung geplangt an décidéiert hätt.

Meng zweet Fro war: Wat sinn dann déi nei Projeten, déi an deen Investitiounsprogramm do agefloss sinn, dat heescht nei visionär Elementer, déi elo, well mer jo eng nei Regierung hunn, do agefloss sinn? Do krut ech gesot: „Näischt". Hien huet niewebäi gesot, och well mer anscheinend jo net genuch Geld hätte fir nach neier ze décidéieren, mä dat ass jo an deem heite Kontext relevant, well et geet jo och ëm e Jugement, ob sech déi CSV-LSAP-Regierung an hirer Politikgestaltung wesentlech verännert huet par rapport zu där aler. Also, wéi gesot, deen alen ass iwwerholl ginn, et huet sech näischt geännert, et ass och näischt Neies bäikomm.

A meng drëtt Fro war: Gëtt et eng Prioritéitesetzung vun dëser Regierung am Fall vun enger méi enker budgetärer Rumm? Do krut ech esou e bësse vag Äntwerten. Ech krut emol eng, déi mech och éischter skeptesch gestëmmt huet, déi éischter mer d'Gefill ginn huet, datt beim pluriannuelen Investissement vun der fréierer Regierung näischt verbessert ginn ass, mä éischter Saache wäerte verschlechtert ginn. Ech krut do Undeitungen, déi éischter an d'Richtung ginn, datt zum Beispill de BTB-Projet wahrscheinlech an der Zäit wäert gestreckt ginn an net an deenen Délaie wäert ëmgesat gi wéi e virgesi war.

Ech krut zum Beispill gesot, datt elo Iwwerleeunge lafe fir net en Tram, ech soen elo e Beispill, vun Esch op de Kierchbierg fueren ze loossen, mä dat klassescht Netz Esch-Lëtzebuerg sinn ze loossen an da misst een do ëmsteigen an do géing dann e sou genannten Hybridtram vun der Gare op de Kierchbierg fuere gelooss ginn.

Sollt dat de Fall sinn, dat wëll ech lech just soen, dann ass den Haaptacquis vum BTB schonn emol direkt iwwert d'Schëller, nämlech datt een, ech hu virdru gesot beim öffentlechen Transport spillt d'Qualitéit an d'Pünktlechkeet an d'Vitesse eng Roll, an duerfir wann een esou mann wéi méiglech muss ëmsteigen, dat ass natierlech e wichtegen Atout beim öffentlechen Transport. Dat heescht am Kloertext ass et esou, datt bei deem pluriannuellen Investitiounsprogramm d'Prioritéiten éischter negativ gelagert si wéi positiv. Virun allem och do muss ech soen, hunn ech net gesot kritt, wann et ganz enk kéint ginn am Budget, wou dann do géing d'Prioritéit gesat ginn.

Et kann ee sech sécherlech vill Gedanke maachen iwwer méi effikasst Plangen a Bauen, an do ënnerstëtze mer zu 100% dat wat de Rapporteur a sengem Rapport als Pisten opgewisen huet, mä dat eleng geet jo awer net duer, well eng Concertshal huet nach ëmmer hire Präis, eng Autobunn huet nach ëmmer hire Präis, eng Zuchverbindung huet nach ëmmer hire Präis an et ass relativ kloer, wann et enk am Budget gëtt an am pluriannuellen donc och enk gëtt, da muss ee sech d'Fro stellen: Wat ass elo d'Prioritéit vun dëser Regierung? An do hu mer bis elo keng Äntwert kritt.

Ech wëll nëmmen ee Beispill eraushuelen, wou mir der Meenung sinn, datt mir eng Prioritéit wéissten ze setzen. Mir mengen dann zum Beispill, datt déi Duebelstrategie d'Schinnen engersäits auszebauen a weider nach zousätzlech Autobunnen ze décidéieren zu deenen, déi mer schonn décidéiert hunn, misst ewechfalen, datt een do misst d'Prioritéit op den öffentlechen Transport setzen. Dat ass eng Ausso vun eis, déi hunn ech hei gemaach. Jidderee ka se nohéieren. Ech hunn an där Hinsicht weder vum Rapporteur nach vun iergendengem Vertrieder vun der Majoritéit iergendeng prezis Ausso héieren.

Et ass awer wichteg, datt mer déi Ausso kréien, well d'Cour des Comptes beschreift, datt bis 2008-2009, wann net iwwer Emprunten d'Fonge wäerten alimentéiert ginn, datt déi da relativ eidel wäerte sinn an an deem Kontext ass et fir eis relativ kloer, Här President, de Budget 2005 ass en Transitiounsbudget.

Ech muss soen, de Rapporteur an och eng Rei aner Vertrieder vun der Majoritéit hunn de Mérite, datt se Denkustéiss hei lancéiert hunn, mä Denkustéiss, déi relativ an der Nebulös hänke bleiwen a wou et eis als Gréng net kloer ass, wat dann de Schwéierpunkt oder d'Ausriichtung vun dëser Regelung fir d'Zukunft ass. Mir sinn der Meenung, Här President, datt déi grouss Diskussioune fir de Budget 2006 wäerte lassgoen, an dat ass nun eemol no de Gemengewahlen. An ech si fest der Iwwerzeegung politesch, datt dat keen Zoufall ass, mä datt dat ganz kloer och e bësselche gewollt ass. Et huet zwar och mat der Présidence e bëssen ze dinn, mä d'Gemengewahlen, mengen ech, sinn do en anert grousst Zil, well soss wär scho méi prezis dëst Joer diskutéiert ginn iwwer eng ganz Rei Saachen.

A mir mengen, Här President, datt et zwëschent dëser Majoritéit an där virdru keng wesentlech Changementer gëtt par rapport zu deene Schwéierpunkten, déi mir als wichteg ugesinn. Et gëtt keng nei Impulser iwwert déi zentral gesellschaftspolitesch Froen. Et gëtt keng nei Impulser a Richtung vun nohalteger Entwécklung, a Richtung vun enger Politik deemno am Interesse vun deenen nächste Generatiounen, an duerfir, Här President, genau op d'Stonn halen ech op a soen lech, datt mir dëse Budget net wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Als leschte Riedner fir haut ass de Fraktiounspresident vum ADR agedroen, den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetsdebatte sinn ëmmer e spannende Moment hei am Parlament, well eben do iwwert d'Ausriichtung vun der Politik fir dat nächst Joer an och mëttel- oder laangfristeg festgeluecht gëtt. Et ass ëmsou méi spannend, well et deen éischte Budget vun enger neier Regierung no de Wahlen ass, well ee sech da jo och erwaart, datt een an deem Budget eng nei Politik kann identifizéieren, datt et an eng aner Richtung geet, datt Korrekture kommen, an dofir ass et scho gutt datt mer elo déi Diskussioun hei féieren.

Ech wëll dofir am Ufank och vun eise Säiten dem Kolleeg Laurent Mosar Merci soe fir säi Rapport. E Rapport, dee mer als Oppositioun selbstverständlech net gestëmmt hunn, well mer - dat kann ech virausschécken - mat deem Budget hei net wäerten averstane sinn an en och net wäerte stëmmen, deen awer eng Majoritéit fonnt huet, wat awer och eng Majoritéit ass, wou ech am Laf vun dëser Diskussioun nach wäert déi eng oder aner Kéier drop zréckkommen.

Hien huet zwee Haaptpunkten a sengem Rapport, seng perséinlech Meenung abruecht iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz an d'Perspektiven iwwert d'Gemengefinanzen. Et ass och deen éischte Budget, deen no enger neier Prozedur ofgelaf ass, wou mer direkt um Ufank vun der neier Legislaturperiod hei d'Chambersreglement geännert hunn, wou mer eis méi kuerz Délaie ginn hunn, wat dozou gefouert huet, datt mer elo keng Amendementer brauchen ze maachen an och d'Debatt hei an der Chamber iwwert dee Wee da verkierzt gëtt, well mer keen zweete Rapport kréien, mä mir hunn awer festgestallt, datt verschidde Chambres professionnelles, an dat war dat och wat mir als ADR bei der Ännerung vum Reglement hei gesot hunn, wahrscheinlech Problemer kréie fir an Zäit kënnen hir Avisën zu dësem voluminéisen Dokument ofzeginn, an esou hunn et der och Verschiddener geschriwwen a si hu gesot, wann an Zukunft mer wëllen op där schneller Prozedur bleiwen, datt se da missten am Virfeld méi Dokumenter kréien, wat de Budget ubelaangt.

Dëse Budget befënnt sech an engem wirtschaftlechen Ëmfeld, wou Gott sei Dank erëm d'Wirtschaft eng liicht Tendenz no uewe weist, wou mer nëmmen hoffen, datt déi Chifferen, déi mer ugekënnegt kréien, och an Erfëllung ginn, wat awer net onbedéngt, bei deem Wuesstem, och eng staark Répercussioun op d'Finanzen, d'Recettë vum Stat bedeit.

Bei der Inflatioun leie mer als Lëtzebuerg net esou gutt do. Mir leien iwwert der europäescher Moyenne a mir leien och méi héich wéi eis dräi Nopeschlänner; an dat ass elo schonn an dem véierte Joer hannereneen, datt mer méi eng héich Inflatioun hunn.

Mir mussen och wëssen, datt de Chômage an deene leschte Jore permanent geklommen ass, méi wéi an eisen Nopeschlänner a wéi an der Europäescher Unioun. Ech wëll just un zwee Chifferen erënneren: Am Oktober 2000 louche mer bei 6.889 Leit am Chômage, dat waren déi, déi souwuel an de Beschäftegungsmoossname wéi an der ADEM als Demandeurs d'emploi ageschriwwe waren. Déi Zuel ass vun Oktober 2000 op Oktober 2004 vu 6.889 op 12.388 an d'Luucht gaangen, also bal eng Verdueblung. A wa mer dee Chiffer huele fir den Taux de chômage ze rechnen, komme mer och elo hei zu Lëtzebuerg op bal 6% wat mer als Chômage hunn.

Mir hunn iwwregens - an dat léisst sech an den Debatten 2000 an 2001 noliesen -, virun allem wéi dee wirtschaftlechen Abroch komm ass, déi negativ Entwécklung vun de Chômagechiffrë virausgesinn. Dat zu engem Zäitpunkt wou eise Statsminister, den Här Juncker, den 10. Mee 2000 hei an der Chamber déclaréiert huet, de Chômage wäert weider falen. D'Realitéit ass, datt de Chômage sech a véier Joer bal verduebelt huet.

Ee Wuert wat an dësen Debatte ganz vill gefall ass, dat ass de Sozialbudget. De Budget social, wou virun allem eise Budgetsminister, den Här Frieden, vun Ufank u ganz dacks op deen héije Prozentsaz vu 44% drop higewisen huet, deen de Sozialbudget an eisem Budget ausmécht, an hien huet och geschwat, datt ee misst doriwwer diskutéieren. Et kann een ëmmer iwwer alles diskutéieren an et sollen och an der Politik keng Tabuthemae sinn. Mir warnen awer dovir wa gesot gëtt, et misst een dee Chiffer oder dee Prozentsaz afréieren. Dat kënnt enger sozial-politescher negativer Tendenz gläich. Dat heescht, wa mer d'Chifferen afréieren, da musse mer och gläichzäiteg soen, datt mer sozialen Ofbau maachen. A mir fäerten, datt dës Regierung - an de Kolleeg Bausch huet et elo grad och gesot -, wann d'Gemengerotswahle bis hannerun eis sinn, am Fong eréischt dat richtegt Gesiicht weist an datt mer dann och sozialen Ofbau hei zu Lëtzebuerg kréien, dee schonn an dësem Budget éischt Tendenze kritt, well déi Moossnamen, déi getraff si ginn, och wat d'Steieren ubelaangt, si fir verschidde Leit scho sozial-politesch negativ Tendenzen.

D'Krankekeese ginn och an déi Richtung, datt mer d'Steiertabell net un d'Inflatioun upasse ginn an déi liicht Erhéijung vun der TVA an d'Iwwerleeungen, déi am Zesummenhank mat der Mammerent ugestallt ginn, ginn alleguer an déi dote Richtung. Mäi Kolleeg Aly Jaerling wäert méi am Detail op dee Volet vum soziale Budget an dësen Debatten nach agoen.

Chamber TV

an der Stad: um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens) zu Esch: um Kanal S40 (455.25 MHz)
zu Déifferdeng: um Kanal S 29 zu Diddeleng: um Kanal S 32 an der Gemeng Nidderaanven: um Kanal S 29

Dëse Budget schléisst och scho mat engem Defizit vun 89 Milliounen Euro of, deen iwwert d'Réserve budgétaire gedeckt gëtt. Net berücksichtegt bei dësem Budget sinn zum Beispill en zousätzlechen Defizit, deen duerch Décisioune kënnt, déi op der Generalversammlung vun de Krankekeese geholl ginn, wou de Stat och duerch déi Décisiounen eng zousätzlech Belaaschtung vu 26,2 Milliounen Euro kritt. Vu datt mer hei déi nei Prozedur gemaach hunn a keng Amendementer méi gemaach hunn an et e Crédit non limitatif am Budget ass, ass do keng Ännerung gemaach ginn. Mä et weess een awer, datt dat den Defizit dann automatesch erhéicht an de Budgetsdefizit domadder schonn am Ufank iwwer 100 Millioune geet.

A wann een den Avis vun der Cour des Comptes kuckt, soen déi eis och, datt déi Réserve budgétaire, wéi se am Dokument steet, nämlech mat 506 Milliounen Euro, an der Realitéit net méi esou héich ass, well wann een d'Engagementer, déi op d'Réserve budgétaire scho geholl si ginn, déi awer nach net exekutéiert sinn, mä geholl si ginn, ewech hélt, da bleiwen nach ganz genau, seet d'Cour des Comptes, 138 Milliounen Euro an der Réserve budgétaire. A wa mer dann dat kucken, wat mer elo schonn hei als Defizit am Budget hunn, da wësse mer also och, datt d'Réserve budgétaire am Ausgank vum Joer 2005 u sengem Ennzil, nämlech um Nullpunkt ukomm ass.

Iwwert d'Steieren ass haut de Mëtte ganz vill diskutéiert ginn an ech wäert mech och méi laang mat dem Volet vun de Steieren ophalen, well ech virun allem och d'Fro muss stellen: Wie bezilt dann elo nach Steieren a wie soll an Zukunft nach Steiere bezuelen? Et ass en neie Phenomeen, datt dës Kéier d'Lounsteier déi zweet gréisst Steier hei am Land ginn ass an datt d'TVA déi héchste Steier momentan an de Statsrecetten ass.

Duerch d'Kollektivitéitssteier huet d'Steierverwaltung vun 2002 u massiv akasséiert. Et muss een also wëssen, datt am Prinzip d'Kollektivitéitssteier zréckgaangen ass, mä doduerch, datt mer ebe méi massiv akasséiert hunn, datt mer Retarden opgefaangen hunn an och vun dësem Joer un d'Avancë gehéicht hunn, konnte mer d'Kollektivitéitssteier nach op dem Niveau vun deem Joer virdrun halen, wëssend awer domadder, datt an deene Joren, déi duerno op eis zoukommen, déi Seuilen do net méi kënne gehale ginn, wéi se sinn. 80% vun där Steier komme praktesch vun de Banken eran a Kleng- a Mëttelbetriber bezuelen hei am Land praktesch keng Kollektivitéitssteier. Et soll een awer duerfir net frou sinn oder rose sinn, datt Kleng- a Mëttelbetriber praktesch keng Kierperschafts- a Gewerbesteier méi bezuelen, mä et ass éischter de Beweis, datt et de Kleng- a Mëttelbetriber net ze gutt geet, well soss géife si Steiere bezuelen.

Et muss een och wëssen, datt mer och an Zukunft duerch Fusiounen op der Bankeplaz an de Fiscal Engineering mussen domat rechnen - an dat gëtt eis och vun der Steierverwaltung confirméiert -, datt een an Zukunft nach manner Kierperschaftssteier an domadder och automatesch manner Impôt commercial, Gewerbesteier wäert erakréien. Mir wëssen also, datt déi Steier eng Tendenz no ënnen huet a mir wëssen, datt mer déi Retarden, déi Provisiounen, déi mer elo do nach haten - eleng op der Bankeplaz hate mer Provisioune vun enger Milliard Euro - mat der Zäit opgeschafft hunn an datt mer dann den Niveau net méi kënnen halen, mä nëmme méi kënnen higoen a vum renge Produit vum Joer encaisséieren. Woubäi mer dovun ausgoen, datt an Zukunft bei den Dekonten net méi vill kann nokommen.

Mir hu mat der Steierreform den Taux vun 30 op 22% gesenkt. Lëtzebuerg war domadder am europäesche Verglach op déi zweet Plaz virgeréckelt, mä nodeem datt mer déi nei Staten an d'Unioun opgeholl hunn, läit Lëtzebuerg, wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, am Abléck op der aachter Plaz wat den Taux ubelaangt. Insgesamt bezuelen d'Betriber 30,38%, wa mer déi dräi Steieren zesummenzielen, d'Kierperschaftssteier, d'Gewerbesteier an d'Solidaritéitssteier. An de Rapporteur huet och duerfir proposéiert, fir eben do op 15 a 4% Gewerbesteier zréckzeschrauwen, fir datt mer duerch manner Steieren hei sollte méi Steiere kréien.

An domadder wëll ech mech och e bësse befaassen, well déi Ausso ass am Fong och bei der Steierreform 2001 gemaach ginn, a wa mer manner Steiere froen, da gëtt d'Steiermoral besser an da kréie mer um Schluss méi Steieren eran. Mat dem Resultat, datt mer awer elo wëssen, datt mer manner Steieren op der Kierperschaftssteier an op der Gewerbesteier erakréien, an dofir wier ech och net ze vill euphoresch fir elo ze mengen, wa mer se nach eng Kéier senken, krite mer der méi eran. Dat ass eis, wéi gesot, virun dräi Joer gesot ginn, a wann déi Logik jo richteg wier, dann hätte mir jo Intérêt fir ëmmer nach méi ze senken. Wat mer méi senken, wat mer méi erakréien an an där Logik krite mer am meeschten eran, well mer da guer keng Steiere méi géifen ophiewen.

(Interruption)

Mir wëssen awer, datt dat an der Realitéit net esou geet, mä datt jidderee muss Steiere bezuelen an datt de Stat och muss Steieren erakréie fir senge Verflichtungen nozegoen, an dofir ware mer och frou datt den Här Budgetsminister am Fong net an déi Richtung gaangen ass an datt en deenen Iwwerleeungen eng Ofso gemaach huet. Mir mengen, datt een och muss op europäeschem Niveau méi staark doranner diskutéieren. Dat ass och vläicht Neiland fir Lëtzebuerg, well normalerweis hu mer bis elo eng Politik gemaach, wou mer ëmmer gesot hunn: Bei de Steiere wëlle mer eis net drariede loossen.

Mä mir stellen awer elo fest, datt mat där doter Politik e sozialen Dumping net nëmmen um ekologeschen, net nëmmen um sozialen, mä och um fiskale Beräich kënnt - an et ass de Mëtten och hei ugeschnidde ginn -, wou ee Land géint dat anert ausgespillt gëtt. An deen Dumping fiscal deen do kënnt, mengen ech, misst een och op europäeschem Niveau diskutéieren, fir europäesch Mindestsätz anzeféieren, souwuel am fiskalen, wéi am sozialen, wéi am ekologesche Beräich.

Fir awer och déi ganz Diskussioun do, wat d'Steieren ubelaangt, objektiv an a voller Transparenz kënnen ze féieren, brauche mer selbstverständlech déi néideg Donnéeën, an déi - muss ee mat Bedauere feststellen - krute mer zumindest vun enger vun deene grousse Verwaltungen, der Steierverwaltung, net. An ech mengen all d'Memberen, wa se éierlech sinn, déi an der Kommissioun waren, waren am Fong enttäuscht, wéi schwéierfälleg déi Verwaltung sech gedoen huet. Se huet op déi meescht Froen, wat statistescht Material ubelaangt, iwwerhaapt keng Äntwerten, geschweig nach Material konnten zur Verfügung stellen; wat awer eng vun den Haaptviraussetzungen ass. Wann een zum Beispill d'Fro gestallt huet, wéi vill Prozent vun de Kleng- oder Mëttelbetriber oder wat fir eng Gruppen an deene Secteure bezuele Steieren oder bezuele keng Steieren, konnte mer keng Äntwert kréien. Opgrond vun der Diskussioun huet d'Steierverwaltung eng Tabell nogereecht, déi allerdéngs da vun 1998 datéiert ass, also dono, a virun allem no der Steierreform vun 2001 gëtt et do keng nei Statistiken.

Mir mengen also, dass d'Regierung och gutt berode wier, fir an deem Beräich ze innovéieren an ze kucken, dass een do méi kurant a méi realistesch a virun allem rezent Dokumentatiounen iwwert d'Entwécklung vun de Steieren, wat d'Steierverwaltung ubelaangt, misst kréien.

D'Vermëigenssteier ass och en Thema, wat hei diskutéiert ginn ass, wou zum Beispill mir wëssen, dass déi Vermëigenssteier 100 Milliounen Euro Steierrecetten d'Joer erabréngt. Den Här Rapporteur huet proposéiert och déi ofzeschafe fir Propriétaires de fortunes importantes a Résidents fiscaux op Lëtzebuerg ze kréien. De Rapporteur weist mat Recht drop hin, dass een dann awer misst wëssen, dass een d'Fro vum Logement a vun der Politique d'immigration misst léisen, wann déi Situatioun géif kommen.

Mir wëllen awer drop hiweisen, dass grad an deenen zwou Politiken, déi de Logement an d'Immigration ubelaangen, mer eng total Faillite an deene leschte Joren hei am Land erlieft hunn, well mer weder déi eng nach déi aner konnte léisen, mä mir sinn an deenen zwou Politiken an eng Situatioun eragedrongen, déi praktesch net méi vertrietbar ass.

Eis Wunnengspräisser hei am Land sinn astronomesch Zommen, an et sinn haut geschwë méi Lëtzebuerger, déi an d'Grenzregioun baue ginn, fir iwwerhaapt nach kënnen ze bauen, dat heescht d'Lëtzebuerger kënne mer elo geschwënn an der Statistik vun de Frontaliere mat arechnen, well ëmmer méi Leit mussen an d'Grenzregioun goen, well se hei am Land net méi déi Präisser kënne bezuelen. Op jidde Fall eng Kategorie vu Leit kann haut hei am Land scho keng Bauplaz méi bezuelen. D'Immigratiouns- an d'Integratiounspolitik, déi war quasi inexistent bis haut hei am Land.

Mir hunn och net geduecht, dass esou eng Iddi kéint an engem Regierungsprogramm en Nidderschlag fannen, well mer eis nach alleguer konnte relativ gutt erënneren, wéi virun de Wahlen d'Demokratesch Partei am Fong mat där Iddi komm ass fir d'Vermëigenssteier ofzeschafen, wat fir een Opwand dass dat virun allem bei de sozialistesche Kolleege mat sech bruecht huet. Hiren deemolege Generalsekretär, de Lucien Lux, huet vun der Monaco-DP geschwat an en huet an engem Artikel de 27. Mäerz dëst Joer - also dass d'Leit elo net mengen do géife Generatiounen dertëschent leien, dat ass also alles dëst Joer…

(Interruption)

…geschitt - huet e geschriwwen: „So richtig konkret werden die programmatischen Vorstellungen der DP allerdings immer dann, wenn die ureigene Klientel, die Reichen und Schönen,…" - woubäi ech do mat deem Schönen, dat ass elo eng perséinlech Bemierkung, awer och meng Bedenken hunn - „bedient werden soll, weil Monaco so schön, sauber und teuer ist und dort die Superreichen nur Superreichen begegnen, tritt die DP allen Ernstes für die Monacosierung Luxemburgs ein. Sie schlägt vor, die Verlegung des Wohnsitzes und des Kapitalvermögens von Privatpersonen mit hohem Nettovermögen nach Luxemburg zu fördern. Damit dieses Unterfangen gelingen kann, plant die DP die Vermögenssteuer abzuschaffen." Da stoung drënner: „Der Autor ist Abgeordneter und Generalsekretär der LSAP." Haut kéint een nach dobäi schreiwen, e wier neierdéngs och Minister.

Dat sinn d'Kolleege vun der…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Sinn d'Sozialisten haut domadder averstanen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …sozialistescher Aarbechterpartei.

Ech kommen do drop, Här Bettel. Dir verléiert guer näischt mam Waarden.

Den Här Bodry huet souguer geschriwwe vun engem „fait cavalier seul", deen de Minister géif maachen. Dofir ass dat, wat mech hei esou stéiert, d'Doppelzüngegkeet, déi ee bei de Genossen hei fënnt, well wann een do gesäit, wat se virun de Wahle geschriwwen hunn, an et gesäit een, wat den Här Fayot haut de Mëtteg hei zur Diskussioun ginn huet, wat an der Kommissioun doriwwer gesot ginn ass, an een awer weess, dass am Regierungsprogramm et virgesinn ass, da muss ee froen: Wat wëlle se dann elo, si se domat averstan?

Et ka jo awer net sinn, dass een engem Regierungsprogramm zoustëmmt, dass een och engem Rapport vun der Kommissioun zu dësem Budget zoustëmmt an dann awer heihinner kënnt a seet: „Mä domat si mir awer net d'accord, dat huet just eppes mat der CSV ze dinn." Also d'Steierpolitik hei zu Lëtzebuerg fir „die Reichen und Schönen", déi kann ech mer just virstellen, dass dat momentan och vun de Sozialisten elo gedroe gëtt, well se hu schliesslech dee Rapport, deen haut hei zur Diskussioun steet, och an der Kommissioun matgestëmmt a se hu wéi gesot och dem Koalitiounsprogramm zougestëmmt, wou dat drastoung.

M. Xavier Bettel *(DP).*- D'CSV huet diktéiert, d'LSAP notéiert.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dem Här Bettel, Här President, gleewen ech dat, well si hunn dat elo fënnef Joer selwer matgemaach.

(Hilarité)

Hie weess vu wat e schwätzt.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Da fannt eppes, wat géint eise Programm war, Här Gibéryen. Gitt mer een eenzege Punkt! Gitt mer een eenzege Punkt!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Do wou Der Recht hutt, hutt Der Recht, loosse mer eis do näischt virmaachen.

D'TVA geet vun 12 op 15% erop, dat bréngt eis zousätzlech Recettë vun 42 Milliounen Euro d'nächst Joer. D'Regierung mécht déi heite wuel indexneutral, wat mir och gesot hunn.

Mir hunn och d'Propos gemaach am Kader vun der Sanéierung vun de Krankekeesen, dass ee kéint um Tubak an um Alkohol eropsetzen an dass een déi Sue soll un d'Krankekeesen transferéieren. Dat ass och eng Iddi, déi mir bruecht hunn, mä hei maache mer eis et awer relativ einfach fir de Budget an den Equiliber ze bréngen, wa mer higinn a mir hiewen einfach d'TVA vun 12 op 15% fir do 42 Milliounen eranzekréien.

An de Rapportë vun der Verwaltung vun dem Enregistrement hunn déi eis zum Beispill matgedeelt, dass eleng duerch de Fait vun de Failliten den Enregistrement tëschent 5 a 7% vu senge jährleche Recetten net erakritt opgrond vu Faillites frauduleuses - wéi se schreiwen.

Wann Der wësst, dass mer hei virun dräi Joer, als ADR, eng Interpellatioun hei ugefrot haten, wou praktesch all Parteien heibannen dorobber sech eens waren, dass do eppes misst geschéien, da muss ech awer dann erëm op d'DP zréckkommen. Hire Wirtschaftsminister, den Här Grethen, huet an de leschten dräi Joer awer absolut kee Fanger kromm gemaach fir eppes ze änneren, fir d'Faillites frauduleuses geännert ze kréien. Jiddferee ka sech seng Gedanke maachen, firwat dass dat esou de Fall war, mä mir musse feststellen, dass do näischt geschitt ass, an eleng…

Une voix.- Wie war Mëttelstandsminister?

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An eleng, Här President, duerch dee Minus, dee mer erakréie wéinst de Faillite-frauduleusen, dat mécht 120 Milliounen Euro TVA d'Joer; also een Drëttel vun deem, wat mer am Fong elo duerch déi Augmentatioun hei erakréien. Dat heescht an anere Wierder, wann ee géif higoen an et géif ee versichen déi Faillitë méi an de Gréff ze kréien, d'Faillite-frauduleusen, dann hätt ee keng Steiererhéijung bräichten ze maachen, mä dann hätt een d'Geld do geholl wou et duerch illegal Prozeduren entzu gëtt a wou de Stat se net kritt an d'Sécurité sociale se net kritt, an déi Leit, déi do schaffen, och alleguer betraff sinn, mä do ass an deene leschte Joren näischt gemaach ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, den Här Bettel wëllt lech eng Fro stellen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech sinn ëmmer frou, wann den Här Bettel eppes wëllt soen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech wollt just d'Fro stellen, den Här Gibéryen huet hei vum Här Grethen geschwat a senger Fonctioun als Ekonomieminister. Kann den Här Gibéryen mer da just soen, wien d'Autorisations de commerce gëtt, wien déi Procédure do huet a wien duerno selbstverständlech sanktionéiert, wann dat net leeft? Well wa mäi Wëssen awer nach richteg ass, dann ass dat net den Här Grethen gewiescht.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Do ass d'Äntwert op déi Fro, déi Der mer do stellt, de Mëttelstandsminister. Mä, Här Bettel, Dir wësst awer ganz genau, wann Dir lech kënnt gutt erënneren, wien hei an der Debatt iwwert d'Failliten den haarde Mann markéiert huet an deen och duerchgesat huet, dass näischt geschitt, dat war allgemeng bekannt, dat war net den Här Scheuer dohannen, deen de Fanger elo an d'Luucht streckt, mä dat war den…

(Hilarité)

…Här Grethen.

M. le Président.- Also, eng kloer Fro, eng kloer Äntwert. Elo ass et um Här Scheuer.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hat zwar net geduecht, dass mer an enger Froestonn hei wieren, mä wann dat awer gewënscht ass.

(Hilarité)

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ech wollt dem Här Gibéryen dann awer och eng kloer Fro stellen. Wou waart Dir wéi mer d'Gesetz iwwert den Droit d'établissement diskutéiert hunn? Wou waart Dir dunn?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi, wou soll ech dann du gewiescht sinn? Ech war hei.

M. le Président.- D'Fro ass kuerz an däitlech, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech war hei. D'Äntwert ass genausou kloer.

(Hilarité)

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Hutt Dir dat Gesetz suivéiert? Ech mengen, Dir waart net do!

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …vun Defiziter vun 3,6%, mir wëssen awer duerch d'Sécurité sociale an duerch d'Gemengen, dass mer se do global gesinn hei zu Lëtzebuerg ënnert déi 3% da kréien.

D'Banque centrale huet awer och eng interessant Grafik an hirem Rapport gemaach, wou se am Fong seet, dass hei zu Lëtzebuerg vun 2001 un ëmmer méi Geld ausgi ginn ass, wéi mer als Land an deem Joer verdéngt hunn. A se weist drop hin, dass dat eng ganz geféierlech Entwécklung ass, quitte dass ee Reserven huet an dat iwwer eng Zäitspan dann do kann ausgläichen, mä et ass ëmmer eng geféierlech Tendenz wann ee méi Suen ausgëtt, wéi een der huet. An dat ass, wéi gesot, elo am véierte Joer, wou mer domadder amgaange sinn. An dat kann och dozou féieren, datt mer geschwënn net méi mussen Emprunten ophuelen fir déi extraordinaire Dépensen, an de Rapporteur huet et och geschriwwen, dass e seet, wann dat esou weidergeet, da musse mer och geschwë fir déi normal Dépensen Emprunten ophuelen. E schreift: «Si les emprunts contractés en 2004 et à contracter en 2005 sont encore comparativement modestes en capital, ceux auxquels l'État devrait procéder afin de couvrir également des dépenses budgétaires courantes deviendraient franchement dangereux.» Dat ass den Zitat vun dem Rapporteur hei, wou mer scho méi laang drop hiweisen, dass ee muss wëssen, dass een net kann als Stat iwwer eng laang Zäit all Joer méi Suen ausgi wéi een der huet.

An hei musse mer oppasse bei den Dépenses courantes, an elo komme mer och an eng Situatioun wou mer en neien Accord salarial fir d'Fonction publique aushandelen. Do ass et dann och un der Regierung ze beweisen, ob se déi Situatioun hei am Land richteg aschätzt oder ob se mengt se misst d'Dépenses courantes nach weider an d'Luucht setzen. Déiselwecht Fro stellt sech op dem Gebitt vun der Réforme administrative, wou mer jo och schonn an der leschter Regierungsperiod en zoustännege Minister haten, dee souguer den Numm vun der Réforme administrative gedroen hat, mä et hat kee Mënsch erausfonnt zum Schluss, ob do eppes geschitt war. Och do war näischt geschitt. Ech fäerte ganz, dass mer och dës Kéier erëm net op deem Domän weiderkommen.

Och bei den Neiastellungen, do geet de Stat hin, mir stellen d'nächst Joer relativ vill Leit nei a beim Stat, mä mer bréngen et net fäerdeg parallell dozou eng Réforme administrative ze maachen, quitte dass mer op enger Rei vu Posten am Enseignement a bei der Polizei nei Leit brauchen. Mä esou eng grouss Verwaltung wéi de Stat misst och eng Reform kënne maachen, wou an anere Verwaltungen eventuell kéinte Leit gespuert ginn, mä deen Exercice hu mer bis haut nach ëmmer hei strikt vermieden an dat geet menger Meenung no och eng Kéier net méi op.

Och déi Diskussioun, déi hei gefouert gëtt, datt ee seet: Ma d'Gehältermass oder d'Pensiounsmass, dat entsprécht 20% vum Budget, et ass souguer liicht erofgaangen, virun e puer Joer ware mer op 23%. Mä et muss een awer och wëssen, wat fir eng enorm Plus-valuën dass mer an deene leschte Jore kritt hunn, virun allem vun der Bankeplaz. An da kann een net soen, wa mer elo, doduerch dass mer par hasard an engem Secteur vill Geld verdéngen, de Stat kritt vill Geld, da kënne mer automatesch och erëm dovunner esou vill Prozent weider verdeelen.

Well an där Logik misst jo dann och sinn, wann d'nächst Joer d'Steieren erofginn, dass een da muss soen: Bon, da mussen d'Gehälter och erofgoen, well 20% sinn 20%. Mä da wäert kee méi eppes vun deem Prozentsaz wëssen. Dofir si mer also och gutt berode fir déi Masse salariale, déi et an der Fonction publique gëtt, dass een, mat enger Réforme administrative, mat Neiastellunge beim Accord salarial, dat alles gutt iwwerleet, well mer wësse wéi d'Situatioun vum Stat wäert an deenen nächste Méint a Jore ginn.

Här President, de Programme pluriannuel hu mer virgeluecht kritt an och d'Fonds spéciaux, an do muss een awer feststellen, well dat en Exercice ass, deen eng Regierung all Joers beim Budget mécht, a mir hunn dofir emol gekuckt wat mer d'lescht Joer virgeluecht kritt hunn, dat heescht also virun de Wahle virgeluecht kritt hunn a wat mer no de Wahle virgeluecht kritt hunn, a wa mer eis kënnen erënneren, dass puer Woche virun de Wahlen och vu Regierungssäit gesot ginn ass, et wär nach méi Geld do wéi mer ugeholl hunn, an et kuckt een awer elo déi nei Chifferen, déi mer virgeluecht kritt hunn, da gesäit een dass et awer eng grouss Differenz gëtt vun deenen Dokumenter vu virun de Wahlen an deenen Dokumenter no de Wahlen.

Fir 2004 stoung virun de Wahlen, do hätte mer 1.637 Milliounen Euro op de Fongen, dat war also uganks vun dësem Joer. Elo steet op eemol dran, mir hätte fir 2004 nëmme méi 1.262 Milliounen. Dat sinn also 375 Milliounen Euro oder 15 Milliarde Frang manner an de Fongen, wéi dat eis virun de Wahlen ugekënnegt gouf. An da kann ech dat bei 2005, 2006, 2007 an 2008 kucken. Et war souguer nach 2000 do e Plus, elo stelle mer fest dass mer 2008 mat engem Minus vun 195,6 Milliounen Euro, also bal 8 Milliarde Frang am Keller sinn, wou mer virun de Wahlen opgrond vun den Dokumenter, déi den Här Budgetsminister an den Här Finanzminister eis zoukomme gelooss hunn, nach grouss Reserven haten.

Also do ass eis d'Wourecht net gesot ginn, well et ka keen eis hei soen, dass een uganks des Joers komplett aner Chifferen, dat ware jo lauter Suen, déi engagéiert waren an déi jo och schonn zu deem Zäitpunkt hätte missen do sinn, well mir hu jo dëst Joer keng esou enorm Plus-valuën oder manner Plus-valueë gemaach, fir dass déi grouss Schwankungen do komm sinn, mä déi Chiffere vum leschte Joer op dëst Joer differenzéiere ganz grouss, dat heescht, dass de Budgetsminister virun de Wahlen dem Land an eis aner Chiffere gesot huet wéi dat elo no de Wahlen de Fall ass.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An da muss een och nach wëssen…

M. le Président.- Här Gibéryen, erlaabt Der eng Fro vum Här Frieden?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, selbstverständlech.

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder um Kanal S40 (Eltrona/Siemens
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, dat ass keng Fro. Alles wat sech bis elo ofgespillt huet war am Kontext vun de politesche Statements, déi all Fraktiouns ka maachen. Fir hei ze soen et wäre falsch Chiffere matgedeelt ginn, dat contestéieren ech formell, well et ass evident dass déi Chifferen, an dat engagéiert och all déi Beamten, déi déi Chiffere schreiwen, selbstverständlech virun de Wahlen, dat heescht déi vum leschte Joer, well Wahle si bäi der Budgetspolitik irrelevant, déi nämlecht ware wéi duerno. Ech géing gären déi Chiffere Pièce à l'appui mar hei virun der Sitzung nach eng Kéier mam Här Gibéryen kucken, an dann och an der öffentlecher Sitzung dat erklären, well et gëtt keng Chifferen déi falsch si virun de Wahlen an anerer no de Wahlen.

Pluriannuel Programmer an och Reserven, dat si Chifferen déi iwwregens während 30 Joer zréckgerechent sinn an déi ee kann an enger Tabell nokucken. Déi sinn opgrond vun den Dépensen, déi gemaach ginn, déi ginn op den 1. Januar vun all Joer fixéiert, an déi kann een also net änneren. Fir 2008 ass et eppes anescht, well et si méi Dépensen iwwert déi ganz pluriannuel Zäit dobäikomm, mä ech contestéieren hei formell, wann ee seet d'Regierung hätt falsch Chifferen dohinner geluecht.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech huelen dat zur Kenntnis, ech respektéieren dat och, wat den Här Minister seet, mä dat ännert meng Meenung awer och net dee Punkt, well et ass ganz kloer, mir hunn an der Finanzkommissioun déi Chifferen do kritt vun Iech, Här Minister, vu kengem aneren. Vun Iech hu mer se kritt an Dir kënnt Iech erënneren, Dir hutt fir d'éischt den Dossier vun de Plans pluriannuels ausgedeelt, wou all eenzel Fongen opgelëscht waren. Do hunn ech d'Fro gestallt: „Gëtt et keen Tableau, deen d'Fonge global zesummenzielt?" An dunn hutt Der zesumme mat Ärem Conseiller niewendru gesot: „Dach, deen hu mer och hei", an dunn ass deen an der Sitzung kopéiert ginn, an do hu mer en ausgedeelt kritt. An dunn hu mer gefrot: „Ma hei sinn d'Zommen, déi an de Fonge sinn, wat sinn déi Chifferen, déi an de Klameren" - ech hunn en hei bäi mer leien, wann Der e gären hätt, da kann ech en Iech herno ginn - „drënner stinn?" Ma dunn hutt Der gesot: „Ma dat ass dat, wat d'lescht Joer drastoung." An dat ass net méi an net manner wéi dat wat ech gesot hunn. D'lescht Joer stounge fir 2004 an de Fongen 1.637 Milliounen Euro an elo sot Der et géifen nëmmen 1.262 Milliounen Euro drastoen. Ech stellen also fest, dass virun de Wahlen 375 Milliounen Euro méi am Fong ware wéi dëst Joer, wéi se elo dra sinn. Dir braucht Iech elo net hei hanner Fonctionnairen ze verstoppen, ech hunn näischt mat deenen…

M. le Président.- Här Gibéryen, et war vläicht doduerch, dass d'Tableauen e bësse komplizéiert waren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, déi ware guer net komplizéiert, si waren esou einfach, Här President…

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Et si jo awer och Dépensë während dem Joer gemaach ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …, dass ech et awer och verstanen hunn; dass ech et souguer verstanen hunn. Den Här Minister huet eis déi Tableaue ginn, an ech wëll just soen, Här Minister…

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Ma dat eent sinn d'Chiffere vum Ufank vum Joer an dat anert sinn d'Chifferen, nodeem d'Exekutioun vun de Fonge gemaach ginn ass.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, mä et ass awer gelungen, datt mer…

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- An duerfir stinn déi a Klameren, fir dass een ebe gesäit, wat…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass awer gelungen, datt virun de Wahlen an engem Joer bal 400 Milliounen Euro weider am Fong waren…

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Mir hu jo och Saache gebaut.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …wéi der no de Wahlen dra waren. Net méi an net manner wëll ech soen. An dofir soen ech, well d'Regierung jo och seet déi Chifferen, déi se eis dëst Joer beim Budget gëtt, da ginn ech dann dovunner aus, dass déi Chifferen, déi se eis d'lescht Joer beim Budget ginn huet, genausou richteg ware laut hirer Impressioun wéi se dës Kéier sinn. A mir stellen awer fest, dass eng Differenz vu 400 Milliounen do ass. Dat wëlle mer mol esou stoe loossen. Wéi gesot, dat ass en Dokument, wat mer vun Iech perséinlech kritt hunn.

D'Fonge ginn also op en Enn. 2008 si mer an engem Minus vu bal 200 Milliounen Euro oder 8 Milliarden ale Frang, sous condition dass mer all Joer 200 Milliounen Euro léinen.

An ech wëll nach ee Punkt soen, wat dann drasteet am Plan pluriannuel, do steet dran, dass eng Dotatioun géif all Joers gemaach gi vum Budget op d'Fongen, woubäi 274 Milliounen 2004 gaange sinn, fir 2005 sinn der 373 virgesinn, fir 2006 461 a fir 2007 507 Milliounen Dotatioune vum Budget an d'Fongen. Woubäi ee sech dann d'Fro muss stellen: Wéi ass et méiglech, wann d'Steiere stagnéieren oder vläicht souguer erofginn, dass dann d'Regierung an hirem Plan pluriannuel praktesch eng Verdueblung vun de Speise vum Budget mécht?

Ech hunn och déi Fro an der Kommissioun gestallt an ech hu keng Äntwert kritt. Ech huelen un, dass am Kader vum séchere Wee, deen d'CSV eis virausgezeechent huet, dass mer am Kader vun dësen Debatte vum Budgetsminister déi Äntwert kréie wéi et méiglech ass, dass se d'Dotatioun an zwee Joer verduebelen, well dat sinn ëmmerhin iwwer 200 Milliounen zousätzlech zu deenen 373 Milliounen, déi mer scho virgesinn hunn, déi da sollen an d'Fonge fléissen, ouni dass mer gesot kréien, wou déi Suen da géifen higoen.

E weidere Punkt an der Steierpolitik, dat sinn d'Nofolgekäschten, wou mir ëmmer drop higewisen hunn, datt mir hei Projeten an der Chamber stëmmen, ouni datt mir mat virgeluecht kréie wat d'Nofolgekäschte vun deene Projete sinn. An haut mécht am Fong da jidderee sech Gedanken, et gëtt souguer geschwat fir speziell Fongen ze maachen, fir eben d'Nofolgekäschten ze decken. An ech menge mir hu jo och lo schonn eng Rei vu Chiffere genannt - ech hu se eigentlech do, mä ech iwwersprangen dat -, genau sou gutt wéi d'Dépassementer vun de Projeten a wéi mir do nei Prozedure kënne maachen, wou mäi Kolleeg Roby Mehlen mar hei wäert driwwer goen.

Mä wa mir wëlle Steieren erhéijen, da musse mir och doriwwer diskutéieren, ob eis Steieren, déi mir zegutt hunn als Stat, och alleguer agezu ginn. An et ass nach net laang hir, datt een Direkter vun enger Verwaltung dat an engem oppene Bréif un d'Parlamentarier bekannt gemaach huet, wou en am Fong seet, datt, wat Steierhannerzéiung, Steierbedruch, Qualitéit vun der Steiererhiewung ubelaangt, do enorm Beträg sinn, déi ënnert d'Steiererhiewung falen an iwwerhaapt net erfaasst ginn an datt net géif hei am Land dogéint reagéiert ginn, datt déi zwou Verwaltungen net géifen à même gesat ginn, den Enregistrement an d'Steierverwaltung, fir deem op d'Spuer ze goen, an datt do enorm Zomme vu Steieren iwwerhaapt net bezuelt ginn - da muss ee sech awer Froe stellen.

Mir ginn hin, maachen hei Steiererhéijungen, mir fäerten, datt mir e sozialen Ofbau kréien a mir sinn net à même d'Steieren dohinner sichen ze goen, nämlech bei déi Leit wou d'Steiere geschëllt sinn, well dat hei zu Lëtzebuerg einfach net richteg ka kontrolléiert ginn. A wa schonn een Direkter vun enger Verwaltung vum Enregistrement higeet an e seet, datt si net en mesure gesat gi fir dat dote kënnen ze maachen, ech mengen dann ass dat schonn en Hëllefschräi, géif ech bal soen, vun enger Verwaltung. Datt déi seet, mir ginn net en mesure gesat fir eiser Missioun nozekomme fir d'Steieren ze encaisséieren, sou datt dat net kann hei am Land respektéiert gi wéi mir dat vis-à-vis vum Bierger, dee jo och eng Gläichbehandlung vun der Steier vis-à-vis vu jidderengem verlaangt, misste maachen.

Datselwecht hu mir mat der Chômageentwécklung, déi vu Joer zu Joer lo an d'Luucht geet a wou mir och wëssen, datt mir lo iwwert déi Augmentatioun um Diesel Plus-valuë kréie vun 20 Milliounen, déi mir dann op dee Fong do schécken.

De Kolleeg Mosar huet hei d'Problematik vun de Frontalieren opgeworf an huet gesot, wat och aus dem Statec sengem Rapport eraus geet, datt mir am Fong vun 254.000 op 284.000 Plazen hei am Land an d'Luucht gaange sinn, dat heescht mir hunn an engem Zäitraum vun dräi Joer, vun 2001 bis 2004, 30.000 nei Aarbechtsplazen hei am Land geschaaft, d'Zuel vun de Frontalieren ass vun 93.000 op 113.000 erop gaangen an dräivéierels vun den neie Plaze gi vun de Frontalierë besat.

Et ass du geschwat gi vun den Transferten, déi an d'Grenzregioun ginn, de Montant vun de Pensiounen hätt sech vun 1990 bis haut verzéngfacht, datselwecht wier bei de Krankekeeseleeschtungen de Fall an d'Prestations familiales hätte sech souguer an deem Zäitraum 275-mol vergréissert; dobäi ass d'Masse salariale vergiess ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Et muss een awer wëssen, datt wa mir dohinner ginn a mir diskutéieren iwwert déi Situatioun vun de Frontalieren, da musse mir awer och wëssen, dass si hir direkt Steieren hei bezuelen, datt mir awer net brauche fir déi Leit de Wunnengsraum ze schafen. Stellt Iech mol vir, déi 113.000 wieren och nach hei am Land a se géifen och nach heihinner wunne kommen, wat fir eng Situatioun datt mer dann um Wunnengsmaart hätten, déi wär net méi ze erdroen.

Mir brauchen awer déi Aarbechtskräften an et muss een awer och wëssen, datt mir fir deenen hir Kanner keng Crèchen, keng Schoulen, keng Structures d'accueil brauchen ze bauen an och brauche mer keng sportlech a keng kulturell Infrastrukturen ze bauen, sou dass ech géif mengen, ënnert dem Strich gesinn, weess ech net ob et en negatiivt Geschäft ass. Ech géif souguer mengen et wier fir eis e positiivt Geschäft, datt mir am Fong e bësse luussen, wa mer hi ginn a soen, ma mir hunn do e Réservoir vun Aarbechtspotenzial an der Grenzregioun sëtzen op dat mer zréckgräifen a fir déi mer am Fong hei nëmmen een Deel mat hire Steieren hinnen entgéint brénge, wat mir am Fong engem Résident brénge. Dofir géif ech mengen, et sollt een och déi Aussoen do e bësse méi objektivéieren an et sollt ee méi virsiichteg mat esou Aussoen ëmgoen.

Am Kader vun dem Chômage vum Fonds pour l'emploi, huet de Rapporteur och hei recommandéiert: „…recommande au Gouvernement (…) une appréciation critique de certaines dépenses du fonds quant à leur effet." E schwätzt zwar net direkt aus, wat en dovunner mengt. Et weess een net, wëllt en do de Chômage kierzen oder wëllt en d'Beschäftegungsmoossname vu Gewerkschaften domadder mengen. Do huet e sech net esou direkt geäussert, mä e seet, et misst een eng kritesch maachen.

Mir soen awer, datt en déi Beschäftegungsmoossname muss eng Kéier kritesch ënnert d'Lupp huelen. An ech mengen och, datt mir net eleng do stinn, ech hunn hei en Zitat aus dem Rapport vun der Chambre de Commerce, déi do seet: «Dans le budget de l'État pour 2005, les initiatives sociales en faveur de l'emploi via différents organismes, syndicaux et autres sont dotées de quelque 30 millions d'euros, un montant en progression de 30% depuis 2003. Il n'existe aucune transparence de la gestion de ces fonds, ni au plan financier, ni au plan des résultats, sans compter que le nombre de ces initiatives constitue souvent une concurrence déloyale dans le secteur.»

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dat stëmmt jo net, Här Gibéryen. Dir wësst dat ganz genee, dass et net stëmmt an dass de Contraire bewise ginn ass. Dir kënnt dat dach net einfach esou do eraus liesen, well dat lech arrangéiert. Et wier besser, Dir géift dann Är eege Meenung dozou soen, wéi een aneren ze huelen, deen eppes schreift, ouni och de Beweis kënnen ze liwweren. Et sinn Auditë gemaach gi bei eenzelne Beschäftegungsinitiativen, déi kloer de Géigendeel vun deem beweisen, wat Dir lo hei widderhuelt am Numm vun engem aneren, deen et geschriwwen huet. Et deet mir Leed.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, den Här Castegnaro stéisst eigentlech oppen Dieren an, well ech wollt op meng Meenung kommen an ech wollt am Fong soen, datt wa Leit dat dote schreiwen - dat ass jo awer net egal ween, et ass en offiziellt Budgetsdokument - a wa sou eppes awer do steet, da mengen ech ass et awer schonn derwäert datt d'Chamber sech eng Kéier domadder befaasst an datt een da kuckt, sinn déi Ukloen do berechtegt oder net - et ass iwwregens de Mëtten och vun aneren hei gesot ginn. Well wa mir do vun 30 Millioune schwätzen, dat ass jo dann nach nëmmen déi Part, déi de Stat doranner bréngt, do bréngen d'Gemengen och nach eng Part.

A wann den Här Castegnaro hei seet, ech soll meng Meenung dozou soen, da wëll ech se vläicht just mat eppes résuméieren, da ka jiddferee sech seng Meenung maachen. Ech selwer war President vun esou enger Organisatioun, vun engem CIGL, an ech sinn déi éischten Organisatioun, déi de CIGL erëm opgeléist hunn, well ech éierlech muss soen, e ganze Koup vun deenen Ukloen, déi hei dra sinn, hunn ech um eegene Läif mat erlieft an déi sinn net falsch gewiescht. An dofir ass an eiser Gemeng déi Décisioun geholl ginn an de CIGL ass d'lescht Joer den 31. Dezember opgeléist ginn, well mir et och net méi konnte veräntwerten, datt sou vill Geld…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dee Beweis do wëllt ech och prezis kréien, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Also, Här President, wann Der erlaabt, ech kann dem Här Castegnaro hei eng Lektioun erdeelen, wéi dat an der Praxis geet, mä ech wëll awer am Respekt vun deene Leit, déi do geschafft hunn, dat net hei op der öffentlecher Bühn maachen.

(Hilarité et interruption)

Ech wëll Iech just soen, datt mir en opgeléist hunn, well mir et net méi konnte vis-à-vis vum Steierzueler veräntwerten…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Jee, jee, jee!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …, wéi do Gelder investéiert si ginn, déi als Resultat net ganz vill haten.

Ee weidere Punkt, Här President, ass deen, datt mir musse kucke wou mir mengen, datt een déi Beschäftegungsmoossname kéint besser asetzen; déi Masse vun de Suen. Mir wëssen, datt mir fréier zum Beispill op der ARBED 30.000 Leit beschäftegt haten, wou eng ganz grouss Zomm vun onqualifizéierte Leit waren, déi mir haut elo net méi plazéiert kréien. Mir hunn et awer net fäerdeg bruecht, déi an aner Secteuren ënnerdaach ze kréien. Mir hu ganz Secteuren, wou mir haut praktesch keng Lëtzebuerger méi dra fannen, mä déi mir lo ganz vill a Moossnamen an um Arbeitsamt fannen. A mir trieden dofir an, datt een och sollt déi Subventiounspolitik vis-à-vis vun de Betriber maachen an deene Leit ginn an hëllefe Lounausgläicher ze maachen, fir se eben an d'Betriber eran ze kréien, wou se encadréiert ginn, wou se a Servicer kommen, wou se gewuer ginn, datt d'Aarbecht moies um 6 Auer ugeet, wou se geléiert ginn an engem System ze funktionéieren…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Egal wat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass net egal wat, Här Castegnaro.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dach, dat do ass egal wat. Dat do ass populistesch.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, dat do ass net populistesch.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dach.

(Hilarité et brouhaha général)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Also, Här Castegnaro, fuerdert mech net eraus, well soss schwätzen ech hei iwwert de CIGL…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dir kënnt esou vill schwätze wéi Dir wëllt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …an da sidd Dir ganz séier roueg, wann ech mat Beispiller kommen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Adresséiert Iech ëmmer un d'Chamber wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Well wann e CIGL dräi Méint ausmoosst, fir op enger Spillplaz fënnef Geräter opzeriichten, da kann ech net soe se hätten en Encadrement, wann en Techniker vun engem Betrib et a fënnef Minutte gemaach hätt. Dräi Méint hu se geschafft. Et ass näischt geschitt.

(Interruption)

Ma dach! Da wëll ech just soen, dofir ass et wichteg, datt mir Leit a Betriber erakréien, wou se encadréiert ginn, wou d'Aarbecht seriö gemaach gëtt, wou se gewuer ginn, et geet moies um sechs Auer un an et hält um zwou Auer op, wou se encadréiert sinn, a wann do d'Betriber…

Une voix.- Se sinn encadréiert!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, jo! Wann d'Betriber gehollef kréien a finanziell ënnerstëtzt ginn, dann huelen déi och där Leit, a wa se sech gutt an d'Betriber integréieren, da behale se se och an de Betriber, an dann hu mir Aarbechtsplaze geschaaft.

(Interruption)

M. le Président.- Wann ech glift, alleguerte keng Zwëscheriff méi doriwwer! Jiddfereen huet nach d'Recht fir muer op d'Tribün ze kommen. Loosst den Här Gibéryen seng Ausféierunge maachen! Jiddferee kann him dorobber äntwerten. Wann ech glift, adresséiert Iech just un d'Chamber.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass net schlëmm, Här President, et geet op eis Riedezäit.

Ech wëll dann nach op d'Statsscholde kommen, Här President. Ech wëll ganz kuerz op d'Statsscholde kommen. Ech mengen, mir léinen d'nächst Joer 200 Milliounen Euro, déi fir de Fonds du Rail a fir d'Grande voirie sinn. Och do gëtt a verschiddene Rapporten a virun allem och vun der Cour des Comptes drop opmierksam gemaach, datt een net däerf vergiessen, datt mir nach eng Dette sociale cachée hunn iwwert de Système public vun de Pensiounen, déi mir am Fong net chiffréieren, mä wat awer en Engagement vum Stat ass, deen een net däerf vergiessen.

Ech kommen zu de Gemengefinanzen. Ech ginn e bësse méi séier, well meng Zäit fortleeft. D'Gemenge spillen eng wichteg Roll an den Investitiounspolitiken. D'Liewensqualitéit vun de Leit spillt sech un éischter Stell bei de Gemengen of. Dat ass d'Zell, wou d'Leit wunnen, an do mussen de Problem vum Wunnengsbau geléist ginn an dee vun de Structure-d'accueilën.

Déi Diskussioun iwwert d'Opdeelung vun de Finanzen tësche Stat a Gemeng féiere mir elo schonn iwwer Joren, ouni datt mir e konkret Resultat kritt hunn. Virun e puer Joer bei der Reform vun der Gewerbesteier sinn d'Gemenge leider ugeschmiert ginn, mä do huet eis Gemengevertriedung, de Syvicol, leider matgespillt. De Kolleeg Gira, deen elo net hei ass, an ech, mir hunn deemools ganz kloer drop opmierksam gemaach, datt d'Gemengen do géifen negativ derbäi ewechkommen; et huet leider herno d'Realitéit eis Recht ginn.

Mir waren och dofir elo e bëssen iwwerrascht, wéi mir an der Kommissioun vum Rapporteur gewuer si gi vun engem Geheimdokument, wat de Syvicol dem Rapporteur ginn hätt…

(Interruption)

Jo, wat de Rapporteur vum Syvicol…. De Rapporteur huet dat gesot!

(Interruption)

Dach, dach, dach, an der Kommissioun vun de Gemengen, an der Kommissioun vun de Gemengen!

Une voix.- Den Här Bausch bestätegt dat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Vun engem Geheimdokument, an et war och e Geheimdokument, well et wosst nach keen eppes dovun. Mëttlerweil hunn d'Gemengen dat elo virun e puer Deeg zougestallt kritt.

Och do hu mir erëm e schlecht Gefill. Mir hunn esou ëmmer méi d'Gefill am Land, wéi wann de Syvicol net onbedéngt déi Vertriedung wier, déi d'Interesse vun de Gemengen - Här President Klein - vertrëtt, mä datt dat éischter eppes wéi de Service de renseignements…

(Interruptions et hilarité)

…vum Stat vis-à-vis vun de Gemenge wier.

Mir wieren op jiddfer Fall frou, wa mir hei an Zukunft direkt mat abezu géife ginn a gewuer géife ginn, wat de Syvicol am Numm vun de Gemengen do ausverhandelt, an net herno viru Fait-accomplië gesat ginn.

Iwwert d'Fotovoltaik wëll ech mech lo méi kuerz faassen, dorop wäert den…

(Hilarité)

…Roby Mehlen muer och nach agoen. Ech wëll just och do soen, datt eis Kolleege vun de Sozialisten dozou virun de Wahlen aner Aussoe gemaach hunn.

Beim Sozialbudget mécht den Aly Jaerling muer nach eng Kéier eng Interventioun an de Jacques-Yves Henckes geet op den Enseignement an.

Den öffentlechen Transport, Här President, ass awer nach ee Punkt, deen ech wëll hei uschneiden, wéinst den Investitioune vum Plan pluriannuel. Den Här Lux, eisen neien Ëmweltminister, huet an der leschter Legislaturperiod hei ganz dacks dem Transportminister Henri Grethen virgeworf, en hätt keng Projete réaliséiert. Et muss een awer soen, datt, wéi den Här Grethen - an ech si jo elo net grad deen, deen onbedéngt dem Här Grethen seng Partie hei hält - an dee Ministère komm ass, wou 15 Joer virdrun e sozialisteschen Transportminister war, hien am Fong kee Projet virfonnt huet.

Mir hunn awer an der leschter Legislaturperiod an ale Frange fir 55 Milliarde Frang Projeten an den öffentlechen Transport hei gestëmmt. Dat heescht am Fong, datt elo deen neien Transportminister an eng Phas kënnt, wou en d'Projete fäerdeg do leien huet. E kann also elo net méi higoen a soen, et ass näischt do, mir mussen nach kucken, mä en huet alles do leie vu fäerdege Projeten, e brauch se nëmme méi ze réaliséieren.

Ech wëll just soe vun eiser Säit, datt mir nach eng Kéier wëllen ervirhiewen, datt mir déi Iddi vum Ingenieur Schummer ënnerstëtze fir ënnert der Stad erduerchzefueren, well mir nach ëmmer der Meenung sinn, datt dat de Problem géif maximal léisen. Wat geschitt awer elo? Mir gi lo gewuer, datt prioritär d'Linn Lëtzebuerg/Kirchbierg gebaut gëtt. An da steet och am Rapport ze liesen, datt déi aner Projeten „décalés dans le temps" wäerte ginn. Dat heescht an anere Wierder, et gëtt elo ee Projet prioritär behandelt, wou mir awer nach keng Terrainen hunn, de Projet nach net ausgeschafft ass, an déi aner Projete komme laut dem Rapport hannendrun.

Dat heescht, obscho mir elo déi Projeten do hunn, datt an dëser Legislaturperiod net allze vill Projete wäerte réaliséiert ginn. Et ass genau dat, wat mir och gesot hunn: Wann d'Finanze méi knapp ginn, da kënnt d'Regierung net derlaanscht - egal wat fir eng datt do ass - fir d'Projeten ze strecken. An et gesäit een, dat gëtt och hei gemaach.

En anere Punkt ass dann dee vum Nulltarif am öffentlechen Transport. Mir hunn zënter 1999 den Nulltarif gefrot a ware frou, wéi d'LSAP och an hirem Wahlprogramm den Nulltarif gemaach huet. De Rapporteur proposéiert hei eppes anescht a seet dann, datt d'Käschten nëmme géife minimal vun de Käschte vun de Billjeeë bezuelt ginn, an e verlaangt do eng Upassung. Och do hu mir erëm déi Doppelzüngegkeet vun eise sozialistesche Kolleegen, déi wuel en Nulltarif proposéiert hunn, mä déi awer hei erëm e Rapport gestëmmt hunn, an deem de Contraire steet. Ech mengen d'Leit am Land, déi wéisste gären, wat dann elo geschitt. Huet de Rapporteur Recht, stëmmt de Regierungsprogramm oder stëmmen déi eenzel Aussoen, déi déi eenzel Ministeren an d'Députéierte maachen?

Op jiddfer Fall huet den Här Lux hei och Aussoe gemaach, déi een drop hifféieren, datt een net onbedéngt ka soen, datt déi Iwwerleeungen, déi de Rapporteur gemaach huet, net esou stëmmen. Well am sozialistesche Wahlprogramm stoung zum Beispill och, datt een e Gratisruffbus misst kënnen aféieren.

Den Aly Jaerling huet eng Question parlementaire elo gestallt, wou de Minister dann äntwert, déi aktuell Situatioun ass fir Lëtzebuerg am Verhältnis zu de Käschte gënschteg, dat heescht wéi et elo ass, ass et gënschteg an dobäi wesentlech méi attraktiv wéi e System Ruffbus. Dat heescht virun de Wahlen ass e Ruffbus versprach ginn, an elo no de Wahlen, op déi éischt Question parlementaire, déi e gestallt kritt, seet den Transportminister, dat kënnt net a Fro.

(Interruption)

D'Sozialisten haten am Wahlprogramm den Nulltarif stoen. Op eng Question parlementaire, déi elo eréischt dëser Deeg beäntwert ginn ass, seet en, iwwert dat Gedankespill, fir eng Ausweidung vum Gratistransport ze maachen, wier iwwerhaapt net nozedenken. Dat ass jo elo net de Rapporteur gewiescht, mä dat ass den Transportminister, deen dat dëser Deeg op eng Question parlementaire geäntwert huet.

Dofir, wann also hei elo d'Sozialisten an der Chamber optrieden a soen, ma dat ass dem Rapporteur seng Meenung, domadder hu mir näischt ze dinn, da kann ee just feststellen, datt hiren Transportminister dat aneschters gesäit.

Awer ech hunn esou d'Gefill, Här President, wéi wann d'Genossen aus der Sozialistescher Fraktioun hei net onbedéngt wëssen, wat d'Oberbosse vun de Genossen an der Regierung schonn alles mat ausgehandelt hunn. Ech fäerte ganz, d'Kolleegen do an de sozialistesche Reien, déi sinn nach gudde Glawens, mä se wëssen net wat hir Kolleegen an der Regierung schonn alles ausgehandelt hunn un Engagementer…

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Gibéryen, kann ech Iech…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …an Engagementer agaange sinn, well soss géife se dach net déi Doppelzüngegkeet, déi Doppelzüngegkeet…

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Kann ech, Här President?

M. le Président.- Här Gibéryen, den Här Ben Fayot wëllt lech eppes froen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech sinn an dräi Minutte fäerdeg! Ech wollt…

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Gibéryen, ech hu kloer a menger Ried gesot, dass mir de Gratistransport an eisem Programm haten, dass mir bei de Koalitiounsverhandlungen dee Gratistransport net duerchkrut hunn an dass mir also an engem aneren Zeenario si vun Transport, dass mir awer och der Meenung sinn, dass een net den öffentlechen Transport, sou wéi dat am Rapport vum Här Rapporteur ugedeit ass, iwwer ze vill en héije Prozentsaz vu Recettë soll decken, dass den öffentlechen Transport och en öffentleche Problem soll léisen. Dat ass, wat ech gesot hunn, an dat ass och dat…

M. le Président.- Fuert Dir weider, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech stelle just fest, wann ech déi Debatten hei verfollegt hunn, dass e Rapport gestëmmt ginn ass an enger Finanzkommissioun vun enger CSV-LSAP-Majoritéit. Dat hei ass elo de 16. Rapport, deen ech matmaachen. Et war nach ëmmer, datt e Rapporteur seng eege Meenung erabruecht huet, mä ech hunn an deene 16 Joer nach ni erlieft, datt herno jidderee gesot huet, ech sinn awer domat net d'accord.

Wann ech dat elo e bëssen esou zréckkucken, Här Fayot, Dir hutt de Mëtteg d'Meenung net gedeelt mam Rapporteur wat d'Analys iwwert d'Frontalieren ubelaangt. Dir hutt net gedeelt wat den Audit iwwert de Beschäftegungsfong ubelaangt, Dir hutt se net gedeelt wat de sozialpoliteschen Deel ubelaangt. Dir hutt se net gedeelt wat de steierpoliteschen Deel, wat d'Vermëigenssteier ubelaangt. Dir hutt se net gedeelt wat d'Grondsteier ubelaangt um éischte Familljenhaus. Dir deelt se net wat d'Tariffer bei Bus an Zuch ubelaangen.

Den Här Frieden deelt se net wat d'Erofsetzung vun der Kierperschaftssteier an der Gewerbesteier ubelaangt. Den Här Frieden deelt se net wat d'Iwwerleeunge vum Tanktourismus an d'Engagementer vis-à-vis vu Kyoto ubelaangt.

Ech froe mech, dee Rapport, dee mir an der Chamber gestëmmt hunn, wat fir eng Deeler vun deem Rapport hunn - ausser dem Datum, Här President - dann elo nach eng Majoritéit?

(Hilarité)

Ausser dem Datum fannen ech näischt méi eraus, wat elo nach eng Majoritéit an deem Rapport do hätt. Dat hunn ech nach net matgemaach, datt ech an deem Parlament sinn, datt e Rapport gestëmmt gëtt an duerno kënnt dann een nom anere getréppelt a seet, jo domat si mir net mat d'accord, domat si mer net d'accord. Mat wat sidd Der d'accord an deem Rapport? Dat ass en Aarmutzeugnis an doraus schléissen ech, Här President, datt et an enger Famill oder an enger Regierung emol eng Kéier Sträit gëtt, dat versteet een, awer datt ee scho Rapp a Klapp an de Flitterwoche kritt, dat ass schonn eng Exceptioun, déi et bei dëser Regierung gëtt, déi dat exemplaresch virféiert.

An esou eng Regierung an an esou e Budget, hätten déi da gär, solle mir Vertrauen hunn a mir sollen eppes stëmmen. Ech mengen, de leschten am Land versteet, datt mir dësem Budget mam beschte Wëllen net kënnen zoustëmmen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Hutt Dir keng Stonn gebraucht, Här Gibéryen?

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Muer de Mëtteg um hallwer dräi fuere mer mat eisen Debatten iwwert de Budget weider.

D'Sitzung ass elo opgehuewen. Ech soen Iech Merci.

(Fin de la séance publique à 19.05 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 72

Ordre du jour page 72

5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005
- Rapport de la Commission des Finances et du Budget pages 72-77
- Exposé du Ministre du Trésor et du Budget, M. Luc Frieden pages 77-81
- Discussion générale pages 99-114

4965 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2001 pages 81-83

5344 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne pour la répression du terrorisme, fait à Strasbourg, le 15 mai 2003 pages 83-84

Communication page 85

5260 - Projet de loi modifiant l'article 22 du Code des assurances sociales

et

5173 - Proposition de loi portant modification de l'article 22 du Code des assurances sociales pages 85-90

5373 - Projet de loi modifiant la loi du 27 juillet 1994 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'une École de Musique avec Centre culturel à Ettelbruck et modifiant la loi du 25 septembre 1997 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'un Centre culturel et touristique régional à Echternach pages 90-94

5342 - Projet de loi sur la mise en conformité de l'assainissement de l'Aéroport

et

5385 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à procéder à la construction d'une tour-radar à l'aéroport de Luxembourg, y compris l'acquisition et l'installation des équipements techniques, ainsi que les aménagements extérieurs pages 94-98

Demandes en naturalisation pages 98-99

Ordre du jour page 99

Communications page 99

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 3 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
		2e Session extraordinaire 2004
0040		
cf. 0157	M. Aly Jaerling	Financement des mesures "préretraite-ajustement"
0065	M. Aly Jaerling	Abattement pour locataires
0089	M. Aly Jaerling	Friche sidérurgique de Belval
0099	Mme Viviane Loschetter	Travaux d'amélioration de la sonorisation fixe du Centre national sportif et culturel "Coque"
0115	M. Aly Jaerling	Optimisation du transport public de Hayange à Luxembourg
0116	M. Aly Jaerling	Projet d'introduction nationale de la carte électronique de paiement des transports publics "e-go"
0118	M. Xavier Bettel	Lenteurs administratives
		Session ordinaire 2004-2005
0129	M. Aly Jaerling	Transformation des parkings P&R en parkings payants
0132	M. Romain Schneider	Cadre légal du travail posté dans la fonction publique
0135	Mme Viviane Loschetter	Projet de route reliant le lieu-dit Biergerkräiz à Walferdange
0137	M. Camille Gira	Interdiction de la commercialisation et la dissémination de variétés transgéniques sur le territoire luxembourgeois
0138	M. Xavier Bettel	Prise en charge du médicament «Concerta»
0141	M. Paul Helminger	Sensibilisation de l'électorat étranger
0148	M. Claude Meisch	Remboursement de la TVA aux entreprises agréées
0154	M. Jacques-Yves Henckes	Prise en charge des frais médicaux des demandeurs d'asile
0157		
cf. 0040	M. Aly Jaerling	Continuation des accords sur la préretraite ajustement et sur la reclassement Arcelor
0158	M. Aly Jaerling	Mutations de personnel après la fermeture de STUL (Société train universel de Longwy) sur les sites luxembourgeois d'Arcelor

2e Session extraordinaire 2004

Question 0040 (10.8.2004) de **M. Aly Jaerling** *(ADR)* concernant le **financement des mesures „préretraite-ajustement“:**

De 14. am Broochmount 2004 huet de Koordinatiounscomité vun der Tripartite opgrond vun dem Arcelor-Strategiepabeier „Lux 2006“ déi wirtschaftlech Situatioun vun dëser Gesellschaft analyséiert an eng Weiderféierung vun der Préretraite-ajustement guttgeheescht bis de Jorgang 1951.

D'lescht Woch huet d'Arcelor e positive Bilan virgeluecht mat enger Verdueblung vun hirem Gewënn.

D'Bedingungen, fir kënnen als Betrib vun der Préretraite-ajustement ze profitéieren, sinn am Gesetz vum 24. am Chrëschtmount 1990 festgehalen. Wat d'Finanzéierung ubelaangt, seet den Artikel 12 vum virzitéierte Gesetz am zweeten Ofsaz: „Wann e Betrib an enger ekonomesch a finanziell équilibréierter Situatioun ass, kann d'Regierung op Avis vum Konjunkturcomité, eng finanziell Participatioun vum betraffene Betrib verlaangen, déi, wéi am Ofsaz 3 vum selwechten Artikel festgehale gëtt, 50% vun der Héicht vun der Préretraite-ajustement net duerf iwwerschreiden.

Kënnen den Här Finanzminister an den Här Aarbechtsminister mer duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Bedeelegt sech d'Arcelor un der Finanzéierung vun de Chargen, déi sech aus der Préretraite-Indemnitéit erginn?

2. Falls neen, gedenkt d'Regierung oder huet d'Regierung dru geduecht, ugesiichts der gudder wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun vun der Arcelor, d'Arcelor (verstäerkt) an d'Finanzéierung vun der Préretraite-ajustement anzebannen?

3. Ass de Konjunkturcomité mat der effektiver wirtschaftlecher Situatioun vun der Arcelor befaasst ginn, esou wéi dat den Artikel 12, Ofsätz 2 an 3 vum Gesetz vum 24. am Chrëschtmount et erméiglecht, ier d'Regierung an der Tripartite hir Zoustëmmung fir d'Weiderféierung vun der Préretraite-ajustement ginn huet?

4. Wéi héich soll d'Participatioun vun der Arcelor bei der Préretraite-ajustement fir d'Jorgäng 1948 bis 1951 ginn a wéi héich ass se elo?

5. Gëtt de Konjunkturcomité mat der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun vun Arcelor befaasst, ier d'Regierung definitiv Stellung bezitt zu der Demande vun der Weiderfinanzéierung vun der Préretraite duerch de Steierzueler respektiv d'Rentekeesen?

6. Gedenkt dës Regierung och d'Préretraite-ajustement, wat eng reng Beschäftegungsmesure ass, weiderhin duerch d'Rentekeese finanzéieren ze loossen oder, wéi dat eigentlech misst sinn, duerch de Beschäftegungsfong?

Question 0157 (4.11.2004) de **M. Aly Jaerling** *(ADR)* concernant la **continuation des accords sur la préretraite-ajustement et sur la cellule de reclassement Arcelor:**

Bekanntlech leeft souwuel den Accord iwwert d'Préretraite-ajustement wéi och den Accord iwwert d'CDR (Cellule de reclassement) vun Arcelor mam Stat den 31. am Chrëschtmount 2004 aus.

An der leschter Stoltripartite waren eng Rei Accorde festgehale gi wat esouwuel d'Weiderféiere vun der Préretraite-ajustement wéi och d'CDR ubelaangt. Dëst am Kader vum Arcelor-Strategiepabeier Lux 2006.

Kann den Här Aarbechtsminister mer duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Läit am Zesummenhang mat der Weiderféierung vun der Préretraite-ajustement schonn eng definitiv Propos vir?

2. Läit am Zesummenhang mat der Weiderféierung vun der CDR schonn eng definitiv Propos vir?

3. A wat fir enger Form gëtt d'Préretraite-ajustement weidergefouert, wat ass d'Participatioun vun Arcelor a wat ass d'Participatioun vum Stat?

4. A wat fir enger Form gëtt d'CDR weidergefouert, wat ass d'Participatioun vun Arcelor a wat ass d'Participatioun vum Stat?

5. Gedenkt d'Regierung d'Préretraite-ajustement weider vun de Pensiounskeese finanzéieren ze loossen, andeem se den Undeel, deen de Versécherten als Pre-pensioun zegutt hätt, un de Beschäftegungsfong iwwerweise léisst?

Réponse (29.11.2004) de **M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi:*

Ech beäntworten déi zwou Froe gläichzäiteg, well den Thema an d'Froen exakt deeselweschte Sujet hunn.

Et läit eng Propositioun respektiv eng prinzipiell Entscheedung vun der Stoltripartite iwwer souwuel d'Weiderféierung vun der Préretraite-ajustement, wéi vun der CDR um Dësch. D'Préretraite gëllt fir d'Jorgäng 1948, 1949, 1950 an 1951, während d'CDR soll bis an d'Joer 2011 lafen.

D'zukünfteg Participatioun vun der Arcelor, déi bis ewell iwwer verschidde Weeër sech an der jéngster Vergangenheet indirekt op ronn 30% belaf huet, gëtt am Detail geregelt op Grond vun den Tripartitesbeschlëss vum Fréijoer.

De Konjunkturcomité gëtt selbstverständlech mat der Situatioun bei der Arcelor befaasst, wann e säin Avis iwwert d'Ufro fir d'Préretraite respektiv den Taux de participation vum Betrib ofgëtt.

Déi Bestëmmung iwwert den deelweise Finanzement vun der Préretraite iwwert d'Pensiounskeese muss Enn 2005 verlängert ginn. Ouni d'Entscheedung vun der Regierung virauszehuelen, sou muss dach ënnerstrach ginn, datt dësen deelweise Finanzement aus den Pensiounskeesen iwwerhapt net aussergewéinlech oder net berechtegt wier. Schliesslech geet et ëm déi Montanten, déi d'Leit souwisou dee Moment, wou si an d'Préretraite ginn, als normal Renteleeschtung vun hirer Pensiounskees zegutt hätten. Wat d'Remboursementer vun de Pensiounskeesen ubelaangt, kann ee vläicht nach, fir komplett ze si wat d'Erklärung vum System ugeet, preziséieren, dass de Beschäftegungsfong näischt vun de Pensiounskeesen erëmkritt fir déi Leit, déi an enger „Préretraite-solidarité“ respektiv an enger „Préretraite progressive“ sinn; dat si 15% vun alle Préretraitéierten, mä d'Sidérurgie ass hei net betraff.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. 5410 - Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution *(Déclaration de recevabilité)*
3. Question urgente N°205 de Mme Lydie Err relative au projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains
4. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

   (Discussion générale - suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Résolution et Motions - Votes)
5. Résolution de M. François Bausch relative à l'institution d'une convention sur l'avenir du Luxembourg

   Résolution de M. Michel Wolter relative à l'institution d'une Commission spéciale chargée de mener un débat sur la structure administrative du pays

   (Discussion générale - Votes)
6. Motion de M. Aly Jaerling relative au carnet électoral

   (Discussion générale - Vote)
7. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Deen éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass den Dépôt vun enger Proposition de loi. Här Paul-Henri Meyers, Dir hutt d'Wuert.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Merci, Här President. Mir hunn am Dezember 2003 den Artikel 114 geännert an doduerch mussen och dräi aner Artikelen an der Verfassung geännert ginn an d'Renvoien op den Artikel 114 geännert ginn. Ech géif déi Proposition de loi am Numm vun der Verfassungskommissioun hei déposéieren.

- Proposition de loi N°5414 portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Déi Propositioun gëtt un déi zoustänneg Chamberkommissioun weidergereecht.

2. 5410 - Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Presidentekonferenz virgeschloen, de Révisiounsvirschlag iwwert den Artikel 51, Paragraph 7 vun der Verfassung, deen den Här Gast Gibéryen den 1. Dezember déposéiert huet, fir recevabel ze erklären.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

D'Madame Lydie Err huet de 6. Dezember eng Dréngleschkeetsfro iwwert de Projet de Convention vum Europarot géint de Mënschenhandel gestallt. Ech weess net, et ass elo schwiereg fir elo scho mat där Fro do unzefänken, vu datt d'Regierung nach net present ass.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Ech hat d'Impressioun wéi wa gëschter zwëschent der Ministesch an dem Justizminister ofgemaach gi wier, de Justizminister géif mer drop äntwerten, well dee souwisou kënnt. Dee misst all Moment ënnerwee sinn.

Une voix.- Hien ass do.

M. le Président.- Ech denken, dass de Greffe der Chamber zoukomme léisst, datt d'Chamber géint hallwer dräi hir Sitzung ufänkt, mä elo, mengen ech, kéinte mir dat da maachen. Madame Err, ech géif Iech bieden Är Fro dann ze stellen.

3. Question urgente N°205 de Mme Lydie Err relative au projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eng Fro gestallt un d'Ministesch vun der Egalitéit, mä eigentlech wieren och dräi Ministeren zoustänneg fir dorop ze äntweren, ënner anerem de Minister vun de Finanzen a vum Budget, deen haut ugeschwat ass als Justizminister, a vu dass et ëm eng international Konventioun geet, wier eigentlech och den Ausseminister iergendwéi betraff. Dofir maachen ech ganz kuerz e Résumé ëm wat et geet.

Et gëtt de Moment am Europarot eng Konventioun ausgeschafft fir de Kampf géint de Mënschenhandel ze behandelen. Et gëtt schonn aner international Konventiounen zu dësem Sujet, notamment an der lescht de Protocole de Palermo, mä d'Spezialitéit vun dëser Konventioun ass eben, dass de Mënschenhandel hei soll traitéiert ginn aus der Optik vum Opfer. Dat ass nei, well bis elo ass en ëmmer nëmme behandelt ginn aus der Optik vun der Verbriechensbekämpfung.

Déi zwou mussen natierlech zesumme goen, allerdéngs war et bedauerlecherweis elo esou, dass wa Mënschenhandel festgestallt ginn ass, da sinn déi Fraen, well meeschtens gi Frae gehandelt, ausgewise ginn, well se eventuell eppes an hire Pabeieren net an der Rei haten, an domadder war am Fong all Poursuite vum Auteur onméiglech gemaach, well ebe keen Zeie méi do war, fir déi Saachen do virunzedreiwen.

Dofir ass et ganz kloer esou, dass déi Konventioun hei e Plus ass par rapport zu deem wat mer elo hunn, awer nëmmen dann, wann dat drastoe kënnt, wat ënner anerem d'Egalitéitskommissioun aus dem Conseil de l'Europe speziell an dësem Comité de rédaction gefrot huet. Dat heescht éischtens emol d'Feststellung, dass Mënschenhandel u sech eng Violatioun vun de Mënscherechter ass, dass dat prioritäert Objektiv vun dëser Konventioun sollt den Opferschutz sinn, dass wann een Opferschutz wëllt valabel maachen, da mussen déi Opfer vun deem Mënschenhandel eng Zäit laang kënnen op där Plaz bleiwen, wou se festgeholl gi sinn, och wa se irregulär eventuell am Land sinn, fir hinnen Zäit ze loosse sech opzebauen an zu enger Décisioun ze kommen, ob oder ob se net wëllen als Zeien a gegebenenfalls an engem Prozess aussoen.

Sollte se jo soen, muss natierlech e speziellen Zeieschutzprogramm gemaach ginn, well wéi mir alleguerte wëssen ass et net par hasard, wou bis elo nach keng Affären an dësem Beräich geholl gi sinn, ganz einfach well et geféierlech ass als Opfer an esou enger Geschicht, wou international Réseauë vu Krimineller operéieren, matzemixen.

Dofir mäi Wonsch oder meng Fro un d'Lëtzebuerger Regierung. Éischtens vun e Méindeg u bis dëse Freideg soll déi Konventioun elo fäerdeg gestallt ginn: Wien, ech mengen net vun de Persounen, mä wat fir ee Ministère vertrëtt Lëtzebuerg an dëse Saachen a wéi steet Lëtzebuerg zu deenen Amendementen, déi ënner anerem vun deem spezielle Comité do proposéiert gi sinn, déi effektiv drop ausginn, fir virun allem den Opferschutz an dëser Konventioun ze verbesseren?

M. le Président.- Merci, Madame Err. D'Wuert huet elo den Här Justizminister, den Här Luc Frieden. Här Justizminister.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech kann der Madame Err soen, datt wann och vum Inhalt hier e puer Ministeren zoustänneg sinn, esou ass et meng Vertriederin vum Justizministère, déi an deene Verhandlungen zu Stroossbuerg dës Woch ass. Dofir sidd Dir also op dee Richtege gefall, och wann ech als Budgetsminister de Mëtte wéinst deem zweete Punkt um Ordre du jour hei sinn, esou ass et eng Vertriederin aus mengem Ministère, déi de Lëtzebuerger Stat an deene Verhandlunge vertrëtt.

Dat ass och normal a richteg, well et sech heibäi ëm e juristeschen Text handelt, deen am Kontext vun dem Mënschenhandel ass, an de Mënschenhandel a sengen zwee Aspekter. An déi zwee Aspekter, Dir hutt dat gesot, si wichteg, vum Affer hier gekuckt a vum Täter hier gekuckt, ginn zu Lëtzebuerg am Justizministère gemaach, woubäi ech wëll preziséieren, datt ech an där Problematik op enger Linn mat der Madame Minister vun der Égalité des chances total leien. Duerfir kann ech och an hirem Numm soen, datt d'Orientatioune vun deenen Amendemente vun der Egalitéitskommissioun vun dem Europarot d'Zoustëmmung vun der Lëtzebuerger Regierung fannen.

Op deem Haaptpunkt, deen och an Ärer Fro stoung, nämlech datt de Mënschenhandel géif unerkannt ginn als eng Violatioun vun de Rechter vun der Persoun, déi Fro ass virgëschter zu Stroossbuerg diskutéiert ginn, do huet d'Lëtzebuerger Regierung sech dofir ausgeschwat a souwäit ech informéiert sinn huet sech eng Majoritéit vun de Länner och deem ralliéiert, net all, mä esou datt dat och misst an där Form an där Konventioun zréckbehale ginn.

Ech mengen, datt et richteg ass, datt een de Mënschenhandel, wat e schrecklecht Verbriechen ass, muss mat aller Vehemenz bekämpfen a sech dofir och op der Säit vum Affer Méttele muss ginn, fir d'Affer ze schützen, dem Affer ze hëllefen an d'Affer dozou kënnen ze bréngen, datt et och an der Strofverfollegung hëlleft.

Dofir erënneren ech drun, datt ech als Justizminister en Afferschutzgesetz an dësem Parlament abruecht hunn, wat leider nach net aviséiert ass vum Statsrot, an deem ënner anerem virgesinn ass, datt d'Affer kann eng Autorisation de séjour kréien, fir em ebe just ze erlaben an der Legalitéit do ze sinn an doduerch kënnen ze kooperéiere mat den Autoritéiten, mä fir sech selwer no där schrecklecher Experienz, déi d'Affer gemaach huet, och kënnen erëm als Mënsch opzebauen. Ech hoffen duerfir, datt dee Projet de loi ka gestëmmt ginn.

Dat ass iwwregens deen nämlechte Projet de loi an deem eng extra Regelung virgesi war fir den Zeieschutz, eng Regelung, déi zu viller Kritik an dësem Haus vu verschiddene Säiten, och vun Ärer Fraktioun, der sozialistescher Fraktioun, gefouert huet. Doriwwer kann een diskutéieren, mä ech mengen, an dat soen och déi aner Länner an Europa, déi sech eng Zeieschutzregelung ginn hunn, datt ee kaum do derlaanscht kënnt, mä doriwwer diskutéiere mer da le moment venu, wa mer dee Projet de loi an der Chamber hunn.

Ech hoffen op d'mannst, an ech weess, datt Dir fir dee Projet de loi lech och ausgeschwat hutt, datt mer geschwënn eng Kéier an dësem Haus zu där Diskussioun kommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Frieden. Mir fueren haut de Mëtteg weider mat eisen Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2005. Et sinn nach ageschriwwen als Riedner: d'Madame Lydia Mutsch fir 20 Minutten an den Här Jacques-Yves Henckes fir 15 Minutten. Dono kënnt d'Regierung zu Wuert. Ech denken, dass de Justiz- a Budgetsminister nach eng Kéier hei Stellung hëlt zu deenen Interventiounen, déi mer haten; an da komme mer zum Vote iwwert de Budget fir d'Joer 2005.

D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

4. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

Discussion générale (suite)

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Här President, Här Budgetsminister, Dir Dammen an Dir Hären, de 6. Mee 2004 gouf eng Länderkonventioun tëschent Lëtzebuerg a Frankräich ënnerzeechent. Den Objet, an ech zitéieren aus där Konventioun: «un pôle de développement et de recherche de niveau international», «construction d'un véritable pôle de compétitivité à composante transfrontalière», «développement d'activités économiques nouvelles et de nouvelles coopérations dans les secteurs de l'enseignement supérieur, de la recherche et de la culture»; dem Här Grethen kommen déi Saache bestëmmt bekannt vir, well hien huet se deemools mat ënnerzeechent.

D'Instrument: d'Verschiebung vun de Lännergrenzen duerch en Echange vun Terrainë fir d'Ubannung vun där gréisster Friche am Süde vu Lëtzebuerg (insgesamt sollen an där Regioun 650 Hektar enger Neinotzung zougefouert ginn) u Frankräich ze erméiglechen, notamment iwwert déi geplangte Liaison Micheville, d'Schafung vun enger neier Gare Belval-Usines an engem groussen Opfänkparking op Lëtzebuerger Säit.

Bon, elo komme Verschiebunge vu Landesgrenze relativ seele vir, also muss et sech ëm e besonnesche Projet handelen. Dat ass och de Fall. Rieds ass hei vum Projet Esch-Belval, dem, wéi déi viregt Regierung et oft betount huet, Projet phare vun der Neinotzung vun Industrieflächen am „public-private partnership“ mat iwwer 20.000 geplangten Aarbechtsplazen; engem Projet, deen de Strukturwandel vun enger ganzer Regioun mat géing alauden, duerch: eng Dezentraliséierung vu staatlechen Infrastrukture mat enger finanzieller Gesamtenvergure op 10 bis 15 Joer vun insgesamt enger Milliard Euro; d'Implantatioun vun enger Universitéit fir Wëssenschaft a Fuerschung; Wunnraum fir iwwer 7.000 Mënschen; Kultur- a Fräizäitinfrastrukturen; urbanisteschem Gesamtkonzept; privaten Investoren, zum Beispill d'Dexia-BIL; an dat Ganzt IVL-kompatibel an nohalteg.

D'Gesamtanzuchsgebitt zielt schonn haut 240.000 Awunner ronderëm déi zwielef Pro-Sud-Gemengen an déi 29 Gemengen am franséische Grenzgebitt. An zéng Joer wäerten et rezente Schätzungen no opgrond vun der demographescher Entwécklung an dem erwaartenen Impakt vu Belval no bei 300.000 sinn, dat sinn der vill. De wirtschaftlechen Impakt ass also net ze ënnerschätzen.

Dofir am Kader vun dëse Budgetsdébaten: Wou si mer drun? Wat steet am Budget? Sinn d'Frichen nach ëmmer eng Prioritéit vun der neier Regierung? Erënnert Der Iech, d'Gesetz vum 25. Juli 2002, de Fonds Belval gëtt geschaf fir d'Projete vum Stat um Site Belval ze realiséieren? Haut beschäftegt dësen Établissement public mat engem initiale Kapital vun 3,5 Milliounen Euro iwwer 20 Leit. Eng dynamesch Equipe, déi scho vill Opweises huet, ech hunn et schon oft hei gesot an anerer viru mir och.

An deem Zesummenhang wéilt ech nach eemol drun erënneren, dass d'Cour des Comptes och Opschloss iwwert d'Annuitéite vun der Loi de garantie an d'Engagementer vum Fonds Belval verlaangt, déi net bei de Fonds-spéciauxen opgefouert ginn.

Dann d'Gesetz vum 15. Mee 2003, d'Rockhal gëtt elo definitiv gebaut fir eng Gesamtzomm vu ronn 29,6 Milliounen Euro an d'lescht Hürd am Budget 2005. Den 22. Juni d'nächst Joer geet se op.

An d'Loi de financement vum 12. Dezember 2003 fir maximal 85 Milliounen Euro Surfacen a Gebailechkeeten um Site Belval an de Besëtz vum Stat ze bréngen an an de Budgetsjoren 2004 an 2005 stinn op engem Gesamtartikel fir d'Entwécklung vun de Frichë 15 respektiv 10 Milliounen Euro.

An der Maach si weiderhin d'Stabilisatioun fir déi zwee Héichiewen, d'Weiderdreiwe vum Centre national de la culture industrielle, 7,5 Milliounen am Budget 2005, d'Gare Belval-Usines, d'Statsarchiven als en Deel vum Gesamtensembel, d'Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation fir maximal 84,2 Milliounen Euro, 8,28 Millioune stinn am Budget 2005, d'Konstruktioun vun engem Gebai fir de Centre de recherche Gabriel

Lippmann fir maximal 11,3 Milliounen Euro an 2,78 stinn der elo am Budget 2005.

Dëst alles confirméiert d'Aussoen, déi am Kader vun der Regierungserklärung am Summer 2004 gemaach goufen, an ech zitéieren: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire.» Bleift ervirzesträichen, dass net nëmmen am Süden nieft Esch-Belval an Terres Rouges ënner anerem Éilereng, Déifferdeng a Rodange, mä och an anere Regiounen Industriesiten nëmmen drop waarde fir nei aménagéiert ze ginn a genotzt ze ginn, zum Beispill Dummeldeng oder och Terrainë vun de fréiere Fabriken zu Wolz.

Ëmsou méi gëtt drop gelauert wéi et am Süde virugeet mat deem Projet, dee wéi gesot de Strukturwandel an enger Regioun begleede soll. Tatsächlech hu mer hei d'Chance ronderëm d'Ëmsetzung vum Projet Belval nei Jalonen an der Landesplanung ze setzen an en neie Wirtschaftspilier ronderëm déi zukünfteg Uni mat enger Faculté des sciences, de la technologie et de la communication opzebauen. Innovatioun a Fuerschung, dat passt an de Süden, wou elo scho Centre-de-recherchen implantéiert sinn, zum Beispill de Centre de recherche public Henri Tudor am Schlassgaart zu Esch oder de Ceps/Instead zu Déifferdeng. An eng Arcelor, déi nei Marchéë ronderëm héich spezialiséiert Stolproduiten erschléisst, wou och den Ëmgang generell mat den neien Technologien an de Gemengen an an de Schoulen energesch virugedriwwe gëtt, wou d'Spideeler Synergië mat aneren Haiser sichen, och am Beräich vun der Fuerschung, an enger Regioun wou nach ëmmer e gudden Nährbuedem war fir eng wichteg Contributioun zum Räichtum vum Land ze maachen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mä grad ronderëm dës fir eist Land esou wichteg ökonomesch Zilsetzunge si vill Froen ze beäntweren.

Dréit déi fir déi nächste Méint geplangte konkret Mise en route vun deene verschiddenen Aktivitéite vun der Uni Lëtzebuerg den Iwwerleeunge Rechnung, fir déi méiglech an noutwenneg Schafung vun engem neie Wirtschaftspilier ze erméigleche ronderëm eng Fuerschungsuni a se virunzedreiwen? Esou eng Strategie brauche mer nämlech fir eis wirtschaftlech an technologesch Kompetitivitéit aktiv ze verbesseren.

Gëtt bei der Sich no Betriber bei Wirtschaftsmissiounen am Ausland beispillsweis geziilt duerno gekuckt, wéi eng Synergië sech mat der geplangter Cité des sciences op Belval opdränge kéinten?

Hu mer net, wéi eise Fraktiounspresident et scho rappeléiert huet, de Projet Esch-Belval grad dofir matgedroen, well hei d'Aneneegräife vu Wirtschaft, Fuerschung, Bildung a Schaffen eng nei Dynamik fir eist ganzt Land schafe kann? Hu mer eis net vläicht e bësse vill virgeholl wann d'Regierung probéiert, an ech zitéieren aus der Déclaration gouvernementale: «à ce que l'évolution des trois grands pôles de développement nationaux que sont le Kirchberg, le Sud-Ouest de l'agglomération de la Ville de Luxembourg et Belval-Ouest se fasse de manière complémentaire et non concurrentielle»?

Mat wéi engen Instrumenter wëllt déi nei Regierung dat fäerdeg bréngen, wa mer gesi wéi laang de Projet Kierchbierg gebraucht huet, an en ass nach ëmmer net ofgeschloss, wéi aggressiv déi eenzel Siten an der Zentrumsregioun fir innovativ Betriber elo scho werben a wa mer wësse wéi schnell e Grondkonzept un d'Wackele ka kommen, wann e Ralentissement économique, Verkéiers- an Transportproblemer oder technesch Ulafschwieregkeeten a Planungsmängel e Stréch duerch d'Rechnung maache kënnen?

Wier et net batter noutwendeg an a ronderëm déi eenzel Siten an de Regiounen den, wéi esou oft gesot gëtt haaptsächlech am Gesondheetswiesen, „utile et nécessaire" ze definéieren an op Basis vun enger Grondstrategie no de Kritäre vun der Landesplanung eng richteg Standuertoffensiv ze starten.

Am Kontext Esch-Belval géing dat bedeiten: Wat musse mer offensiv mat der Regierung, mat der Entwécklungsgesellschaft AGORA, mat de Beruffskummeren, dem Fonds Belval, allen Acteure mat de Gemenge schafen, fir dass mer nieft de Lois de la jungle och d'Lois du raisonnable et du durable kënne gëlle loossen?

An deem Zesummenhang froen ech mech och, ob et dee richtege Message wier, fir de geplangten Tunnel vun der Liaison Micheville iwwert de Site a Richtung Frankräich an als Ubannung un d'nationaalt Autobunnsnetz aus Käschtegrënn eventuell a Fro ze stellen an domat ze riskéieren:

1. déi ganz Philosophie a Qualitéit vun engem regionale Modellprojet op d'Kopp ze geheien;

2. d'Fuerschungsuni Lëtzebuerg net agebett an e liewege Quartier nom Prinzip vun de kuerze Weeër ze konzipéieren an

3. déi eemoleg Chance verpasse fir grad mat der Hëllef vu gréisseren nohaltege Projeten engem nationale „modal split" vu 25/75 mat Hëllef vun engem „modal split" 40/60, wéi en um Site Belval virgesinn ass, méi no ze kommen an aus Feeler vun anere Projeten ze léieren.

Déiselwecht Befierchtung gëllt fir d'Projete ronderëm d'Schinn - Stéchwuert Zuch an Train-Tram -, op déi scho mäi Fraktiounskolleeg Roger Negri gëschter Owend higewisen huet, wouriwwer mir am Regierungsprogramm noliese konnten, dass se «tout en réexaminant les priorités en fonction des disponibilités budgétaires» eventuell iwwerschafft misste ginn. An deem Zesummenhang ass zwar d'Tatsaach, dass am Budget 2005 25 Millioune méi fir de Service public ferroviaire virgesi sinn, éischter rassurant - dat wëll ech awer hei ganz däitlech soen -, obwuel déi nach vun der viregter Regierung ugekënnegt direkt Zuchverbindung Esch-Stad a Richtung Flughafe sech net méi an deem Budget erëmfënnt, op alle Fall bis elo net.

Wéi wäit sinn, froe mir eis och, d'Verhandlunge vu Regierungssäit mat eise franséischen Nopere fir d'Integratioun vum Site Esch-Belval an der Grande région ze garantéieren, fir dass déi enorm urbanistesch a landesplaneresch Efforten net duerch e Mangel un Ofsprooch op Landesplang a Fro gestallt ginn. Stéchwuert IKEA-Syndrom - mir hunn nämlech näischt geschafft, wa mir héich Qualitéit op Lëtzebuerger Säit hunn a Megastrukture wéi IKEA oder Leclerc oder Decathlon dräi Meter dernieft op franséischer Säit higetässelt kréien.

Et wier, Dir Dammen an Dir Hären, doriwwer eraus dramatesch, wann den 22. Juni 2005 eng national Rockhal géif ugoen, ouni dass den Accès un den öffentlechen Transport geregelt wier an d'Visiteuren doriwwer eraus am Bulli géinge stoen. Et wier genee esou dramatesch, wann eng Dexia hire Bau géing stoppen, well keng Planungssécherheet besteet, wat d'Ubannung un de Réseau routier ubelaangt, an et wier fatal, wann d'Grondakzeptanz vum Projet bei der Populatioun fir d'Neinotzung vun de Frichë vum Süden, déi an engem nationalen Elan geholl gouf, an an anere Regioune vum Land als Chance fir d'wirtschaftlech a sozial Entwécklung vum Land ze gesinn ass, verluer géif goen a mer dës Chance géife laanscht goe loossen.

Compte tenu vun deene wichtege Froen, déi et hei gëllt ze beäntworten, kann ech mech mengem Fraktiounskolleeg, deem leschten dee geschwat huet, nëmmen uschléissen an lech och heibannen invitéieren der Resolutioun, déi mer deemnächst hei wäerte presentéieren, zouzestëmmen an domat déi richteg Jalonen a Saache Landesplanung an domadder och a Saache Frichen ze setzen.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als leschte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Ekonomie verschlechtert sech vu Joer zu Joer. De World Economic Forum, deen all Joer eng Etüd etabléiert iwwert déi wirtschaftlech Kompetitivitéit vun de Länner, klasséiert Lëtzebuerg fir d'Joer 2004/2005 op der 26. Plaz. Virun engem Joer ware mir nach op der 21. Plaz, a virun etleche Jore stounge mir nach am Spëtzepeloton. Et geet also mat der Kompetitivitéit vun eisem Land biergof.

Et muss ee feststellen, datt déi Länner, deenen hir Ekonomie am kompetitiivsten ass, déi Länner sinn, déi och beim PISA-Test am beschten ofschneiden. Et muss ee feststellen, datt déi Länner, déi déi gréisste Kompetitivitéit hunn, déi Länner sinn, déi eng modern Verwaltung hunn, eng modern Administratioun, wou den eGovernment eng important Roll spillt. Och do muss ee feststellen, datt Lëtzebuerg op der virleschter Plaz läit.

Lëtzebuerg ass op der 13. Plaz, wann een déi Etüd iwwert d'Kompetitivitéit kuckt, wat d'Administratiounen ugeet. Wat d'Recherche an d'Innovatioun selwer ugeet, klasséiert de World Economic Forum eis op der 41. Plaz, well an eisem Land nëmmen eng 15 Breveten all Joers déposéiert ginn. Dat ass äusserst schwaach.

Dëst bedeit schlecht Wirtschaftsperpektive fir eise Wirtschaftswuesstum an den nächste Joren. Dëst bedeit deen Ablack och méi schlecht Konditioune fir eise Budget a méi Chômage. Mir si wäit vun der Wëssensgesellschaft ewech. Ech wëll drun erënneren, datt ech eng Proposition de loi am Numm vu menger Partei déposéiert hunn, wou mer gesot hunn, mir missten d'Recherche ënnerstëtzen, déi privat Recherche, net nëmmen déi öffentlech Recherche, vun där ëmmer esou vill geschwat gëtt, an déi sech op 1% belafe soll. Mir mussen och déi privat Recherche duerch Mesuren ënnerstëtzen. Mir gesinn, datt a Frankräich esou Mesuren e ganz gudde Succès bruecht hunn. Frankräich huet mat senger Législatioun et fäerdeg bruecht, fir op der éischter Stell an Europa ze landen, an d'Regierung ass gefuerdert an deem Sënn eppes ze maachen.

Bei der Educatioun muss ee festhalen, datt déi Resultater, déi mir vun 2003 kennen, schlecht sinn. D'Debatt iwwert d'Kompetitivitéit soll sech net limitéieren, an eisen Aen, op d'Debatt iwwert d'Steieren. Dat ass et sech ze liicht gemaach. Et ass ze liicht ze soen, d'Debatt muss gefouert ginn a mir mussen d'Steiere reduzéieren, an net iwwert déi aner Problemer ze schwätzen. Fir eis ass et wichteg, datt fir d'éischt iwwert d'Educatioun geschwat gëtt, datt fir d'éischt iwwert d'Verwaltungsreform geschwat gëtt, iwwert d'Recherche an nei Technologien.

An et ass wichteg, datt mir eng Debatt féieren, wou mir am Stat kënne Sue spueren, wou mer Reduzéierunge solle virhuelen. An dobäi war ech frou, datt mir viru kuerzem bei der Debatt d'Méiglechkeet haten iwwert déi Reform ze schwätzen, déi bei der CFL usteet, wou och muss fir d'Joer 2007 au plus tard oder 2006 eng Reform kommen. Déi Indikatioun, déi d'Direktioun gesot huet, datt ee misst fir nei Astellungen d'Gehälter bal ëm d'Halschent bei verschiddene Beruffssparte reduzéieren, weist, datt mir musse reagéieren, wa mer wëlle kompetitiv bleiwen a wa mir Privilegië mussen ofbauen. Ech mengen dat ass de richtege Wee, deen ugedeit gëtt. Ob et deen oder dee Prozentsaz elo ausmécht, dat ass eng aner Debatt, mä d'Richtung soll awer stëmmen.

Déi Debatt, déi den Här Rapporteur zum Budget ugesteiert huet iwwer eng Reduzéierung vun der Steierlaascht bei de Betriber mat der gläichzäiteger Erweiderung vun der Berechnungsbasis, ass eng Debatt, déi um europäeschen Niveau gefouert gëtt. Et ass eng geféierlech Debatt. Dat leeft nämlech dorobber eraus, datt déi grouss Betriber d'selwecht solle besteiert gi wéi elo, mä doduerjer datt een d'Berechnungsbasis méi breet mécht, ass et natierlech esou, datt verschidden Abattementen a Fräibeträg ewechfalen, wat zum Détriment ass vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

Et kann dach net sinn, datt een déi grouss Betriber, déi souwisou schonn iwwert de „fiscal and financial engineering" kënne sou vill Steiere bezuele wéi se wëllen, ausléisst, an dann eng Reform mécht, fir deen Ablack bei de Kleng- a Mëttelbetriber zouzegräifen an do nees méi Sue sichen ze kommen an dës Betriber manner kompetitiv ze maachen.

Et ass och falsch fir deen Ablack ze reagéieren, wann net genuch Suen do sinn, a wann een net wëll spueren a verschidden administrativ Ännerungen net wëll maachen, wann een higeet a sech, wéi de Rapporteur et virgeschloen huet, bei de private Bierger iwwer eng massiv Erhéijung vun der Grondsteier nees zréckzekafen. Dat ass garantéiert de falsche Wee.

Ech wëll och drun erënneren, datt nach wie vor d'Situatioun esou ass, datt vun deene sëllechen Abattementen, déi mer hunn an eiser privater Besteierung, déi Leit mat klengem a mëttlerem Akommes iwwerhaapt näischt hunn. Si haten och näischt vun där Steierreform, déi komm ass, a mir bleiwe bei eiser Iddi, fir all déi Abattementen a Forfaiten duerch e Steierkredit ze ersetzen, dee fir jiddferee gläich ass a wou och Budget neutral kënnt ausgesinn. Da kann een eventuell Kompensatioune virgesinn, dat kann ee bis zulescht, mä et géif op jiddfer Fall zu méi Steiergerechtegkeet féieren.

An deene puer Minutten, déi ech zur Verfügung hunn, war et mir net méiglech méi op d'Detailer anzegoen, mä ech wëll awer festhalen, datt de Budget 2005 vun dëser CSV-DP-Regierung keng nei Accenter bréngt, fir Lëtzebuerg a seng Wirtschaft méi kompetitiv ze maachen. Dofir kann ee beim beschte Wëllen dësem Budget net zoustëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Generaldebatt ofgeschloss. D'Regierung huet elo nach d'Wuert. Den Här Budgetsminister Luc Frieden hélt Stellung an duerno komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Statsbudget fir d'nächst Joer.

Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no zwou Wochen Debatten iwwert de d'Statsbudget fir d'Joer 2005 géing ech gären am Numm vun der Regierung Merci soe fir déi Debatten, déi zum Budget an zu ville Politiken, déi de Budget bedéngt, gefëiert hunn. Ech mengen, datt dës Debatten nëtzlech waren, datt dës Debatten interessant waren, an ech muss soen, datt et mech net stéiert, am Géigendeel, wann ënnerschiddlech Meenungen zum Budget gesot ginn, net nëmmen ënnerschiddlech Meenungen téschent der parlamentarescher Oppositioun an der Majoritéit, mä och innerhalb vun deenen eenzelne Gruppen. Dat ass dohinner gestallt gi bei dëse Budgetsdebatten, wéi wann d'Majoritéit oder d'Regierung net géing wëssen a wéi eng Richtung se wëllt goen. Ech mengen, datt de Géigendeel de Fall ass. De Fall ass, datt et bei schwierege Sujetë gutt ass, datt een eng intensiv Debatt féiert, mat ënnerschiddleche Meenungen, an datt een dann aus deenen eraus eng majoritär Meenung sech ofschiele léisst.

Dofir, d'Regierung begréisst déi Debatten, mä et ass grad esou kloer fir d'Regierung, datt wat déi grondleeënd Ausrichtunge vun der Politik betreffen, Finanzpolitik wéi och Sachgebidder, déi d'Politik bedéngt, ass d'Regierungserklärung d'guide-line no där an deenen nächste fënnef Joer Politik gemaach gëtt. An dofir soen ech och dem Spriecher vun der Demokratescher Partei, dee gemengt huet, dräi Méint no de Wahle wär d'Koalitiounsofkommes Schnéi vu gëschter, datt keen eenzege Saz aus deem wat am Regierungsprogramm steet an deenen éischten dräi Méint an och net duerno verlaangt, datt een en ännert, well dat ass d'Resultat vu laangen Debatten, an ech mengen och, datt déi Debatten, déi hei gefeiert gi sinn, grondleeëender Natur waren, déi wichteg si fir ze kucken zu verschiddene Punkten, an ech kommen herno dorobber, ze wëssen a wéi eng Richtung ee geet.

Ech hunn dat, wéi gesot, beräicherend fonnt, datt et ënnerschiddlech Meenunge gëtt. Fir d'Regierung ass et kloer, datt de Regierungsprogramm esou ausgeféiert gëtt, wéi mir e virgeluecht hunn a senge groussen Orientatiounen, well beim Regierungsprogramm sinn ëmmer grouss Orientatiounen. Den Detail muss een an deenen eenzelne Projets de loi festleeën.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Ech géing gäre ganz kuerz, Här President, e puer Remarquen nach maachen zur Prozedur. Ech mengen, et ass déi éischte Kéier wou mer déi nei Budgetsprozedur haten, déi alles konzentréiert op den Hierscht vum Joer a bis eran an den Ufank vum Wanter. Ech mengen, datt déi Prozedur no enger éischter Erfahrung eng gutt Prozedur ass. Ech hunn net d'Impressioun, datt de Fait, datt mer am Oktober de Budget déposéiert hunn, d'Debatte manner räich gemaach hätt, datt den Débat och ausserhalb vun dëser Chamber iwwert de Budget manner grouss gewiescht wär. Dofir, mengen ech, kënnt een och d'nächst Joer mat dëser Prozedur weiderfueren.

Zweet Observatioun zum Fong. De Fraktiounspresident vun der CSV huet drop higewisen, datt ech de Budget mat enger virsiichteger Nout kommentéiert hätt. Ech mengen, datt dat richteg ass, an esou wéi de Fraktiounspresident vun der CSV gesot huet, entsprécht dat sécherlech mengem Charakter, mä ech muss awer och soen, datt dat mer dee richtege Wee schéngt ze si fir de Statsbudget unzegoen. Ass een nämlech net virsiichteg beim Statsbudget, da riskéiert ee ganz séier un d'Schleideren ze kommen, et mécht ee Feeler, déi een herno nëmme ganz schwiereg redresséiert kritt. An et ass dofir wou ech oft an der Vergaangenheet op der Brems vun der Dépensësäit stoung, wou ech op der Säit war vun deenen, déi plädéiert hu fir Suen op d'Säit ze leeën, Reserven unzeleeën, wat dozou geféiert huet, datt mer haut gesond Statsfinanzen hunn, an dofir, mengen ech, ass déi Virsiicht noutwendeg an ech plädéieren dofir, datt

mir déi Virsiicht och an deenen nächste Joren halen, ëmsou méi wou d'wirtschaftlech Situatioun awer nach ëmmerhin eng onsécher bleift. Virsiichteg sinn heescht net pessimistesch sinn, an dofir verbannen ech meng Virsiicht mat engem Optimismus.

Déi Chifferen, déi mer iwwert d'ekonomesch Croissance matgedeelt kréien, weisen an eng gutt Richtung. Ob dat sech an der Realitéit esou duerstellt, dat kënne mer eréischt herno gesinn, mä ech mengen, deen Optimismus soll eis Courage gi fir eng ganz Rei Politikberäicher ze begoen, eis dozou ermontere Reformen ze maachen, déi eis konkurrenzfäeg maachen; an dat ass och e Punkt, deen a villen Interventiounen hei ugeschnidde ginn ass, an ech mengen d'Konkurrenzfäegkeet vun eiser Ekonomie ass eng wichteg, ouni dobäi dat wichtegt Zesummespill mat enger responsabeler Sozialpolitik ze verbannen. Et ass dat dee Balancenakt, dee mer versiche wäerten an der Finanz- an an der Wirtschaftspolitik an deenen nächste Joren ze goen, wëssend datt et Onstabilitéit an der Welt gëtt, wëssend datt et och Facteure gëtt wéi de Pëtrolspräis, déi an enger schwankender Situatioun sinn, an dofir mengen ech ass trotz bessere Wirtschaftsdaten eng grouss Virsiicht gebueden.

Mir hunn an dësen Debatten d'Dépensen an d'Recettë gekuckt. Ech wëll hei nach eng Kéier soen, datt ech op der Recettësäit eng Rei Problemer énoncéiert hunn, notamment am Beräich vun der Kierperschaftssteier. Fir d'Regierung ass et kloer, an ech wëll dat och hei nach eng Kéier bekräftegen, datt et keng Marge gëtt fir eng gréisser Steierreform an dëser Legislaturperiod ze maachen, weder fir d'Betriber nach fir privat Persounen. Och do spillt d'Regierungserklärung a mir wäerten dofir eis un dat halen. Et gëtt also keng Steierreforme gréisserer Natur. Et gëtt Adaptatiounen do wou et noutwendeg ass, fir d'Konkurrenzfäegkeet par rapport zum Ausland ze halen, notamment bei der Betribsbesteierung, mä grouss Spréng wäerten do keng kënne gemaach ginn, well mer och eng ganz Rei Dépensen ze tätegen hunn.

An dat bréngt mech zu den Dépensen an deenen dach awer kontradiktoreschen, wann och verständlechen Aussoen, déi beim Budget gemaach ginn. Wann een nämlech Reflexiounen zu verschiddenen Dépensëkategorië mécht, da gëtt direkt gesot, ulala, un deen dote Sujet dierf een awer net goen. Wann ee seet, datt mer mussen eng Diskussioun féieren iwwert d'sozial Ausgaben, oder iwwert de Sozialbudget, da liese Verschiddener doranner direkt, gewollt oder ongewollt, datt een en Ofbau vum Sozialstat géing maachen.

An ech preziséieren dofir nach eng Kéier, datt wann ech gären eng Reflexioun iwwert de Sozialbudget hätt, a wann ech gesot hunn, de Sozialbudget huet 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat, dann ass net fir doraus ze liesen, wéi ech nach de Moien an engem Artikel gelies hunn, datt dat géing heeschen, elo wär dat domadder eriwwer.

Wat ech domadder wëll soen, dat heescht ganz kloer, datt wa mer näischt maachen an déi Dépensen all Joer, ewéi dëst Joer, ëm 7% am Budget klammen, da kréie mer dat à la longue guer net méi finanzéiert, respektiv, an dat war deen zweete wichtege Punkt, deen total an der Debatt iwwerhéiert ginn ass, wann ech gesot hunn, mir kënnen eise Sozialbudget als solchen halen, da muss een awer nach iwwert den Inhalt vun deem Sozialbudget kënnen diskutéieren, an ech si fundamental dovun iwwerzeegt; a wann een d'Chiffere kuckt vun deene leschte Joren, da gesäit een, datt zum Beispill d'Gesondheetsausgabe massiv an deene leschte Jore geklomme sinn, an déi wäerten och an deenen nächste Jore klammen. Also muss ee kucken, wéi kënne mer déi Gesondheetsausgabe finanzéieren, wa mer zum Beispill deeselwechte Sozialbudget halen. Wann een dat wëllt maachen, da kann een aner Saachen net maachen. An dofir soen ech, och innerhalb vun engem Sozialbudget, dee wichteg ass fir dës Regierung, fir dës Majoritéit, muss ee kënnen iwwer all seng Elementer diskutéieren, an dofir, hunn ech gesot, muss een och kënnen e Käschtepunkt stabiliséieren.

Ech bleiwen nach wie vor erstaunt, datt wann ech an d'Apdikt ginn, wéi ech dëser Deeg gemaach hunn, fir e Medikament ze kafe fir Zännwéi bei mengem Jong, dee gefall ass, do hunn ech do missen 0,67 Cent bezuelen. Wann ech soen iwwert d'Eegebedeelegung, heescht dat net, datt d'Regierung plädéiert, datt elo all Mënsch onofhängeg vu sengem Revenu enorm vill muss bezuelen, mä mir mussen iwwert de Käschtepunkt vu verschiddene Saache kënnen diskutéieren, net nëmmen am Sozialberäich.

Ech hunn dat och gesot bei den Déngschtleeschtunge vum Stat. Do hunn ech awer hei an der Debatt héieren, datt quasi nëmmen iwwert den öffentlechen Transport geschwat gëtt. Ech mengen, bei all Déngschtleeschtunge vum Stat musse mer bereet sinn iwwer Saachen ze diskutéieren, well soss hunn d'Budgetsdebatte kee Sënn a soss kréie mer de Budget an Zukunft net an Equiliber. Ech maache just drop opmierksam, an ech soen dat och de Kolleegen aus der Majoritéit, déi gesot hu mir duerfe kee Sozialofbau maachen, net manner Investitiounen, keng Käschtendeckung, mir musse méi ausgi fir d'Uni an d'Fuerschung. Ech zitéieren do nëmme stellvertriedend den Här Fayot. Da soen ech just, wann ee gäre gesond Statsfinanzen erhält an et wëll ee weder mam Sozialbudget erofgoen, nach mam Investitiounsbudget, et wëll ee méi Suen hu fir d'Uni an d'Fuerschung a fir vill aner Saachen, da geet dat op eemol net méi op an da seet d'Madame Mutsch nach hei mat Recht de Mëtteg, mir mussen och esou grouss Projete wéi d'Frichë maachen; da soen ech einfach, dat geet net op, an dofir brauche mer deen Débat.

Mäin Zil ass et, d'Zil vun der Regierung ass et, d'Gesondheet vun de Statsfinanzen ze halen. Dofir soen ech, op der Recettësäit kënne mer keng Ännerung vun der Steierpolitik maachen, sauf Adaptatioune fir d'Konkurrenzfäegkeet. Op der Dépensësäit hätt ech gären, datt mer de Wuesstem vun alle Kategorië vun Dépensë kontrolléieren. De Wuesstem kontrolléieren heescht, évitéieren datt verschidde Kategorien explodéieren. Dat heescht net Sozialofbau maachen, dat heescht iwwert d'Sozialdépensen diskutéieren. Dat heescht den Investitiounsbudget héichhalen, mä dat heescht och iwwert den Investitiounsbudget diskutéieren.

Eisen Investitiounsbudget ass héich. Dofir hu mer déi Moossnamen diskutéiert, fir ze kucken, datt mer déi Dépensë besser am Gréff hunn, mä mir brauchen och Margë bei den Dépensen, fir nei Politikberäicher ze bedéngen. An ech mengen, datt déi Iddi net genuch an dëser Debatt zur Diskussioun komm ass. Wou huele mer déi Suen hier, déi mer brauche fir nei Politikberäicher ze bedéngen, an ech hat der an der Budgetsried eng Rei opgezielt. Den Émweltberäich, den Transportberäich, den ausserschoulesche Beräich, de Beräich vun der internationaler Sécherheet a Stabilitéit. Dofir brauche mer Suen, grad esou wéi fir Beräicher, déi am Fong am Budget nach guer net richteg stinn an op déi de Mëtteg och nach eng Kéier hei an och gëschter agaange ginn ass, wéi déi vun de Frichen zu Esch. Och do muss d'Diskussioun net einfach sinn. Maache mer déi Frichen oder maache mer déi Frichen net? Mä d'Reflexioun muss erlaabt sinn, ob een en Tunnel baut vun dräi Kilometer, deen 267 Milliounen Euro kascht. Et ass also net eng Diskussioun, mécht een d'Frichen oder mécht ee se net, wann ee seet, dräi Kilometer kaschten 267 Milliounen Euro. Rechent Iech dat emol ëm a Lëtzebuerger Frangen, fir déi, déi net an Euroen esou grouss Chiffere sech kënne virstellen. Da muss déi Diskussioun erlaabt sinn, grad esou kloer wéi ech soen, opgrond vun där Fro, déi virdrun hei gestallt ginn ass, d'Regierung ass fir dee Projet vun de Frichen a wëllt dee prioritär a mat ganzem Engagement weider begoen.

Mä e Präis vun esou vill fir dräi Kilometer verglach mat enger Saarstrooss, déi vill méi breet, vill méi laang ass an nëmmen e bësse méi kascht huet, muss ee kënnen eng Diskussioun féieren, oder et seet een, et ass eis egal wou et mat der Finanzsituatioun higeet. Dës Regierung wëllt dat net, an dofir hätt ech gär eng Debatt iwwert d'Dépensen, ëmsou méi wou eng ganz Rei vun deene Projeten, déi zum Beispill op de Frichë gemaach ginn, net an dësem Budget sinn, well déi iwwer e Fong virfinanzéiert ginn, formell, well déi jo och iwwert déi nächst Jore sech erstrecken an dofir an zukünftege Budgeten och nach en Nidderschlag wäerte fannen.

Mir hätte gären, datt mer déi Projete kënne maachen, datt mer déi räsonnabel kënne maachen, an dofir mengen ech och net, datt mer kënnen op d'Recetten, notamment vum Bensin, verzichten.

Ech mengen, datt et eng onrealistesch Finanzpolitik ass, déi notamment vun deene Grëngen hei erëm eng Kéier presentéiert ginn ass, ouni awer ze soe wéi ee sech esou en Zeenario géing virstellen, aus engem Element vu Recettë géing erausklammen, deen, hunn ech schonn hei eng Kéier gesot, zur ekologescher Besserstellung vun Europa näischt géing bäidroen, mä wou mer konform zu europäesche Leitlinne Produkter besteieren op deenen hir Recettë mer ugewise sinn. An dofir mengen ech, datt wann ee Politik mécht, wann ee wëllt Regierungspolitik maachen, da muss een och responsabel a realistesch Aussoe maachen. Ech hunn déi am Kontext vun den Tankstellen net héieren an ech mengen, datt mer och weider dee Krunn net sollen zoudréien.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat aner Aussoen ubelaangt esou ginn ech, fir Är Nerven ze schounen, net op déi ganz an. Ech géing awer mengen, datt vill vun deene Saachen, déi hei gesot gi sinn, an Zukunft an deenen nächste Wochen nach hei eng Kéier en détail missten diskutéiert ginn.

Ech wëll just opgrond vun enger Ausso gëschter vun dem Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei, dem Här Grethen, soen, datt en de Stabilitéitspakt net richteg gelies huet, well den Här Grethen gesot huet am Stabilitéitspakt stéing, datt d'Regierung dovu géing ausgoen, datt d'Gehälter beim Stat an där nächster Period vum Stabilitéitspakt ëm 0,5% klammen. Am Stabilitéitspakt gëtt et eng sou genannten - an dat weess den Här Grethen ganz gutt, well den Här Grethen war jo schlussendlech déi lescht fënnef Joer Wirtschaftsminister, huet also mat de Stabilitéitspakt gemaach - Analyse de sensibilité. Dat heescht, et muss ee verschidden Hypothesen asetzen, fir ze kucke wéi évoluéiert d'Masse salariale, fir ze kucke wéi sinn dann eis Kritären ënnert dem Stabilitéitsprogramm.

A vu datt mer keen Accord salarial vum nächste Joer hunn, a vu datt déi Leit, déi de Stabilitéitsprogramm schreiwen, natierlech net kënne wësse wéi Verhandlungen ausginn, déi emol nach net ugefaangen hunn, ass et normal datt se einfach e Kritär huelen, dee sech op d'Vergaangenheet baséiert, respektiv op Kollektivverträg, déi zu gläicher Zäit an anere Secteuren ofgeschloss gi sinn an einfach en Erfahrenswäert agesat hunn. A wann een also den Text genau liest, da steet do datt dat eng Hypothes ass, déi just gebraucht gëtt fir eng Analyse de sensibilité ze maachen.

Ech mengen, dofir brauch ee sech also doriwwer keng Froen ze stellen. Dat ass e reng theoretesche Wäert, also d'Diskussiounen, déi emol nach net ugefaangen hunn, et weder kann an déi eng nach an déi aner Richtung Hypothese goen. Iwwregens hunn ech nogekuckt, datt mer an deene Stabilitéitsprogrammer virdrun eng ähnlech Hypothèse de travail gemaach hunn, all Kéiers da wann et nach keen Accord salarial ginn ass an dat schéngt mer och ganz normal ze sinn. Dofir hu mer iwwregens och, Här Grethen…

M. Henri Grethen *(DP).*- An der Regierung virdrun hate mer awer ëmmer Accords salariaux.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Neen, awer net am Ufank wéi mer deen éischte Stabilitéitsprogramm gemaach hunn. Dofir musst Der dee vum Ufank vun Ärer Amtszäit an der Regierung nokucken.

M. Henri Grethen *(DP).*- Deen hat Dir nach eleng gemaach, mengen ech.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Ech hunn der vill eleng gemaach, mä Dir hutt se ëmmer approuvéiert.

(Hilarité)

Ech well dofir soen, datt dat also, esou wéi all déi aner Hypothesen, déi op därselwechter Säit am Stabilitéitsprogramm stinn - deen ee kann um Internetsite noliesen -, Hypothese sinn, déi fir eng Analyse de sensibilité gemaach ginn. Ech wollt dat just hei preziséieren, fir dat kloer ze stellen.

Grondsätzlech, an ech mengen och dat ass net a Fro gestallt gi vun deenen eenzelne Riedner, sinn eis Statsfinanze gesond. Ech hunn hei d'Situatioun vun eiser Statsschold rappeléiert, 1,5% vum PIB. Dat ass dach awer remarquabel. Ech sinn iwwregens erstaunt, datt doriwwer ganz wéineg heibanne geschwat ginn ass.

An Europa liese mer d'Zeitung a mir schwätzen dauerend iwwert den Defizit vun deenen anere Länner par rapport zu dem Stabilitéitsprogramm a mer schwätzen ze wéineg, vläicht och am Ausland, iwwert de Kritär vun der Schold.

Heibanne fanne während zwou Woche Budgetsdebatte statt, a mat Ausnahm vun dem Här Grethen, deen, awer aus anere Grënn, dann an de Stabilitéitsprogramm kucke war - mä ech deelen eng Rei vu senge generellen Observatiounen -, ass iwwert déi europäesch Budgetspolitik, iwwert de Stabilitéitsprogramm wéineg geschwat ginn. Héchstwahrscheinlech ass dat, well mir och mat dësem Budget de Stabilitéitspakt respektéieren a mir wäerten och an Zukunft dee Stabilitéitspakt respektéieren. Mir wäerte keng Budgetspolitik zouloossen, déi de Stabilitéitspakt an Europa net respektéiert. Dat maache mer net wéinst Europa, dat maache mer och wéinst eis selwer, well mer der Meenung sinn, datt wann een elo géing Dépensen ze vill maachen, datt een herno muss d'Steier erhéijen, an do ass d'Regierung dergéint.

An da soen ech nach eng Kéier e Wuert iwwer eis Reserven. Et sinn zwee Elementer, Defizit a Statsschold engersäits, d'Reserven anerersäits, déi zur Gesondheet vun de Statsfinanze féieren.

Ech hunn de Budgetsrapport vun Ärer Chamber vum leschte Joer gekuckt, an am Budgetsrapport vun Ärer Chamber vum leschte Joer gesäit een en Tableau, deen d'Statsreserv - dat ass d'Réserve budgétaire, déi Gesamtzomm vun den Avoiren - um Enn vum Joer duerstellt. Dat ass an Ärem Rapport, an ech soen dat besonnesch fir de Fraktiounspresident vun der ADR, déi an de Chifferen hei gesot huet, virun de Wahlen an no de Wahlen wär eppes aneschters gesot ginn. Dofir hunn ech mir geduecht: Da kuckst de mol de Rapport an der Chamber vum leschte Joer. An do stoung, datt mir eng Reserv Enn 2004 deemools gemengt hunn ze hunn vun enger Milliard a 657 Milliounen; 1.6 Milliarden Euro also. Elo menge mir, datt mir Enn dëses Joers, souwäit een dat am November gesäit, wäerte fir Enn des Joers eng Reserv hu vun 1,9 Milliarden Euro.

Dat heescht, virun de Wahlen hu mir gesot, mir wäerten d'nächst Joer 1,6 Milliarden hunn. Elo stelle mer fest, datt et Enn des Joers 1,9 Milliarde sinn. Mir hunn also virun de Wahlen net gesot, et geet gutt an elo geet et schlecht, mä virun de Wahlen hu mer d'Wourecht gesot - 1,6 Milliarden -; an elo geet et eis besser, tant mieux, soen ech, mä mir sinn also net…

(Interruption)

Déi Suen hu mer méi an de Reserven, aus enger Rei vu Facteuren, héchstwahrscheinlech well manner…

(Interruption)

Ech äntwerten hei just op d'Fro, op d'Ausso vun der ADR, déi gesot huet: „Kuck, virun de Wahlen, do hu se gesot, alles genial, an no de Wahle si keng Suen do."

De Géigendeel ass de Fall! Déi Tableauen do, wéi gesot, stinn an Ärem Budgetsrapport vum leschte Joer an am Budgetsrapport vun dësem Joer. Vergläicht Är hausintern Dokumenter! Et muss een och ëmmer kucken, wat uganks des Joers an Enn des Joers an de Fongen ass.

Dat gesot, Här President, hunn ech déi Budgetsdebatte wéi gesot interessant fonnt. Mir dierfen och net vergiessen, wat an dëse Budgetsdebatte gesot ginn ass, fir an deenen nächste Wochen eng Rei vun anere Sachgebidder an der Politik ze begoen. Mir hätte gären, datt och an Zukunft de Budget d'Croissance, de Wuesstem an d'Aarbechtsplaze stimuléiert. Mir hätte gären e Budget, deen zur sozialer Gerechtegkeet bäidréit an de Sozialstat op engem staarken Niveau hält. Mir hätte gären, datt de Budget och an Zukunft kann d'Grondaufgabe vum Stat assuréieren. A mir hätte gären e Budget, deen et erméiglecht de Stat zu engem moderne Stat ginn ze loossen, an deem och eng ganz Rei nei Technologien hir Plaz musse fannen.

Duerfir brauche mir Suen. Mir ginn awer net méi Suen aus, wéi mer dat kënne maachen, andeem mir eis och weider un déi objektiv a gutt Kritäre vum europäesche Stabilitéitsprogramm wäerten halen an andeem mer dofir suerge wäerten, datt d'Statsfinanze gesond bleiwen.

An deem Sënn hoffen ech, datt d'Fraktiounen hei am Haus dësem Budget wäerten hir Zoustëmmung ginn. Wa se dat net maachen, dann ass dat héchstwahrscheinlech aus parteipoliteschen Iwwerleeungen…

(Interruptions)

…, well et an all de Parlamenter vun der Welt esou ass, datt d'Oppositioun géint de Budget stëmmt an d'Majoritéit fir de Budget stëmmt. Duerfir mengen ech ass et wichteg, wat jiddfereen als Alternativ op den Dësch geluecht huet. An ech begréissen, datt de Fraktiounschef vun der DP gesot huet, am Fong wär dee Budget an der Kontinuitéit. Duerfir géing ech mengen, datt och d'DP am Fong

sech op d'mannst bei dësem Budget misst enthalen.

Op d'mannst all deenen, déi zu dësem Budget hir Meenung gesot hunn, deene soen ech am Numm vun der Regierung Merci. Ech hoffen, datt mer déi Débaten hei och an Zukunft kënnen an esou engem konstruktive Geescht féieren, wéi dat bei dëse Budgetsdebatten de Fall war.

Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Frieden. Ech hunn elo nach dräi Wuertmeldungen. Ech géif der Rei no fueren, esou wéi ech se erakritt hunn. Fir d'éischt huet den Här Innenminister gefrot fir d'Wuert hei kënnen ze ergräifen. Ech denken, dass mer dat sollte maachen.

Här Minister Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass ech e puer Wierder kann am Kader vun dëse Budgetsdiskussioune soen, well wierklech jo de Rapporteur d'Gemengefinanzen thematiséiert hat. Ech hat d'Chance gëschter Mëtteg, och wann ech net hei war, deene ganzen Débaten nozelauschteren, déi hei geféiert si gi vum Här Gira notamment, vum Här Klein a vum Här Schank. Do si verschidde Saache gesot ginn, an ech wollt e puer Remarquen dozou maachen. Ech fannen, et ass och wichteg, dass ech déi maachen, ëmsou méi herno d'Chamber sech jo eng Resolutioun gemaach huet, fir sech eng Kommissioun ze maachen, eng Spezialkommissioun, déi am Beräich justement vun der Gemeng vu muer a vun de Gemengefinanze soll schaffen. Eng gutt Initiativ, fannen ech, well ech, wéi ech fir d'lescht, wou ech op deem Pult hei stoung, gesot hu bei der Fusioun vu Baastenduerf a Furen, dass Urgence ass an dass mir missten an dësem Beräich weiderkommen. Dat hunn ech och gëschter verstanen aus all deenen Aussoen, déi hei gemaach si gi vun deenen eenzelne Riedner, déi iwwert d'Gemengefinanze geschwat hunn.

Ech wollt och kuerz op dës Aussoen agoen. Ech fänken u mam Här Schank. Den Här Schank huet gemengt, et misst ee Parellelismus komme mat der Landesplanung a mat deenen Diskussiounen an deene Regionalpläng, déi musse gemaach ginn. Dat ass richteg, och bei deem Plang am Süden an deem am Westen, do musse mer elo kucken, wéi déi Diskussioune geféiert ginn, fir och do deen néidege Parellelismus ze kréien, dass mer do - Wéi géif ech soen? - an enger Logik bleiwen, an enger Kohärenz bleiwen, déi eis erlaabt dat eent an dat anert weiderzedreiwen.

Hien huet och dem Här Mosar seng Iddi vun de Regionalfonge begréisst. Ech begréisse se och. Den Här Mosar hat eis jo déi dräi Propositioune gemaach, déi dräi Alternativen, wéi een an Zukunft d'Gemengefinanzen kéint steieren. Ech wëll mech haut och net fir eng ausschwätzen. Ech fannen, dat solle mir an der Diskussioun an deenen nächste Méint maachen. Awer et ass wichteg esou ee Pabeier ze hunn, op deem een da verschidden Hypothese kann opbauen. Datselwecht gëllt och fir de Syvicol, iwwert deen den Här Klein jo als President och gëschter hei d'Wuert geholl huet. Et ass och e wichtegt Dokument fir ze kucken, wéi mir d'Diskussioune féieren.

Il y a du pour et du contre; op den Impôt ICC, den Impôt commercial communal, kann een aus där enger Richtung kucken an aus där anerer. Fir eis Diskussiounen haut elo ze féieren, dat schéngt mer net gutt ze sinn. Mä ech wollt awer soen, dass déi Remarque, déi den Här Schank gemaach huet, dass dat Ganzt an engem Geescht muss kommen, wou de „bottom up" an den „top down" sech begéinen, dat ass eppes, wat ech mat zwou Hänn ënnerschreiwen, an dat läit och am Sënn vun deem, wat am Fong geholl am IVL geschriwwen ass. Den IVL, deen eis jo de Wee setzt fir déi nächst Zäit, wat d'Gemengefinanzen an déi modern Gemengen ugeet.

Do wollt ech mer erlaben haut dat aus dem IVL hei virzeliesen, well dat setzt de Kader vun där Diskussioun, déi gëschter geféiert ginn ass. Do steet dran: „Um seinen Einwohnern die heute überall gewünschten Leistungen erbringen zu können, muss eine Gemeinde unter anderem über die notwendige kritische Masse verfügen, welche nach Untersuchung des Innenministeriums bei einer Einwohnerzahl von 3.000 liegt." Dat ass richteg, dat ass och gëscht gesot ginn, an dorops soll een och iwwerleeën. Da steet hannendrun: „Dieser sollte freiwillige Gemeindefusionen fördern" - de Stat - „um in den Gemeinden eine gewisse Basisinfrastruktur sichern zu können. Ergänzend dazu soll ein zusätzliches Angebot an Dienstleistungen und Infrastrukturen über die Planungssyndikate, die das Landesplanungsgesetz von 1999 für die einzelnen Planungsregionen vorsieht, gesichert werden." Ech mengen, dat ass de Kader vun deenen Diskussiounen, déi Dir herno wäert féieren, an déi och hei geféiert si ginn.

Ech wollt och nach kuerz op dat agoen, wat den Här Klein gëscht gesot huet, well en eng Remarque gemaach huet, déi mer net gefall huet. Hien huet gesot, et wär keng Transparenz an de Subsiden. Dat ass richteg, a verschiddene Punkten ass et net ëmmer evident. En hat do als Beispill d'Schoule ginn. A grad d'Schoulen, mengen ech, sinn ee Beräich, wou eng immens Transparenz ass, wat d'Subsiden ugeet. Do kënnen d'Gemengen, wa se Primärschoule bauen, op e Maximum vun 275.000 Euro zréckbezuelt ginn, mat enger Fourchette zwëschent 25 a 65%, a wann et eng regional Schoul ass 75%. Wann et e Précoce ass, dann ass de Plaffong bei 400.000 zu 50%, a wann et Spillschoule sinn, Préscolaire, dann ass de Plaffong 325.000 Euro pro Sall zwëschent 25 a 65%. Domat wollt ech just soen, dass am Fong geholl dat, wat hei gesot ginn ass, net onbedéngt richteg ass.

(Brouhaha)

Ech wollt dat eben hei kloer soen, dass bei de Subsiden a sech awer eng gewëssen Transparenz do ass. Et geet mir drëm, fir dat haut an hei ze soen.

(Interruptions diverses)

Nach zwee Wierder. Ech kann och net d'accord sinn, dass gemengt ginn ass hei vum Här Gira, d'Subside géifen no Parteikaarte verdeelt ginn an der Majoritéit. Dat ass net richteg. Ech sinn der Meenung, mir sollte sachlech bleiwen an, esou wéi den Här Grethen gëschter zum Schluss a senger Diskussioun hei gesot huet, en éierlechen Débat féieren am Geescht vun der Solidaritéit.

Dat ass dat, wat ech eis wënschen, an dat waren déi puer Wierder, déi ech hei uewe wollt soen am Sënn…

(Interruptions)

Dat ass vum Här Grethen senger Interventioun. Ech wollt dat als Schluss hei soen. Ech fannen, et war eng flott, eng konstruktiv Diskussioun heibannen, an ech wënsche mir déi och an deenen nächste Méint, wat d'Gemengefinanzen ugeet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann huet den Här Gibéryen d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Den Här Budgetsminister huet haut versicht déi Chifferen, déi ech am Laf vun dëser Debatt gesot hunn, wat d'Fongen ubelaangt, fir heihinner ze kommen an ze mengen an ze soen: Dat wär net esou richteg, wéi ech dat hei presentéiert hunn.

Dat wat ech gesot hunn, dat ass en Dokument, wat mer de 15. November an der Finanzkommissioun vum Här Luc Frieden selwer kritt hunn, an dat Dokument hänkt och um Rapport vun där Sitzung vum 15. November hannendrun. Et ass en Dokument, wat sech ëm d'Fonds spéciaux handelt, an et sinn och déi, déi ech gëschter oder virgëschter hei genannt hunn, wou mer am Plan pluriannuel vun 2003 op 2007, deen hu mir d'lescht Joer zu dëser Zäit, also virun de Wahlen, virgeluecht kritt a mir hunn elo bei dësem Budget de Plan pluriannuel vun 2004-2008 virgeluecht kritt, an et sinn déi Chifferen, déi ech hei genannt hunn.

Do stinn dëst Joer a sämtleche Fonds spéciaux zesumme fir 2004 1.262 Milliounen Euro dran. D'lescht Joer stoung an deemselwechte Plan pluriannuel fir 2004 1.637 Milliounen Euro dran, also bal 400 Milliounen Euro si manner dëst Joer an de Fonge wéi mir dat d'lescht Joer an der Tabell kritt hunn. Hei ass déi Tabell, Här Minister, Dir hutt eis se selwer ausgedeelt.

Fir 2005 waren d'lescht Joer an de Fongen 1.108 Millioune virgesinn. Dëst Joer gëtt gesot, 2005 hätte mer dach 781. Fir 2006, dat ass d'lescht Joer gesot ginn, hätte mer 704 Milliounen dran. Elo gëtt gesot, mer hätte 425 Milliounen dran. Fir 2007 ass d'lescht Joer gesot ginn, mir hätte 410 Milliounen. Elo gëtt gesot 94. 2008 war d'lescht Joer nach net dobäi, do si mer elo dëst Joer an engem Minus vun 195,6 Milliounen Euro, virausgesat datt mer all Joers 200 Milliounen Euro Emprunt ophuelen. Dat sinn also Chifferen, déi mer d'lescht Joer, also virun de Wahlen, an elo no de Wahle vum Finanzminister kruten. Et si keng aner, déi ech genannt hunn.

Ech hunn och den Dënschdeg hei nach eng Kéier d'Fro gestallt, wat d'Dotatioun vun deene Fongen ubelaangt, well mer eben d'Fongen dëst Joer mat 224 Millioune speisen, an 2007 steet do, géife mer se mat 462 Millioune speisen; also eng Verdueblung, wou ech och d'Fro gestallt hunn, opgrond vu wat fir enge Faiten datt d'Regierung mengt, datt se d'Speise vun dem Budget an d'Fongen an engem Zäitraum vun dräi Joer kéint verduebelen. Well och do gesäit een, wann een et mam Plan pluriannuel 2003-2007 vergläicht, datt dëst Joer manner gespeist gëtt, wéi mer dat d'lescht Joer gesot kritt hunn.

D'lescht Joer ass gesot ginn, et géifen 274 Milliounen Euro 2004 an d'Fonge goen, dëst Joer schwätze mer vun 224. Fir 2005 ass d'lescht Joer gesot ginn 373 Milliounen. Dëst Joer schwätze mer vun 242 Milliounen. Fir 2006 ass d'lescht Joer gesot gi 460 Milliounen. Dëst Joer schwätze mer vun 378 Milliounen. A fir 2007 ass d'lescht Joer gesot gi 507 Milliounen a mir schwätzen elo vu 462 Milliounen. Also sinn dat kloer Chifferen, déi weisen, datt an de Fongen net esou vill dëst Joer ass wéi d'lescht Joer gesot ginn ass, an déi och weisen, datt an deenen nächste Joren net esou gespeist gëtt wéi d'lescht Joer gesot ginn ass. Duerfir ass och déi Fro berechtegt, opgrond vu wat fir enge Fakten datt d'Regierung wëllt d'Speisen an engem Zäitraum vun dräi Joer verduebelen.

Här President, ech wollt dat nach eng Kéier vun eiser Säit kloerstellen. Datt mir géint dee Budget stëmmen, dat brauch ech net nach eng Kéier ze ernimmen. Den Här Finanzminister huet virdru gesot dat wär üblech iwwerall an de parlamentareschen Demokratien, datt d'Oppositioun géif géint de Budget stëmmen. Ech mengen, et ass och an de parlamentareschen Demokratien üblech, datt d'Majoritéit dofir stëmmt, och wa se wéi dës Kéier e schlecht Gewëssen derbäi huet.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Den Här Bausch kritt nach d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hu mer natierlech net erwaart, datt ech vum Budgetsminister hei eng Äntwert krit, oder loosse mer soe konkret Zuele krit op dat, wat ech virgëschter während mindestens 20 Minutten hei virgeluecht hu vun Zuelematerial par rapport zum Tanktourismus an och wéi mir op alle Fall d'Zukunft vum Tanktourismus an och vun där Recette do fir de Statsbudget gesinn. Ech hu mer et net aneschters erwaart, well ech och ganz genau weess, datt natierlech de Budgetsminister ganz schlecht Kaarten a keen een Joker am Grapp méi huet, fir op déi Zuelen ze äntwerten, déi ech hei genannt hunn.

Ech mengen awer, Här President, datt et dee falsche Wee ass, deen de Budgetsminister hei aschléit, respektiv anscheinend och déi do Regierung, fir ze mengen et kënnt een angesichts dem Problem, deen do op eis zoukënnt, de Kapp an de Sand stiechen an einfach weiderfuere wéi wann näischt wär, an dann enger, ech wëll emol net soen, nächster Generatioun, well hei geet et entre-temps guer net méi eleng ëm eng Generatiounefro, mä et geet hei och ëm eng Fro, déi wahrscheinlech d'nächst Regierunge betrëfft, vläicht da Regierungen, wou deen heite Budgetsminister net méi Budgetsminister ass, mä de Problem nach ëmmer awer do ass.

(Interruption)

Ech muss soen, Här President, ech sinn eigentlech immens enttäuscht iwwert déi Äntwerten, déi ech haut de Mëtteg awer hei kritt hunn, a wou mer och beleeën, datt eigentlech de Minister sech där Envergure net bewosst ass, déi dat bedeit par rapport zu engem wichtegen Deel vun de Recetten am Moment vum Statsbudget. Ech weess net, datt wann ähnlech bedrolech Wolleke géingen op eng aner Recette zoukommen, zum Beispill op d'Kierperschaftssteier am Zesummenhang zum Beispill mat der Finanzplaz, ob dann de Finanzminister genausou liichtfankeg géing doriwwer ewechgoen, wéi en dat hei amgaangen ass ze maachen. Ech mengen, well en natierlech den Dossier Finanzplaz och aus senger fréierer berufflecher Zäit e bësse besser kennt an do d'Envergure och besser kann aschätze wéi vläicht deen elo am Beräich vum Tanktourismus am Zesummenhang mam Kyoto-Protokoll an der Klimaproblematik zum Beispill insgesamt, dofir mengen ech, datt dat de Grond ass, firwat datt en do méi um Qui-vive wär an hei manner.

Mä dat ännert awer näischt drun, datt d'Problematik dramatesch ass an datt eigentlech mëttelfristeg gesinn déi Recette do aus villfältegste Grënn - ech hunn eng ganz Rei do opgezielt, virun zwee Deeg hei - souwisou dem Stat wäert verluer goen, an datt wann een donc net haut doriwwer ufänkt nozedenke wéi een en Zeenario entwéckelt kritt, fir mëttelfristeg aus där Ofhängegkeet do erauszekommen, Dir Dammen an Dir Hären, dann erleide mer Schëffbroch mëttelfristeg duerch déi dote Fro. Da gëtt et eng Casse op anere Posten am Statsbudget an iwwerhaapt an der Gesellschaft zu Lëtzebuerg, déi da ganz, ganz wéi wäert dinn an och ganz schwéier wäert ze léise si vun där Generatioun vu Politiker, déi dann dee Moment grad d'Majoritéit heibannen am Parlament hunn, respektiv an der Regierung sinn an d'Geschécker vum Land musse leeden.

Mir hunn als Gréng schonn Enn der 90er Joren e puermol verlaangt, datt ee sech soll wéinstens d'Méi gi fir eng Etüd an Optrag ze ginn, déi emol eng Kéier genau géing eng Géigeniwwerstellung maachen, engersäits vun de Recettë mat anerersäits all de Käschtepunkten, déi et gëtt. Déi Chifferen, déi hei genannt gi si vun deene probable Recetten, well och de Minister selwer weess net am Detail wéi d'Realitéit ausgesäit, déi kënnt een iwwert esou eng Etüd opgeschlësselt kréien. Mir hu scho wéinst vill méi Bagatellen Etüden an Optrag ginn an deene leschten zéng Joer an dësem Land. Mir bedaueren et, datt de Wëllen emol net besteet fir iwwerhaapt iwwert deen Thema ze diskutéieren, respektiv zum Beispill esou eng Etüd an Optrag ze ginn.

'97, mengen ech war et, hat de Camille Gira seng Motioun eraginn, déi ass deemools an d'Kommissioun verwise ginn an dunn ass se do iergendwou endgelagert ginn an et ass ni zu enger richteger Beschlussfaassung komm. Mir mengen duerfir nach ëmmer, datt et noutwendeg wär op dee Wee ze goen. Et ass awer vermessen, muss ech awer soen, fir hei op d'Pult ze kommen als Budgetsminister a vun enger parlamentarescher Oppositioun ze verlaangen, datt déi elo soll hei den Ausstiegszeenario beschreiwen an am Detail duerleeën.

Mir si bereet dat ze maachen, sous condition datt Der eis déi ganz Steierverwaltung, de Finanzministère an all déi öffentlech Instanzen, déi zoustänneg si fir déi dote Beräicher, zur Verfügung stellt fir déi Berechnungen all maachen ze loossen, respektiv datt Der eis Kreditter gitt fir déi zousätzlech Etüden, déi mer heizou brauchen, fir datt mer déi kënnen an Optrag ginn. Dee Moment si mir bereet déi Responsabilitéit ze iwwerhuelen, mä wann ech gelift, Här Minister, Dir hutt d'Responsabilitéit kritt den 13. Juni 2004 an net d'Oppositioun…

(Interruptions)

Neen, Dir iwwerhuelt Är Responsabilitéit guer net an dësem Dossier. Dir kuckt driwwer ewech. Dir kuckt einfach driwwer ewech. Dat maacht Dir! An ech mengen duerfir datt et net geet, datt Dir hei op d'Tribün kommt a wann Dir keng Äntwerten hutt op schwéierwiegend Problemer, déi op eist Land zoukommen, datt Dir dann einfach sot: Ma d'Oppositioun oder soss iergendeen hei am Parlament soll d'Aarbecht fir d'Regierung maachen. Dir sidd gewielt gi vun de Wieler, fir Är Responsabilitéit ze iwwerhuelen, dann iwwerhuelt se wann ech gelift och an dësem Dossier.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden kritt d'Wuert nach eng Kéier.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, et ass ganz kloer, datt mir eis Responsabilitéit iwwerhuelen. Ech hunn duerfir gesot, am Numm vun der Regierung iwwerhuele mir d'Responsabilitéit vun dësem Budget. Mir si gewielt ginn, a mir hu just gesot, datt wann een hei seet, déi Politik, déi mir géinge maachen, wier falsch, wéi Dir dat gesot hutt - „Dir gitt an déi falsch Richtung" -, da soe mir a soen ech lech: Dat, wat Dir proposéiert, ass irresponsabel. Da beweist vläicht wéi Dir et da géingt maache fir all déi Ausgaben ze tätegen an op esou Recetten ze verzichten. Dat ass en Débat, wou Dir d'Beweisflicht hutt an net mir. Mir sinn der Meenung, datt dës Politik, déi mir maachen, am Intérêt vun der sozialer Politik an der Investitiounspolitik vum Land ass.

An duerfir ass et net un eis déi Berechnung ze maachen, mä un deenen, déi mengen, mir géingen déi falsch Politik maachen. Mir hunn dat och virun de Wahle gesot. Mir hu vum Wieler e Mandat kritt fir mat

dëser Politik responsabel virunzefueren, an dat wëlle mer maachen. Dëse Budget ass de beschte Beweis dofir. An duerfir wollt ech nach eng Kéier deene Merci soen, déi dës Politik ënnerstëtzen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Budgetsprojet fir d'nächst Joer. Den Text steet am Document parlementaire 5353[4].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5353 ass ugeholl mat 38 Jo- an 22 Neen-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zu de Motiounen an zu enger Resolutioun, déi am Zesummenhank mam Budget déposéiert gi sinn.

Résolution 1

Fir d'éischt géife mer d'Resolutioun Nummer 1 vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Sous-commission fir de fiskale Volet innerhalb vun der Finanzkommissioun ofstëmmen. Wëll nach een dozou d'Wuert ergräifen? Wann dat net de Fall ass, da froen ech: Vote électronique oder par main levée? - De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d'Resolutioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun 1 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Motion 1

Da komme mer zur Motioun Nummer 1, déi och vum honorabelen Här Meisch déposéiert ginn ass iwwert d'Promotioun vum europäesche Gedanke bei der Jugend. Wëllt dozou een nach d'Wuert ergräifen? Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Geet et ëm d'Motioun Nummer 1, Här President?

M. le Président.- Jo!

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- D'Regierung ass grondsätzlech mat all Aktiounen, déi gemaach ginn en faveur vun Europa, d'accord. D'Regierung deelt och déi Aussoen, déi vum Spriecher vun der Demokratescher Partei gemaach gi sinn - déi generell Observatiounen iwwer Europa. Ech mengen, do ass keng Dissenz tëschent der Regierung an deem, wat à propos Europa gesot ginn ass. Par contre menge mer, datt fir elo niewent all deenen Aarbechten, déi de Stat huet an deenen nächste Méint, och nach Fester iwwer Europa ze organiséieren, datt dat net onbedéngt dat ass, wat mer elo brauchen. Mir brauchen en Débat iwwer europäesch Sujeten, besonnesch en vue vum Referendum iwwert d'europäesch Verfassung, mä mir mengen, datt mer weder Zäit nach d'Suen hu fir elo Fester iwwer Europa ze organiséieren. An de Schoule kann doriwwer diskutéiert ginn. Dofir brauche mer och keng Motioun.

Iwwregens seet d'Educatiounsministerin mer, datt e Concours a Schoule besteet, oder sou een elo gemaach gëtt iwwer Europa. Do lafen also eng Rei Aktiounen. Ech mengen, dat si positiv Aktiounen. Iwwer Europa muss geschwat ginn - heibannen, dobaussen, an de Schoulen. Mä mir mengen, datt dat net am Kader muss si vu gréissere Festivitéiten an duerfir kann d'Regierung mat der Zilsetzung vun der Motioun liewen, mä mengt, datt dat hei net dat richtegt Instrument wier, an duerfir biet d'Regierung d'Chamber dës Motioun net unzehuelen.

M. le Président.- Ass de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Mir maachen e Vote par main levée.

Wien ass mat där Motioun averstanen? Wien ass dergéint?

Ech mengen, d'Resultat ass eendeiteg. D'Motioun 1 vum Här Meisch ass domadder ofgelehnt.

Da komme mer un déi zweet Motioun vum Här Meisch iwwert de Fonds pour l'emploi. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

Motion 2

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, an där Motioun, esou wéi den Här Meisch dat och exposéiert hat, gëtt en Audit vum Fonds pour l'emploi gefrot. Mir mengen, datt dat géing double emploi maache mat enger Rei vu Moossnamen, déi d'Regierung an insbesondere den Aarbechtsminister amgaange sinn ze maachen.

D'Regierung mécht zwou verschidde Saachen. Engersäits eng Evaluatioun vun all deenen eenzelne Moossnamen, déi vum Fonds pour l'emploi finanzéiert ginn. Do gëtt eng extern Analys gemaach. Wann ech richteg informéiert sinn, ass do d'Ausschreiwung, wien dat soll maachen, amgaangen. Dofir, dat ass also eng Zort Audit, dat kann een Audit nennen, mä dat ass awer eng Analys vun deenen eenzelne Moossnamen, déi do bestinn, fir ze kucken, ob se alleguerten efficace sinn oder net an ob ee se ka reorientéieren.

An dat Zweet, dat ass datt de Fonctionnement vun der ADEM amgaangen ass iwwerpréift ze ginn, notamment zesumme mat internationalen Organismen. An duerfir menge mer, datt dat double emploi wier, an och duerfir biede mer do d'Chamber dës Motioun net unzehuelen.

M. le Président.- Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

Motion 3

Dann d'Motioun Nummer 3, ebenfalls vun dem honorabelen Här Claude Meisch, iwwert d'Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Dës Regierung, Här President, mécht et do wéi déi Regierung virdrun. Mir passe periodesch un, mä an dësem Moment maache mer dat net.

M. le Président.- Maache mer e Vote par main levée?

(Négation)

De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Motion 4

Dann d'Motioun 4, ebenfalls vum Här Claude Meisch, iwwert d'Steierpolitik. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, an där Motioun gëtt gebieden, datt d'Regierung e Groupe d'analyse fiscale am Finanzministère op d'Been setzt. Duerfir brauche mer am Fong keng Motioun, well, wéi d'Motioun et selwer seet, steet dat an der Regierungserklärung. Ech mengen net, datt et gutt wier, datt mer elo fir all Kapitel vun der Regierungserklärung a fir all Abschnitt aus der Regierungserklärung eng Motioun kréien, esou sympathesch dat och ass, wann d'Oppositioun dat ënnerstëtzt, fir déi. D'Regierung mécht dee Groupe d'analyse fiscale. Ech wëll awer derbäi soen, an dat betrëfft och dës Motioun, datt mir an deem Grupp net esouwäit gi wéi dat wat hei gefrot ginn ass. Dee Grupp, an dat gesäit een och vu senger Kompositioun hier, esou wéi en an der Regierungserklärung festgesat ginn ass, soll zum Zil hunn, ze kucken d'Konkurrenzfäegkeet vun eise Betriber am Beräich vun de Steiere par rapport zu deenen anere Länner. Dofir sinn och an deem Grupp Vertrieder vum Secteur privé, wéi dat hei drasteet. An dofir maache mer dee Grupp, esou wéi et an der Regierungserklärung steet an dofir brauche mer, mengen ech, vun dësem Haus keng Motioun.

Et ass awer selbstverständlech, datt wann dee Groupe de travail emol méi wäit ass, deen awer sécher eréischt richteg wäert ukommen no der Présidence, datt deen dann och mat sengen Iwwerleeungen oder Resultater gären an d'Finanzkommissioun kënnt.

Ech huelen Akt dovun, datt Dir déi Résolutioun net ugeholl hutt fir e Sous-groupe ze maachen an der Finanzkommissioun, mä ech mengen d'Finanzkommissioun als Ganzt bekëmmert sech ëm d'Steierpolitik an d'Regierung ass gäre bereet an déi Kommissioun ze kommen, fir ze soe wéi eng Iwwerleeunge mer am Steierberäich bei de Betriber maachen.

Merci.

M. le Président.- Wann ech lech richteg verstanen hunn, Här Minister, da mengt Der d'Motioun wier superfétatoire? D'accord. Da stëmme mer driwwer of.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Mä den Här Minister huet jo selwer gesot, datt an dëser Propositioun vun der Motioun et méi wäit géing goe wéi dat wat d'Regierung an hirer Regierungserklärung proposéiert hat. Also gesi mer net an, datt se superfétatoire ass, also wëlle mer e Vote an an deem Fall och e Vote électronique, wann ech gelift.

M. le Président.- Très bien. De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fi d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 38 Nee-Stëmme géint 22 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Hemri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Motion 5

Da komme mer zu der leschter Motioun, déi den honorablen Här Meisch abruecht huet. Et ass d'Motioun 5 iwwert d'Finanzplaz.

Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, an där Motioun gëtt am Fong déi Politik, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, approuvéiert an ënnerstëtzt fir weiderzefueren. Als dee fir d'Finanzplaz zoustännege Minister begréissen ech dat an dofir kënnt ech am Fong am Numm vun der Regierung mat där Motioun d'accord sinn.

Wat deen éischten Tiret vum Dispositif ubelaangt, fir datt d'Statsverwaltungen nach méi Moyenë solle kréie fir d'Dossieren ze traitéieren, muss ech allerdéngs soen, datt dat eppes ass wat am Fong fir all Statsverwaltunge gëllt a mer hei permanent Motioune kréien, datt mer nach méi Leit astelle sollen an dann zugläich awer gesot kréien,

bei den Dépenses courantes vum Stat solle mer spueren.

Dofir, ech si mat dëser Motioun aus Regierungssäit d'accord, wann d'Chamber déi wëllt stëmmen. Ech gesi just net wéi mer massiv de Statsapparat nach weider ausbauen aus deene generelle Considérationen iwwert d'Dépenses courantes vum Stat. Mir hunn notamment d'Autorité de surveillance vum Secteur financier an deene leschte Joren ausgebaut an dofir kënnen déi an engem internationale Verglach excellent d'Iwwerwaachung vun der Finanzplaz maachen. Mä mat där Nuance sinn ech vu Regierungssäit mat dëser Motioun d'accord.

M. le Président.- Opgrond vun der Zoustëmmung vun der Regierung géif ech denken, datt mer kënnte par main levée ofstëmmen.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Ech gesinn, datt eng grouss Unanimitéit do ass.

D'Motioun 5 ass domat also ugeholl.

Motion 6

Da komme mer zur Motioun 6 vum Här François Bausch iwwert d'Besteierung vun de Benefisser bei de Kapitalgesellschaften an d'Verméigenssteier. Déi Motioun ass, schéngt et, net bei der Regierung ukomm. Da gi mer der Regierung d'Méiglechkeet fir dat ee Moment ze préiwen.

Voilà, d'Regierung ass prett.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Zum Inhalt vun där Motioun hunn ech a menger Budgetsried Stellung geholl. Ech mengen, all déi Reflexiounen, déi gemaach gi sinn, sinn utile. Déi sollen den Débat alimentéieren. Dat huet och de Rapporteur selwer gesot.

Wat déi eenzel Steierkategorien ubelaangt, hunn ech gesot, datt d'Regierung un den Orientatiounen an un den Décisioune vun der Regierungserklärung an um Accord de coalition festhält, esou wéi e publizéiert ginn ass, an dofir mengen ech hätt ech zu dëser Motioun, zu deem Sujet schonn am Kader vun den Debatten, ier ech d'Motioun iwwerhaapt konnt kennen, Stellung geholl. D'Regierung hält also un deem fest wat an der Regierungserklärung steet.

M. le Président.- Den Här François Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et freet mech, datt d'Regierung un där Positioun festhält. Et huet mech och gefreet d'Aussoe vun de Vetrieder vun der LSAP ze héieren, déi net nëmmen deementspriechend hei un deem Regierungsaccord festhält, mä och u Saachen, déi se schonn emol fréier gesot huet.

Donc mengen ech datt et dofir logesch misst sinn, datt mer um Ufank vun dëser Legislaturperiod de Biergerinnen a Bierger an dësem Land genau soe wouhin datt d'Richtung soll goen an net goen am Beräich vun der Steierpolitik zu Lëtzebuerg, an ech mengen, datt wa mer déi Motioun als Parlament haut hei stëmmen, dann ass dat ee fir allemol kloer. Dann ass kee Mëssverständnis an Zukunft méi méiglech.

Da weess jiddereen an dësem Land a wéi eng Richtung datt dës Regierung, respektiv dëst Parlament an deenen nächste Joren d'Steierpolitik wëllt matdroen a matgesinn, an dofir mengen ech datt et wichteg ass, datt dës Motioun eng grouss Majoritéit fënnt bei deenen, déi natierlech mat deene Saachen d'accord sinn.

Ech weess, datt d'Demokratesch Partei hei ëmmer aner Virstellungen hat, mä zumindest fir de Rescht géing ech dovunner ausgoen, datt dës Motioun eng breet Zoustëmmung an dësem Parlament misst fannen.

M. le Président.- Den honorablen Här Fayot huet d'Wuert gefrot an duerno den Här Grethen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech hunn a menger Budgetsried vun de Steiere geschwat an ech hu selbstverständlech och do gesot, datt mer Reserven hätten zu de Propositioune vum Rapporteur an datt mer éischter op der Linn si vun deem wat de Minister hei gesot huet, fir bei der Betribssteier net op 19% erofzegoen. Dat heescht ebe bei deem Taux ze bleiwen, respektiv wéi et gesot ginn ass, wann een e bësse wëllt erofgoe bei der IMC, ass dat natierlech méiglech. Dat ass dat eent.

Dat anert hu mer am Regierungsprogramm ganz kloer gesot, datt mer fir Résidenten eng Retenue libératoire vun 10% op Revenus du capital wëllten aféieren, zesumme mat der Ofschafung vum Impôt sur la fortune fir Résidenten. Doraus ass da vum Här Budgetsrapporteur ofgeleet ginn, datt ee kënnt eng Nisch cibléiere vu gréissere Kapitalbesëtzer an deene Méiglechkeete ginn, fir op Lëtzebuerg sech ze installéieren, mat enger Partie Faveure wat de Permis de séjour ugeet, wat den Environnement légal ugeet.

Ech hunn a menger Ried ganz kloer gesot, datt mir net bereet si fir op dee Wee ze goen, datt mer der Meenung sinn, datt een dat wat am Regierungsprogramm steet soll maachen, well dat jo och Résidenten, dat heescht Leit déi hei wunnen, concernéiert. Datt mir och der Meenung sinn, datt een den Impôt sur la fortune fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi dann eben entlaascht gi vun där Steier, déi Spuerer, déi et hei gëtt. Dat ass dat wat mir matgedroen hunn a mir hunn net matgedroe wat de Rapporteur proposéiert huet, fir eben op de Wee vun engem, ech hunn dat genannt e "Lëtzebuerger Monaco" ze goen.

Ech hunn och net d'Impressioun wéi wann d'Regierung dat wëlles hätt an, an deenen zwee Punkten do si mer ganz kloer op der Linn vun der Regierung. Or, ech hunn eigentlech kee Problem mat dëser Motioun. Ech weess elo net ob een d'Regierung misst eigentlech nach extra invitéiere fir eppes ze maachen, wat se souwisou hei gesot huet. Bon, et kann ee soen, cela va de soi. Mä eventuell, cela va mieux en le disant. Mä ech hu verstanen aus deem wat den Här Budgetsminister hei gesot huet, datt dat d'Positioun vun der Regierung ass, esou wéi ech se och hei a menger Ried gesot hunn.

M. le Président.- Den honorablen Här Henri Grethen hat d'Wuert nach gefrot.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, déi Propositiounen, déi de Budgetsrapporteur a sengem eegenen Numm gemaach huet, si jo zum Deel ganz sympathesch a fannen och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. Wat d'Kierperschaftssteier ugeet, wou déi „flat rate" vun ënner 20% proposéiert gëtt, si mer liicht anerer Meenung, well mer mengen, datt ee soll an engem subtile Spill tëschent Assiette an Taux sech bewegen an datt dat am Intérêt vun der Attraktivitéit vum Land wier. Dofir kënne mer mat deem Volet vu senger Propositioun net d'accord sinn. Mir si selbstverständlech, an dat stoung an eisem Wahlprogramm och, do wäert jo keen iwwerrascht sinn driwwer, well mir stinn och no de Wahlen zu deem, wat mir dem Wieler virun de Wahle versprach hunn, dass mir der Meenung sinn…

(Interruption)

Oh, Här President, et ass jo net esou evident fir jiddfereen.

(Interruptions)

Jo, mä hei ass eis Propositioun an déi huet de Budgetsrapporteur a seng Partei och opgegraff, dat ass déi fir den Impôt sur la fortune fir d'Personnes physiques, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, ofzeschafen. Dat ass eng Propositioun, déi mer deelen. D'selwecht wéi mer der Meenung sinn, dass een eng Retenue à la source libératoire fir d'Résidentë vun 10% soll aféieren, concomitamment mat der Aféierung vun der Quellesteier op europäeschem Plang. Mir sinn also net där Meenung, an de François Bausch huet dat scho relevéiert, well e sech dat am vorauseilenden Gehorsam schonn esou geduecht huet, dass mir net kënnen zu dëser Motioun eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Très bien, dat ass kloer. Den Här Michel Wolter kritt d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, an där Motioun vun deene Grénge gëtt den Amalgam gemaach tëschent Saachen, déi de Budgetsrapporteur gesot huet, a Saachen, déi en net gesot huet. Dovu muss een emol ausgoen, esou dass den Dispositif, deen do pauschal seet: «à ne pas suivre les recommandations du rapporteur», schonn net dat reflétéiert, wat virdrun an de Considérantë gesot ginn ass.

Ech wëll soen, dass mir fir eis Fraktioun zu deem stinn, wat den Här Fayot och gesot huet virdru wou si dozou stinn, mir stinn zum Regierungsprogramm, deen um Niveau vun de Steieren eng moderat Adaptatioun vun der Steierlandschaft en fonctioun vun de Besoinen, déi eis Wirtschaft erlaben, soll maachen an déi um Niveau vun dem Impôt sur la fortune d'Ofschafen op den 1. Januar 2006 respektiv zum Deel schonn op den 1. Juli vun 2005 kënnt. Soss Considérationen, déi dobäigefügt gi si vun deem engen oder vun deem aneren, déi loosse mer op der Säit.

Wat eis bënnt a wat eis engagéiert, dat ass de Regierungsprogramm. Duerfir géif ech bieden, dass mir déi Motioun hei, déi den Amalgam tëschent ganz villem mécht, net géifen unhuelen.

M. le Président.- Jo!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech muss awer soen, Här President, et ka jo awer net sinn, dass ech elo gesot kréien hei wär en Amalgam vu Saache gemaach ginn, ouni datt ee mer muss soen, wat dat dann ass. Da weess ech awer gäre prezis vum Här Fraktiounspresident vun der CSV wat dat ass, well ech wär och bereet hei ganz villes nach ze sträichen. Dat Wichtegst ass fir mech, dat soen ech Iech ganz däitlech hei, dee leschten Tiret, den «invite le Gouvernement». Ech si bereet dee ganze Considérant ze sträichen, fir deen ze stëmmen.

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- An da si mer wierklech reng um Regierungsprogramm, anscheinend vun der CSV an der LSAP. Duerfir wéisst ech gär…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Da gëtt se hifälleg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Neen, da gëtt se guer net hifälleg.

M. le Président.- Ech mengen, Dir leit do op enger Linn mat der Regierung.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Déi éischt zwee Tireten, Här Bodry, et deet mer Leed, plus wou dat opgezielt gëtt, plus de Schluss, an dann huet d'Chamber kloer Faarf bekannt.

An et gëtt jo ëmmer vill gesot, Här President, och vun de Vertrieder vun der Majoritéit, an der Steierpolitik, wat jo och richteg ass, do géing ganz vill Psychologie matspillen, dat heescht, do géing ganz vill matspillen, wat fir eng Signaler een aussent als Politik un d'Acteuren an der Ekonomie, fir datt déi richteg Saachen och drënner verstan ginn. A mir sinn um Ufank vun enger Legislaturperiod, an hei geet et net ëm iergendeppes bei där heite Fro, hei geet et ëm eng zentral Fro fir d'Finanzpolitik vun deenen nächste fënnef Joer, a wann dëst Parlament der Meenung ass an enger Majoritéit, datt se net wëllt op deen dote Wee goen, da fannen ech, da soll se dat och no baussen zum Ausdrock brëngen.

(Interruption)

Neen, och mat engem Vote, Här Fayot, zum Ausdrock brëngen. Duerfir sinn ech der Meenung, ech wéisst gär wat dann déi Tiretë wären, déi sollen erausgestrach ginn, déi Considéranten, wou deen Amalgam soll dra sinn, wéi den Här Wolter et sot.

M. le Président.- Här Bausch, mir si jo net hei an enger Froestonn. Ech mengen, déi eenzel…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech däerf awer nach ëmmer Froen opwerfen!

M. le Président.- Selbstverständlech, Dir hutt Är Froen opgeworf. Déi eenzel Fraktiounen hunn elo Stellung geholl, elo wëllt de Rapporteur selwer nach hei d'Wuert ergräifen, an dann denken ech gi mer zum Vote iwwer, well d'Positioune kloer sinn.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Jo, Här President, ech mengen den Här Bausch huet mäi Rapport schlecht gelies. Éischtens…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Oh, dann huet den Här Fayot en awer och schlecht gelies.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Majo, da lauschtert emol, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- An den Här Frieden och.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Éischtens hunn ech a mengem Rapport…

M. le Président.- Loosst elo mol den Här Mosar schwätzen.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Éischtens hunn ech a mengem Rapport effektiv eng Baisse proposéiert, awer ech hu gläichzäiteg gesot, Här Bausch, datt een d'Assiette soll méi grouss maachen an datt ee soll iwwer eng Rei vun Abattemente fueren. Dat heescht, wat Dir hei schreift, dat ass formell falsch, dat hunn ech esou weder a mengem schréftlechen nach a mengem mëndleche Rapport gesot.

Zweetens hunn ech net als Rapporteur déi Abolitioun vum Impôt sur la fortune erabruecht. Dat ass eng Mesure, déi am Regierungsprogramm steet, déi ass also net a mengem Gaart gewuess. Ech hu se just a mengem Rapport begréisst, an ech hu gesot, déi kënnt als Effet bénéfique och hunn, datt mer eng Rei vu grousse Fortunë kéinten op Lëtzebuerg kréien, wat ech géif begréissen. Mä nach eng Kéier, dat wat Dir hei formell an Ärer Motioun schreift, dat ass net dat, wat ech a mengem Rapport geschriwwen hunn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Jo, ech mengen…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, entschëllegt, just vläicht ganz kuerz ee Saz.

M. le Président.- Jo, ee Saz.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech mengen d'Pneuë fänken un ze quietschen an et sténkt ganz staark no Gummi heibannen. Kommt mir stëmmen of.

M. le Président.- Très bien, also deen do Saz huet natierlech elo net vill zu der Opklärung vun der Problematik bäigedroen…

(Hilarité)

…, mä ech ginn awer dem Här Bausch vollkomme Recht, dass et elo Zäit gëtt, dass mer zur Ofstëmmung kommen. Ech denken déi eenzel Gruppen hu sech hir Meenung gemaach an ech denken och, dass de Vote électronique hei verlaangt ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Selbstverständlech.

M. le Président.- Da fänke mer elo mam Vote un.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

Dem Här Bausch seng Motioun 6 ass mat enger grousser Majoritéit vun 48 Nee-Stëmme bei 12 Jo-Stëmmen ofgelehnt ginn.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner.

Motion 7

Da komme mer zur Motioun 7 vum honorabelen Här Jaerling iwwert d'Analys vun de Steierrecetten. Här Minister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, ech hu virdrun an engem anere Kontext am Fong schonn déi nämlecht Remarque gemaach. Ech menge mir kënnen net fir all Statsverwaltung hei eng Motioun maachen, datt déi soll méi Leit kréien. Ech kënnt Iech der zéng, 20 opzielen, y compris am Beräich wou ech déi direkt Responsabilitéit hunn. Wann ech déi aner Kap zum Beispill als Justizminister opdinn, da stëmme mer och haut nach eng Motioun, fir datt de Prisong méi Leit kritt, datt den Enseignement méi Leit kritt, datt d'Geriichter méi Leit kréien, datt de Finanzministère méi Leit kritt; d'Kolleegen hei brauchen dat och alleguerten. Duerfir, mengen ech, bréngt et net vill, datt mir, en dehors vun enger genereller Diskussioun iwwert déi eenzel Verwaltungen, elo bei all Verwaltung eng separat Motioun stëmmen.

Ech wëll derbäi soen, datt, am Kader vun den Numerus-clausus-Diskussioune vun deene leschte Joren, mir e pluriannuellë Programm haten an där viregter Regierung fir d'Steierverwaltung mat Leit ze dotéieren, an déi huet vill méi Leit iwwert d'lescht Joer kritt, datt dat nach net duergeet an all eenzelne Servicer, respektiv ob net innerhalb vun der Verwaltung musse Restructuratioune komme fir méi Leit vun enger Sektioun op eng aner ze setzen, fir mat deene bestehende Leit eng aner Aarbechtsopdeelung ze maachen; ech mengen déi Reflexioune sinn amgaangen, déi sinn zum Deel ganz schwiereg.

Mä ech géing d'Chamber bieden net eng Motioun ze stëmmen, déi just enger Verwaltung méi Leit gëtt, ouni all déi aner Reflexiounen iwwert d'Dépenses courantes vum Stat mat ze berücksichtegen.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Mir hunn déi Motioun hei erabruecht, Här President, well mer an der Finanzkommissioun, ech menge queesch duerch d'Bänken, awer e bëssen enttäuscht waren iwwert déi Dokumentatiounen, déi mer vun der Steierverwaltung do presentéiert kritt hunn. An ech géif och mengen, datt de Rapporteur a sengem Rapport - oder et ass am Rapport vun der Kommissioun, ech weess elo net méi wou - och dat libelléiert huet, datt mer am Fong praktesch keng Informatioune kritt hunn, déi mer vun anere Verwaltungen iwregens kritt hunn.

An hei menge mir net un éischter Stell, wa mer schreiwen „des moyens", datt do misste Leit bäikommen, mä mir sinn der Meenung, datt déi Verwaltung, wat d'Informatik ubelaangt, emol misst à même gesat ginn, fir datt se eis och déi néideg Donnéeën als Finanzkommissioun, als Parlament gëtt, déi mer brauchen, fir a voller Transparenz kënnen hei iwwerhaapt iwwert d'Steierpolitik ze diskutéieren.

Mir hunn zum Beispill eng Fro gestallt bei der Kierperschaftssteier: Wat fir eng Betriber bezuele Kierperschaftssteier a wat fir eng Secteure bezuele keng Kierperschaftssteier? D'Steierverwaltung konnt eis dorobber keng Äntwert ginn. E puer Deeg duerno hu mer dann dunn e Relevé kritt, wéi vill Betriber datt géife Steiere bezuelen a wéi vill datt keng géife bezuelen. An dee Relevé war datéiert op 1998.

Ech mengen esou kann et jo awer net sinn, datt mer vun enger Verwaltung e Resultat kréie vun 1998, wou duerno och nach déi grouss Steierreform war an haut am Fong keen heibanne weess, a wat fir enge Secteuren datt nach Kierperschaftssteier bezuelt gëtt, jo oder neen.

Duerfir hätte mer gären, datt déi Verwaltung soll esou outilléiert ginn an der Informatik, fir datt se à même ass eis och dat ze liwwere wat mer brauchen, fir eng objektiv Diskussioun hei kënnen ze féieren.

M. le Président.- Wëllt d'Regierung nach eng Kéier dozou Stellung huelen, Här Minister?

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Jo, ech mengen, datt dat do schonn e bëssen eppes aneschters war wéi dat wat ech ënnert der Motioun verstanen hat, well den Här Fraktiounspresident vum ADR elo net méi schwätzt vu Leit, mä e schwätzt elo vun Informatik. An deem Kontext lafe ganz Programmer, a wann een duerfir géing schreiwen „invite le Gouvernement à continuer à doter les administrations fiscales (…) des moyens informatiques nécessaires (…)", da kënnt d'Regierung domadder d'accord sinn, well dat ass d'Continuatioun vun deem wat mer an deene leschte Jore gemaach hunn.

M. le Président.- Ech mengen, domadder wier den Här Gibéryen d'accord an den Här Jaerling och, deen den Auteur vun der Motioun ass. Da géife mer déi an deem Sënn ëmänneren. Dann denken ech, dass mer och par main levée kéinten ofstëmmen.

Motion 7 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant la tendance à la régression des recettes générées par l'impôt sur le revenu des collectivités;

- considérant qu'une ventilation du produit de l'impôt sur le revenu des collectivités selon les secteurs d'activité ou la taille des entreprises concernées serait précieuse dans une appréciation approfondie de l'assise et des perspectives de cette recette fiscale;

- considérant que les administrations fiscales ne sont pas en mesure de fournir des informations détaillées sur la composition des recettes fiscales et surtout des ventilations détaillées du produit des principaux impôts directs;

- considérant que des prévisions fiscales fiables doivent être basées sur une information précise de la structure du produit fiscal actuel;

invite le Gouvernement à

- continuer à doter les administrations fiscales et notamment l'administration des contributions directes des moyens informatiques nécessaires à pouvoir assurer une analyse approfondie des recettes fiscales.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Vote

Wien ass d'accord mat der ëmgeännerter Motioun?

Wien ass net d'accord mat der Motioun?

Wien enthält sech beim Vote?

Et gëtt eng grouss Unanimitéit fir dem Här Jaerling seng Motioun. D'Motioun 7 ass domadder ugeholl.

Motion 8

Da kéime mer zur Motioun 8, och vum honorabelen Här Jaerling, iwwert d'Bekämpfung vum Steierbedruch. Här Minister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, dat ass méi komplizéiert wéi eng Motioun ze schreiwen. E gemeinsame Service vun zwou Steierverwaltungen ze schafen, kann een net einfach esou duerch eng Motioun dekretéieren.

Am Regierungsprogramm stinn eng Rei Gebidder, wou d'Regierung wäert versichen inhaltlech verschidde Kompetenze vun där enger an där anerer Finanzverwaltung beiëneen ze bréngen, ouni déi zwou Verwaltungen zu enger eenzeger Verwaltung ze maachen. Duerfir, mengen ech, kann een an dësem Moment dës Motioun net einfach esou unhuelen, mä et ee muss studéieren, awéifern datt dëst iwwerhaapt mat bestehende Gesetzer, déi wäit iwwert dës Matière erausginn, kompatibel ass.

Den Inhalt selwer vum Kampf géint d'Steierhannerzéiung, ech mengen, do ass keng Fraktioun a kee responsable Politiker dergéint, mä fir dat elo an engem Service commun vun zwou ganz verschiddene Verwaltungen ze maachen, ech mengen, datt dat ganz vill Schwieregkeete mat sech zitt. An do sinn déi zoustänneg Verwaltungen amgaangen ze kucken, awéifern se iwwerhaapt generell kënnen zesummeschaffen opgrond vun de Leitlinne vum Regierungsprogramm. Duerfir géing ech lech bieden, dës Motioun net unzehuelen.

M. le Président.- Den Här Gibéryen freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, déi zwou Motiounen, déi de Kolleeg Aly Jaerling gëschter deponéiert huet, hat ech am Fong virgëschter schonn a menger Interventioun erkläert.

Ech hat och drop gesot, firwat datt mer déi dote Motioun gemaach hunn. Ech wëll drop hiweisen, datt den Direkter vun enger Verwaltung den 19. November an engem Lieserbréif esouguer öffentlech higaangen ass an op dee Mëssstand do higewisen huet, wat eis dozou gefouert huet, fir eben déi Motioun ze maachen.

Ech wëll kuerz hei zitéieren, wat déi Persoun do schreift: „Ich behaupte ganz schlicht, dass die vorhergesehenen Einnahmen und die erzielten Resultate, und sollten sie auf den Cent übereinstimmen, auf einem falschen, zu niedrigen Niveau der möglichen Einnahmen angesetzt sind, in dem Sinne, dass noch enorme Beträge in einigen Steuerbereichen nicht erfasst werden. Weder bei der Contribution directe noch im Enregistrement bestehen schlagkräftige Abteilungen zur Steuerhinterziehungsbekämpfung. Das Projekt eines gemeinsamen Service antifraude ruht mangels politischem Interesse seit fünf Jahren in meiner Schublade."

An da gëtt och gesot, datt hei zu Lëtzebuerg net manner Steierhannerzéiung wier wéi an deenen anere Länner. Ech mengen, wa mer eis net wëllen dee Virworf maache loossen, datt mer hei zu Lëtzebuerg géife Steierhannerzéiung dulden, an am Sënn vun enger Steiergerechtegkeet, wou ee Bierger wéi deen anere behandelt gëtt, géif et eis gutt zu Gesiicht stoen, wa mer als Parlament an als Regierung och géifen dee Kampf géint d'Steierhannerzéiung ophuelen, an da brauche mer nun eben esou eng Abteilung an deene Verwaltungen oder eng fir déi zwou grouss Verwaltungen, mä et si jo méi wéi zwou Verwaltungen, déi Steieren anzéien, duerfir hu mer vun den Administratioune geschwat.

Op jidde Fall menge mir datt et scho wichteg wär, datt esou eppes géing gemaach ginn a mir halen och duerfir drop, datt iwwert d'Motioun ofgestëmmt gëtt.

M. le Président.- Mir huelen Akt vun Ären Erklärungen, Här Gibéryen, esou wéi mir Akt geholl hu vun deem wat d'Regierung gesot huet, a mir kommen zum Vote. Ech denken, datt och hei de Vote électronique verlaangt ass.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Selbstverständlech.

M. le Président.- Da komme mer dozou.

Vote

Wien duerfir ass stëmmt mat Jo, wien dergéint ass mat Neen oder en enthält sech.

D'Motioun 8 vum Här Jaerling ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro).

Domadder wäre mer um Enn vun der Debatt iwwert de Statsbudget an iwwert d'Motiounen an d'Resolutioun dozou ukomm. Mir kommen elo nach zur Diskussioun vum Här François Bausch senger Resolutioun iwwert d'Asetze vun engem Zukunftskonvent zu Lëtzebuerg. An dësem Zesummenhank diskutéiert d'Chamber ebenfalls d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Michel Wolter abruecht huet, betreffend d'Asetze vun enger Spezialkommissioun fir d'Verwaltungsstruktur vum Land.

Den Auteure vun deenen zwou Resolutiounen sti jeeweils fënnef Minutten zou. Mir hunn de Moien décidéiert, dass mer déi Resolutiounen an enger gemeinsamer Diskussioun géifen evakuéieren. D'Fraktiounen hu jeeweils zéng Minutte fir déi zwou Resolutiounen an där enger Debatt, déi mer hunn. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meisch a Fayot. D'Wuert huet elo den honorabelen Här François Bausch fir seng Resolutioun virzedroen an och gegebenenfalls déi aner schonn ze kommentéieren.

5. Résolution de M. François Bausch relative à l'institution d'une convention sur l'avenir du Luxembourg

Résolution de M. Michel Wolter relative à l'institution d'une Commission spéciale chargée de mener un débat sur la structure administrative du pays

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir haten d'Geleeënheet, ech géing scho bal soen elo fir d'x-te Kéier, ulässlech vun de Budgetsdebatten - a wann een déi lescht États de la Nation derbäi géing zielen, da kënnt een déi och nach als déi Debatt gesinn -, feststellen ze mussen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eigentlech op enger Kräizung stinn, wou mer eis mussen eng ganz Rei Froe stellen iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun dësem Land.

Mir wëssen alleguerten, datt mer eng Rei strukturell Schwächten an dësem Land hunn. Mir wëssen alleguerten, datt wat déi wirtschaftlech Entwécklung, de wirtschaftleche Wuesstem ubelaangt, mer mussen eis iwwerleeën a wéi eng Richtung mer wëlle wuessen, wat an dësem Land weider wuesse soll an och dann deementspriechend ze kucken, wat fir eng Konsequenzen datt dat fir déi eenzel Bierger a Biergerinnen huet, wéi eng Konsequenzen et fir déi lokal a regional Strukturen, also fir d'Gemengen oder soss regional Strukturen huet a wéi eng Konsequenzen et fir de Stat am Allgemengen huet.

Déi Initiativ hei ass net déi éischt, déi geholl gëtt an dësem Parlament fir déi dote Froe méi am Detail ze diskutéieren. Bekanntlech ass et jo esou, an der Politik do muss ee Gedold hunn, das ist das Bohren der dicken Bretter, wéi een op däitsch seet, an och wann et beim éischten Ulaf net ëmmer klappt, da klappt et vläicht beim zweeten oder drëtten. Ech hoffen, datt mer no dëser Debatt et fäerdeg bréngen, endlech déi enorm wichteg Zukunftsdiskussiounen do mat all hire Facetten an de politesche Raum ze bréngen.

Et ass esou, datt mer immens Froen eis musse stellen iwwert déi wirtschaftlech Entwécklung an och iwwert d'Roll dann deementspriechend, déi de Stat doranner huet, déi d'Regiounen an d'Gemengen doranner hunn, mä virun allem och wat dat fir Konsequenzen huet fir déi eenzel Entitéiten, jee nodeem fir wat fir ee Modell oder fir wat fir eng Richtung datt mer eis entscheeden.

Ee vun deene grousse Feeler, déi mer an den 80er an 90er Jore gemaach hunn, dat ass datt mer eis ausschliesslech ëm déi wirtschaftlech Entwécklung bekëmmert hunn a mat der Fro beschäftegt hunn, wéi wuesse mer am schnellsten, wéi vermehre mer eise Wuesstem am schnellsten, ouni eis awer mat de Konsequenzen, déi dat huet fir eist Land méi mëttel- a laangfristeg, ze beschäftegen. A mir musse feststellen, datt mer säit Enn der 90er Joren zumindest do gewëssermoossen amgaang sinn a verschiddene Beräicher an eng Sakgaass eranzerennen, déi ganz gefäierlech ka ginn, wa mer net ufänke méi planeresch virzegoen, fir déi zukünfteg Weiderentwécklung do ze décidéieren an och ze plangen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Deen zweete Punkt, dat ass natierlech deen, an deen hänkt ganz enk eben domat zesummen, dat ass: Mer wëssen alleguerten, datt mer hei am Land aus eegener Kraaft eraus, eleng kaum fäeg si fir iwwerhaapt nach ze wuessen. Mir sinn ugewisen op Immigratioun, mir sinn ugewisen op Hëllef vu Leit, déi vu bausse bei eis heihinner kommen, fir datt mer eis nach kënne weiderentwéckelen. Dat war an den 90er Joren esou an dat war den 80er Joren esou, an et ass iwwerhaapt an eiser Geschicht schonn ëmmer esou gewiescht an et wäert och an Zukunft esou bleiwen.

An och do stelle sech entre-temps awer eng ganz Rei Froe fir eist Zesummeliewen hei am Land, Froen, déi natierlech all déi Entitéiten och erëm betreffen, vun de Gemengen iwwert d'Regioune bis bei de Stat. Et stelle sech awer och Froen an deem Kontext iwwert d'Konsequenze wat dat alles heescht fir esou Beräicher wéi Logement, Schoulsystemer oder soss Infrastrukturen hei am Land, an dat ass och alles erëm enk verknäppt mat den Décisiounsstrukturen, mam Fonctionnement insgesamt vum Stat.

En drëtte Punkt ass natierlech deen: Sinn eis administrativ Strukturen um nationalen, um regionalen, um lokalen Niveau iwwerhaapt fäeg, esou wéi se haut ausgesinn, déi Entwécklung do weider nach efficace ze begleeden? Mir als Gréng mengen net. Mäi Frënd Camille Gira huet schonn oft hei betount, datt mer a verschiddene Beräicher nach ëmmer handelen hei am Land wéi wa mer am Postkutschenzäitalter wieren an och eis Strukture sinn zum Deel nach esou ausgeriicht.

Mä ech mengen, et kann een déi Froen, wéi d'Strukture sollen ausgesinn, wéi eng Réforme administrative mat deene Virdeeler, ëmmer nëmme gekoppelt diskutéiere mat deene Punkte virdrun, wann ee weess wou een eigentlech wëllt histeieren an ech mengen awer, datt et och héich Zäit gëtt fir déi Diskussioun do ze féieren, wéi déi Strukturen an Zukunft sollen ausgesinn op allen Niveauen.

Véiertens, Här President, mir hunn entre-temps an dësem Land e Problem, deen dora besteet, datt well d'Land an den 90er Joren esou ra-

pid gewuess ass a well dee rapide Wuesstum net genuch geplangt gi war, an dat ass elo net e Reproche, deen ech un iergendeen Décideur vu virdru wëll maachen, hu mer entre-temps e gewëssene Wildwuchs kritt, dee gewësse Konsequenze mat sech bruecht huet fir d'Liewensqualitéit vun de Leit, deen ons an eng Situatioun gefouert huet, datt d'Akzeptanz bei der Bevölkerung op deene verschiddensten Niveaue wierklech schrecklech ofgeholl huet, fir iwwerhaapt nach iergendeppes ze akzeptéieren.

Mir sinn entre-temps an enger Situatioun, datt et ganz, ganz schwéier gëtt, fir an der Zukunft, sief et um kommunalen, sief et um regionalen, nach um nationalen Niveau verschidde Saachen duerchzesetzen, an ech schwätzen do net nëmme vu Saachen, déi eis als Gréng net onbedéngt gefale politesch, mä och Saachen, déi mir als Gréng politesch gutt fannen.

E Stéchwuert, dat a leschter Zäit jo vill an der Diskussioun ass, dat ass nëmmen e klengt erausgepickt, ass dat vun de Wandmillen. Wann ech kucken entre-temps wéi doriwwer diskutéiert gëtt hei am Land, dat ass e gutt Beispill. Mä et kënnt een awer och d'Offallpolitik mat deene verschiddenste Facetten erauspicken an et ass dofir fir eis extrem wichteg, wa mer wëllen Akzeptanz schafen iwwert déi zukünfteg Entwécklung vu Lëtzebuerg, da muss éischtens d'Politik emol ganz kloer soen an engem breede Mooss wou se wëllt histeieren, wat se alles wëllt, wéi se d'Strukture gesäit a si muss d'Zivilgesellschaft an deen Débat matabezéien, well soss blockéiere mer eis ëmmer méi selwer hei am Land.

An dat ass eigentlech de Gros vun den Iddien an där Resolutioun, déi mer ausgeschafft hunn. Här President, loosst mer soen, ausgeschafft hunn ass e grousst Wuert. Den Här President, net deen deen elo do sëtzt, mä deen elo nach virun enger Véierelstonn hei soutz, den Här Weiler, war an der leschter Legislaturperiod zum gréissten Deel un deem Text, dee mir hei abruecht hunn, matbedeelegt. Mir hunn en an enger gewëssener Hinsicht un d'Situatioun vun haut no IVL nach adaptéiert.

Et sinn, wéi gesot, all déi Saachen doranner enthalen a wou mer eis wënschen, datt mer zu där Diskussioun géinge kommen.

Ech wëll da vläicht kuerz agoen op déi, ech wëll net soe Géigen-, mä alternativ Resolutioun, déi vum Fraktiounspresident vun der CSV abruecht ginn ass, a soen, datt et fir eis als Gréng eigentlech egal ass wiem seng Resolutioun am Parlament herno ugeholl gëtt. Et geet eis hei net ëm Urheberrechter. Déi kënne mer jo hei net beasproochen, well den Här Weiler huet méi Urheberrechter un där urspréngleche Resolutioun wéi mir selwer. Mir hu vläicht Urheberrechter un der Iddi insgesamt, well mer déi schonn nom Rentendësch lancéiert haten, mä et geet hei ëm d'Saach an et geet eis drëm, datt mer endlech an där Diskussioun, an deem Sënn wéi ech et explizéiert hunn, weiderkommen.

Wat eis stéiert un där Resolutioun vum Här Wolter, ass, datt eng ganz Rei Elementer verluer ginn, déi an eiser awer enthale sinn. Zum Beispill all déi Elementer, déi ech opgezielt hunn, déi d'wirtschaftlech Entwécklung a méi genau och d'Landesplanung insgesamt betreffen. Ech mengen, datt déi Resolutioun ze vill kuerz gräift, well se wesentlech Aspekter ausklammert, wou mir awer mengen, datt ee se muss an déi Diskussioun materabréngen. Mir kënnen eis net ausschliesslech an Zukunft domadder beschäftegen, wéi d'Gemengen, d'Regiounen oder de Stat als solch sollen an Zukunft ausgesinn a fonctionnéieren, well fir dat kënnen ze diskutéieren, muss ee sech mat deem anere Volet beschäftegt hunn. Dat hänkt immens enk mateneen zesummen an dofir fanne mer et net gutt, datt an där dote Resolutioun déi Saachen ausgeklammert ginn.

Ech hat och dofir eng Rei Proposen am Numm vu menger Fraktioun am Laf vum Nomëtteg dem Auteur vun där anerer Resolutioun gemaach, déi mir, wann déi ugeholl gi wieren, integréiert gi wieren an déi Resolutioun, hätte kënne matstëmmen. Ech krut awer signaliséiert, datt dat net de Fall wäert sinn.

Dofir wëll ech dann natierlech soen, wann déi zwee, dräi Tireten, déi fir eis awer wichteg sinn, net iwwerholl ginn, oder zumindest d'Iddien net iwwerholl ginn - de Wuertlaut ass hei souwisou egal, mä d'Iddië mussen drakommen -, da kënne mir se net matstëmmen. Dann hale mir eis oprecht.

Mä grosso modo gesi fanne mer et einfach wichteg, datt mer iwwert déi Resolutioun mat all hire Facetten diskutéieren an dann hoffe mer, datt mer et fäerdeg bréngen duerch esou en Débat, deen natierlech, an do sinn ech d'accord mat deem wat an där anerer Resolutioun steet, an der Zäit muss limitéiert sinn. Dat dierf net eng endlos Geschicht ginn. Dat soll bannen engem Zäitraum vun engem Joer oflafen, wou mer dann och déi verschiddenst Acteuren aus der Zivilgesellschaft ugehéiert hunn an deem Beräich do an da musse mer hei an der Chamber duerch e Rapport zu Konklusioune kommen. Dat hunn ech och schonn deemools an der leschter Legislaturperiod ëmmer gesot, et ass eis ni drëms gaange fir datt d'Politik sech soll aus hirer Responsabilitéit erausstielen an esou ze soen an engem grousse Konvent, oder wéi et ëmmer och genannt ginn ass, mat der Zivilgesellschaft esou eng Aart Debattéierclub ze schafen, wou dann d'Politik hir Responsabilitéit net méi bräicht ze huelen.

Loin de là, mir hunn ëmmer gesot, mir hätte gären, datt ënnert der Federführung vum Parlament esou eng Diskussioun gefouert gëtt, datt herno e Rapport verabschiet gëtt, wou politesch Konklusioune gezu ginn an dësem Parlament, déi eventuell och nach duerch verschidde Motioune kënnten ënnermauert ginn, wou dann natierlech all Fraktioun an dësem Parlament hir Responsabilitéit muss iwwerhuelen, wéi se d'Zukunft vun dësem Land gesäit.

Mä ech mengen awer, datt duerch dat Abezéie vun der Zivilgesellschaft éischtens emol wichteg Iddië mat kënnen erakommen, déi ee soss net huet. Et soll een, wa gutt Iddien do sinn, déi net einfach esou verluer goe loossen; an zweetens, datt et och eigentlech en demokratesche Prozess ass, dee sech hannendru verstoppt, deen ebe mécht, datt mer an Zukunft gréisser Akzeptanz krite bei wichtegen Décisiounen, déi mer musse fir dëst Land huelen.

Här President, ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Ech soen dem Här Bausch Merci fir seng Ausféierungen. D'Wuert huet elo den honorablen Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech mat dem Gros vun deenen Aussoen, déi den Här Bausch elo just gemaach huet, d'accord erklären. Et gëtt wuel kaum e Punkt, dee seng Partei a meng Partei zur Zäit esou verbënnt wéi d'Suerg, wéi mer landesplaneresch d'Zukunft vun eisem Land solle gestalten.

Ech sinn och frou, dass en déi Resolutioun, déi en nach eng Kéier abruecht huet, an de Kontext gesat huet vun hirer Gestehung, well se praktesch Wuert fir Wuert eng Resolutioun erëm gëtt, déi virun $2^1/_2$ Joer, mengen ech, an der Chamber ganz passionéiert diskutéiert ginn ass, wéi et ëm d'Fro gaangen ass, ob een oder ob een net soll en Zukunftskonvent asetze fir déi Froen hei ze diskutéieren an där ganz breeder Form, wéi se deemools abruecht ginn ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech erënneren drun, dass seng Partei a meng Partei deemools dofir waren, déi aner Parteien hei an der Chamber dergéint waren. Dat huet d'Regierung vun deemools zur Konsequenz an zur Konklusioun komme gelooss, dass een d'Zil, wat am Fong hei gefuerdert ginn ass, net soll opginn, mä dass een dat mat anere Moyenë misst versichen ze erreechen an dat hu mer, mengen ech, säitdem an deene leschten $2^1/_2$ Joer erreecht, doduerch dass mer als viregt Regierung eng Etüd an Optrag ginn hunn iwwert den IVL, déi mer am Mäerz vun dësem Joer presentéiert hunn.

Wann een haut d'politesch Rieden héiert, da mengt ee jo den IVL wier eppes wat säit 20 Joer hei zu Lëtzebuerg schonn akzeptéiert wier. Ech erënneren drun, dass mer am Mäerz/Abrëll iwwerhaapt emol déi Etüden an déi grondleeënd Gedanken, déi derhannert stinn, presentéiert hunn, esou dass dee soidisant Konsensus, deen d'ailleurs nach am Detail ze kucken ass, ob deen dann och esou breet besteet, wéi sech ëmmer drop referéiert gëtt, wann et elo ëm d'Konsequenz vun Ëmsetzunge geet.

Mir hunn am Laf vun der leschter Legislatur eng ganz Rei vun aneren Initiative geholl. Mir haten eng Debatt hei an der Chamber iwwert de Logement, wou eng Rei vu politesche Konklusioune gezu si ginn. Mir haten eng Debatt an och e Gesetz iwwert den Développement durable, aus deem eng Rei vu Konsequenzen a Konklusioune gezu si ginn, notamment déi, dass e Rot soll agesat ginn, deen am Fong den Développement durable hei zu Lëtzebuerg sollt begleeden, wou d'Zivilgesellschaft eng breet Plaz sollt kréien an dee sech zum Deel jo och ëm déi Froen an ähnlech Froe wéi déi hei soll bekëmmeren.

Mir haten eng Debatt iwwert d'Immigratioun hei zu Lëtzebuerg no enger Preparatioun, wou eng Rei vu Konklusioune gezu gi sinn. Schlussendlech hate mer eng ganz breet Diskussioun an der Chamber iwwert d'Fro, wéi an Zukunft d'Répartitioun vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemenge soll ausgesinn, wéi also déi zukünfteg administrativ Struktur kéint ausgesinn.

De viregten Innenminister, deen elo Fraktiounspresident ass vun der CSV, deen hat deemools e 14-Punkte-Programm op den Dësch geluecht als Base de discussion fir an d'Diskussioun eranzegoen. Mir haten deemools d'Impressioun wéi wann alleguerten d'Fraktiounen d'accord wieren, dass dat eng Basis kéint sinn op déi een effektiv déi Reorganisatioun vun den administrative Strukture kéint opbauen, well et handelt sech jo net nëmmen ëm d'Gemengen, et handelt sech och ëm d'Fro wéi mer dann déi sechs Planungsregiounen, déi aus dem Gesetz vun 1999 erausgaange sinn, en vigueur kënne setzen. Et geet ëm d'Fro wéi d'Presenz vum Stat an deene Planungsregiounen ausgesäit, och um lokale Plang. Et handelt sech also ëm eng Fro, déi Der richteg doranner beschriwwen hutt, wéi een aus dem 19. Jorhonnert an d'21. Jorhonnert um Niveau vun de Strukture géif kommen.

Mir haten e Wahlkampf entretemps a mir hunn eng Regierungserklärung, déi aus deem Wahlkampf an deene Konklusiounen, déi déi eenzel Parteie gezunn hunn, erauskomm ass. Dofir menge mir net, an dat ass e bëssen dat wat eis net esou eent, dass mer déi Resolutioun, déi virun $2^1/_2$ Joer an engem Kontext vun enger Debatt deemools vu „Lëtzebuerg 700.000", déi à un certain moment riskéiert huet eng exklusiv Rentendebatt ze ginn an déi mer awer net als exklusiv Rentendebatt wollte féieren, dass mer déi an där Form net méi kënnen oprechterhalen, well ganz einfach an deene leschten zwee, dräi Joer extrem vill Aarbechten an deenen eenzelne Segmenter geleescht gi sinn.

Mir mengen éischter, dass et elo drëm geet, wéi een op gutt lëtzebuergesch seet, Neel mat Käpp ze maachen an ze kucken an deenen Domäner, wou eiser Meenung elo genuch diskutéiert ginn ass, wou alles um Dësch läit, wou d'Optiounen um Dësch leien: a, b, c, d praktesch an allen Domäner, dass et dodrëm geet eng Debatt doriwwer ze féieren, wat fir eng Optiounen dass een elo gären hätt.

An dat ass jo déi méi spannend politesch Diskussioun, wann et drëm geet sech elo festzeleeën iergendwann eng Kéier, ob een dann oder ob een net gären hätt, dass een eng Masse critique definéiert bei de Gemengen oder ob een der Meenung ass, dass een an deem System weider soll fueren, deen zu Napoleonszäiten hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn ass. Ob een oder ob een net, fir en anert Beispill ze ginn, Fonds régionaux wëllt schafe fir an deene Planungsregioune Méiglechkeeten ze kréie fir gewësse Kooperatiounen tëschent de Gemengen ze maachen.

Ob mer oder ob mer net um Niveau vun de Méiglechkeeten, déi d'Gemenge solle kréie fir zesummenzeschaffen, iwwert dat wat haut méiglech ass um Niveau vun de Syndicats intercommunaux wëllen erausgoen, fir aner Formes de coopération ze sichen oder ob mer au contraire, wat aner Leit éischter préconiséieren, ophalen nach weider a weider Syndicats intercommunaux ze schafen an ze kucke wéi een d'Kompetenze ka staffelen, fir dass een do zu enger annehmbarer Zuel an och zu enger annehmbarer Orientatioun vun deene Syndikater kënnt.

Mir mengen, dass ee sech muss driwwer ënnerhalen, wat fir eng Moyenë mer de Gemengen an Zukunft ginn, wat fir ee Personal dass mer hinnen zur Verfügung stellen, wat fir eng Qualifikatioun datt d'Personal an Zukunft soll hunn. An aus där ganzer Debatt, a wann een dat ee Punkt nom aneren hélt, kënnt een da selbstverständlech op d'Finanzdiskussioun. Et ass net neutral, jee nodeem wat fir ee Modell dass een hélt zu wat fir enge Konklusiounen, dass ee kënnt um Niveau vun de Finanzen.

Schlussendlech stellt sech dann an deem Kader och déi Diskussioun, déi den Här Klein als President vum Syvicol ganz oft gestallt huet, nämlech déi: Wat fir eng Roll a wat fir eng Fonctioun soll de Politiker an esou enger anerer Organisatioun hunn?

Dofir si mer zur Konklusioun komm, dass mer net wëllen eng Chamberskommissioun schafen oder e Gremium schafen, wou breet nees iwwer alles ugefaange gëtt ze poteren, mam Risiko, dass ee sech d'Lat ze vill héich leet an dass ee sech ze vill virhélt an herno net zu enger Konklusioun kënnt, mä an deem prezisen Domän do vun der Structure administrative, wou alles um Dësch läit, eng Chamberskommissioun schaaft, déi zesumme mam Innenminister an engem Mandat, wat kloer definéiert ass, probéiert Äntwerten ze fannen op déi Froen, déi sech stellen.

Do derniewent, an do ginn ech dem Här Bausch Recht, well jo villes awer matenee spillt, bleift déi Diskussioun ze féieren, déi och an der Regierungserklärung annoncéiert ass a wou mer hoffen, dass déi och elo iergendwann eng Kéier kënnt, nämlech déi wat fir eng politesch Konklusiounen dass mer dann definitiv aus dem IVL zéien. Mir hunn d'Diskussioun gefouert, mä mir mussen awer nach eng Kéier Konklusiounen zéien. An do si mer an der Erwaardung, well mer der Meenung sinn, dass dat éischter eng Initiativ ass, déi d'Regierung muss elo huelen, do si mer also en attente vun der Initiativ, déi d'Regierung hélt, fir dee largen Débat, dee gefrot ginn ass, ze animéiere mat enger politescher Konklusioun, enger definitiver Konklusioun, déi an der Chamber muss gezu ginn.

Do stelle sech déi Froe vun: Wéi wunne mer an Zukunft? Wou schaffe mer an Zukunft? Wéi bewege mer eis an Zukunft? Do sinn Deelaspekter selbstverständlech, déi an déi aner Debatt eriwwerkommen. Et ass net neutral, ob een décidéiert oder ob een net, dass een Industriezonen an Zukunft nëmmen nach op gewëssene Plazen hei zu Lëtzebuerg wëllt usiedelen, dass een also de Gemengen, wann een dat emol esou ka soen, e bësse vun hirer Autonomie individuelle, déi se hunn, ewechhëlt fir dat op en aneren Niveau ze setzen a gemeinsam tëschent der Regierung an de Gemengen ze décidéieren, wou dann an Zukunft Aarbechtsplaze solle kommen, wann ee gären emol e „modal split" vu 25% hätt, fir dass d'Leit den öffentlechen Transport huele fir op hir Aarbecht ze goen oder net.

Eng aner Debatt musse mer och féieren, mä dat ass nach eng politesch Debatt, déi mer musse féieren, dat ass déi: Wat fir eng Konsequenzen zéie mer dann doraus? Wéi gesäit et da mam Eegentumsrecht vun deem Eenzelnen aus, wa mer an der Landesplanung gefrot gi bei Schoulbauten, bei anere Bauten, dass mer Études comparatives maache vun zéng Siten, zwielef Siten, 14 Siten, wou zwee Joer geplangt gëtt, alles dat wat mer gären hätten, an dann herno seet de Propriétaire: „lisse biisse laach en aus!", mä Dir kritt den Terrain net, deen Der braucht, fir dat Ganzt ze maachen. Also stellt sech och d'Fro vum Expropriatiounsgesetz. Mä ech mengen déi Konklusiounen an deem Domän, déi sinn nach net esou wäit, dass ee kann do schonn op engem parlamentareschen oder op engem aneren Niveau definitiv soen, an déi dote Richtung geet et elo oder an déi geet et net.

An do hätte mer gären, dass mer am Fréijoer vum nächste Joer och eng politesch Debatt driwwer féieren, awéiwäit dass mer bereet sinn oder net bereet sinn dann d'Gesetzer an d'Coutumen, déi mer zu Lëtzebuerg eben och säit 200 Joer iwwert de Code civil hunn, eventuell am Intérêt vun der Allgemengheet aneschters ze gestalte fir d'Zukunft. Et sinn also zwee verschidden Niveaux de débat, déi selbstverständlech anenee gräifen. Mir mengen, dass d'Chamber utilement vu leur composition vun alle Säiten, vun alle Borden, vu déi Diskussiounen, déi mer an deene leschte Joren hei zesumme gefouert hunn, à même ass an engem prezisen Domän mat der Regierung zesummen, nämlech dee vun der zukünfteger Ausriichtung vun den administrative Strukturen, Neel mat Käpp ze maachen.

Dat gëtt, an dat weist meng Erfahrung mer, nach komplizéiert genuch fir do zu engem Konsensus ze kommen. An dofir wäre mer frou, wann d'Chamber d'accord wär fir sech op dat doten ze limitéieren, mat deem Auftrag, dee mer der Chamber gäre géife ginn, an och mat där zäitlecher Limite, déi mer gesat hunn, fir dass een no zwee Joer vun der neier Legislatur dann och zesumme mat der Regierung déi legislativ Konsequenze kann zéien, déi noutwendeg si fir déi Décisiounen, déi een da geholl huet, och an d'Praxis ëmzesetzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei gesäit et och esou, datt een déi zwou Motiounen do soll zesummen an an engem Otemzuch diskutéieren, well se sech zum Deel jo iwwerschneiden, woubäi, wéi meng zwee Virriedner et gesot hunn, déi vun deene Gréngen e gutt Stéck méi wäit geet.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt déi Motioun vun deene Grénge vu menger Fraktioun an där leschter Period, an där doter Form, wéi se presentéiert ginn ass - dat ass jo déi éischt Motioun, déi am Kontext um Zukunftsdësch presentéiert gi war -, gestëmmt ginn ass, esou datt mer haut, well se och nëmme punktuell geännert ginn ass, kee Grond gesi fir do dergéint ze stëmmen. Mir leien also do op enger Linn mat eis selwer.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, déi vum Här Wolter, do ass et esou datt mer scho mengen, datt deen Débat iwwert d'Gemengen, iwwert de Fonctionnement vun de Gemengen awer och iwwert d'Strukturen, déi mer eis ginn, fir Gemengen a Regioune kënne fonctionnéieren ze dinn - an den Här Wolter huet hei Modeller opgezielt -, soll stattfannen. Mir mengen allerdéngs, datt mer eis net dorobber sollte konzentréieren an datt een eben net grad ee Volet kann erauspicken, fir do fir d'éischt Konklusiounen ze zéien, déi ëmzesetzen an eben dat isoléiert ze diskutéieren, amplaz kohärent mat anere Politikaspekter kënnen ze kucken op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

Mir hunn eng ganz Rei Debatten déi lescht Jore gefouert iwwert den Développement durable, iwwert d'Immigratioun, etc., etc., wou eng ganz Rei vu Konklusioune gezu si ginn, notamment jo och deen Débat iwwert d'Kompetenzopdeelung tësche Stat a Gemengen, wou 14 Punkten zréckbehale gi sinn. Interessant wier et och, grad wat deen Débat ubelaangt, awer och vläicht och aner Débaten ubelaangt, ze kucken, awéiwäit déi Konklusiounen, déi do gezu si ginn, ëmgesat sinn an awéiwäit se amgaange sinn ëmgesat ze ginn. Soss brauche mer och keng Débaten ze féieren, wa mer net ganz konkret herno déi Konklusiounen, déi mer hei zesumme geholl hunn an déi mer als Recommandatiounen der jeeweileger Regierung mat op de Wee ginn, wa mer déi dann net eescht huelen an an d'Realitéit herno och ëmsetzen.

Mir mengen also, datt eng Diskussioun och iwwert d'Gemenge ka gefouert ginn. Dat soll jo och méiglech sinn am Kontext vun deem Zukunftsdësch, esou datt mer der CSV hirer Motioun an dësem Fall net wäerten zoustëmmen, an dat dann zesumme mat all deenen anere Punkten, déi jo och opgezielt si ginn an der zweeter Motioun, wëllen do mat eran integréieren; déi Punkte wou natierlech den IVL eng wichteg Roll muss spillen. Den IVL, wat eng grouss global Etüd ass, deen eng ganz Rei vun Zeenarien opzeechent, wou mer déi mussen nach eng Kéier diskutéieren an duerno natierlech och kucken, op wat fir eng Zeenarien datt mer wëlle goen an dann och kucken, wéi mer se wëlle goen. Mä déi Diskussioun mengen ech muss fir d'éischt gefouert ginn, op wat fir eng Zeenarien datt mer wëlle goen, ier mer se féieren, wéi mer se wëlle goen, an all déi aner Aspekter vun Integratioun, Aspekter vun eisem soziale System, vun der Ekonomie, vun der Kompetitivitéit, etc., etc., déi sech alleguerten iergendwéi an enger gewëssener Form iwwerschneiden, déi solle mer zesummen op deem Zukunftsdësch do eiser Meenung no diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech hunn elo e bësse mat Erstaunen den Här Meisch gehéiert soen, dass d'DP déi Motioun iwwert de Konvent mat ugeholl hätt. Wa se se ugeholl hätt, da wier dee Konvent jo duerchgaangen, well dann hätt d'DP mat der CSV an deene Gréngen eng Majoritéit an der viregter Chamber gehat. Dat war jo awer net de Fall. Sou dass ech mengen, dat misst een awer geschichtlech redresséieren.

Här President, et gëtt an der Fro vun der Resolutioun vun onse Grénge Kolleegen zwee Problemer. Dat ass ee vum Fong an ee vun der Method. Wat de Fong ugeet, ass et jo esou, dass mer schonn ëmmer probéiert hunn an der Politik ze plangen a prospektiv no vir ze kucken. Et ass scho richteg, dass an den 80er, 90er Joren ënnert dem Androck vun engem grousse Räichtum och ganz kuerzfristeg décidéiert ginn ass. Mä et waren awer ëmmer erëm och Tentativen an Essais transformés, fir d'Zukunft ze plangen.

Ech wëll trotzdeem hei drop hiweisen, dass d'Ëmweltministeren ëmmer erëm probéiert hunn op den Développement durable hinzeweisen. Ech wëll och drop hiweisen, dass d'Gesetz iwwert den Aménagement du territoire, wat d'Basis ass vun deem, wat mer huele fir déi Zukunft ze gestalten, 1999 vum deemolege Landesplanungsminister Alex Bodry no ganz villen Aarbechten duerchbruecht ginn ass. Dat ass also d'Basis haut nach 2004 fir déi Aarbecht.

Ech wëll och drun erënneren, dass d'Transportministeren an der Regierung vun den 90er Joren e Konzept wéi dee vum BTB ausgeschafft hunn. Ech wëll net op de Fong agoen - ech wëll keen hei provozéiere selbstverständlech -, mä si hunn dat Konzept ausgeschafft, wat awer en zukunftsweisend Konzept war fir elo d'Mobilitéit zu Lëtzebuerg ze organiséieren, e bessere „modal split" erauszekréien an dann och eben den Individualverkéier zréckzedrängen. Also, et ass jo net esou wéi wa mer elo bei Null géifen ufänken. Dat ass mol dat Éischt.

Dat Zweet, do wëll ech och soen, dass mer jo awer eng Hällewull vun Zukunftsdebatten haten an och nach ëmmer hunn an an Zukunft wäerte weider hunn. A wann ech déi alleguerte kucken, da muss ech soen, da sinn d'Lëtzebuerger Gesellschaft an déi aktiv Leit an der Lëtzebuerger Gesellschaft wierklech ganz vill beansprucht.

Loosse mer mol e puer Saachen eraushuelen. De Rapport Fontagné ass viru véierzéng Deeg erauskomm. Dat gëtt eng risen Diskussioun zu Lëtzebuerg. Dat gëtt et an der Tripartite, dat gëtt et héchstwahrscheinlech och hei an der Chamber. Mir hunn also do en Instrument, wat scho ganz vill bréngt.

Mir hunn natierlech an der leschter Legislatur déi verschidde Plans sectoriels vum Aménagement du territoire diskutéiert. Den IVL ass ons hei virgestallt ginn, dee jo och, wéi et gesot ginn ass, d'Basis vu villen Iwwerleeungen ass. Mir haten en éischte PISA-Débat. Mir kréien elo en zweete PISA-Débat iwwert d'Schoul. Mir hu schonn iwwert d'Gemenge geschwat, den Aménagement communal. Den Här Schank huet e grouss ugeluechte Rapport an der zoustänneger Kommissioun gemaach. Mir haten e groussen Débat an eng laang Aarbecht mat der Société civile iwwert d'Immigratioun. Den Här Glesener huet dat pilotéiert. Mir hunn iwwert den Développement durable geschwat. Den Här Calmes, President vun der Kommissioun, war de Rapporteur an huet e ganz décke Rapport ofgeschloss, a mir hunn dozou e Gesetz gemaach.

Vun alle Säite sinn Iwwerleeunge komm a sinn elo Zukunftsgestaltungspropositioune komm, déi diskutéiert gi sinn. Dann ass et och esou, dass mer an der Regierungserklärung jo awer probéiert hu fir eng Partie Akzenter ze setzen an dass mer villes, och wat mer bei dësem Budget diskutéiert hunn, an eng Moderniséierungsdebatt ageschriwwen hunn.

Wat ech also wëll soen, quant au fond, dat ass dass mer awer säit enger Partie Joren trotz allen Onzoulänglechkeeten an trotz allen - Wéi soll ech soen? - Mesuren, déi oft à court terme waren, probéiert hunn dat an e Kader ze setzen, deen op d'Zukunft hiweist.

Ech hu jo do eigentlech - Wéi soll ech soen? - elo keng virgefaasste Meenung. Ech war en Deel vun där Zäit an der Oppositioun. Ech war och en Deel vun där Zäit an der Majoritéit. Ech war en Deel zu Lëtzebuerg an ech war en Deel am Ausland. Mä ech hunn awer ëmmer constatéiert, esou wéi ech d'Lëtzebuerger Politik konnt suivéieren, dass probéiert ginn ass awer d'Zukunft ze preparéieren. Dat war sougutt an der Tripartite wéi am Conseil économique et social, wéi an de Chambres professionelles, wéi an enger ganzer Partie Gremien ass dat andauernd gaangen. Dofir muss ech soen, quant au fond kann ee vläicht bedaueren, dass déi verschidde Secteuren heiansdo niewentenee geschafft hunn. Mä ëmmer méi huet sech awer och d'Iddi duerchgesat, dass een dat soll vernetzen, dass een dat zesumme soll bréngen. Dat ass wat de Fong ugeet. Ech mengen also, dass mer schonn Elementer vun enger Zukunftsdebatt zu Lëtzebuerg hunn.

Dann, wat d'Method ugeet. An der viregter Legislatur war ech net fir dee Konvent. Ech hunn zwar um europäesche Plang un zwee Konventer Deel geholl; dat war ganz interessant an do ass och vill dobäi erauskomm. Ech muss awer soen, dass ech dee Konzept vu Konvent, esou wéi en och elo hei an der Resolutioun vun onse grénge Kolleege steet, e relativ schwammege Begréff fannen. Ech weess net, wéi dat do kënnt fonctionnéieren. Et gëtt wuel gesot, et soll ënnert der Egide vum President vun der Chamber sinn an ënnert dem Patronage och vun der Chamber. Mä esou wéi ech et verstanen hunn an der Resolutioun vun de Kolleege vun der grénger Fraktioun, soll et jo eng aner Institutioun ginn. Et soll eng Institutioun ginn niewent der Chamber, quitte dass d'Chamber déi eventuell pilotéiert…

(Interruption)

Här Bausch, an Ärem Text gëtt gesot: «(…) décide d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg sous le patronage du Président de la Chambre des Députés et fonctionnant sous l'égide de la Chambre des Députés». An da ginn an dee Konvent conviéiert d'Forces vives de la nation, les acteurs représentatifs de l'ensemble des intérêts et des aspirations de la société civile. Convier heescht, dass se Member gi vun deem Konvent an dass se also an enger Institutioun, déi…

(Interruption)

Jo, d'accord. Mä mäi Punkt ass jo dee vun der Institutioun, déi mer niewent d'Chamber setzen, quitte dass…

(Interruption)

Also, e Konvent, dee mer schafen, esou wéi een…

(Interruption)

E Konvent, Här President, wéi ech e gesinn a wéi ech en och 2002 verstanen hunn, souguer dee Konvent, Här President, deen Dir deemools matgedroen hutt, ass fir mech eng Institutioun niewent der Chamber. Dofir sinn ech der Meenung, dass - mir sinn hei an engem Parlament, also enger representativer Demokratie - mer solle mat deenen Instrumenter schaffen, déi mer an dëser Chamber hunn, an dat sinn Instrumenter wéi Kommissiounen an zum Beispill, wa mer wëllen dann eppes maachen, wat e bëssen iwwert d'sektoriell Kommissiounen erausgeet, wat méi horizontal Problemer ugeet solle mer dat dann also an enger Commission spéciale maachen, wou dann d'Propositioun eben och do deementspriechend vun de Fraktioune soll festgeluecht ginn a wou soll d'Méiglechkeet bestoen d'Société civile, d'Acteurs économiques et sociaux, alleguerten déi Leit, déi en Input do kënne maachen, do eran ze kréien.

De wesentleche Punkt fir mech ass dann dobäi, dass dee Konvent e preziist Mandat kritt. Dat Mandat, Här President, dat ons gréng Kolleegen dem Konvent ginn, ass fir ons vill ze vill breet a riskéiert, dass keng prezis politesch Recommandatiounen erauskommen. Well dat ass deen anere Punkt, dee mer wichtegt schéngt, e preziist Mandat, eng prezis Dauer an herno prezis politesch Décisiounen. Wa mer déi am Konsens erauskréien tant mieux, wa mer se net am Konsens erauskréien, da musse mer dat dann ebe politesch ausdroen.

Dat ass och, firwat dass mer déi Resolutioun vum Här Wolter mat droen, well mer der Meenung sinn, dass ee sech soll an där Commission spéciale, déi mer proposéieren, op e preziist Mandat limitéieren, dass mer och gären hätten, dass den zoustännege Minister en Input doranner mécht an dass mer iwwert déi Saachen an där Kommissioun da sollen diskutéieren. Nach eng Kéier, dat hu mer ëmmer hei gesot, mat der Participatioun vun all deene Leit aus der Société civile, aus dem Milieu associatif, aus de Milieux économique et social, déi do kënnen en Input maachen.

Deen Objet, deen hei an der Resolutioun vun der Majoritéit duergeluecht ginn ass, ass jo natierlech dee vun der Structure territoriale, vun der Manéier wéi mer onst Land administrativ kënnen organiséieren, wéi mer den Aménagement du territoire ëmsetze kënnen an onse Regiounen, wéi mer déi Regioune fonctionnéiere loossen a wéi d'Gemengen an deene Regioune kënne fonctionnéieren. Ech soen Iech, ech si scho laang hei an der Stad Lëtzebuerg am Gemengerot, ech kennen d'Problemer vun der Stad an ech kennen och d'Problemer am Zesummenhank vun der Agglomeratioun vun der Stad, an ech mengen an aneren Deeler vum Land gëtt et ähnlech Problemer an duerfir solle mer déi Commission spéciale grënnen, wou mer dat do kënnen ugoen.

Wéi gesot, nach eng Kéier, breet op no baussen ass absolut onse Wonsch, mä awer an där Logik an där mir hei am Parlament sinn, nämlech an der Logik vun enger Commission spéciale mat de Forces politiques, déi hei an der Chamber och vun dobausse legitiméiert sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den Här Gibéryen huet elo d'Wuert an duerno den Här Meisch nach eng Kéier.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Et sinn zwee Joer hier, do hate mer schonn eng Kéier déi Diskussioun iwwert den Zukunftskonvent, wou d'Chamber deemools eng Resolutioun hei ugeholl huet an déi awer herno net ëmgesat ginn ass, well d'Presidentekonferenz - déi ass deemools doweinst vill geschleeft ginn - an hirer Majoritéit keng Majoritéit krut fir ze kucke wéi dann déi Resolutioun sollt an der Praxis hei an der Chamber ëmgesat ginn. Duerno ass se du roue gelooss ginn. Si war vum Dësch an elo no de Wahle kommen dann eis Kolleege vun der grénger Fraktioun a bréngen dann déiselwecht liicht moduléiert Resolutioun nach eng Kéier hei an d'Chamber eran. Dat ass hiert gutt Recht fir dat ze maachen, mä et weess och jiddereen, firwat datt dat gemaach gëtt.

Et ass ëmmer flott, wann een eng nei Regierung huet an et kuckt een dann emol gäre wéi et haut ausgesäit, wann ee weess datt dat ee Punkt war wou an der leschter Legislaturperiod jo awer koalitiounsintern driwwer gestridde ginn ass. Et wousst een, datt d'CSV deemools derfir war, d'Sozialiste waren dergéint, d'Demokrate waren och derfir - zwar waren se net alleguer derfir -, mir waren derfir, an der Presidentekonferenz dergéint, also et koumen all Variatiounen, déi ee sech konnt sichen, do bei där Resolutioun vu virun $2^1/_2$ Joer eraus.

Duerfir hunn eis gréng Kolleege sech geduecht, da loosse mer elo emol kucken, elo sinn d'Wahlen erëm, wéi et dann elo haut ausgesäit, ob mer et elo nach eng Kéier fäerdeg bréngen, fir datt elo déi ganz Chamber d'ënnescht d'iewescht geet an hin- an hiergeet a wat fir ee Resultat dann do erauskënnt. An duerfir hu mer dunn och eng zweet Resolutioun kritt, nämlech déi vum Kolleeg Wolter, well deen eben elo net kann aus duerchsiichtege Grënn vis-à-vis vum Koalitiounspartner, dee jo deemools géint déi Resolutioun war, verlaangen, datt de Koalitiounspartner soll elo op eemol domat d'accord sinn. Dann huet ebe missen eppes Neies erfonnt ginn an dat ass déi Resolutioun, déi den Här Wolter dann elo hei erabruecht huet.

A Wierklechkeet sinn ech iwwerzeegt, datt weder déi eng nach déi aner onbedéngt wëllen, datt esou eppes soll hei geschéien, mä déi eng bréngen eng Resolutioun era fir ze kucken, wat d'Majoritéit mécht, an d'Majoritéit bréngt eng era fir eben net brauchen déi vun de grénge Kolleegen unzehuelen. Ech fäerte ganz, dat heite gëtt e weideren Akt an deem Theaterstéck, wat elo schonn $2^1/_2$ Joer hei an der Chamber leeft.

Mir hate Wahlen, Här President. An de Wahlen huet all Partei sech iwwert d'Zukunft ausgeschwat a mir hunn elo eng Regierung, déi huet ee Koalitiounsprogramm, a mir sinn der Meenung, datt et besser wär mir géifen zu der Regierung soe si soll elo emol regéieren a si soll eis hir Iddië bréngen, wéi se d'Zukunft vum Land wëllt gestalten.

Mir hunn an där leschter Legislaturperiod, wa mer dat géifen hei openeen tässelen, wat mir un Dokumenter zesummegeluecht hunn an deene verschiddenste Kommissiounen, an den Här Wolter huet der eng ganz Rei opgezielt, den Här Meisch huet se nach komplettéiert an den Här Fayot huet se nach eng Kéier komplettéiert - de Marcel Glesener wénkt dohanne mam Kapp; jo, hie war selwer President vun enger Kommissioun, déi praktesch all Mënsch, deen am Land war, ech menge just d'Massendénger vun der Kathedral, déi waren net geruff ginn, mä soss ass praktesch alles wat iergendwéi am Land war invitéiert ginn an déi Kommissioun a konnt matschwätzen -, méi Dokumenter wéi hei dat Pult hei héich ass. Dat sinn alles Dokumenter, déi mer an der leschter Legislaturperiod an deene Spezialkommissiounen, wou et ëm d'Zukunftsvisioune goung, zesummegesammelt hunn. Mir hu méi Visioune schonn zesummegesammelt, wéi mer der jeemools kënnen ëmsetzen.

Duerfir soe mir als ADR ganz kloer, dat hei soll een elo net maachen. Et sollt ee vun der Regierung verlaangen, mir hunn Dokumenter genuch, si soll elo ufänke mat regéieren. Wa mer dat heite maachen, da geet d'Regierung elo hin an dat dauert zwee Joer bis mer hei eppes erauskréien, wa mer eppes erauskréien, an dann hu mer erëm ee Meter Pabeier weider an déi zwee Joer seet d'Regierung: Majo mer

waarden emol, d'Parlament ass jo amgaangen erëm en Dokument ze erstellen a mir waarden emol of wat do bei deem Dokument erauskënnt, ier mer Propositiounen an Décisiounen huelen.

Mir verléieren also heimadder erëm zwee Joer. Et sinn elo schonn zweeanenhalleft hannerun eis. Dat geet genausou virun a mir sinn an zwee Joer net méi gescheit an deem Dokument wéi mer et haut sinn. Duerfir proposéiere mir, d'Chamber soll déi zwou Resolutiounen ad acta leeën an d'Regierung soll zur Aarbecht iwwergoen. Mir stëmme keng vun deenen zwou.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Meisch huet d'Wuert nach gefrot.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just, datt ech dem Här Fayot nach mat op de Wee gi wien deemools viru gutt zwee Joer hei am Haus wéi gestëmmt hat a wat fir eng Motioun diskutéiert an zum Vote komm ass.

Do gëtt et zwee Pabeieren, eng Motioun an eng Resolutioun. Eng Motioun ass hei déposéiert ginn den 19. Dezember 2000. Déi dréit d'Ënnerschréft vun eisem deemolege Fraktiounspresident, dem Jean-Paul Rippinger. Eng Resolutioun ass hei déposéiert ginn de 15. Mee 2002. Déi dréit d'Ënnerschréft vun eisem Kolleeg, dem Gusty Graas. Mir sinn dann och de 15. Mee zum Vote komm iwwert deen doten Text an deen ass gestëmmt gi mat enger klorer Majoritéit vun 43 Jo-Stëmmen, 16 Abstentiounen an enger Nee-Stëmm.

Et hunn ënner anerem fir d'Demokratesch Partei hei matgestëmmt mat Jo: d'Simone Beissel, de Jeannot Belling, de Xavier Bettel, den Niki Bettendorf, d'Agny Durdu, de Gusty Graas, de Paul Helminger, den Alexandre Krieps, meng Wéinegkeet, d'Maggy Nagel, de Jean-Paul Rippinger, de Marco Schroell, de John Schummer an den Théo Stendebach, dee war déi Zäit och nach bei eis. Dat wollt ech just zur Berichtegung hei matdeelen.

Merci, Här President.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et waren der dach fofzéng deemools.

Une voix.- Dat waren der méi wéi Dir haut.

M. Henri Grethen *(DP).*- Tjo, domm gaang, ne?

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote.

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Bausch abruecht huet. Här Bausch, ech ginn dovun aus, dass Der e Vote électronique frot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Jo.

M. le Président.- Da maache mer dat.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun vum Här Bausch ass ofgelehnt mat 43 Nee-Stëmmen, bei 16 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Am Fréijoer reeche mer erëm eng an.

(Hilarité)

M. le Président.- Da komme mer elo zur Resolutioun, déi den Här Michel Wolter abruecht huet. Ech denken, dass och hei de Vote électronique verlaangt ass!

Plusieurs voix.- Neen.

M. le Président.- Här Wolter, ass de Vote électronique verlaangt bei Ärer Resolutioun?

M. Michel Wolter *(CSV), auteur.*- Ech verlaangen deen net.

M. le Président.- Wie verlaangt de Vote électronique?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Mir.

M. le Président.- Am Eescht, Här Bausch?

Plusieurs voix.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Soss hu mer an zwee Joer jo näischt ze diskutéieren.

M. le Président.- Da maache mer de Vote électronique.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun vum Här Wolter ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, bei 22 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Domadder ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen dann zur Motioun an zur Diskussioun vun der Motioun, déi den honorabelen Här Jaerling abruecht huet, iwwert de Wielerpass. Dem Auteur vun der Motioun an de Fraktioune sti jeeweils fënnef Minutte Riedezäit zur Verfügung an et sinn ageschriwwe bis elo: den Här Grethen an den Här Fayot. Den Auteur vun der Motioun, den Här Jaerling, huet elo d'Wuert.

6. Motion de M. Aly Jaerling relative au carnet électoral

M. Aly Jaerling *(ADR), auteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, säitdeem vum 28. am Chrëschtmount 1995 un d'Gesetz a Kraaft ass, wou och Netlëtzebuerger kënnen dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht bei Gemengen- an Europawahle beusproochen, hu vill Leit dëse politeschen Integratiounswee ageschloen. Bal all Gemengen am Land hunn iwwer hir konsultativ Auslännerkommissioun d'Initiativ ergraff fir Netlëtzebuerger dozou ze bewegen, sech als Wieler anzeschreiwen.

Säit dat Gesetz besteet, hu mir och als ADR matgehollef fir dës Aschreiwunge virunzedreiwen, ze vereinfachen, awer och fir se op iergendeng Aart a Weis, a sief et och nëmme symbolesch, unzeerkennen, awer och opzewäerten. Mir hu leider festgestallt, dass meeschtens no der Aschreiwung an der éischter méiglecher Participatioun u Wahle kee Suivi besteet an e Vide entsteet, an deem den neie Wieler meeschtens sech selwer iwwerlooss ass.

Hei feelt et oft un der néideger Instruction civique iwwer eise Wahlsystem, awer och iwwert d'Importenz vu fräie Wahlen, déi hei am Land jo esou fräi net sinn, well och déi, déi sech fräiwëlleg aschreiwen, musse wiele goen. Dat ass hinne ganz oft net bewosst, esou wéi hinne sécherlech och net bewosst ass, datt si sech strofbar maachen, wa se net wiele ginn, esou wéi och net bekannt ass wéi vill vun deene Leit, déi sech ageschriwwen hunn hei am Land, dann och effektiv wiele waren. An Esch waren dat der vun iwwer 2.000, déi ageschriwwe ware bei den Europawahlen, just 558, déi effektiv wiele waren. Et gesäit een, dass do e klenge Malaise besteet.

Dofir si mer als ADR der Meenung, datt et net duergeet fir d'Leit nëmmen zur Aschreiwung als Wieler ze motivéieren, mä mir musse se och no der Aschreiwung betreien an hinnen déi néideg Informatioune ginn, fir aus hinnen aviséiert Wieler ze maachen, fir dass se net virun de Wahlen als Spillball vun de Parteie benotzt kënne ginn.

Säit 1996, wou d'Gesetz iwwert dat passiivt an dat aktiivt Wahlrecht fir Netlëtzebuerger a Kraaft getratt ass, hu mer als ADR probéiert dëse Vide ze fëllen andeem mer, besonnesch an der Escher Gemeng zum Beispill, versicht hunn de Wielerpass erëm anzeféieren, deen de jonke Lëtzebuerger Wieler virun hirer éischter Wahlbedeelegung eng Zäit laang och ausgestallt gi war an och a verschiddene Gemenge souguer elo nach ausgestallt gëtt. Dëse Wielerpass, deen an enger extraer Zeremonie iwwerreecht gouf, ass awer no enger gewësser Zäit wéinst Mangel un Interesse vun deene Betraffenen net méi ausgestallt ginn.

Et muss een awer dozou och soen, datt vu Säite vun de Gemengeverantwortlechen och net vill Ustrengunge gemaach goufe fir d'Wichtegkeet vun esou engem Wielerpass ze ënnersträichen. No aacht Joer intensive Motivatiounsversich vum ADR hunn déi Escher Gemengeverantwortlech dann dëst Joer endlech agesinn, datt de Wielerpass awer wichteg ass an de Gemengerot huet décidéiert en erëm anzeféieren. Leider wëllt de Schäfferot en awer nëmmen aféiere fir déi Netlëtzebuerger Wieler, wat mer net verstoen an och net akzeptéiere kënnen.

Eist Zil als ADR ass et mat der Ausstellung vun engem Wielerpass un all nei Wieler, also och un déi jonk Lëtzebuerger, déi fir d'éischt wiele ginn, ze ënnermaueren, datt all Wieler gläich sinn an datt déi éischt Participatioun bei de Wahlen eng wichteg Etapp an hirem Liewen ass: fir déi jonk Lëtzebuerger, well se fir d'éischt um demokratesche Liewen aktiv deelhuele kënnen, fir déi nei ageschriwwen Netlëtzebuerger Wieler, well et deen éischte Schratt ass an eng nei Etapp vun Integratioun. Et soll eng Opwäertung si vun hirer Bedeelegung un der Matbestëmmung an hirem direkten Ëmfeld.

Här President, dat wat an der Escher Gemeng méiglech ass, muss och um nationale Plang méiglech sinn an esou e Wielerpass kréich fir déi betraffe Leit nach méi eng Valeur, wann en zum Beispill vum Intérieur géif ausgestallt gi fir all neie Wieler an awer vun de Gemenge kënnt an enger extraer Zeremonie iwwerreecht ginn. Dat misst awer onbedéngt verbonne si mat Opklärung an Instruktioun iwwer eise Wahlsystem an d'Wichtegkeet vun den demokratesche Spillregelen an enger fräier Demokratie.

Dofir, Här President, hat ech schonn an der leschter Legislaturperiod eng Motioun agereecht fir e Wielerpass anzeféieren, déi leider verworf gouf. Mä genau wéi an der Escher Gemeng, wou ech aacht Joer gebraucht hunn an do Erfolleg hat, ginn ech och hei d'Hoffnung net op an ech hoffen, dass ech haut d'Parlament hei iwwerzeegt kréien, datt elo de Moment komm ass fir esou ee Wielerpass landeswäit anzeféieren an datt mer d'Regierung kënnen domadder beoptragen, dat nach virun de Gemengewahlen d'nächst Joer ze verwierklechen.

Wa mer gären hätten, datt ëmmer méi Leit sech iwwert déi méiglech Weeër, wéi Naturalisatioun, wat mir jo als ADR am léifsten hätten, respektiv iwwert d'Aschreiwen op d'Wielerlëschte wëllen integréieren, da musse mer och all Integratiounsgeste net nëmmen unerkennen, mä och op iergendeng Aart a Weis belounen. D'Unerkennung an d'Belounung sinn déi bescht Motivatiounsinstrumenter, besonnesch am Beräich vun der Integratioun.

Dofir, Här President, hoffen ech, dass all Volleksvertrieder heibanne mat op dee Wee geet an dass mer kënnen de Wielerpass aféiere fir all nei Wieler.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als éischte Riedner ass den Här Grethen agedroen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Jo, Här President, ech hunn e ganz schlecht Gefill bei dëser Motioun. Ech hunn e schlecht Gefill, well ech ee vun deene sinn, déi an de 70er Joren zu Esch e Carnet de l'électeur kruten.

Wéi dat richteg zu Esch war, war en an enger schéiner rouder Faarf, vun enger rouder Koalitioun an dat huet mech fatal erënnert un dat, wat besonnesch an den Ostblockstaten, mä awer och hei zu Lëtzebuerg an eenzelne Parteie war, an der sou genannter kommunistescher Partei, wou praktesch, wéi bei enger Daffeier, een dann op eemol d'Parteikaart iwwerreecht kritt huet. Ech kann also, well ech un all dat denken, wann ech esou eng Propositioun gemaach kréien, net domat d'accord sinn. Ech weess, dass d'Gemeng Esch et ofgeschaffen huet, aus guddem Grond, well et huet herno ausgeaart an eng Propagandaaktioun fir déi, déi zoufälleg am Schäfferot waren, déi dann an enger Feier…

(Interruption)

…dat iwwerreecht hunn. Duerfir, wann eenzel Gemengen dat wëlle maachen, wann den Escher Gemengerot dat erëm décidéiert huet, grand bien leur fasse, mä ech mengen awer, dass mir hei an der Chamber esou eng Motioun net sollte stëmmen.

An dann, Här President, wollt ech bei därselwechter Geleeënheet ënnersträichen, dass ech och e bëssen irritéiert sinn iwwert d'Wuertwahl, wann ech mech däerf esou ausdrécken. Ech sinn net Volleksvertrieder, ech sinn Deputéierten. Ech sinn net an der Vollekskummer oder an der Volleksvertriederkummer, ech sinn an der Chamber an ech géif einfach d'Suggestioun maachen, dass eise Greffier oder de Büro, ech weess net wien, sech soll emol drëm këmmeren, dass mer dann, wann onbedéngt sollten elo Stacklëtzebuerger Wierder gebraucht ginn, kucken, wéi dat am 19. Jorhonnert, wéi dëst Haus fir d'éischt zesummegetrueden ass, genannt ginn ass op lëtzebuergesch.

Wa mer do eppes fannen, oder beim Här Spoo nokucken, wéi hien a senger éischter Ried dat genannt huet, well bis dohinner ass jo franséisch geschwat ginn hei an der Chamber - wat eng excellent Saach war -, da kéinte mer eis vläicht dorobber baséiere fir Wierder ze fannen, déi een net all Kéier muss och nach deenen anere Leit iwwersetzen.

Une voix.- Wéi se am Heemount…

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Grethen. De Greffe wäert iwwer Är Suggestiounen nodenken an Iech iergendwann d'Resultat vu sengen Iwwerleeungen zoukomme loossen. Dann ass als nächste Riedner den Här Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, den Här Jaerling huet eng Partie Iddië virbruecht, déi ech kann deelen. Dass et interessant ass fir de Leit, déi sech nei aschreiwen, eng Partie Informatiounen ze ginn a fir dat dann och ënnert der Form vun enger Broschür oder engem Bichelchen oder esou ze maachen, do ass sécher nach ganz vill ze maachen.

Mir mengen awer, dass déi eenzel Gemenge sollen d'Initiativ dofir huelen an och dann d'Form sichen, déi déi bescht an déi objektiivst ass, fir eben d'Leit ze informéieren. An dofir si mer der Meenung, dass dat do net eng Aarbecht vum Stat ass, deen dat soll vun uewen erof maachen, mä dass d'Gemengen op hirem Niveau déi Responsabilitéit hunn. Et ass déi lescht Deeg a Wochen hei vill vun - Wéi ass dat genannt ginn? - „top down", also vun uewen erof geschwat ginn. Ech sinn éischter der Meenung, dass een dat soll „bottom up" maachen, dat heescht vun ënnen erop, dass d'Gemengen d'Responsabilitéit sollen huelen - fir mol gutt Lëtzebuerger Ausdréck hei ze gebrauchen.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Wa soss keng Wuertmeldung méi do ass, da ginn ech dem Här Innenminister d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Merci, Här President. Ech hu mat vill Spannung där Diskussioun hei nogelauschtert an d'Konklusioune sinn déi, déi ech mer och selwer gemaach hunn, dass ech der Meenung sinn, dass dee System, dee mer hei am Land hunn, sech bewäert huet. Ech erkenne keng Defizitter, sou wéi et elo fonctionnéiert, dass een op Wahllëschten agedroe gëtt, dass een d'Convocatioun heem kritt an dass een dann do déi Informatiounen iwwert de Wahlsystem hei zu Lëtzebuerg fënnt. Ech gesinn also heiran nëmmen e groussen administrativen Opwand ouni vill Plus-value. A wann et drëm geet fir eng optimal Informatioun vun allen neie Wieler ze kréien - och wann den Här Grethen vläicht Problemer hat mat de Faarwe vun de Päss, ob déi elo schwaarz, rout, gréng oder blo sinn -, wëll ech hinnen awer déi Initiativen, déi verschidde Gemengepäpp haten - wou ech weess, déi Diddelenger hate mol esou Iddië wéi déi Escher, déi Péitenger, déi Déifferdenger an esou weider -, nach gäre weider loossen, esou dass ech géing mengen, d'Chamber sollt effektiv dësem Wee vun engem Wielerpass net follegen a soll alles beim Ale loossen.

M. le Président.- Gutt, den Här Jaerling nach eng Kéier.

M. Aly Jaerling *(ADR), auteur.*- Bon, Här President, ech hat mer jo dat do e bëssen erwaart, mä ech sinn awer der Meenung - an ech hunn hei d'Beispill vun Esch ginn, dass vun 2.000 Wieler der nëmme 558 wiele waren, an dat ass jo dee beschte Beweis -, dass nach e Manktem do ass un Informatioun an dass et net nëmmen duergeet, dass een elo kuerz virun de Wahlen einfach de Leit e Wahlziedel zoustellt mat Informatiounen drop, déi esou kleng geschriwwe sinn, dass een eng Lupp brauch fir se ze liesen.

Ech menge fir deen Informatiounsbedarf awer nach auszegläichen, wier awer nach e Besoin do an et wier net un de Gemengen, mä un der Regierung an och un der Chamber, déi d'Wahlgesetzer stëmmen, fir dofir ze suergen, dass déi Leit déi néideg Informatioune kréien. An näischt verhënnert dat an engem Kader ze maachen, wou déi Leit opgewäert ginn a wou déi Lëtzebuerger Wieler an déi Netlëtzebuerger Wieler - dat ass nämlech den Haaptgedanken - zesummebruecht ginn, fir ze beweisen dass si gläich Wieler sinn. Dat ass den Haaptgedanken.

An ech hat och net den Androck, dass an der Escher Gemeng dee Wielerpass agefouert ginn ass, fir dass de Schäfferot sech kënnt profiléieren. Dat ass net wouer. Dat ass duerchdiskutéiert ginn an do ass kloer gemaach ginn, dass dat d'Auslännerkommissioun mécht, wou d'Auslänner mat derbäi sinn, dass also och dat eng falsch Interpretatioun ass an dass een dat och kann anescht maachen. An dofir soen ech, ech bedaueren hei einfach dass d'Chamber net mat op dee Wee wëll goen, mä da soll d'Regierung awer wéinstens dofir suergen, dass déi Informatiounen, déi d'Leit brauchen…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert dem Här Jaerling no.

M. Aly Jaerling *(ADR), auteur.*- …, net nëmmen d'Netlëtzebuerger, mä och d'Lëtzebuerger, fir aviséiert Wieler ze ginn, se déi dann och solle kréien.

M. le Président.- Ech mengen et ass elo alles gesot zu dëser Motioun. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

Vote

Kënne mer dat par main levée maachen?

(Assentiment)

Ech gesinn, et ass kee Vote électronique gefrot. Wien d'accord ass mat dëser Motioun, deen hieft d'Hand. Ech gesi véier Jo-Stëmmen.

Wien ass dergéint?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Kleng, awer reng!

(Hilarité)

M. le Président.- Ech mengen do hätte mer eng iwwerwältegend Majoritéit, déi dergéint wier, an deementspriechend ass déi Motioun ofgelehnt.

(Interruptions diverses)

Très bien, d'Motioun ass awer nach ëmmer ofgelehnt.

7. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen un d'Enn vun dëser Sitzung. Ech wollt lech matdeelen, wat déi parlamentaresch Aarbechte vun der nächster Woch ubelaangt, do huet d'Presidentekonferenz Folgendes virzeschloen.

D'Chamber siégéiert den nächsten Dënschden, de 14. Dezember, um dräi Auer an e Mëttwoch, de 15. Dezember, moies um hallwer néng an nomëttes um dräi, an net um hallwer dräi wéi normal, mä eréischt um dräi Auer.

Um Ordre du jour stinn den Dënschden:

1. de Projet 5327 iwwert de Protokoll vu Kyoto, nom Modell 2;

2. de Projet de loi 5406 iwwert d'Intervention policière transfrontalière, nom Modell 1, an

3. de Projet 5391 iwwert d'TVAs-Gesetz, och nom Modell 1.

E Mëttwoch:

1. de Projet de loi 5399 iwwert de soziale Mindestloun, nom Modell 1;

2. de Projet de loi 5401 iwwert den Ajustement vun de Renten an de Pensiounen, nom Modell 1;

3. de Projet iwwert de Code des assurances sociales, nom Modell 1;

4. de Projet de loi iwwert d'Établissements hospitaliers, nom Modell 1, an dann och nach

5. d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.19 heures)

MARDI, 14 DÉCEMBRE 2004 — 14E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Composition des commissions parlementaires
3. Ordre du jour
4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP relative aux problèmes rencontrés par les communes lors de l'application de la loi concernant l'aménagement communal et le développement urbain

   (Discussion générale)
5. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

   (Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale)
6. Ordre du jour
7. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

   (Discussion générale - suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix.- Neen, Här President.

M. le Président.- Ech huelen Akt dovunner.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. **5415** - Projet de loi relative aux abus de marché, portant transposition de

- la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché),

- la directive 2003/124/CE de la Commission du 22 décembre 2003 portant modalités d'application de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne la définition et la publication des informations privilégiées et la définition des manipulations de marché,

- la directive 2003/125/CE de la Commission du 22 décembre 2003 portant modalités d'application de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne la présentation équitable des recommandations d'investissement et la mention des conflits d'intérêts,

- la directive 2004/72/CE de la Commission du 29 avril 2004 portant modalités d'application de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne les pratiques de marché admises, la définition de l'information privilégiée pour les instruments dérivés sur produits de base, l'établissement de listes d'initiés, la déclaration des opérations effectuées par les personnes exerçant des responsabilités dirigeantes et la notification des transactions suspectes.

Dépôt: M. le Ministre du Trésor et du Budget, le 09.12.2004

2. **5416** - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 09.12.2004

3. **5417** - Projet de loi portant approbation de la Décision des Représentants des Gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil du 28 avril 2004 concernant les privilèges et immunités accordés à ATHENA

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 09.12.2004

4. **5418** - Projet de règlement grand-ducal autorisant le Gouvernement à mettre en oeuvre des travaux extraordinaires d'intérêt général au cours de l'année 2005

Dépôt, à la demande de M. le Ministre du Travail et de l'Emploi, le 09.12.2004

5. **5419** - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte anti-tabac, faite à Genève, le 21 mai 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.12.2004

6. **5420** - Projet de loi portant abrogation des lois codifiées au sein du Code du travail

Dépôt: M. le Ministre du Travail et de l'Emploi, le 10.12.2004

2. Composition des commissions parlementaires

Dann hu mer eng Matdeelung vum ADR wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt. Do huet d'Presidentekonferenz sech mam Virschlag vun der Fraktioun vum ADR averstanen erkläert, datt den Här Robert Mehlen de Volet „Culture" innerhalb vun der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture iwwerhëlt.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

3. Ordre du jour

Da komme mer zum Ordre du jour vun haut. En Ordre du jour, dee mer um Enn vun der leschter Sitzung ofgeseent haten, mä zu deem, wann ech dat richteg gesinn, den Här Calmes wëllt eng Remarque maachen, an den Här Jaerling och. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).*- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Dezember vun dësem Joer hat eise Fraktiounschef, den Här Grethen, e Bréif un lech, Här President, geschriwwen. An deem Bréif stoung dann dran, datt mer eng Heure d'actualité wollten hunn an der Woch vum 7. bis zum 9. Dezember an, falls dat net géif goen, dann eben an dëser Woch, wou mer da gären hätten, datt hei d'Problemer géifen diskutéiert ginn, déi d'Gemenge begéine bei der Uwendung vun deem neie Gesetz vum August vun dësem Joer iwwert den Aménagement communal. Or, mir fannen dat um Ordre du jour hei net zréck, obschonn d'Reglement dat a sech awer esou virgesäit, just mat där Ausnahm, datt d'Conférence des Présidents dat dann op en aneren Dag géif verréckelen. Or, dat ass mengem Wëssen no bis well nach net geschitt.

Wa mer gären hei iwwert d'Problemer diskutéieren, déi d'Gemengen awer och d'Architektebüroen oder privat Leit begéine bei der Applikatioun vun dësem Gesetz, da maache mer dat net fir heihinner ze kommen a fir ze polemiséieren, mä mir maachen dat am Intérêt selwer vun der Saach. Ech erënnere just drun, datt mir als Fraktioun dësem Gesetz hei eisen Accord ginn hunn an datt mer och nach ëmmer zu dësem Gesetz stinn, datt et ee gutt Gesetz ass an datt et och gutt opgebaut ass.

An der Praxis ass et awer esou - an ech mengen dat päifen d'Vullen hei awer vum Dag -, dass duerch d'Komplexitéit vun deem Gesetz hei, mä awer och duerch eng ganz Partie Interpretatiounsschwieregkeeten, déi net eleng op d'Gesetz selwer zréckzeféiere sinn, mä och zu engem Deel op d'Reglementer zréckzeféiere sinn an awer virun allem wat d'Artikelen 2734 an 106 ugeet, wou dat Gesetz sech kaum, ganz schwéier oder mat ganz ville Schwieregkeeten a mat ville juris-

teschen Onsécherheeten uwenne léisst. A mer verstinn a sech net, firwat datt dëse Problem, deen awer vun all Mënsch bekannt ass - op jidde Fall wann een doruechter kënnt an et schwätzt ee mat dem Buergermeeschter, Schäffen a Kolleegen, déi ee begéint, da wëssen déi hir Hänn net méi ze wieren, fir iwwerhaapt nach engem eng Baugenehmegung hei kënnen ze ginn -, hei net diskutéiert gëtt a mir fannen dat net gutt.

Ech mengen, wa Feeler do geschitt sinn, da solle mer dat eben zouginn a versichen et fir d'Zukunft besser ze maachen. An ech mengen net, datt d'Situatioun geléist ass, andeem datt een de Kapp hei an de Sand stécht virun enger Problematik, wou mer awer de facto virun engem Baustopp stinn. A wann et och vläicht elo net méi méiglech ass dës Woch heiriwwer ze diskutéieren, Här President, da géif ech lech awer bieden, dat awer bei där nächst beschter Geleeënheet ze maachen, well ech menge schonn, datt et presséiert. An deem Sënn soen ech lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo d'Demande vum Här Calmes net ganz richteg verstanen.

(Interruption)

Hien huet eng Demande zum Ordre du jour vun dëser Woch gemaach.

(Interruptions)

Et ass also eng Modifikatioun vum Ordre du jour, dass mer iwwert d'Gesetz vum Fréijoer vun dësem Joer, wat d'Gesetz vun 1937 ofgeännert huet, sollen debattéieren. Eng Heure d'actualité, esou wéi se och an der Presidentekonferenz gefrot gi war. Freet zu dëser Modifikatioun vum Ordre du jour een d'Wuert?

(Assentiment)

Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, als gréng Fraktioun ënnerstëtze mer déi Modifikatioun vum Ordre du jour. Dat mol net eleng wéinst dem Fong eraus vun deem, wat den Här Calmes elo erkläert huet, mä well mer einfach fannen, datt et eigentlech ee verbrieftet Recht vun enger Fraktioun ass, wa se eng Demande an den Délaien eragëtt wéi et am Reglement virgesinn ass, fir dann an där öffentlecher Sitzungswoch duerno dee Punkt, dee si urgent fënnt, op den Ordre du jour ze setzen.

Iwwregens, déi Iddi vun der Heure d'actualité, dat war meng Propos am Kader vun enger Reform vum Reglement, déi deemools erakomm ass, an d'Iddi dovunner war, fir datt mer sollen dat, wat lo haut hei stattfënnt, Här President, évitéieren, nämlech interminabel Diskussiounen iwwert den Ordre du jour, wou da jo awer am Endeffekt souwisou datnämlecht diskutéiert gëtt, ouni datt dat awer an enger gëuerdneter Form stattfënnt an oft ouni datt mer e Resultat dobäi erauskréien - wat ech e bësse schued fannen -, an ech mengen hei ass et e Recht vun enger Fraktioun, nämlech dat vun der Demokratescher Partei, fir laut dem Reglement déi Demande ze stellen.

Mir hunn an där leschter Legislaturperiod dee Saz, deen am Reglement steet an deen heescht, datt mer eng Heure d'actualité net unhuelen, ëmmer nëmmen ugewannt, wa mer eng Woch haten, wou den Ordre du jour absolut surchargéiert war, dat heescht wou e ganze Koup wichteg Gesetzesprojeten um Ordre du jour stoungen an et dann net méiglech war, eng Heure d'actualité, déi vun enger Fraktioun ugefrot gi war, op den Ordre du jour ze setzen. An ech fannen et e bësse schued, datt mer mat där Traditioun elo schonn direkt am Ufank vun der Legislaturperiod briechen, andeem mer awer einfach hei, loosse mer soen eng Heure d'actualité, an deem dote Sënn e bëssen d'Recht vun enger Fraktioun, ofwiergen, obschonn dës Woch Zäit gewiescht wär, Här President.

Jo, Här Fayot, Dir réselt de Kapp, Dir wäert mer dach net wëlle soen, datt den Ordre du jour, dee mer dës Woch hei hunn, net virginn hätt, fir och déi Stonn do déi Diskussioun ze féieren. Ech mengen oder meng Fraktioun mengt op alle Fall, dach. An duerfir si mer der Meenung, datt et duerchaus méiglech gewiescht wär, dem Wonsch nozekommen, deen hei eng Fraktioun ugefrot huet. Wat fir eng Meenung dann eng eenzel Fraktioun zu där Initiativ vertrëtt, dat hätte mer jo da kënnen hei ausdiskutéieren. Wéi gesot, eleng aus deem Grond eraus, well mer och net kënnen toleréieren, datt hei enger Fraktioun hiert Recht fir d'Heure d'actualité unzefroen einfach esou vum Dësch gefeegt gëtt, ënnerstëtze mer d'Demande vun der Modifikatioun vum Ordre du jour.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Wëllt nach een d'Wuert zu där Demande vum Här Calmes?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo.

M. le Président.- Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Den Här Wolter wëllt mordicus d'Oppositiounsparteie virdéfiléiere loossen an dat ass säi gutt Recht.

(Interruptions)

Jo, bon, et ass säi gutt Recht.

M. le Président.- Här Gibéryen, kommt zum Ordre du jour.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Zum Prinzip, Här President. Ech mengen de Kolleeg Bausch huet dat elo grad hei gesot, wat ech och wëll ënnerstëtzen. Et war eng Regel hei an der Chamber, datt wann eng Fraktioun eng Heure d'actualité ugefrot huet, dann ass se d'office op den Ordre du jour komm. An ech wëll och soen, datt dat en Accord war tëschent deene fënnef Fraktiounen, wéi mer an där leschter Sessioun d'Reglement geännert hunn. An et war virun allem de Kolleeg Jeannot Krecké, deen deemools drop gehalen huet, datt dee Prinzip misst applizéiert ginn. Et sinn Ausnahme gemaach ginn, datt déi Heure d'actualité net onbedéngt dann Dënschdes mëttes als éischte Punkt op den Ordre du jour komm ass, datt en eventuell owes komm ass oder datt en en aneren Dag komm ass, mä all Heure d'actualité, déi bis haut ugefrot ginn ass, ass accordéiert ginn. An duerfir mengen ech ass dat Wesentlecht an der Diskussioun vun haut, datt mer dee Prinzip briechen, datt hei d'Majoritéitsfraktiounen elo décidéiert hu fir eng Heure d'actualité, déi vun der Demokratescher Partei gefrot ginn ass, ze refuséieren. An ech mengen dat ass am Fong dat Wesentlecht, wat een elo hei muss diskutéieren.

Si hu gesot: Da komm mir huelen dat an eng Kommissioun a mer diskutéiren dat dann an där zoustänneger Kommissioun. Dat kann d'Resultat vun enger Heure d'actualité sinn, mä et ass enger Fraktioun fräigestallt fir eng Heure d'actualité unzefroen an et ass all Fraktioun fräigestallt fir zu deem Sujet dat ze soen, wat se mengt zu deem Zäitpunkt missen ze soen. A wann dee Sujet hei net derwäert ass, fir eng Heure d'actualité ze maachen, da froen ech mech wat fir ee Sujet a wat dann derwäert nach ka si fir kënnen eng Kéier de Kritäre vun enger Heure d'actualité ze entspriechen.

Hei si wierklech praktesch all Gemengen am Ablack mat engem Gesetz konfrontéiert, wou se net wësse wéi se et sollen applizéieren. Et ass och esou, datt Leit vum Intérieur d'Gemengefonctionnairë bei Informatiounsdeeg informéiert hunn iwwert d'Gesetz an déi Fonctionnairen, déi dann hire Buergermeeschter oder hir Schäfferéit informéieren, komme quasi zur Konklusioun, datt dat Gesetz esou am Ablack net ze applizéieren ass an datt eng Gemeng, déi sech strikt un d'Bestëmmunge vum Gesetz hält, quasi keng Baugenehmegung méi kann zu dësem Zäitpunkt erausginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir musst awer zum Ordre du jour schwätzen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, Här President, ech hu fënnef Minutten Zäit zum Ordre du jour ze schwätzen an ech wëll hei argumentéieren...

M. le Président.- Dir exposéiert hei d'Problematik. Ech hätt léiwer, Dir géift zum Ordre du jour schwätzen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech hu fuerchtbar villes geléiert vum fréiere Fraktiounspresident vun der CSV wéi een alles muss argumentéieren, fir d'Kolleegen dovun iwwerzeegt ze kréien, fir den Ordre du jour ze änneren. A well ech schonn esou ee gudde Léiermeeschter hat, da soll een awer och dovunner profitéieren.

(Hilarité)

Op jidde Fall wëll ech d'Kolleegen iwwerzeegen, wéi wichteg datt et ass, datt mer dee Punkt hei op den Ordre du jour huelen, well wann d'Leit am Land, dat si jo net nëmmen d'Gemengen, et si jo och déi individuell Persounen, déi Baugenehmegungen ufroen, et si Promoteuren, déi mat hiren Dossieren hänken, wann déi Leit net mierken, datt vun der Politik eng Reaktioun op deen doten Dossier kënnt, da sti mer wierklech virun enger Situatioun, wou mer elo scho wëssen, datt hei am Land d'Problematik am Bausecteur enorm problematesch ass, datt d'Präisser an d'Luucht ginn, datt mer an de Prozeduren net virukommen, a wa mer dat elo nach hei erëm op d'laang Bänk schécken, da musse mer och ons de Konsequenzen dovunner bewosst sinn. Et ass awer och wichteg, datt mer dat doten elo hei diskutéieren, fir datt mer direkt ufänken un deem Gesetz ze schaffen.

Et ka sinn, datt mer eis eens ginn, datt mer direkt sollen de Minister a seng Experten an déi zoustänneg Kommissioun komme loossen, fir am Detail ze kucken, wat misst un deem Gesetz do geännert ginn, fir et eventuell esou séier wéi méiglech erëm ze änneren.

Et muss een och vläicht higoen, datt een dat Gesetz do ausser Kraaft muss setzen an dat aalt erëm spille léisst bis een dat dote reforméiert huet. Et muss een och drun erënneren, datt de Syvicol virun dem Gesetz, et ass eent vun deene Gesetzer, déi mer am Mee relativ séier hei am Schnellverfahren duerchgebaatscht hunn, verlaangt hat, hire Generalsekretär deemools, den Här Halsdorf, et sollt een de Vote vun deem Gesetz aussetzen. Hie wousst also wierklech, firwat datt hien dat verlaangt huet, datt dat e Gesetz wier wat net sprochräif wier.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, entschëllegt nach eng Kéier, mä Är Zäit ass ofgelaf, mir hunn och Äre Message matkritt.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Meng fënnef Minutte sinn ofgelaf, meng Riedezäit, Här President, ass ofgelaf an duerfir géif ech d'Kolleegen invitéieren der Demande vun der Demokratescher Partei hei zouzestëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Wolter kritt d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Jo, Här President, am Numm vu menger Fraktioun wëll ech dem Här Calmes fir seng ganz poséiert Aart a Weis, wéi hien d'Fro gestallt huet, Merci soen.

Ech hunn allerdéngs d'Impressioun wéi wann de Kommunikatiounsfloss innerhalb vun der DP-Fraktioun net esou 100%eg wier, well contrairement zu deem, wat hie gemengt huet, ass et nullement esou, dass déi zwee Presidente vun de Majoritéitsfraktioune gesot hunn, dass mer dee Punkt hei net op den Ordre du jour iwwerhaapt wéilten, mä mir hu gesot, well et sech ëm ee Gesetz handelt, wat extrem vill Implikatiounen huet…

(Interruption)

Ee Moment!

…, dass mer gären hätten, dass déi zoustänneg Chamberskommissioun sech am Januar déi Zäit soll huelen, déi noutwendeg ass, fir a Rou an am Detail déi eenzel Artikelen ze diskutéieren a mir hunn eis Bereetschaft erkläert déi Heure d'actualité an der Woch vum 18. Januar ze maachen.

Et ass d'ailleurs genau dat, wat den Här Calmes selwer gefrot huet, wéi e gesot huet: „Wa mer dat dann dës Woch net kënne maachen, da solle mer dat an enger éischter Réunioun hannendru maachen." Wéi hie sech du gesat huet, dunn huet säi Fraktiounspresident gesot, op Är Réckfro, dass eng Demande do wär fir et op den Ordre du jour vun dëser Woch ze kréien.

(Interruptions)

Ech wëll also kloer an däitlech soen, dass mir bereet waren, fir an der Chamberskommissioun dës Woch, d'nächst Woch, d'iwwernächst Woch driwwer ze diskutéieren an duerno ze kucke fir an enger parlamentarescher Debatt hei an der Chamber doriwwer ze diskutéieren. Dat war eis Propositioun, déi mer d'lescht Woch gemaach hunn.

Et ass net esou, dass dee Projet de loi deemools am Schnellverfahre gestëmmt ginn ass. Dee Projet de loi war e puer Joer ënnerwee, deen ass wéinstens an enger Dose Kommissiounsréuniounen diskutéiert ginn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst elo den Här Wolter schwätzen.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Mir sinn des Weideren der Meenung, dass d'Chamber net d'Generalversammlung vun de Lëtzebuerger Gemengen ass. Wann also Gemengen Interpretatiounsschwieregkeeten hunn iwwer ee Gesetz, dann ass et emol un hinnen, fir mat deem zoustännege Minister doriwwer ze diskutéieren. Dat ass de Prinzip wéi een Interpretatiounsschwieregkeete léist. Mir hunn awer kee Problem, wann Deputéierten der Meenung sinn, dass Interpretatiounsschwieregkeeten an engem Gesetz sinn, fir doriwwer ze diskutéieren.

Mir hunn déi lescht dräi Deeg gesinn, dass probéiert ginn ass dat hei zum Politikum ze stiliséieren, dass gemaach gëtt wéi wann d'Majoritéit keng Meenung hätt oder, wéi den Här Calmes et gesot huet, de Kapp an de Sand géif stiechen a sech der Problematik net wéilt unhuelen. Abee, well mir net där Meenung sinn, mä well mer leider awer spieren, dass bei de Kolleege vun der Demokratescher Partei de Wëllen net besteet op déi normal wierklech logesch Prozedur hinzegoen, fir ze soen: Mir kucken dat an der Chamberskommissioun.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir hätt lech nëmme bräichten un d'Reglement ze halen, da wier et dës Woch drop gewiescht.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Neen, dat huet Äre Fraktiounskolleeg, den Här Calmes, mat vill méi Luciditéit gesinn, well en den Artikel zitéiert huet a well e gesot huet, sauf décision contraire vun der Commission des Présidents wär et esou, a wann d'Commission des Présidents eppes aneschters géif décidéieren, da wär et anescht.

(Interruption)

Vu dass mer allerdéngs gesinn, dass mer jo amgaange sinn hei an engem Politikum ze sinn, a fir ze weisen en fin de compte, dass déi Diskussioun, déi mer de Mëtteg hei féieren, inhaltlech net esou ganz vill wäert bréngen, si mer bereet dee Punkt op den Ordre du jour ze huelen an en direkt ze diskutéieren. Mir si prett.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Fayot kritt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech hunn deem net vill bäizefügen. Ech wollt just soen, dass, entgéint deem wat vun deem engen oder deem aneren Oppositiounsspriecher hei gesot ginn ass, et ni d'Absicht war vun de Majoritéitsparteien, fir déi Heure d'actualité net op den Ordre du jour vun der Plénière ze bréngen. Dat war ganz kloer an eiser Argumentatioun an der Conférence des Présidents.

D'Iddi war effektiv, vu dass et jo awer e relativ technesche Problem ass, d'Interpretatioun vun engem Gesetz, wou sécher Schwieregkeeten opgedaucht sinn, an de Gespréicher zwëschent de Buergermeeschtere respektiv hiren Techniker an dem Innenministère, fir dat mam Innenminister an der Commission de l'Intérieur, wou jo ganz vill Concernéierter sëtzen, ze diskutéieren, den Inventaire dovunner ze maachen, et an d'Plénière ze bréngen an dann eng politesch Orientatioun erauszeschielen, wéi een deene Schwieregkeeten do um Niveau vum Gesetz kënnt ophëllefen. Dat war d'Haltung vun der Majoritéit.

Ech wëll dat nach eng Kéier hei kloer soen, et war net d'Absicht fir déi Heure d'actualité ofzewiergen. Et war au contraire d'Absicht fir déi Heure d'actualité besser ze preparéieren, fir dass se méi nëtzlech hei an der Chamber kënnt ofgehale ginn, dat war d'Absicht. Mä cela étant, wann dat wierklech mam Innenminister méiglech ass, dass mer elo direkt den Tour de table kënne maachen, da solle mer dee maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Nodeems mer elo eng Debatt haten iwwert den Ordre du jour, hu mer elo och, wann ech dat richteg interpretéieren, eng Heure d'actualité um Ordre du jour. Ech denken, dass all Fraktiounen sech esou ausgedréckt hunn, also domat d'accord sinn, dass mer dat dann haut de Mëtteg maachen. Ech géif da proposéieren, dass mer mat där Heure d'actualité géifen ufänken. Dee Grupp, deen d'Heure d'actualité gefrot huet, kënnt als éischt drun. Den Här Jaerling freet nach d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, och zum Ordre du jour erlaben ech mer hei d'Wuert ze ergräifen, an zwar fir eng Modifikatioun ze froen, an zwar fir de Projet 5322 iwwert d'Modifikatioun vum Code vun der Sozialversécherung an dem modifizéierte Gesetz vum 24. Mee 1998 iwwert den Aarbechtsvertrag vun der Dagesuerdnung ze sträichen, an zwar well elo an deene leschten Deeg zousätzlech zu deem wat mer an der Kommissioun gewuer gi sinn nach eng Rei Saachen, Interpretatiounen dobäikomm sinn, déi mer

an der Kommissioun net woussten, wou Interpretatiounsschwieregkeete komm sinn, wat deen een oder deen aneren der Tripartite gesot huet, awer vun eiser Säit aus besonnesch aus zwou Ursaachen.

Engersäits aus prinzipielle Grënn, well isoléiert Projeten am Zesummenhang, an dat hunn ech schonn an der Kommissioun gesot, mat de Krankekeesen net sënnvoll sinn an der ganzer Saach net déngen. Als ADR hätte mer gären, datt d'Regierung soll eng komplett Reform vun de Krankekeese virleeën, an där all Aspekter berücksichtegt gi sinn, besonnesch wat déi noutwendeg Reformen ubelaangt. Anersäits awer och - ganz besonnesch vu menger Säit - wéinst dem Inhalt vum Projet selwer, well et vu verschiddene Säite ganz staark contestéiert gëtt, besonnesch vu Gewerkschaftssäiten - vum OGB-L a vum LCGB -, well e riskéiert de Kënnegungsschutz ze bradéieren, wat en onverantwortlechen Aschnëtt an de Schutz vun de Salariéen ass, deen einfach net kann akzeptéiert ginn. An ech sinn och iwwerzeegt, dass ech hei an der Chamber vun der OGB-L- an der LCGB-Fraktioun Ënnerstëtzung kréie fir dee Projet hei ze sträichen, fir dass nach eng Kéier ka mat hire Gewerkschafte seriö iwwert dëse Projet diskutéiert ginn. An op kee Fall kann e Projet hei duerchgoen, deen de Kënnegungsschutz bradéiert, an dofir géif ech dann d'Chamber hei bieden, dee Projet vum Ordre du jour ze huelen. Da géife mer och zäitméisseg nach gutt opkommen, well mer jo haut och nach e Projet dobäi gesat hunn.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Mir sinn also nach konfrontéiert mat enger Modifikatioun vum Ordre du jour. Freet een d'Wuert zu der Propositioun vum Här Jaerling?

(Négation)

Wann dat net de Fall ass, da musse mer eng Décisioun huelen. Wien ass d'accord mat der Propositioun vum Här Jaerling, fir den Ordre du jour ze modifizéieren an dee Projet, deen e viséiert huet, vum Ordre du jour erofzehuelen?

Une voix.- Den Elektreschen.

M. le Président.- De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d'Propositioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Propositioun vum Här Jaerling ass verworf mat 50 Nee-, 5 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

M. Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Ali Kaes et Marc Spautz;

M. John Castegnaro.

Mir kommen dann zu där Heure d'actualité, déi vum Grupp vun de Liberalen ugefrot ass. D'Wuert huet den honorabelen Här Calmes.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP relative aux problèmes rencontrés par les communes lors de l'application de la loi concernant l'aménagement communal et le développement urbain

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Heure d'actualité hei iwwert d'Gesetz vum Aménagement communal ass natierlech ze kuerz fir alles dat, wat heizou ze soen ass, am Detail elo hei virzebréngen, well sech um juristeschen Niveau vun deem Gesetz hei eng ganz Partie Saachen ofspille wou der Däiwel am Detail läit a wou ech net de grousse Spezialist sinn, fir doriwwer ze schwätzen.

Ech hat uganks zu menger Interventioun gesot, dass den Haaptprobleem géif leien, zum Beispill am Artikel 7, wou et a sech drëms geet, fir Persounen ze definéieren, déi d'Qualifikatioun hunn, fir kënne PAGe respektiv PAPen ze maachen. Souwäit wéi meng Informatiounen do sinn, ass déi Zuel vun deene Büroen, déi zougelooss sinn u PAGen däerfen ze schaffen, relativ restriktiv gefaasst, virun allem wat d'PAGen ugeet, wou een dat nach zum Deel kéint rechtfertegen, mä wann et dann op de PAP eriwwergeet, mengen ech, misst de Minister eis dann awer Kloerheet ginn, awéiwäit dës Zuel vun den Experten, an ob een Urbanist muss sinn, a welchem Sënn och ëmmer, sou restriktiv muss behale ginn.

Et ass nämlech sou, dass an der Vergaangenheet hei am Land eng ganz Partie Büroe sech domat ofginn hunn oder domat beschäftegt hunn, PAPen ze maachen. PAPe kënnen eng grouss Envergure hunn, mä et ginn awer och PAPen déi kleng Enverguren hunn. An do stellt sech dann d'Fro: Wéi muss ee groussen Urbanist sinn, fir e Morcellement vun engem Terrain ze maachen oder net? An ech mengen hei wier awer zum Deel eng Kloerheet gefrot.

Ech hat den Artikel 27 ugesprach wou et u sech ëm Exceptioune geet, wéini e PAP muss gemaach ginn oder net an dësen Artikel seet, jee nodeem et sech ëm eng grouss Gemeng handelt, déi e Service technique huet, respektiv ëm eng kleng Gemeng, déi kee Service technique huet, dass u sech ofgesi ka gi vun engem PAP wann et sech ëm eng Baulück handelt, dat heescht wann dat Ganzt zwëschent zwou bestoende Wunnenge stattfënnt. An hei muss ech de Minister froen, awéiwäit dass dat hei ze interpretéieren ass. Ob dat large oder net esou large interpretéiert gëtt, ob et zum Beispill, wann et sech ëm ee Bau handelt, zum Beispill en Appartementshaus, ob hei e PAP muss gemaach ginn oder ob kee PAP muss gemaach ginn, oder ob et sech ëm e Jumelé handelt wou e PAP muss gemaach ginn um eenzelnen Haus mat zwee Appartementer.

Ech mengen hei sinn awer eng ganz Partie Saachen, déi net kloer sinn, an deen Artikel 27 gräift jo dann eriwwer op den Artikel 34, virun allem wou da gesot gëtt - an dat schéint mer awer, sou wéi een d'Gesetz hei liest an och wéi ech dat verstanen hat, eng Obligatioun ze sinn -, dass wann een e PAP muss maachen, dass een da muss ee Véierel vun deem Terrain oftrieden ëm deen et hei geet. Dat kéint ee verstoen, wann dat bei engem PAP wier wou u sech keng Infrastruktur gemaach wier, deen nach am Zoustand vun enger grénger Wiss wier. Mä wann et sech ëm e PAP handelt a virausgesat et muss ee gemaach ginn, wann et sech ëm en Appartementshaus handelt, respektiv ëm eng eenzel Bauplaz oder souguer ëm eng duebel Bauplaz, da riskéiert een do awer an eng komesch Situatioun ze kommen, an deem Sënn dass entweder net méi genuch Terrain bleift fir dorop ze bauen, respektiv een esou vill muss oftrieden, dass dat sech ënner Ëmstänn iwwerhaapt net méi rentéiert ze bauen. Dofir, mengen ech, muss een awer och dat hei anescht kënne liesen oder wann een dat net anescht liest, da muss een awer, mengen ech, an deem Fall hei eng Ëmännerung virhuelen.

D'Artikelen 105 an 106, déi a sech hannen am Gesetz stinn, gehéieren u sech éischter hannert den Artikel 27 bei d'Exceptiounen. An hei stellt sech dann och d'Fro, wann et ëm de Morcellement respektiv ëm de Lotissement oder Relotissement vun engem Terrain geet, ob deen dann ënnert d'ganz Prozedur vun engem PAP fält oder net, an domat och den Artikel 34 do mat betraff ass oder net, oder ob de Morcellement net der Regelung vum PAP ënnerläit. Deemno wéi een dat liest kéint ee mengen, dass een e PAP misst maachen an ënnert d'Konditioune vum PAP géif falen, och wann et u sech nëmmen drëm geet fir en Terrain zwëschent zwee Gebaier ze morceléieren.

Perséinlech liesen ech dat liicht anescht, well wann den Artikel 106 anescht ze liesen ass, wéi esou dass e PAP misst gemaach sinn, da si mer awer an enger Situatioun wou mer effektiv praktesch keng Baugenehmegung méi kéinten erausginn an da misst dat awer geännert ginn, ausser et gëtt esou interpretéiert, wéi et elo hei ass.

Mä dat sinn déi véier Haaptpunkte wou et hei drëm geet. Ech liesen dat Ganzt lo mol hei aus der Siicht vun enger méi klenger Gemeng respektiv vun deene ville klenge Gemengen, déi mer hei am Land hunn, déi elo och souwéisou mat deene respektive Bestëmmunge mat engem PAP ze kämpfen hunn. An der Stad Lëtzebuerg sinn d'Problemer anescht, déi hunn e Service technique an déi kucken et dann och duerch en anere Brëll, an dofir wäert ech et engem aneren iwwerloossen, Iech déi Problemer hei virzedroen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes.

Wann Der domat d'accord sidd, de liberale Grupp hat gefrot, well si d'Demande ugefrot hunn an nach fënnef Minutten Zäit hunn, ob d'Madame Flesch direkt kéint d'Positioun vum Grupp fäerdeg duerleeën an da kéime mer un déi aner Riedner?

(Assentiment)

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Mäi Kolleeg Calmes huet elo am Detail op déi eenzel Artikelen higewisen. Ech wëll dat net nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëll einfach soen, dass et eng Partie Artikele ginn, déi eis besonnesch Misère maachen, an dat si 25 bis 27, 34, 106 an 107. Wa mir mussen an der Stad Lëtzebuerg dat Gesetz applizéieren, wéi et de Moment do steet, da musse mer am Joer 850 Exceptiounen am Sënn vum Artikel 27 vum Gesetz virhuelen. Wéi eng gutt Kolleegin vu mir géing soen: „Dat kann dach net sinn!" Dat kann net sinn, well domadder steet déi ganz Aktivitéit vum Bausektor stëll. Mir lafen dee Risque an dofir si mir der Meenung, dass do schnellstens eppes muss geschéien.

Deen zweete Problem ass d'Oftriede vu Fongen „réservés à des aménagements publics", 25% oder de Payement vu enger Indemnitéit, wat ee souguer muss maache wann een eng Terrass oder e Gaardenhaische baut. Dat kann eiser Meenung no och net sinn. Mir hunn dat Gesetz an der Chamber alleguerte gestëmmt. Mir gesinn elo, dass mer praktesch Schwieregkeeten domadder hunn a mir sollen elo de Courage hu fir ze soen: Mir mussen eppes ënnerhuelen.

Ech perséinlech sinn net der Meenung, dass mer sollen elo an der Hetz Fléckaarbecht maachen, mä mir sollen einfach soen - an dat décidéieren am Kader vun engem Gesetz -, entweder dat neit Gesetz ass suspendéiert, mir ginn eis een zwee Joer Zäit, fir dat iwwert de Leescht ze zéien a bis dohinner gëllt dann dat aalt Gesetz an dann trëtt dat neit a Kraaft, oder, wann dat net méiglech ass, mer sollen d'Dispositions transitoires an den Artikel 108 esou ofänneren, dass mer ons deeselwechte Sputt ginn.

Et geet hei ëm e ganz wichtege Problem am Intérêt vun der Bauindustrie an dësem Land an och am Intérêt vun deene Leit, déi sech wëllen en Haus bauen oder hiert Haus transforméieren. Ech géing d'Chamber also wierklech bieden, där Fro déi néideg Attentioun ze ginn, an d'Regierung bieden, ons do eng Propositioun ze maachen, fir dass mer aus deene Schwieregkeeten erauskommen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass et um Här Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si souwuel mam Här Calmes, wéi och mat der Madame Flesch, d'accord an et ass exactement aus deem Souci eraus, deen aus der kombinéierter Lecture vun hiren zwou Stellungnahmen elo hei erausgeet, wou mir proposéiert haten, fir eben net an der Hetz Fléckaarbecht ze maachen. Fir eis Zäit ze ginn, fir eis intensiv mat der Fro ze beschäftegen, well een an enger Heure d'actualité a fënnef Minutten elo wierklech net den Tour vun de Problemer ka maachen. Well mir och net déi juristesch Spezialiste sinn, ëm déi et geet, a well mer gäre gehat hätten, dass déi Leit och um Niveau vun de Beamten, déi responsabel sinn, déi déi Texter geschriwwen hunn an déi sech och zum Deel eppes dobäi geduecht hunn, wéi se déi Texter geschriwwen hunn, present sinn.

Well mer an deene leschte puer Deeg festgestallt hunn, dass verschidde Saachen, déi op eng gewëssen Aart a Weis vu verschiddene Leit interpretéiert ginn, och kënnen op enger Aart a Weis vun anere Leit interpretéiert ginn, dass ee sech also muss eens setzen iwwert d'Interpretatioun, déi ee gewëssen Artikel gëtt, an dofir vläicht net onbedéngt an der Nécessitéit ass, fir eng Rei vun Artikelen ze änneren, wann ee mol bis d'Explikatiounen an d'Interpretatiounsméiglechkeeten um Dësch huet, déi sech aus deenen eenzelnen Artikelen erginn.

Wëssend awer och aus deene leschten Deeg aus der Diskussioun, dass effektiv eng Rei Problemer an deem Gesetz sinn; haaptsächlech den Artikel 27 schéngt wierklech e Problem ze sinn. Wou een awer mat deene Leit, déi dat geschriwwen hunn, och fairerweis eng Kéier muss am Fong diskutéieren: Wat war de Sënn a wat war de Wëllen, dee mer an deen Artikel wollten eraginn? A bestinn och déi Interpretatiounsproblemer nodeem een déi Diskussioune gefouert huet, wou mir proposéiert hate fir an där zoustänneger Chamberskommissioun eng roueg a gemittlech Diskussioun doriwwer ze féieren?

Dir wäert mech also verstoen, dass ech hei net op den Inhalt wëll agoen a soen, dass mir vun eiser Fraktioun aus vu mar u bereet sinn an där zoustänneger Chamberskommissioun a Rou an a Gedigenheet ze kucken, wat un deem Projet hei - wou mir och der Meenung sinn, Här Calmes, dass et weiderhin e gudde Projet ass -, wat fir eng eventuell punktuell Adaptatioune musse virgeholl ginn, fir dass dat zukunftsträchtegt Gesetz, wat mer hei gestëmmt hunn, och an d'Realitéit kann ëmgesat ginn; an dat an deenen 118 Gemenge vun eisem Land.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Wee wëllt d'Wuert nach froen? D'Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Fraktioun huet den 13. Mee 2004 dëse Projet de loi net gestëmmt; mir hunn eis enthalen. Mir hunn zwar hei gesot, a mir hunn déi fënnef Punkten och ervirgestrach, dass mir mat der Zilsetzung, mam Objet, mat der Ausriichtung vun dësem Projet averstane sinn.

Éischtens well eist 37er Gesetz reformbedürfteg ass, dat wësse mer all. Zweetens well mer Rahmebedingunge brauchen, fir dass den IVL sech kann entwéckelen. Drëttens well mer en Instrument brauchen, fir och den Développement durable ëmzesetzen a gegebenenfalls anzekloen. Véiertens fir d'Vereinbarkeet mam Gesetz vum Aménagement du territoire vun 1999 ze assuréieren. A fënneftens an net zu Lëscht fir och eng Harmoniséierung ze kréie bei deene verschiddene Planungsinstrumenter ënner sech.

Mir hunn awer dëse Projet de loi dowéinst net positiv aviséiert, well mer Problemer gesinn hu bei der praktescher Ëmsetzung vun deem Projet. Well mer Problemer gesinn hunn, wéinst deenen net existenten oder net ausräichenden Iwwerganksbestëmmungen. Well mer Problemer gesinn hunn zum Beispill bei der Mise en place vun de Services appropriés, virun allem an deenen net esou grousse Gemengen, a well mer gesot hunn, dass eng Rei vu méi prezisen Ausféierungsmodalitéite mussen an der Praxis sech bewähren, zum Beispill wat d'Baugenehmegungen ubelaangt - an et ass elo hei scho grad vun enger Virriednerin drop higewise ginn.

Mir waren och der Meenung, dass mer e bësse méi Zäit gebraucht hätten, fir esou e komplext Gesetz wéi dat heiten an e bësse méi Sérénitéit ze stëmmen, wéi just kuerz virun de Wahlen. Well mir hätten déi Zäit eigentlech gebraucht fir hei e Gesetz, eiser Meenung no, unanime kënnen ze stëmmen, wat géing d'Relève vum 37er Gesetz huelen, wat mat wéineg Ëmännerungen awer e Gesetz war, wat ganz laang gehalen huet. Eigentlech hätt et bei esou enger komplexer Matière wéi där heiter missen eng Testphas ginn, wou ee während enger Iwwergankszäit deen neien an deen alen Text laanschtenee lafe gelooss hätt, fir ze kucke wéi een an der Praxis mat deem Gesetz hei géing ëmgoen a wat et wierklech fir Problemer um Terrain géing mat sech bréngen.

Elo ass et däitlech, an déi éischt Hiweiser si schonn do, ouni punktuell Ëmännerunge kënne mer dat heite Gesetz net si loossen. Mir sinn dofir der Meenung - an den Här Wolter huet et hei scho gesot -, dass ee soll, am Dialog mat de Leit um Terrain, mat de Gemengeresponsabelen an och mat hiren Interessevertriedungen - ech denken zum Beispill un de Syvicol - dëst Gesetz nach eng Kéier nei kucken an eventuell och punktuell Ëmännerunge maachen, wann et sech erausstellt, dass et an der Praxis

net esou kann ëmgesat ginn, wéi et vun deenen Auteuren eigentlech beabsichtegt war.

De Minister huet an der Kommissioun d'Pist opgewisen, wéi mer kéinten domadder ëmgoen, andeem mer an der Chamberskommissioun déi Diskussioune féieren. Et sollt een och net ausschléissen, dass een eventuell deen een oder anere kéint oder misst an d'Kommissioun invitéieren a fir dann am enken Dialog an Zesummenaarbecht mat der Chamber ze kucken, wat mer mat dësem Gesetz maachen, wat a senger Grondausriichtung e Gesetz ass, wat mer onbedéngt brauchen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den Här Gira huet d'Wuert gefrot. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech wëll fir d'éischt nach eng Kéier vun der Form hier dat ënnerstëtzen, wat eise Fraktiounschef gesot huet, dass mir der Meenung sinn, dass wann eng Fraktioun wëllt hei eng Heure d'actualité maachen, dass se dat Recht soll kréien. Fir de Rescht, wat de Fong ubelaangt, wëlle mer eis awer dem Michel Wolter uschléissen. Ech mengen, wann een nach hätt missen e Beweis kréien, dass dat hei keng Debatt ass fir de Moment hei op dëser Tribün ze féieren, da war et d'Interventioun vum Här Calmes. Well ech mengen ausser d'Buergermeeschteren, e puer Techniker aus de Gemengen an e puer Promoteuren an Architekten, huet bestëmmt keen, deen eis hei nogekuckt huet, verstanen ëm wat dass et da schlussendlech soll goen. An ech mengen dës Tribün soll do sinn, fir an enger Heure d'actualité iwwer Politik ze schwätzen an iwwer net juristesch Spëtzfënnegkeete bei der Ëmsetzung vun engem Gesetz.

Ech wëll zum Inhalt och net an de leschten Detail goen, just awer vläicht e puer Gedanke vun eiser Säit äusseren. Mech wonneren déi Schwieregkeeten do net. Mir waren eis an der Kommissioun eens, dass hei e ganz grousse Paradigmewiessel géing komme vun deem 37er Gesetz op dat vun 2004. A wann domadder dobaussen op ee Coup 118 Gemengen domadder konfrontéiert sinn, dann ass et logesch dass et hei an do zu Interpretatiounsschwieregkeete kënnt, dass een Ulafschwieregkeeten huet, dass och mol gewësse Saachen nach net kloer sinn. Wann et da wierklech esou ass, da sinn och déi Beamtinnen, déi massgeblech un der Ausschaffung vun dësem, eiser Meenung no, gudde Gesetz beschäftegt waren, vläicht net present fir a wichtege Réunioune mat Gemengentechniker an esou weider déi richteg Erklärungen ze ginn an da kann dat natierlech zu e bëssen Duerchernee féieren.

Mech wonneren awer eng Rei méi inhaltlech Aussoen, déi ech dann an der Press och konnt liesen. Déi Geschicht mat de 25%, déi ee misst ofgi bei engem PAP. Ech muss soen, wann ech mech do nach gutt kann erënneren, muss ee jo net onbedéngt Terrain ofginn. Et steet do, dass ee sech kann eenegen op eng Indemnitéit.

(Interruption)

Ech muss Iech soen, ech verstinn do d'Opreegung net. Ech wëll just soen, dass an der Gemeng Biekerech déi dote Praxis scho virum Vote vun dësem Gesetz deelweis praktizéiert ginn ass, well mer et ëmmer eng fundamental Ongerechtegkeet fonnt hunn, dass deen ee Promoteur, deen e grousst Lotissement gemaach huet, seng Strooss huet misse selwer bezuelen an e Véierels huet missen ofginn, par rapport zu engem, dee vläicht d'Chance hat Terraine laanscht eng bestoend Strooss ze hunn, déi total mat Infrastrukturen équipéiert war. An do hu mer et ëmmer fundamental ongerecht fonnt, well deen een natierlech konnt ganz aner Präisser ubidden, respektiv seng Gewënnmarge vill méi grouss war, an dofir hu mir ëmmer dofir gesuergt, dass do e gewëssenen Equiliber war. Also mat där Ëmsetzungsweis hu mir manner Schwieregkeeten.

Wat déi aner Detailer ubelaangt, muss een, mengen ech, dat wierklech eng Kéier a Rou mat dem Text ënnert den Aen, mat Leit, déi concernéiert sinn, mat de Beamten a Beamtinne vum Ministère diskutéieren. Do sinn ech iwwerzeegt, dass mer de Gros vun de Problemer wäerten aus der Welt geschaaft kréien a wann dann eng valabel Circulaire vum Intérieur un d'Gemenge geet, misst de Gros geléist sinn.

Et ass evident, wa jidderee mat der Mentalitéit vum 37er Gesetz dat vun 2004 wëllt ëmsetzen, dat muss schif goen, well dat sinn zwou verschidde Saachen.

A schlussendlech nach der Madame Mutsch hir Propos. Do kann ech mer awer schlecht virstellen, fir parallell mat zwee Gesetzer ze schaffen. Dat ass e bësse wéi wann ee wéilt op eemol décidéieren hei am Land deemnächst mat den Autoe lénks ze fueren an et géing ee soen, elo probéiere mer mol sechs Méint an da loosse mer d'Camionë fir d'éischt lénks fueren, a wann dat klappt, dann huele mer och de Rescht. Ech mengen net, dass dat géing fonctionnéieren, grad esou wéineg mengen ech fonctionnéiert et, wa mer hei zwee Gesetzer parallell wëllen applizéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Dee leschte Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Bon, meng Virriedner hu méi oder wéineger alles gesot, mä et huet sech awer aus der Diskussioun elo erausgeschielt, datt et e grousse Problem ass an datt Klärungsbedarf do ass. Et ass jo gesot ginn, datt d'Gemenge momentan konfrontéiert si mat deenen Demanden an et ass net esou, wéi de Kolleeg Gira da seet, datt dat am Fong nëmme just déi puer Politiker oder déi puer Promoteure géif interesséieren. Do sinn honnerten…

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Dat do hunn ech net gesot.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ah, verstoen. Mir hu ganz vill Diskussiounen, wou net jiddereen och alles heibanne versteet. Wa mer herno iwwert de Kyoto-Projet wäerten diskutéieren, wäerte wahrscheinlech och net all Leit all Detailer vun deem Gesetz do verstoen, an net nëmmen bei deem Gesetz, och bei anere Gesetzer, mä et ass trotzdeem wichteg, datt heibannen driwwer diskutéiert gëtt.

Et ass virun allem wichteg fir d'Leit am Land, datt se elo gewuer ginn, déi, déi Problemer domadder hunn, datt d'Politik sech dem Problem ugeholl huet. Ech hunn dat scho virdru gesot, och wa mir elo net haut hei direkt eng Äntwert drop hunn, wëssen d'Leit awer elo zumindest, um politesche Plang kënnt eng Aktivitéit, d'Chamberskommissioun kënnt zesummen a kuckt wat mat deem Projet do geschitt, well et si jo hei d'Gemengen, et sinn d'Promoteuren, mä et si virun allem och déi Leit, déi drun interesséiert si fir ze bauen.

A wann do Interpretatiounsschwieregkeete sinn, et ass virdrun hei den Thema ugeschnidde gi vum PAP, vun den Exceptiounen, wann déi Interpretatioun stëmmt, déi d'Gemengefonctionnairen an enger Réunioun kruten, da stëmmt dat, wat d'Madame Flesch hei gesot huet, datt d'Gemengen da musse permanent Exceptioune maachen.

Wann déi Interpretatioun stëmmt vum PAP, dass souguer scho bei Gaardenhaisercher misste PAPe gemaach ginn, wou d'Plangen dann och nach misste vun engem agrééierten Architekt agereecht ginn, datt et misst véiermol an den Zeitunge public gemaach ginn, da muss een och kucken, wat hu mer do fir eng Prozedur op d'Schinne gesat, wou dann am Fong dat ronderëmmer herno méi kascht wéi dat wat mer am Fong wëlle realiséieren, well d'Leit mussen dat jo och bezuelen. Mat de Baulücken, mat den Appartementer, Morcellementer, wéini muss ee PAP gemaach ginn, wéini muss kee gemaach ginn?

Dat sinn alles Froen, déi séier musse gekläert ginn, well mir mussen nach eng Kéier drop hiweisen, wéi vill Leit datt am Ablack am Land no enger Wunneng sichen. Et ass momentan Bewegung an deem Dossier, well a ville Gemengen duerch eben déi Gesetzer, déi mer an der leschter Legislaturperiod gestëmmt hunn an déi mer iwwert d'Budgetsgesetz elo fir dräi Joer verlängert hunn, wou mer d'Spekulatiounssteier erofgesat hunn, sinn och vill Terraine fräi ginn an déi Leit géifen och gären an deenen Dossieren ufänken.

Dann och déi Fro do vun deem Véirel oder deene 25%, déi an d'Gemenge mussen ofgetratt ginn. All Gemeng huet och do seng Regelen, seng Taxen, déi se gemaach huet a wou mer dann och musse wëssen: Bei Appartementshaiser, muss een do déi 25% bei enger normaler Strooss ofginn? Wann dann also een aacht Appartementer an engem Gebai baut, muss deen dann dovunner ee Véirel ofginn oder muss en de Prix actuel, wéi do steet, bezuelen? Da musse mer och wëssen, datt mer domadder eng Augmentatioun vun de Präisser, déi momentan schonn héich sinn, géife provozéieren, wa mer dat missten esou à la lettre exekutéiere wéi dat zum Ablack vun deene Responsabele vum Ministère un d'Gemenge weidergeleet ginn ass.

A wann ech gutt informéiert sinn, dann ass och am Kader vun enger Genehmegung vun engem Lotissement vun der Stad Lëtzebuerg scho vun der Cour administrative elo de 7. Dezember en Uerteel geholl ginn, wat dee ganzen Dossier en suspens gesat huet, fir ebe Klärungsbedarf an der Interpretatioun vum Gesetz ze kréien. Esou datt mer also och schonn op deem Niveau mat deem neie Gesetz relativ kuerzfristeg, well et ass e Gesetz wat jo eréischt vum August un applicabel ass, schonn op der Cour administrative en Uerteel hunn, wat eben eng Genehmegung en suspens setzt; ech fannen, dann ass et awer schonn derwäert, datt mer heiriwwer diskutéieren. Hei schwätze mer net iwwer kleng Bagatellen.

A vun eiser Säit aus hate mir dat Gesetz hei och net gestëmmt. Et war d'Sozialistesch Partei an eis Partei, déi sech bei deem Vote hei enthalen hunn, an et ass och net esou wéi virdrun hei versicht ginn ass ze soen, dat Gesetz wier net am Hauruckverfahre gemaach ginn.

Effektiv sinn an där leschter Woch nach Wënsch komm, ënner anerem vum Syvicol, fir de Vote auszesetzen. Ech wëll just dat nach eng Kéier vläicht hei virliesen, fir déi, déi elo scho mam Kapp soen et wier net wouer, dat ass den 22. Mäerz, wou de Syvicol geschriwwen huet, wou en dat erklärt, datt en net zousätzlech nach zu engem Avis gefrot ginn ass a wou en dann zur Konklusioun kënnt: «Devant ces facteurs impondérables, le comité tient à ce qu'il soit procédé au sursis du vote de la loi et que la possibilité soit offerte au Syvicol de s'exprimer au sujet des règlements grand-ducaux restés en souffrance.»

Deen Avis ass ënnerschriwwe vum Här Jean-Marie Halsdorf, dem heitegen Innenminister, esou datt ech zumindest mengen, …

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- … Här President, zum Schluss vu menger Interventioun, datt eisen neien Innenminister weess iwwer wat mer hei diskutéieren.

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ech elo grad ugeschwat gi sinn a menger fréierer Fonctioun als Generalsekretär vum Syvicol, muss ech soen, dass deemools Froen opstounge wéi mer dat Gesetz diskutéiert hunn, mä dass am Fong geholl dat Gesetz sécherlech e gudde Kompromëss ass. Ech sinn haut och iwwerzeegt, dass an deem Gesetz, wat hei virläit, keng Feeler dra sinn. Dat ass net wouer. Et si Leit hei, déi dat Wuert Feeler benotzt hunn. Dat Gesetz huet eng Rei Problemer an ech wollt kuerz op se agoen.

Dass dat Gesetz eng Rei Problemer huet, dat hu mer scho festgestallt an deene Versammlungen, wou mer et deenen eenzelne Beruffsgruppe virgestallt hunn. Dat Gesetz gouf dem OAI, den Architekte virgestallt. Dat Gesetz gouf dann de Gemengepolitiker virgestallt. An all deene Réunioune war ech derbäi an ech hunn ëmmer gesot: Wa Problemer sinn, dat hei ass en neien Terrain, et sinn nei Applikatiounen, et kommen eventuell Problemer, deelt eis se schréftlech mat. Dat hunn ech ëmmer konstruktiv gesot. Ech hunn och des Weidere gesot: Sidd konstruktiv, et ass no der Loi communale vun '88 dat wichtegst Gesetz wat d'Gemengen hunn an et soll een dann eben - wéi soll ech elo soen - konstruktiv zesummeschaffen.

Dee Geescht hunn ech och elo hei eraushéieren an där Diskussioun an dat wäert eis d'Saach dann och net méi schwiereg maachen. U sech ass déi Saach net esou schwiereg, well et muss een am Fong geholl de Geescht vum Gesetz e bësse verstoen. An do muss een, do ginn ech Iech Recht, mat deenen Auteuren, déi dat Gesetz geschriwwen hunn, kucken, dass een déi eventuell an d'Kommissioun mat bäihëlt an da kuckt wéi si dat gemengt hunn. Mä kloer ass et, dass an deem heite Gesetz d'Gemenge vill méi responsabiliséiert ginn an dass d'Autonomie communale hei voll spillt, contrairement zu deem wat verschidde Leit dobausse soen, déi mengen et wier net esou.

Ech wollt kuerz op déi eenzel Artikelen agoen, déi elo ugeschwat gi sinn, wierklech kuerz, well ech mengen déi Invitatioun, déi komm ass vum Michel Wolter oder vun der CSV-Säit, fir an eng Chamberskommissioun ze kommen, déi sinn ech bereet unzehuelen. Wann den Här Schank do en Datum huet, da sinn ech d'accord an d'Kommissioun ze kommen, fir do eng Detailaarbecht ze maachen.

Zum Artikel 7, esou ass et richteg, och wéi den Här Calmes et gesot huet, dass do wéineg Büroen de Moment an där Lëscht dra sinn. Eng gutt Dose sinn et der, vläicht e bësse méi, déi do éligibel sinn. Mä ech wëll Iech eppes soen: Wat Dir gesot hutt ass falsch, well bis elo waren ëmmer nëmme wéineg Büroen, déi PAGe gemaach hunn, wéineg Büroen, contrairement zu deem wat Dir virdru gesot hutt. Dir hutt gesot et wiere méi där Büroen, déi dat gemaach hunn.

Une voix.- PAPen.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Ah, PAPen. Bon, soit. Den Däiwel läit am Detail. Ech sinn der Meenung, dass et wéineg Büroe sinn, déi PAGe gemaach hunn an dass an Zukunft et muss méiglech sinn, dass méi Büroe PAPe kënne maachen.

Duerfir plädéiere mir, och vum Ministère aus, fir eng duebel Lëscht hei ze maachen, déi och an der Logik vum Gesetz ass, well een, deen e PAG mécht, dee muss Ahnung hu vu Raumplanung a vu Städtebau oder Städteplanung, Urbanismus an Aménagement du territoire. Een, deen e PAP mécht, dat ass eng Loi d'exécution, an engem gewëssene Sënn ass dat eng Exekutioun, loosse mer emol esou soen, vun deem aneren. Do geet et duer, wann een urbanistesch, respektiv Architektequalitéiten huet. Mir maachen also do eng zweet Lëscht. Mir ginn an déi Richtung. Dat wäert och dat sinn, wat mer wäerte proposéieren.

Ech wollt Iech och herno soe wéi meng Démarche wäert sinn. Also, et ass kloer dass mer hei zwou Lëschte wäerte maachen, an déi Leit, déi net op där enger Lëscht sinn, déi kënnen iwwer e Master eventuell, dee mer sollen am Kader vun der Uni Lëtzebuerg maachen, do kënnen déi eng eng Formation continue maachen a jonk Leit, déi Studie maachen, kënnen dat dann als richtege Module léieren, als eng Spezialisatioun an dësem Beräich.

Artikel 27, dat ass deen Artikel, deen oft - wéi géif ech soen - ugeschwat gëtt an oft net richteg interpretéiert gëtt, well den Artikel 27 u sech deen Artikel ass, deen dem Buergermeeschter am Fong geholl d'Méiglechkeet gëtt Bautegenehmegungen ze maachen. Et muss een en och mat deem Geescht liesen. An e baut och op op den Artikel 34 vum Bautegesetzbuch aus Däitschland, en ass do, et ass e gewëssene Parallelissem do dran, dee fënnt een och hei erëm.

An deen Artikel 27 soll dem Buergermeeschter d'Méiglechkeete ginn, a sengem PAG Terrainen ze definéiere mat technesche Moyenen ouni Prozuduren. Dat heescht net, dass hei musse richteg Prozedure gemaach gi wéi bei engem PAG oder engem PAP, fir hei sollen ze definéieren, wou ee keng brauch ze maachen. Ech erklären Iech dat méi am Detail an där nächster Kommissioun, déi mer wahrscheinlech e Freideg maachen, firwat dass dat am Fong geholl net esou problematesch ass. Textuell ass et zwar net prezis an ech proposéieren Iech och do en aneren Text, deen ech géif am Januar virleeën. Dat ass am Fong geholl och dee Wee, dee mer eis ginn hunn, am Januar an de Regierungsrot ze goe mat engem Text, dann e Projet virleeën an dann herno an der Kommissioun kucken an diskutéieren an deen dann esou séier ewéi méiglech iwwert d'Bühn kréien, fir dass dat, wat ëmmer gesot gëtt, et misst e Baustop sinn, misst ausser Kraaft gesat ginn.

Mir sinn der Meenung, dass dëst Gesetz applicabel ass, Madame Flesch.

(Interruption)

Mir sinn der Meenung, dass et applicabel ass, awer et musse Preziséioune gemaach ginn, a mir sinn och d'accord mat deem, wat den Här Gira gesot huet, fir eng Circulaire ze maachen - dat hu mer eis och scho virgeholl an et gëtt och schonn dru geschriwwen -, wat déi Artikele 27 a 34 ugeet. Dat ass ganz kloer, do musse mer eng Cir-

culaire maachen, wéi dass een déi Artikele soll interpretéieren. A wéi ech lech elo gesot hunn, fir de 27 kënnt en neien Text, mä de 34 ass, wéi ech sou gäre soen, kloer wéi Bulettszopp. Well den Artikel 34 huet als Objet, d'Cessioun vu Fongen a Plans d'aménagement particuliers fir Aménagements publics ze maachen - den Objet ass also kloer.

A wéini spillt dat? Ma dat spillt an dat steet do: «…les terrains compris dans les plans d'aménagement particulier et qui sont réservés à des constructions pour aménagement public propre au plan d'aménagement particulier doivent être cédés à la commune». Dat ass d'generell Regel. Dat heescht, et muss een also hei e Kumulativ hu vun op där enger Säit e PAP an op där anerer Säit muss d'Gemeng de Wëllen hu fir hei Aménagements publics, Reserven ze maachen. A wann dat de Fall ass, da spillt deen Artikel an da kommen déi Regele mat 25%, respektiv mat Gelder, déi dat da kompenséieren an esou weider.

Wann Dir awer an enger klenger Strooss dräi kleng Haiser hutt an Dir sot: Ech wëll elo eng Résidence dohinner maachen. Da rappt Dir déi dräi Haiser of, Dir maacht e PAP fir dat ze maachen. Da kann de Buergermeeschter, wann e wëllt, nach 25% froen, mä hie muss dat awer guer net wëllen, well hie mécht jo elo keng Mise en réserve vun Aménagement public, sou dass also do wierklech d'Autonomie communale spillt. De Buergermeeschter décidéiert, ob en dat wëllt huelen. Wann e Buergermeeschter éierlech ass a korrekt ass, da seet en: Ech brauch keng 25%, well deen Terrain ass an der Rei an ech dat dohinner baue kann, an hie baut et. Also spillt déi Regel vu 25% nëmme wann Aménagements publics getätegt ginn, an duerfir ass den Artikel 34 u .sech kee Problem an dee muss een och esou interpretéieren. A wann dat och dann als Circulaire esou op d'Gemenge geschéckt gëtt, mengen ech, wier dat iwwerhaapt kee Problem.

Dann d'Artikelen 105 an 106, mengen ech, sinn ugeschwat gi vun de Kolleege vun der Demokratescher Partei. Dat ass och éischter technesch. Do ginn am Fong geholl déi Plans de lotissement an de Relotissement geféiert an der Mesure d'exécution an u sech sinn et keng, déi kéint een dofir och bei d'PAPe schreiwen, mä inhaltlech ass awer do kee Problem. Wou e Problem nach ass, deen een och kann an Ugréff huelen, ass den Artikel 109, wou drasteet, dass déi Gemenge vun 10.000 Leit un „sont tenus d'avoir un service technique communal comprenant au moins un architecte ou un ingénieur diplômé qualifié en aménagement du territoire et en urbanisme". Dat ka vläicht e bësse staark sinn. Do kann ee vläicht en „ou" drasetzen, wat da méi Méiglechkeete gëtt, well déi Persoun muss dann onbedéngt kumulativ déi zwee Kritären hunn.

Mä dat léisst sech diskutéieren, sou dass ech ka soen, dass mer am Fong geholl just kleng Problemer hei hunn an dass mer sécherlech an deenen nächsten Deeg et wäerte fäerdeg bréngen dëst Gesetz esou hinzekréien, dass et ganz funktiounsfäeg ass an dass et deene Leit, déi vill Erwaardungen dra setzen, gerecht gëtt. Ech soen, et ass dat zweetwichtegst. Et ass an engem gewëssene Sënn e Paradigmewiessel, wéi den Här Gira gesot huet, mä ech mengen dass mer wierklech hei kënnen Neel mat Käpp maachen - déi Problemer mat de Gaardenhaisercher, wou der ugeschwat hutt -, well all Konstruktioun muss eng Autorisation communale hunn, dat soll een diskutéieren. Mä ech sinn iwwerzeegt, an e puer Woche kann dat Gesetz anstänneg applizéiert ginn. Mir brauchen et net ausser Kraaft ze setzen a mir wäerten dann och déi Diskussioun an engem konstruktive Geescht iwwert d'Bühn kréien. D'Regierung ass bereet an ech hu gemierkt, Dir sidd och bereet. Dat ass zum Wuel vun eis alleguerten.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Schank freet d'Wuert an d'Madame Flesch.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Ech wollt och e Beitrag zu där Heure d'actualité leeschten, Här President, a preziséieren, datt mer eng Sëtzung vun der Intérieurskommissioun géife maachen e Freideg de Moien um néng Auer.

M. le Président.- Ech huelen Akt dovunner.

Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, däerf ech dem Minister eng Fro stellen zur Opklärung? Ass hien der Meenung, dass eng Circulaire ministérielle priméiert iwwer Iwwerleeunge vun engem Geriicht, notamment am Kader vun der Affär, déi am Référé de 7. Dezember gesprach ginn ass?

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Wann Der lech op déi Affär, déi am Référé de 7. Dezember gesprach ginn ass, berufft, muss ech soen, dass dat eng Affär ass, déi ganz kloer ass. Do geet et ëm e Morcellement. An ob mir eis an deem ale 37er Gesetz bewegen oder am neie Gesetz, bei engem Morcellement muss ëmmer e PAP gemaach ginn an an dësem Fall ass kee gemaach ginn. Esou ass et kloer, dass dann do Reserve markéiert ginn, esou dass ech a Beruffung dorop géif mengen, dass mer sollte waarde wat d'Geriichter do soen.

Wat elo eng Circulaire ugeet, gesinn ech déi Circulaire als komplementaart Instrument zu deenen Diskussiounen, déi mer elo an der Kommissioun wäerte féieren an déi dozou féieren, dass mer Amendementer oder punktuell Ännerunge maachen, déi net fundamental sinn. An do kann ee roueg Circulairen derbäileeën, déi kloer soe wou et higeet, an doriwwer eraus gëtt jo och dann zu deenen Ännerungen, déi do komme wäerten, e Commentaire des articles geschriwwen an ech gesinn also kee Problem. Et ass e Ganzt an et ass e Beweis vun enger gudder Zesummenaarbecht zwëschent dem Ministère de l'Intérieur an deenen 118 Gemengen.

M. le Président.- Merci, Här Halsdorf. Ier mer dann zu dem normalen Ordre du jour kommen, wëll ech nach dräi Remarquë maachen.

Éischtens wat den Artikel 78-2 vun eisem Reglement ubelaangt, wat d'Heure d'actualité ugeet, do ginn et - a mir hunn dat haut hei eraushéieren - zwou verschidde Lecturë vun deem Reglement, an ech wier frou wann entweder d'Presidentekonferenz oder d'Commission du Règlement sech géif deem Artikel unhuelen a kucken, dass mer do eng Lecture erauskréien, well soss kréie mer all Kéier Sträit wann et ëm eng Heure d'actualité geet, déi net soll op den Ordre du jour kommen. Ech hätt gären, dass mer Kloerheet hunn, dass d'Spillregele bekannt sinn, dass jidderee weess, wéi e sech drun ze halen huet.

Da wollt ech soen, well et elo scho relativ spéit ass, dass mer den Ordre du jour, dee mer eis fir haut virgeholl hunn, fäerdeg maachen, och wann et iwwer hallwer siwen erausgeet.

An déi drëtt Remarque ass déi, datt den zoustännege Minister, den Här Lux, muss méi fréi wéinst Auslandsobligatioune fortgoen, esou datt ech géif ëm Versteesdemech bieden, datt, dee Moment wou hie sech géif d'Wuert froen zu deem Projet, dee mer elo um Ordre du jour hunn, mer dann d'accord wieren, datt hien dozou kënnt schwätzen, well en um Enn vun der Sitzung net méi hei ass.

Da komme mer elo zu der Diskussioun vum Projet 5327 iwwert de Protokoll vu Kyoto. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Calmes, Gira a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Den Här Negri ergräift d'Wuert och als mandatéierte Spriecher vu senger Fraktioun no der Presentatioun vum Rapport. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, de Kyoto-Protokoll a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen heescht e Paradigmewiessel am Energieberäich alauden oder anescht gesot e konsequent Ëmdenken an Ëmsetze vu Moossname fir eisen CO_2-Verbrauch substanziell ze reduzéieren.

Et ass mer eng grouss Éier als Rapporteur a President vun der Ëmweltkommissioun lech de Projet de loi 5327 iwwert de Système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre virzestellen. Dëse Vote vun de Mëtten ass en historesche Schratt. Mat dësem Vote huet d'Lëtzebuerger Législative hir Aarbecht am Zesummenhank mam Kyoto-Protokoll gemaach. Et war awer elo net esou ewéi wann d'Kapitel vum Kyoto eriwwer wier. Ganz au Contraire. Fir genee ze sinn: Op den 1. Januar 2005 musse mir alleguerten, d'Bierger, d'Ministèren, d'Verwaltungen, d'Betriber an alle Beräicher a Saachen Energieeffizienz an Energiespueren dat Wuert Kyoto ëmmer am Hannerkapp hunn. Et gëtt elo kee Liewe méi ouni Kyoto.

Duerch d'Ratifizéierung vu Russland am Mount November trëtt elo, siwe Joer no der Weltklimakonferenz vu Kyoto, de 16. Februar 2005 de sou genannte Kyoto-Protokoll endlech a Kraaft. Dat ass en Duerchbroch fir den internationale Klimaschutz. De Kampf géint de Klimawandel ass eng global Aufgab. D'Auswierkunge vum „climate change" sinn a ville Regioune vun der Äerd ze spieren. Dofir ass et wichteg, dass géint de globale Klimawandel als gréisst ëmweltpolitesch Erausfuerderung duerch multilateraalt Handele géigegesteiert gëtt.

Am Kyoto-Protokoll huet sech de multilateralen Usaz vun enger globaler Ëmweltpolitik duerchgesat.

D'Akraafttriede vum Kyoto-Protokoll ass en oniwwerhéierbaart Signal dat weist, dass déi international Stategemeinschaft de Klimawandel eescht hélt. De Klimawandel ass schliesslech net eng weider skeptesch Prognos, mä neen, et ass batter Realitéit. De Kyoto-Protokoll huet vill dozou bäigedroen, dass de Klimaproblem international Opmierksamkeet kritt huet.

De Kyoto-Protokoll leet eng klimapolitesch Trendwend an a gëtt en als éischt Zil hei fir op de Wee zu enger Industriegesellschaft, déi vill manner Treibhausgasen émettéiert, an zugläich déi fossil Brennstoffer méi effizient asetzt wéi bis elo.

Aktiv Klimaschutzpolitik heescht op kee Fall Äddi soe vun der Industriegesellschaft -neen, dat heescht et net -, mä si erfuerdert eng nei Industriepolitik. Klimaschutz promovéiert nei Entwécklungsmodeller an der Wirtschaft an an der Gesellschaft - en Ëmdenken also.

Energiespuerung an d'Steigerung vun der Energieeffizienz schounen d'Klima an déi natierlech Ressourcen. An dëst drécke sech fir déi privat Haushalter, den Déngschtleeschtungssecteur an déi produzéierend Ekonomie séier an Euroen aus. Mat Kyoto kritt de Verbrauch vun der Atmosphär fir d'éischte Kéier e Präis.

Wat heescht iwwerhaapt Kyoto? Kyoto ass een Term, deen duerch dëse Protokoll héchstwahrscheinlech an nächster Zukunft net méi exklusiv an Ëmweltkreesser wäert benotzt ginn, mä fir alles wat am Rapport mam Klima an Energie steet.

Fir déi, déi et méi genee interesséiert, e klengen Exkurs iwwert den Term Kyoto. Kyoto ass eng vun deenen historesch a kulturell bedeitendste japanesche Stied. Kyoto huet ongeféier 1,5 Milliounen Awunner a läit am südwestlechen Deel vun der japanescher Haaptinsel Hondo an engem breeden Dall vum Süd-Enn vum Biwaséi. Den Numm vun der Stad bedeit wuertwiertlech am japaneschen „Haaptstad". Kyoto war vu 794 bis 1868 déi kaiserlech Haaptstad vu Japan - allerdéngs nëmmen deelweis och tatsächlech Regierungssëtz - an ass haut d'Haaptstad vun der Prefektur mam selwechte Numm Kyoto a läit à peu près 400 Kilometer westlech vun Tokio. Kyoto bilt, zesumme mat der 10 Kilometer wäit entfernter Stad Otsu, de Weltkulturiewen „historescht Kyoto". A vum Joer 2005 un ass Kyoto och gläichzesetze mat enger drastescher globaler Reduktioun vun Treibhausgasen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Historique an zum Contenu vum Projet de loi, dee mir elo an deenen nächste Stonne wäerten debattéieren. De sou genannte Kyoto-Protokoll ass en internationaalt Ofkomme vun der UN-Organisatioun UNFCC zum Klimaschutz a baséiert am Fong op Iddien, déi um „Sommet de la Terre" am Juni 1992 zu Rio entstane sinn.

Etlech räich Staten, déi selwer responsabel fir déi meeschten Emissioune sinn, koumen deemools zur Konklusioun, fir sech am Joer 2000 ze engagéiere fir CO_2-Emissiounen op den Niveau vum Joer 1990 ze stabiliséieren. Et war dunn de Kyoto-Protokoll am Joer 1997, deen déi Engagementer quantitativ a juristesch festgesat huet.

De Kyoto-Protokoll schreift verbindlech Ziler fir d'Reduktioun vum Ausstouss vun de sou genannten Treibhausgase fest, déi als Ausléiser vun der globaler Erwäermung gëllen. D'Erhéijung vun dëse Spuregaser, zu deene virun allem de Kuelendioxid (CO_2), Methan an den Ozon zersetzenden FCKW (Fluorchlor-Kuelewaasserstoff) zielen, ass gréisstendeels op Aktivitéite vun eis Mënschen zréckzeféieren.

De Kyoto-Protokoll gesäit vir, datt déi meeschten Industrielänner hir Emissioune bis zum Joer 2012 ëm 6 bis 8% ënnert den Niveau vun 1990 senke mussen. Russland an d'Ukraine solle sech dozou verflichten, den Emissiounsniveau vun 1990 net ze iwwerbidden. Fir China, Indien an aner Entwécklungslänner si keng Aschränkunge virgesinn.

De Protokoll gouf an der japanescher Prefekturhaaptstad Kyoto verhandelt an ass am Joer 1997 verabschiet ginn. D'Ofkomme soll awer eréischt a Kraaft triede wa 55 Staten, déi zesumme méi wéi 55% vun den CO_2-Emissiounen, bezunn op 1990 - déi vun den Industrielänner verursaachten CO_2-Emissiounen -, d'Ofkommes ratifizéiert hunn. Zur Zäit - de Stand vum 3. November 2004 - läit d'Zuel vun de Staten, déi de Protokoll ratifizéiert hunn, bei 126 Staten an ass domadder iwwert deene verlaangte 55% vun de Gesamtémissioune vun 1990. Dëst ass awer eréischt méiglech ginn duerch de Bäitrëtt vu Russland, dat insgesamt 18% vun den Emissioune vun 1990 ausmécht.

Bemierkt muss ginn, dass d'Amerikaner an d'Russen déi zwou Natioune sinn, déi am meeschten CO_2-Emissioune verursaachen. Esou zum Beispill hunn d'Amerikaner 20,5 Tonnen Emissioune pro Joer pro Awunner. Lëtzebuerg ass hei och no drun, well mir leie bei 20,42 Tonnen. Als Vergläich kann ee vläicht eis Belsch Noperen zitéieren, déi nëmmen 12,04 Tonnen CO_2-Emissioune pro Awunner pro Joer hunn.

D'USA haten ënnert dem Clinton de Kyoto-Protokoll zwar ënnerschriwwen, mä ni ratifizéiert. D'Ënnerschréft ass vum Clinton sengem Nofolger Bush widderruff ginn. A wéi et ausgesäit, wäert sech dorunner och näischt an nächster Zukunft änneren.

D'Russen awer haten aus Rücksiicht op déi diplomatesch Bezéiungen zu den USA laang mat hirer Entscheedung waarde gelooss. Aus russescher Siicht schwätzt fir eng Ratifizéierung vum Handel mat Emissiounsrechter dee fir si ze erwaardende Gewënn. An zwar sinn an de Joren nom Bezuchsjoer 1990 a Russland etlech ëmweltverschmotzend Fabriken aus Rentabilitéitsgrënn zougemaach ginn. Dowéinst leien déi aktuell Emissiounen ënnert deene vun 1990, sou dass Russland nom Akraafttriede vum Protokoll sou genannte Verschmotzungsrechter géint Devisen an aneren Industrielänner verkafe kann.

Déi Russesch Duma huet den 22. Oktober 2004 de Protokoll ratifizéiert. Dëst nodeems sech hire President, de Vladimir Putin, am Virfeld fir d'Ëmsetzung vum Kyoto-Protokoll staark gemaach huet. Domadder ass den Undeel vun de Ratifizéierungslänner also elo op iwwer 60% an domadder ass elo déi magesch Grenz vu 55% iwwerschratt. De Wee fir d'Ëmsetzung vum komplette Kyoto-Protokoll ass also elo fräi.

De 6. EU-Ëmweltaktiounsprogramm huet décidéiert, datt de Kampf géint de Klimawandel eng absolut Prioritéit muss hunn, an huet e Kalenner mat konkreten Zilsetzunge festgeluecht.

Ab dem Joer 2005 soll op europäeschem Niveau en Handel vu sou genannten Emissiounsrechter entstoen. Dësen Aktiounsprogramm vun der EU huet sech engagéiert, an de Joren 2008 bis 2012 eng Reduktioun vun 8% vun den Treibhausgasémissiounen, par rapport op dem Niveau vun 1990, ze realiséieren an à long terme misst en Emissiounsréckgang vu 70% ugestrieft ginn.

Den Handel mat Emissiounsrechter, deen ab 1. Januar 2005 funktionéiere soll, ass ee vun de wesentlechsten Emissiounssenkungsinstrumenter, déi am Protokoll vu Kyoto verankert sinn.

An enger éischter Phas si virun allem d'Secteure wou ganz vill CO_2-Emissiounen entstinn uviséiert, wéi Pabeier-, Glas-, Zement-, Energie- a Raffinerieindustrien, also déi Industrien, déi fir 45 bis 50% vun deenen Emissioune verantwortlech sinn.

De System baséiert op zwee Konzepter. Dat éischt sinn d'Autorisatioune fir Treibhausgas ze émettéieren, déi all Installatioun muss besëtzen, an dat zweet sinn d'Emissiounsquoten „quotas d'émissions de gaz à effet de serre", déi speziell op all Installatioun berechent sinn. Et däerf een also nëmmen déi Quantitéit CO_2 an d'Loft émettéieren, wéi een och deementspriechend Emissiounsquoten huet.

Wéi ginn dann elo déi Emissiounswäerter gerechent?

D'Methodologie fir d'Emissiounswäerter ze evaluéieren an ze comptabiliséieren heescht IPCC (International Panel on Climate Change). Dës Method ass fir Lëtzebuerg net grad gënschteg. D'Treibhausgaser ginn um Niveau vun den Emissiounsquelle gemooss, déi eenzeg Ausnahm gëtt beim Stroossentransportsecteur gemaach. Hei ginn d'Emissiounen duerch de Verkaf vu Bensin an Diesel gerechent. Et ass jo awer och gewosst, datt de Bensin, deen hei zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt, net eleng hei am Land verbraucht gëtt, respektiv d'Ëmwelt belaascht.

Eng aner Saach sinn d'Emissiounen, déi un d'elektresch Produktioun liéiert sinn. Dës ginn net de Konsumenten ugerechent, mä de Produktiounszentralen, dat heescht datt d'Emissiounen an der CO_2-Bilanz am Land vum Stroumproduzent bäigefügt ginn. Wann ee seng Quoten net all brauch, da kann een déi um internationale Marché verkafen. Am Moment läit de Präis vun enger Quot bei 26 Euro. Et gëtt awer geschat, datt wann de Marché bis richteg funktionéiert, déi Präisser séier op 100 Euro klamme kënnen. Ëmgedréint gëllt natierlech och: Wann ee méi CO_2 verbraucht wéi ee Quoten zur Verfügung huet, da muss an de Portmonni gegraff ginn.

Niewent dem Emissiounshandel gëtt et zwee weider wesentlech Instrumenter zur Duerchféierung vun de Moossname fir d'Bekämpfung vum Treibhauseffekt. Déi sou genannte flexibel Mechanismen. Als „joint implementation" gi kooperativ Moossname vun zwee oder méi Industrielänner bezeechent, déi sech déi zwee kënnen urechne loossen. A vu „clean development mechanism" schwätzt een, wann en Industrieland Moossnamen zur CO_2-Reduktioun an engem Entwécklungsland duerchféiert. Well d'Plaz vun der Emissiounsreduktioun keng Roll spillt, well jo all Reduktioun e positiven Afloss op d'Weltklimaentwécklung huet, kënnen esou méi käschtegënschteg Léisunge verwierklecht ginn, déi domadder och politesch méi liicht duerchsetzbar sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Zesummenhang ass de Kyoto-Protokoll vu grousser, ganz grousser Bedeitung. Seng flexibel Instrumenter ënnerstëtzen de Moderniséierungsprozess bei der Energieversuergung. De Kyoto-Protokoll schaaft Ureizer fir d'Industrielänner verstäerkt an erneierbar Energien an den Entwécklungslänner ze investéieren. Déi domadder agespuerten Emissioune vun Treibhausgase kënne sech d'Investoren zegutt schreiwe loossen. Insgesamt leien hei fir d'Industrie wéi och fir d'Entwécklungslänner grouss Chancë fir gräifbar Fortschrëtter op dem Wee zu enger nohalteger Energieversuergung.

Dës Iddi vum Quotenhandel, deen déi grouss CO_2-Emetteure soll dozou brénge fir esou mann wéi méiglech d'Loft ze verpäschten, ass net nei. Déi gëtt et schonn zum Beispill an der Ëmweltpolitik duerch de Protokoll vu Montreal, esou wéi an der gemeinsamer europäescher Agrarpolitik duerch d'Mëllechquoten oder an der Fëschereipolitik. Lëtzebuerg verflicht sech, säin Ausstouss an de betreffende Gase vun 2008 bis 2012 ëm 28% géigeniwwer vum Stand vun 1990 ze senken. Zwar sinn hei zu Lëtzebuerg scho verschidde Saache geschitt, mä de Rescht vum Wee zu dësem Zil kascht eis Wirtschaft wesentlech méi wéi bis elo. An och d'Politik muss an dësem Kontext nach vill Mutt an Iwwerzeegungskraaft beweisen.

D'Länner vun der Europäescher Unioun hu sech engagéiert fir 8% vun hiren Emissiounen ze reduzéieren. D'Contributioun vu Lëtzebuerg ass an dësem globalen Accord mat enger Reduktioun vun 28% par rapport zu 1990 déi bedeitendst. All zesummen hunn déi meescht Industrielänner sech zum Zil gesat, fir an der Period 2008 bis 2012 eng Reduktioun vu 5% par rapport zu 1990 vun den Treibhausgasen ze realiséieren. Dës global Efforten, fir dës Ziler ze erreechen, sinn awer nëmmen eng éischt Etapp am Kader vum Kyoto-Protokoll. Eng Etapp, déi enorm wichteg ass, an - et muss een et betounen - virun allem e Schratt an déi richteg Richtung.

Fir eisen zukünftege Generatiounen eng liewenswäert Ëmwelt ze hannerloossen, hunn d'Klimawëssenschaftler d'Zil ausgeschafft, fir d'Temperaturerhéijung ënnert der Barre vun zwee Grad Celcius par rapport zu der preindustrieller Period ze halen. Fir op dëst Zil ze komme gëllt et elo bis d'Joer 2020 eng Treibhausreduktioun an den Industrielänner vu 40% a bis 2050 souguer e Minus vun 80% ze realiséieren. Aus ëmweltethesche Grënn musse mir dësem Zil méi no kommen, wa mir deenen nofolgende Generatiounen, der wuessender Bevölkerung, am Respekt vun der Würd vum Mënsch, hir Entwécklungschancë berücksichtege wëllen.

Wann de Kyoto-Protokoll de 16. Februar 2005 a Kraaft triede kann, dann ass dëst net nëmmen deen éischte Schratt fir den internationale Klimaschutz, mä et ass och e ganz wichtege Schratt fir d'Wahrnehmung vun eiser ethescher Verantwortung.

Den internationale Klimaschutz muss och iwwer 2012 eraus verstäerkt ginn, am sou genannte Post-Kyoto oder Kyoto-Plus-Prozess. Déi international Politik muss sech op folgend Punkte fixéieren: d'Ëmsetze vun de Kyoto-Verflichtungen, d'Werbe vun den Amerikaner fir si als Partner fir de globale Klimaschutz dozouzegewannen, dat aktiivt Matabezéie vun den Entwécklungslänner, déi weltwäit Notzung vun de Kyoto-Instrumenter, also Emissiounshandel, „joint implementation" an „clean development mechanism", d'Sécherheet vun der Vereenbarkeet vu Welthandelsregele mat multilateralen Ëmweltofkommessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo hei am Detail op d'Situatioun zu Lëtzebuerg agoen.

Eng Reduktioun vun 28% zum Referenzjoer 1990 kléngt wéi wann dat enorm vill wär. Bedenke muss een awer, datt an den 90er Joren d'ARBED duerch Restrukturatiounsmoossname vu Kuel op Elektresch, op déi sou genannte Filière électrique ëmgestiegen ass an domadder d'CO_2-Emissiounen drastesch gefall sinn.

Zu Lëtzebuerg hu mir de Moment 19 Industriebetriber, där sou genanntener „importants émetteurs". Bemierkt muss ginn, dass d'Halschent vun den Installatiounen zu Lëtzebuerg Cogénératiounsanlage sinn, wuel fir hir, an engem gewësse Mooss, grouss energetesch Efficacitéit bekannt sinn, mä kee Potenzial fir de Réckgang vun CO_2-Emissiounen duerstellen. Si produzéiere mat 3,3 Milliounen Tonnen ongefeier een Drëttel vum Treibhausgas.

Op där anerer Säit hu mir virun allem an deene leschte Joren en enorme Wuesstem am Transportberäich vum Individualverkéier ze verzeechnen. Dëst huet zur Konsequenz, dass eis Kyoto-Wäerter éischter stagnéiere wéi erof ginn. Den Transportsecteur läit bei 5,4 Milliounen an d'Haushalter, wou allerdéngs den Déngschtleeschtungssecteur mat integréiert ass, bei 1,4 Milliounen Tonnen. Alles zesumme mécht dat also hei zu Lëtzebuerg 10,1 Milliounen Tonnen CO_2-Emissiounen aus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Regierung huet décidéiert am Zesummenhang mat de Kyoto-Instrumenter, also dem Emissiounshandel, der „joint implementation" an dem „clean development mechanism", an deem Kader, ee Finanzementsfong ze schafen. D'Institutioun vun dësem Fong resultéiert vum nationalen Allocatiounsplang, der Direktiv 2003/84/CE.

Eist Land kann dee virgehollene Wäert vu minus 28% net eleng mat nationale Mesuren erfëllen, esou datt e Recours op déi flexibel Mechanismen néideg ass. Do dernieft ass de Fonds de financement des mécanismes de Kyoto och dofir geduecht, fir op nationalem Niveau energiespuerend Projeten a Programmer finanziell ze ënnerstëtzen an ze initiéieren.

De Budget 2005, dee mer d'lescht Woch op dëser Plaz gestëmmt hunn, gesäit eng Dotatioun vu fënnef Milliounen Euro vir, a laut dem Volume II vum pluriannuellë Programm vun den Dépenses en capital vun de Joren 2006-2008 sinn all Joer 20 Milliounen Euro virgesinn. Dëse Projet de loi vun haut de Mëtteg ass den 20. Abrëll 2004 vum deemolegen Ëmweltminister hei an der Chamber déposéiert ginn. Duerno hunn déi verschidde Chambres professionnelles hir Avisen dozou ofginn; esou hunn d'Landwirtschaftskummer de 14. an d'Privatbeamtekummer den 30. Abrëll, d'Chambre de Travail de 14. Mee, d'Chamber vun de Fonctionnaires et Employés publics den 29. Juni an d'Chambre de Commerce den 23. August 2004 hir Avisen zum Projet ofginn.

De Conseil d'État huet den 8. Juni seng Positiounen zum Projet de loi presentéiert. Verschidden Oppositions formelles hat déi héich Kierperschaft notéiert, esou bei den Artikelen 19 an 20 iwwert d'Constatations d'infraction an d'Pouvoirs et prérogatives de contrôle, esou och datselwecht beim Artikel 21 iwwert déi administrativ Mesuren an d'Sanktiounen an dem Artikel 22 iwwert d'Sanctions pénales. De 16. Juni huet d'Regierung deenen Observatiounen an Oppositioune vum Statsrot am Projet de loi Rechnung gedroen, esou dass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 28. September säin Accord ginn huet.

De 26. Oktober huet d'Regierung de Projet de loi nach eemol amendéiert an huet dunn dee scho virdrun erkläerte Fonds de financement des mécanismes de Kyoto an den Text integréiert. A sengem zweeten Avis complémentaire vum 7. Dezember huet de Statsrot verschidde Remarquen zum Fonds bekannt ginn, déi vun der Ëmweltkommissioun ugeholl gi sinn.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass d'honorabel Madame Flesch ageschriwwen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Da wëll ech awer och ee Luef un de Statsrot ginn, deen am Kader vun dësem Gesetzesprojet e fouilléierten, wann och op verschiddene Punkte sibyllineschen Avis ofginn huet, an dat obwuel hei, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, immensen Zäitdrock bestanen huet.

Mäi Luef un de Rapporteur an un de Statsrot bréngt mech awer zugläich och zur Haaptkritik, déi ech zu dësem Projet de loi hunn. Hei gëtt der Chamber nach kuerz virun de Feierdeeg ee Gesetzesprojet presentéiert, deen net nëmmen an enger erstaunlecher Vitesse entstanen ass, mä gläichzäiteg vun enger grousser Komplexitéit ass, wat seng juristesch Konsequenzen ugeet. De Rapporteur huet jo drop higewisen. Dee Reproche kann een och aus dem Avis vum Conseil d'État erausliesen.

D'Regierung selwer schéngt sech dees och bewosst gewiescht ze sinn, well si huet hire Projet zréckgezunn, wéi mer en an der Commission juridique diskutéiert hunn, a si huet sech dem Text vum Conseil d'État ralliéiert. Ech wëll ganz kloer soen, dass dee Reproche net gëllt fir den Text vum Traité, dee sécherlech vun de Juristen aus den dräi Benelux-Länner suergfälteg preparéiert, diskutéiert an élaboréiert ginn ass, mä fir de Projet de loi, deen deen Traité elo sollt an d'Lëtzebuerger Recht ëmsetzen. An ech wonnere mech, dass ee Jurist, deen ech ëmmer als ganz rigouréis betruecht hunn, wéi de Justizminister, ons esou een Text virgeluecht huet, mä ech freeë mech, dass mer ons konnten un den Text vum Conseil d'État ralliéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet a sengem mëndlechen a schréftleche Rapport den Text vum Traité examinéiert, d'Problemer analyséiert, déi sech stellen, et schéngt mer also net néideg nach eng Kéier dorop anzegoen. Ech ralliéiere mech senger Analys.

A senger initialer Versioun sollt jo am Projet de loi net nëmmen den Traité an d'Lëtzebuerger Législatioun ëmgesat ginn, et war och virgesinn, dass dësen Text d'Décisioun 2003/725/JAI vum Conseil sollt unhuelen, duerch deen d'Dispositioune vun de Paragraphen 1 a 7 vum Artikel 40 vum Schengener Accord sollte modifizéiert ginn. Da sollten och nach eng ganz Rei vu legislativen Texter ofgeännert ginn op déi den Traité an d'Décisioun JAI Konsequenzen hunn. Nodeem mer elo den Text vum Statsrot unhuelen, ass den Objet vum Gesetzesprojet nëmmen nach d'Approbatioun vum Traité. An ech géif soen, et ass och gutt esou.

Wat d'Décisioun 2003/725/JAI betrëfft, déi gesäit vir, dass d'Dispositioune vun de Paragraphen 1 a 7 vum Artikel 40 vum Schengener Accord geännert ginn. Do seet de Statsrot, dass no der Jurisprudenz vun der Cour de Justice vun den Europäesche Communautéiten d'Décisioun keen Instrument international de droit public commun ass, dass den Effet vun der Décisioun contraignant ass, an dat bréngt mat sech, dass d'Décisioun obligatoresch ass fir all Organer vun de Memberstaten.

De Conseil d'État schléisst seng Konklusiounen domadder of, dass hien dreet eng Opposition formelle ze maachen, wann dës Décisioun sollt duerch een nationaalt Gesetz approuvéiert ginn. De Statsrot seet also hei, d'Décisioune JAI mussen net an eis Gesetzgebung transposéiert ginn, si sinn direkt applicabel an eng parlamentaresch Approbatioun wär incompatibel mat der Natur vun esou engem juristeschen Akt.

Hei schénge jo dann d'Meenunge vun der Regierung a vum Conseil d'État auserneen ze goen, a mir hunn an der Commission juridique geduecht, dass et der Méi wäert wär, duerno, eng Kéier méi allgemeng op déi Fro zréckzekommen an ze analyséieren, wéi d'juristesch Situatioun sech presentéiert a wéi mer ons an der Zukunft solle behuelen, wat d'Applicatioun vun den Décisioune JAI betrëfft.

Wat elo déi Ännerunge vun anere Gesetzestexter ugeet, déi initialement am Projet de loi virgesi waren, hat de Statsrot och seng Meenung. Hien huet gemengt, dass d'Loi d'approbation wuel spezifesch Renvoie misst virgesinn, mä dass et net noutwendeg wär d'Gesetzer an d'Coden u sech ze änneren. Dat géif nämlech mat sech bréngen, huet de Statsrot gemengt, dass et zu enger Multitude vun Texter géing kommen, déi d'Coopération policière transfrontalière géinge regelen, an domadder kéint eng Onsécherheet entstoen. D'Commission juridique huet och an dësem Fall dem Avis vum Statsrot Folleg geleescht, obschonn dat do och eng Fro ass, wou d'Meenunge vun de Juristen ausernee ginn.

A sengem Avis weist de Conseil d'État nach op eng Rei vun aner Ongereimtheeten am Projet de loi hin. Ech wëll hei a menger Interventioun net weider dorop agoen, mä just ervirsträichen, dass ech d'Gefill einfach net lass ginn, dass de Lëtzebuerger Projet de loi, wat d'Transpositioun vum Traité a Lëtzebuerger Gesetzgebung betrëfft, iwwert de Knéi gebrach war, wahrscheinlech fir dass den Traité nach kéint während der Lëtzebuerger Présidence zum Droe kommen - nach misst dofir den Traité och vun der Belsch a vun Holland ratifizéiert ginn; an der Belsch schéngt dat de Fall ze sinn, mä an Holland wäert dat nach eng Zäit daueren.

Quoi qu'il en soit, d'Kooperatioun tëschent de Länner vum Benelux war am Ufank eng Kooperatioun virun allem am Domän vun der Douane. Lues a lues huet dat sech du weider op aner Domäner ausgedréckt, wéi zum Beispill d'Kooperatioun am Kader vun der Police.

Ech mengen et wär gutt a richteg, dass elo e Kader geschafe gëtt, an deem déi Coopération policière tëschent de Benelux-Länner kann zum Droe kommen. Et ass wichteg, dass déi Kooperatioun besteet an et ass wichteg dass e klore Kader besteet, an deem se sech kann ofwéckelen.

Den Traité, dee mer haut sollen unhuelen, soll d'Äntwerten op déi Problemer bréngen. Sou soll also d'Kooperatioun vun der Police iwwert d'Grenzen eraus geregelt ginn, sou wéi och d'Presenz vu belschen oder hollännesche Polizisten op eisem Territoire a vice versa, a schlussendlech déi praktesch Mesuren, fir dass eng Kooperatioun ka richteg funktionéieren.

Am Traité sinn déi verschidden Hypothesen opgelëscht, wou eng friem Interventioun op Lëtzebuerger Territoire ka geschéien an ënnert wat fir enger Form se ka geschéien. De Rapporteur huet dat jo hei am Detail analyséiert, hien huet och d'Dispositiounen am Detail analyséiert, an ech wëll dat net widderhuelen. Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Belsch a Lëtzebuerg hire Gesamtterritoire als Région transfrontalière definéiert hunn. Domadder kënnen d'Policen um Gesamtterritoire vun deenen zwee Länner intervenéieren.

Den Traité mécht also e grousse Schrëtt, fir d'Kooperatioun tëschent den dräi Benelux-Staten am Kader vun der Police ze verbesseren. Mir wäerten dee Projet de loi also stëmmen, mä mer mengen, datt

d'Commission juridique soll op déi zwou, dräi Froen zréckkommen, déi opgeworf si ginn, an déi mer da sollten am Detail an an aller Sérénitéit diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry ageschriwwen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt am Numm vu menger Fraktioun e Luef fir de Rapporteur, den Här Patrick Santer, deen hei eng flott a schnell Aarbecht gemaach huet, deen all d'Problemer beliicht huet, mengen ech, an als drëtten Intervenant wëll ech also elo net erëm nach eng Kéier in extenso op den Inhalt an déi ganz Virgeschichte vun deem heiten Text agoen.

Ech deelen net ganz d'Appréciatioun vun der Madame Flesch, déi vun engem sibyllineschen Avis geschwat huet vum Statsrot, déi awer och selwer eng ganz sibyllinesch Distinctioun gemaach huet, tëschent engem anscheinend schlechte Gesetzestext, deen d'Regierung deponéiert hätt, an engem gudden Traité. Ech fannen, datt den Text vun der Regierung net esou schlecht war, wéi si dat duergestallt huet. Par contre sinn ech der Meenung, dass vläicht den Traité net esou perfekt ass, wéi si dat gemengt huet. Den Ënnerscheed, dee si gemaach huet, féiert wahrscheinlech dorobber zréck, dass deen heiten Traité ënnerschriwwe ginn ass den 8. Juni dëst Joer, e puer Deeg virun de Chamberwahlen, an dass deemools d'Demokratesch Partei natierlech an der Regierung war. Den Dépôt vum Projet de loi war zwar vum selwechte responsabele Justizminister gemaach ginn, mä an enger anerer Regierungskonstellatioun. Duerfir mengen ech, et soll een de Fong kucken, et soll een net eng zäitlech Distinctioun maachen, wat gutt a wat schlecht war, et soll ee wierklech d'Texter kucken, déi hei virgeluecht si ginn.

Den Text vum Projet de loi - dat ass ganz kloer - ass besser, doduerjer dass effektiv an der Chamber hei deene fondéierte Bemierkunge vum Conseil d'État Rechnung gedroe ginn ass an dass déi eenzel Artikelen, do wou de Conseil d'État och Kritike formuléiert hat, respektiv och Géigeproposen vun Texter gemaach huet, ugeholl si ginn. Doduerjer, mengen ech, ass den Text vum Gesetz effektiv besser wéi déi alleréischt Versioun. An ech mengen, dass de Conseil d'État - an dat muss ee soen - an där relativ kuerzer Zäit, déi en hat, fir deen heite Gesetzesprojet ze kucken, dach awer op de Fong vun de Saache gaangen ass. Et mierkt een, dass hei Leit um Avis geschafft hunn, déi d'Matière ganz gutt kennen, och vun der Praxis aus, an dat spigelt sech an deem Avis vum Conseil d'État erëm.

Et ass awer de Fait - an do woren dem Conseil d'État seng Hänn natierlech och gebonnen, wéi och der Chamber hir Hänn gebonne sinn -, wann et ëm d'Ratifikatioun vun engem Traité geet; en Traité ass ënnerschriwwen an d'Chamber kann nëmmen approuvéieren oder d'Approbatioun refuséieren. Et ass ähnlech wéi beim Traité constitutionnel vun der Europäescher Unioun - eng Fro mat där mer eis jo dann an deenen nächste Méint wäerten nach des Längere beschäftegen. Et gëtt keng Tëscheléisung an där dote Fro. Et muss een also ofweien, ob de Pour méi staark ass oder ob de Contre méi staark ass.

Fir et virauszeschécken, eis Fraktioun ass der Meenung, dass wann een all d'Elementer ofweit, dass eigentlech déi Argumenter, déi fir den Traité stëmmen, méi staark si wéi déi Bedenken, déi ee kann, zum Deel och muss, hunn, wat eenzel Bestëmmunge vun deem Traité ugeet, déi tësche Lëtzebuerg, der Belsch an Holland ofgeschloss ginn ass. Well entgéint deem, wat d'Madame Flesch hei gesot huet, beschränkt sech d'Froestellung an déi implizit Kritik vum Statsrot net eleng op déi puer Artikele vum Projet de loi, mä och huet en eng ganz Rëtsch vu kritesche Bemierkungen oder Interpretatiounsfroe gestallt, wat den Text vum Traité selwer ugeet, dee mer haut solle ratifizéieren.

An ech géif do op eng Rei vun Dispositioune verweisen, déi en op der 6. Säit vu sengem Avis gemaach huet a wou e ganz kloer seet - ech soen nëmmen deen éischte Saz, dee gëtt den état d'esprit, dat Gefill, wat de Conseil d'État hat, wéi en deen Traitéstext examinéiert huet, e bëssen erëm: «Il reste que l'exercice, auquel les auteurs du Traité se sont livrés, demeure extrêmement délicat du fait des nombreuses ambiguïtés qui subsistent.»

Ambiguïtéiten, déi s de net eraus kriss aus engem Traité. Du kanns zwar fir dech eng eegen Interpretatioun ginn, mä nach ass een Traité zu dräi. An eigentlech kann een Traité nëmme funktionéieren, wann déi dräi Vertragsparteien déiselwecht Interpretatioun vun deene selwechten Texter hunn.

Elo gëtt zum Beispill bemängelt, dass eng Absence de distinction géif bestoen ënner Police administrative a Police judiciaire, déi sech géif wéi e roude Fuedem duerch dee ganzen Text vum Traité zéien. Et gëtt och bedauert, dass d'Dispositioune vum Traité, déi déi sou genannte gemeinsam Patrouillen a gemeinsam Kontrolle betreffen, ganz vag bleiwen an deem Text, deen tëschent deenen dräi Regierungen am Ufank vum Joer 2004 ausgehandelt ginn ass. An dat ganzt gipfelt da mat der Feststellung: «Le Conseil d'État se doit d'émettre ses réserves quant au bien-fondé juridique de l'approche retenue en l'occurrence, compte tenu du large éventail des formes de coopération qui y sont traitées.»

Also et ass schonn awer eng Kritik, déi elo net nëmmen déi puer Artikele vum Gesetzestext betrëfft, mä déi schonn an de Fong vum Traité erageet.

Mä schlussendlech, mengen ech, ass de Conseil d'État och zur Iwwerzeegung komm, dass deen heiten Traité an der Applikatioun eng ganz Rëtsch vu Froe wäert opwerfen, déi nach musse sécherlech gekläert ginn an der Praxis a vläicht esouguer an enger Renégociatioun, wann ee gesäit wéi deen Traité sech um Terrain bewäert, mä en ass awer u sech net géint deen heiten Traité, well - dat muss ee jo och soen - deen Accord, deen hei fonnt ginn ass, sech aschreift an eng ganz Rëtsch vun Efforten, déi vun de Lëtzebuerger Regierungen iwwert déi lescht, géing ech soen, 15 Joer praktesch gemaach si ginn, fir eng méi enk Kooperatioun tëschent haaptsächlech och de Polizeiorganer vun deenen eenzelne Staten ze fannen. Et gëtt mat Recht am Rapport och vun der Kommissioun drop opmierksam gemaach, dass u sech am Joer 1996 schonn e Memorandum d'accord getraff ginn ass tëschent de Benelux-Staten, wat d'Kollaboratioun ugeet am Beräich vun der Police, vun der Justiz a vun der Immigratioun.

Ech ka mech selwer erënneren, an der gudder aler Zäit, wéi ech nach Force-publiques-Minister war, dass ech zesumme mam deemolege Justizminister, dem Här Fischbach, an Däitschland gefuer si fir mam däitschen Innenminister en Accord de collaboration ze ënnerschreiwen, wat d'Zesummenaarbecht tëschent der Lëtzebuerger an der däitscher Polizei ugeet. Et ass also kee komplett Neiland, an deem mir eis hei bewegen. Dat schreift sech an an eng ganz Rëtsch vun Initiativen, déi wéi gesot vun deene Regierunge virdru geholl si ginn, an duerfir kann een net géint de Prinzip vun deem heite sinn.

Mä et ass wouer, dass an eenzelne Punkten, dat hunn d'Traitéen natierlech esou u sech, soss wäre se jo notzlos, deen heiten Traité méi wäit geet wéi aner Bestëmmungen, déi bis elo en vigueur sinn. Wat och opfält, dat ass natierlech déi feierlech Form vun engem Traité international, déi hei gewielt ginn ass, während virdru ganz oft déi Accorden éischter politesch Accordë waren oder technesch Accorden tëschent Polizeiverwaltungen, déi net onbedéngt hei duerch eng Ratifikatioun duerch d'Chamber gaange sinn.

Dat heiten ass also schonn, géif ech soen, e qualitative Sprong no uewen, no vir, well hei eng gewëssse Feierlechkeet an och eng rechtlech Verbindlechkeet gesicht gëtt, déi vläicht verschidden Accordë vu virdrun net am selwechte Mooss haten.

Duerfir muss een also hei duebel, mengen ech, oppassen, wann een den Text kuckt, da muss een also och mat der néideger Vigilenz un déi dote Froen erugoen, well ëmmer wann et ëm Froe vu Sécherheet geet, wann et ëm Froe vu polizeilecher Zesummenaarbecht geet, ass natierlech déi éischt Suerg d'Efficacitéit vun der Polizeiaarbecht, mä et muss een am Kapp déi zweet Suerg behalen, dat heescht, dass awer eng Rei vu fundamentale Mënscherechter a Grondprinzipie vum Fonctionnement vum Rechtsstat net däerfen ze kuerz komme bei där noutwendeger Sich vun enger Wierksamkeet vun der Polizeiaarbecht och am Kader vun enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht.

Et ass sécherlech gutt, dass no engem laange Blocage vu Frankräich et méiglech war an deene leschte Joren och gemeinsam Kommissariater opzebauen, sief dat elo dat belscht-däitscht-lëtzebuergescht gemeinsamt Kommissariat oder dat franséischt-lëtzebuergescht. Et war leider net méiglech an der Groussregioun do all Partneren zesummenzeféieren ënner engem Haus. Mer wëssen, wou d'Problemer leien; déi leien net onbedéngt bei Lëtzebuerg, mä éischter bei Paräis.

Et ass awer scho wichteg, dass mer op deem dote Punkt virukomm sinn, well den Austausch vun Informatiounen ass schrecklech wichteg, besonnesch och fir kriminell Akten, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn, wou ee ganz schnell natierlech iwwer eng Aussegrenz vu Lëtzebuerg ass, an do brauche mer - Lëtzebuerg als klengt Land - vläicht méi wéi déi aner eng schnell Zesummenaarbecht mat anere Polizeistellen, fir och, wann esou eng Infractioun gemaach ginn ass, schnell a wierksam kënnen ze reagéieren.

Ech wëll och agoen haaptsächlech op ee Punkt, deen och ervirgestrach ginn ass am Statsrot sengem Avis. Dat ass jo eng fundamental ganz nei Fro, wat den Austausch vun Données personnelles ugeet. Dat geet e Schratt méi wäit, wéi dat wat bis elo üblech war. An deenen anere Froen ass virun allem jo ee Punkt, deen opfält, dat ass dass, wéi gesot, elo Poursuitë méiglech sinn net nëmme wann eng Ufro do ass vun dem Pays d'accueil, mä wann effektiv och eng Urgence besteet. Da besteet d'Méiglechkeet iwwert d'Grenzen eraus an deem anere Land da kënne polizeilech aktiv ze ginn. Da muss natierlech direkt eng Informatioun do stattfannen un déi zoustänneg Stelle vun deem Land. Mä et bleift, dass dat eng fundamental Erneierung ass par rapport zu deem allgemenge System, an deem mer eis bis elo éischter dra beweegt hunn, wou éischter op den Droit de poursuite opgebaut ginn ass. Hei gi mir also och an deem dote Punkt e Schrëtt méi wäit.

Mä ech mengen, dass et eng ganz Rëtsch vu gudden Argumenter gëtt, fir ze soen, dat hei ass eng Form vun Zesummenaarbecht, déi een elo mol testweis soll erprouwen, weisen, wat déi Texter bréngen, weisen, wat d'Praxis bréngt, fir d'Konklusiounen dorauser ze zéien a fir vläicht eventuell, wann déi Praxis do sech als richteg erausstellt, wa sech erausstellt, dass déi Texter do duerginn, oder a Form vun aneren Texter weiderverschafft musse ginn, dann eventuell déi Kooperatioun net nëmmen am Kader vum Benelux ze gesinn, mä natierlech ass et dann an enger gewësse Logik och eng ähnlech Zesummenaarbecht sichen ze goe mat aneren Nopeschlänner, mat Däitschland a mat Frankräich. Dat géif hei Sënn maachen. A vläicht wëll och Lëtzebuerg e bëssen hei Précurseur spillen, wéi vläicht de Sécherheetsraum Europa kann an deenen nächste Joren eng gewëssen Entwécklung kréien.

Sou dass ech wollt am Numm vu menger Fraktioun hei eng Motioun, déi och ënnerschriwwen ass vu Membere vun der d'CSV-Fraktioun, um Büro vun der Chamber deponéieren, an där mer feststellen, dass u sech deen heiten Traité, dat Gesetz eng Rei vun Neierunge mat sech bréngt, wou ee muss kucken, wat fir eng praktesch Inzidenz déi doten Neierungen um Terrain wäerte bei der Applikatioun vun deem Text hei mat sech bréngen, an d'Regierung opgefuerdert gëtt, der Chamber no engem Joer praktesch schonn d'Erfahrung an e Bilan virzeleeën, esou dass d'Chamber kann déi néideg Konklusiounen dorauser zéien, an d'Regierung wäert sécherlech datselwecht maachen.

Wéi gesot, als Complément zu deene Bemierkungen, déi ech gemaach hunn, géif ech also déi Motioun hei um Büro vun der Chamber deponéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi portant approbation du traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg le 8 juin 2004, a pour objet d'étendre les possibilités de coopération policière dans le cadre de la protection des personnes et des biens et dans le cadre de la prévention et de la recherche des faits punissables;

- considérant que la mise en place de cette coopération policière transfrontalière compte des éléments novateurs dont il y a lieu d'évaluer l'incidence;

invite le Gouvernement

- à présenter après une année d'application un bilan de l'exécution sur le terrain de la coopération transfrontalière renforcée.

(s.) Alex Bodry, Ben Fayot, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer.

Meng Fraktioun wäert deen heiten Text stëmmen, an ech hoffen, dass och déi Motioun d'Zoustëmmung vun der Chamber fënnt.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och wéi dat üblech ass, awer och aus Iwwerzeegung, dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, dee komplett ass an deen och all déi Froe behandelt huet, déi an der Kommissioun opgeworf gi sinn, och wa mir net ëmmer déiselwecht Äntwerten op déi Froe ginn. Mä de Bericht ass awer korrekt an dofir dem Rapporteur och Merci, well en hat och net vill Zäit fir dat alles ze maachen - dozou wäert ech herno nach kommen. Dofir wéi gesot e Merci och vun eiser Säit.

De Projet de loi 5406 iwwert d'Approbatioun vum sou genannte Benelux-Traité, deen déi grenziwwerschreidend Polizeiinterventiounen an der Grenzregioun tëschent Holland, der Belsch a Lëtzebuerg soll regelen, ass e komplexe Projet, well e komplex Matière betrëfft. Ech wëll direkt de Begréff och vun der Grenzregioun relativéieren. Et ass scho vu Virriedner gesot ginn, dass „d'Grenzregioun" zu Lëtzebuerg an an der Belsch fir d'ganzt Land zoutrëfft, sou dass mer hei am Fong geholl nëmmen an Holland vun enger Applikatioun an der Grenzregioun kënne schwätzen, während fir déi aner zwee Länner dësen Traité landeswäit Gültegkeet huet. Dësen Traité baséiert op villen aneren Texter a Konventiounen, ënner anerem och op der Applikatiounskonventioun vun den Accordë vu Schengen, dat notamment op hirem Artikel 40, deen hei an dësem Kontext eng speziell Bedeitung huet.

Et ass eng komplex Matière vun där mer haut schwätzen, déi ëmmer méi komplex gëtt an duerch déi et och eng ganz héich juristesch Technicitéit an dësem Projet gëtt. Mir sinn als Gréng net géint grenziwwerschreidend Polizeiinterventiounen, notamment déi, déi hei am Traité „d'initiative propre" genannt ginn, wou also eng Urgence um Spill steet, wou ee muss kënnen déi Aktioun, déi een amgaangen ass ze maachen, och zu Enn bréngen, wann ee wëll engem Malfrat net nëmmen op d'Spuer kommen, mä och tatsächlech deen esou interpelléieren, wéi d'Gesetz et virgesäit.

An de Minister sot och an der Kommissioun, dass ee sech dorunner misst gewinnen an engem Europa vun den oppene Grenzen, zumindest den oppene Grenzen no bannen, wou ëmmer méi Kooperatioun och am Beräich vun der Police noutwendeg wär. Mir sinn där Meenung och, dass et noutwendeg ass Polizeikooperatioun och am grenziwwerschreidende Beräich ze renforcéieren. Mir sinn awer och der Meenung, dass eng Extensioun vu Policekompetenzen nëmmen a spezifesche Fäll an no ganz spezifesche Regele ka stattfannen.

Béides, awer besonnesch dat Zweet, ass an eisen Aen an dësem Gesetz net an deem Mooss de Fall wéi mir et erwaarden.

Mir bedaueren och, dass dësen Traité an dëst Gesetz, déi eng ganz sensibel Matière betreffen, an esou kuerzer Zäit zustane komm sinn, dass et net méiglech war, op den Dag vun haut all déi Froen, déi gestallt sinn, ze beäntwerten. A wat de Virriedner, den Här Bodry, mat senger Motioun bezweckt, fir an engem Joer e Bilan ze maachen, seet eigentlech datselwecht: Dass mer eis haut net sécher sinn, dass dat wat mer stëmmen esou gutt ass, dass et ka Bestand hunn. Dofir wäert Der och verstoen, firwat dass mir eng wesentlech méi kritesch Haltung zu dësem Text un den Dag leeën.

Den Traité selwer ass bannent nëmmen e puer Méint ausgehandelt ginn an en ass och fristgerecht e puer Deeg, ech géing net soe wéi den Här Bodry, virun de Chamberswahlen, well dat war de Belsch an den Hollänner net gradsou wichteg, ech géing soe virun den Europawahle vum 13. Juni 2004 ënnerschriwwe ginn.

(Interruption)

Dat huet awer fir déi dräi Länner méi Bedeitung. Wann een et op de Renvoi vum 13. Juni, op d'Europawahlen, bezitt, Här Bodry, da versteet ee firwat dass an deenen dräi Länner Ministeren esou äerdeg waren, fir dat nach fir den 8. Juni ënnerdaach ze hunn.

Dunn ass dem Statsrot säin Avis a knapps dräi Wochen erakomm an

d'Chamberskommissioun huet selwer misse bannent zwou Wochen hire Bericht maachen. Fir d'Plénière - dat huet de Minister an der Kommissioun gesot - wier der Regierung och de Mount Januar 2005 nach duergaange fir de Vote ze huelen, wat zwar séier gentil ass, awer näischt dru geännert hätt, dass hei eng sensibel a wichteg Matière komplett falsch an hirer Bedeitung menger Meenung no bewäert gëtt.

D'Regierung invoquéiert, fir d'Zoustëmmung vun der Chamber zum Benelux-Traité ze kréien, dass opgrond vun der Lëtzebuerger Présidence den Asaz vu belschen an/oder hollännesche Polizeikräften noutwendeg gëtt, an dass deen Asaz ouni de Vote vum Traité Benelux kompromettéiert wier.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer net esou.

Éischtens wäert de Benelux-Traité kaum virum Enn vun der Lëtzebuerger Présidence a Kraaft trieden. De Vote vum Lëtzebuerger Parlament geet duerfir net duer. A Kraaft trëtt den Traité eréischt den éischten Dag vum zweete Mount nom Dépôt vum leschte Ratifizéierungsinstrument! Am Kloertext, fir dass den Traité Benelux fir den Ufank vun der Présidence, dat heescht elo op den 1. Januar, en vigueur gewiescht wier, hätten déi dräi Länner scho virun Enn Oktober d'Ratifizéierung misse virhuelen. Dat klappt also sécher net méi.

Zweetens misst souguer, fir virum Enn vun der Lëtzebuerger Présidence a Kraaft kënnen ze trieden, dësen Traité vun den dräi betraffene Länner scho virun Enn Mäerz ratifizéiert sinn. Mir stëmmen dat haut, bei de Belsch ass kee Vote dëst Joer a bei den Hollänner ass nach iwwerhaapt kee Vote en vue. A wa mir haut behaapten, dass den Traité emol net virum Enn vun der Présidence wäert a Kraaft trieden, dann ass déi Behaaptung wuel net sécher. Ech mengen awer, dass déi géigendeeleg Behaaptung et nach vill manner ass.

Drëttens, et ass net noutwendeg, dass den Traité a Kraaft trëtt fir dass de Minister d'Méiglechkeet hätt, oder fir dass d'Regierung d'Méiglechkeet hätt, op auslännesch, an dësem Fall belsch an hollännesch Policekräfte kënnen zréckzegräifen. D'Regierung huet mat der Applikatiounskonventioun vun den Accordë vu Schengen genuch „base juridique" fir fir déi sechs Méint vun der Lëtzebuerger Présidence fir d'Sécherheet vun den nationalen an internationalen Delegatiounen ze suergen.

Den Traité Benelux preziséiert nëmmen déi „base juridique", a vun deem Moment u wou den Traité ënnerschriwwe war, also zënter dem 8. Juni 2004, huet de Minister d'Méiglechkeet, opgrond vun deem Traité mat engem Échange de lettres an opgrond vun den Accordë vu Schengen mat senge belschen an hollännesche Regierungskolleege sech géigesäiteg ze engagéieren, fir fir d'Présidence déi allgemeng Regelen - notamment déi zivil, penal a statutaresch Responsabilitéitsregelen - vum Traité ze respektéieren. Dat wier duergaangen, an de Minister wäert et och misse maachen, well den Traité net en vigueur wäert sinn, eiser Meenung no emol net virum Enn vun der Présidence. Dat wier also duergaangen.

Elo awer geet déi parlamentaresch Majoritéit op de Wee, e Gesetz mat ganz villen oppene Froen ze stëmmen. E Gesetz, wat eis nach wäert Problemer schafe wann a sechs Méint d'Kartonge vun der Présidence agepaakt sinn. D'Gesetz gëllt dann nach ëmmer, mat all senge Froen, déi opstinn, a mir maachen dat ouni Nout an ouni Rücksicht op déi vill oppe Froen.

Dräi Voletë missten zumindest zwéngend verdéift ginn, ier een dësen Traité ka stëmmen; en Traité, deen als éischte Punkt eng grouss Komplexitéit als Hannergrond huet. An de Rapporteur - ech hunn dat gären héieren - huet virdru schonn a senger Interventioun gesot, dass ee sech vläicht misst d'Fro stelle vun der Kodifizéierung. Ech mengen, dass dat wierklech eng absolut wesentlech Fro an där heiter Matière ass.

Eleng an de Considérantë vum Traité ginn der net manner wéi 15 oder 16 opgelëscht, an ech géing gäre vum Minister gesot kréien, wéi vill Agenten hien op der belscher, hollännescher oder Lëtzebuerger Säit kennt, déi, wa se géingen opgrond vum Traité vu Benelux eng Interventioun maachen, sech hirer Saach juristesch sécher wieren am Bezuch op dat wat se do amgaange wieren ze maachen, an déi, déi éischte Kéier wou se engem Auto zouwénken oder en Auto päifen oder engem d'Pabeiere froen, wierklech sécher wéissten, wat se do amgaange sinn ze maachen.

Mir behaapten, dass hei am Land beschtefalls zwee, an zwar déi héchst Beamten am Stat, fir déi heite Matièrë wëssen, wat an all deenen Texter steet. An do hu mer nach e ganz gewaltege pedagogeschen Effort ze leeschten, ier mer eiser Meenung no dës Matièren an där dote Form sollen a Kraaft triede loossen.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Esou geet et awer mat ville Gesetzer, Här Braz.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här Frieden, ech loossen lech gäre vu menger Riedezäit fir dat doten ze développéieren. Wëllt Der et net preziséieren? Gutt, da bleift Är Remarque am Raum stoen.

Et ass also e wesentleche Punkt...

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Ech wollt soen, datt d'Komplexitéit vu villen Texter esou ass, datt net all Bierger se am Detail kennt.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Dat heescht, Dir relativéiert Är eege Remarque e bëssen. Dat ass och verständlech!

Zweete Punkt, wéi gesot, nieft der Komplexitéit, déi eng Kodifizéierung eiser Meenung no noutwendeg mécht an där heiter Matière, ass dee vun der Formatioun vun de Leit. Et geet e bëssen aus dem éischte Punkt eraus. Den Traité gesäit et jo vir, a sengem Artikel 27, dass ee muss am Beräich Formatioun vill Effortë maachen, fir dass e ka korrekt ugewannt ginn. Déi hu mer nach net. Mir ginn awer op de Wee, duerch de Vote den Traité a Kraaft trieden ze loossen, a mir wëssen, dass mer déi Exigenze vum Artikel 27 vum Traité vun der Formatioun nach net erfëllt hunn. Mir fänken also hannen un an net vir um normale Wee, wéi et hei an dëser sensibeler Matière eigentlech ubruecht an noutwendeg wier.

Drëtte Punkt, dat ass eng Fro, déi vläicht och méi prinzipiell gelagert ass. Dat ass déi vun der territorialer Kompetenz. De Minister an d'Regierung plädéieren dofir, dass een déi grenziwwerschreidend Kooperatioun mat enger breeder Approche muss ugoen, an d'Fro stellt sech awer eigentlech woufir. Firwat muss dat esou sinn? Dass een am Fall vun der Urgence muss kënne grenziwwerschreidend intervenéieren, bien entendu. Et wier schockant, dass ee kéint senger Strof entgoen, deen eppes Schreckleches gemaach huet, just well iergendwou eng administrativ Grenz op engem Plang steet. Dat soll net passéieren. Do si mer d'accord, dass et ubruecht ass.

Doriwwer eraus: Firwat ass dat dann esou selbstverständlech, dass d'Polizeiagenten op béide Säite vu Grenzen Aktioune musse kënnen ënnerhuelen, déi ugefrot gi bei de Regierungen? A besonnesche Fäll, déi limitativ mussen opgelëscht ginn, mécht dat duerchaus Sënn. D'Beispill vun der Présidence, déi frou ass fir bestëmmten Evénementer méi Agenten zur Verfügung ze hu wéi een aus eegener Kraaft kann opbréngen, dat ass och nach verständlech.

Mä déi aner Aktiounen, woufir muss een dat eigentlech normal fannen? Kommt mir kucken hei an dësem Land wéi d'Gemengen organiséiert ginn. Mir hunn 118 Gemengen. No der Fusioun „Tandel" an engem Joer ginn dat der 117. Mä woufir fanne mer dat hei normal, dass d'Police muss kënnen ausserhalb vun hirer territorialer Kompetenz normal Policeaktioune maachen, während mer et völleg anormal géinge fannen, wann d'Müllween vu Schëffleng sech géingen zu Esch ophalen. Da géinge mer direkt soen, wat méchs du hei zu Esch mat denge Müllween? Gees du wann ech gelift direkt erëm mat denge Müllween zréck an deng Gemeng!

Do géinge mer et scho komesch fannen, well ee sech dach seet, mir hunn dach eng territorial Kompetenz a jiddferee soll bei sech seng Aarbecht maachen. Dass ee ka kooperéieren, dass ee ka fir deen aneren eng Aarbecht maachen op senger Säit, dat ass verstänneg an normal. Firwat mussen awer dann d'Agente carrément den Territoire wiesselen? Ausgerechent an där sensibeler Matière vun der Police, déi eng wichteg Matière ass. An déi Fro muss een awer kënnen opwerfe fir vläicht als Äntwert dann ze ginn: Kooperatioun, jo, wéi um Niveau judiciaire mat de Commission-rogatoiren, dass ee fir deen anere schafft, awer jiddferee bannent senger territorialer Kompetenz.

Duerfir nach eng Kéier am Résumé, d'Urgence, jo, dat mécht Sënn. Dass een och a spezifeschen, limitativ opgelëschtene Fäll kann Agente bäizéien, och dat mécht Sënn. Deen drëtte Punkt, do si mir awer vill méi circonspect. Mir hätte wierklech léiwer, dass een do géing mat limitativen a prezis opgelëschtene Fäll operéieren an net mat enger ganzer Bandbreet vun theoretesch méiglechen Asätz, déi emol net prezis mam Numm genannt ginn an déi och an hiren Applikatiounsregelen à ce stade net prezis genuch sinn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

De Punkt vun der Prezisioun, dat ass e wichtegen, an de Statsrot gesäit villes genau d'selwecht. Et ass e ganz kriteschen Avis, deen no un enger Opposition formelle globale war, mä vu dass mer eis hei bewegen an der Matière vun engem Traité, huet de Statsrot - esou huet ee bal d'Gefill - Gnade vor Recht ergoe gelooss. Wier et een normaalt Lëtzebuerger Gesetz gewiescht an net een Traité, da menge mer wiere mer an der Oppositioun vum Statsrot e gudde Krack méi wäit ukomm, mat deeneselwechten Argumenter.

Ech wëll och elo eng ganz Partie där Saache vum Statsrot virliesen, den Alex Bodry huet der schonn e puer zitéiert. Ech wëll mer dofir awer och zwou, dräi Minutten Zäit huelen, fir dat ze maachen, well et ass wichteg, dass jiddferee weess wat de Statsrot zu där Matière hei alles gesot huet.

E schreift zum Beispill vun: «des nombreuses ambiguïtés qui subsistent». Do schreift en: «La coopération policière transfrontalière peut aussi avoir lieu dans le cadre de la prévention et de la recherche de faits punissables; or pour le moins l'activité de recherche de faits punissables ne relève pas de la police administrative. Faut-il rappeler que la prévention de la criminalité, organisée ou autre, et la lutte contre ce phénomène, grâce notamment à une coopération plus étroite entre les forces de police, est un des objectifs de l'Union européenne, et que c'est en principe un domaine qui relève de la coopération renforcée dans le cadre du droit de l'Union?»

E schreift hannendrun: «Il reste que cette absence de distinction nette entre police administrative et police judiciaire se retrouve tout au long du traité.» Anere Passage: «Les dispositions du traité relatives aux patrouilles et contrôles mixtes restent des plus vagues. (...) Il n'est donc pas possible, au vu des textes, de se prononcer sur une éventuelle interférence avec le droit de l'Union européenne.» - dat seet de Statsrot. «Le Conseil d'État se doit d'émettre ses réserves quant au bien-fondé juridique de l'approche. (...) Il regrette par ailleurs la fragmentation juridique en matière de coopération policière dans les régions frontalières du pays.»

An ech fuere weider: «Cette détermination des autorités compétentes (...), n'est d'aucun secours pour déterminer, à propos de chaque article du traité prévoyant l'intervention de l'autorité compétente», well dat ass ee Wuert wat ganz oft erëmkënnt, d'Autorité compétente, «sous-entendu autorité policière compétente, pour dire quelle est l'autorité qui est précisément compétente». Déi Froe ginn net beäntwert an deem Gesetz.

Ee weidere Passage: «L'échange de données à caractère personnel est subordonné à des conditions pour le moins 'élastiques'. (...) Sur quel fondement l'État d'accueil donnera-t-il cette autorisation?», wat déi verschidde Moyens techniques betrëfft. «Quelles missions, autres que l'échange et la consultation des données, les centres de police communs assumeront-ils?» Dat weess een net esou genee. «La description des tâches qu'un tel centre pourrait assumer, fournie dans le commentaire de la disposition afférente du traité, ne fournit guère de réponse à la question à quelles fonctions déterminées un tel centre s'attellera.»

An nach zwee Passagen: «Quels sont les moyens de contrainte matériels individuels et collectifs autorisés par le traité? Le traité prévoit que les parties contractantes s'informeront mutuellement de la nature de ces moyens (...).» Wat dat genee heescht, dat ass och net genee gewosst, notamment wat de Punkt vun de Waffe betrëfft. Do gëtt herno e Grupp agesat vu Beamte vun der Police an déi determinéieren dat dann duerch eng Comparaisoun vun hire Gesetzgebungen.

«Y a-t-il déjà eu une concertation trilatérale sur lesdits moyens?» Bis elo nach net. «Dans l'affirmative, quels sont les moyens de contrainte individuels et collectifs autorisés?» Déi Äntwert hu mer nach net kritt. Ee leschte Passage: «Le Conseil d'État est aussi à s'interroger sur la portée de l'exception qui est faite dans le cadre des patrouilles ou contrôles mixtes à l'interdiction de transporter, d'emporter ou de porter des moyens de contrainte matériels individuels non autorisés par l'État d'accueil.»

Dat si ganz vill Froen, déi ouni Äntwert bliwwe sinn, déi awer alleguerte relevant sinn. De Statsrot schléisst duerfir säin Avis mat folgender Remarque of: «Il n'en reste pas moins que le traité continuera à sortir ses effets bien au-delà du 31 juillet 2005.», also dem Enn vun der Présidence. «N'aurait-on pas pu se limiter à un traité à portée plus réduite, adapté aux circonstances, plutôt que de se lancer, à la hâte, dans une œuvre d'envergure qui n'est pas sans toucher de près aux fondements mêmes de la souveraineté nationale.»

Dat ass elo eng Suerg, déi mir Gréng manner droen. Mir fannen dat net anormal, dass déi Kooperatioun stattfënnt. Wat eis awer stéiert, dat ass dass vill Froen an enger Matière opbleiwen, wou mir grondsätzlech der Meenung sinn, dass déi Rechter, déi fir den Exercice vun der Aktivitéit vun der Police noutwendeg sinn, prezis mussen definéiert sinn, fir dass ee weess op wéi enger Basis dass dat alles stattfënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss, an dat ass och dann hei eis Konklusioun. Déi Gréng hu bei der Konstitutioun vun dëser Regierung kritiséiert, dass déi politesch Zoustännegkeet fir Polizei a Justiz an enger Hand zesummegefouert ginn.

Dëst éischt Gesetz, wat an dëser Matière an der Chamber zum Vote kënnt, bestätegt eis Suergen. Ouni Nout gëtt hei e Gesetz votéiert, wat nach ganz vill Froen opléisst a wat iwwerall do, wou d'Äntwerten net kloer sinn, de Polizeiorganer d'Interpretatioun iwwerléisst. Mir gesinn déi Kompetenz awer beim Législateur. Dat riskéiert an den nächste Joren de Wee ze sinn, deen dës Regierung geet, a mir sinn eis eens, dass dat heiten e Gesetz ass, wat op verschiddene Punkten eng Portée huet, déi net dramatesch ass, déi net esou wäit geet. Trotzdeem ass de Wee, deen dës Regierung wëllt goen, eiser Meenung no scho bei dësem éischte Projet tracéiert.

Aus all dëse Grënn stëmmen déi Gréng dëst Gesetz net.

Mme le Président.- Ech soen dem Här Braz Merci. Dee leschten ageschriwwenen Orateur zu dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Madame Presidentin. Dee Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, ass effektiv an der Hetz erabruecht ginn, mä eng Hetz, déi sech erkläre léisst duerch déi Présidence européenne, déi mer hunn. Et kann een also Verständnis hunn, dass d'Regierung op esou eng Initiativ geet.

Et muss een awer bedenken, datt wann een esou Accordë mécht a se vläicht en vue vun engem prezisen Evénement virgesäit, dann hu se awer eng Portée, déi laang Zäit doriwwer eraus geet an doduerjer däerf een also net nëmmen deen immédiaten Effet gesinn, mä och alles dat wat et bëinhalt.

A mir hunn an der Vergaangenheet schonn eng etlech Accordë kritt am Kader vu Schengen, an dem Artikel 30, Paragraph 4, deen dofir zoustänneg ass. Mir hunn esou 2001 en Accord de coopération mat Frankräich gehat an 2003 ee mat Däitschland, wou och nach déi belsch a lëtzebuergesch Autoritéite mat Däitschland zesumme solle kooperéieren. Ech mengen, dat sinn och gutt Initiativen an anscheinend ass et och gutt, datt déi eenzel Police-Autoritéiten zesumme kollaboréieren. Déi Kooperatioun wierkt sech op jidde Fall, wann ech elo deen däitsche Raum kucken, ganz positiv aus.

Vläicht ass et och een Zoufall. Wann een nämlech d'Opklärungsquot kuckt vun de kriminellen Aktivitéiten am Tréierer Raum, esou läit déi bei 64% a wann ech dann op Basis vun den Äntwerten, déi den Här Minister mer ginn hat ënnert der viregter Legislatur, d'Opklärungsquot hei zu Lëtzebuerg kucken, da leie mir bei 30% manner, dat heescht bei 34%. A souguer en matière vu Cambriolagë ginn nëmme méi, also do wou gestuele ginn ass, wou agebrach ginn ass, 5% opgeklärt.

Ech mengen, wann eng Regierung, déi de Justiz- an den Innenminister huet, wou ee wëllt also weisen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Kriminalitéit net vill Effetë kann hunn, datt se staark réprimiéiert gëtt an et gesäit een déi Opklärungsquoten do, da muss ech soen: Peut mieux faire. Ech mengen, datt d'Regierung gutt berode wier fir net nëmmen a Pressekonferenzen ze schwätze vun null Toleranz, da sollt awer och dann d'Opklärungsquot sech op jidde Fall staark verbesseren, an ech wier och frou wann de Minister

ons do kéint e bëssen Opklärung ginn.

Bien entendu ass déi Coopération interfrontalière wichteg a mir mussen och aus der Aktualitéit léieren, datt et noutwendeg ass, fir op dee Wee ze goen. Ech huelen nëmmen ee Beispill, wat vill diskutéiert ginn ass a Frankräich an an der Belsch, dat ass, datt e Kannerschänner, deen och nach Kannermäerder war, am Frankräich condamnéiert ginn ass, dunn aus dem Prisong erauskomm ass an an d'Belsch wunne geet an et ass keen, dee weess, datt do eppes geschitt ass an et ass eréischt vill méi spéit, wou dat opgedeckt gëtt, nodeem e puer Kanner nees erëm zu Leed komm sinn.

Et ass also wichteg, datt et eng Kooperatioun gëtt, mä nach muss ee kucken, datt deen Traité hei vläicht méi an der Hisiicht geschafe ginn ass vun der Présidence wéi vun enger Kooperatioun bei Manifestatiounen, wéi elo just um Niveau vun der Kooperatioun en matière de lutte contre la criminalité.

Op där anerer Säit muss een natierlech awer och ervirsträichen, gradewéi meng Virriedner et och scho gesot hunn, datt deen Text äusserst komplex ass. Wann der just nëmmen den Text liest an Dir misst deen Ablack décidéieren, wéi elo déi ganz Interventioun vir sech geet, wéi déi ganz Aarbecht fir de ganzen Déroulement vun der Kooperatioun soll vir sech goen, mengen ech, géif een ongeféier véier bis fënnef Stonnen do sëtzen, fir erauszefanne wéi et misst goen.

Zum Gléck hate mer e puer Experte vum Ministère do, déi ons erkläert hunn, wéi et dann an der Praxis geet. D'Fro déi sech natierlech stellt, dat ass déi, ob d'Theorie an d'Praxis déiselwecht sinn. Well ganz oft ass et esou, datt mir mengen, datt et an der Praxis - wéi ee seet am Commentaire des articles - esou misst applizéiert ginn, mä d'Geriichter riskéiere vläicht eng aner Interpretatioun ze hunn, well d'Texter relativ onkloer oder ganz komplex sinn.

An et ass verständlech, datt och dofir am Accord virgesinn ass, datt alleguerten d'Beamten eng speziell Formatioun musse kréien, fir kënne mat deem Text do ëmzegoen; dat ass och absolut noutwendeg. An ech huelen och un, Här Minister, datt mer viraussiichtlech deen Ablack, wou mer eng Kéier eng Arrestatioun kréie vun engem Kriminellen, dee poursuivéiert ginn ass vu belsche Polizisten hei am Land a wou esou eng Affär virun d'Geriichter kënnt, wäerte mer gesi wat d'Geriichter da wierklech hale vun deem Traité a vun deenen Dispositiounen, déi mer hei leien hunn, well et wäert deen Ablack eng ganz genee Analys vum Text kommen.

Et ass och verständlech, datt déi Redaktioun, wéi se elo virläit, ganz ganz komplex ass a si ass héchstwahrscheinlech an enger gewëssener Zäit revisiounsbedürfteg oder prezisiounsbedürfteg. Op jidde Fall, wat sécher ass, dat ass datt se méi einfach soll sinn. An dat ass dat, wat ech och géing der Regierung wëlle soen, dass wann nach weider esou Traités de coopération policière ausgeschafft ginn, datt ee vläicht sollt do méi prezis an den Traitéë ginn oder wéinstens an den Annexen esou Prezisiounen hunn, datt een normal Stierfleche versteet, wéi dat heite soll gehandhaabt ginn.

Et si bien entendu komplex Négociatiounen, déi do spillen, well national Souverainetéitsrechter awer bäibehale musse ginn. Mä nach mengen ech, datt Klorheet an den Texter awer ëmmer zum Positiven ass. Mir begréissen dat och an ech wollt dovunner profitéiere fir dem Rapporteur, dem Här Santer, Merci ze soen, datt en ons hei eng ganz Abberzuel vun Explikatioune ginn huet, déi een esou en tant que telles net onbedéngt am Text erëmfënnt, mä wou een awer gesäit, datt en esou soll applizéiert an interpretéiert ginn, a wou et och bal e Vademecum ass fir d'Policekräften hei am Land, fir ze verstoe wéi dat Gesetz hei an deen Traité sollen applizéiert ginn. Dofir wäerte se lech ganz dankbar sinn, wa se dat doten als Aarbechtsinstrument wäerten zur Verfügung hunn.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Si hunn den Traité jo virleien.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo, mä Här Santer, ech wëllt lech just nëmme soen, déi Renvoien un all déi Artikelen, déi hei opgezielt sinn, Dir musst déi nëmmen nach eng Kéier hei virliesen, dann hutt Der nach e Rapport fir en zéng Minutte méi laang ze maachen. Dat ass just dat, wat ech wollt soen.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Ah jo, mä ech hat nëmmen zéng Minutten, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Voilà, ech wollt et just nëmmen ervirsträichen.

Ech sinn och frou ze liesen, datt déi Polizeikräften, déi hei vun der Belsch op Lëtzebuerg kommen, ënnert hirem Statut bleiwen. Well wann dat nämlech net de Fall gewiescht wier, weess ech net onbedéngt ob se jee nach eng Kéier zréck an hiert Heeméchtsland gaange wieren.

Dat gesot, mengen ech, ass et awer en Traité, dee mer absolut noutwendeg hunn. En huet vill Imprécisiounen, mä en ass noutwendeg. Mir sinn och dofir mat där Motioun d'accord, déi d'Majoritéitsparteien abréngen.

Den Traité huet eng etlech positiv Punkten, déi noutwendeg si fir onst Land. Mir sinn och an der Commission juridique eens ginn, datt déi Décisiounen, déi vum Conseil JAI geholl ginn, awer an engem Gesetzestext virgeholl sollte ginn, respektiv datt d'Regierung ons sollt am Virfeld soe wat do décidéiert gëtt oder ons Opklärunge soll ginn.

Mir mengen op jidde Fall, wat déi Décisiounen do ugeet, datt d'Chamber misst am Virfeld, wann et méiglech ass, informéiert ginn an och op jidde Fall herno misst vun deenen Décisiounen, déi do solle geholl ginn, informéiet ginn, an datt mer gegebenefalls musse kucke wéi mer déi Décisiounen, déi op deem Conseil geholl ginn, awer kënnen an ons Gesetzgebung integréieren. Well et wier net gutt, wann Décisiounen um Regierungsniveau geholl ginn, vun deenen d'Chamber hei net informéiert wier a wou se net d'Méiglechkeet hat fir kënnen hiert Wuert matzedeelen. Dat gesot, trotz verschiddene Bedenken, ass d'ADR-Fraktioun awer mat dësem Gesetzesprojet d'accord.

Mme le Président.- Merci, Här Henckes. Et wier dann elo un der Regierung an ech géing dem Här Frieden als Justizminister d'Wuert ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre.

Juriste kënnen driwwer streide mat wéi enger Formulatioun een dat eent oder dat anert regelt a wéi een en internationalen Traité an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmschreift. Mä iwwert déi juristesch Streiderei eraus, déi den Avis vum Conseil d'État, an de Moien och déi verschidden Intervenanten, hei bewisen hunn, gëtt et fir d'Regierung eng wichteg Iwwerzeegung, an dat ass déi datt et am Kampf géint grenziwwerschreidend Kriminalitéit an engem Europa, wou Gott sei Dank d'Grenzen ofgeschaaft gi si fir d'fräi Circulatioun vun den éierleche Bierger ze erlaben, ee Pendant muss ginn, an dat ass eng méi enk Kooperatioun tëschent de Polizeien an de Justizautoritéiten an Europa.

Déi Kooperatioun ass am Kalenner op der Zäitschinn laang hannert där vun der Ofschafung vun de Grenzen, an duerfir muss et eng Prioritéit sinn, och an deenen nächste Joren - an dat wäert eng vun de Prioritéite vun der Lëtzebuerger Presidentschaft um Conseil vun der Europäescher Unioun sinn -, fir déi operationell Polizeikooperatioun an Europa ze verstäerken, ze verbesseren.

Dësen Traité, deen haut an dëser Chamber zur Ofstëmmung kënnt, baséiert op engem Grondprinzip, dee mer an de Schengener Accordë stoen hunn. Ebe just well Schengen net nëmmen heescht: Mir schafen d'Grenzen of. Mä Schengen heescht och eng méi enk Polizeikooperatioun. An de Schengener Accord, deen elo am Juni 20 Joer scho kritt, gesäit vir: Regional Polizeikooperatioun. An et ass am Kader vun esou regionale Polizeikooperatioune wou et der Regierung logesch schéngt, datt mer am Benelux eng enk Kooperatioun opstellen, well de Benelux e Raum ass, dee mer kennen, an e Raum ass, an deem mer a ville Matièren zënter Joren zesummeschaffen.

Ass et net erstaunlech, datt an der Justiz a bei der Police, an duerfir och zum Deel erkläerlech, och an den Avisen zum Beispill vum Statsrot, déi national Reflexer largement bestoe bleiwen? Mir musse wëssen, datt mer alleguerten an Europa déi nämlecht Appréciatiounen hu vun de Grondrechter vun de Bierger, vum Schutz, deen déi Grondrechter brauchen, an duerfir kënne mer, ouni déi a Fro ze stellen, och méi liicht an der Kooperatioun vun der Justiz an de Polizeiautoritéite schaffen.

Dësen Accord hu mer net gemaach, wéi dat e puermol hei de Moien ugeklongen ass, fir d'Lëtzebuerger Presidentschaft; mir hunn e gemaach - déi dräi Länner, Holland, d'Belsch a Lëtzebuerg -, fir méi enk an der Polizeikooperatioun zesummen ze schaffen. Dat eenzegt wat d'Lëtzebuerger Regierung gesot huet ass: Mir sinn héchstwahrscheinlech deen éischte Bénéficiaire vun deem Traité, well mer en och kënnen an eiser Présidence gebrauchen. Mä mir hunn e guer net négociéiert en vue nëmme vun där Présidence.

D'Polizeikooperatioun am Benelux an am ganzen Europa fousst fir d'Lëtzebuerger Regierung op zwee Grondprinzipien. Mir brauchen eng enk Polizeikooperatioun, am Sënn datt mer och um Niveau politique an Europa décidéieren, wat déi politesch Prioritéite fir d'Police sinn. Mir brauchen also eng europäesch Politik vun der banneschter Sécherheet, an ech wäert als President vum JAI-Conseil an deenen éischte sechs Méint vum nächste Joer grad dee Punkt als eng vun de Prioritéiten ervirbréngen, well vill vu menge Kolleegen an Europa der Meenung sinn, datt mer do nach e ganz grousst Stéck ze maachen hunn an duerfir wäert dat och e Punkt sinn, deen am informelle Conseil vun de Justiz- an Innenministeren Enn Januar zu Lëtzebuerg am Detail wäert diskutéiert ginn.

Natierlech muss dat ënnert klore juristesche Regele geschéien an ech mengen, datt dësen Traité, dee jo net vun iergendengem Lëtzebuerger Jurist geschriwwe ginn ass, mä vu Juristen aus Holland, aus der Belsch, aus Lëtzebuerg, zesummen négociéiert ginn ass, dee sécher kënnt op deem engen oder anere Punkt vläicht anescht formuléiert ginn. Mä hei waren awer ganz vill Leit der Meenung, datt ee mat dësem Text kënnt déi Polizeikooperatioun adequat maachen.

Polizeizesummenaarbecht ass dat eent. Den Austausch vun Donnéeën ass dat anert. Et schéngt mer wesentlech, datt - an dësen Traité geet an dësem Kontext net wäit genuch, e misst vill méi wäit goen -, wa mer wëllen d'Kriminalitéit preventiv a repressiv bekämpfen, déi Donnéeën, déi déi eng Police- oder Justizautoritéiten hunn, och mussen zur Verfügung kënne gestallt gi vun deenen aneren. An dofir begréissen ech, datt de Conseil européen um Niveau vun de Stats- a Regierungschefen de 5. November am sou genannte Programme vu La Haye iwwert den europäesche Raum vu Sécherheet, Fräiheet a Recht de Prinzip vun der Disponibilitéit am Beräich vun dem Echange vun den Informatiounen zougestëmmt huet. E Prinzip, deen d'Engländer nennen „availability", d'Informatiounen, déi déi eng hunn, mussen disponibel si fir d'Autoritéite vun deem anere Land. An ech soen nach eng Kéier, domadder ginn net d'Grondrechter vun de Bierger a Fro gestallt, well all d'Länner an der Europäescher Unioun setzen deen nämlechte Wäert op de Schutz vun de Grondrechter vun der Privatsphär vun de Leit.

Dir braucht net ze mengen, datt an Holland oder an der Belsch déi Prinzipien net bestinn. Mir betruechte se just haut an enger europäescher Perspektiv. D'Dateschutzregelen, déi mer an deenen eenzelne Länner hunn, si largement déi nämlecht. Mir mussen déi just europäesch considéréieren.

Ech mengen dofir, datt dësen Text där Balance, déi een ëmmer an dëse Beräicher muss hunn, Rechnung dréit. Et ass en Text, deen an der viregter Regierung vum deemolege Polizeiminister Michel Wolter a vu mir als Justizminister ënnerschriwwe ginn ass. Ech soen dat, well gemengt war, hei wier en Text, deen nëmme vun engem Minister, deen déi zwou Kompetenzen huet, gemaach ginn ass, wou ech nach eng Kéier soen, datt dat e Modell ass, deen eng ganz Rei Länner an Europa hunn. Et huet also näischt mam Inhalt vum Text ze doen. Ech hätt en och eleng oder och nach mat dräi aneren ënnerschriwwen, well jiddereen an deenen zwou Regierungen huet de Contenu vun deem Text approuvéiert. Dësen Text, mengen ech, ass an der Praxis extrem wichteg an et ass dat wat wesentlech ass. En ass wichteg wa mer an der Présidence Hëllef brauche vun ausländesche Policen.

An do soen ech och, datt deen Text hei a Kraaft wäert triede während der Présidence. D'hollännesch Regierung huet eis informéiert, datt si eng ganz schnell Prozedur hunn, wou si kënnen den Accord vun hirem Parlament kréie bei der Approbatioun vun engem Traité wann déi zwee aner Parlamenter, dat heescht d'Belsch a Lëtzebuerg, hir Zoustëmmung ginn hunn. Deen Traité wäert also a Kraaft trieden.

Ech soen och hei nach eng Kéier, an den Här Bodry an den Här Braz sinn dorop agaangen, mir hätten am Fong hei keng parlamentaresch Approbatioun gebraucht. Sécher, Approbatioun fir den Traité brauche mer, mä datt een och technesch Polizeikooperatiounsaccordë ka maachen, déi net duerch d'Chamber ginn.

Ech entschëllege mech wann ech dann hei ze vill parlamentsfrëndlech war, well ech hu gemengt, et wier awer gutt wann esou en Text och am Parlament géing diskutéiert ginn. Ech begréissen dës Diskussiounen an dofir sinn ech och elo scho selbstverständlech d'accord mat där Motioun, déi den Här Bodry abruecht huet, wou e freet, datt mir sollen an d'Chamber komme fir e Bilan vun där Exekutioun vun deem Text ze maachen. Ech ginn esouguer méi wäit. D'europäesch Polizei- a Justizkooperatioun ass fir mech e wesentleche Punkt an der Verdéiwung vun Europa an deenen nächste Joren. An ech géing gäre méi oft a méi regelméisseg an d'Chamber kommen, fir iwwert déi Démarchen ze schwätzen.

Beim europäeschen Haftbefehl hu mer gesinn, wat an Europa geschitt ass. Och do hu mer eng Rei Regelen, déi mer an der Vergaangenheet gewinnt waren, net méi applizéiert. Esou kommen nach eng ganz Rei Texter, an ech mengen et ass wichteg, datt een en Echange huet mat der Öffentlechkeet a mat hire Vertrieder, déi am Parlament sëtzen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mä wéi gesot, onofhängeg vun dësem Traité kënne mer déi Polizeikooperatioun maachen, an ech si frou, datt e puer Spriecher de Moien dat hei gesot hunn, datt mer déi Parlamentsapprobatioun am Fong net bräichten. Mä et ass wichteg, soen ech, bei der Présidence, dat kann och deen anere Wee spillen. Déi praktesch Zesummenaarbecht muss fonctionnéieren. Wann den amerikanesche President an d'Belsch kënnt Enn Februar, ass net ausgeschloss an dësem Moment, datt och Lëtzebuerger Polizisten, spezialiséiert Polizeikräfte mussen zu Bréissel hëllefen, fir verschidden Operatiounen ze maachen.

D'Lëtzebuerger Police huet och gehollef an der Belsch bei dem Dutroux-Prozess, fir ze kucken d'Sécherheet vum Palais de Justice zu Arel ze assuréieren an et gesäit een och d'Noutwendegkeet vun esou Traitéen, wann een nëmme kuckt wat virun enger Woch geschitt ass bei engem Iwwerfall op e Postbüro hei zu Lëtzebuerg zu Sandweiler, wou d'Lëtzebuerger Police op de franséischen Territoire huet missen nofueren, Gott sei Dank nogefuer ass an eng Diskussioun komm ass, ob se dann elo zéng oder zwielef Kilometer nogefuer wier. Do gesäit een d'Absurditéit wa mer keng esou Texter hu wéi déi, déi haut hei zur Ofstëmmung leien. An eisem Accord mat Frankräich ass eng Limite géographique bis wuer d'Police däerf fueren. An dësem Accord ass selbstverständlech virgesinn, datt am Fall vun enger imminenter Gefor déi belsch Police kann iwwert de ganzen Territoire fueren an ëmgedréint gëllt dat och fir d'Lëtzebuerger Police. Ech mengen, datt dat Sënn mécht.

Mir hunn en Europa, mir wëllen en Europa. An dësem Beräich bréngt Europa de Bierger méi Sécherheet, ouni manner Rechter hinnen ze ginn. Hei ass e Beräich wou Europa eng richteg Valeur ajoutée fir d'Bierger huet, an dofir gëtt dat niewent deene finanztechneschen Dossieren ee vun de groussen Dossierë vun der Lëtzebuerger Présidence vun der Europäescher Unioun. Dëst ass e Modell, wéi mer dat kënnen an Europa maachen. Mir probéieren dat am Benelux. Da kann een ëmmer nach verbesseren. Ech si frou, datt hei an dëser Chamber esou eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet kënnt, an déi Gréng, déi et net derwäert fannen dëse Projet ze stëmmen, aus Grënn déi d'Regierung respektéiert, mä bedauert, musse wëssen, datt dat hei dee Wee ass an deem mer an Europa musse goen, wa mer gären hätten, datt mer méi Sécherheet an domadder och méi Fräiheet fir eis Bierger kréien.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Braz huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- De Vetrieder vun der Regierung huet op villes geäntwert wat net gesot gi war an en huet och op villes wat gesot ginn ass net geäntwert. Ech wëll op eng Remarque vum Här Frieden agoen, nämlech déi, dass den Här Bodry an ech solle quasi eng Haltung ageholl hunn, déi dem Minister géing virwerfen e wier ze vill parlamentsfrëndlech. Dat ass bestëmmt net dat wat ech wollt soen. Ech wollt dem Minister just soen, dass mer…

(Interruptions diverses)

… - d'accord, ech schwätzen dann och fir den Här Bodry mat - Iech wollte bestëmmt net virwerfen, dass Der parlamentsfrëndlech wiert.

Ech wollt dem Här Frieden dofir nach eng Kéier rappeléiere wéi ech et gemengt hunn. Ech wollt dem Här Frieden soen, dass mir der Meenung sinn, well mer à ce stade keen neien Text musse stëmmen, fir dass Dir kënnt an der Présidence all déi Sécherheetsaspekter respektéieren, hätte mer eis sollen Zäit loossen, fir an dësem Gesetz, an dëser Ëmsetzung all déi Froen ze beäntweren, déi nach opstinn. Dat wollte mer domadder soen an näischt anescht.

An zu Ärer Ausso, déi elo nei ass hei am Plenum, dass Holland dat wäert relativ séier stëmmen, soen ech Iech trotzdeem, dass, esouguer wa se et am Januar maachen, dann ass den Traité en vigueur op den 1. Abrëll fréistens an dann hutt Der fir de gréissten Deel vun der Présidence schonn net méi vill dovun.

Dofir nach eng Kéier, et wier net noutwendeg gewiescht dësen Text esou à la hâte mat all den oppene Froen ze stëmmen, fir dass Dir kënnt während sechs Méint d'Sécherheet vun den Delegatiounen assuréieren.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech wollt awer just soen, datt et net ganz richteg ass wat den Här Braz elo gesot huet iwwert d'A-Kraaft-Trieden. Dee Facteur A-Kraaft-Triede vun deem Traité, do wëll ech just hei nach eng Kéier soen, och wa mer gewaart hätte bis de Januar oder de Februar fir dësen Traité hei zur Ofstëmmung ze bréngen, deen Traité ass négociéiert tëschent dräi Länner. Wann also dëst Parlament décidéiert hätt mir géingen dat am Februar stëmmen, da wier deen Traité a genau där nämlechter Form an dëst Parlament komm, well dat d'Resultat ass vun Négociatiounen tëschent dräi Länner an dofir hätt dat op der Zäitschinn näischt geännert.

Ech sinn trotzdeem ganz dankbar an ech wëll och ausdrécklech mäi Merci un de Rapporteur, den Här Santer, soen an un d'Membere vun der Commissioun juridique. Et ass trotzdeem, mengen ech, méi eng grouss Rechtssécherheet, wa mer virum 1. Januar dësen Traité hei stëmmen, an duerfir, ech hunn e bësse gedréckt datt deen Traité soll nach dëst Joer hei zur Ofstëmmung kommen an ech appréciéieren déi Ënnerstëtzung, déi d'Parlament mer, wat de Kalenner ubelaangt, ginn huet, well mir bedaueren oft, datt mer esou lues sinn an der Transpositioun vun europäeschen Texter. Elo hu mer et méi schnell gemaach. En ass am Juni ënnerschriwwe ginn. E war also och zum Juni bekannt, quitte datt mer en eréischt am November déposéiert hunn. Ech sinn also ganz dankbar dem Parlament, datt et och bereet ass, wann eppes Europäesches méi urgent ass, fir dat dann och schnell ze maachen. Dofir och e Merci vun der Regierung fir dee Punkt.

Une voix.- Dir bestätegt eis domat.

M. le Président.- Domat ass d'Diskussioun elo definitiv ofgeschloss. Ech mengen d'Positioune sinn de part et d'autre bekannt. Ech wëllt nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Chamber zum Schluss vun hirer Sitzung vun haut de Mëtteg iwwert all Projeten ofstëmmt, déi mer am Laf vum Dag diskutéieren.

Mir kommen elo zum nächste Projet, deen op eisem Ordre du jour steet. Dat ass de Projet de loi 5391 iwwert d'TVAs-Gesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meisch, Negri, Bausch a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nobert Haupert.

2. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet 5391 gesäit d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung vir. Ech wëll direkt virausschécken, datt et sech hei wierklech ëm en urgente Projet handelt, well déi Ëmsetzung fir den 1. Januar 2005 soll geschéien. Déi Direktiv ass am Fong geholl geholl ginn am Laf vun der Libéralisatioun vun de Mäert vum Stroum a vum Gas, wuelverstanen de Gas, deen iwwert d'Ferngasnetz geliwwert gëtt, also net de Gas, deen als Butangas an de Bonbonnë verkaaft gëtt.

D'Zil vun der Direktiv ass eng Harmoniséierung an den europäesche Länner erbäizeféieren, wat d'Erhiewung vun der TVA bei dem Verkaf a bei dem Transport vun dem Stroum a vun dem Gas betrëfft. Déi Harmoniséierung ass wichteg, engersäits fir d'Duebelbesteierung vun dem Verkaf vum Stroum a vum Gas ze verhënneren, awer och op där anerer Säit fir d'Netbesteierung vun deenen zwee Produkter ze évitéieren a fir domadder eng Wettbewerbsverzerrung tëschent deene Betriber aus deene verschiddene Länner vun der EU ze verhënneren.

Bis elo war am Fong geholl esou eng Harmoniséierung net noutwendeg, well déi meescht Länner hir eege Besoinen u Gas an un Elektresch an hirem eegene Land produzéiert hunn. Et wat meeschtens eng national Gesellschaft, déi dann och de Verkaf an hirem Land assuréiert huet. Also grenziwwerschreidend Bewegunge vun deene Produkter ware bis elo net do, mat Ausnahm vum Lëtzebuerger Land, an do ass all Kéiers eng Léisung fonnt ginn, wat d'Erhiewung an d'Bezuele vun der TVA ubelaangt.

Déi Direktiv gesäit am Fong geholl dräi grouss Prinzipie vir. Den éischte Prinzip ass deen: Wéi gëtt de Verkaf selwer vun deenen zwee Produkter besteiert? Also, wéi gëtt d'TVA erhuewen a verrechent? Zweetens, wéi d'TVA op dem Transport vun deenen zwee Produkter errechent gëtt. Den drëtte Prinzip ass deen, fir den Import vun dem Gas a vum Stroum an d'Europäesch Unioun vun der TVA ze enthiewen.

Beim éischte Prinzip, deen d'Liwwerung selwer an de Verkaf vum Gas a vun dem Elektreschen ubelaangt, gesäit d'Direktiv zwee Fäll vir. Den éischte Fall ass deen, wou d'Liwwerung un en Tëschenhändler geet, also net direkt un de Konsument. Do gesäit d'Direktiv vir, dass d'TVA an deem Land erhuewe gëtt, wou deen Tëschenhändler säi Wunnsëtz, säin Etablissement, de Siège vu senger Gesellschaft respektiv en Établissement stable huet. Déi zweet Méiglechkeet ass, wann d'Livraisoun un den Ennverbraucher geet. Dee Moment gëtt d'TVA an deem Land erhuewen an och deem Saz, deen dat Land applizéiert, wou dee Consommateur final säi Wunnsëtz huet. Souwäit dat, wat d'TVA beim Verkaf vun dem Stroum a vun dem Gas ubelaangt.

Dann, fir dass de Gas oder de Stroum iwwerhaapt kënne geliwwert ginn, musse se jo iwwert d'Stroumnetz respektiv iwwert de Gasoduc geliwwert ginn. Dat ass och eng Prestation de service. Déi ënnerläit also och der TVA an do gesäit d'Direktiv Folgendes vir: Eischtens, wann erëm eng Kéier de Stroum bei en Tëschenhändler transportéiert gëtt, da gëtt d'TVA op den Transport och an deem Land verrechent, wou den Tëschenhändler säi Wunnsëtz huet. Dat heescht, wann elo déi franséisch Gesellschaft, d'EDF, géing engem Belsch, deen am Fong geholl an Europa wëll Stroum verkafen, liwweren, an dee Stroum géing iwwert d'Netz vun der Cegedel hei transitéieren, da gëtt hei zu Lëtzebuerg keng TVA erhuewen. De Gas transitéiert da jo och iwwert d'Netz vun der EDF, mä da géing am Fong geholl nëmmen TVA an der Belsch erhuewe ginn, egal wou de Belsch herno säi Stroum verkeeft, ob dat an der Schwäiz oder an Holland oder an Däitschland de Fall ass.

Den zweete Fall, dee sech presentéiert, dat ass wann direkt de Consommateur säi Stroum bezitt. Meeschtens sinn dat jo grouss Firmaen, grouss Entreprisen. Wann eng grouss Entreprise an Däitschland de Stroum vun EDF geliwwert kritt an deen transitéiert iwwer Lëtzebuerg, da gëtt déi Prestatioun, déi d'Cegedel an deem Transport do hei begleet, da gëtt déi Transactioun an Däitschland besteiert an net hei zu Lëtzebuerg oder a Frankräich - dat heescht déi Prestation de service, wat den Transport ubelaangt.

Den drëtte Prinzip, ech hunn et scho gesot, dat ass dass d'Importer an d'Europäesch Unioun vum Gas a vun dem Elektresch fräi vun der TVA sinn. Ech hunn am Ufank betount, datt déi Direktiv eng Harmoniséierung vun der Besteierung vun deenen zwee Produkter soll mat sech bréngen. Si soll awer och erlaben, dass am Fong geholl, vu dass jo meeschtens d'TVA am Land vum Ennconsommateur erhuewe gëtt, de Fournisseur oder de Producteur vun dem Gas oder vun dem Elektresch sech net an deenen anere Länner ze etabléiere brauch, wou e Gas respektiv Elektresch liwwert, fir do dann herno mussen déi TVA ze bezuelen. Voilà!

De Projet ass relativ spéit deponéiert ginn. Dat bemängelt och de Statsrot. De Statsrot selwer an och d'Chamber hunn awer relativ séier geschafft, fir datt mer wierklech déi Direktiv fir den 1. Januar kënnen ëmsetzen. Sämtlech Chambres professionnelles, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre du Travail, d'Chambre des Employés privés an d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics hunn hiren Avis zu dësem Projet ofginn. A sämtlech Avisen, esou wéi deen och vum Statsrot, ware positiv zu dësem Projet. D'Kommissioun huet den 9. Dezember de Rapport unanime ugeholl. D'Kommissioun schléit Iech och vir den Text esou wéi e virläit hei unzehuelen, an ech bréngen och domadder den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, verbonne mat de Félicitatiounen un de Rapporteur, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Negri ageschriwwen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Här President, ech géif och den Accord vun eiser Fraktioun domadder bréngen.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert. Den Här Bausch ass net do. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun an am Numm vum Här Bausch wëll ech Iech matdeelen, dass mir dëse Projet och wäerte stëmmen.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun an am Numm vun eisem Fraktiounschef wëll ech soen, datt mir dësem Projet och eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Voilà, domadder ass d'Diskussioun vun dësem Projet méi séier ofgeschloss wéi de Rapporteur, den honorabelen Här Haupert, sech dat virgestallt hat.

Da komme mer direkt zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5399 iwwert de gesetzleche Mindestloun. Och hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Kaes, Calmes, Castegnaro, d'Madame Loschetter an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

3. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Upassung vun de Mindestléin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2003 erfollegt. D'Bemiessungsgrondlag waren d'Léin aus de Joren 2000 an 2001. Den Ajustement war 3,5%. Profitéiert vun deem Ajustement hate 37.020 Persounen. Dovu waren et 19.160 Männer a 17.860 Fraen. Esou wéi beim Ajustement vu virdru waren et och 2003 méi Männer wéi Fraen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz gesäit vir, datt all zwee Joer d'Regierung dem Parlament e Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Secteur virleeë muss. Déi Entwécklung vun de Léin gëtt no enger festgesatener Method gerechent. Si ass festgeluecht duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1991 an ass erweidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994. Ech ginn net op déi Methodologie an. Dir fannt dat am Rapport vun der Regierung. Den éischten Ajustement no där neier Method ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getratt.

Gepréift gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit hei zu Lëtzebuerg, an opgrond vun dësen Analyse kann - an ech betoune kann - dann d'Regierung dem Parlament virschloen, d'Mindestléin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net.

Dëse Bericht ass dem Parlament de 16. November 2004 mat engem Projet de loi virgeluecht ginn. D'Bemiessungsgrondlag waren d'Joren 2002 an 2003. Während dëse Jore sinn d'Léin hei zu Lëtzebuerg ëm 2% an d'Luucht gaangen. Ëm 2% also während deene Joren. Dat ass och ënner anerem d'Resultat vun enger moderater Lounpolitik, déi d'Sozialpartner sech operluecht hunn. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt ouni weideres, datt d'Mindestléin och ëm déi 2% erhéicht kënne ginn. Deemzurfolleg proposéiert d'Regierung en Ajustement vun de Mindestléin ëm 2% ab dem 1. Januar 2005.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, niewent der Upassung vun de Mindestléin proposéiert d'Regierung an hirem Projet eng Ofännerung vum Artikel 45 vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwert déi handicapéiert Persounen. Hei geet et ëm déi sou genannten Indemnité compensatoire zu Gonschte vun deenen, déi an Ateliers protégés schaffen.

Ouni elo an den Detail ze goen, kann ech just dat heiten ufügen zur Erklärung: Hei geet et drëm fir déi Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen, duerch en Nettozouschlag an d'Situatioun ze versetzen, datt se net manner verdénge wéi virdrun. Dat huet awer no deem Gesetz vun 2003 zu enger Rei vu Problemer gefouert, an et ass festgestallt ginn, datt deen Objektiv net ëmmer konnt realiséiert ginn.

Deemzurfolleg huet d'Regierung virgeschloen, an der Rumm vum Ajustement vun de Mindestléin deen Artikel 45 dohigehend ofzeänneren, datt déi Indemnité compensatoire vun der Steierlaascht soll entbonne ginn. Dat ass also de Géigestand vun deem Punkt, deen d'Regierung wollt, kombinéiert mat dem Ajustement vun de Mindestléin, ab 1. Januar 2005 duerchzéien. Et ass och Handlungsbedarf erfuerdert, well effektiv Leit an deenen Ateliers protégés - et sinn esou eng 300 bis 400 Leit - an enger Situatioun sinn, déi net deem entsprécht wat de Gesetzgeber 2003 wollt maachen.

De Statsrot seet a sengem Avis, datt en ongenügend Zäit hat, fir dës Problematik am Detail ze analyséieren, an dat ëmsou méi well eréischt den 3. Dezember, also virun e puer Deeg, nach Amendementer nogeschoss gi sinn, an zweetens vu kenger Beruffschamber een Avis virlouch. Deemzurfolleg verlaangt de Statsrot, dësen Deel aus dem Projet erauszehuelen, an e proposéiert der Regierung, e spezielle Projet zu dësem Punkt auszeschaffen an op den Instanzewee ze ginn.

De Statsrot seet des Weideren, datt wann d'Chamber awer den Artikel 45 vum Gesetz vum 12. September 2003 ofännere géif an zesumme mam Mindestloun géif stëmmen, si, de Statsrot, da keng Dispens vum zweete Vote constitutionnel kéinte ginn. Dat hätt also zur Folleg, datt d'Mindestléin net géifen den 1. Januar ëm 2% gehéicht ginn.

Eis Kommissioun war der Meenung, dem Statsrot an deem Punkt Folleg ze leeschten. Mir proposéieren also nëmmen den Ajustement vun de Mindestléin haut ze stëmmen. Mir fuerderen awer d'Regierung op, ee spezielle Projet de loi op den Instanzewee ze ginn, an dat esou schnell wéi méiglech. Zoustänneg ass dann de Familljeministère. An der Chamber ass et dann och d'Familljekommissioun.

Voilà, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat zu deem Volet gesot, wëll ech awer op de Mindestloun zréckkommen. Déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet de 17. November 2004 hire President als Rapporteur genannt an hat eng éischt Berodung iwwert de Gesetzesprojet. De Statsrot huet säin Avis de 7. Dezember 2004 ofginn. Dësen Avis beinhalt keng fundamental Bedenke géint déi virgeschloen Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung vun de Joren 2002 an 2003. De Statsrot bemierkt awer och, datt him bei senge Berodungen nach keen Avis vun enger Beruffschamber virlouch.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, leider hat eis Kommissioun bei hirer Berodung vun dësem Rapport och keen Avis vun de Beruffschambere virleien. Mir hunn dat bedauert a riichten een Appel un d'Regierung fir duerfir ze suergen, datt an Zukunft dee Projet de loi méi frél op den Instanzewee bruecht gëtt. Dat bedeit, datt d'Inspektioun méi frél mat hire Berechnunge misst ufänken. Dat misst och machbar sinn, wa mer dovunner ausginn, datt den 1. Januar 2005 net d'Léin vun 2004 berechent ginn, mä eréischt déi vun

2003! Et misst also méiglech si méi fréi mat deene Berechnungen unzefänken, esou datt een och Zäit hätt an der Kommissioun, an och de Statsrot an d'Beruffschamberen Zäit hätten, fir sech méi am Detail mat där ganzer Problematik Mindestloun ausenaner ze setzen.

Mir hunn dat iwwregens scho virun zwee Joer an eiser Kommissioun beanstant an och schonn zwee Joer virdrun eng Kéier. Also et ass op deem Gebitt nach näischt erfollegt an nach eng Kéier, am Numm vu menge Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun, en dréngenden Appel un d'Regierung fir alles drunzesetzen, fir datt dee Projet de loi net eréischt am November déposéiert gëtt an esou kee méi Zäit huet fir sech effektiv mat där ganzer Problematik Mindestléin seriö ausenaner ze setzen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Schwätzt Der elo vun deene Laangjähregen?

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Selbstverständlech hu mer eis mat enger Rei - an Dir hutt do matgehollef, Här Jaerling - vu Froen ausenaner gesat. Zum Beispill: Ass et ze veränderten, grad elo, wou e liichte wirtschaftlechen Opschwonk sech ofzeechent, de Mindestloun ze erhéijen? Wellech Auswierkungen huet d'Erhéijung vum Mindestloun op d'Kompetitivitéit vun eise Betriber, op d'Lounentwécklung, op d'Beschäftegung, also op den Aarbechtsmaart? Wat ass de Käschtepunkt vun dëser Upassung? Op all déi Froe fannt Der eng Äntwert am Exposé des motifs, zu engem Deel wéinstens zum Projet, an och a mengem schréftleche Rapport.

Erlaabt mer awer ganz kuerz heizou e puer zousätzlech Bemierkungen. Éischtens, mir kennen d'Zuel vun de Mindestlounempfänger net genau. D'Zuelen, op déi mer eis beruffen, sinn déi Persounen, déi bis zu 1,3-mol de Mindestloun verdéngen. A well mer wëssen, datt de qualifizéierte Mindestloun 1,2-mol de Mindestloun ass, stelle mer also fest, datt hei Leit matabezu ginn, déi och iwwert de qualifizéierte Mindestloun bezuelt ginn. Also kënne mer net soen, déi Zuelen, déi mer elo uginn, dat sinn effektiv déi vun deene Leit, déi just nëmmen de Mindestloun verdéngen. Och do misst gekuckt gi fir méi genau Ënnerlagen ze kréien.

Zweetens, d'Auswierkunge vum Mindestloun op d'Beschäftegung. Do stellt ee fest, datt et kontradiktoresch Aussoe gëtt. D'Etüd vum Statec zum Beispill vu virun zwee Joer seet, datt wann d'Erhéijung vum Mindestloun eng bestëmmte Relatioun zu der Produktivitéit hätt, et absolut guer kee Problem wier op d'Kompetitivitéit vun de Betriber. Jéngst Etüde soen de Contraire.

Da gëtt och a jéngsten Etüde gesot, d'Erhéijung vum Mindestloun hätt negativ Auswierkungen op d'Beschäftegung. Wat heescht dat? Ginn, wann de Mindestloun geheicht gëtt, manner Leit agestallt? Verléiere Leit hir Plaz? Gi se entlooss, déi um Mindestloun leien? Alles dat si Froen, déi nach vill méi misste verfeinert ginn.

Eent stelle mer op alle Fall fest: D'Zuel vun de Mindestlounbezéier geet duerch d'Erhéijung vun de Mindestléin net erof, mä au contraire. Dës Kéier stelle mer fest, datt ronn 9.000 méi Leit de Mindestloun verdénge wéi virun zwee Joer. Esou datt et wichteg wier, datt een effektiv méi genau Detailer do géif kréien.

Dann huet d'Fro sech gestallt: Kann ee mam Mindestloun liewen? Wat sinn d'Relatioune mam Mindestloun op den RMG? All dat si Froen, déi misste méi genau ënnersicht ginn an déi missten och global diskutéiert ginn. Mir géifen also och d'Regierung opfuerderen, zesumme mat eisen zoustännege Kommissiounen duerfir ze suergen, datt een d'Geleeënheet kritt, eng Kéier méi am Detail iwwert déi Froen ze diskutéieren.

Här President, ech kommen zum Schluss. Wa mer fir den 1. Januar 2005 d'Mindestléin ëm 2% unhiewen, da si mer konform mat enger Sozialpolitik, déi och deene Lounempfänger, déi net duerch ee Kollektivvertrag vun enger kontinuéierlecher Lounpolitik profitéieren, e Plus vun Akommes garantéiert, allerdéngs mat engem Retard vun zwee Joer.

D'Erhéijung vun de Mindestléin ass konform mat der Strategie vu Lissabon an der EU-Strategie zugonschte vum Emploi, well mer der Meenung sinn, datt schaffe goe mat engem anstännege Loun ëmmer nach méi rentabel ass, wéi wann ee profitéiert vu soziale Begleetmoossnamen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, vun dëser Erhéijung vum Mindestloun profitéiere 46.300 Persounen. Et sinn dat 25.020 Männer an 21.280 Fraen. Zesumme sinn dat an absoluten Zuelen 9.280 Leit méi wéi beim leschten Ajustement. 50% wunnen an eisem Land. 50% sinn also Grenzgänger. 19.090 Mindestlounbezéier schaffen an de Secteuren Handel a Restauratioun. 11.500 schaffen an der Industrie an am Bau, an der Konstruktioun. 11.000 schaffen am Déngschtleeschtungssecteur. Dat sinn e puer statistesch Zuelen, déi ech nach hei soe wollt.

D'Erhéijung vun dësem Mindestloun huet Auswierkungen op d'Héicht vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung, op d'Héicht vun der Studentenaarbecht, op d'Héicht vun Entschiedegungen an der Rumm vum PAN-Gesetz. Dat gëtt eng zousätzlech Belaaschtung fir de Fonds de l'Emploi vun 1.018.000 Euro. Dann huet d'Erhéijung vum Mindestloun weider Auswierkungen op d'Héicht vun de maximale Pensiounen, op d'Beitragshéicht vun der Sozialversécherung an op de Beitrag vun der Fleegeversécherung.

De Mindestloun ab 1. Januar 2005 läit da bei 1.466,77 Euro. Dat sinn 59.169 aler Frangen. Dat ass ee Plus vun 28,76 Euro, also 1.160 aler Frangen. De qualifizéierte Mindestloun bedréit ab dem 1. Januar 1.760,12 Euro, dat sinn an ale Frangen 71.000 an eppes Klenges. Dat ass ee Plus vu 34,52 Euro.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat war dat wat ech mengem schréftleche Rapport wollt bäifügen. Ech soen alle Kolleegen a Kolleeginnen, déi an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft hunn, Merci. Merci och un d'Vertrieder vun der Regierung, un d'Adress vu menge Mataarbechter an un d'Sekretariat vun der Chamber.

D'Kommissioun huet ouni Géigestëmm de virleiende Bericht den 10. Dezember ugeholl an am Numm vun eiser Kommissioun bieden ech d'Chamber de virleiende Projet ze stëmmen, dee fir 46.000 Leit eng verdéngten a wëllkomme Verbesserung vun hire Paië bedeit.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Als éischte Riedner ass den Här Ali Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Ali Kaes *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, als éischt ee grousse Merci dem Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet, mengem Fraktiounskolleeg dem honorabelen Marcel Glesener fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass a mengen Aen e ganz wichtege Gesetzesprojet, well en all déi, déi op der ënneschter Lounskala sinn, un déi allgemeng Loun- a Gehaltsentwécklung upasst. Ech wëll a menger Ried gären zwee Punkten uschneiden, déi fir mech ganz wichteg sinn.

Den éischte Punkt betrëfft d'Zweckbestëmmung vum Mindestloun a seng Konsequenzen. Wéi scho vum Rapporteur ugedeit, huet hautdësdags de Mindestloun en aneren Zweck, eng aner Finalitéit wéi dat nach 1944 de Fall war, wou de Mindestloun agefouert gouf. Wann de Mindestloun fréier virun allem den Zweck verfollegt hat dem Aarbechter e Minimum ze garantéieren, stellt de Mindestloun haut de gerechten a minimale Wäert vun der Aarbecht duer, an anere Wierder de gerechte Loun fir eng 40-Stonne-Woch.

Dëse Konzeptiounswandel geet op d'Reform vun 1973 zréck, wou u sech décidéiert ginn ass, datt de Mindestloun vun der wirtschaftlecher a vun der sozialer Lag ofhänke soll. D'Iddi ass déi, datt eng regelméisseg Upassung vum Mindestloun dem Mindestlounempfänger et erlabe soll vum ökonomesche Wuesstem a vun deenen domat verbonnene Léin a Gehälter, déi an deene leschten zwee Joer jo bekanntlech 2% an d'Luucht gaange sinn, ze profitéieren. Dat ass och richteg esou, well d'Aarbechter an d'Beamten, déi um Mindestloun schaffen an och um Mindestloun bezuelt ginn, huelen Deel um Wirtschaftswuesstem, genee wéi all aner Schaffend hei zu Lëtzebuerg.

Doriwwer eraus - an ech si frou festzestellen, datt de Statsrot déiselwecht Meenung vertrëtt - erlaabt de Mindestloun den Erausfuerderunge vun der Strategie vu Lissabon standzehalen. Wéi Der wësst huet sech d'Europäesch Unioun zu Lissabon am Joer 2000 en éiergäizegt Zil gesat, déi kompetitiivst an déi dynameschst Wëssensgesellschaft ze ginn, an domadder fir eng gréisser sozial Kohesioun ze suergen. D'Opwäertung vun der Aarbecht iwwert de Wee vun engem Mindestloun, dee regelméisseg ugepasst gëtt, ass ee Moyen fir dëst Zil ze erreechen. Am Fall, wou mer kee Mindestloun hätten oder wann dësen net regelméisseg opgewäert géif ginn, wier de Risiko ganz grouss, datt den Aarbechtsmaart un Attraktivitéit géif verléieren an d'Integratioun oder d'Reintegratioun op den Aarbechtsmaart wier sécherlech nach méi schwéier wéi et elo schonn de Fall ass.

Esou wéi de Rapporteur a Frënd Marcel Glesener et elo grad scho gesot huet, hunn d'Beruffskummeren, bis op d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, keen Avis iwwert de virleiende Gesetzesprojet ofginn, wat dorobber zréckzeféieren ass, an dat ass och scho gesot ginn, datt de Projet de loi zimlech kuerzfristeg deponéiert gouf an d'Beruffskummere keng Zäit hate rechtzäiteg dëse Projet ze aviséieren. Ech bedaueren dës Situatioun ebenfalls an ech hoffen, datt dat an Zukunft no Méiglechkeet aneschters ugepaakt gëtt.

Och wa keng Avisë virleien, ausser dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, déi iwwregens mat der Upassung vum Mindestloun d'accord ass, hu sech déi eng oder aner Groupementer zu dëser Upassung vum Mindestloun zu Wuert gemellt, esou zum Beispill d'Handelskonfederatioun, déi mengt, datt de Mindestloun kee richtege Mindestloun méi wier oder méi ass, mä en uerdentleche Loun duerstellt, deen een net misst revidéieren. Fir d'Handelskonfederatioun ass d'Upassung vum Mindestloun näischt aneschters wéi ee Stëmmefänker.

Ech fannen, Dir Dammen an Dir Hären, déi Ausso ass wierklech e staarkt Stéck. Ech wëll dës Leit drun erënneren, datt méi wéi d'Halschent vun de Mindestlounempfänger u sech Frontalieren, respektiv Netlëtzebuerger sinn an datt deem géigeniwwer d'Patronen, déi vun dëser Moossnam betraff sinn, ebe gréisstendeels Lëtzebuerger sinn. Or, et ass näischt Neies, datt bei de Patronen a besonnesch bei deene klenge Betriber eng Erhéijung vum Mindestloun net gutt ukënnt. Ech gesinn net wéi een awer ënnert dësen Ëmstänn ka seriö vun enger wahlpolitescher Entscheedung schwätzen?

Ze bemierken ass awer och, datt eng Upassung vum Mindestloun schlussendlech der Wirtschaft zegutt kënnt, well se d'Consommatioun ganz kloer ukuerbelt. Et si virun allem déi mat engem niddereregen Akommes, an dorënner fale bekanntlech och d'Mindestlounempfänger, déi am Fall vun enger Erhéijung vun hirem Gehalt ganz kloer méi ausginn. An et ass och grad dës Populatioun, déi hir Sue virun allem hei am Land ausgëtt. Leit mat méi engem komfortabelen Akommes hunn am Fall vun enger Erhéijung éischter d'Tendenz ze spueren a Reserven unzeleeën, respektiv sinn si déi, déi éischter en Deel vun hirem Geld an d'Ausland droen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann d'Upassung vum Mindestloun eng ganz gutt Saach ass, wërft dës Moossnam ganz sécher eng Rei vu Froen op, Froen, déi ënner anerem am Zesummenhank mat der Kompetitivitéit vun eise Betriber stinn an iwwert déi mer eis ganz sécher Gedanke musse maachen. D'Regierung huet jo iwwregens op Wonsch vum Wirtschafts- a Sozialrot eng Etüd an Optrag gi fir ze kucken, wat d'Konsequenze vum Mindestloun op den Aarbechtsmaart engersäits, mä awer och op d'Léin anerersäits sinn.

Aus dem Rapport vun der Regierung vum 12. November 2004 an dem Rapport vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Marcel Glesener, geet ervir, datt de Mindestloun e positiven Effet op d'Duerchschnëttsgehalt huet, awer an deenen - an ech betounen deenen - vun der Etüd ënnersichte Fäll en negativen Impakt op d'Beschäftegung. Dës lescht Bemierkung ass souguer nach am Kader vun der Beschäftegung vun deene Jugendlechen ënner 25 Joer ze relativéieren.

A sengem Rapport iwwert d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Betriber kënnt de Wirtschaftsexpert Lionel Fontagné zu anere Konklusiounen. Sou mengt hien, datt wann de Mindestloun tëschent 1980 an 2001 ëm 39% an d'Luucht gaangen ass, d'Léin vun den Aarbechter während därselwechter Period nëmmen ëm d'Halschent progresséiert hunn, sou datt et u sech ganz schwiereg ass fir ze soen, datt de Mindestloun den Niveau vun de Léin fir qualifizéiert Aarbecht no uewen dreift.

An dësem Kontext wëll ech awer och nach bemierken, datt wann d'Lounentwécklung sech liicht iwwert der Produktivitéit beweegt, den Ofstand tëschent deenen zwee sech an de Joren 2002 an 2003 wierklech reduzéiert huet. Den Ajustement vum Mindestloun ass also dofir iwwerhaapt kee Problem. Déi verschidden Etüden an déi zum Deel kontradiktoresch Konklusioune weisen, datt d'Matière ganz komplex ass, déi duerch weider Etüde verdéift muss ginn. Op dës Konklusioun ass iwwregens och de Rapport, deen d'Regierung an Optrag ginn hat, komm. Falls - an ech betoune falls - eng Reform vum Mindestloun néideg wier, musse mir op definitiv Konklusioune waarden an dann eréischt kënne mer diskutéieren a kucken, awéiwäit eng Reform néideg ass oder eventuell och net.

Op jidde Fall dierf een net vergiessen, datt de Mindestloun, obwuel hien Auswierkungen huet op d'Familljen- an op d'Sozialpolitik, virun allem awer eng Fro vun der Lounpolitik ass. Et dierf een och an deenen Diskussiounen ni vergiessen, datt de Mindestloun ganz kloer och fir de soziale Fridde steet. Mir sollen deementspriechend net midd ginn a weider fir d'Erhalung vum Mindestloun kämpfen. E Mindestloun, dee bei wäitem kee komfortabelt Akommes duerstellt, wann ee weess wat d'Liewen u sech hei zu Lëtzebuerg kascht.

Eise Mindestloun ass, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht deen héchste vun alle Mindestléin an Europa; 21% méi wéi an der Belsch an 22% méi wéi a Frankräich. Mä bezunn op den Duerchschnëttsloun gesäit d'Bild ganz sécher aneschters aus, do läit de Mindestloun a Frankräich an a Griicheland zum Beispill bei wäitem méi héich; dat geet ënner anerem och aus dem Rapport Fontagné ervir.

Den zweete Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, op deen ech kuerz wëll agoen, ass dee vum Zesummenhank tëschent dem Mindestloun an all deenen, déi fir de Mindestloun musse schaffen. Vun der Erhéijung vum Mindestloun - an et ass virdru scho gesot ginn, och wann déi Zuelen ze relativéiere sinn, well se sech u sech op déi Leit bezéien déi 1,3 an net just de Mindestloun bezéien - profitéieren u sech, laut deenen Zuelen, déi mer hunn, 46.300 Persounen an dovunner 21.280 Fraen. D'Frae bleiwen hei ganz sécher iwwerrepresentéiert. D'Zuel vun de Fraen, déi fir de Mindestloun schaffe ginn, ass u sech par rapport zu de Männer bal eent zu eent. Dat ass vill, wann ee vergläicht wéi vill Fraen a wéi vill Männer berufflech aktiv sinn. Et si bal duebel esou vill Männer, déi schaffen, wéi Fraen.

Déi positiv Nouvelle ass awer déi, Dir Dammen an Dir Hären, datt de Prozentsaz vun de Fraen, déi op de Mindestloun bezuelt ginn, zënter 1993 kontinuéierlech zréckgeet. Dëst spigelt u sech de Mentalitéitswiessel hei zu Lëtzebuerg erëm, wat d'Roll vun der Fra an der Gesellschaft ugeet. Et gëtt ëmmer méi Meedercher a jonk Fraen, déi studéieren a sech weiderbilden. Vu datt ëmmer méi qualifizéiert Fraen op den Aarbechtsmaart integréiert ginn, ass et u sech net weider verwonnerlech, datt ëmmer manner Frae fir de Mindestloun schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift awer, datt mir nach wäit ewech si vun enger kompletter Gläichstellung. Mä d'Zuelen, déi virleien, sinn encouragéant a si sinn d'Resultat vun enger konsequenter Politik am Beräich vun der Chancëgläichheet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun an ech wëll nach den Accord vun der CSV zu dësem virleiende Gesetzesprojet bréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Kaes. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Emile Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och dem Rapporteur Merci fir seng kloer Ausféierungen a säi komplette Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, datt 18% vun de Salariéen de Mindestloun hei am Land kréien. Dat ass an der Tëschenzäit eng Rekordzuel ginn, well et an Zifferen ausgedréckt 46.300 Leit sinn. Dobäi war ab 1999 eng Tendenz ze erkennen, dass d'Zuel vun de Mindestlounempfänger géing erofgoen. Déi Tendenz huet sech awer ab 2000 erëm ëmgedréint. An de leschten zéng Joer ass de Mindestloun bal ëm 400 Euro geklommen. D'Zuel vun de Mindestlounempfänger huet an därselwechter Zäit bal doubléiert an et sinn zënter 1998 méi Männer, déi de Mindestloun kréien, wéi Fraen.

Wou fanne mer déi Mindestlounbezéier? Ma déi gréisst Proportioun gëtt et am Commerce, der Restau-

ratioun an der Hôtellerie. Do schaffen alles an allem iwwer 19.000 Leit fir de Mindestloun. Dorënner dann och erëm déi grouss Majoritéit vu Fraen - praktesch 49%. Duerno kënnt de Secteur immobilier, d'Services fournis aux entreprises, de Bau an dann eréischt d'Industrie.

Mat 1.438 Euro ass de Mindestloun hei zu Lëtzebuerg deen héchsten an Europa. An der Belsch läit e fir een net qualifizéierten Aarbechter bei 1.182 Euro an a Frankräich bei 1.172. Hei hu mer also eng Differenz vu jeeweils 256, respektiv 266 Euro pro Mount.

Vu datt d'Mindestléin jo ausgerechent sinn, fir de Leit en dezent Liewen ze erméiglechen - am Prinzip misst dat jo esou sinn -, misst et jo de Frontalieren, déi de Lëtzebuerger Mindestloun hunn am Prinzip verhältnissméisseg gutt goen, well hire Mindestloun jo ëm 250 Euro respektiv 20% méi héich läit, wéi bei sech am Land ee qualifizéierten Aarbechter verdéngt. Hie gëtt jo och nom Lëtzebuerger System besteiert, wann en iwwerhaapt an d'Besteierung erafält, kritt awer och d'Lëtzebuerger Kannergeld, wat u sech och méi héich ass, wéi bei sech doheem. Hien huet och ënner Ëmstänn eventuell manner héich Liewenshaltungskäschten, vu datt awer vläicht d'Loyeren an d'Liewen a senger Regioun méi bëlleg sinn, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass, wou se jo ganz héich sinn.

Wann ee bedenkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass awer dann d'Halschent vun de Mindestlounempfänger Frontalierë sinn, da schéngt mer d'Diskussioun iwwert de Mindestloun - an där Hinsicht op d'mannst - awer staark ze relativéieren ze sinn. Och seet de Professer Fontagné ons a sengem Rapport iwwert d'Kompetitivitéit zu Lëtzebuerg, datt mir net deen héchste Mindestloun hunn - ech mengen mäi Virriedner huet dat schonn hei gesot -, natierlech am Verglach zu den Duerchschnëttsléin, mä datt Frankräich a Griicheland do méi héich leien; Lëtzebuerg huet allerdéngs déi meeschte Mindestlounempfänger.

Vill aner Argumenter an Zuele fënnt een an deene rezenten Etüden iwwert de Mindestloun, déi dëst Joer am November erauskomm sinn; sief et an der Etüd vun der Uni Lëtzebuerg, dem Rapport Fontagné oder der Note vum Statec iwwert de Mindestloun an d'Konjunkturentwécklung.

D'Fro ass, ob mer mat all deenen Etüden elo awer méi kloer duerch de Bësch vum Mindestloun gesinn. D'Konklusioun, déi een op jidde Fall aus all deem Material kann zéien ass déi, datt de Mindestloun generell e positiven Impakt op d'Salairen huet an awer op där anerer Säit - dobäi si se sech awer nach net sécher - en negativen Impakt op d'Beschäftegung. Anerersäits ass et awer net erwisen, dass d'Eropsetze vum Mindestloun en negativen Impakt op d'Beschäftegung vun de Jonken huet; si schéngen dann éischter manner ze schaffen, wéi dass hir Aarbechtsplaz géif gestrach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ëm de wirtschaftlechen Notzen oder net vum Mindestloun ass also trotzdeem relativ. Et kéint ee jo och soen, datt dat Geld, wat d'Mindestlounempfänger elo méi kréien - dat soe mer jo och bei de Steieren - erëm nees direkt an d'Wirtschaft investéiert gëtt, well si sech da vläicht endlech dat leeschte kënnen op dat se laang gewaart hunn.

Ech géif och behaapten, datt déi Secteuren an deene vill Mindestlounempfänger schaffen, Secteurë sinn an deenen d'Aarbechtskräfte méi schwéier duerch Maschinnen ersat kënne gi wéi a Secteuren, wou méi Qualifizéierung gebraucht gëtt. Et ass effektiv schwéier virstellbar en engem Bistro vun enger Maschinn zerwéiert ze ginn, oder eng Maschinn ze hunn, déi automatesch Mauere kënnt eropbauen. Dat just als Gedanke fir ze weisen, dass een dës Diskussioun ëmmer nees muss relativéieren an net ze vill däerf reng theoretesch iwwert de Mindestloun nodenken.

D'Fro, déi sech fir vill Mindestlounempfänger stellt, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, ass jo déi, ob se mam Mindestloun awer elo wierklech dezent kënne liewen. Wann een d'Entwécklung vun de Präisser a besonnesch vun den Immobiliepräisser an de Loyere kuckt, an da gesäit, wat dat do alles ee selwer kascht, da kann ee sech schwéier virstellen, wéi verschidde Leit et maache fir iwwert d'Ronnen ze kommen, besonnesch wa se eng Famill hunn. An esou enger Famill ass gewéinlech net iwwert d'Ronnen ze kommen, wann net deen aneren Elterendeel och schafft.

Ech mengen, et wär och interessant fir emol eng Etüd reng iwwert d'Familljen ze maachen, déi mam Mindestloun hei musse liewen, an da vläicht awer och eng ze maachen iwwert déi Familljen, déi mam Lëtzebuerger Mindestloun an der Belsch an a Frankräich liewen. Well mer mussen eis jo bewosst sinn, datt awer d'Halschent vun de Mindestlounempfänger Frontalierë sinn, an datt d'Halschent da vun där Augmentatioun, déi d'Lëtzebuerger Betriber eng Millioun Euro wäert kaschten, am Ausland wäert ausgi ginn.

Allgemeng si mer dofir, an dat ass jo hei och ëmmer erëm ugeklongen, datt d'Effetë vum Mindestloun weider analyséiert solle ginn, an dass eescht gemengte Virschléi, fir Mindestlounbezéier besser ze qualifizéieren an hir Produktivitéit eropzesetzen, sollten diskutéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Fakt ass, dass dësen Ajustement zesumme mat der Indextranche vum Oktober an der Regelung vun de Krankekeesebäiträg eis Betriber wäerte belaaschten. Si hu jo an där Hinsicht kierzlech hirem Onmut Loft gemaach.

An deem Kontext wollt ech just drun erënneren, dass de Mindestloun schonn 2003 hätt kënnen iwwert deem leien, wat en elo den 1. Januar wäert sinn, an zwar hat den Här Lux beim leschten Ajustement an enger Proposition de loi gefuerdert, de Mindestloun direkt ëm 7% eropzesetzen. Domat hätt een der Lounentwécklung natierlech virgegraff. Dat wier, mengen ech, och zu deem Zäitpunkt riskant gewiescht, souwuel fir d'Entreprisë wéi fir de Mindestlounbezéier. Dat hätt d'Betriber richteg belaascht, zumools an enger Period vun dach relativ schwiereger Konjunktur. Haut ass den Här Lux an der Regierung an et héiert een näischt méi vun esou Fuerderungen.

Fakt ass awer och, dass de Mindestloun zënter 60 Joer eent vun de wichtegsten Intrumenter ass fir de soziale Fridden hei am Land ze garantéieren. Dësen Ajustement ass wichteg fir d'Kafkraaft vun de Mindestlounempfänger un d'allgemeng Entwécklung unzepassen, an dofir wäert d'demokratesch Fraktioun och dëser Upassung zoustëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Als nächste Riedner ass den honorablen Här John Castegnaro ageschriwwen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech kann d'accord si mat deem wat de Rapporteur souwuel geschriwwe wéi gesot huet. Ech stellen och fest, dass déi Diskussiounen, déi bis elo gefouert gi sinn, ganz konstruktiv waren. Ech versichen net op alles anzegoen, mä e puer Iwwerleeungen trotz allem ze féieren.

Ech bedauere virun allem awer, dass verschidden Organisatiounen an dësem Land esou maache wéi wann déi 2%eg Mindestlounerhéijung verbonne mat der Indexupassung a mat deenen 0,15% Krankekeesebäiträg, déi d'Betriber musse bezuelen, identesch wiere mam Weltënnergang. Dat ass mat Sécherheet net esou, soss wier dat scho längst an der Vergaangenheet eng Kéier passéiert.

Ech bedaueren awer den Toun, besonnesch dee vun der Handelskonfederatioun, vun der Confédération du Commerce, déi eng politesch Ënnerstellung mécht a seet, et gëtt keng dringend Noutwendegkeet, well d'Mindestlounempfänger eigentlech zu Lëtzebuerg net musse virun der Aarmut gerett ginn, mä déi 2% sinn am Endeffekt net méi wéi e wahlpolitesche Engagement a Versprieche, déi elo agehale misste ginn.

Dat ass net esou. Dat wëssen déi Dammen an déi Hären do genee, an ech bedaueren nach vill méi dee Bréif, dee vun der Confédération luxembourgeoise du Commerce a vun der Horeca virun zwee Deeg un d'Parteie geschéckt ginn ass, wou e regelrechte Refus ausgedréckt gëtt, mä wou virun allem eng Rei Behaaptungen opgestallt ginn, déi inacceptabel sinn.

Engersäits well se och verbonne gi mat erpresseresche Methoden. Et gëtt gedreet, dass dat doten zu Aarbechtsplazofbau géing féieren. Och dat ass eppes wat an der Vergaangenheet ni de Fall war. An et si Widderspréch an deem Bréif, op déi ech elo aus Zäitgrënn net wëll agoen. Ech stelle mer just d'Fro, wéi déi Responsabel sech de Klima da kënne virstellen tëschent deem, deen am Restaurant zerwéiert, respektiv deem, deen an hire Geschäfter zerwéiert, an deen näischt soll kréien oder nach manner soll kréie par rapport zum Client, dee kënnt, an dee seng Indexupassung, seng Lounerhéijung an aner Erhéijunge kritt, dat mécht ee Klima, deen net gutt ass, an deen een dofir och net sollt opkomme loossen.

Am Endeffekt, Kolleeginnen a Kolleegen, ass et jo esou, dass déi Upassunge réckwierkend sinn, also mat Verspéidung kommen an et sech net ëm eng voluntaristesch Erhéijung vum Mindestloun handelt, mä et geet hei ganz schlicht an einfach drëm, dass d'Kaftkraaft vun deenen niddregsten Akommesbezéier zu Lëtzebuerg ugepasst gëtt, obwuel d'Relatioun vun deem Loun par rapport zu de Liewenskäschten zu Lëtzebuerg an dem Recht op en dezent Liewen zu Lëtzebuerg net iwwerenee stëmmt.

An et stëmmt awer och, an ech soen dat nach eng Kéier, déi Mindestlounupassunge ginn zënter Jorzéngte mat enger Regelméissegkeet gemaach. Et ass also keen Novum?

Ech wëll awer och ënnersträichen, well dat an deene Kritiken ëmmer erëm héich kënnt an och an aneren Diskussiounen, op déi ech nach zréckkommen, d'Mindestlounerhéijung, och den Ajustement vun de Pensiounen baséiert op der Lounentwécklung vun 2002 an 2003, an do gëtt eppes ganz kloer, wat een och soll hei ervirsträichen, et ass scho gemaach ginn, nämlech déi moderat a verantwortlech Lounpolitik vun de Gewerkschaften a wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten.

D'Gewerkschaften hunn domat eemol méi bewisen, dass se der Problematik vu manner Wirtschaftswuesstem an doduerch manner Produktivitéit Rechnung droen. Wa manner Wirtschaftswuesstem a manner Produktivitéit ass, dann huet dat jo och mat Produktiouns- an Ëmsazleeschtung ze dinn, déi zréckginn. An déiselwecht Parameteren ännere muer direkt, wann d'Ekonomie erëm unzitt, wann d'Konjunktur besser gëtt, an dann déi Diskussioun natierlech eng aner Nues kritt.

Et sollt een also deem Verantwortungsbewosstsäin vun deenen Acteure Rechnung droen, wann ee wëllt Kritik ausüben, a gesinn an unerkennen, dass et also minimal Auswierkungen op d'Rentenajustementer, op d'Mindestlounupassung sinn, an dass et mat Sécherheet falsch ass, den Däiwel un d'Mauer wëllen ze molen.

Et ass och richteg, och dat ass schonn eng Kéier gesot ginn, dass de Wirtschafts- a Sozialrot a besonnesch d'Gewerkschaften eng déifgräifend Analys vum Mindestloun am Zesummenhank mat de reelle Liewenshaltungskäschten zu Lëtzebuerg fuerderen, dass also do soll Klorheet geschaf ginn, an an der Regierungserklärung steet, an ech zitéieren: «Le Gouvernement reste attaché au mécanisme de la revalorisation du salaire social minimum à un rythme biennal sur base des rapports techniques établis à cette fin. En parallèle, il fera étudier si le niveau actuel du salaire social minimum est adapté aux réalités sociales et économiques».

Ech stellen och d'Fro: Ginn dann ab 1. Januar 1.466,77 Euro oder eppes iwwer 59.000 al Lëtzebuerger Frang duer, fir an dësem Land kënnen en dezent Liewen ze féieren? An do soen ech kloer neen. Eng strukturell Upassung vum gesetzleche Mindestloun, niewent där ëmmer erëm verspéiter Upassung un d'Loun- an d'Gehaltsentwécklung an och un déi reell Käschten an dësem Land, fir haut hei ze wunnen an ze liewen, alles dat ass eigentlech iwwerfälleg.

D'LSAP huet zweemol an der Vergaangenheet gefuerdert, dass ee misst do eppes ënnerhuelen an do komme jo och déi 7% Erhéijung hier, zu engem Moment wou d'Ekonomie gutt gaangen ass a wou eben d'Mindeslounbezéier net genuch profitéiert hunn, och net vun de Steiererliichterungen, an och net vun der Ëmverdeelung, déi ufanks vun dësem Jorhonnert jo awer zu Lëtzebuerg virgeholl ginn ass.

Et ass also noutwendeg déi strukturell Upassung, déi do wichteg an noutwendeg wier, festzestellen. Ech sinn awer gäre bereet fir ze soen, dass den Zäitpunkt vun der Ëmsetzung vun engem Nachholbedarf och kann etappeweis virgeholl ginn, wann d'wirtschaftlech Situatioun eben net déi ass, déi ee bräicht fir deem Käschtepunkt, deen entsteet, kënne Rechnung ze droen. Iwwer alles kann een diskutéieren. Wichteg ass, dass een emol Feststellungen, Fakte schaaft a weess vu wat ee schwätzt.

Am Exposé des motifs - och dat ass de Moie scho gesot ginn - heescht et, datt 46.000 Mënschen Mindestlounempfänger sinn, an dat op der Basis vun engem Parameter vun de Stonneléin, déi ënner 130% vum Mindestloun leien. Firwat eigentlech sinn déi 130% geholl ginn? Firwat gëtt net méi prezis d'Opdeelung gemaach vun den 100%, also vun den eigentleche Mindestlounbezéier? Firwat gëtt net déi vun dem zweete Mindestloun, vun dem qualifizéierte Mindestloun gemaach? Och dat wier wichteg!

Et wier scho wichteg ze wëssen, wéi vill Leit da wierklech prezis de monatleche Mindestloun bezéien. Och wann den IGSS seet, et wieren der 37.000, esou wéi et an eisem Rapport steet, da stellen ech och fest, eemol méi: D'statistesch Methode musse verfeinert ginn. An ech stellen och d'Fro, wéi héich den Undeel ass vun den Deelzäitbeschäftegten um soziale Mindestloun. Et muss een ebe Kloerheet an dat Zuelematerial kréien, well ee jo och net méi anzeschätze weess, ob et da wierklech esou ass, dass zënter 1993 den Undeel vun de Mindestlounbezéier vu 14 op 18% an d'Luucht gaangen ass, ob et net vläicht méi ass, a wéi déi Relatiounen ënnereneen dann alleguer bestinn.

Wouer ass och, dass den Undeel vun de Fraen an deem Zäitraum, vun deem mer schwätzen, zréckgaangen ass, mä dat mécht net falsch - an dat wëll ech ënnersträichen -, dass d'Fraen ëmmer nach am stäerkste betraff sinn a bei de Mindestlounempfänger iwwerrepresentéiert sinn. A wann een an eenzel Secteuren erakuckt wéi den Horesca-Beräich, da sinn et 50% vun de Fraen, a wann een eng aner Zuel kuckt, déi iwwert déi nei geschafen Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, da stellt een och do fest, dass dräi Véirel vun deenen neien Aarbechtsplazen där sinn, déi nëmme mam Mindestloun bezuelt ginn.

Fir mech wier et och interessant ze wësse wéi déi virun e puer Joer beschlosse Moossnam elo ausgesäit, wat déi bruecht huet; ech schwätze vum Hauspersonal, wat iwwer eng vereinfacht Umeldungsprozedur erfaasst ka ginn. D'Zil war jo d'Schwaarzaarbecht an deem Beräich ewechzekréien engersäits, mä anerersäits deem Hauspersonal - Mann oder Frau - eng Sozialversécherung unzebidden, eng Onfallversécherung an hinnen och Rentenusprëch ze erméiglechen. Et géing mech also schonn interesséiere wéi héich deen Undeel ass, an ob een do net en neien Elan misst huelen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Da sollt een dës Moossnam, déi lescht, déi ech genannt hunn, och gesinn am Sënn vun enger Erhéijung vum Taux d'emploi, esou wéi d'Strategie vu Lissabon dat jo, zënter dass et se gëtt, priedegt.

Wa mer also geneet Zuelematerial ufuerderen, ännert dat näischt un der Tatsaach, dass all Upassung vum Mindestloun, vun de Mindestrenten, vun der Chômageënnerstëtzung, vum RMG - alles dat hänkt jo zesummen - an esouguer Auswierkungen op aner Kleng- a Mëttelakommes Erhéijunge sinn, déi integral an de Konsum ginn. Déi ginn net op d'Spuerbuch geluecht, do bleift näischt Rescht, an dat, wat een da muss ënnersträichen, dat ass, dass déi Organisatiounen, déi also d'Erhéijung am meeschte kritiséieren, eigentlech integral vun der Kafkraaftverbesserung do profitéieren. Do gëtt et also nach e Widdersproch, deen een einfach muss esou kloer an däitlech soen.

Richteg wier et allerdéngs, wann ee kënnt d'Lounpolitik zu Lëtzebuerg ausschliesslech iwwer Kollektivverträg gestalten, wann d'Sozialpartner, déi am beschten d'Situatioun an de Secteuren, an den Entreprisë kennen, an och dat wirtschaftlecht Ëmfeld, d'Capacitéit vum eenzelne Beräich, dass een also do kéint d'Lounpolitik gestalten, aushandelen, duerstellen, mä mer sinn zu Lëtzebuerg net op deem Punkt.

Ech warnen awer am Géigendeel dovir, dass esou Iwwerleeungen, déi aus Patronatskreesser kommen - an ech hoffen, dass ech och de Kolleeg Calmes falsch verstanen hunn de Moien -, dass ee wéi eenzel Kreeser dat fuerderen, elo op eng Kéier misst an der Indexupassung, an der Mindestlounupassung an an aneren Upassungen selektiv, dat heescht ënnerschiddlech virgoen, entspriechend der Situatioun am Betrib, am Secteur, am Beräich.

Dat géing jo zu engem fierchterlechen Duerchernee féieren, oder wa mer zur Konklusioun géinge kommen, an et ass do, wou ech den Här Calmes vläicht net gutt verstanen hunn, dass mer géinge soen, mä d'Frontalierë brauche manner a Frankräich fir ze liewen ewéi zu Lëtzebuerg, dofir sollen déi 20% Mindestloun manner kréien. Et muss ee sech emol virstellen, wat dat fir een…

(Interruption)

Okay, ech warnen dann awer virun esou Iwwerleeungen, well ech soen, dat dote mécht e fierchter-

lechen Duercherneen an de Betriber a féiert zu engem Sozialnäid, vun deem een d'Aussmoossen net méi iwwersäit, a souwisou wier esou eng selektiv Upassungspolitik ongerecht, onsozial, well ee jo ëmmer muss soen, d'Deierecht betrëfft jiddferee gläich, mä am Contraire, déi Äermst ënner eis gi vill méi haart vun der allgemenger Deierecht betraff wéi all déi aner.

Och nach eng Kéier ze ënnersträichen ass, dass d'Lounpolitik an d'Mindestlounerhéijung och Rentepolitik ass, et ass och d'Speise vun de Krankekeesen a vun de Rentekeesen, alles gräift jo zu Lëtzebuerg aneneen. Et gëtt also och vill positiv Effekter bei deene Saachen.

Mä nach eng Kéier: Esou laang wéi an dësem Land knapp iwwer 50% vun de Salariéen iwwert d'Kollektivverträg nëmmen erfaasst sinn, dréit de Stat eng grouss Responsabilitéit bei der Gestaltung vun den Akommesse vun deenen niddregen Akommesbezéier ënner eis, well de Stat d'Responsabilitéit fir déi Zéngdausenden dréit, an deem Sënn, dass hien eben dofir muss suergen, dass hire Liewensstandard einegermoosse garantéiert bleift.

Kolleeginnen a Kolleegen, zënter Méint si mer konfrontéiert mat enger méi hefteger Diskussioun iwwert d'Kompetitivitéit an d'Produktivitéit zu Lëtzebuerg, mä och an der Europäescher Unioun, an ech menge weltwäit, ass dat en Thema, mä firwat? Ma a) well d'Zil an d'Stategie vu Lissabon et wëllen, dass mer déi Diskussioun féiren, a b) well mer et eigentlech och wëllen. De Rapport vum Professer Fontagné ass jo keen Zoufallsprodukt, mä ass d'Resultat vun Diskussioune vun de Sozialpartner mat der Regierung am Joer 2003 an der Tripartite. Do ass deen Optrag entstanen, an dee Rapport, deen do zustane komm ass, dee soll also Pisten opweisen.

Haut de Mëtteg tagt jo och d'national Tripartite, wou ech iwwregens déi éischte Kéier, dass et se gëtt, dann net méi dobäi sinn - mat e bëssen Nostalgie soen ech dat, dofir sinn ech hei, wat mir och vill Freed mécht. An där Tripartite wäerten éischt Diskussiounen iwwert de Rapport Fontagné stattfannen.

Ech wëll just eppes soen: Léif Frënn, de Fontagné-Rapport ass och keng Bibel, mä ass eng Plattform fir eng néideg a wichteg Debatt, och als Bestanddeel vun där Debatt iwwert d'Zukunft vun dësem Land. An dëser Debatt spillen Indexéierung, Mindestloun, Sozialkäschte, Loun- a Sozialpolitik keng Nieweroll, mä sinn e feste Bestanddeel vun allem, wat sech hei ofspillt, a vun enger allgemenger Diskussioun iwwert de Standuert Lëtzebuerg, eiser Plaz an der Europäescher Unioun, an eiser Plaz an der mondialiséierter Ekonomie.

Ech soen däitlech: Kompetitivitéit ouni Sozialnetz op héijem Niveau gëtt et net. D'Kompetitivitéit, d'Benefisser an de Betriber, eng optimal Produktivitéit hänke ganz enk zesummen, a) mat der allgemenger wirtschaftlecher Situatioun natierlech - an a Krisenzäite stagnéiert dat, riskéiert dat esouguer zréckzegoen -, mä b) - an ech ënnersträichen dat - mat dem soziale Wuelbefanne vun de Mënschen, déi an de Betriber schaffen, mä och dem soziale Wuelbefannen am Allgemengen.

Dat heescht an anere Wierder, wann de Gruef tëschent de Lounempfänger méi grouss gëtt, da stellt dat net nëmmen d'sozial Kohesioun a Fro, mä et provozéiert och en negatiivt Verhalen op d'Bereetschaft vun deenen niddrege Lounempfänger hirem Bäitrag zur Kompetitivitéit an zur Produktivitéit ze leeschten. All déi do lamentéieren, dass zu Lëtzebuerg net méi genügend Bereetschaft besteet, e Beruff ze léieren, respektiv berufflech Weiderbildung ze maachen, sollten dat och am Zesummenhang mat niddrege Léin wéi dem Mindestloun oder dem zweete Mindestloun gesinn, an et sollt een also op steril Kritik verzichten, mä et sollt ee gemeinsam agéieren, fir do eppes ze verännere am positive Sënn.

Falsch ass et fir ëmmer erëm d'Europäesch Unioun als Argument fir eng sozial Harmoniséierung no ënnen, en Nivellement vers le bas, ze gesinn oder ze interpretéieren, och wa villes wouer ass, wat een an där Kritik seet. Ech erënneren un den Här Fritz Bolkestein a säin Déngschtleeschtungs-Richtlinnenentwerf oder un d'Aarbechtszäitrichtlinn, déi deemnächst zur Debatt steet. Do kann een natierlech der Meenung sinn, wann déi Richtlinn dann esou duerchgeet, dass een 48 a méi Stonne schafft, dass dat eng gutt Saach wier, dass een dann de Mindestloun kënnt erof setzen, well ee jo duerch déi vill Stonnen ouni Iwwerstonnenzouschléi dann awer op deeselwechte Betrag géing kommen. Dat si jo Mëllechmeederchersrechnungen, déi net opginn an déi een och guer net sollt ufänken ze maachen.

Ech wëll nëmme soen an ënnersträichen, do, an deene Länner wou sozial Aarmut ass a wou Hongerléin sinn, gëtt et och eng niddreg Produktivitéit an an der Regel och eng schlecht Qualitéit. Déi 2% Mindestlounerhéijung sinn also kee Geschenk, mä eng Fro vun der Responsabilitéit vis-à-vis vun deene 46.000, déi ëmmer genannt ginn, déi dann ëmmer nach net zu de Groussverdénger gehéieren an déi dann ëmmer nach forcéiert sinn all Euro, deen se wëllen ausginn, zweemol ëmzedréine bevir se dat maachen.

Eng aner Iwwerleeung: Während de Budgetsdebatten ass hei och iwwert den Export vu Sozialleeschtungen a Léin geschwat ginn. Ech bedaueren, dass dat hei esou vereinfacht gemaach ginn ass, ouni d'Rechnung ze maache wéi héich den Undeel vun de Grenzgänger an den Netlëtzebuerger, déi eng Kéier heem ginn, laang net all, hirem Schaffen an dësem Land um geschafene Räichtum vu Lëtzebuerg an un eisem Wuelstand ass. Wann een déi Rechnung géif maachen, da géing een zu anere Resultater komme wéi nëmmen iwwert den Export vu Sozialleeschtungen ze lamentéieren.

Dann eng lescht Iwwerleeung: D'Neiorientéierung vum Sozialstat, dee jo och ugeschwat ginn ass, seng Konsolidéierung, d'Diskussioun iwwert d'Eegebedeelegung vum Eenzelnen iwwer eng Reform vun de soziale Sécherheetssystemer. Ech soen, dat si kräfteg Sätz an Aussoen. Et soll ee mir erkläre wéi ee Mindestlounbezéier dann eng Eegebedeelegung kann opbréngen. Wéi kann e sech et da leeschte privat Zousazversécherungen am Renten- an am Krankeversécherungsberäich ze maachen? Wéi kann e sech et leeschten eng finanziell Bedeelegung am périscolairë Beräich opzebréngen, esouguer da wa Papp a Mamm Duebelmindestlounbezéier sinn? Och dat si Wourechten, déi een an dësem räiche Land net däerf ënnert den Teppech kieren, mä mat deenen ee sech muss ausernee setzen.

Duerfir ass d'Erhéijung vum Mindestloun ëm 2% méi wéi gerechtfäerdegt. Duerfir drängt sech déi strukturell Debatt iwwert d'reell Héicht vum Mindestloun respektiv d'Mindesteinkommen an dësem räichen a moderne Stat Lëtzebuerg op. Loosse mer dat maachen, och wéinst eisem eegene Gewëssen a loosse mer et och maachen, fir dass mer der Chancëgläichheet all hir Bedeitung ginn a verhënneren an eng Zweeklassegesellschaft ofzerutschen.

Am Numm vun der LSAP-Fraktioun proposéieren ech natierlech d'Gesetz unzehuelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Januar 2005 gëtt e Retard vun 2% un d'Akommes vun de Mindestlounbezéier nogeholl. Duerch dëse Fait, datt Lëtzebuerg eent vun den EU-Länner ass, déi ee geregelte Mindestloun hunn, kënne mir heimat fir eng gewësse Loungerechtegkeet vun alle Salariéen an dësem Land suergen. Bedingung ass natierlech, datt se ugemellt sinn.

Trotzdeem musse mer feststellen, datt och ee geregelte Mindestloun net enger gewëssener Gesellschaftsandeelung, enger Selektioun, vläicht souguer enger Marginalisatioun definitiv entgéintwierkt. Mir mussen och feststellen, mat gewësse Schwankungen, ass de Mindestloun haaptsächlech nach ëmmer bei deeneselwechte Kategorië vu Leit ze fannen, sief dat beim Patronat wéi beim Salariat.

An ech géif gären hei am Numm vu menger Fraktioun e puer Reflexioune maachen, zu:

1. Wie kritt de Mindestloun?

2. Wou kritt een de Mindestloun?

3. e puer nei Weeër skizzéieren iwwert déi mir hei an dësem Haus gutt berode wieren, eis Gedanken ze maachen an Zukunft.

Wien ass Mindestlounbezéier? Dat hu mer jo schonn hei e puermol héieren. Ech géif gär fir d'éischt emol soen, datt mer eis awer mussen zum Gedanke maachen, dass praktesch all fënnefte Salarié, deen hei an dësem Land schafft, fir ee Mindestloun schafft an déi Zuel vun de Mindestlounbezéier hëlt lues awer stänneg zou.

Een zweete Fait ass, datt mir hei zu Lëtzebuerg ongeféier een Drëttel Fraen an zwee Drëttel Männer iwwerhaapt um Aarbechtsmaart hunn, wat schonn net glorräich ass fir eng europäesch Pourcentagëleeder vu Fraebedeelegung um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg. Vun all dëse Salariéë kritt ee Mann vu sechs de Mindestloun an awer eng Fra vu véier kritt de Mindestloun. Wat bedeit dat? Bei de Mindestlounbezéier bedeit dat fir d'éischt emol, dass mer do effektiv, an et ass schonn hei gesot ginn, 50:50 plus au moins hunn, dat heescht esou vill Männer wéi Fraen, déi de Mindestloun kréien. Dat heescht dann awer och, dass bei den net Mindestlounbezéier zweemol méi staark d'Männer vertruede si wéi d'Fraen.

Dat seet indirekt eppes aus iwwer eis gesellschaftlech Organisatioun an eis Ekonomie, wéi vill Fraen iwwerhaapt nach a Fro kommen, fir op Décisiounsposten ze schaffen an esou eng reell, an dat ass jo hei scho prônéiert gi vu bal alle Parteien, Egalitéit tëschent Fra a Mann an der Aarbechtswelt an an eiser Wirtschaft unzestriewen, an och herno hierzestellen. An ech gi bewosst haut, well et net de Sujet ass, net op dee Problem a vun deem Secteur net Mindestloun, fir déiselwecht Aarbecht eng net selwecht Pai.

Et ass awer och ee soziale Problem, wann ee weess, datt praktesch ee Mariage vun zwee an d'Bréch geet, d'Kanner zu 98% bei der Mamm wunnen an d'Mamm, d'Fra also, d'Haaptfamilljenernährerin ass. Well mer wëssen, an ech kommen och spéider nach eng Kéier drop zréck, dass déi Plazen, wou mir d'Mindestlounbezéier a -bezéierinnen erëmfannen, net grad déi sinn, déi déi beschte Viraussetzunge bidden, fir zum Beispill Famill a Beruff mateneen ze kombinéieren.

D'Analys stellt dann och fest, datt ongeféier, an dat ass och schonn hei thematiséiert ginn, d'Halschent vun de Mindestléin vu Frontalieren exportéiert ginn. An natierlech ass dat fir si eng besser Saach, wa si hei e Mindestloun kréien, wéi wa se an hirem Land e Mindestloun kréien oder souguer nach manner wéi e Mindestloun, deemno wéi, wa mer an Däitschland ginn, wou et kee Mindestloun gëtt. Mä do kommen ech nach spéider drop zréck.

Mä ëmmerhi gi 50% vun de Mindestléin u Résidenten, an do kommen ech wierklech net derlaanscht, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Lien ze zéien zur Schoulausbildung. Ech wëll lech drun erënneren, datt hei am Land säit geraumer Zäit iwwer 20% vun all eise Schüler an all eise Schülerinnen, also alle Résidenten, d'Schoul ouni Qualifikatioun verloossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir fidderen eis eegen Aarbechtswelt mat engem Fënneftel vun de jonke Mënschen, déi mir onqualifizéiert aus eise Schoule goe loossen an ouni eis allze vill Gedanken ze maachen, datt hei am Land ee Kand vu fënnef eigentlech wéineg Chance um Aarbechtsmaart wäert hunn an dëst vun Ufank u vu senger Carrière. A grad déi Leit fanne mir haut um Mindestloun erëm.

An ech wëll och hei haut an dësem Kontext bewosst net agoen op déi soziokulturell Analys vun de Mindestlounbezéier, déi mir an der Schoul produzéieren an déi mir herno um Aarbechtsmaart erëmfannen.

Wou kritt een de Mindestloun? De Mindestloun fënnt een iwwerrepresentéiert haaptsächlech an dräi Branchen, dat ass de Commerce, et ass scho gesot ginn, 25%, de Secteur vun den Déngschtleeschtungen, 17%, an de ganze Secteur Horesca, dat heescht Restauratioun an Hôtellerie, 14%. Eleng an de Secteure Commerce an Horesca fanne mer den allergréissten Deel vun alle Fraen erëm, déi de Mindestloun kréien. An domadder wëll ech hei just déi extrem Flexibilitéit vun där Aarbecht an deene Secteuren ënnersträichen, an ech wëll se géigeniwwer setzen am Kontext ebe vu Vereinbarung vu Famill a Beruff - an Dir wësst alleguerten, dass dat bal incompatibel ass.

Iwwerhaapt si praktesch all Secteuren, déi méi mam Mindestloun concernéiert sinn, Secteuren, wou déi physesch Aarbecht vill méi erausgefuerdert gëtt, a virun allem Secteuren, wou de Facteur Aarbecht eng wesentlech Roll spillt. Et sinn dëst Secteuren, déi vill méi aarbechtskraaftintensiv sinn - zumindest proportional - wéi anerer.

An do solle mer, mengen ech, fir ee Moment stoe bleiwe bei deene Remarquen - fir et emol héiflech, an net anescht, ze formuléieren - vun der Handelskonfederatioun awer och vun där Etüd iwwert déi soi-disant negativ Impakter vum Mindestloun op d'Beschäftegung.

Natierlech ass ee Kleng- oder Mëttelbetrib net frou, wa mir hei an dësem Haus décidéieren, de Salaire social minimum ze adaptéieren. An dat, wat fir eis just e Retard vun 2% ass, ass fir verschidde Betriber sécher eng gréisser Adaptatioun, well si: 1. ebe proportionell vill méi Aarbechtskräften hunn an 2. vun deenen Aarbechtskräften eben immens vill Salaires sociaux minimum ausbezuelen. An deemno ass et jo och richteg, dass fir si dann och eng gréisser Adaptatioun op si duerkënnt.

Obwuel mir eis der Logik an Denkaart a -weis vun dëser Federatioun net kënnen uschléissen, soe mir awer, datt et wichteg an noutwendeg ass, datt sech hei an dësem Haus seriö Gedanke gemaach ginn iwwert déi onéquilibréiert Verdeelung vum Coût salarial an eiser Aarbechtswelt an hir Répercussiounen op eis Ekonomie.

Wa mir an Zukunft un dësem System festhalen, wou haaptsächlech de Facteur Aarbecht finanziell belaascht gëtt, riskéiere mir:

1. effektiv, an dat mat oder ouni Diskussioun iwwert de Mindestloun, d'Kreatioun an d'Bäibehale vun den Aarbechtsplazen net ze förderen, jo, vläicht souguer och réckgängeg ze maachen;

2. Kleng- a Mëttelbetriber seriö ze benodeelege par rapport zu grousse Boîten, déi proportional net esou aarbechtskraaftintensiv sinn.

An ech wëll och do an deem Kontext drun erënneren, datt mir fir d'Berufsausbildung haaptsächlech op déi Kleng- a Mëttelbetriber zréckgräifen an datt si op deem Punkt jo och eng wichteg Roll spillen;

3. Mir kënnen an Zukunft net ausschliesslech iwwert de Wee vun der Berechnung vun de Cotisations sociales um Facteur Aarbecht eise Sozialstat erhalen, op jiddfer Fall net, wa mer wëllen dat, wat fir eis d'Cohésion sociale, de soziale Fridden, dee fir eis esou wichteg ass, weider fleegen.

Mir vertrieden als Gréng och, datt et noutwendeg ass iwwer Lounniewekäschten ze diskutéieren, iwwer eng nei an eng méi équilibréiert Participatioun a Redistributioun vun de Sozialleeschtungen, wou net nëmmen oder net haaptsächlech de Facteur Aarbecht zu der finanzieller Ofsécherung vun eisem Sécherungssystem bäidréit.

Mir sinn als Gréng der Iwwerzeegung, datt nei an aner Weeër, wéi zum Beispill eng Wäertschöpfungsabgab oder Ekosteiere wichteg Piste sinn, fir an Zukunft eise Sozialstat ze garantéieren a virun allem fir déi aarbechtsintensiv Kleng- a Mëttelbetriber ze entlaaschten.

Dës Bemierkunge gesot, dierfe mer awer net vergiessen, datt de Mindestloun aus der Siicht vun deem, deen e kritt, e Mindestloun ass, dat heescht e Salaire social minimum. Dat ass kurz und bündig dat, wat de Mënsch brauch, fir hei an dësem Land ze iwwerliewen. An deen, deen drun zweifelt, soll sech zum Beispill einfach beméien, eng mënschewierdeg Wunneng hei zu Lëtzebuerg ze fannen, déi net méi wéi een Drëttel vum Mindestloun kascht, wéi dat dann Usus ass, dass ëmmer gesot, un enger Pai geet een Drëttel an de Logement, mat de Chargë wären dat ongeféier, Dir Dammen an Dir Hären, Här President 450 Euro; dat ass scho bal eng Saach vun der Onméiglechkeet.

Eng monoparental Persoun mat engem Kand huet trotz den zousätzleche Sozialakommessen, wéi Kannergeld an esou weider, mat engem Mindestloun bei wäitem net déiselwecht Chancen an huet et iwwerhaapt schwéier aus der Marginalitéit erauszekommen.

D'Feststellung, datt de Mindestloun zu Lëtzebuerg deen héchst bezuelten ass a ganz Europa, an heiansdo souguer iwwer Europa eraus, ännert awer guer näischt un där prekärer Situatioun vun där Persoun, déi hei am Land de Mindestloun kritt.

Wa mir an Europa, an deem neien Europa, wou mer haut zu 25 a mar zu 27 Membere sinn, wëllen engersäits de soziale Fridde garantéieren a gläichzäiteg den Dumping social wëlle verhënneren, komme mir och, menge mir, mëttelfristeg net derlaanscht iwwer een europäesche Mindestloun nozedenken, wou mir awer och der Iwwerzeegung sinn, dass dee mëttelfristeg och seng Plus-value zu Lëtzebuerg wäert fannen.

A wann d'Europäesch Unioun - an dozou ziele mir jo als Lëtzebuerg och - wëllt den Ziler vun där ambitiéiser Lissaboner Agenda méi no kommen, gëllt et virun allem eis Aarbechtswelt esou ze organiséieren, datt jiddereen Zougang kritt zum Beruffszertifikat, dat heescht enger qualifizéierter Aarbecht kann

nogoen, an awer och duerno - an dat wëll ech och ënnersträichen - jiddereen déi Konditioune virfënnt, fir säi Liewen esou ze organiséieren, datt e ka Beruff a Famill matenee vereinbaren, dat heescht eng Pai woumat hien oder si seng Famill kann ernähren, dervu ka liewen an net nëmmen iwwerliewen, mä awer och muss garantéiert sinn, datt ronderëm d'Aarbecht déi noutwendeg Infrastrukture genügend ze fanne sinn, well dorunner feelt et och, wéi zum Beispill péri- a parascolaire Infrastrukturen.

Zum Schluss géif ech awer och nach gären e puer Wuert zum Travailleur handicapé soen. Mir hunn d'lescht Joer e Gesetz gestëmmt, wat dëst Joer, mengen ech, den 1. Juli a Kraaft getratt ass. Dëst Gesetz vum 12. September 2003 definéiert den Travailleur handicapé, deen, net nëmme mä och, an den Ateliers protégés schafft.

Dat ass an dat war och deemools fir all behënnerte Mënsch, deen an engem Atelier schafft e wichtegt Gesetz. Well fir d'éischt kréien déi Leit, déi do an engem Atelier schaffen, e richtege gesetzlech geregelte Salaire, wa si dann op d'mannst 30% behënnert sinn, dat heescht wa si eng Produktivitéitsreduktioun vun op d'mannst 30% hunn, wat jo an dësen Atelieren ëmmer de Fall ass.

Dëse geregelte Salaire ass dann och den onqualifizéierte Mindestloun. Dat muss ee soen, onofhängeg vun där Formatioun, déi déi eng Persoun vläicht iergendwann eng Kéier hat, mä zumindest ass et haut e geregelte Salaire, deen déi Leit kënne kréien. A wat ech wëll ënnersträichen: Déi Leit kréien déi Suen net, well se iergendwou hei aus där Keess e puer Suen zegutt hunn a wéinst där Behënnerung e puer Suen zegutt hunn, mä si kréien e Salaire, well se schaffen, an dat ass dat, wat immens wichteg ass.

Verschidde vun dëse Matmënschen - de Rapporteur huet et och richteg ernimmt -, et sinn der am Ganzen 351, kréien zousätzlech zu hirer geregelter Pai, e Complément aus dem Fonds pour l'emploi an dat aus där einfacher Iwwerleeung, datt si virdrun eben aus deene verschidde Keesen ëmmer iergendeppes kritt hunn a se elo haut net dierfe manner verdéngen, wéi virun dem Akraafttriede vun dësem Gesetz. Well awer all Mënsch gläich ass, dann och ebe gläich ass virun de Steieren, huet d'Regierung Amendementer ausgeschafft, fir dësem spezifesche Problem vun dësen 351 Leit entgéintzekommen.

Leider, leider - an et ass och scho gesot ginn - hat de Conseil d'État keng Zäit, fir sech an dës Amendementer eranzeschaffen, an dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, kënne mir haut just de Mindestloun fir déi sou genannten Normalitéit stëmmen.

Ech wëll wierklech soen, dass ech dat bedaueren, well dat Gesetz vum 12. September 2003, och wann et sécherlech nach muss verfeinert ginn, ass, wéi gesot, e wichtege Schratt gewiescht fir déi behënnert Matmënschen, well se ebe virdrun ëmmer e Mix hate vun engem Deel Rent, engem Deel RMG, engem Deel ATI a sou weider a sou virun. Awer bei der éischter Hürd vun der Adaptatioun vun hirer neier Pai fält schonn een Deel vun der Gläichstellung zesummen, och wann et nëmmen e symbolesche Deel ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat ech och bedaueren, dat ass, dass vill vun deene Salariéen aus den Ateliers protégés, déi praktesch hiert ganz Liewe laang haaptsächlech am Ministère de la Famille beschäftegt waren, a sech elo mat där Adaptatioun eigentlech erëm an dee Ministère de la Famille mussen zréckbewegen, och dëst nëmme symbolesch, mä dat ass awer och eppes wat net ze begréissen ass. Wann ee schafft an et kritt een eng Pai, dann hänkt dat vum Ministère du Travail et de l'Emploi of.

Dëst gesot, wëll ech zum Schluss soen, dass meng Fraktioun dee Projet de loi sécherlech wäert stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och dem Här Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen effektiv d'Problematik vun där ganzer Diskussioun hei erëmspigelt. Mä ech wëll him awer och félicitéiere fir säi Courage, fir hei op déi Bühn ze trieden ouni Panzerschutzwest an ouni Schutzhelm, fir hei fir eng Erhéijung vum Mindestloun ze plädéieren, well et gëtt jo ëmmer flächendeckend vu verschiddene Säite bombardéiert, wann et heescht de Mindestloun ze erhéijen oder den Index unzepassen, an da gemaach gëtt wéi wann eist Land vun Ausserirdische géif iwwerfall ginn an eis Ekonomie géif an hirem Fundament erschüttert ginn.

Här President, wann een elo schonn déi Attacke muss iwwer sech ergoe loosse bei enger Erhéijung vun 2% vum Mindestloun, wat géif da geschéie wa folgenden Text aus engem Parteiprogramm géif Wierklechkeet ginn, ech zitéieren: „Um der Armut aktiv entgegenzutreten werden wir in der kommenden Legislaturperiod den Mindestlohn über die Anpassung an die Lohnentwicklung hinaus erhöhen"…

(Interruption)

…oder wann eng Proposition de loi Wierklechkeet gi wier, wou de Mindestloun soll mat 7% erhéicht ginn? Aus Sécherheetsbedenken, Här President, hunn ech den Numm vun där Partei, déi dat doten an hirem Wahlprogramm stoen hat, awer net genannt, mä ech kann Iech awer verroden, et war net d'CSV, et war net d'DP, et waren net déi Gréng an et war och net den ADR.

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Wie bleift dann do nach iwwreg, Här Jaerling?

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Et war am Fong déi Partei, déi onermiddlech ëmmer d'Wielerstëmme vum Salariat sammelt, also och déi vun de Mindestlounbezéier, andeem se hinne versprécht si géif eppes fir se maachen, wa se an d'Regierung kéim. Mä elo, net emol sechs Méint nodeem se an der Regierung ass, kënnt dann awer d'Wourecht un d'Dagesliicht. Si huet déi Leit erëm hannert d'Liicht gefouert mat deenen hire Stëmmen si regelméisseg an d'Regierung kënnt. Keng Spuer vun enger Iwwerhéijung an och keng Fuerderung fir eng Iwwerhéijung iwwert déi normal Upassung eraus.

Här President, wa mer haut iwwert de Mindestloun diskutéieren, esou wëll ech d'Geleeënheet benotzen och iwwert de Wäert vun der Aarbecht iwwerhaapt hei am Land ze schwätzen. Also, wann ech den Här Kaes richteg verstanen hunn, dann huet hie gesot, de Mindestloun wär e gerechte Loun fir gerecht Aarbecht. Ech mengen, ech géif dat awer e bësse relativéieren, ech gesinn dat net esou.

Ech géif och dat Wuert „sozial" beim Mindestloun ewechloossen, et ass einfach e Mindestloun, an ob e sozial ass, dat steet op engem anere Blat, well et muss een en ëmmer an d'Relatioun setze mat der Kafkraaft hei am Land, dat ass jo scho verschiddentlech gesot ginn, ob een iwwerhaapt nach mat deem Mindestloun, wou ee 50% muss dovun erausgi fir de Loyer ze bezuelen, liewe kann.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, well et ass och hei iwwert d'Frontalierë geschwat ginn, mat deem Mindestloun, deen se elo kréien, ob se hei am Land liewen, a Frankräich, an der Belsch oder an Däitschland, domat sinn se ëmmer nach keng Krösusen. Ech mengen, dat soll een och emol eng Kéier hei ervirsträichen. Et ass jo och esou, dass besonnesch mat deene Loyeren oder mat deene Baupräisser, déi hei am Land musse bezuelt ginn, mer souguer eis Leit, déi mam Mindestloun liewe mussen, och ëmmer méi zu Frontalierë maachen, well et ginn der ëmmer méi an d'Grenzgebidder wunnen.

Da gëtt et niewent dem Mindestloun nach ee groussherzoglecht Reglement, dat den RMG iwwert deeselwechte Prozentsaz erhéicht. Ech wëll elo hei net falsch verstane ginn, ech stellen den RMG absolut net a Fro, well et ass eng ganz wichteg sozial Moossnam, mä ech maache mer awer Gedanken iwwert dee minimen Ënnerscheed téschent dem RMG an dem Mindestloun.

Et ass festzestellen, dass, ech huelen ëmmer d'Beispill vun enger Famill mat zwee Kanner, wou kee schafft, déi Famill am Endeffekt méi behält fir ze liewe wéi eng Famill mat zwee Kanner an där ee mam Mindestloun schafft. Dat kënnt doduerch, datt den RMG esou opgebaut ass, datt all Member vun der Famill een Zouschoss kritt, datt all Member vun der Famill eng Valeur huet, während beim Mindestlounbezéier nëmmen deen, dee schafft, en direkte Revenu kritt.

Dat, well de Familljemindestloun, wéi Der Iech gutt erënnere kënnt, ofgeschaf ginn ass. Mir haten nämlech an der Zäit e Familljemindestloun, wou och der Famill Rechnung gedroe ginn ass. Deen ass ofgeschaf gi mam Argument, datt den Employeur net verantwortlech ass fir d'Familljesituatioun vun engem Salarié. Bon, do kann een driwwer streiden.

Och wann déi Famill, an där ee fir de Mindestloun schafft, iwwert den RMG kann ee Complément ufroe fir datselwecht erauszekréie wéi een RMG-Bezéier, stëmmen d'Relatiounen awer nach ëmmer net. Deen, dee schaffe geet, a mer wësse jo, datt déi Salariéen, déi mam Mindestloun schaffen, meeschtens och nach ënner haarde Bedingunge musse schaffen, muss beim Sozialamt biedele goen, fir de Liewensminimum ze kréien.

Doduerch datt mer ee Complément RMG zum Mindestloun accordéieren, fir de gesetzleche Liewensminimum ze hunn, gi mer jo zou, dass de Mindestloun net duergeet fir ze liewen. Et ass net grad motivéierend fir déi Leit, déi fir de Mindestloun schaffe mussen, ze gesinn, datt anerer datselwecht kréien, ouni ze schaffen. Dat ass d'Realitéit, eng Realitéit, déi net normal ass.

Duerfir wär et un der Zäit déi Relatioun ze iwwerdenken an no Moyenen ze sichen, fir d'Aarbecht hei am Land opzewäerten. Mer wëssen, datt dat op Grond vun der Kompetitivitéit, déi ëmmer an de Raum gestallt gëtt, net einfach wäert sinn, mä ech halen awer drop, datt och hei deeselwechte Solidaritéitsgedanke vun der Ekonomie verlaangt gëtt wéi deen, deen ëmmer erëm vum Salariat gefuerdert gëtt, wann et heescht d'Kompetitivitéit ze stäipen.

Et duerf net méi sinn, datt Milliarde Benefisser öffentlech proklaméiert ginn, ëmmer erëm Steiergeschenker gemaach ginn an do derniewent déi, déi mat der Schafung vum Räichtum duerch hir Aarbecht bedeelegt sinn, weider nëmme mat Grimmelen ofgespeist ginn. Elo ass jo eng Partei mat an der Regierung, wou den A am Numm nach just konnt gerett ginn, dofir sinn ech iwwerzeegt, dass déi Partei sech duerchsetze wäert an d'Aarbecht hei am Land opwäerte wäert, awer och well mer jo elo hei am Parlament zwou Fraktioune bäikritt hunn, wäert et jo un Ënnerstëtzung net feelen.

Här President, wa gejaut gëtt de Mindestloun géif d'Kompetitivitéit a Fro stellen, da gëtt dat ëmmer esou generaliséiert. Et kann awer nëmmen déi Betriber eppes weider kaschten, déi nach Leit mam Mindestloun beschäftegen, an dat si Betriber am Commerce respektiv an anere mëttelstännege Secteuren. An déi kréie jo eppes Retour, ech mengen, dat ass schonn e puermol hei ernimmt ginn, wann hir Leit eppes méi an de Portmonni kréien. Well déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, brauchen net all Joer dräi Méint an d'Vakanz ze goe fir hir Sue lasszeginn. Déi ginn se hei aus.

A wa besonnesch an der Horeca nach déi meeschte Leit um Mindestloun schaffen an eng Erhéijung den Employeuren do Problemer mécht, dann ass dat, well se net wollte mat de Gewerkschaften e verstännege Kompromiss aushandelen. De Législateur huet misse Mindestnorme schafen, wou haut scho gewosst ass, dass dës erëm eng Kéier op Käschte vun de Salariéë ginn an op Käschte vu kengem aneren.

Dofir, Här President, Jo zu dëser Mindestlounerhéijung, mä vu menger Säit aus mam klore Message, dass d'Aarbecht hei am Land muss opgewäert ginn an dass mer eis där Diskussioun net dierfe verschléissen. An der Hoffnung, datt d'LSAP hiert Wahlverspriechen awer nach realiséiere kann, well et komme jo an dëser Legislaturperiod nach zwou Mindestlounupassungen, kann ech den Accord vu menger Fraktioun gi fir dës Erhéijung vum Mindestloun.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, de François Biltgen. Här Biltgen, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech ka se nëmmen eestëmmeg ginn, well ech sinn eleng.

(Hilarité)

Une voix.- Dat ass ee Virdeel.

(Interruptions)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, Här Jaerling, ech waarden awer gespaant op déi aner Meenunge vun Ärer Fraktioun, well ech wëll drun erënneren, dass ënnert där viregter Chamber d'LSAP-Fraktioun effektiv een Untrag hei erabruecht hat fir méi an de Mindestloun ze setze wéi d'Regierung gefrot hat, an ech ka mech net erënneren, dass Är Fraktioun, déi deemools mat der LSAP an der Oppositioun war, dat massiv ënnerstëtzt hätt - dat just zu Ärer leschter Ausso.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer fir d'éischt…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ee Siwentel war awer mat dobäi.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst elo den Här Minister schwätzen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, dee Siwentel ass elo ee Fënneftel ginn, et ass awer net besser ginn.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer emol fir d'éischt lech alleguer heibanne Merci soen, dem Rapporteur selbstverständlech als Éischten, well en a kuerzer Zäit souwuel e gudde schréftlechen an e gudde mëndleche Rapport hei gemaach huet, mä ebenfalls allen Orateuren.

Ech sinn eigentlech als Aarbechtsminister ganz houfrech, ech soen dat och gären dobaussen, dass een op esou engem Projet wéi deem heiten, dem Mindestloun, eng Unanimitéit an der Chamber kritt. Ech mengen, dass dat eppes ass, wat mer awer nach ëmmer sollen als Kredit vun der Politik zu Lëtzebuerg histellen, dass mer awer do e grousse sozialpolitesche Konsensus kréien an dass mer net wéi an anere Länner do grouss Clivagë just zu esou Projeten hunn. Duerfir och den Orateuren an de Fraktiounen ee Merci, dass se unanime hei wëlle stëmmen, wat ech jo hoffen.

Éier ech e bësselchen op d'Problematik vum Mindestloun aginn, wëll ech op e puer kleng Kritiken agoen, déi komm sinn iwwert den Dépôt vum Projet de loi an iwwert d'Zifferen. Et ass richteg, dass den Dépôt - wéi all Kéiers - ze spéit war. A wéi all Kéiers soen ech dann hei, dass et eppes mat den Zifferen ze dinn huet. Well nämlech d'Gesetz et esou virgesäit, dass déi Propositioun, déi d'Regierung mécht fir de Mindestloun ze erhéijen oder och net, op engem Rapport fousst, deen d'IGSS mécht iwwert d'Evolutioun vun de Salairen am Land, an dee kréie mer traditionell eréischt am Laf vum Mount September, sou dass déi ganz Maschinnerie ëmmer spéit ugeet.

Ech hu festgestallt a mengem Dossier, dass ech awer en Avis commun hat vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, deen da vläicht nach net bei der Chamber ukomm ass, mä ech hat do en Avis commun, deen, dat iwwerrascht Iech net, awer negativ ass, aus enger Partie Grënn, déi och schonn hei zitéiert goufen.

Zweete Problem ass selbstverständlech dee vun den Zifferen, wou ech och frou wär, wéi den Här Castegnaro gesot huet, wa mer méi Ziffere géife kréien. Mir wëlle jo och méi Etüde maachen, mir brauchen effektiv méi genee Zifferen. D'UEL huet mech ugeschriwwen a sot, mir hätten dës Kéier net an eise Bericht vun der Regierung geschriwwe wéi vill de Relèvement vum Mindestloun géif d'Ekonomie kaschten. Dat kënne mer net maachen, well mer effektiv déi Zuel vu 46.300 hunn, mä dat sinn net onbedéngt d'Leit, déi de Mindestloun kréien, weder den net qualifizéierten nach de qualifizéierte Mindestloun.

Dat sinn all déi Leit, déi an enger gewëssener Forschett leien. Elo kann, muss awer net de Mindestloun nach do eng Répercussioun hunn oder net. Dat heescht mir kënnen déi reell Répercussioun vun dësem Gesetz op den 1. Januar à ce stade net soen, an ech wär dann och frou, wann all déi Etüden, déi mer nach wëlle maachen, och zesumme mat der IGSS, eis géifen e bësselche méi Elementer ginn.

Déi grouss Fro, déi sech stellt an der Diskussioun dobaussen, dat ass d'Relatioun zwësche Mindestloun a Kompetitivitéit. Ech mengen do gouf villes publizéiert déi lescht Zäit, an do wäerte mer och nach an Zukunft driwwer diskutéieren. Ech si just e bësse verwonnert, dass déi heftegst Oppositiounen am Kader vu Kompetitivitéit ëmmer géint de Relèvement vum Mindestloun kommen. Aner politesch Décisiounen, déi och kënnen der Kompetitivitéit schueden, ginn awer ëmmer manner hefteg diskutéiert wéi de Mindestloun.

Ech froe mech och, awéiwäit dat net zum Deel domat ze dinn huet, et ass schonn hei ugeklongen, dass am Mindestloun ganz vill Frontalierë schaffen, an ech wëll guer net schwätzen, well ech eben d'Zifferen net hunn, wéi vill Netlëtzebuerger hei schaffen. D'Madame Loschetter ass e bëssen dovunner ausgaangen, déi Résidenten, dat wären der all, déi aus der Lëtzebuerger Schoul erauskomm wären.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt just op dee Problem agoen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Gutt, mä ech ginn nämlech dovunner aus, dass hei ganz vill Résidenten och schaffen, déi als Immigrés erakomm sinn an déi keng Qualifikatioun haten. Ech kann et just net beweisen, well mir déi Zifferen net hunn, mä et wär och gutt ze wësse wéi de Proporz ass bei de Résidenten zwësche Lëtzebuerger, déi fir e Mindestloun schaffen, an Net-lëtzebuerger, déi fir ee Mindestloun schaffen, respektiv och beim Alter, ob et nëmme Jonker sinn oder ob et och, wat ech awer ganz staark unhuelen, Leit sinn, déi net nëmme Jonker sinn. Bon, also do misste mer nach e bësselche méi nofuerschen.

Et sinn, wa mer iwwert de Mindestloun schwätzen, zwou grouss Diskussiounen, déi kommen, wa mer d'Attacke kucke géint de Mindestloun. Dat eng sinn Attacke géint de Prinzip vum Mindestloun selwer, an dat anert sinn Attacke géint den Niveau vum Mindestloun, an ech wëll déi zwee auserneen huelen.

De Prinzip ass, stellen ech fest, an dat ass nach all Kéiers esou de Fall gewiescht, dass gesot ginn ass: Mir brauche kee Mindestloun, dat soll dann d'Sozialpolitik maachen, an net - ech mengen den Här Kaes huet dat ganz däitlech gesot, wat eis Meenung hei nach ëmmer war an och Gott sei Dank bleift -, dass de Mindestloun e Wäert huet u sech, an dass een och do net alles nëmme muss mat der Produktivitéit kucken, vu dass de Mindestloun och eng Relatioun huet zu der Dignitéit vum Mënsch.

Ech si ganz frou, dass de Statsrot geschriwwen huet, «il approuve la décision du Gouvernement de reconnaître par une rémunération minimale la valeur du travail fourni et en même temps la dignité du travail». Ech mengen, dat ass ee ganz wichtege Prinzip zu deem mir hei zu Lëtzebuerg stinn, an ech sinn och frou, dass deen hei behale gëtt.

Iwwregens, wa mer d'Theorië kucken, d'ekonomesch Theorien am Ausland, ass mëttlerweil de Prinzip vum Mindestloun net méi ëmstridden. Kuckt wat de Rapport Fontagné schreift, kuckt wat den Här Cahuc zesumme mam Här Zylberberg schreift am Buch «Le chômage, fatalité ou nécessité?». Den Här Cahuc huet jo viru kuerzem bei der Privatbeamtekummer hei geschwat. De Prinzip ass net a Fro gestallt, souguer d'OCDE stellt de Prinzip vum Mindestloun net a Fro.

Wat diskutéiert gëtt, dat ass den Niveau vum Mindestloun. Also sinn ech emol frou, dass déi Leit, déi fir de Prinzip vum Mindestloun stinn, Réckendeckung kréien. Leider hu mer dat um europäeschen Niveau nach net fäerdeg bruecht. Mir hunn nach net fäerdeg bruecht, de Prinzip vun engem Mindestloun an de Sockel vu soziale Mindestrechter an Europa anzeschreiwen. Dat ass eis net gelongen, dat wollt d'Lëtzebuerger Regierung ëmmer, wa se dofir gekämpft huet, dat ass awer nach in weiter Ferne. A wann ech soen, de Prinzip, da soen ech net den Niveau, dat wëllt net soen, dass jiddferee muss den Niveau vum Lëtzebuerger Mindestloun bei sech ausbezuelen. Mä dat muss awer soen, dass et iwwerall e Mindestloun gëtt.

De Problem, dee sech stellt, ass natierlech dee vum Niveau, a wann ech do zwou Statistiken huelen, ass et evident, dass Lëtzebuerg en valeur absolue den héchste Mindestloun an Europa huet. Zu Lëtzebuerg, an dat ass deen zweeten Tableau, deen ech awer wëll huelen, läit de Mindestloun natierlech och relativ no am Tableau zum Risque de pauvreté relatif, dat heescht 60% vum Revenu minimum. Gutt, also et muss een déi zwou Saachen och ëmmer zesumme considéréieren, wann een doriwwer diskutéiert.

An déi dräi Haaptpunkten, déi ech wëll e bësselche mat Iech duerchgoen, dat ass d'Relatioun zwëschent Mindestloun a Kompetitivitéit, d'Relatioun zwëschent Mindestloun a Beschäftegung an d'Relatioun zwëschent Mindestloun an Aarmut.

Mindestloun a Kompetitivitéit um makroekonomesche Plang, do wëll ech drun erënneren, dass de Statec virun zwee Joer, wéi mer am Dezember 2002 hei d'Mindestlounddiskussioun haten, geschriwwen huet, dass makroekonomesch et esou ass, dass d'Evolutioun vun de Salairen eng Influenz op de Mindestloun huet, mä net l'inverse, also dat, dass gesot gëtt duerch d'Mindestlounerhéijung géifen d'Salairen elo explodéieren, huet de Statec deemools widderluecht. En huet deemools gesot, 1% Mindestlounerhéijung bréngt eng Hausse vun de Salairen, vum Coût salarial moyen, vun 0,6%, dat ass keng grouss Evolutioun. Makroekonomesch solle mer eis also net do an déi Diskussioun beginn, well dat huet de Statec schonn d'leschte Kéier uerdentlech widderluecht.

Mikroekonomesch kann d'Situatioun sech endlech stellen, an dat bréngt mech zu der Diskussioun, Mindestloun an Emploi. Et ass effektiv richteg, dass an engem Betrib, deen zéng Leit huet, déi allen zéng um Mindestloun schaffen, eng Mindestlounerhéijung an deem dote Betrib selwer e relativ héije Käschtepunkt ausmécht. Dat ass e bësselchen déi Diskussioun, déi kënnt, déi natierlech och eppes domat ze dinn huet, a wat fir enge Secteuren de Mindestloun ausbezuelt gëtt, an dat sinn oft Secteuren, et ass schonn hei ugeklongen, wou eben d'Produktivitéit net ganz héich ass.

Ech wëll domadder deene Secteure kee Reproche maachen, mä et ass evident, dass et méi einfach ass iwwert de Mindestloun erauszegoe wann d'Produktivitéit méi héich ass, wéi wann d'Produktivitéit méi niddereg ass. Dat wäert och an Zukunft erklären, dass an deene Secteuren ebe méi op Mindestloun bezuelt gëtt, wäert och an Zukunft et erklären, dass an deene Secteure méi gejaut gëtt, wann de Mindestloun erhéicht gëtt, wéi net. Ech hunn awer festgestallt an deem Avis commun vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, dass hei eng grouss Solidaritéit tëschent dem Lëtzebuerger Patronat herrscht, fir géint d'Mindestloun-Augmentatioun ze schéissen.

Komme mer dann op d'Fro zréck, déi de Rapport Fontagné opwërft, déi och den Här Cahuc opgeworf huet, dee seet, wann den Niveau vum Mindestloun ze héich ass, da spillt e géint den Emploi, wann en net ze héich ass, da spillt e fir den Emploi. Den Här Cahuc beweist a sengem Buch, dass an Amerika d'Aféierung vun engem Mindestloun zum Beispill méi Leit op d'Schaff bruecht huet. E seet awer a Frankräich wär de Mindestloun ze héich, doduerch wär den Emploi do a Gefor, an dat ass och wat den Här Fontagné a bësselchen zum Lëtzebuerger Niveau seet.

Et ass och richteg, dat muss een einfach esou gesinn, dass wat méi Leit um Mindestloun schaffen, wat natierlech - dat seet den Här Fontagné - d'Gefor méi grouss ass, dass de Mindestloun méi héich ass wéi d'Produktivitéit. Dat muss een esou unerkennen, ech erkennen dat och esou un, ech soen awer och, dass een net dowéinst muss direkt elo alles op d'Kopp geheien. An et kommen nach e puer Iwwerleeunge just zu deem doten Element dobäi.

Et ass jo och esou, dass de Statec vun der viregter Regierung nach beoptraagt gouf, eng Etüd ze maachen iwwer Mindestloun an Emploi, dat iwwregens opgrond vun engem Avis vum Wirtschaftssozialrot vun 2001 iwwert d'Roll vum Stat an

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

eiser Wirtschaft, an deen éischten Avis, ech géing elo soen, deen éischten, well deen ass nach e bësse rudimentaire, dee seet effektiv, dass de Mindestloun en Avis négatif op den Emploi hätt, ofgesi vun deene Jonken. Ofgesi vun deene Jonken, wat am Ausland iwwerall aneschters ass, wou keng richteg Explicatioun do derbäikomm ass, wou eng kéint sinn - ech kommen nach eng Kéier op dee Punkt zréck -, dass déi Jonk ënner 25 Joer keen RMG kréien. Dat weess ech awer net, dat alles steet am Raum.

Ech mengen, och do soll een sech net elo op deenen éischten Diskussiounen do ausrouen, mä et soll ee weidergoen, ëmsou méi dass ech emol e Géigebeispill ginn, wat och de Statec ausgerechent huet.

De Statec, mengen ech, seet a senger leschter Note de conjoncture, dass am Horesca-Beräich, an do si mer an engem Beräich vum Mindestloun, den Emploi an d'Luucht gaangen ass, doduerch datt mer een neit Gesetz gemaach hunn an dësem Haus, wou mer d'Aarbechtszäit eigentlech verkierzt hunn an doduerch jo och de Coût salarial erop gesat hunn. Dat heescht, heiansdo kritt een och de géigendeelegen Effet. Dat heescht, wann dat stëmmt wat de Statec seet, dann ass duerch d'Gesetz, wou mer d'40-Stonne-Woch mat vill Flexibilitéit, mä d'40-Stonne-Woch agefouert hunn, méi Emploi entstanen an net Emploi verschwonnen. Also, et muss een dat ëmmer am Detail kucken. Duerfir soen ech, si mer och nach laang net fäerdeg fir dat doten ze analyséieren.

Deen drëtte Punkt, deen natierlech wichteg ass, deen ass e puermol hei ugeklongen, dat ass d'Relatioun zwëschen sozialem Mindestloun an Aarmut, sozialem Mindestloun an RMG. Ech mengen, datt déi Diskussioun richteg ass, mir sinn amgaangen se ze féieren, ech wëll just nuancéieren. Entgéint deem, wat den Här Jaerling virdru gesot huet, ass et net esou, dass een, deen de Mindestloun verdéngt an eng Fra an zwee Kanner huet, manner kritt wéi een, deen net schafft an eng Fra an zwee Kanner huet, well deen iwwert den RMG ee Complément kann ufroen, fir och op deen doten Niveau ze kommen. De Problem ass, dass dat ee ganz komplizéierte Wee ass, dass vill et net maachen an dass a ville Käpp vun de Leit…

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hunn dat net gesot, Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Gutt, dann hunn ech lech falsch verstanen, mä den RMG ass schonn esou kalkuléiert, dass déi doten Effeten net sollen entstoen. Si entstinn awer an der Praxis, well dat eben och am Kapp vun de Leit net ëmmer esou funktionéiert a well dann heiansdo och, an esou Fäll begéine mer alt, Leit do sinn, déi soen, ma wuerfir soll ech elo nach fir do e bësselche méi Frange mech nach midd machen, wann dat anert och geet an ech ka mech hei an do ofmellen. Duerfir hu mer jo dauernd dat Gesetz och verbessert, och d'Kontroll verbessert a mir sinn nach amgaangen un deem ze schaffen.

Ech wëll just net, dass hei elo op eemol, well déi Fäll do sinn, géif eng Stëmmung entstoe fir ze soen elo muss den RMG ofgeschaaft ginn; mir musse just an d'Detailer goen. De Problem stellt sech virun allem bei deenen, déi Familljelaaschten hunn, währenddeems bei de Jonggesellen sech dee Problem an deem Sënn net stellt. Den RMG ass zurzäit fir een, deen eleng ass, 943,78 Euro.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt, däerf ech lech un d'Zäit erënneren, déi fir d'Regierung virgesi war!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, wann Der mir se sot, dann halen ech mech och drun.

(Interruption)

Ech hunn nach keng rout Luucht.

(Interruption)

Ah, ech hunn eng rout Luucht, et ass gutt.

(Hilarité)

Do gesitt Der wéi séier, datt een eppes vergësst. Voilà, ech wäert da versichen op meng al Tugenden zréckzekommen, déi ech hat wéi ech nach Minister vum Parlament war an ech wäert ganz séier hei, wann Der mir nach just zwou Minutte gitt, fäerdeg sinn.

Also, nach eng Kéier, den RMG fir eng Persoun ass 943,78 Euro, de Seuil de risque de pauvreté läit bei 1.248,72 Euro an den neie Mindestloun läit bei 1.466,77 Euro. Do besteet also kee Problem, dass den RMG géint de Mindestloun spillt. Bei anere Situatioune kann dat awer de Fall sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ee Wuert, ier ech zur Konklusioun kommen. Ech gesinn awer absolut an, dass dat, wat den Här Calmes virdrun als Risiko hei ervirgehuewen huet, nämlech dass duerch de Fait vun eisem héije Mindestloun an RMG zu Lëtzebuerg an dem niddrege Mindestloun an RMG am Ausland ronderëm eis, natierlech de Konkurrenzkampf zu Lëtzebuerg nach méi staark gëtt. Dat ass net auszeschléissen, dat muss ee wëssen.

Ech kommen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, zur Konklusioun. Ech wëll éischtens soen, hei ass kee Wahlgeschenk gemaach ginn, well hei hu mer 2% opgehuewen, net méi an net manner, virun allem och net méi, an dat ass dat, wat an deene leschten zwee Joer déi, déi um Mindestloun geschafft hunn, net kritt hunn, a wat all déi aner an der Moyenne kritt hunn; a vill hu jo nach vill méi kritt.

Zweetens, mir musse wëssen, dass mer een Héichlounland sinn a mir mussen och wëssen, dass mer een Héichlounland bleiwen. Dat heescht och, dass d'Produktivitéit an d'Plus-value wichteg sinn. Mir mussen dann och selbstverständlech wëssen, dass mer doduerch e Problem och kréie bei eisem Emploi vun deenen net Qualifizéierten, dass mer och ee Problem kréien am Chômage. Ech soen dat ëmmer erëm, dass dat eng vun deenen Ursaachen ass.

Ech soen op där anerer Säit, dass fir mech awer d'Solutioun dovunner net ka sinn, dass mer zum Beispill de Mindestloun halbéieren. Wa mir elo géifen de Mindestloun halbéieren, da kann ech lech garantéieren, dass Aarbechtsplazen entstinn. Da gitt Der erëm bei d'Tankstell an dann hutt Der een, deen lech d'Fënster botzt, elo botzt Der se selwer. An da gitt Der an d'Geschäfter an da stinn iwwerall bei de Regaler Leit, déi lech dat an de Grapp ginn.

Ech weess awer net, ob dat d'Zukunft vu Lëtzebuerg ka sinn, dass mer en Niddreglounland ginn an dass mer ganz vill onproduktiv Aarbechtsplaze schafen. Wat wichteg ass, dat ass, dass mer jiddferengem, ob e vill Qualifikatiounen huet oder net, ob e produktiv ka schaffen oder net, mä dee Moment wou e wëllt schaffen, dass mer deem eng Chance ginn och eng sënnvoll Aarbecht ze maachen.

Dat bréngt mech dozou ze soen, éischtens dass mer sollen dat Gesetz vun de Beschäftegungsinitiativen fäerdeg maachen, soubal de Statsrot do ass, well mir brauchen an Zukunft Beschäftegungsinitiativen, just wéinst deenen dote Leit.

Zweetens wëll ech och soen, dass mer net wéi am Ausland sollen dohinner goen a soen, du schaffs fir een Apel an ee Stéck Brout an du kriss Sozialhëllef, mä dass mer dat solle maachen, wat mer bei den Handicapéierten, dat ass jo ugeklongen, schonn hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mir gi keng Subvention au salarié, mir ginn eng Subvention à l'employeur. De Salarié, den Handicapéierte kritt ee Kontrakt mat sengem Employeur an e kritt de Mindestloun garantéiert. Den Employeur kritt eng Subventioun vum Stat, well en eben een hei astellt, dee manner produktiv ass. Et ass op dee Wee, wou mer och wëlle bei Beschäftegungsinitiative goen. Ech mengen, dat ass dee Wee iwwert deen een och Leit, déi manner produktiv sinn, kann hëllefen, net nëmmen an de Beschäftegungsinitiativen, mä och um éischten Aarbechtsmaart. Dat sinn déi Diskussiounen, wou mer wëllen a solle weidergoen.

An dat bréngt mech zum drëtte Schluss, dat ass fir ze soen, dass mer de Mëtten ufänken och an der Tripartite iwwert d'Kompetitivitéit ze schwätzen. Ech mengen, do gëtt et ganz vill Méiglechkeeten, déi mer kënne maachen, fir op déi Froen ze äntwerten, déi hei verschidden Deeler vum Patronat opgeworf hunn, ouni dass mer awer dat maachen, wat si gären hätten, nämlech de Mindestloun net ze adaptéieren. Duerfir sinn ech ganz frou, dass Der unanime elo wäert fir d'Adaptatioun vum Mindestloun stëmmen.

Här President, ech entschëllege mech fir déi dräi Minutten, déi ech ze laang geschwat hunn.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Et war ganz interessant, mä et war wierklech e bësselche laang.

(Interruptions et hilarité)

Ech wär frou, wa mer eis elo erëm géifen un d'Spillregelen halen, déi mer eis selwer ginn hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales.

(Interruption)

Pardon, et ass nach net dee Projet, mir kommen elo zum Projet de loi iwwert d'Adaptatioun vun de Renten a Pensiounen, dat ass de Projet de loi 5401. D'Riedezäit ass och hei nom Modell eent festgeluecht, dat wëll ech rappeléieren, an ech denken och, datt d'Regierung dat esou gesäit. Et sinn ageschriwwe bis elo: den Här Meyers, den Här Bettendorf, den Här Bausch an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

4. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dem Gesetz no examinéiert d'Regierung all zwee Joer, ob et muss, soll oder net soll zu der Revisioun vum Facteur d'ajustement vun de Pensiounen an Onfallrente kommen. Dee leschten Ajustement war den 20. Dezember 2002, do goung et drëm fir ze kucken, ob eng Upassung un den Niveau de vie vun 2001 sollt oder misst kommen. Déi Fro ass mat Jo beäntwert ginn an den Effet vun deem Ajustement war dann och op den 1. Januar 2003.

Elo geet et also ëm eng Upassung vun de Pensiounen a vun den Onfallrenten un de Liewensniveau vun 2003, an zwar vum 1. Januar 2005 un. An deem Zesummenhang wëll ech och nach eng Kéier rappeléieren, dass mer zënter dem Ajustement vun 1995 en Indicateur unique hunn an deen Indicateur unique ersetzt déi zwee Indicateuren, déi mer bis 1992 haten, fir respektiv d'Pensiounen an de Salaire social minimum ze adaptéieren.

Deen Indicateur unique, dee mer elo hunn, moosst also d'Progressioun vun de Salairë bis zu enger Erhéijung vu maximal dem Siwefache vum Salaire social minimum, an dobäi sinn och d'Revenuen iwwert d'Remplacementer an d'Gratificatiounen.

Elo huet et sech dann erausgestallt, dass d'Evolutioun vun de Salairen esou ass, dass se an enger Progressioun sinn, an zwar ëm 2% vun 2001 op 2003 hin. En conséquence gëtt dann de Facteur d'ajustement och vun 1,301 op 1,327 ugepasst, an zwar vum 1. Januar 2005 un.

De Coût vun deem Ajustement vun de Pensioune wäert sech eleng fir den Exercice 2005 op 41 Milliounen Euro belafen, dat ass ee Coût supplémentaire, dee vun der Assurance pension gedroe gëtt. De Coût fir den Ajustement vun den Onfallrente beleeft sech op 2,9 Milliounen Euro. Hei ass, esou wéi et virgesinn ass am Artikel 100, Alinéa 6 vum Code des Assurances sociales, een Drëttel à charge vum Stat an ass zwee Drëttel à charge vun der Association d'assurance. Ausserdeem hëlt de Stat en charge, iwwert de Fonds d'orientation agricole, zwee Drëttel vun deem wat bleift beim Ajustement vun den Onfallrente vun der Section agricole. An d'Charge fir d'Association d'assurance beleeft sech dann nach op 1,9 Milliounen Euro, déi vum Stat op 1 Million Euro.

Den 8. Januar 1996 gouf et e Gesetz wou modifizéiert a kompletéiert ginn ass ënner anerem d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Régime vun den Traitementer vun de Fonctionnairë vum Stat, esou dass den Ajustement vun de Pensiounen a vun de Rente sech och applizéiert op d'Fonctionnairë vum Stat.

Ech résuméieren dann nach eng Kéier: Opgrond vun der Augmentatioun vun de Salairen ëm 2% tëscht 2001 an 2003 gëtt de Facteur d'ajustement, deen de Rapport tëscht Salaire moyen vun 2003 an 1984 representéiert, ugehuewen op 1,327%. Am Moment ass dëse Faktor 1,301%, ech mengen dat géif déck duergoen. An en vertu vun deem Artikel 100 vum Code des assurances sociales, deen ech scho genannt hunn, applizéiert sech deeselwechte Faktor och op den Ajustement vun den Onfallrenten.

Zu deem Moment wou d'Kommissioun hire Rapport gemaach huet, hate mer den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, well, wéi mer wëssen, dat Ajustementsgesetz ëmmer ganz kuerzfristeg an d'Chamber komme muss, esou dass déi aner wéinst deem kuerzen Délai net d'Méiglechkeet haten, hiren Avis ofzeginn. E wier awer positiv gewiescht, wa mer e kritt hätten. Datselwecht gëllt och fir den Avis vum Statsrot vum 7. Dezember 2004, also ganz rezent, deen och keng Observatiounen huet an deen dofir säin Accord gëtt, an datselwecht wëll ech fir meng Fraktioun maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice vun dësem Projet, der Madame Mutsch, villmools Merci soe fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport, déi ausféierlech Beschreiwung vun dem Ajustement an der Motivatioun och vun deem Gesetz a vun dem Ajustement am schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech erlabe mir dann och, méi kuerz ze sinn a menger Interventioun a mech un déi Riedezäit ze halen, déi ech hei virgeschriwwe kréien, ouni dass ech vum President muss e Rüffel astiechen.

M. le Président.- Oh, Här Meyers, Dir hutt sou vill Riedezäit. 34 Minutte stinn lech zur Verfügung. Dir sidd fir 15 ageschriwwen, also Dir kënnt lech roueg Zäit loossen.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Merci, Här President. Da kann ech also méi lues schwätzen.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ajustement vun de Renten a Pensioune baséiert op dem Artikel 225 vum Code des assurances sociales, deen der Regierung virschreift, all zwee Joer eng Etüd ze maachen iwwert d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter an deen der Regierung imposéiert, der Chamber doriwwer e Rapport ze maachen, a wann dat eng positiv Entwécklung ass, fir der Chamber dann och e Gesetzesprojet virzeleeën.

D'Pensiounen an d'Rente ginn also iwwert d'Indexupassung eraus, all zwee Joer wa méiglech a wann d'Lounentwécklung dat ausweist, un déi allgemeng Entwécklung vun de Léin a Gehälter ugepasst, an et gëtt en neie Facteur d'ajustement am Gesetz ageschriwwen. Wa mer deen Artikel liesen, stelle mer eigentlech fest, dass et dräi Punkte ginn, déi och missten an deem Rapport an och an den Diskussioune vun der Chamber zréckbehalen an analyséiert ginn.

En éischte Punkt ass deen, dass den Ajustement festgesat gëtt duerch Gesetz. Et ass keen Automatissem. D'Upassung vun de Pensiounen, den Ajustement geschitt net iwwer e Règlement grand-ducal oder iwwer eng einfach Décision administrative. De Gesetzgeber war schonn ëmmer der Meenung, dass dat esou eng wichteg Décisioun war, dass se an d'Chamber gehéiert an dass hei iwwert déi do Mesure soll diskutéiert ginn, zesummen och mat der Erhéijung vum Mindestloun.

Dat kann een och erklären aus de Konsequenzen, déi sech aus dem Ajustement erginn, well den Ajustement bréngt fir d'Pensiounskeesen an och fir de Stat zousätzlech Käschte mat sech, a mir wësse jo opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung, dass all zousätzlech Käschten…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Entschëllegt, ech wollt rappeléieren, datt et net Usus ass, hei am Plenum Fraktiounssitzungen ofzehalen. Ech géing lech bieden, dem Här Meyers nozelauschteren.

Une voix.- Ech ginn lech Recht.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- …dass opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung fir all Dépensen, déi op de Budget vum Stat zoukommen, dat ass hei de Fall fir d'Upassung vun de Pensioune beim Stat, muss e Gesetz gemaach ginn. Derniewent muss een och soen, dass et hei eng wichteg Kontrollfunktioun vun der Chamber ass, fir och ze gesinn, dass déi Mesuren, déi d'Regierung proposéiert, och am Sënn vun der bestehender Gesetzgebung sinn. D'Chamber erfëllt also hei eng vun de wichtege Funktiounen, déi hir opgrond vun der Verfassung zoustinn.

Een zweete Punkt, deen den Artikel 225 virgesäit, dat ass deen, dass den Ajustement geschitt opgrond vun der Lounentwécklung, der Entwécklung also vun de Léin a

vun de Gehälter. Fir déi déi profitéiere vun dem Ajustement ass et kee Cadeau, mä et ass e Recht wat se hunn, an et ass op där anerer Säit d'Solidaritéit déi spillt tëschent deenen, déi schaffen an déi méi verdéngen oder méi verdéngt hunn an de leschte Joren an deenen, déi a Pensioun sinn. Och déi, déi a Pensioun sinn, sollen also vum Wuesstum vum Räichtum kënne profitéieren.

Den Ajustement geschitt no enger Methodologie, déi an den 90er Jore festgeluecht ginn ass an déi an der Vergaangenheet bis Mëtt vun den 90er Joren ëmmer erëm zu Diskussioune geféiert huet, well se als net korrekt ëmfonnt ginn ass. Zënter 1995 ass déi Methodologie esou, dass se weder bei de Sozialpartner nach bei den Avisen, déi mer och kréie vum Conseil d'État - fréier hu mer och nach Avisë vun de Pensiounskeese kritt, déi jo och ëmmer déi Methodologie beanstant hunn, haut hu mer déi Avisen net, mä déi Methodologie féiert awer net zu gréisseren Diskussiounen, si gëtt also als eng gerecht Method ugesinn.

Déi Method, wéi se elo virläit, huet dann och dozou geféiert, an déi Calculen hunn dat bewisen, dass eng Erhéijung vun 2% ubruecht ass, dass also an deene Joren 2002 an 2003 d'Lounentwécklung ëm 2% geleeën huet. Et gëtt hei mat der Erhéijung vun de Pensiounen a Rente gläichzäiteg och d'Erhéijung vum Mindestloun diskutéiert. An déi, déi am Sozialsecteur Bescheed wëssen, wëssen och genee, dass d'Entwécklung vum Mindestloun, d'Entwécklung vun de Renten a Pensioune ganz enk matenee verbonne sinn, an dass een net dat eent kann diskutéieren ouni op dat anert och anzegoen, an dofir ass et och gutt, dass déi zwee Gesetzer regelméisseg zesummen diskutéiert ginn an dass déi Upassung och regelméisseg geschitt. Et kënnt een déi zwee net vuneneen trennen, ouni dass dat zu Distorsiounen am Sozialsecteur géif féieren.

Ech wëll dann och hei drop hiweisen, dass den Ajustement sech souwuel op d'Pensioune vun dem öffentleche wéi dem Privatsecteur bezitt, mä och op eng ganz Rei aner Prestatiounen, déi awer och an de leschte Jore geschafe si ginn, notamment déi sou genannt Allocation de fin d'année an och de Forfait d'éducation. Dat heescht, et ass ausdrécklech am Gesetz virgesinn, dass d'Mammerent ugepasst gëtt no der Entwécklung vum Ajustement vun de Pensiounen am Privatsecteur.

Een drëtte Punkt, deen am Gesetz ernimmt ass an dee muss berücksichtegt ginn am Rapport vun der Regierung, ass dee fir d'Ressourcë vun de Pensiounskeesen ze analyséieren an ze kucken, ob déi Ressourcen den Ajustement erméiglechen. Dat ass am Rapport vun der Regierung geschitt, et ass och geschitt am Rapport vun der Chamber. Déi zousätzlech Ausgaben, déi op d'Pensiounskeesen zoukommen, belafe sech jährlech beim jëtzegen Index op ronn 41 Milliounen Euro. Mir kréien awer gesot, dass zousätzlech Einnahme vun de Pensiounskeese fir 2005 ëm 600 Millioune berechent sinn, esou dass den Ajustement vun 41 Millioune mat deenen zousätzleche Recetten och ka gedeckt ginn.

Ech wëll awer och hei drop hiweisen, dass et net nëmmen duergeet fir ee Joer ze kucken. Et muss een och kucken, wéi déi allgemeng Reserve vun de Pensiounskeese sech entwéckelt hunn, an do stelle mer fest, dass déi Reserven, déi am Joer 2002 5,17 Milliarde waren, am Joer 2003 op 5,66 Milliarden eropgaange sinn, an dass se am Joer 2004, wahrscheinlech um Enn vum Joer, sech op 6,2 Milliarde belafe wäerten.

Dat sinn héich Chifferen, mä wann een awer gesäit, wat fir Pensiounen all Joer bezuelt ginn, da stellt Dir fest, dass dat hei eppes ronn dräimol déi jährlech Prestatioune vun de Pensiounskeesen ausmécht, dass et also eng Reserv ass déi noutwendeg ass, fir och an Zukunft d'Sécherheet vun de Pensiounen ze garantéieren an dass een net mat deene Reserven do ka spillen, dass dat Reserve sinn, déi also och deene gehéieren, déi an d'Pensiounskeesen abezuelt hunn.

Et wär wichteg gewiescht, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer d'Avisë gehat hätte vun de Beruffschamberen, esouwuel déi vum Salariat wéi och déi vum Patronat, well dat hei Gesetz, esou wéi och dat vun der Erhéijung vum Mindestloun betreffen un éischter Stell d'Sozialpartner. An dofir wier et wichteg gewiescht, wa mer och gewousst hätte wat dann d'Beruffschamberen zu deene Mesuren hei ze soe gehat hätten. Mir bedaueren dat, mir bedaueren dat esouwuel beim Mindestloun, mä mir bedaueren dat och beim Ajustement.

Et ass just eng Beruffschamber, déi en Avis eraginn huet. Dat ass déi vun der öffentlecher Funktioun, déi och mat deenen heite Mesurë selbstverständlech d'accord ass.

Ech wëllt dann zum Schluss, ier ech den Accord brénge vu menger Fraktioun zu deem heite Gesetzesprojet, awer dem Minister eng Fro stellen. Wann den Här Kaes de Minister net géif dérangéieren, kënnt en och déi Fro héieren, well sie schéngt mer menger Meenung no wichteg ze sinn. Den Ajustement, Här Minister, trëtt a Kraaft vum 1. Januar un. Mir stëmmen elo dat Gesetz a mir wëssen, dass d'Pensiounen an d'Renten am Virfeld schonn Enn Dezember solle bezuelt ginn. An dofir wollt ech d'Regierung froen, ob d'Regierung, déi am November de Projet hei agereecht huet, och all Dispositioune getraff huet, fir dass d'Leit scho vum 1. Januar un d'Erhéijung vum Ajustement kënne kréien, oder muss de Recalcul an der Pensioun vum Februar oder vum Mäerz gemaach ginn?

An der Vergaangenheet war et esou, dass déi jeeweileg Regierunge meeschtens déi Mesure getraff hunn, an et wier och gutt wann de Minister eis op déi do Fro haut kënnt eng Äntwert ginn.

Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Dann ass et um Här Niki Bettendorf. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an dir Hären, fir eis als Demokratesch Partei war an ass et nach ëmmer noutwendeg fir d'Rentenempfänger un der allgemenger Lounentwécklung deelhuelen ze loossen an ze kucken, dass hir Kafkraaft erhale bleift. Mir däerfen net vergiessen, dass et just d'Rentner sinn, déi vill zu deem Wuelstand bäigedroen hunn, dee mir haut zu Lëtzebuerg kennen.

Et ass sécher awer gutt ze rappeléieren, a mäi Vierriedner, den Här Paul-Henri Meyers huet et scho gesot, dass et ëmmer eng politesch Décisioun ass fir den Ajustement ze proposéieren an dass et keen Automatismus ass, dass muss hei e Gesetz gestëmmt ginn. Et ass dofir och ze begréissen, dass et hei an der Chamber, mengen ech mindestens, e grousse Konsens gëtt fir den Ajustement, an dass net hei vu Rentemauer geschwat gëtt.

Ënnert der viregter Regierung koum et zu zwee Ajustementer. Den 1.1.2001 ëm 3,1%, an den 1.1.2003 ëm 3,5%. Wa mer nach d'Resultater vum Rentendësch dobäizielen, da kënnt esou en normale Pensionär wéi deen, deen hei virun Iech steet, a bei der viregter Regierung, ëm eng Augmentatioun vu plus/minus 16% a senger Pensioun, den Index net mat agerechent.

Mir bleiwen dofir houfreg op déi Aarbecht vum Kolleeg Carlo Wagner, och wann eise Premier op dem Kongress vun der CSV e Sonndeg op seng Pressebriefingen agaangen ass a gemengt huet, seng Briefinge kënnten dach net schold sinn, dass seng Koalitiounspartei bei de Wahle schlecht ofgeschnidden hätt. Dat ass, Här President, e bësse staark schäinhelleg, wann een nämlech e Partner huet, deen eng gutt Aarbecht mécht, da fält engem keen Zack aus der Kroun och säi Partner eng Kéier ze luewen.

Awer just bei de Renten huet eise Premier et net verdroen, dass net no senger Päif gedanzt gouf. Hie wëllt eben d'Recht behale mat senger Rentemauer. Mä wann d'Suen do bleiwe wou se sinn a fir d'Rente gesuergt a gutt ugeluecht bleiwen, dann hu mer an den nächsten 20, 25, 30 Joer kee Problem mat eise Renten.

Här President, muss ech drun erënneren, dass d'Zentralbank, fir dëst dach esou schlecht Joer 2004, elo no de Wahlen e Wuesstum vun iwwer 4,1% fir eist Land virausgesäit. An engem schlechte Joer erreeche mer also dee Prozentsaz, dee mer brauche fir eis Pensiounen ofzesécheren; virausgesat nach eng Kéier, dass d'Suen och nëmme just dofir gebraucht gi fir wat se gespuert gi sinn.

Här President, dës Upassung vun de Pensioune kascht d'Pensiounskeesen 41 Milliounen Euro. Si kascht d'Assosciation assurances-accidents 2,9 Milliounen, wouvun de Stat allerdéngs eng Millioun iwwerhëlt. D'Verwaltung vum Statspersonal muss dann och nach 7 Milliounen Euro méi u pensionéiert Fonctionnairë bezuelen.

Ech hat am Ufank eng Fro, déi awer scho vu mengem Virriedner, dem Paul-Henri Meyers, beäntwert ginn ass. Am Artikel 3 vun der Mammerent steet: «Le forfait d'éducation est ajusté au niveau de vie», also un den Index ugebonnen, an «ajusté au niveau de vie d'après les dispositions des articles 224 et 225 du Code des assurances sociales.»

Dat heescht also, dass mer net däerfe vergiessen, wann een de Facteur d'ajustement héicht, dass och de Forfait d'éducation, d'Mammerent eropgeet, ass si dach och dann un d'Entwécklung vun de Léin gekoppelt.

Mir wëssen dass d'Mammerent de Fonds de solidarité vum Familljeministère 2003 85 Milliounen Euro kascht huet. Dat heescht, dass den Ajustement, dee mir haut stëmmen, eng Méibelaaschtung vu mindestens 1,7 Milliounen Euro fir de Solidaritéitsfong wäert mat sech bréngen. Géife mer elo d'Mammerent iwwert d'Pensiounskeese finanzéieren, wéi de Premier dat wënscht, géif jiddfer Ajustement natierlech nach méi op d'Keesen drécken, woubäi ee sech jo muss verhalen, dass de Forfait d'éducation net duerch d'Contributioune vun den Empfänger bezuelt gëtt.

Nujee, de Premier huet eis op hirem Kongress gesot, dass hien eis géif nom 10. Juli soe wéi et géif mat der Mammerent viru goen. Mir waarden dorop mat Spannung, a mir wäerten och kucke wat d'LSAP zu deem Problem ze soen huet.

Här President, dës Verbesserung ka vun der Assurance pension gedroe ginn, well d'Recetten an de Pensiounskeesen d'Dépensen Enn 2003 ëm 485,7 Milliounen iwwersteigen an ons Kompensationsreserv fir d'Pensioune séch zur Zäit op iwwer 6 Milliarde beleeft. Wann ech déi Chiffere kucken, déi elo bekannt sinn, dann hu mer fir 2004 6,35 Milliounen Euro Reserven an d'Reserve wäerten 2005 6,574 Milliarden Euro bedroen. Dat ass an deem Joer 2005, wat kënnt, eng Augmentatioun vu 538 Milliounen Euro.

Wann ech kucke wat d'Ausgaben an de Pensiounen ausmaachen, mir bezuelen 2004 1,967 Milliarden Euro, a mir bezuelen d'nächst Joer ongeféier 2,074 Milliarden Euro, dat heescht, dat geet erop op 106,990 Milliounen Euro géint enger Steigerung vun de Reserve vu 538 Milliounen Euro. Eleng un deene Chiffere gesäit een, dass eis Situatioun nach ëmmer gesond ass, wa mer gesinn, dass eisen Niveau relatif vun der Reserv, deen 1991 louch bei 2,35-mol dat, wat mer pro Joer gebrauchen, Enn 2005 wäert stoe bei 3,17-mol dat, wat mer pro Joer brauchen. Et ass also e ganz zolitte Fong, eng ganz zolidd Reserv, déi mer do virleien hunn.

Dann, Här President, dës Verbesserung ka vun der Assurance pension, déi mer hei virgesinn, also doudsécher gedroe ginn, well d'Recetten an de Pensiounskeesen, d'Dépensen Enn 2003 ebe 485,7 Milliounen Euro iwwersteigen, an eis Kompensationsreserv - ech mengen, ech hunn dat scho gesot - iwwer 6 Milliarde bedréit.

De viregte Sozialminister huet dofir gesuergt, fir de Rendement vun der Kompensatiounsreserv ze verbesseren, an ech wär frou, an ech mengen, ech kéint et och sinn, dass déi nei Regierung festgehalen huet fir op deem Wee och weiderzegoen. Iwwerhaapt schreift sech villes am Regierungsprogramm an d'Kontinuitéit vun deem an, wat déi viregt d'Regierung geleescht huet, och virun allem am Kader vun der Sécurité sociale a vun der Santé.

Wann een op dës zolidd Viraarbecht ka bauen, da kann een… Ech si lo frou, dass den Har Minister „Jo" gewénkt huet, dass déi gutt Viraarbecht gemaach ginn ass, awer ech hunn da Schwieregkeeten ze verstoen, firwat dass en op sengem Kongress am Süde gesot huet, en hätt an der Santé an an der Sécurité sociale e grousse Schlamassel virfonnt.

Ech muss Iech soen, Här Minister, vun Ärem Virgänger ass eng excellent Aarbecht geleescht ginn, an Dir kënnt op eppes opbauen, wat do läit. Dir hutt also guer keng Ursaach fir vu Schlamassel ze schwätzen; mä, Här President, mir kennen eisen neie Gesondheetsminister, en huet ëmmer e bëssen de Mond voll. Elo als Minister päift him méi e raue Wand ronderëm d'Oueren, an e muss sech wahrscheinlech och an der Zukunft nach méi wéi eng Kéier ganz waarm undoen, zumools wann de raue Wand vu sengen eegene Genosse kënnt.

Et schéngt och esou ze sinn, dass den Här Mars Di Bartolomeo all Erënnerungen un d'Zäit vu virun 1999 verluer huet. Déi Zäit, wou sozialistesch Ministeren duerch Skandaler a Skandälecher e richtege Schlamassel hannerlooss hunn an och hu missen hiren Hutt huelen. Dat war mat der Demokratescher Partei, Här Minister, net de Fall.

Här President, ech wëll dem Gesondheets- a Sécurité-sociales-Minister soen, dass mir als Demokratesch Partei wäerten dofir suergen, dass d'Geschicht net falsch geschriwwe gëtt.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Mir als Demokratesch Partei sinn der Meenung, dass dësen Ajustement justifiéiert ass, an dofir bréngе mir dësem Gesetzesprojet och eis Zoustëmmung an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mme le Président.- Merci, Här Bettendorf. Ier ech dem nächsten Orateur, dem honorablen Här Bausch, d'Wuert ginn, géing ech Iech proposéieren, dass d'Chamber deen hei Projet fäerdeg mécht, den Här Bausch ass nach agedroen an den Här Jaerling, ier d'Regierung da géing Stellung huelen, an da géinge mer fir de Muere mat den Debatten ophalen an de Mëtteg um dräi Auer erëm virufueren.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Domat géing ech dann dem Här Bausch d'Wuert ginn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Madame Presidentin, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op den eigentlechen Thema vun haut, den Ajustement an de ganze Mechanismus, deen dozou féiert, dass d'Renten an d'Pensiounen ajustéiert ginn, net méi vill agoen. Dat ass zu Genüge erkläert ginn, sougutt vun der Rapportrice wéi fir dat, wat gefeelt huet, vum Här Meyers, deen dat nach eng Kéier nogeholl huet. A vu dass eis näischt trennt vun deenen Aussoen, déi do gemaach ginn, mengen ech, dass et net vill Sënn mécht, nach eng Kéier dat alles ze widderhuelen. Ech wëll just kuerz schwätzen. Ech kéint et méi laang maachen, dat maachen ech awer haut net, well ech dat beim Ajustement virun zwee Joer gemaach hat, a vu dass ech souwéisou iwwerzeegt sinn, dass mer déi Diskussioun an dëser Legislaturperiod nach méi séier kréien, wéi et eis vläicht léif ass. Ech wëll awer kuerz zwou, dräi Saachen an deem heite Kontext opwerfen.

Et ass hei gesot gi schonn, dass éischtens de gesamte Finanzement vun eise Renten ofhängeg wär vun där magescher Zuel do vu 4% Wuesstum vun eisem PIB. Ech wëll dat e bësse relativéieren an drop hiweisen, dass dat nëmmen d'Halschent vun der Wourecht ass, well mir kënnen e Wuesstum hu vu 4% vum PIB, mä wa mer net gläichzäiteg deen nämlechte Wuesstum hu vum Emploi, wéi mer en haten an deene leschten zéng, 15 Joer, dann notzt eis dat fir de Rentesystem rose wéineg, well mir wësse jo alleguerten - an dat ass de sprangende Punkt an der Diskussioun hei zu Lëtzebuerg -, dass mer hei am Land zieren u Reserven, déi mer opbauen duerch de Fait, dass den Emploi bestänneg souguer a konjunkturell schwaachen Zäite massiv wiisst. A wann ech soen, dass den Emploi massiv wiisst, dann ass domat natierlech kloer, dass domat och d'Cotisatiounsmass wiisst an dat féiert dozou, dass mer déi Reserven do hunn, well dat hei sech gréisstendeels ëm Cotisatiounen handelt, ëm Gelder handelt, déi haut an d'Keese fléissen, wou awer keng Leeschtungen ausbezuelt ginn, an déi Leeschtungen iergendwann eng Kéier an 20 oder 30 Joer wäerten ausbezuelt ginn.

Donc ass et net ganz richteg, wann ee seet, eise System ass ofgeséchert, wa mir e Wuesstum vum PIB vu 4% hunn. Dat ass dat Eent. Dat Zweet ass, mir wëssen - an dat huet spéitstens och am Kader vun dëse Budgetsdebatten de Rapporteur vum Budget jo festgestallt -, dass mer lues awer sécher e Problem hei am Land kréien. Nämlech e Problem doduerch kréien, dass mer net nëmmen déi Leeschtungen elo ufänke mussen auszebezuelen, déi duerch déi massiv Croissance vum Emploi, déi mer zënter haaptsächlech ufanks den 90er Joren hei am Land opgebaut hunn, entstinn, mä dass déi Leeschtungen ëmmer méi exportéiert ginn, dat heescht mir hunn haut schonn - dat kann een am Budgetsrapport vum Här Mosar noliesen - 10% vun de Renteleeschtungen, déi mer an d'Ausland iwwerweisen. Dat heescht, mir musse wëssen, dass dat och Konsequenzen huet fir d'national Ekonomie an och fir d'Statsfinanzen.

Dofir, dee Modell, dee mer hei am Land hunn, wat e Modell ass, dee mir als Gréng begréissen, nämlech dass mer deen Een-Drëttel-Een-Drëttel-Een-Drëttel-Modell hunn - een Drëttel, deen d'Salariéë bäidroen zu der Finanzéierung, een Drëttel d'Betriber selwer an een Drëttel de Stat -, ass sécherlech e gudde Modell, mä deen huet eng ganz Rei Onsécherheetsfacteuren. En huet eng ganz Rei Onsécherheetsfacteure virun allem op zwee

Niveauen. En huet een um Niveau vun engersäits natierlech deem Deel, deen zum Betrib gehéiert, dat heescht déi zwee Drëttel, déi d'Salariéën an d'Betriber bezuelen.

En huet awer och een um Niveau vum Stat, well deen Drëttel Fiskaliséierung, dee mer bei der Sécurité sociale a bei de Pensiounskeesen hei am Land hunn, deen ass natierlech esou laang ofgeséchert, wéi d'Gesamtstatsfinanze sou si wéi se déi lescht 15 Joer waren. Mä wann d'Statsfinanzen - an do gëtt et awer éischt Indikatioune spéitstens no dësem Budget - sech an eng aner Richtung entwéckelen, da wäert dat net méi sou einfach ginn.

Dofir musse mir eis d'Fro stellen iwwert déi laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eisem Rentesystem. Mir als Gréng hunn dat um Rentendësch gesot. Mir hätte gär gehat, wann niewent deene ville Verbesserungen, déi do virgeholl gi sinn, och emol virrangeg do diskutéiert gi wier iwwert déi BIT-Studie. Et ass net alles richteg an där Etüd, oder mir deelen net alles - loosse mer et esou soen -, wat an där Etüd steet, mä et sinn awer eng Rei Saachen do beschriwwe ginn, déi awer ze bedenke ginn a wou ee muss kucken och an deenen nächste Joren, wéi een déi Schwieregkeeten diskutéiert an och Léisungen dofir fënnt.

Déi ganz laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eise Renten - dovunner si mir als Gréng der fester Iwwerzeegung - ass alles anescht wéi ofgeséchert, och wann dat Bild, wat mer de Moment virfannen, e Bild ass, wou grouss Reserven do sinn, wat eis driwwer ewechtäuscht, dass d'Schwieregkeeten eréischt an 20 oder 30 Joer riskéieren ze kommen.

Bon, ech mengen, ech wëll net méi an den Detailer haut dorop agoen. Fir déi, déi dat wëllen, erënneren ech, dass ech virun zwee Joer hei eng hallef Stonn nëmmen iwwert dee Sujet geschwat hunn. Mir wäerte wéi gesot genuch Geleeënheet kréie fir nach iwwert deen do Sujet ze schwätzen an deenen nächste véier Joer. Do sinn ech sécher. Mä ech mengen, dass et awer ëmmer erëm wichteg ass, zumindest bei aller Euphorie, déi ëmmer virherrscht, wa mer haut de Knäppchen drécken an de „Oui" hei drécken, fir deen Ajustement, dee mer virhuelen, datt déi Schwieregkeete sech awer am System selwer hannendru verstoppen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme le Président.- Merci, Här Bausch. Da ginn ech deem leschten Orateur vun haut de Moien d'Wuert, dem Här Jaerling. Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Merci, Madame President. Félicitatioun un d'Madame Rapportrice fir hire kuerze mä ausféierleche Rapport.

Ech wëll Iech net verheemlechen, dass d'Opbesserung vun de Rente fir den ADR ëmmer eng besonnesch Satisfaktioun ass, och wa mer bei där heiteger elo net direkt implizéiert sinn als ADR, well et eng normal an noutwendeg Upassung un d'Deierecht ass. Ze hoffen ass nëmmen, dass dës Kéier dee richtegen informatesche Knäppche gedréckt gëtt, fir dass d'Rentner déi Upassung och direkt kréien, an net, wéi dat de Fall war am Wäimount, wou d'Donnéeën an engem Internetkabel an de Stau gerode sinn.

Madame President, et si Leit déi mengen, den ADR hätt seng Aarbecht a Saache Rente gemaach an hätt keng Existenzberechtegung méi. Deem ass awer net esou…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ouh?!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- …, well et bleift nach villes ze maachen. Här Huss, wann Der elo e bëssen nolauschtert, da gitt Der gewuer wat.

Besonnesch wann et heescht ze verhënneren, zum Beispill, dass déi Rentereserven, déi geschafe gi sinn, an dank deene mer och déi heiteg Upassung kënnen duerchzéien, net zum Selfservice vun der Regierung ginn. Eleng schonn dofir ass dem ADR seng Presenz nach gradsou wichteg wéi virdrun. Ech wëll Iech nach eemol hei drun erënneren…

(Interruptions)

Bon, Här Fayot, wie mécht et da soss? Ech erwaarden dat jo awer net vun Iech, gell?!

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Firwat musst Der dann Är Existenzberechtegung ëmmer esou betounen?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech erklären Iech dat elo, Här Huss.

(Hilarité)

Ech wëll Iech och nach eemol drun erënnere wat dank dem ADR säit deene leschte 15 Joer alles am Renteberäich erreecht ginn ass.

(Interruptions diverses)

Ah, Dir hat gemengt ech wär scho fäerdeg?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Da fänkt éischter un, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech wëll Iech dat erklären, fir dass Der iwwert déi Chrëschtdeeg kënnt an Iech eragoen an Är Meenung iwwert dem ADR seng Presenz vläicht e bëssen änneren.

(Hilarité)

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Dat ass schwéier.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Den 28. am Lenz 1987, lauschtert gutt no, Madame Err, den 28. am Lenz 1987 ass et schonn ugaange wéi mer déi éischt Aktioune gemaach hunn a puncto Renten, a wann Der Iech gutt kënnt erënneren, da war et e sozialistesche Minister deen deemools gesot huet: „Et gëtt net méi wéi 3,8%." A wéi mer eng Manifestatioun ugekënnegt hunn, dunn op eemol ware mer schlussendlech op 7%. Eleng schonn dat ass de Beweis…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Dat war eleng den NGL!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Den NGL war just present fir dat ze ënnerstëtzen. Et waren natierlech awer Leit…

(Hilarité)

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Et waren der e puer méi um Wierk, Kolleeg Jaerling, et waren der e puer méi um Wierk!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här Castegnaro, erlaabt mer, dass ech léiwer net doriwwer schwätzen, well dat wär hei ze geféierlech.

Mä op jidde Fall ass do de Grondstee geluecht gi fir dass déi 7%eg Erhéijung vun de Renten, déi deemools versprach ginn ass, an déi nëmmen als Virschoss am Gesetz vum 27. am Heemount 1987 ageschriwwe gouf, dank dem Drock vum ADR am Gesetz vum 24. am Ouschtermount 1991 definitiv geschëllt bliwwen ass. A mat deemselwechte Gesetz goufen d'Renten dann nach eemol ëm 10% erhéicht, op eng Fuerderung vum ADR an op den Drock vum ADR hin.

An d'Witwerente goufe vu 66 2/3% op 75% erhéicht, an de Referenzbetrag vun den Antikumulbestëmmunge gouf vun 1,3 op 1,5-mol de Mindestloun erhéicht. Ass dat dann näischt? Den 8. am Haartmount 1996 gouf d'Péréquatioun ofgeschaaft an domadder en éischte Schrëtt zur Gläichstellung vun deenen zwee Regimer agefouert.

Den 3. am Karschnatz 1998 ass fir all déi Beamten aus der Fonction publique, déi nom 1. am Haartmount 1999 agestallt gi sinn, déi gläich Berechnungsbasis wéi am kontributive System agefouert ginn. Déi bleiwe jo och elo am kontributive System.

Une voix.- Waart Der am Heemount an d'Vakanz?

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Am Respekt vun der Erzéiungs- an Hausfraenaarbecht sinn d'Erzéiungsjoren och op d'Pensioune berechtegt ginn, déi virum 1. am Haartmount 1998 accordéiert goufen, an den 8. am Broochmount 2002, dat ass dat wat Der mengt, kruten d'Zousazpensiounen, op Fuerderung vum ADR, eng gesetzlech Basis.

Der Fuerderung vum ADR, dass endlech muss Schluss si mat der Almosepolitik, ass am Gesetz vum 28. am Broochmount 2002 duerch eng 3,8%eg linear Erhéijung vun de Renten an eng 11%eg Erhéijung vun der Grondrent deelweis Rechnung gedroe ginn.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här Jaerling, um Rentendësch waart Dir net, den ADR war am Abseits, an e war frou a glécklech wéi en huet dierfen den Accord final ënnerschreiwen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech wëll Iech soen, dass mir um Rentendësch deelgeholl hunn, awer net mat mengem Accord, dat kann ech Iech soen.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Passiv, passiv deelgeholl! Dir hat net vill do ze radetten!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat dierft Der mir net soen! Da kënnt Der jo nëmme frou sinn, dass ech net do war.

(Hilarité)

D'Mindestrent ass op jidde Fall mat deemselwechte Gesetz un de Mindestloun ugepasst ginn. Domat gouf erëm eng Fuerderung vum ADR deelweis erfëllt, well den ADR eng Upassung vun de Renten un de qualifizéierte Mindestloun gefuerdert hat an och weider fuerdert an och duerchsetze wäert.

D'Fuerderung vum ADR, fir d'Hausfraen- oder d'Männeraarbecht zousätzlech ze honoréieren, ass mat der Aféierung vun der Mammerent deelweis realiséiert ginn. Just dass d'Regierung deenen Äermste vun deenen Aarmen dës Mammerent verweigert huet an och elo nach verweigert. Den ADR wäert awer duerfir suergen, dass och déi Ongerechtegkeet aus der Welt geschaf gëtt.

Duerfir géif et mech interesséieren, wou déi Proposition de loi drun ass, déi mer als ADR an deem Zesummenhang hei deponéiert hunn. Ech huelen un, dass den Här Minister wäert eng Kéier an deem ronnen Dossier niewent sengem Büro erëmwullen, da wäert e se erëmfannen.

Dann huet den Här Bettendorf hei gesot, déi Suen, déi gebraucht ginn, déi mussen do bleiwe wou se ugeluecht sinn. Do stellen ech mer awer e puer Froen. Wann och d'DP sech elo als Virreider duerstellt vun der Mammerent, dass déi net soll aus de Rentekeese bezuelt ginn, da froen ech mech awer: Wéisou konnt dann d'DP elo während zéng Joer schonn toleréieren, dass aus de Pensiounskeesen all Joers ëm eng Milliard aler Frang erausgeholl gëtt fir Beschäftegungsmesuren ze bezuelen? Oder wou war d'DP wéi hei gestëmmt ginn ass, dass 130 Milliounen aus de Pensiounskeese geklaut gi si fir d'Krankekeesen ze sanéieren?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här Jaerling, wou kënnt Dir nach eens ginn an där ongerechter Welt?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, ech leide staark dorënner, gleeft mer et. An dat am Chrëschtmount!

(Hilarité)

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Mir héieren, Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen, ech wëll einfach just e bëssen op déi Hypokrisie hei hiweisen, déi mech an der Politik am meeschte stéiert. Awer wierklech!

(Interruptions diverses)

Also ech kann Iech just soen, ech hunn eng Linn, dat kënnt Der kucken, déi huet sech déi lescht 20 Joer net geännert.

(Interruptions diverses et hilarité)

An déi wäert sech och net änneren, och am Sozialberäich net, Madame, do kënnt Der berouegt sinn, an an de Sozialfroe garantéiert net. Do kann ech Iech garantéieren, dass ech a Sozialfroen an am Aarbechtsrecht keng Kompromësser maachen, dat kann ech Iech hei verspriechen.

Une voix.- Och net mat Ärer eegener Fraktioun?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Och net mat der eegener Fraktioun, och dat kann ech Iech schrëftlech ginn!

Eng weider Fuerderung vum ADR, déi am Gesetz vum 22. am Ouschtermount 2004 realiséiert gouf, ass dat bessert Uleeë vun de Reserven aus de Pensiounskeesen. Dir gesitt, Madame President, den ADR huet seng Existenzberechtegung säit 15 Joer ënner Beweis gestallt, brauch dat net méi ze maachen a kann et awer och haut nach maachen. An och wa mer vu verschidde Säiten als Pissblumm tituléiert ginn, déi um Verwiele wier, respektiv dass d'CSV géif duerfir suergen, dass se verwielt.

Madame President, mech éiert et, mat enger Pissblumm verglach ze ginn. Pissblumm heescht op Latäin Taraxacum officinale, op Däitsch Löwenzahn. An dat passt bei eis.

Mme le Président.- Aha!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Wann et nämlech drop ukënnt fir eis Fuerderungen am Interesse vun de klenge Bierger duerchzesetzen, da gi mer wéi Léiwen a mir weisen och emol d'Zänn.

(Interruptions diverses et hilarité)

Och wann d'Pissblumm nëmme vum Ouschtermount bis de Broochmount bléit, sou ass et awer eng perennial Planz, kënnt se dach ëmmer erëm, gradsou wéi den ADR; och wann dem ADR dat totaalt Verbléie scho 15 Joer gewënscht gëtt. D'Pissblumm ass eng Planz mat wäertvollen Nährstoffer an huet souguer Substanzen, déi zur Preventioun géint de Rheuma déngen. Den ADR huet och eng preventiv Wierkung, huet en dach scho verschidde Regierungen dovun ofgehalen, de Sozialofbau op d'Spëtzt ze dreiwen. An den ADR wäert och weider preventiv géint de Sozialofbau agéieren.

Zum Beispill, wann d'Sue fir d'Mammerent sollen aus der Pensiounskeess geklaut ginn, oder wann d'Beschäftegungsmesurë weiderhi sollen aus de Pensiounskeese bezuelt ginn. Oder wann erëm ee sech sollt trauen, nach eemol Suen aus de Pensiounskeesen ze klaue fir d'Krankekeesen ze sanéieren.

Une voix.- D'Pissblumm ass awer saisonal.

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, perennial, hunn ech gesot, wär d'Pissblumm. Loosst mech fäerdeg erklären. Ech sinn nach net fäerdeg.

Den ADR war, ass a bleift déi Pissblumm, dee Löwenzahn, deen hei am Land noutwendeg ass, fir deene bësseg entgéintzesprangen, déi mengen, just déi kleng schaffend a pensionéiert Leit wieren d'Mëllechkéi vun der Natioun, déi een ongestrooft kënnt sträichen! A wann den Här Premier mengt, e misst nach eng Kéier eng Rentemauer opbauen, da kënnt Der sécher sinn, da planze mir Pissblummen drop.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat gesot, Här President, kann ech mat Freed matdeelen, dass mir als ADR dëse Projet stëmmen, an der Iwwerzeegung dass duerch eis Presenz, an der Vergaangenheet awer och an der Zukunft, déi definitiv Rentegerechtegkeet keng Fiktioun wäert bleiwen.

Am Numm vun alle Pissblumme wënschen ech der CSV schéi Feierdeeg!

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Här Minister. Här Minister Di Bartolomeo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dat hei sinn déi Geleeënheete wou een sech als Minister driwwer freet, well et e Projet ass, deen am allgemenge Konsens hei diskutéiert ginn ass a wou - mengen ech - och d'Chamber sech eeneg ass, dass et eng gutt Moossnam ass. Duerfir wëll ech der Madame Rapportrice och en häerzleche Merci soe fir dee gudde Rapport, dee se gemaach huet, an all deene Riedner, déi sech dovu betraff fillen, merci fir déi objektiv Duerstellung vun deem heite Projet.

Déi, déi gemengt hunn, de Projet wär eng Geleeënheet fir eng Rei vu Stécheleien, déi fale bei mir op kee fruchtbare Buedem, well ech der Meenung sinn, dass et hei net eleng de Verdéngscht ass vun deem engen oder anere Minister, dee Rentemoossname proposéiert huet, mä de Verdéngscht ass vun der gesamter Chamber. Ech mengen, dass Rentemoossnamen hei an dëser Chamber ëmmer mat enger grousser Unanimitéit diskutéiert an décidéiert gi sinn, an insofern huet mäi Virgänger säi Verdéngscht grad ewéi him seng Virgänger och hire Verdéngscht hunn, an et ass och net mäi Virgänger, deen hei dat contestéiert huet.

Ech mengen et muss ee feststellen, dass de Rentenajustement weder e Cadeau fir déi pensionéiert oder d'Bénéficiairë vun Unfallrenten ass, nach en Automatismus. Dat ass ganz kloer vun de Kolleegen hei duergestallt ginn. Et si politesch Décisiounen noutwendeg, déi ausgeléist gi vun där Etüd, déi d'Regierung muss entamëieren, an déi consacréiert ginn duerch eng Décisioun vun dëser Chamber.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei wierklech nëmmen um Rand op dat agoe wat den Här Bettendorf gesot huet, andeem e mir virgeworf huet, ech hätt mäi Virgänger fir e Schlamassel an der Sozial- an an der Gesondheetspolitik verantwortlech gemaach. En huet mech selbstverständlech falsch zitéiert: Mam Schlamassel hunn ech just den Découvert an de Krankekeese gemengt, dee mer iwwer zwee Joer gesinn hunn op eis zoukommen a wou net déi décidéiert Haltung a Reaktioun komm ass, déi ee sech hätt kënnen erwaarden. Dat huet eis dozou gezwongen, dës Kéier innerhalb vun dräi Méint Solutiounen ze huelen, wou mer de Mëtteg nach eng Kéier an aller Rou wäerten drop zréckkommen.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här Di Bartolomeo, ënnert de Sozialiste sinn d'Tauxen '98 an '99 an d'Luucht gaangen. Wéi ech fortgaange si ware se méi déif wéi wéi ech komm sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Wësst Der, Här Minister, ech maachen net datselwecht op dëser Tribün, Här Exminister, wat Är Partei während fënnef Joer gemaach huet. Während fënnef Joer hutt Dir an der Regierung Är Virgänger fir all Problemer responsabel gemaach. Ech hunn hei just e Constat…

M. Carlo Wagner *(DP).*- Dir maacht dat virun de Genossen op de Kongresser!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech hunn hei just e Constat gemaach. Ech mengen och, Här Wagner, dass de Wieler déi Politik wou eng Partei, déi an der Regierung ass, eng aner Partei, déi net méi an der Regierung ass, fir eppes responsabel gemaach huet, wou se laang assuméiert huet, als déi falsch Approche ugesinn huet, soss wär Är Partei net esou vum Wieler sanktionéiert ginn, a mir hunn doraus geléiert. Dofir maache mir dat net, wat Dir während fënnef Joer gemaach hutt.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Ech hat e ganz gutt Resultat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, Är Partei net esou gutt. Ech erkenne ganz gär un, dass Dir e gutt Resultat gemaach hutt, mä duerfir gëtt d'Resultat vun Ärer Partei net besser!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Bläert elo net!

Här Minister, fuert Dir weider mat Ären Ausféierungen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir wësst jo, wann ech net provozéiert ginn, da sinn ech ganz fäin, mä wann ech provozéiert ginn, dann äntweren ech mat Freed an deemselwechten Toun.

Dat meescht ass zu dësem Projet gesot, duerfir wëll ech mech drop beschränke fir eng Rei vun zousätzlechen Informatiounen ze ginn. Et handelt sech bei dësem Ajustement ëm deen insgesamt 19. zënter der Loi unique vum 13. Mee 1964. Et ass deen 19. insgesamt, et ass deen drëtte wou net nëmmen d'Pensioune vum Privatsecteur ajustéiert ginn, mä sämtlech Pensiounen, déi vum private Secteur an och déi vum öffentleche Secteur.

Et ass kuerz erwähnt gi wat de Käschtepunkt vun dësem Projet wäert sinn. Fir de Régime général bedingt et 41 Milliounen Euro zousätzlech Ausgabe fir d'Sécurité sociale. Bei der Unfallversécherung bedeit et 1,9 Milliounen Euro zousätzlech Ausgabe fir d'Keesen an 1 Millioun zousätzlech Ausgaben d'Joer fir de Stat. Bei de Régimes statutaires bedingt et zousätzlech Ausgabe vu 7 Milliounen Euro pro Joer.

- Est-ce que Monsieur le Ministre n'estime pas qu'au regard de plusieurs accidents mortels intervenus notamment sur autoroute par le renversement de personnes s'affairant autour d'un véhicule tombé en panne, il ne serait pas indiqué d'introduire la présence obligatoire à bord de triangles de sécurité réfléchissants et de gilets de sécurité fluorescents?

Réponse (8.12.2004) de **M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports:*

Les récentes analyses faites au niveau européen au sujet des effets de l'éclairage diurne des véhicules sur la sécurité routière concluent sans équivoque à l'existence d'un effet bénéfique de cette mesure.

Les craintes antérieurement exprimées en ce qui concerne d'éventuels effets négatifs de l'éclairage diurne sur la visibilité d'autres usagers de la route, dont notamment les motocyclistes, les cyclistes et les piétons, sont relativisées dans les études récentes.

Dans ces conditions, je suis disposé à faire étudier les possibilités de l'introduction de l'éclairage diurne des véhicules au Luxembourg.

Quant à l'exigence d'équiper tout véhicule du matériel de sécurité nécessaire pour signaler de manière adéquate un lieu d'accident ou un véhicule tombé en panne, en l'occurrence un triangle de sécurité réfléchissant et un gilet de sécurité fluorescent, je ne saurais que reconnaître le bien-fondé de cette mesure qui réside dans l'amélioration de la sécurité routière.

Alors que des initiatives pareilles ont déjà été prises en Italie et en Espagne et sont au stade d'étude dans d'autres États membres de l'Union européenne, j'ai l'intention de faire examiner les modalités de l'introduction de cette mesure au Luxembourg.

Il échet toutefois de soulever à cet égard que la présence obligatoire de l'équipement à bord des véhicules automobiles fait partie des règles d'équipement qui selon la Convention de Vienne sur la Circulation routière de 1968 sont celles du pays d'immatriculation et non pas celles du pays de circulation en cas de circulation internationale. Dès lors, les véhicules immatriculés à l'étranger qui empruntent les routes luxembourgeoises ne seront pas visés par les dispositions qu'il est envisagé d'introduire, le cas échéant.

Question 0181 (18.11.2004) de **M. Claude Meisch** *(DP)* concernant la **nouvelle campagne de sensibilisation des automobilistes du Ministère en association avec «La Sécurité Routière»:**

Monsieur le Ministre a présenté la nouvelle campagne de sensibilisation des automobilistes qu'il a lancée ensemble avec l'association «La Sécurité Routière» comme documentant la normalisation des relations entre le Ministère des Transports et cette association.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Transports:

- Monsieur le Ministre peut-il m'indiquer en quoi les relations entre le département des Transports et l'association auraient auparavant été «anormales»?

- Quel est le mode de financement de cette nouvelle campagne? À combien se montent notamment la participation de l'État et celle des compagnies d'assurance?

- Quel est le but du message de la campagne quant aux objectifs de lutte contre l'insécurité routière? En effet, le message de la campagne ne se rapproche-t-il pas d'une opération de marketing pour l'image de marque des assureurs automobiles luxembourgeois plutôt que de poursuivre un but de prévention routière?

- Pourquoi d'autres instances administratives et associations privées, oeuvrant en matière de prévention routière, comme par exemple la Police grand-ducale, l'Automobile Club ou encore l'Association des Victimes de la Route, ne se trouvent-elles pas associées à la campagne?

Réponse (8.12.2004) de **M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports:*

1) Alors qu'il était d'usage au Ministère des Transports de réaliser annuellement au moins deux campagnes de prévention routière en collaboration notamment avec l'association «La Sécurité Routière» a.s.b.l. depuis le début des années 90, force est de constater qu'à partir de l'année 2001, des campagnes de prévention communes ne furent plus réalisées.

L'honorable Député n'est pas sans savoir que le Ministère des Transports entend renouer ces relations de partenariat avec l'association «La Sécurité Routière» a.s.b.l. en vue de réaliser ensemble avec tous les partenaires impliqués dans la lutte contre l'insécurité routière le programme gouvernemental qui dispose notamment que «la lutte contre les accidents routiers, qui entraînent un gâchis et des malheurs humains inadmissibles, constituera une priorité absolue. En vue d'améliorer la sécurité sur les routes, le Gouvernement mettra l'accent tant sur la prévention que sur la répression. En matière de prévention, le Gouvernement entend continuer sur la voie des campagnes publicitaires pour sensibiliser les usagers de la route, dont notamment les jeunes conducteurs.»

2) La campagne d'affichage «Le bon conducteur...», dont le coût s'élève à 33.184,40 euros, est financée par l'association «La Sécurité Routière» a.s.b.l. et l'apport du Ministère des Transports se réduit à une contribution financière somme toute très modeste de l'ordre de 2.836,40 euros destinée à couvrir les frais engendrés par l'apposition du logo du Ministère des Transports sur les affiches respectives. L'honorable Député partage sûrement l'approche du Ministère qu'une vie humaine ne se chiffre pas en euros et que dès lors une augmentation substantielle de la contribution étatique en matière de campagnes publicitaires en faveur de la sécurité routière est à prévoir dans les semaines, mois et années à venir.

3) La campagne de prévention «Le bon conducteur...» s'inscrit dans une approche des messages de sensibilisation positifs et incitatifs. Les spécialistes s'accordent à dire qu'il est indispensable d'alterner entre différentes approches de sensibilisation. En effet, l'acceptation par le grand public des règles élémentaires d'une conduite responsable et respectueuse ne peut se faire exclusivement d'un ton moralisateur ou par des images choquantes et négatives. Les quatre thèmes choisis font référence à des situations quotidiennes auxquelles tout automobiliste peut aisément s'identifier et qui ne font que souligner les avantages d'une conduite apaisée et courtoise. L'avantage financier d'une telle conduite consiste par exemple dans le fait que le bon conducteur paie moins d'assurances.

4) L'association «La Sécurité Routière» est une association sans but lucratif, un organisme de droit privé distinct de l'État qui dispose à l'évidence d'une liberté de choix certaine pour ce qui est des partenaires appelés à concourir à leurs campagnes publicitaires. Toujours est-il que «La Sécurité Routière» a.s.b.l. associe régulièrement et depuis de longues années la Police grand-ducale, l'Automobile Club du Grand-Duché de Luxembourg ou encore l'Association des Victimes de la Route, pour ne citer que ceux-ci, à ses campagnes publicitaires. Le choix d'associer cette fois-ci uniquement le Ministère des Transports à la campagne «Le bon conducteur...» se fonde donc probablement sur la volonté de vouloir documenter la normalisation des relations entre le Ministère des Transports et l'association «La Sécurité Routière» a.s.b.l. depuis l'entrée en fonction du nouvel Gouvernement.

Question 0182 (18.11.2004) de **M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)* concernant l'**aide financière de l'État pour études supérieures:**

Duerch d'Gesetz vum 22. Juni 2000 an de Règlement grand-ducal vum 5. Oktober 2000 „concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures" ass festgehale ginn, datt de Stat de Studenten eng finanziell Hëllef accordéiert wa se studéiere ginn. Niewent enger Bourse kënnen d'Studenten deemno och vun engem Studenteprêt profitéieren, wou de Student d'Zënsen an Héicht vun 2% muss selwer droen; de Rescht von den Zënse gëtt vum Stat iwwerholl.

Elo ass et awer esou, datt an de leschte Joren d'Zënse staark erofgaange si mam Resultat, datt mer de Moment nach en Zënssaz vun ënner 3% hunn. Doduerch datt also d'Bedeelegung vun de Studenten un den Zënse bei 2% duerch d'Gesetz vum 22. Juni 2000 festgehale ginn ass, profitéieren d'Studenten also net vun den déiwen Zënsen.

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Misst am Kader vun de Studenteprêten d'Bedeelegung vun de Studenten un den Zënsen op Grond vun den déiwen Zënsen net no ënne revidéiert ginn? Misst d'Gesetz vum 22. Juni 2002 net an deem Sënn geännert ginn?

2) Stellt sech net grondsätzlech d'Fro ob de Stat am Kader vun de Studenteprêten d'Zënsen net soll integral iwwerhuelen, fir sou de Studenten de Start an hir berufflech Carrière méi liicht ze maachen? Deelt Dir meng Meenung, datt e Prêt à taux zéro ubruet wier, sou wéi et an anere Gebidder schonns verschiddentlech de Fall ass?

Réponse (23.12.2004) de **M. François Biltgen,** *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:*

Den Zënssaz, dee bei Studenteprêten, déi am Kader vun der „aide financière de l'État pour études supérieures" accordéiert ginn, ze applizéieren ass, gëtt duerch d'Konventioun, déi de Stat mat verschidde Banken huet, festgeluecht. Bei deem Zënssaz handelt et sech ëm den «taux d'intérêt prêteur à six mois EURIBOR + 0,5%»; op de 7. Dezember 2004 war dësen Taux op 2,65% (2,15 + 0,5).

Ech sinn net der Meenung, datt mer déi Konventioun ännere sollten. An engem sou volatilen Ëmfeld wéi deem vun den Zënssätz ass et wichteg, eng Kontinuitéit ze garantéieren. Am Joer 2002 huet de Stat deenen aacht Banke mat deenen en eng Konventioun huet en Total vun 3.019.742,32 € bezuelt.

Am Moment ass kee Besoin do fir eise System vun de Prêten ze änneren; d'«aide financière de l'État pour études supérieures» ass mat hire Bourssen, Prêten a Primes d'encouragement ee vun deenen avantagéiste Systemer an Europa. Hei zu Lëtzebuerg ass et net esou, datt e Student aus finanziellen Ursaachen net studéiere goe kënnt.

Question 0184 (18.11.2004) de **Mme Lydie Err** *(LSAP)* concernant l'**acquisition de la double nationalité:**

Le programme gouvernemental a prévu ce qui suit:

«La législation sur la nationalité luxembourgeoise sera amendée pour permettre aux étrangers qui souhaitent acquérir la nationalité luxembourgeoise de pouvoir ce faire sans devoir renoncer à leur nationalité d'origine. La même possibilité sera introduite pour les Luxembourgeois résidant à l'étranger et souhaitant acquérir la nationalité de leur pays de résidence. Dans ce contexte, l'acquisition de la double nationalité par la voie de l'option pour les immigrés de la deuxième et troisième génération sera facilitée.»

Or, le Conseil de l'Europe a adopté une Convention sur la nationalité ouverte à la signature depuis le 6 novembre 1997.

Cette convention définit un ensemble de principes et de règles concernant des questions liées à la nationalité. Elle vise, entre autres, à faciliter l'acquisition de la nationalité et la réintégration dans la nationalité d'origine, à limiter les possibilités de perte de la nationalité et à empêcher le retrait arbitraire de la nationalité, à garantir des procédures justes et équitables pour les demandes liées à la nationalité ainsi que les voies de recours y relatives. Elle traite également de la pluralité de nationalités, des obligations militaires en cas de pluralité de nationalités et de la coopération entre les États parties.

Cette convention est une synthèse des idées nouvelles en la matière. Elle tient compte notamment des changements démographiques et démocratiques tels que les migrations et les successions d'États survenues depuis 1989 en Europe centrale et orientale. Certains États, qui ont été amenés à adopter récemment des lois nouvelles en matière de nationalité, s'en sont déjà inspirés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre de la Justice:

- Le Gouvernement luxembourgeois entend-il signer et faire ratifier cette Convention et ce notamment dans la perspective de la double nationalité qu'il veut introduire au Luxembourg?

Réponse (8.12.2004) de **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice:*

Le Gouvernement entend signer et faire ratifier la Convention du Conseil de l'Europe du 6 novembre 1997 sur la nationalité, en même temps que les principes sur l'acquisition de la pluri-nationalité seront ancrés dans la loi nationale, en s'inspirant des idées énoncées dans la Convention de 1997.

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Compte rendu des séances publiques
N° 5 – Session ordinaire 2004-2005

16e séance, mercredi 15 décembre 2004
séance solennelle 14 janvier 2005
18e séance, mardi 18 janvier 2005
19e séance, mercredi 19 janvier 2005
20e séance, jeudi 20 janvier 2005

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Séance solennelle de commémoration en l'honneur de Son Altesse Royale Madame la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte

VENDREDI, 14 JANVIER 2005



(Photo: Zineb Wilhelm)

À 14.55 heures, les Membres de la Chambre des Députés et du Gouvernement occupent leurs sièges dans la salle de séance.

Devant la tribune de la présidence est dressée une photographie avec crêpe noire de Madame la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte devant laquelle est placé un arrangement de roses blanches.

À 14.57 heures, M. le Secrétaire général de la Chambre des Députés, précédé d'un huissier en habit, se déplace au Palais grand-ducal pour inviter M. le Maréchal de la Cour, en tant que représentant de la Famille Grand-ducale, à se rendre à la Chambre des Députés.

À 15.00 heures, M. le Maréchal de la Cour, accompagné de M. le Lieutenant-colonel honoraire Léandre Mignon, est reçu à l'entrée de la Chambre par M. le Président de la Chambre et M. le Premier Ministre, d'où il est conduit à son siège dans la salle de séance.

Les tribunes sont occupées par les Présidents d'honneur de la Chambre des Députés M. Léon Bollendorff, Mme Erna Hennicot-Schoepges et M. Jean Spautz, le Ministre d'État honoraire M. Jacques Santer, les Membres luxembourgeois du Parlement européen, le Président du Conseil d'État, les Représentants de la Magistrature, le Président de la Cour des Comptes, le Médiateur, les Membres du corps diplomatique, une délégation de hauts fonctionnaires de la Cour grand-ducale, du Gouvernement et du Conseil d'État ainsi que par la presse parlementaire.

M. le Président de la Chambre des Députés Lucien Weiler se rend à son siège et ouvre la séance. Ayant invité l'assemblée et l'assistance à s'asseoir, il prononce debout l'allocution suivante:

M. le Président.- Här Maréchal de la Cour,

Exzellenzen,

Léif Éieregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Lëtzebuerg ass an Trauer.

De leschte Méindeg huet d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte eis fir ëmmer verlooss.

Déi zwee lescht Jore ware sécher mat déi schwéierst an Hirem Liewen: Si huet misse kämpfe géint déiselwecht schlëmm Krankheet, ënnert där sou vill Mënsche leiden.

Si huet dat gemaach mat deene Qualitéiten, déi Hiert ganzt Liewe geprägt hunn: Courage, Dignitéit an Diskretioun.

D'Biller, déi mer an deene leschten Deeg gesinn hunn, weisen, datt d'Lëtzebuerger hir Trauer esou staark ausdrécke kënne wéi hir Freed a Begeeschterung, mat där si viru 50 Joer déi jonk belsch Prinzessin als Fra vum Ierfprënz Jean empfaangen a gefeiert hunn.

Mä obschonns d'Freed deemools grouss war, hätt kee geduecht, datt en halleft Jorhonnert méi spéit, de 7. Oktober 2000, de Lëtzebuerger Statsminister kënnt un d'Adress vum belsche Kinnek soen: «Je voudrais dire à travers vous au peuple belge que nous lui sommes reconnaissants de nous avoir fait cadeau de la meilleure de ses filles.»

La meilleure de ses filles: Et kann ee sech kaum méi eng schéi Konklusioun virstellen, déi d'Lëtzebuerger däerfen zéien aus dem Wierken an dem Schaffe vun der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, an dat während engem hallwe Jorhonnert.

Hire prononcéierte „sens du devoir", d'Flichtgefill, huet d'Handele vun där jonker Prinzessin fir d'éischt an Hirer Heemecht, an duerno als Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg ëmmer geleet.

Wéi d'Prinzessin Joséphine-Charlotte op Lëtzebuerg komm ass, wossten d'Lëtzebuerger, datt et sech ëm eng Prinzessin géif handelen, déi eng schwéier Jugend hanneru sech hat.

Si hat hire Grousspapp ganz fréi verluer; ee Joer méi spéit huet Si op eng tragesch Aart a Weis Hir Mamm verluer, ass déi ëm d'Liewe komm.

E puer Joer duerno koumen déi batter Krichs- an Nokrichszäit, déi fir déi belsch Kinneksfamill ganz dramatesch war.

Mä Si huet sech alle Situatioune gestallt a schonn déi Zäit konnt een Hiert ausgeprägtent Gefill fir Responsabilitéit bemierken.

Déi Sympathien, déi d'Lëtzebuerger där deemoleger Ierfgroussherzogin vum éischte Moment un entgéintbruecht hunn, sollte sech séier verdéiwen, wéi d'Lëtzebuerger hir nei Prinzessin besser kenne geléiert hunn.

Am Laf vun de Joren a Jorzéngte sollten d'Lëtzebuerger eng Fra, eng Mamm, eng



(Photo: SIP)

Damm, eng Grande-Duchesse kenne léieren, op déi si zu Recht houfrech sinn an och houfrech wäerte bleiwen.

Eng Mamm, déi, geprägt duerch Hir eege batter Jugend, alles dru gesat huet, datt Hir Kanner an där Gebuergenheet sollten opwuessen, déi Si zum Deel an Hire jonke Joren net konnt hunn.

Eng Grande-Duchesse, déi ausgebilte Krankeschwëster war: Dohier - an och duerch Hir Erzéiung - Hiren Asaz an Hir permanent Opmierksamkeet fir déi Schwaach aus eiser Gesellschaft, déi Krank, déi Handicapéiert, déi, deenen et manner gutt geet an déi um Rand vun eiser Wuelstandsgesellschaft stinn.

Duerch Hir virbildlech Aarbecht am Kader vun humanitären Organisatiounen huet Si eis wësse gedoen - an dat wäit iwwert dee representative Kader eraus -, datt mir ëmmer erëm no méi Mënschlechkeet a Solidaritéit heiheem an uechtert d'Welt musse striewen.

Dass perséinlechen Engagement mindestens esou wäertvoll ass wéi materiell Ënnerstëtzung, ass eng vun Hiren Aussoen, mat där Si wollt een Zeeche setzen. Si selwer ass do mat guddem Beispill virgaangen an huet de Wee gewisen, dee Si fir richteg fonnt huet fir Mëssstänn ze behiewen.

Onzähleg Mënschen a vill Organisatiounen hunn d'Grande-Duchesse um Wierk gesinn, dorënner ënner aneren:

- d'Lëtzebuerger Rout Kräiz,

- d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten,

- 10.000e vu Bluttspender.

Dausenden an dausende vu Matbierger an Altersheimer an a Fleegeheimer, déi d'Grande-Duchesse während all deene Jore besicht huet an deene Si Zousproch ginn huet, a vill sozial Projeten am In- an am Ausland sinn Zeie vun deem onermiddlechen Asaz vun der Grande-Duchesse fir déi sozial an déi humanitär Cause.

Der Grande-Duchesse Hire sozialen Engagement war net gekënstelt: d'Mënschen, déi al Leit, déi krank, déi schwaach, déi arem, si all hu gespuert datt Hiert Matgefill echt war, dacks ganz spontan an déif mënschlech.

An dofir hu si se alleguerte respektéiert an hate si se gären.

D'Grande-Duchesse hat awer och en ausgesprachene Gerechtegkeetssënn.

D'Grenze vu Länner a Kulturkreeser huet Si mat Hirem Bestriewen no méi Gerechtegkeet net kannt.

Hiert reservéiert Wiesen, eng Charaktereegenschaft vun Hirer Zäit, huet Si ni dru gehënnert, Ongerechtegkeete beim Numm ze nennen an am Kader vun Hire Méiglechkeete géint se unzekämpfen.

D'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte war - a mir wëssen et alleguerten - ganz staark un der Konscht interesséiert.

Si hat en ëmfaassend Wëssen an en déift Verständnis vun der Konscht an all hire Formen.

Dat Schéint, dat Kreatiivt, dat Mënschlecht a Konscht a Kultur huet Si e Liewe laang begeeschtert.

Dësen Enthusiasmus huet Si offiziell a privat gewisen.

Offiziell war d'Konscht fir Si e privilégiéierte Medium fir Sech mat de Leit, mat de Mënschen auserneen ze setzen.

Heiheem huet Si deenen, déi eis besiche koumen, déi kënschtleresch Experienze vun de Lëtzebuerger Kënschtler gewisen an erkläert.

Dobaussen huet Si iwwert déi schöpferesch Realisatioune vun der Konscht versicht, d'Mënsche besser ze verstoen.

Fir d'Grande-Duchesse ware Konscht a Kultur och Moossinstrument vun der Schafenskraaft vun de Leit.

Hir Freed iwwert d'Konschtwierker war och ëmmer Freed iwwert déi a mat deenen, déi hannert de Wierker stoungen.

D'Lëtzebuerger Konscht- a Kulturzeen hat an der Grande-Duchesse eng Ambassadrice wéi se besser keng hätt kënnen hunn.

D'Grande-Duchesse war dann och eng Fra mat Charakterstäerkt a grousser Konsequenz.

Si huet Sech ni vum Zäitgeescht leede gelooss. Si hat eng prezis Virstellung vun der Monarchie als Statsform a vun Hirer Roll als Fra vum Statschef.

An an dëser Virstellung ware Respekt, Diskretioun, Virbildfunktioun an Dignitéit Grondwäerter, déi Si konsequent an iwwerzeegend verdeedegt huet.

Wéi viru Joren den Zäitgeescht d'Diere vu ville Palaisen an Europa gesprengt huet, huet Si sech net bëire gelooss an ass un der Säit vum Grand-Duc mat där Hir eegener Diskretioun an nobeler Manéier virugefuer, der Lëtzebuerger Monarchie Hire Stempel opzedrécken.

Mat engem Resultat wat sech weise léisst an ëm dat eis anerer beneiden.

D'Grande-Duchesse war dann awer och, a virun allem, d'Fra vum Lëtzebuerger Statschef.

Mat edler Diskretioun stoung Si un der Säit vum Grand-Duc; Si war Seng éischt Conseillère an Hie konnt sech zu all Moment an an alle Situatiounen op Si verloossen.

D'Grande-Duchesse huet Sech net umierke gelooss, datt Hir Aufgab un der Säit vum Grand-Duc eng enorm Devotioun erfuerdert huet, an d'Selbstverständlechkeet, mat där Si Hire Flichte gerecht ginn ass, huet ni een Zweifel opkomme gelooss, datt Si mat Häerz an Iwwerzeegung Hir Aarbecht gemaach huet.

Duerch Hiert diskret, charmant an elegant Optrieden un der Säit vum Grand-Duc, virun allem och am Ausland, war Si dee beschten Ambassadeur fir Lëtzebuerg an huet domat grousse Verdéngscht un der Unerkennung an um Respekt, deen eist Land an der Welt genéisst.

Monsieur le Maréchal de la Cour,

Excellences,

Mesdames, Messieurs,

Joséphine-Charlotte de Luxembourg nous quitte aujourd'hui physiquement, mais Elle restera toujours présente dans notre mémoire.

Des milliers de citoyens ont défilé ces derniers jours devant Sa dépouille mortelle au Palais grand-ducal et les témoignages émouvants de tant de concitoyens de toutes les couches de la population reflètent bien ce qu'un éditorialiste luxembourgeois a écrit il y a quelques jours:

«La Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, qui a quitté ce monde après de longues années de souffrances, restera dans la mémoire du peuple luxembourgeois cette grande dame dont on retiendra Sa noblesse, Sa dignité, Sa discrétion, Son élégance et Son affabilité aux côtés de Son époux, le Grand-Duc Jean, et Ses fidèles engagements humanistes et humanitaires ainsi que Son immense culture.

L'humanisme empreint de valeurs chrétiennes, l'engagement social au service des malades et des miséreux, de la jeunesse et des droits de l'Homme, Sa ferveur pour la promotion des beaux-arts et de la musique ont fait de la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte cette personnalité hors du commun que d'aucuns nous enviaient.»

Här Maréchal de la Cour,

Exzellenzen,

Dir Dammen an Dir Hären,

An dëse schwéiere Stonne sinn eis Gedanke selbstverständlech bei eisem veréierte Grand-Duc Jean.

Mi kënnen eis virstelle wat et fir Hie bedeit déi Fra ze verléieren, mat där Hien en halleft Jorhonnert zesumme war a mat där Hien esou laang zum Wuel vum Land geschafft huet.

Ech wëll am Numm vun eis alleguerten dem Grand-Duc Jean soen, datt mir Him Säi Schmäerz net kënnen ewechhuelen, mä datt d'ganzt Lëtzebuerger Vollek un Hien denkt a Seng Trauer deelt.

Datselwecht soe mer dem Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa, dem Grand-Duc Senge Schwësteren a Bridder an där ganzer grousshertzoglecher Famill.

Lëtzebuerg verléiert mat der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte

eng grouss Damm,

eng gutt Grande-Duchesse

e feine Mënsch

an «la meilleure des filles de nos amis voisins».

Der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte wëllt ech soen:

Madame, mir waren, mir sinn a mir bleiwen houfrech op Iech.

Lëtzebuerg seet Iech e grousse Merci a wäert Iech ni vergiessen.

* * *

D'Wuert huet elo de President vun der Regierung, den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.



(Photo: Tom Wagner / SIP)



(Photo: Marcel Ernst / SIP)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Här Maréchal de la Cour, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Woche virun Hirer Gëldener Hochzäit - d'Virbereedunge ware praktesch scho ganz ofgeschloss - si mer gewuer ginn, dass d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte krank wier, schwéier krank wier, an ëmmer erëm ass ee gefrot ginn - et war dat en éierlecht Interesse -: Wéi geet et der Grande-Duchesse?

Wéi et Hir gaangen ass an deene leschten zwee Joer wou se krank war, dat si mer ni richteg gewuer ginn, well Si huet Hir Krankheet ni thematiséiere wëllen. Ech weess awer, dass Se ganz vill Courage hat, physesche Courage a moralesche Courage. Si huet den Doud ganz laang net u sech erugelooss, och dann net, wa Se en emol heiansdo erbléckst hat. Si hat en diskreten Ëmgank mat Hirer Krankheet a mat Hirem Leiden. Et war Hir Krankheet, et war Hiert Leiden, et war Hir Ausënanersetzung mam Doud. Et waren Hir lescht Gedanken. Esou wollt Si et, an esou huet Si et gehale bis ganz zum Enn.

Déi Diskretioun, déi Si an der leschter Explikatioun gewisen huet, zitt sech wéi e Fuedem, bal wéi en déckt Seel duerch Hiert ganzt Liewen. Déi Mëschung aus Diskretioun, Disziplin, Noblesse an Dignitéit huet aus där jonker Prinzessin eng grouss Damm, aus der belscher Kinneksduechter eng gutt Grande-Duchesse gemaach.

Hir Diskretioun huet heiansdo Ofstand geschaaft, mä ni Distanz. Tëschent Hir an de Lëtzebuerger louche keng laang Strecken. Et sinn tëschent Hir an de Lëtzebuerger ëmmer nëmme kuerz Weeër ginn.

Hir Noblesse war net geléint, déi war net ugedoen, déi war net einfach esou iwwergeträift. Si war natierlech gewuess, déi Noblesse. Wann ee mat Hir geschwat huet, dann huet ee gespuert an och gesinn, dass ee mat enger nobler Fra am Gespréich wier.

Hir Dignitéit war net unerzunn. Hir Dignitéit war unerlieft.

D'Geschicht vun den Natiounen ass ëmmer tragesch, mä d'Natioune kënnen dat Tragescht an hirer Geschicht kollektiv verschaffen. Wann awer d'Tragedie vun der Geschicht zur eegener Tragedie gëtt, wann e grousst Stéck vun der Geschicht zu engem décke Pak Geschicht am eegene Liewe gëtt, wann een deen décke Pak Geschicht ëmmer erëm erlieft an duerchliewe muss, dann ass ee mat där Tragedie eleng.

Dat wat déi jonk Prinzessin Joséphine-Charlotte an der Nokrichsbelsch ronderëm déi belsch Kinneksfamill erlieft huet, dat huet och d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte ni ganz verlooss a munchen traurege Bléck erkläert sech esou.

Mä zu deem Bild wat ech wëll vun Hir behale gehéiert och Hiert Laachen a méi klengem Krees. Dat Laache war häerzlech an et war schéin. Et war gedroe vun enger feiner Ironie, déi ni blesséiert huet, gestäipt op Feststellungen an Erkenntnisser, déi sech no an no zu engem Cortège vu Liewensweisheeten opgebaut hunn, déi et a sech haten.

Zu deem Bild, dat ee behält, gehéiert och Hir spatz Intelligenz an Hiert breet Wëssen a ville Beräicher, déi Hir e grousst Verständnis fir d'Problemer vun der Welt méiglech gemaach hunn. Si huet Statsmänner a Statsfrae vun no a vu wäit ëmmer erëm mat Hirem komplizéierte Wëssen impressionnéiert.

D'Komplexitéit vum Liewen heiheem war Hir net friem. Hir Aarbecht, Hiren Engagement beim Roude Kräiz an och soss hunn Hir Ableck an dat verschaaft wat geet an an dat wat net geet. Munches wat kromm a schif war ass no hirem Passage méi riicht ginn. Hire Goût fir dat Harmonescht, Hir Loscht fir dat Widderspréchlechst ze ergrënnen ass däitlech ginn an hirer Begeeschterung fir d'Konscht. D'Promenade duerch Hir Konschtsammlung ass wéi e Spadséiergank duerch d'Liewen a seng Froen; Froen, déi Si ganz gutt buschtawéiere konnt.

Elo ass se net méi hei. Vläicht ass Se anzwousch anescht. Hiren Doud hu mer emfonnt wéi de Verloscht vun engem, dee mer dacks gesinn hunn a gutt kannt hunn, wéi e Verloscht an der eegener Famill.

Eist Matgefill gëllt virun allem dem Grand-Duc Jean, deen d'Prinzessin vu sengem Liewen, de Kompliz vun all Dag an d'Stäip an deene schwéiere Stonne verluer huet. Hie war frou mat Hir an Hire Verloscht deet Him wéi an eis och méi wéi nëmmen e bëssen.

De Grand-Duc Henri verléiert net nëmme wéi mir d'Grande-Duchesse. Hie verléiert seng Famill, seng Mamm, an dat ass eppes ganz aneschters. Mir fille mat him, esou wäit wéi mer dat kënnen.

Dem Grand-Duc, deenen anere Kanner vun der Grande-Duchesse, déi all bei Hir ware wéi se gestuerwen ass, eiser Grande-Duchesse an deenen anere Membere vun der groussherzoglecher Famill soe mer haut hei eis besonnesch Sympathie.

Der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte soe mer iwwert d'Graf eraus: Respekt, Madame, Respekt virun deem wat Der waart, Respekt virun deem wéi Der waart. Merci fir dat wat Der fir eis waart. Dat wat Der fir eis waart, dat bleift. Iech wäerte mer vermëssen.

* * *

M. le Président.- Ech géif lech elo bieden opzestoe fir eng Minute de recueillement.

(L'assemblée et l'assistance observent une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

Un cordon de la musique militaire joue l'hymne national.

La séance publique est levée à 15.19 heures.

* * *

M. le Président de la Chambre, M. le Premier Ministre et M. le Secrétaire général raccompagnent M. le Maréchal de la Cour.

MM. le Maréchal de la Cour, le Président de la Chambre, le Premier Ministre, les Présidents d'honneur et les membres de la Chambre s'inscrivent dans le livre d'or déposé dans le péristyle de l'Hôtel de la Chambre.

Après avoir pris congé de M. le Président de la Chambre et de M. le Premier Ministre, M. le Maréchal de la Cour rejoint le Palais grand-ducal en compagnie de M. le Secrétaire général de la Chambre précédé d'un huissier en habit.



(Photo: Marcel Ernst / SIP)



(Photo: Serge Waldbillig / La Voix du Luxembourg)

Ordre du jour

1. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale)

2. 5345 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux

   (Vote du texte complété du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

4. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

5. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

6. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)

7. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)

8. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)

9. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

10. Discours de fin d'année de M. le Président

11. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales. D'Riedezäit ass wéi Der wësst nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwen hu sech bis elo: d'Madame Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Bausch…

Une voix.- Neen, den Här Huss.

M. le Président.- ...- den Här Bausch gëtt duerch den Här Huss ersat - an den Här Jaerling. D'Wuert huet als Rapportrice vum Projet de loi déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

1. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de 24. November 2003, nom zweeten Deel vun der Tripartite, wou schonn déi Woch virdrun décidéiert gi war, dass de kumuléierte Krankekeesendefizit vu ronn 83 Milliounen iwwert Transferten aus de Pensiounskeese géinge finanzéiert ginn, ass de Premier an de Mëttesjournal gaangen an huet déi fënnef Mesurë presentéiert, déi sengen Aussoen no d'Gewerkschaften, d'Patronat an d'Regierung festgehalen haten. An ech zitéieren dann och aus senger Presentatioun: „Éischtens kuerzfristeg Moossnamen, déi deen Avis motivé iwwert déi Krankheet no zwee Méint vum Dokter zum Inhalt hunn, wat dann e Guidage an déi eenzel Risikokategorië besser erlaabt an domat zu enger Entlaaschtung vun de Krankekeese féiert. Zweetens, de Prinzip, dass een 52 Woche Krankegeld huet an enger Referenzperiod vun 104 Wochen, ouni datt, wéi et an eisen Texter steet, de Fall vun enger neier Krankheet nach ka berücksichtegt ginn. Drëttens, eng Ännerung beim Travail intérimaire, wou mer d'Krankenentschiedegungsphas proratiséiere par rapport zur Affiliatiounsphas. Véiertens, d'Profiler - souwuel bei de Geldleeschtunge wéi bei den Naturalleeschtungen - vun den Dokteren. A fënneftens de Kampf géint déi abusiv Krankschreiwungen. Insgesamt zéng Stonne laang souzen d'Gewerkschaften, d'Patronat an d'Regierung zesummen, fir dee fir 2004 virausgesoten Defizit bei de Krankekeesen ze beseitegen an ze probéieren ähnlech Haushaltslächer an Zukunft wa méiglech ze vermeiden."

Och an der Press war den Dag drop ze liesen, dass d'Tripartite sech gëeenegt hätt op e Reform-Package fir d'Krankeversécherung; fënnef strukturell Mesurë wieren zur Sanéierung vun de Krankekeesen an d'A gefaasst ginn an iwwer kuerz oder laang dierft et och zu enger Fusioun vun de Krankekeese kommen.

Den 11. Oktober 2004 koum den neie Gesondheetsminister an d'Chamberskommission fir eis matzedeelen, wat dann d'Positioun vun der Regierung zu deenen dote Froe wier. Hien huet och dunn am ganze Beräich vun der Sécurité sociale geschwat iwwert den Déficit prévisible vun 98 Milliounen Euro fir 2005, an hien huet gesot, dat wier och eigentlech keng nei Tendenz, well dat och an der Vergaangenheet schonn esou gewiescht wier, an den Defizit vun 2004 hätt nëmme kënne resorbéiert ginn duerch deen Transfert, vun deem mer jo elo grad héieren hunn.

De Minister huet och an därselwechter Sëtzung, also ongefëier zwou, dräi Woche virun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie gesot, dass hie sech net wéilt mat de Regierungskolleegen drop limitéiere fir just eng Kompensatioun vum Defizit ze maachen duerch Transfertsoperatiounen, mä dass e sech wéilt un déi déifst Ursaachen eruntaaschte vun deem Ganzen an och strukturell Äntwerte wéilt fanne fir deem Defizit entgéintzewierken. An hien huet dunn eis als Kommissioun gefrot, ob mir him an der Regierung géingen dobäi zur Säit stoen, a mir hunn dat mat „Jo" beäntwert.

Hien huet eis och doriwwer informéiert, dass d'Diskussioune ronderëm dee Projet, fir dee mer haut hei sinn, nämlech den 5322, wou et ënner anerem och géing drëm goe fir géint den Absentéismus ze kämpfen, dass eleng schonn d'Diskussioune ronderëm dee Projet de loi, deen um Instanzewee war - well en hätt jo schonn eng Kéier op den Ordre du jour komme sollte virun de leschte Wahlen -, dass eleng schonn déi Diskussioun eng gewësse Prise de conscience bei den Assuréë bruecht hätt an dass een dat och esouguer scho géing spiere bei de Chifferen, well een d'Gefill hätt, dass d'Abusë schonn amgaange wieren erofzegoen.

Den 9. November war dann déi Generalversammlung vun de Krankekeesen an et gouf dunn eng Bäitragserhéijung vun 0,3% décidéiert, an dëst op dem Bruttoloun berechent. Déi Erhéijung géing zu jeeweils 0,15% vun de Patronen a vun de Assuréë gedroe ginn. Och hei ass nach eng Kéier vun deem geschätzten Defizit vu ronn 100 Millioune fir 2005 geschwat ginn.

D'Patronë waren natierlech net frou an hu gesot, déi dote Bäitragserhéijunge wieren net an der Tripartite an där Form festgehale ginn; an d'Gewerkschaften hu gesot, dat wier vläicht net esou ganz prezis festgehale ginn, mä et wier awer sënngeméiss machbar gewiescht, an et ass och gesot ginn, dass dat doten noutwendeg wier, fir dass een de Sozialdialog iwwerhaapt kéint oprechterhalen. Et ass och vun de Gewerkschaften ervirgehuewe ginn, dass et schwéier wier, fir wann et eng Tripartite gëtt an ee sech net kéint op schréftlech Berichter doriwwer bezéien, dass et da schwéier wier fir déi eenzel Partenairen op déi Diskussioune respektiv op déi Konklusioune festzeleeën.

Vun der Säit vun den Union des Entreprises ass souguer gesot ginn, wann d'Tripartite nëmmen en Diskussiounsclub ass, da brauche mer se net. Vun aneren ass gesot ginn, dass een trotzdeem sollt probéiere fir an der Zukunft wéinstens e Konklusiounspabeier ze hunn, fir déi ganz Diskussiounen, déi dann am Nofeld géinge kommen, besser gemeeschtert ze kréien.

D'Tatsaach war op alle Fall - an dat war och eng Diskussioun bei deene ganze Preparatioune ronderëm déi doten Assemblée an och bei deene ganzen Interpretatiounen -, dass et misst drëm goe fir op Dauer déi defizitär Tendenz vun de Krankekeesen ëmgekéiert ze kréien, dass een awer gläichzäiteg misst dru schaffen, fir deen héije Leeschtungsniveau ze behalen, dass ee misst probéiere géint den Absentéismus virzegoen an dass ee virun allem misst gewährleeschten, dass d'Assuréën eng besser Orientéierung hätten.

Vläicht hei nach e puer Zuelen: Am Joer 2003 huet d'Union des Caisses de Maladie eng Etüd iwwert d'Evolutioun vum Krankegeld tëscht 1999 an 2002 duerchgefouert; eng Etüd, déi sech virun allem op d'Aarbechterkrankekeess konzentréiert huet, well eng Analys bei den Employés privés méi schwéier ass, well d'Krankegeld dräi Méint vum Patron bezuelt gëtt an der Krankekeess bis dohinner deemno keng Informatioune virleien.

Bei dëser Etüd koum eraus, dass den Taux vun de Krankheetsfäll tëscht 1999 an 2002 ëm 15% an d'Luucht gaangen ass. Am Joer 2002 goufen et eleng bei den Aarbechterkrankekeesen 340.000 Krankeschäiner. Zënter deene leschte Jore si scho verstäerkt Kontrolle gemaach ginn. Och hei krute mer eng Rei vun Informatioune vu Säite vun der Regierung, wann e Verdacht bestanen huet, dass en Abus kéint do sinn. Dat kann een elo méi oder manner gutt fannen. Op alle Fall krute mer bei der Union des Caisses de Maladie gesot, dass den Undeel vun de Krankeschäiner zënterhier op d'mannst mol net virun an deem Mooss ugeklommen ass, wéi et an der Vergaangenheet de Fall war. Esou dass mer d'Chance hunn, dass sech déi Situatioun awer kann apendelen.

D'Mesuren, déi an dësem Projet - an dorëms geet et jo haut - festgehale ginn, dat ass éischtens d'Verbesserung vun der Prise en charge bei der Incapacité de travail de longue durée, entweder iwwert d'Assurance maladie - dat betrëfft haaptsächlech déi Krankheetsfäll, wou et ëm Maladies aiguës a Maladies chroniques évolutives geet -, oder iwwert d'Assurance pensions. Do geet et haaptsächlech allgemeng ëm d'Incapacité de travail oder am Kader vun de Mesurë bei enger Réinsertion professionnelle. Dat ass dann eng Incapacité de travail, déi sech bezitt op déi lescht Plaz déi een hat a fir déi een eben net méi appropriéiert ass. An de Moyen dofir ass, dass en Avis motivé verlaangt gëtt, scho relativ fréi no sechs Wochen iwwert den État de santé vum Assuré vu sengem Médecin traitant, fir dass ee weess wat d'Situatioun ass an ëm wéi e Krankheetsfall et sech handelt.

De But dovunner ass, fir dem Contrôle médical ze erlaben, fir relativ fréi schonn ze wësse wéi e Système de prise en charge am appropriéierste wier. Ob et elo géing drëm goe fir d'Krankegeld weider ze bezuelen, falls eben e Schluss vun där Situatioun ofsehbar wier, ob et géing drëm goe fir eng Pension d'invalidité virzegesinn, ob et éischter Sënn géif maache fir eng Réinsertion professionnelle ze maachen oder - an dat ka jo och sinn, obwuel een hei net soll maache wéi wann dat elo onheemlech oft de Fall wier, mir ginn dovunner aus, dass et net vill schwaarz Schof gëtt - ob et drëm geet fir einfach eng Reprise du travail virzeginn an domat och Demandes abusives ze éliminéieren.

De But ass natierlech och, an da kuckt een et vun der Säit vum Assuré hier, fir den Assuré ze guidéieren, dass en dee Système de prise en charge fënnt, dee fir den Assuré am appropriéiersten ass.

Dann zweetens d'Limitatioun vun der Durée maximale vun der Krankegeldindemnisatioun op 52 Wochen, bei enger gesamter Période de référence fir 104 Wochen, esouguer wann en neie Krankheetsfall kënnt. De Moyen ass deen, dass no der zéngter Woch, wou eng Incapacité de travail virläit, op eng Referenzperiod vun 20 Woche gerechent, e Rapport médical circonstancié muss komme vum Médecin traitant, wou et drëm geet fir ze kucken, ob e Maintien vun deem Recht op Krankegeld besteet. Am anere Fall géing déi Indemnitéit dann net méi accordéiert ginn. De But ass fir op Basis vun där doter Dokumentatioun dem Contrôle médical vun der Sécurité sociale ze erlaben en Avis ze ginn, fir dann den Assuré definitiv ze orientéieren, respektiv fir dann och eng Reprise de travail ze imposéieren.

Dann drëttens d'Introduktioun vun enger Période de stage, hei de Moyen: D'Krankegeld gëtt nëmmen dann oprechterhale wann den Assuré während enger Dauerperiod vu sechs Méint assuréiert war, just ier déi Désaffiliatioun stattfonnt huet.

Véiertens d'Harmonisatioun vum Regime vun der Indemnitéit, déi am Fall vun enger Assurance accident bezuelt gëtt, mat där déi bezuelt gëtt am Fall vun enger Assurance maladie. An och hei déi Limite vun 52 Wochen, op déi ech elo grad schonn ze schwätze komm sinn.

Da war och am Projet de loi, wéi e virlouch, wéi en an d'Kommissioun komm ass, eng Reduktioun vun 10% vum Krankegeld virgesinn, fir de Fall wou d'Assuréen net hir Incapacité de travail der Caisse de Maladie gemellt haten. Dat war also de Point de départ zu deem Moment. Dat war am Oktober, wéi mer eng éischte Kéier iwwert dee Projet de loi hei geschwat hunn. Dunn hate mer zwar en Avis vum Conseil d'État, deen allerdéngs, well d'Avisë vun de Beruffskummeren nach net virlouchen, sech drop limitéiert huet fir just eng Rei vu Remarquen ze maachen, déi d'Kommissioun dann natierlech och mat op de Wee geholl huet, mä wou wéineg zum Fong…

M. le Président.- Madame, et deet mer Leed, mä d'Riedezäit ass amgaangen auszelafen.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice*.- Ech iwwerhuelen d'Riedezäit vun eiser Fraktioun, Här President. Mir haten dat esou ugemellt.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, si huet d'Riedezäit als Rapporteur plus d'Riedezäit vun der Fraktioun.

M. le Président.- Madame Mutsch, dann deklaréiert wann Der als Member vun der LSAP-Fraktioun schwätzt. Ech géif soen, schwätzt weider.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice*.- Här President, fir lech ze orientéieren, soen ech dann, dass ech hei a menger Eegeschaft als Rapportrice stinn, an och a

menger Eegeschaft als mandatéiert Spriecherin vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Dont acte!

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Merci.

Mir kruten dunn den Avis vun der Chambre de Travail an och den Avis vun der Chambre des Employés privés, déi sech géint deen heite Projet de loi ausgeschwat hunn aus verschiddenen Ursaachen.

Éischtens huet d'Chambre de Travail sech dergéint ausgeschwat, dass déi Period wou ee Krankegeld ka kréien op 52 Woche géing limitéiert ginn, ganz einfach well se Angscht hat, dass et dann zu enger Exklusioun vun deene géing kommen, déi eventuell op Aarbechtsplazen nach kënnte bleiwen an ouni hiert Verscholden an eng Situatioun eragerode wieren, aus där se hirer Meenung no net méi elo géingen erauskommen.

Zweetens hu se sech och géint déi Penaliséierung ausgeschwat vun 10%, wann een d'Union des Caisses de Maladie net géing informéieren iwwert d'Incapacité de travail, an drëttens hu se sech och géint déi Regelungen ausgesprach, déi d'Interimairë betreffe wat déi obligatoresch Affiliatioun vu sechs Méint ubelaangt. A si hu fir e Remède zu där doter Situatioun ze fanne recommandéiert, dass d'Affiliatioun sech géing iwwer e Kontrakt maachen, deen dann de Salarié un eng Société de travail intérimaire géing bannen.

Ähnlech kritesch war den éischten Avis vun der Chambre des Employés privés. Et koum duerno nach en zweeten Avis an och hei goung et haaptsächlech ëm déi 52 Wochen, wou gefäert ginn ass, dass eng Lacune géing kommen, wann déi Période d'indemnisation géing oflafen.

Zweetens ass gefäert ginn, dass et zu enger Prekarisatioun géing komme bei deene Salariéen, déi e Contrat à durée déterminée hunn, falls dat géing oprecht erhale gi mat där Période d'affiliation, an drëttens och sech géint déi Penalisatioun vun de Salariéen ausgeschwat an déi 10%, déi schonn hei erwähnt goufen.

En onerwaart schaarfen Zousazavis koum dunn nach eng Kéier vu Säite vun der Chambre des Employés privés, déi nach eng Kéier drop higewisen huet, dass se et bedauert hunn, dass déi Amendementer, déi vun der Chamberskommissioun gemaach gi sinn a weider gereecht gi sinn, net pour avis un d'Beruffskummere gaange wieren, wat awer, wéi mer gesot kritt hunn, net zu den normale Chambersgeschäfter gehéiert.

Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics seet résuméiert, dass dëse Projet de loi de Kader vum Kompromëss iwwerschreit, deen an den Tripartite-Verhandlungen ausgeschafft gi war.

Et sinn awer eng Rei vu Acquisë vun Iwwerteneestëmmungen an deem heite Projet de loi. Éischtens d'Mesuren, déi hei proposéiert ginn, sinn am Kontext vun der schwiereger finanzieller Situatioun vun de Krankekeesen ze gesinn a ginn och als solch interpretéiert.

Zweetens, d'Tripartite huet schonn d'Pist opgewisen, dass d'Prise en charge vun der Incapacité de travail misst besser géréiert ginn, besonnesch wann et sech ëm Incapacités de travail dréit, déi sech iwwert méi e laangen Zäitraum strecken. D'Mesuren, déi dëse Projet de loi virgesäit, sinn also, zumindest wat déi Iwwereneestëmmungen ubelaangt, eng Ëmsetzung vun dësen Décisiounen. Si sinn awer trotzdeem an der Praxis contestéiert.

Ob dat elo dowéinst ass well gesot gëtt, et géing keng prezis schréftlech Rapportë vun de Réunioune vun der Tripartite ginn, esou dass dann eben d'Méiglechkeet do ass, dass verschidde Säite kënnen ënnerschiddlech Interpretatioune ginn, oder ob et déi verständlech Suerg ass, dass eventuell e soziaalt politescht Instrument géing feelen, fir falls an der Praxis géinge Cas de rigueur entstoen, fir déi Persounen opgefaangen ze kréien.

Bei allen Diskussiounen a Kritike muss ee sech awer bewosst sinn, dass sech all Säiten eens waren, dass misste Mesurë geholl gi fir dem Problem vum Krankegeld generell an och dem Defizit vun de Krankekeesen entgéint ze wierken.

Här President, an der Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale ass betount ginn, dass et wichteg wier - an dat ass dunn och gemaach ginn iwwerdeems vun den Amendementer... D'Kommissioun huet als Éischt déi 10% Strofbestëmmungen erausgeholl, wat ech géing als ee vun deene wichtegste vun deenen néng Amendementer vun der Kommissioun ervirsträichen.

Et dierf een och net vergiessen, dass dat éischt Zil vun dësem Projet ass, fir scho ganz fréi am Ufank vun engem Krankefall de longue durée den Assuré ze orientéieren. Dofir gëtt schonn an der sechster Woch e Formular verschéckt, fir dass ee kann Opschloss ginn iwwer säi Gesondheetszoustand, a bannent der zéngter Woch soll den Assuré en detailléierte medezinesche Rapport areechen. Dëse Rapport soll et erlaben, den Assuré scho fréizäiteg richteg ze orientéieren, ob e weider Krankegeld oder Invalidepensioun kritt oder Mesures de réinsertion professionnelle oder ob en, falls en Abus virläit, nees schaffe geet. Dat ass ee vun den Haaptpunkte vun dësem Projet.

D'Kommissioun war sech och eens doriwwer, dass een dëse Projet de loi a ganz enkem Zesummenhang muss gesi mam Projet 5334, dem Gesetz iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle, wat an deemselwechten Esprit zustane kënnt. Ee vun den Haaptziler ass et deemno, et guer net esou wäit kommen ze loossen, dass en Assuré iwwer 52 Woche bannent enger Referenzperiod vun 104 Wochen am Krankeschäin ass an duerno an der Ongewëssheet hänke bleift. Et kann ee sech natierlech virstellen, dass et Krankheete gëtt oder speziell Fäll wou ee riskéiert iwwert dës Wochen eraus krank ze sinn. Zum Beispill am Fall vun enger schwéierer Kriibserkrankung. An deem Fall kënnt dann d'Invalidité provisoire zum Droen.

Dëse Projet bréngt awer och fir d'Assuréen e wichtege Virdeel, nämlech deen, dass d'Assurance accident mat der Assurance maladie harmoniséiert gëtt. An Zukunft wäerten och bei der Onfallversécherung Cotisatiounen a Saache Kranken- a Pensiounskeess virulafen.

Kritiséiert gëtt och nach déi nei Konditioun vun enger Période de stage vu sechs Méint, déi virun allem Leit betréfft, déi iwwer CDDen oder Interim beschäftegt sinn. Wann een am Krankeschäin ass an de Kontrakt leeft of, dann huet ee just weider Recht op Krankegeld, wann ee virdrun iwwer sechs Méint affiliéiert war. Dozou muss ee wëssen, dass dat bis uganks den 90er Jore souwisou vill méi restriktiv gehandhaabt ginn ass. An der Praxis war et esou, dass den Assuré esou laang Krankegeld kritt huet, wéi säi Kontrakt gelaf ass. Dës Regelung ass wéi gesot uganks den 90er Jore verschwonnen, éischter ongewollt an ouni dass dës Ännerung iwwerhaapt thematiséiert gi wier. Et mécht also Sënn, dës Situatioun a geregelt Bunnen ze bréngen, och wann nach eng Rei vu Froen opstoe bleiwen.

Här President, ech kéim zu menge Konklusiounen. Dëst Gesetz kann an dierf een als concertéiert Aktioun bezeechnen, an et sollt een net nëmmen am Kontext vun dësem Gesetz iwwert den Equiliber vun de Krankekeese schwätzen oder driwwer wéi een eng Contributioun mécht fir déi schwaarz Schof aus eisem Gesondheetswiesen erauszefilteren. Et sollt ee virun allem doriwwer schwätzen, dass et engem muss gelénge fir jiddfereen, deen an engem Krankheetsfall ass, egal a wéi engem, besser ze guidéieren an e besser ze begleeden, an dass et virun allem muss drëm goe fir den héije Leeschtungsstandard, dee mir hei zu Lëtzebuerg an eisem Gesondheetswiesen hunn, ze erhalen.

Et ass dofir wichteg ze soen och am Zesummenhang mat dësem Gesetz, dass dëst zwar eng concertéiert Aktioun ass, awer keng staatlech Aktioun dierf sinn, well weiderhin d'Bereetschaft muss bleiwen zum Dialog fir, falls dat noutwendeg ass, och kënnen Nobesserungen ze maachen, falls se sech an der Praxis als punktuell noutwendeg erweisen.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus, Här President, géing ech zum Ofschloss vun dëser Presentatioun lech eng Motioun iwwerreechen, déi d'Ënnerschrëft vum Här Castegnaro, vum Här Kaes, vum Här Spautz, vum Här Huss, vum Här Wagner a vu mir selwer dréit a wou et mat all deene bekannte Prémissen, déi ech net hei nach eng Kéier wëll virdroen, haaptsächlech drëm geet - an ech liesen da vir -: «invite le Gouvernement à assurer la mise en vigueur simultanée des projets de loi 5322 et 5334», dat ass dee vun der Incapacité de travail, «vu leur interdépendance évidente, et afin d'éviter autant que faire se peut l'apparition d'éventuels cas de rigueur occasionnés par l'application du premier de ces textes».

Zweetens, «à établir un bilan sur les dispositions contenues dans les deux lois au plus tard 2 années après leur mise en vigueur et de procéder, le cas échéant, à des adaptations visant à éliminer d'éventuels cas de rigueur».

An drëttens, «à étudier les possibilités d'une amélioration de l'affiliation des travailleurs intérimaires qui travaillent régulièrement sur le territoire luxembourgeois, le cas échéant à travers des modifications législatives».

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi 5322 modifiant 1. le Code des assurances sociales; 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail prend racine dans les débats menés au sein du Comité de coordination tripartite, de la quadripartite et de l'assemblée générale de l'UCM;

- considérant que le projet de loi fait partie d'une action concertée des partenaires sociaux afin d'aboutir à un équilibre durable du budget des caisses de maladie;

- considérant que le projet de loi en question tend vers une meilleure guidance de l'assuré en l'orientant rapidement vers le système de prise en charge approprié;

- constatant que l'harmonisation du régime de l'indemnité pécuniaire payée en matière d'assurance accident avec celui de l'assurance maladie procure plusieurs avantages à l'assuré, à savoir un revenu de remplacement calculé sur base du revenu professionnel éventuellement plus élevé au moment de la nouvelle incapacité de travail que celui réalisé avant l'accident, l'affiliation à l'assurance maladie et le paiement de cotisations à l'assurance pension;

- constatant que les dispositions contenues dans le projet de loi n'ont pas d'effet rétroactif et que la limitation de la durée maximale d'indemnisation au titre de l'assurance maladie à 52 semaines au cours d'une période de référence de 104 semaines, prévue à l'article 1er du projet de loi 5322, sortira ses effets au plus tôt une année après la mise en vigueur de la loi;

- considérant par ailleurs que le projet de loi 5334 modifiant plusieurs textes législatifs vise lui aussi la détermination plus rapide du système de prise en charge approprié en cas d'incapacité de travail et dans le cadre de la réinsertion professionnelle, et est donc étroitement lié au projet de loi 5322;

invite le Gouvernement

- à assurer la mise en vigueur simultanée des projets de loi 5322 et 5334, vu leur interdépendance évidente, et afin d'éviter autant que faire se peut l'apparition d'éventuels cas de rigueur occasionnés par l'application du premier de ces textes;

- à établir un bilan sur les dispositions contenues dans les deux lois au plus tard 2 années après leur mise en vigueur et de procéder, le cas échéant, à des adaptations visant à éliminer d'éventuels cas de rigueur;

- à étudier les possibilités d'une amélioration de l'affiliation des travailleurs intérimaires qui travaillent régulièrement sur le territoire luxembourgeois, le cas échéant à travers des modifications législatives.

(s) Lydia Mutsch, John Castegnaro, Jean Huss, Ali Kaes, Marc Spautz, Carlo Wagner.

Wann ech gelift, Här President. Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President!

M. le Président.- Den Här Castegnaro freet d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Ech wollt just eng Bemierkung maachen. De Rapporteur huet dat gesot wat huet misse gesot ginn, just am Ufank eng Ausso gemaach, déi ech net kann a wëll am Raum stoe loossen, nämlech déi, dass sech an der Tripartite gëeenegt gi wier iwwert dat wat dann elo d'Basis vun deem Gesetz ass, respektiv vu munch aneren.

Ech wëll dozou just klipp a kloer soen, dass sech an der Tripartite iwwerhaapt net gëeenegt ginn ass. Et ass sech gëeenegt ginn an der Tripartite am Hierscht 2003 iwwert den Transfert vun 130 Milliounen an d'Krankekeesen aus de Pensiounskeese wéinst dem Invaliditéitsproblem. All déi aner Piste sinn undiskutéiert ginn, mat enger Prioritéit fir den Abusën d'Handwierk ze leeën, woubäi mengen ech jiddfereen d'accord ass.

Mä et ass och diskutéiert ginn, dass keng Dereguléierungen dierften entstoen, an déi Diskussioune sollten am Fréijoer weidergefouert ginn, wat awer net de Fall war, an duerfir gëtt et jo och keen Avis vum Comité de coordination tripartite. Den Avis heescht net méi an net manner wéi e Rapport, en Ofschlussrapport mat de Konklusiounen. Dat gëtt et net, an duerfir kann ee sech net op eng Tripartite beruffen, déi net zu Décisiounen, respektiv zu Konklusiounen oder Virschléi komm ass.

Dat Ganzt fënnt elo eng Léisung an där Motioun, déi d'Madame Lydia Mutsch proposéiert huet, déi och d'Matière entschäerft, well soss eng Rei Leit, ënner anerem ech, Problemer gehat hätte fir dat Gesetz do ze stëmmen, an ech gi vun deem Engagement, deem fermen Engagement aus, dass Nobesserungen, déi sech aus der praktescher Uwendung erginn, och da musse virgeholl ginn.

Ech wollt dat einfach soen, fir dass mer am Verlaf vun der Diskussioun net op eng Kéier eis ëmmer op eng Tripartite-Décisioun bezéien, déi et guer net gëtt.

Merci.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Här President, ech hunn zwar gehouscht, mä ech weess awer nach wat ech gesot hunn.

M. le Président.- D'Rapportrice huet ëmmer d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Ech weess awer nach wat ech gesot hunn. Ech hu ledeglech de Statsminister zitéiert. Ech hunn och deen Text hei leien, dee sech op déi doten Tripartite beruff huet, fir déi fënnef Mesuren, déi sech sengen Aussoen no aus deenen Tripartite-Verhandlungen erginn hunn, no vir ze bréngen. Ech war selwer net bei där Tripartite derbäi, mä ech kann awer déi Wierder vum Statsminister hei zréckginn.

M. le Président.- Mir géifen dann zur Diskussioun vum Projet de loi iwwergoen an als éischt Diskussiounsriednerin huet d'Madame Stein d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Häre, am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech der Madame Lydia Mutsch Merci soe fir hiren ausféierleche Bericht iwwert dëse Gesetzesprojet.

Wéi d'Rapportrice schonn duergestallt huet, soll dëse Projet de loi e legislative Kader fir déi Mesuren duerstellen, déi am Kader vun der Tripartite vun 2003 beschloss goufen. Dofir ass et vläicht wichteg d'Finanzparametere vun deemools nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen. D'Prestations en espèces, also d'Krankegeld, ass am Laf vun de Joren terribel an d'Luucht gaangen, esou datt besonnesch am Aarbechterregime, wou jo d'Krankegeld vum éischten Dag u vun de Keesen iwwerholl gëtt, et zu enger excessiver Steigerung komm ass.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech bieden lech der Madame Stein nozelauschteren.

(Interruption)

Ech bieden lech roueg ze sinn, datt d'Madame Stein a Rou schwätze kann, Här Grethen.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Merci.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, Dir sidd sensibel de Mëtteg.

(Interruptions)

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Jiddefalls ass et zu enger Steigerung vun der Belaaschtung duerch d'Krankegelder op d'Keese komm, an dat ware 16,8% am Joer 2002, dem Referenzjoer fir d'Tripartite 2003. Awer och déi aner Ausgabeposte vun der Krankekeess hunn deemools grouss Progressiounen opzeweise gehat, nämlech d'Spidolskäschte plus 5% am Joer 2002 a plus 9,3% am Joer 2003; d'Dokteschkäschte plus 10,3% 2002 a plus 8% 2003; Medikamenter plus 9,7% 2002 a plus 9,4% 2003.

Wat elo d'Prestation en espèces ubelaangt, ass probéiert ginn den Ursaachen op de Grond ze goen an et sinn haaptsächlech zwee Facteuren erausgestrach ginn. Den éischte si schlecht Gewunnechte vu verschiddene Patienten a Mëssbrauch duerch Patienten an awer och Doktere vun der Institutioun Krankeschäin. Wéi ech nach am Beruff méi täteg war, huet een ëmmer Zoustänn kritt, wann een erzielt huet, de Patron hätt gesot hie misst e Krankeschäin huelen. Éischtens ass et net um Patron dat

ze soen an zweetens hëlt ee kee Krankeschäin, mä et kritt een een, wann een e braucht. Zweetens…

(Hilarité)

…, en anere Facteur wier en Zouhuele vu Laangzäitkrankheetsfäll, wat op d'mannst zum Deel doduerch bedéngt war, dass d'Invaliditéite méi restriktiv gesprach gi sinn.

Dëst waren also d'Erausfuerderungen; a méi strukturell Moossnamen, déi sech zu engem Deel an dësem Projet erëmfannen, ware geduecht fir méi laangfristeg d'Keesen ze sanéieren.

Zu engem aneren Deel - an dat wëllt ech als ee vun deene wichtege Punkte vu menger Interventioun ervirhiewen -, fanne sech dës Moossnamen an engem anere Gesetzesprojet, dee scho vun der Madame Mutsch ugeschwat ginn ass, nämlech dem Projet Numero 5334 iwwert d'Incapacité de travail an déi berufflech Réinsertioun, erëm. Souwuel an onser Kommissioun wéi och a menger Fraktioun ass festgehale ginn, dass dës zwee Gesetzesprojeten e Ganzt sinn; si sollten zesumme betruecht ginn a si sollten och parallell a Kraaft trieden.

Déi Mesuren nämlech, déi hei am 5322 Veränneren am Krankeschäinsgesetz no sech zéien, hu klorerweis och Konsequenzen op déi Prozeduren, déi dorobberhin zum Exame vum Krankheetsfall an domat eben op eng Mise en invalidité respektiv e Reklassement duerch d'Commission mixte erauslafen. Ouni fonctionnéierend Mechanismen, déi duerch deen anere Projet wäerten aktivéiert ginn, féiert dëst Gesetz an eng Sakgaass.

D'Zouso an der Kommissioun vum Minister Di Bartolomeo, dëst zweet Gesetz an allernächster Zäit fäerdeg ze stellen, kritt ëmsou méi Poids, wann ee weess, dass schonns elo dës Prozeduren am Alldag wäitgehend ugewant ginn, an ech kann dat aus menger berufflecher Praxis bestätegen.

D'Philosophie vun dësem Gesetz ass et sécher net fir um Réck vun der grousser Majoritéit vun den Assuréé Geld ze spueren, wat jo och onsënneg wier, well dës Assuréé mat hire Beiträg schliesslech hir Krankekeese finanzéieren a si domat ganz kloer och en Intérêt hunn den Defizit a Moossen ze halen an och d'Abusën ze sanktionéieren.

D'Gesetz wäert et den Organisme vun onser Sécurité sociale erméiglechen, jiddferengem säi Krankeschäinskreditt, säi Krankendeegkreditt besser ze géréieren. Si kënne méi schnell agräifen, wann e länger dauernde Verlaf ka gefaart ginn, an de Patient weider orientéieren an déi Prozedur, déi fir hien am beschte gëeegent schéngt. Si kënnen de Patient och erëm schaffe schécken, wa keng Krankheet méi virläit.

An dësem Zesummenhank wéilt ech en anere wichtege Punkt ervirsträichen. Bis elo war et wuel den Employés privés grad wéi de Leit am Aarbechterregime virgeschriwwen, an zwar duerch d'Statute vun der Union des Caisses de Maladie, hir Krankeschäiner an den Délaien eranzeginn. Dëst huet sech awer an der Praxis net zréckgeschloen, well bei den Employés privés de Patron d'Krankegeld den éischten ugefaangene Mount plus nach eng Kéier dräi Méint bezuelt huet. Dat huet dozou gefouert, dass d'Informatiounen, déi de Contrôle médical brauch fir seng Aarbecht ze maachen, ganz einfach net virlouchen. Am Artikel 11 vum Code des Assurances sociales gëtt also elo dës Obligatioun festgehalen. Et gëtt awer an dëser definitiver Versioun op déi virgeschloe Sanktioune verzicht, déi vun enger Rei Beruffskummeren negativ aviséiert gi waren.

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Dat deet awer dem obligatoresche Charakter vun der Deklaratioun keen Ofbroch, well am Droit commun vum Code des assurances sociales an dësem Fall eng Amende d'ordre virgesinn ass, an zwar fir de Patron a fir den Employé. En neie Moment an dësem Projet ass, dass um Enn vun zéng Wochen de Krankecongé an enger Referenzperiod vun 20 Woche muss en R4-Rapport mat engem Avis motivé vum Dokter…

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

M. le Président.- Madame Stein, ech mengen, et ass Ären Handy. Dir misst e ganz ausmaachen, sou wéi d'Kolleegen och. Et ass eng äusserst sensibel Technik hei.

(Interruptions et hilarité)

Dir musst ee fannen, deen en ausmécht.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Entschëllegt, Här President. Vläicht ass hei een, dee weess wéi en ausgeet.

Also, en neie Moment an dësem Projet ass deen, dass um Enn vun zéng Woche Krankecongé an enger Referenzperiod vun 20 Woche muss en R4-Rapport mat engem Avis motivé vum Dokter um Contrôle médical ukommen. Dës Rapportë ware bis elo nëmmen am Kader vun Aarbechtsaccidenter üblech. D'Obligatioun ass eng weider positiv Moossnam vum Gesetz a läit kloer och am Intérêt vum Kranken. De Kontrolldokter kann nämlech eréischt un Hand vum Dossier vu sengem behandelnde Kolleeg wäitgehend virausgesinn, welch weidere Verlaf d'Pathologie wäert huelen, ob ee sech kann op eng Heelung astellen an et sech erlabe kann, nach e bëssen ofzewaarden, oder ob awer souwisou eng Invaliditéitsprozedur virauszegesinn ass. An dësem Fall kann dem Patient säin Dossier direkt virugeleet ginn un den Aarbechtsdokter an eventuell un d'Commission mixte, wann den Assuré viraussiichtlech net wäert amstand si seng lescht Aarbechtsplaz erëm ze integréieren.

Schliesslech kënnen op dës Aart a Weis schonn zu dësem Zäitpunkt abusiv Krankschreiwunge festgestallt ginn a Konsequenze gezu ginn. Dësem R4-Rapport gëtt eng ganz grouss Wichtegkeet zougestanen an deen Assuré, dee sech net un dës Obligatioun hält, kann d'Krankegeld verléieren.

Ech kommen elo zu deene méi ëmstriddene Punkte vum Gesetz. Wat d'Incapacité de travail ubelaangt, esou sinn an Zukunft d'Krankeschäiner aus enger Krankheet oder engem privaten Accident mat de Krankheetsperioden aus engem Aarbechtsaccident gläichgestallt. De Versécherte gëtt iwwert d'Indemnité pécuniaire de maladie während maximal 52 Wochen indemniséiert, an dat gerechent op eng Referenzperiod vun 104 Wochen. Bis elo war et esou, dass jidder Ënnerbriechung vun engem Krankheetscongé de Computer erëm op Null gesat huet.

52 Wochen, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass ee Joer. Et war mer dofir en Uleies ze hannerfroen, wéi vill esou Fäll vu prolongéiertem Congé et iwwerhaapt gëtt. Et ass schwéier zouverlässeg Zuelen ze bréngen, awer d'Äntwerte vun deene kompetente Plaze sinn inhaltlech kloer. Et gëtt der net vill. Et gëtt zwou Zorten. E puer hunn effektiv d'Délaië verpasst fir an eng aner Prozedur ze kommen. Mä betraff sinn haaptsächlech déi Leit, déi permanent zwëschen Onfall- a Krankeregime hin an hier pendelen, mat mol kuerzen, mol mat laange Krankenzäiten an ëmmer erëm neie Krankheetsfäll an engem heefege Wiessel vum verschreiwenden Dokter.

Abee, ech mengen, hei gëtt et erëm zwou Méiglechkeeten. Hei läit entweder en Abus vir an déi solle jo schliesslech ënnerbonne ginn, oder awer dëse Patient brauch Hëllef, an déi kann hien am beschten iwwer eng Ënnersichung vu sengem Fall kréien, déi eng professionell Reorientéierung erlaabt, an net iwwer eng endlos Verlängerung vun de Krankeperioden.

Ech ka mer awer och zum Beispill virstellen, dass ee Kriibskranken - d'Madame Mutsch huet dat nämlecht Beispill gebraucht -, deen ëmmer erëm chirurgesch Behandlungen, Bestrahlungen oder Chemotherapië kritt, kéint iwwert déi 52 Wochen erauskommen. Hei huet de Contrôle médical dann nach d'Méiglechkeet iwwer eng Invalidité temporaire Perioden opzefänken, oder awer iwwer e Reclassement interne oder externe eng Diminutioun vun der Aarbechtszäit mat enger Indemnité compensatoire duerch d'Commission mixte ze spriechen, wat esou engem Kranke wahrscheinlech géif entgéintkommen.

Wann dëst Gesetz den 1. Mee 2005 a Kraaft trëtt, dann hätte mer theoretesch déi éischt Betraffen den 1. Mee 2006. Dat sinn déi, déi theoretesch vum 1. Mee 2005 un déi ganzen Zäit krankgeschriwwe wiere bis dat Joer drop. Mä a vollem Ausmooss dréit et eréischt de leschten Abrëll 2007, wann den éischten Délai vun 104 Wochen ofgelaf ass. Bis dohi wäert et sécher méiglech sinn ze kucken, ob et duerch dës Moossnam wierklech Härtefäll gëtt, déi ouni eegent Verscholden an ouni abusiv Krankschreiwungen an dëse Fall kommen an hir Aarbecht verléieren. Sollt dat de Fall sinn, da gi mer eis heimadder bal zwee Joer fir Géigemesuren ze huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt awer och e Bléck werfen op d'Kritike vun de Beruffskummeren iwwert d'Ongerechtegkeet vum Cumul vun de Krankheetsperioden an eemol ënnersichen, wat d'Konsequenze vu laange Krankheetsperiode bis elo waren.

En Affer vun engem Accident de travail huet eng Assurance maladie continuée, déi dräi Méint viruleeft an duerno nach eng Kéier héchstens sechs Méint ka verlängert ginn. Dat ass den Zoustand wéi en elo ass. An deene meeschte Fäll huet hien no sechs Méint keng Krankekeess méi. Hie gëtt dann ugeschriwwe fir eng Invaliderent unzefroen. Dës provisoresch Rent ass him quasi automatesch zougesprach ginn, an domat erläscht gradsou automatesch säin Aarbechtsvertrag. Et war also och elo schonn dem Ermiesse vum Patron iwwerlooss, ob hien dësen Employé oder Aarbechter duerno erëm ustellt. Ähnleches gëllt fir de Krankheetsfall. No sechs Méint kann e Patron engem Kranken, ouni weider Ursaachen unzeginn, kënnegen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir verlängeren also duerch dëst Gesetz d'Schutzfrist fir déi Krank vu 26 op 52 Wochen. An Dir zweifelt jo net drun, dass ech och dëst wëll als eng Verbesserung vun der Situatioun vum Kranken duerstellen.

Ech wäert elo nach ganz kuerz op de finanzielle Volet agoen. Wat d'Krankeschäiner no engem Onfall ubelaangt, sou sinn elo dës Perioden net duerch eng Indemnité pécuniaire bezuelt, déi Indemnitéit, déi dës Patiente kréien, heescht „rente plénière", soulaang bis eben dann eng „rente d'invalidité" antrëtt. Or, a verschiddene Fäll huet dësen Ëmstand negativ Konsequenzen op d'Héicht vun der Indemnitéit gehat. Och dës Patiente kréien elo während 52 Wochen eng Indémnité pécuniaire de maladie, déi eben a verschiddene Fäll ka méi héich sinn, an déi zweetens bëinhalt, dass d'Cotisatioune virun an d'Krankekeess, an d'Pensiounskeess an an d'Fleegeversécherung bezuelt ginn. Mir hunn also hei net nëmmen eng administrativ Vereinfachung an eng Harmoniséierung vun de Prozeduren, mä och eng finanziell Plus-value fir den Assuré.

Eng däitlech Verschlechterung vum Statut brëngt dëse Gesetzesprojet nëmme fir d'Intérimairen, respektiv fir déi Leit, déi ënnert dem Regime vun engem Contrat à durée déterminée schaffen. Bis elo konnte si, och wa se nëmmen e puer Deeg geschafft haten, en Usproch op 52 Woche Krankecongé erhiewen. Dat fält duerch dëst Gesetz ewech. D'Recht op Krankegeld erläscht dann, wann och den Aarbechtskontrakt eriwwer wier, respektiv gëtt eréischt da generéiert wann ee sechs Méint virdrun, ënnerbrach vun héchstens enger Woch Stageperiod, opzeweisen huet.

D'Privatbeamtekummer schreift heizou: «Effectivement, en pénalisant les bénéficiaires notamment de contrats d'intérim par la stipulation d'une condition de stage d'affiliation obligatoire à la sécurité sociale correspondant à six mois, le législateur risque d'accroître la précarité d'emploi de ces personnes et de leur enlever le bénéfice d'une réelle assurance en cas de maladie ou d'accident. La Chambre des Employés privés propose une relance de la discussion générale au niveau de la législation sur l'emploi intermédiaire.»

Ech wëll just drun erënneren, dass dës Diskussioun, déi an der Tripartite gefouert ginn ass, dorobber berout huet, dass besonnesch am Interimsberäich d'Abusë massiv ëm sech gegraff hunn, an an der Kommissioun ass an dësem Zesummenhang och iwwer eng méi efficace Kontroll vun den Assuréë geschwat ginn.

Ech sinn awer trotzdeem der Meenung, dass een net eng ganz Kategorie Leit sollt fir e puer Béiser strofen, an dass d'Propositioun, eng weidergehend Iwwerleeung zu der Précaritéit vun dëser Zort vun Aarbechtsvertrag ze féieren, sollt mat virugeholl ginn.

Dëst Gesetz huet also no der Meenung vun der CSV-Fraktioun wäitgehend positiv Auswierkungen. Ënnert deene Reserven, déi elo schonns formuléiert gi sinn an déi sech och an der Motioun vun der Madame Mutsch erëmfannen, notamment, dass de Gesetzesprojet N° 5334 iwwert d'Aarbechtsonfäegkeet an d'berufflech Erëmaglidderung sollt parallell a Kraaft trieden, dass spéitstens no zwee Joer eng Analys muss virleien, ob net awer verschidden Härtefall duerch d'Masche vun dëser Prozedur rutschen, a schliesslech, datt eng fundamental Iwwerleeung iwwert d'Précaritéit vun den Interimsverträg sollt gefouert ginn, wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Als zweete Riedner ass den Här Wagner ageschriwwen.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Selbstverständlech wéilt ech och der honorabler Madame Mutsch, der Rapportrice, Merci soe fir dee schréftlechen a mëndleche Rapport, an ech wéilt besonnesch awer och hei hir Combativitéit ervirsträichen. Op alle Fall, wann ee sech esou schlëmm verschléckt an et kënnt een awer bis zum Schluss, Madame Mutsch, da muss ech soen ass dat en Témoignage fir d'Wëllenskraaft an d'Ausdauer, an och den Asaz géif ech soe vun eisen Dammen, wat mir Männer ganz, ganz oft ze vill d'Tendenz hu fir erofzesetzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Loosst lech net duerchernee maachen, Här Wagner.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här Castegnaro, et si Männer, déi méi sensibel sinn op d'Stäerkte vun eisen Dammen, gesitt Der emol.

(Interruptions et hilarité)

Ech huelen Iech mat an de Club eran, ok.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, fënnt seng Origine selbstverständlech an deem, ech géif bal soe risegen an effrayanten Defizit, dee mer bei de Krankegelder, dat heescht bei de Prestation-en-espècen am Laf vun de Joren accumuléiert hunn an dee sech am Joer 2004 op bal 80 Milliounen accumuléiert huet.

Et sinn deemools zwou Mesurë geholl ginn, eng ass scho liicht ernimmt ginn d'éinescht, dat ass déi, wou mer eng Hitparad rausschreiwe gelooss hu vun deene Prestataren, déi déi meeschte Certificate géifen hei am Land schreiwen, wou mer iwwregens drop komm sinn, dass do de Porte-drapeau bei 3.800 Certificate pro Joer louch. Wéi gesot, wéi mer d'Hitparad vun deenen zéng erausbruecht hunn, si mer scho sensiblement weiderkomm, a wann ech dem Här Minister, dem jëtzegen Här Minister Di Bartolomeo seng Aussoen huelen, esou sinn d'Krankeschäiner ëm ongeféier 10% duerch déi Mesure erofgaang.

Dat war also eng éischt Mesure. Déi zweet Mesure, déi gemaach ginn ass, dat war eng Étude globale vun der UCM iwwer effectivement den État vun deene verschiddene Betriber, wéi déi verschidde Betriber justement an der Hitparad vun de Krankeschäiner nees eng Kéier géife stoen. Mir sinn do op ganz erstaunlech Resultater komm, an deem Mooss dass déi meescht vun eis sech erwaart haten, vu dass et eng Etüd war ronderëm sämtlech Secteur-économiquen hei zu Lëtzebuerg, dass een haaptsächlech an deene Betriber, wou d'Leit an d'Aarbechter méi der Witterung dobaussen exposéiert wären, dee gréissten Taux d'absentéisme hätt.

Mir waren awer ganz paff doriwwer wéi mer festgestallt hunn, dass en fait a sämtleche Secteure sech eng Zitatioun widdergespigelt huet, oder erausfonnt huet, déi bewisen huet, dass et an all Secteur économique Entreprisë gi sinn, wou den Taux d'absentéisme méi déif war, an deemselwechte Secteur awer och heiansdo effrayant héich war. Wourobber d'Konklusioun gezu ginn ass, dass dat wahrscheinlech ganz vill mat der Culture d'entreprise ze dinn hätt.

Et ass souguer ee Moment hei geschwat ginn, ob een net misst dee Moment am Numm vun der Gerechtegkeet a fir déi Abusën ze évitéieren e System vu Bonus/Malus fir déi verschidden Entreprisen aféieren, wou awer finalement gesot ginn ass, dass dat net ganz gerecht wier, vu dass och an enger Entreprise beispillsweis, wou den Absentéisme héich wär, dann awer déi Leit, déi keng Abusë gemaach hätten, mat bestrooft gi wären.

Et si finalement am Kader vun der Tripartite verschidde Mesuren zréckbehale ginn, dräi Mesuren, déi haut an deem Projet de loi sinn, nämlech déi vun dem Avis circonstancier, spéitstens während der zéngter Woch; zweetens, nëmmen ausbezuele vun 52 Wochen an enger Referenzzäit vun 104 Wochen; dréttens, dass mer déi sou genannte Périodes de stage vu sechs Méint agefouert hu wat d'Interimsaarbecht ubelaangt, well mer justement an där Etüd erausfonnt haten, dass bei den Interimen awer ontoleréierbar Abusë wären.

Et ass d'éinescht diskutéiert ginn: War dat fest zréckbehale ginn oder war dat net fest zréckbehale ginn? Ech hunn dem Här Castegnaro selbstverständlech ganz attentivement nogelauschtert. Ech muss soen, ech rangéiere mech un d'Ausso vum Premierminister vun

éinescht, esou wéi och d'Rapportrice, d'Madame Mutsch, dat fidèlement erëmginn huet, mä ech mengen et géif ze wäit féiere fir haut een Débat ze féieren, ob deen ee Recht hat oder ob deen anere Recht hat; dat géif eis op alle Fall an der Bekämpfung vun den Abusën net weiderbréngen. Dofir, mengen ech, solle mer kucke fir positiv an d'Zukunft…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här Wagner, wann ech gelift, de Statsminister nennt dat esou, dass et verschiddenaartegt Erënnerungsverméige géing ginn. Dat, wat um Pabeier festgehale ginn ass, ass dat wat gëllt.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Castegnaro, wann Dir eng Fro wëllt stellen, da frot d'Wuert, da stellt Der eng Fro un de Rapporteur. Et ass eng Fro vu Chambersreglement. Merci.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Jo, Här Castegnaro, ech äntwerten lech och direkt, mä deen hannert mir, dee steet iwwert mir, verstitt Der?

(Hilarité)

Duerfir kann ech net direkt äntwerten.

Ech wëll, wéi gesot, net op déi Spekulatiounen hei agoen. Et ass iwwregens awer och, an dat wëll ech soen, am Kader vun der Tripartite vum November 2004 eng weider Mesure zréckbehale ginn, an dat ass déi vum Opstelle vu Profiler, souwuel fir d'Assuréé wéi och fir d'Prestataire, wat natierlech mat sech brëngt, dass ee muss e groussen Débat féieren iwwert den Utile et nécessaire, an ech mengen de Minister kënnt mer confirméieren, dass op alle Fall schonn d'AMMD zënter bal engem Joer, géif ech soen, un deem ganz schwéieren Exercice aktiv ass. Mä ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass mer geschwë wäerten doranner Resultater kréien.

D'éinescht sinn hei vun deene verschiddene Leit, déi viru mir op dëser Tribün waren, déi verschidden Avisen ugeschwat ginn. Déi vun de Chambres patronales ware positiv, dee vun der Chambre des Fonctionnaires war am Ufank liicht nuancéiert, mä ech géif mengen, nodeem dass déi Dispositioun vun den 10% op der Indemnité pécuniaire amendéiert war, konnt si sech och un dat heite Gesetzralliéieren.

Eng gréisser Oppositioun ass komm vun der Chambre des Employés privés a vun der Chambre de Travail, woubäi ech awer muss soen, dass a mengen Aen trotzdeem hir Ängschten net justifiéiert sinn an dass en fait déi Opreegung menger Meenung no e bëssel-chen, emol net disproportionéiert, mä souguer net berechtegt ass. Firwat?

Éischtens emol, ech menge bei deem Gesetz hei geet et net drëm fir d'Leit ze bestrofen, et geet just drëm fir Abusën ze évitéieren. An et ass d'éinescht hei och schonn ugeklongen, dat wat mer de Moment am Code des assurances sociales stoen hunn, dat erlaabt jiddferengem beispillsweis 52 Woche fir déiselwecht Krankheet krank ze sinn, an där Fäll hate mer hei. Entdeckt e kuerz virdrun oder no deenen 52 Wochen nees eng aner schwéier Krankheet, da kann en nees 52 Woche krank sinn, an esou à l'infini.

Eng zweet Schwieregkeet huet doranner bestanen, dass deen, dee méintelaang gefeelt huet, nëmmen huet bräichten een Dag schaffen ze goen, dee Moment ass nees eng Kéier säin Délai vun deenen 52 Woche komplett nei ugaangen, esou dass ech op alle Fall mengen, dass alleguerten déi Leit, déi averstane si fir d'Abusën ze évitéieren, bal missten averstane si mat der Mesure vun 52 Wochen an der Referenzzäit vun 104 Wochen, et sief da si mengen déi Abusë bräichten net ofgeschaf ze ginn oder et sief dass se aner valabel Alternative géifen duerstellen, wat ech awer bis elo nach net héieren hunn.

Ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass déi heite Mesure beispillsweis vun 52 Wochen a vun der Referenzzäit vun 104 Wochen absolut net contraire ass zum Aarbechtsrecht, well à ma connaissance sinn Abusë bis elo nach net Partie intégrante vum Aarbechtsrecht. Nach eng Kéier, et geet nëmmen drëm fir déi Abusën efficacement ze bekämpfen.

Déi drëtt Saach ass awer och déi, dass dat heite Gesetz jo en fait eréischt een Effet huet, dat heescht en vigueur trëtt, allerfréistens no engem Joer. Ech mengen, an dat ass d'éinescht och schonn ugeklongen, dass et dofir awer extrêmement wichteg ass, dass een d'Effete vun deem Gesetz hei ganz genau suivéiert, a sollte sech Cas de rigueur erausstellen, da mengen ech hunn op alle Fall alleguerten déi Fraktiounen, déi d'Motioun ënnerschriwwen hunn, sech dozou engagéiert, dass mer dann allerschnellstens géife kucke fir esou Cas-mineuren, mä déi awer kënne grouss Konsequenzen effectivement fir déi betraffen Assuréen hunn, dee Moment ze behiewen.

Véiertens wollt ech awer och nach soen, dass een onbedéngt dat heite Gesetz muss gesinn de concert an am Kader mat dem Projet de loi 5334 iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle, wou jo virgesinn ass, dass mer eng Adaptatioun vum Gesetz vum 25. Juli 2002 wëllen ënnerhuelen. Och do hat ech déi Zäit als Minister schonn ee Projet de loi virgestallt. De jëtzege Minister, den Här Di Bartolomeo, huet dee Projet de loi iwwerholl, hie seet hie géif se nach iwwerdenken, wahrscheinlech am Dialog mat deene verschiddene Partenaires sociaux, mä en huet sech engagéiert, esou wéi dat och aus dem Rapport ervirgeet, dass mer géife versichen dat méiglechst schnell an den éischte Méint op déi néideg Instanzeweeër ze bréngen, esou dass een op alle Fall ka soen, dass déi heiten zwee Projets de loi, och wa se net sollte matenee gestëmmt ginn, mä dass op alle Fall hir Applicatioun de concert matenee geet.

Dir Dammen an Dir Hären, alles an allem sinn ech dovunner fest iwwerzeegt, dass dat heiten ee Projet de loi ass, wou Leit, déi Abusë wëllen ofschafen, onbedéngt mussen dofir sinn. Mir mussen d'ailleurs och un alleguerten déi Leit denken, déi op der Aarbecht sinn a keng Abusë maachen, well gleeft mer eent, et ass net flott fir déi Leit, déi an enger Equipe, engem Service oder an engem Departement schaffen, wou där Leit, déi der Minoritéit ugehéieren, mä trotzdeem, déi Abusë maachen, wëssend dass déi Leit, déi effectivement hir Aarbecht gutt ausriichten, dee Moment musse fir déi matschaffen, wat ech net flott a souguer och ongerecht fannen.

Ech mengen also, dass dat Gesetz hei net nëmme seng Daseinsberechtegung huet, mä dass et ee ganz utilet Gesetz ass, an dass et sech imposéiert am Kader vun der Bekämpfung vum Defizit vun de Krankekeesen, vun deem effroyablen Defizit vun de Krankegelder. Ech mengen also, dass mer heimadder um richtege Wee sinn, an ënner Reserv vun deenen Observatiounen, déi ech gemaach hunn, däerf ech op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Den nächste Riedner ass den Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt am Numm vun der grénger Fraktioun och just e puer Bemierkungen zu dësem Gesetz hei maachen.

Mir haten an der zoustänneger Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale gesot, dass mer dee Projet hei géifen ënnerstëtzen. Et ass awer esou, dass déi Ënnerstëtzung och haut nach oprechterhale bleift, awer nëmmen doduerch dass gläichzäiteg eng Motioun hei vun de Majoritéitsparteien abruecht ginn ass, déi mer och ënnerschriwwen hunn, an där gesot gëtt, dass gekuckt gëtt e Bilan ze zéien no kuerzer Zäit vun der Ausféierung vun dësem Gesetz an dass gekuckt gëtt, ob et net awer eventuell Cas de rigueur kënne ginn, an dass dann no deem Bilan kéint op déi Cas de rigueur reagéiert ginn, fir eventuell Nobesserungen ze maachen. Also, mir wäerten dëse Projet de loi hei stëmmen.

Ech wéilt och direkt am Ufank awer net nëmmen der Rapportrice, der Madame Mutsch, Merci soe fir hir Ausféierungen, déi se gemaach huet zu dësem Projet, mä och der Madame Stein, déi eng Rei vu wäertvollen Ergänzunge gemaach huet, an och elo dem Här Wagner, well ech fannen, dass duerch déi Interventiounen, déi do vu Majoritéit an Oppositioun gemaach gi sinn, awer méi een zesummenhänkend Bild komm ass vun der Problematik vun där mer hei schwätzen.

A wann an deene vergaangene Woche vun de Beruffschamberen, a mengen Ae berechtegterweis, eng Partie Kritike komm sinn, déi awer, mengen ech, elo dass déi Motioun, déi mer hei wäerte votéieren, Kritiken doduerjer kënnen ofgeschwächt ginn, doduerjer kënnen an d'Rei bruecht ginn. Wann dat esou de Fall ass, da muss een awer soen, dass vun der Démarche hier op jidde Fall een déi Chambres professionnelles ka verstoen, wa se soen hei, mir sinn am Fong net no de klore Regelen, wéi et hätt misse sinn, en temps utile consultéiert ginn a mir hätte misse consultéiert ginn, fir dass mer nach hätten zousätzlech Avisë kënne ginn. Mä ech mengen iwwert déi Motioun, déi mer hei maachen, komme mer awer elo an eng Situatioun, wou deene Bedenken iwwert dat, wat mer parlamentaresch herno hei wäerte beschléissen, awer Rechnung gedroe gëtt.

Et ass och kloer an eisen Aen, dat ass hei schonn e puermol gesot ginn, dass dëse Projet de loi net isoléiert ze gesinn ass, mä nëmmen ze gesinn ass am Kontext vum Projet de loi, wéi den Här Wagner och lo scho gesot huet, vun der Incapacité de travail, deen domadder ganz kloer liéiert ass. Ech hoffen, dass dee Projet de loi och relativ séier kann an eiser Kommissioun diskutéiert ginn, fir dass en hei op den Ordre du jour kënnt.

Ech wëll da vläicht meng Aussoen hei méi zentral op en aneren Aspekt konzentréieren, well et jo kee Wäert huet, dass ech hei widderhuelen, wat d'Madame Mutsch hei am Detail gesot huet, wéi déi gesetzlech Regelungen elo sinn. Ech wëll meng Ausféierungen am Fong konzentréieren op de Begréff, den ëmmer erëm hei zitéiert ginn ass, wann et ëm d'Sanéierung vun de Krankekeese geet, de Begréff vun de sou genannten Abusën.

Dat Éischt, wat ech hei wëll soe bei den Defiziter vun de Krankekeesen, dat ass dass ech der Meenung sinn, dass den Abus sécherlech e Problem, e gewësse Problem och ass. Mä ech betounen awer „och ass". Den Haaptproblem vun de Krankekeesendefiziter läit a mengen Aen net do. Och wann en e wéineg, an engem klengen Ausmooss sécherlech och do läit, mä e läit global gesinn net do.

An eisen Ae läit de Problem vun de Krankekeesen hei am Land, an Däitschland a Frankräich, an der Belsch, an allen europäesche Länner op ganz aneren Niveauen. Déi Niveauen, wou déi Defiziter vun de Krankekeese sech maachen, international an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, dat geet e wéineg an d'Richtung vun deem, wat am Fong den Här Di Bartolomeo a senger Erklärung als neie Gesondheetsminister gesot huet, wou ech total mat him d'accord sinn, dass ee muss kucken endlech ze agéieren op d'Ursaache vun de Krankheeten. A wann ee wëllt agéieren op d'Ursaache vun de Krankheeten, da muss ee soen, datt dat bis elo net gemaach ginn ass, oder héchstens minimal. A wann et gemaach ginn ass, dann ass et méi gemaach ginn um Niveau vun der Prévention secondaire am sou genannten Dépistage - mat deem mer d'accord sinn -, mä net gemaach ginn op der Prévention primaire, bei där et drëm geet d'Ursaache vun den Erkrankungen ze ënnersichen, fir dann drop anzewierken, fir dass et manner Ursaache vu Krankheete gëtt.

Do läit a mengen Aen an alle Sozialsystemer hei an Europa déi Haaptursaach, dass nämlech bis elo d'Medezin an och d'Politik, déi d'Medezin begleet huet, ze vill orientéiert waren nëmmen um reng Reparativen, nëmmen um reng Therapeuteschen, nëmmen um Heele vun der Krankheet a vill ze vill wéineg orientéiert war un den Ursaache vun der Entstehung vu Krankheeten, déi vielfälteg sinn - ganz vielfälteg.

D'Krankheeten entstinn op der Aarbechtsplaz op där enger Säit. Si entstinn doduerjer beispillsweis, dass op der Aarbecht Stresssituatioune sech akkumuléiert hunn an deene leschten zéng Joer, dass d'Leit ëmmer méi ënner Stress sinn, wat dozou féiert, dass se krank ginn. Et sinn nach ëmmer leider chronesch Belaaschtungen op der Aarbechtsplaz mat Chemikalien, déi eng Roll spillen, iwwert déi mer an den nächsten zwee, dräi Méint wahrscheinlech am Kader vu „Reach" mussen hei diskutéieren.

Et sinn nach ëmmer den Tubak an den Alkohol an nach ëmmer d'Drogen. Et sinn nach ëmmer ongesond Liewensweisen, déi dozou féieren, op déi ee muss awierken. An et gëtt also global gesinn eng ganz Rëtsch vun Ursaachen, déi dozou féieren, dass d'Leit krank ginn; a wa Leit krank ginn an eisem Système de payement à l'acte, dann ass et ganz kloer dass dat eng Logik huet, déi dozou féiere muss, dass d'Dépensë vun engem Krankekeesesystem permanent an d'Luucht ginn, a mir stellen dat jo och fest.

Also musse mer awierken engersäits op d'Ursaache vu Krankheeten a mir misste vläicht och diskutéieren iwwert d'Prise en charge vun de Krankheeten, iwwert déi diagnostesch an therapeutesch Prise en charge vu Krankheeten.

(Interruption)

Ech soen dat hei, well et a mengen Aen net egal ass. Dat hei ass e Projet de loi, deen e prezise Punkt erausgräift, mä hei ass awer am Ufank gesot ginn, et geet drëm fir eis Krankekeesen ze entlaaschten, an da musse mer schwätzen iwwert d'Abusën, gell?!! Dat war jo den Ufank. Mä ech soen, et kann een dat net eleng esou gesinn. Dat ass een Aspekt dovun, awer net deen eenzegen. D'Madame Mutsch hat insgesamt iwwert d'Krankekeesendefiziter geschwat, dofir wollt ech och e wéineg dorobber hei agoen, fir ze soen, dass een awer och muss awierken op déi wierklech Ursaache vun den Defiziter vun de Krankekeesen.

Elo zum Projet de loi da selwer an zu den Abusën. Ech soen hei a mengem Numm an och am Numm vun der grénger Fraktioun, dass et fir eis evident ass, dass et Abusë gëtt um Niveau vun de Salariéen. Ech sinn absolut iwwerzeegt, a jiddferee kennt dat och, dass et Fäll vun Abusë gëtt. Ech wëll awer dobäi soen, dass dat net…

(Interruption)

Ech wëll awer net…

Mä da lauschtert, ech schwätze jo virun elo!

Ech wëll awer soen, dass ech der Meenung sinn, dass dat awer kee generaliséierte Phenomeen ass, dass dat e Phenomeen ass, deen et gëtt, mä dass en net majoritär ass; dat sinn eng Partie vu Fäll, déi et gëtt. An da muss een alt kucken drop anzewierken. Dat gëtt jo versicht mat dësem Gesetz ze maachen.

Op där anerer Säit ass jo d'Problematik vum Abus eventuell och um Niveau vum Prestataire de soin, um Niveau vum Dokter, deen en da krankschreift, gell?! Mir hu jo lo just hei nach, mengen ech, vum Här Wagner gesot kritt, wéi vill a wat fir eng Dokteren et gëtt, déi sech eng Freed doraus maachen, méiglechst vill krankzeschreiwen - wahrscheinlech, well se doduerch Clienten halen. Wa se de Clienten entgéintkommen, fir se krank ze schreiwen, dann hu se vill Clienten, gell?! A vill Consultatiounen. Déi gëtt et och.

Ech wëll awer och do net d'Dokteren all insgesamt an d'Pan klaken. Ech mengen, déi meeschten Doktere maachen dat korrekt, mä et gëtt och do déi sou genannte schwaarz Schof. Gutt.

Bon, an da gëtt et drëttens d'Fro vun den Abusën, iwwert déi hei dann awer net geschwat ginn ass an iwwert déi een dann awer och misst schwätzen. An deen Abus, iwwert dee siele geschwat gëtt, ass dee vun der Patronatssäit hier. Dat ass deen Abus, dass et awer heiansdo Aarbechtsbedingungen op der Aarbechtsplaz och hei zu Lëtzebuerg nach gëtt, déi effektiv krank maachen. Sief et duerch psycheschen Drock oder eventuell souguer nach duerch Belaaschtungen, déi et op der Aarbechtsplaz gëtt am Sënn vu chemeschen, chronesche Belaaschtungen, duerch déi Leit krank ginn. Doriwwer schwätzt d'Patronat net gär. An dofir soen ech dat awer hei, an och doriwwer muss geschwat ginn.

Da kënnt e Punkt dobäi, dee fir mech zentral ass. Wie stellt da fest, a wie schreift da krank? Dat si jo d'Dokteren, gell? A wie confirméiert dat duerno? Dat ass jo de Contrôle médical. Dat ass de Contrôle médical! Bon, fir mech wier et da wichteg, dass, wann Dokteren dat do maachen, a wann de Contrôle médical dat confirméiert, dass déi Dokteren dann awer och eng optimal Formatioun hätten, fir iwwerhaapt ze erkennen, ob een e Simulant ass oder ob een tatsächlech duerch Belaaschtungen op der Aarbechtsplaz krank ass.

Dat ass am Moment, Här Minister, leider net de Fall. Am Contrôle médical gëtt et net een eenzegen Dokter, deen eng Formatioun gemaach huet, fir festzestelle beispillsweis, ob en Aarbechter op enger Aarbechtsplaz neurotoxesch Gehirschädegunge matkritt huet oder net - am chronesche Beräich. Dat ass schued an dat misst geännert ginn. Do misste Leit sëtzen, déi och iwwert déi Saachen eng Ahnung hätten, an där Leit sëtzen awer keng do.

Da geschitt et esou, dass beispillsweis Leit do als Simulanten ofgedoe ginn, dass et dann zu de berühmte Cas de rigeur kënnt, wou Leit dann an eng Situatioun kommen, déi dann heiansdo aus enger sozialer Vue gesinn net méi seriö an net méi tenabel ass.

D'Konklusioun vun der ganzer Geschicht ass: Mir missten och drop awierken, dass d'Medeziner a virun allem d'Leit aus dem Contrôle médical eng adequat Formatioun kréien, fir kënnen ze jugéieren, ob eppes, wat en Dokter als krank befonnt huet, ob dat effektiv Simulantentum ass, oder ob et effektiv duerch beispillsweis neurotoxesch Schiedegungen oder duerch psycheschen Drock a sou viru komm

ass. Dat misst nach kommen. Et misst eng besser Weiderbildung do komme vun deenen Dokteren, an da géife mer vläicht an eng wëssenschaftlech méi seriö Approche erakommen, fir déi Saachen do kënnen ze jugéieren.

No dësem Exkurs - deen awer a mengen Aen e wichtegen Exkurs ass, well dat och zu deem Projet gehéiert, zu deem mer dann duerno wäerte kommen iwwert d'Invaliditéit, deen e wichtege Projet ass - schéngt et mer dann awer noutwendeg ze soen hei, wat bei dësem Projet elo erauskënnt.

Wat ënnert dem Stréch erauskënnt an eisen Ae sinn eng Rei Verbesserungen. Et ass virdrun drop higewise ginn, bei der Assurance accident beispillsweis, dass do vun der 13. op déi 52. Woch verlängert gëtt. Et ass fir mech e Fortschrëtt, dass dat och pensionnable ass. Dat ass fir mech e Fortschrëtt. Et ass also net esou, wéi vu Gewerkschaftssäite gefäert gëtt, dass eng reng Ofbaulogik mat dësem Projet verbonnen ass. Dat ass a mengen Aen net de Fall. Wann hei nach Problemer wäerte sinn an iwwreg bleiwen, Cas-de-rigeuren, da solle mer kucken e Bilan dovunner ze maachen, an da solle mer kucken eventuell Adaptatiounen an een, zwee Joer vum Gesetz ze maachen - wa se dann noutwendeg géife ginn. Mä insgesamt gesi mengen ech, dass mer hei e Projet virleien hunn, deen an eng korrekt Richtung geet, an dofir kënne mir als Gréng och dofir stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. D'Wuert huet elo d'Regierung. Ah, entschëllegt, den Här Jaerling huet nach d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Net esou schnell. Dir hat e gewiichtege Mann vergiess.

(Interruption)

Nach net. Merci, Här Minister.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ob dat gradsou gutt ass?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Also ech géif mengen, Här Huss, wat Dir elo hei vun lech ginn hutt, domat hutt Der Är Existenzberechtegung awer uerg a Fro gestallt.

(Hilarité)

Här President, d'Madame Rapportrice huet dat, wat vun der Regierung gewollt ass, ganz gutt hei erëmbruecht, woufir een hir och ka félicitéieren. Dat wëllt awer net heeschen, datt ech mat där onsozialer Ausriichtung vun dësem Rapport, deen d'Philosophie vum Projet erëmspigelt, d'accord sinn.

Dëse Projet, dee mir als ADR, an net nëmme mir, vun der Dagesuerdnung wollte sträichen, huet nëmmen eng Virgeschicht, awer dofir e ganze Koup Hannergedanken an haut och nach e ganzen Eemer voll Kuddelmuddel dobäikritt. Wéi ech an der Kommissioun all dat, wat elo an där Motioun do steet, déi haut op eemol hei opgetaucht ass, ervirbruecht hunn, du sinn ech mer virkomm wéi den Don Quichotte. Dofir kommen ech mer elo mat dëser Motioun hei vir, wann ech déi liesen, wéi wann ech schonn eng ganz Arméi hanneru mer hätt. Ech sinn erstaunt…

(Interruption)

Här Huss, wann ech gelift, dat hei ass eng Motioun vum schlechte Gewëssen, déi Der hei ervirbruecht hutt, well dat hunn ech nach net erlieft, dass hei, wann e Gesetz presentéiert gëtt, dann direkt eng Motioun hannendru kënnt fir dat, wat an deem Gesetz schlecht ass - wat jiddferee weess -, erëm riichtzebéien! Also dat ass eenzeg an Europa! Dat wëll ech lech awer soen. Dat do gëtt et nëmmen hei an dëser Chamber! Voilà.

An déi Motioun hei ass de Beweis, datt dat hei e schlechte Projet ass a wäert bleiwen! An Dir kënnt och mat där Motioun do dat, wat Der elo mat dësem Gesetz verbriecht, wou Der sot, an zwee Joer géift Der dann eventuell – eventuell! - Cas-de-rigueurë riichtbéien; déi Cas-de-rigueuren, déi huelt Der awer net ewech. An déi Leit, déi duerch dat Gesetz hei an déi Cas-de-rigueurë kommen, déi sëtzen am Misère an net Dir!

Här President, déi Virgeschicht ass déi, datt duerch eng Jurisprudenz vun 1996 d'Zougestoe vun enger Invaliditéit méi restriktiv gehandhaabt ginn ass an doduerch manner Invaliderenten ausgestallt goufen. Ech betoune manner Invaliderenten, well d'Zuel vun den Invaliden huet net geännert, déi ass bliwwen. Just datt se vun enger Instanz a vun engem Recours an deen anere gejot gi sinn; de Moment, wou déi Jurisprudenz opgetaucht ass, ass erstaunlech, souguer scho verdächteg.

Nämlech grad an deem Moment wou d'EU eis e béise Fanger gewisen huet, well mer anscheinend eis Matbierger ze vill fréi géifen an d'Pensioun schécken an eis Zuel vun den Invaliderenten hinnen ze héich erschéngt huet. An dat bestätegt och mäi Verdacht, datt, datt manner Invaliderenten zougestane gi sinn, keng medezinesch, mä eng politesch Décisioun war!

Elo gëtt behaapt, datt doduerch, datt manner Invaliderenten ausgestallt ginn, d'Leit sech méi laang krankmellen, an doduerch den Defizit vun de Krankekeese géif steigen. Wat jo awer nëmmen normal ass. De Mënsch, dee vu sengem behandelnden Dokter als aarbechtsonfäeg ugesi gëtt, gëtt dofir net méi gesond, andeem him d'Invaliderent verweigert gëtt.

Wat an dëser Diskussioun awer nach derbäikënnt ass Folgendes: Wann ee soss an d'Invaliderent gaangen ass, dann huet d'Pensiounskeess der Krankekeess de Montant erëmbezuelt, deen d'Krankekeess vum éischten Dag vun der Krankmeldung u bezuelt huet. Wéi dat net méi de Fall war, du sinn d'Krankekeesen a Schwieregkeete komm an dunn ass d'Gejäiz lassgaang. A fir dat Lach ze stoppen, ech mengen do erënnere mer eis jo all drun, sinn 130 Milliounen aus de Pensiounskeese geklaut ginn. Mä d'Krankekeese mussen awer elo nach ëmmer d'Krankegeld bezuelen, bis den Assuré an d'Invaliderent geet oder se zougestane kritt. Do huet sech näischt geännert.

Dëst Gesetz soll zum Zweck hunn, den Defizit vun de Krankekeesen ze decken, an dat ausschliesslech op Käschte vun de kranken Assuréën. An ech zitéieren aus dem Rapport: «Ainsi le projet de loi a pour objet de traduire les mesures retenues par le Comité de Coordination tripartite, visant de contrecarrer l'absentéisme abusif et à redresser durablement la tendance budgétaire déficitaire de l'Union des Caisses de Maladie.»

Eleng dëse Passage aus dem Rapport weist kloer, ëm wat datt et hei geet. D'Regierung an d'Tripartite sinn der Meenung, datt den Defizit vun de Krankekeesen eleng duerch den Absentéismus entsteet an och nëmmen duerch d'soi-disant Bekämpfung vum Absentéismus ka redresséiert ginn. Et geet also eenzeg an eleng drëm fir de kranken Assuréë weider Contrainten opzëerleeën. Si ginn alt erëm eng Kéier als déi eenzeg Schëlleg um Krankendefizit ugeklot!

An dat sollen anscheinend och d'Konklusioune vun der Tripartite gewiescht sinn, just datt elo op eemol vu Gewerkschaftssäit, déi jo awer an der Tripartite dobäi waren, dat do ferm contestéiert gëtt. Dee ganze Projet gëtt a Fro gestallt, an déi berechtegt Fuerderung, fir de Projet zréckzezéien, ass och gestallt ginn.

Vun enger anerer Säit gouf dann awer behaapt, d'Gewerkschaften hätten an der Tripartite de Projet guer net contestéiert, wat ech einfach net gleewe kann an och net gleewe wëll. Wie schwindelt dann also hei? D'Gewerkschaften, déi sech anscheinend hirer Responsabilitéit vis-à-vis vun den Assuéen elo eréischt bewosst ginn, oder déi, déi behaapten, d'Gewerkschaften hätte sech an der Tripartite net gewiert an dee Projet hei guttgeheescht?

De Problem ass, datt mer als Volleksvertrieder dat net kënnen erausfannen, dat net kënnen novollzéien, well mer jo net direkt informéiert ginn iwwert dat wat an der Tripartite geschitt; wat mer awer eigentlech missten, well mer hei permanent mat Virschléi vun der Tripartite virun e Fait accompli gestallt ginn a wou sech ganz oft hannert de Konklusioune vun der Tripartite verstoppt gëtt, fir onsozial Projeten ze verkafen.

Duerfir, Här President, wëll ech nach eng Kéier eng Motioun hei areechen, déi d'Regierung opfuerdert, de Volleksvertrieder e Verbatim vun allen Diskussiounen an der Tripartite zouzestellen.

(Interruptions)

Een, hunn ech gesot, ech betounen ee Verbatim, well ech hat d'leschte Kéier de Feeler gemaach, datt ech an der Motioun geschriwwen hat „de Verbatim". Elo hunn ech den „de" ewechgeholl, gell, a wa mer elo hei awer déi Motioun do stëmmen, da gëtt et een, da musse mer „ee" kréien. Voilà. Well deemools gouf vun der Regierung nämlech d'Argument geholl, et géif kee Verbatim ginn, well ech „de" Verbatim geschriwwen hat. Elo hunn ech „e" Verbatim geschriwwen, an elo sinn ech iwwerzeegt, datt dat dann endlech kloer verstanen ass.

(Interruptions diverses)

Motion 2

D'Volleksvertriederkummer,

- hëlt zur Kenntnis, datt mam Gesetzesprojet Nr. 5322 Moossnamen ëmgesat solle ginn, déi an der „Tripartite" beschloss gi sinn;

- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite", op politesch Entscheedunge fest;

- condamnéiert, datt déi gewielte Vertrieder vum Vollek nëmmen indirekt iwwert d'Entscheedungsofleef an der „Tripartite" an d'Motivatioune vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn;

- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnung vun den Décisiounen an der „Tripartite" nëmmen op Héieresoe berouen a soumat allze oft widderspréchlech sinn;

fuerdert d'Regierung op

- jiddfer Volleksvertrieder e Verbatim vun de jeeweilegen Tripartite-Sëtzungen zoukommen ze loossen.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Här President, de Projet, dee mer hei virleien hunn, ass e schlechten an onsoziale Projet, well en en isoléierte Projet ass, dee just d'Assuréë viséiert, a besonnesch d'Aarbechter. Also just déi, déi schonn duerch hir schwéier a ganz oft gesondheetsschiedlech Aarbechtsbedingungen an do derbäi och nach mat Hongerléin genuch erdroe mussen. Well d'Regierung net à même ass, oder net den néidege Courage huet, fir am Krankekeesendossier konsequent virzegoen. Mir hätte gär vun der Regierung, datt se soll d'Kaarte kloer op den Dësch leeën, andeem se all Facettë vum Krankekeesendefizit beliicht an dann och endlech déi néideg Strukturreformen ugeet, déi d'Krankekeese kënne laangfristeg sanéieren.

Mir hunn als ADR eng Rei Virschléi gemaach, déi och deelweis vum neie Gesondheetsminister souguer als sympathesch fonnt gi sinn, als gutt fonnt ginn. Ech wëll se net nach eng Kéier hei opzielen, ech menge jiddferee kennt se. Mä fir konsequent virzegoen, muss een de Courage hu fir sech u verschidde Lobbyen erunzetrauen. Mat dësem Gesetzesprojet gëtt deen einfache Wee gesicht; e Wee, wou mat deem mannste Widderstand gerechent gëtt, well elo mat dëser Regierungskonstellatioun sécher gerechent gouf, et hätt een d'Gewerkschaften am Gréff. Gott sei Dank si se do awer um Holzwee.

Här President, ech wëll elo eemol dëse Projet a seng katastrophal Konsequenzen awer e bësse beliichten. Anscheinend soll eng Gläichstellung ugepeilt ginn tëschent deene verschiddenen Assuréen, mä wat fir eng Gläichstellung, dat froen ech mech. Wou ass d'Gläichstellung tëschent den Aarbechter a Beamten, respektiv den Indépendanten? Nach ëmmer bestinn d'Ënnerscheeder an de Cotisatiounen, nach ëmmer bestinn d'Ënnerscheeder am Beräich vun der Kontroll, dat souwuel wat d'medezinesch Kontrollen ubelaangt wéi och d'spezifesch Kontroll doheem.

Den Aarbechter kritt eng Ausgangsspär verhaange wann e krank ass an e gëtt vun de Krankekontroller bis doheem op d'Toilette verfollegt. Wéisou musse mer iwwerhaapt kontrolléieren ob den Aarbechter doheem ass, wann e krank ass? Gëtt en dofir méi gesond? Wat kaschten déi Kontrollen iwwerhaapt, wann ee weess datt d'Salariat bis zu 100 km ronderëm eisem Land hierkënnt? Wéi gesäit et juristesch aus, wa mer e Beamten an en anert Land schécken, fir d'Leit an hiren Haiser ze kontrolléieren?

Déi Kontrolle bei den Aarbechter sinn deemno onméiglech seriö duerchzeféieren, kaschte just vill Geld. Mir kënnen och net domat d'accord sinn, datt doduerch, datt mer d'Assuréen net am Ausland kënne kontrolléieren, just d'Assuréen hei am Land kontrolléiert ginn. Duerfir sollen eiser Meenung no déi Hauskontrollen ofgeschaaft ginn an duerch méi geziilte medezinesch Kontrollen ersat ginn.

Firwat hunn zum Beispill d'Indépendanten eréischt no dräi Méint Urecht op Krankekeess? Si bezuele gradesou gutt vun der éischter Minutt un hir Cotisatiounen a missten deemno dann och déiselwecht Rechter zougestane kréien, wa mer scho vu selwechte Rechter…

(Interruption)

Si bezuelen hir Cotisatiounen a si hu manner Rechter.

Une voix.- Do hutt Der gutt geschwat!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Firwat gëtt dann emol net eng Kéier wierklech, an ech mengen et ass hei schonn ugeklongen, seriö iwwert d'Abusë vun den Employeure geschwat, déi regelrecht… - ech hu jo gesot, et ass schonn hei dovu geschwat ginn, mä, Här Huss, dierf ech wann ech gelift och nach eng Kéier doriwwer schwätzen?! Iwwert d'Abusë vun den Employeuren, an dat wësse mer aus der Praxis, déi hir Mataarbechter geziilt an d'Krankeschäiner schécken. Dat gëtt emol guer net vun den Employeursfédératioune contestéiert, déi da soen, jo, och si misste bei sech kucke fir hir Abusën an de Gréff ze kréien, wou iwwregens dat Wuert Abus mer schonn esou lues zum Hals eraus hänkt.

All dat si Froen, déi mat dësem Projet net gekläert ginn. Dëse Projet fummelt dann och nach an der Onfallversécherung erëm. Firwat gëtt och an deem Beräich isoléiert d'Stéckwierk fabrizéiert, wou dach gewosst ass, dass eng fundamental Reform vun der Onfallversécherung an Aarbecht ass?

(Interruption)

Wat gelift?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Hätte mer dat heiten net solle maachen?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen, lauschtert emol, Här Minister. Dat wat Dir hei wëllt maachen ass souwisou virgesinn an der Reform vun der Onfallversécherung!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Déi kënnt awer eréischt an anerhallwem Joer.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ma dat hei kënnt eréischt a véier Méint.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Wann dann ee seet annerhalleft Joer; bei lech geet et ëm e Grapp net un.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen, bei lech geet et ëm ee Grapp net un. Wa mer hei vu Grapp schwätzen, ech mengen dann…; wann ech gelift.

Wat mir wëllen, an ech hunn lech et virdu gesot, ech hunn lech et an der Kommissioun gesot: Et geet net, dass mer hei einfach isoléiert Projete maachen an déi wierklech Reformen net uginn. Dat hei hätt missen e Ganzt ginn. Do hätte mer nach véier Méint Zäit gehat, well dat hei jo eréischt a véier Méint souwisou a Kraaft trëtt, an dann hätt Der och kënne mat de Sozialpartner nach eng Kéier seriö iwwert dee Projet hei diskutéieren. Dat hunn ech lech alles an der Kommissioun gesot, an de Bewäis, dass ech Recht hat, dee läit an där Motioun hei um Dësch.

Dëse Projet ass fir mech e sozial onverantwortlecht Wierk, wat och d'fundamentaalt Aarbechts- a Sozialrecht a Fro stellt, an zwar de Kënnegungsschutz vun de kranke Salariéen. Doriwwer ass de Mëtteg kee Wuert geschwat ginn. Dat schéngt anscheinend hei kee Problem ze si fir keen, wann de Kënnegungsschutz a Fro gestallt ass.

D'Introductioun vun der Dispositioun, déi d'Prise en charge vu sämtleche Krankeperioden op e Maximum vun 52 Wochen an eng Referenzperiod vun 104 Woche festleet, riskéiert en automatescht Opléise vum Aarbechtsvertrag, an dat schonn no enger kuerzer Zäit. Dobäi kënnt nach, datt den Assuré dann och nach kee Recht op Chômage kritt, well en nom Verloscht vun sengen Affiliatiounsrechter bei der Sécurité sociale keen Aarbechtsvertrag méi huet.

De Projet gesäit dann awer an deem Zesummenhank eng gewëssse Flexibilitéit a Contrôle vir, also beim Retrait vum Krankegeld. Hei sollen awer d'Statute vun der UCM Prezisioune bréngen. Et freet sech just wat fir eng, a wat fir eng Konsequenzen déi dann erëm op den Assuré wäerten hunn, well an der UCM sëtzen déiselwecht Acteuren um Hiewel, déi och fir dëse Projet verantwortlech sinn.

Da schreift dëst Gesetz och nach eng Stagezäit vu sechs Méint vir, fir Urecht op Kranken- an Unfallversécherung ze hunn, dat fir anscheinend ze verhënneren, datt bei den Zäitverträg kënnen Abusë bedriwwe ginn; dat heescht, den Assuré an och säin Employeur bezuele sechs Méint Cotisatiounen an eng öffentlech rechtlech Krankeversécherung, ouni eng Leeschtung an d'Plaz ze kréien. Dat ass einfach onerhéiert.

Wat grad esou onerhéiert ass, dat ass datt den Assuré no der 10. Woch oder bis zu der 10. Woch muss e motivéierte medezineschen Zertifikat vu sengem Dokter virleeën. Wat dee Quatsch soll, dat verstinn ech awer nu guer net.

De Krankeschäin gëtt all Kéiers op eng bestëmmte Period ausgestallt a vun engem behandelnden Dokter medezinesch motivéiert. Wann d'Sécurité sociale gäre méi Asiicht hätt op de medezineschen Zoustand vun engem Assuré, da soll se en an de Contrôle médical ruffen. Dat ass dat wat ech ënnert Kontrolle verstinn.

Et ass dach net um Assuré Kontabilitéit ze féieren, besonnesch och nach wa säi Gesondheetszoustand net esou an der Rei ass, an da soll en nach Kontabilitéit féieren iwwer wivill Deeg dass en effektiv krank ass oder net.

Hei geet et just drëm d'Indemnisatioun vun de Krankeperiode mat alle Moyenen ze reduzéieren. Bei dësem Projet geet et drëm, rëm eng Kéier just déi ze harceléieren, déi duerch hir ganz oft schwéier a penibel Aarbechtsbedingunge méi der Krankheet an den Unfallrisiken ausgesat sinn, an ouni dann och hei an dësem Zesummenhank emol eng Diskussioun ze féieren iwwert d'Ergonomie, iwwert de Stress, iwwert den Harcèlement op der Aarbechtsplaz, deenen alleguer déi Leit, déi mer hei am Fong viséieren, ausgesat sinn.

D'Beruffschamberen an d'Gewerkschaften hu vernichtend Avisen ofginn iwwert dëse Projet an hu gefuerdert, Dir sollt en zréckzéien, fir zumindest nach emol driwwer kënnen ze diskutéieren. Dat ass dat mannst wat misst geschéien.

Et geet awer net duer, just nach eemol iwwert dëse Projet ze diskutéieren. Ech hunn et scho gesot, an ech widderhuelen et esou oft, bis Der et bekäppt hutt: De Krankekeeseproblem kréie mer net geléist mat isoléierten eesäitege Bidonsprojeten, déi nëmmen den Assuré viséieren. De Krankekeeseproblem kréie mer nëmme geléist, wann déi néideg Reformen esou schnell ewéi méiglech ageleet ginn. Dofir muss d'Regierung sech awer u verschidde Lobbyen eruntrauen. A wann d'Regierung dofir ze feig ass, da loosst wann ech gelift och déi krank Leit a Rou.

Mir stëmmen dee Projet net, a well mer dee Projet net stëmmen - géif den Här Weiler soen -, ass déi Motioun hei och superfétatoire an dofir stëmme mer déi och net.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Elo huet d'Regierung d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll direkt soen, dass ech all deene bäiflichten, déi festgestallt hunn, dass een deen heite Projet net däerf isoléiert gesinn. Dee Projet ass e Bausteen vun engem Gesamtkonzept fir en dauerhaften Equiliber an eise Krankekeesen hierzestellen, deen am Moment net ginn ass; en Equiliber dee mer brauchen, fir datt d'Krankekeesen eis Gesondheet kënnen dauerhaft weider finanzéieren. Well mer sollen eis net der Illusioun hierginn, dass eis Gesondheet méi bëlleg gëtt. Si gëtt an Zukunft och nach weider méi deier. Da musse mer dofir suergen, dass déi Gelder, déi mer hunn, esou gutt wéi méiglech agesat ginn.

Et ass een Element vun engem Ganzen, fir eis Krankeversécherung an den Equiliber ze kréien. Et ass och en Element vun enger Gesamtapproche fir de Kranken, deen am Aarbechtsprozess ass, esou gutt wéi méiglech ze guidéieren an esou séier wéi méiglech op déi richteg Plaz ze guidéieren. An ech wëll elo mol einfach esou an de Raum stellen, dass et dem Kranke kee Gefale gemaach ass, wann een e fënnef Joer am Krankeschäin hänke léisst, wat an der Vergaangenheet dann und wann passéiert ass, faute de mieux, well een déi Strukturen net hat, déi ee gebraucht hätt, fir dee Mann oder déi Fra kënnen ze guidéieren.

Mir hunn déi Instrumenter zënter 2002 mat där neier Invaliditéitsregelung, mat dem Reclassement professionnel, wou mengen ech e grousse Worf gegléckt ass, och wann dee Projet op e puer Punkte geklemmt huet, fir dat op gutt lëtzebuergesch ze soen. Mä dofir schaffe mer jo och am Moment zesummen un enger Revisioun vun deem dote Gesetz, wou mer d'Prozedure wëlle vereinfachen, fir dass déi zwee Projeten esou gutt wéi méiglech anenee kënne gräifen. Dat heescht also, zwee Standbeener huet deen heite Projet.

Éischtens ass en en Element fir den zukünftegen Assainissement, an nëmmen een Element, op anerer kommen ech nach zréck, vun eise Krankekeessen an zweetens fir deene Kranken eng Guidance ze garantéieren, déi déi richteg ass.

Dee Projet ass kee Selbstzweck, en ass och net do fir d'Leit ze schikanéieren, mä en ass d'Resultat vu laangen Diskussiounen, déi iwwer Joren elo ginn an déi drop zréckzeféiere sinn, dass mer e Problem bei eise Krankekeesen hunn. An ech soen dat nach eng Kéier, mir hunn e Problem bei eise Krankekeesen. Dee Problem ass ënnert anerem drop zréckzeféieren, dass mer déi Gelder, déi mer zur Verfügung hunn, net ëmmer optimal ausginn, an dass mer et net fäerdeg brénge fir den utile et nécessaire ze definéieren, an dass mer et net fäerdeg bréngen do den Hiewel unzesetzen, wou e muss ugesat ginn, mä heiansdo déi Sue versickere loossen, ouni dass et e Méi vu Gesondheet bréngt. Fir dat ze änneren ass eng vun deenen Zilsetzungen, déi mer mussen erreechen.

Ech sinn 100%eg mam Här Huss d'accord, wann e seet…

(Interruptions)

Jo, Här President, ech si mam Här Huss d'accord, wann e seet, dass d'öffentlech Gesondheet net eréischt beim Schneiden ufänkt, mä bei de Liewensaart a -weisen; déi Prioritéit ass och ee vun deenen Elementer, wou mer den Hiewel mussen usetzen - also, d'Moyenen esou efficace wéi méiglech asetzen, zweetens richteg asetzen, keng Gelder verbëtzen, an net falsch ausginn.

Da sinn ech bei deem Konzept, dat mer zesummen ugaang sinn. Dat ass ee Konzept vu Responsabiliséierung vu sämtleche Partneren a contrario zu deem, wat ëmmer an de Vierdergrond gestallt gëtt, zu den Abusën. Well Abusën, vun deene mer esou vill schwätzen, sinn net ëmmer bewosst Abusën, mä faute de mieux le savoir mécht een dat esou, well dat eben ëmmer esou gemaach ginn ass. Eis Approche ass déi vun der Responsabiliséierung, vun dem Message, dass mer eis ëm eis Keese musse këmmeren, well soss gi se eis futti an da geet dee beschte Gesondheetssystem vun der Welt lues a lues d'Baach erof. An dat kann net eist Zil sinn.

Spueren ass ee vun deene méigleche Rezepter, well et gëtt e Spuerpotenzial - do si mer eis alleguer eens. D'Leit abannen a verhënneren, dass falsch Orientatioune kommen, ass en Zweet. A genee dat ass d'Zil vun dësem Projet.

Ech wëll net nach eng Kéier op d'Virgeschicht zréckkommen. D'Virgeschicht geet op d'Tripartite zréck. Ech souz net an der Tripartite, wëll ech Iech soen. Dofir hunn ech och do keng „strong feelings", ob et ee Pabeier ginn ass, ob et kee Pabeier ginn ass, ob et en ofgeseente Pabeier ginn ass oder net.

Ech kann Iech op jiddfer Fall soen, dass, wann ech an Zukunft bei d'Tripartite-Sitzungen dobäi wäert sinn, ech drop hale wäert, dass bei den Tripartite-Sitzungen en Ofschlossrapport erauskënnt, wou d'Ënnerschrëfte vun alle Partner drop sëtzen, dann hu mer net méi de Problem vun Interpretatiounen. Et wär fir mech eigentlech eng Evidenz, dass dat misst geschéien, an ech mengen, dass dat och an Zukunft misst passéieren.

Ech souz also net an där…

(Interruptions)

M. le Président.- Här Minister, den Här Grethen wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, ech wollt den Här Minister froen, ob dat och scho fir d'Tripartite vun de Mëtteg gëllt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ah, ech ginn dovunner aus. Ech muss awer dem Här Grethen soen, dass ech gesot hunn, bei all Tripartite-Sitzung, wou ech dobäi sinn. Leider kann ech de Mëtteg net an der Tripartite-Sitzung dobäi sinn, mä ech wäert mech awer an der Regierung dofir asetzen, dass och fir déi Tripartite vun haut en Ofschlossrapport kënnt, wou d'Parteien alleguer ënnerzeechent hunn; dat mécht d'Saach vill, vill méi einfach.

Ech souz also net an där Tripartite, mä ech souz an de Regierungsverhandlunge mat anere Kolleegen derbäi; an an de Regierungsverhandlungen ass festgehale ginn, dass mer deen heite Projet prioritär géife verofscheeden, grad wéi mer der Reform vun der Invaliditéit an der Réinsertion professionnelle, dem Reformprojet, eng alleréischt Prioritéit géife ginn.

Ech souz och an der Quadripartite mat derbäi, wou d'Partner verhandelt hunn iwwer ee Ganzt. An Dir kennt d'Resultater vun der Quadripartite, an Dir kennt och d'Resultater vun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie. Do war et ganz kloer, ganz, ganz kloer - an ech hunn och ni en Heel doraus gemaach -, dass niewent all deene Mesuren, déi op den Dësch komm sinn, fir e kuerzfristegen Equiliber vun de Krankekeesen ze erreechen, vun der Regierung de festen Engagement do wär, dass deen heite Projet géif kommen a schnell géif kommen. Ech hunn an all deenen Entrevuën, bei deenen ech dobäi war, ëmmer gesot, am Dezember oder am Januar kënnt dëse Projet.

Nun ass et esou, dass an den Avisë vun de Chambres professionnelles - et geet jo ëmmer Rieds vun den Avisen - eng Rei vu Problemer erausgestrach gi sinn. Do si Problemer ugesprach ginn, déi absolut aliichtend sinn, ënner anerem dee vun de Strofbestëmmungen, déi an deen heiten Text erakomm sinn, wat ni an der Tripartite diskutéiert ginn ass. Do sinn d'Leit sech alleguer eens, dass et an deem Kader net diskutéiert ginn ass. Do hat ech mech engagéiert, vun Ufank un, fir déi Strofbestëmmungen erauszehuelen. Domat ass dem Avis vun der Chambre de Travail Rechnung gedroen - komplett Rechnung gedroen. Et war deen eenzege wesentleche Problem, deen hei opgeworf ginn ass an dofir si mer och an der Rei gewiescht mat deem dote Projet.

Da kënnt Dir soen, jo, et ass awer den Avis do vun der Chambre des Employés privés. Richteg! D'Chambre des Employés privés huet Avisë gemaach - en éischten Avis an en zweeten Avis. Ech ginn elo mol op deen éischten Avis an, wou och d'Strofbestëmmungen ugesprach gi sinn, déi mer erausgeholl hunn, mä wou doriwwer eraus, wann een den Avis vun der Chambre des Employés privés akzeptéiert hätt, een de Projet ganz einfach an de Shredder gehäit hätt, well do war de Prinzip vun den 52 Wochen a Fro gestallt an do war de Prinzip vun der zukünfteger Behandlung vun den Travailleurs intérimaires a Fro gestallt.

Wa mer also tel quel op deen doten Avis agaang wären, dann hätte mer de Projet ewechgehäit a mer hätten näischt gemaach. Dat konnte mer awer net maachen. Well dee Projet en Deel war vun deenen Accorden, déi an der Quadripartite ausgehandelt gi sinn a wou den Engagement do war, dass deen heite Projet géif kommen.

Nun ass et esou, dass et am Virfeld vun der Diskussioun vun dësem Projet zu Diskussioune komm ass. Ech gehéieren zu deenen, déi an der Chamber ëmmer dofir plädéiert hunn, dass et zu engem liewechen Débat kënnt iwwert d'legislativ Aarbecht, sou dass ech mech och net beschwéieren, wann ech mol eng Kéier mat de Kolleegen aus de Gewerkschaften eng Rei vun Divergences de vue ausfechten, entweder an der Öffentlechkeet oder esou niewebäi. Ech mengen, dovu lieft déi parlamentaresch Demokratie. A wann een an där Ausenanersetzung zu Konklusioune kënnt, déi jiddferee kann droen - an dat bescht Beispill dofir ass, dass hei eng Unanimitéit respektiv Quasiunanimitéit an dëser Chamber wäert kommen, déi sech op där Motioun vereenegt, déi mer hei verfaasst hunn -, da gëtt dat där doter Approche Recht.

Well, an do si mer eis alleguer eens an dëser Chamber: Wat wëlle mer mat dësem Projet? Mer wëlle mat dësem Projet, dass d'Leit an Zukunft a Kombinatioun mat der Reform vun dem Invaliditéitsgesetz oder mam Réinsertion-professionnelles-Gesetz richteg guidéiert ginn. Mir wëllen net, dass se gestrooft ginn. Mir wëllen, dass d'Leit net dräi oder véier Joer am Krankeschäin hänke bleiwen, wann et besser Orientéierunge fir se gëtt, entweder duerch ee Reclassement interne, oder duerch eng temporaire Invaliditéit, oder duerch eng Invaliditéit schlechthin - esou séier wéi méiglech. Dat ass jo d'Zil dovun! Et ka jo net eist Zil sinn, dass en Invalide während fënnef Joer am Krankeschäi gehale gëtt.

Oder ass een heibannen, deen der Meenung ass, dass dat eng Errungenschaft ass, dass een een, deen eigentlech an eng aner Filière kënnt, an engem Krankeschäin hält? Ass et normal, ass et ustriewenswäert, dass een e Mënsch - eng Fra oder e Mann, jonk oder manner jonk -, deen eng Capacité résiduelle de travail huet, deen also duerchaus kann, wëllt zu engem gewëssene Mooss schaffen an de Patron wëllt och, dass een dee muss an engem Krankeschäin halen, nëmme well mer se net an e Reclassement interne an deem Betrib kréien? Ass dat eist Zil? Kann dat eist Zil sinn?

Ech soen do ganz kloer „Neen", dat ass net eist Zil! Wa mer engem Mënsch, dee krank ass, an deen nach wëllt weiderschaffen, de Wee zoumaache fir am Betrib ze bleiwen, da si mer um Holzwee. Ech soen Iech, ech hunn eng Rei vu Beispiller erlieft vu Leit, déi schwéier krank waren an déi glécklech doriwwer waren, dass se nach deelweis konnten an hirem Betrib bleiwen. Wa se net an deem Betrib hätte kënne bleiwen, a wa se hätte missen doheem bleiwen am Krankeschäin, oder an der Invaliditéit oder, oder, da wär hinnen de Plaffong op de Kapp gefall a se wären net esou laang bei eis bliwwen. Behaapten ech mol!

Also muss et d'Zilsetzung sinn, d'Leit dohin ze kréien, wou se higehéieren, och wann dat heiansdo wéideet.

An dann zu där Attitude, déi - ech mengen - falsch ass. Et gëtt elo esou gemaach, wéi wann et e Recht wär fir iwwerlaang an engem Krankeschäin ze bleiwen. Dat ass net e Recht. Et soll een esou laang am Krankeschäi bleiwen, wéi een dat muss, awer net méi laang wéi ee soll!

Eis Approche an deem heite Projet ass - an dofir si mer d'accord fir op de Wee vun esou enger Motioun ze goen -, dass een den allgemenge Prinzip regelt an dass, wann et, par impossible, zu Härtefäll kënnt - ech kann net behaapten, dass et iwwerhaapt dozou kënnt, anerer soen, et kënnt zu Härtefäll -, wann also, par impossible, déi Härtefäll kommen, da maache mer eng Adaptatioun, baséiert op de Besoinë vun deenen Härtefäll, ob dat elo an zwee Joer ass, oder éischter, wa mer éischter een Härtefall erkennen…

(Interruption)

Ech maachen elo mäi Raisonnement weider, a wann Der herno eng Fro wëllt stellen, kënnt Der déi roueg stellen.

(Interruption)

M. le Président.- Neen, den Här Minister ass amgaangen op der Riedezäit ze schwätzen, déi him zousteet fir d'Motioun. Dat heescht, en huet 15 Minutten zegutt an en ass an der 13. Minutt.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- A wann ech net ënnerbrach ginn, da sinn ech relativ séier fäerdeg. Ech wëll mäi Raisonnement weiderféieren.

Mir sinn also an der Approche, dass wann hypothetesch Härtefäll optauchen, mer eis bewege fir déi opzefänken, an net an der Approche, dass mer duerch hypothetesch Härtefäll eppes späraangelwäit opmaachen, wou Leit erakommen, déi eigentlech net erageh éieren. An dofir kann ech déi heite Motioun och an deem dote Punkt komplett ënnerschreiwen.

Ech wëll just dräi Wierder nach soen iwwert déi allgemeng Approche. Mir hunn et fäerdeg bruecht an der Diskussioun iwwert d'Krankekeesen, all Leit an ee Boot eranzekréien - bal all. D'Patronat huet gesot, et wär e schwaarzen Dag gewiescht. Et war kee schwaarzen Dag, et war e gudden Dag, well mer et erëm fäerdeg bruecht hunn, all d'Leit ënnert d'Responsabilitéit vun de Krankekeesen ze kréien.

An ech wëll och esou just niewebäi soen, well dat hei eng gutt Geleeënheet ass, dass déi 0,15%, déi d'Patronat méi huet misse bezuelen, an der Zwëschenzäit récupéréiert gi sinn iwwer eng Senkung vun de Bäiträg an den Assurances accident, soudass d'Patronen also a Saache Krankekeesen an Assurances accident quasi bei enger Opération zéro gelant sinn. Dat muss een och eng Kéier hei kënne soen.

M. le Président.- Här Minister, ewell ass d'Zäit eriwwer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech kommen zur Konklusioun, Här President. Ech wëll just dräi Saachen nach soen. Dräi Saachen!

Éischtens kann ech am Numm vun der Regierung déi Motioun 100%eg deelen, well mer eis engagéiere fir de Projet iwwert d'Reform vun der Invaliditéit an der Réinsertion professionnelle schnell heihin ze bréngen an déi zwee Projete gläichzäiteg a Kraaft trieden ze dinn. Ech kann Iech soen, dass d'Regierung sech eens ginn ass iwwer eng Serie vun zwielef Amendementen, déi iwwert dee klassesche Wee iwwert d'Regierung an d'Prozedur geschéckt ginn, dat heescht d'Beruffsschambere kréien et och. Dat ass net ze verwiessele mat där Prozedur, déi mer bei dësem Projet gewielt hunn, déi net aussergewéinlech ass, awer bei där och keen ausgeschalt ginn ass, well ni wann d'Chamber Amendementen eragëtt, ginn nach eng Kéier d'Chambres professionnelles pour avis gefrot. Dat ass eng Prozedur, déi hei an der Chamber Usus ass. Se ass nach vläicht méi nei fir deen een oder deen aneren, mä dat ass d'Regel. Also, mir wäerten dofir suergen, dass déi zwee

Projete gläichzäiteg a Kraaft trieden.

Zweetens, mir wäerten dat Gesetz hei bilanzéiere grad wéi dat anert Gesetz no zwee Joer, well mer Gesetzer wëllen hunn, déi esou einfach wéi méiglech rutschen a wou et net op där enger oder anerer Plaz klemmt.

Drëttens wäerte mer déi spezifesch Situatioun vun den Travailleurs intérimaires kucken, a wann do Verbesserungen noutwendeg sinn, da wäerten déi kommen.

Zum Schluss dee klore Message un alleguer - à tous ceux que ça concerne: De Problem vun de Krankekeese betrëfft jiddfereen. Hei gëtt e Beitrag gemaach vun de Salariéen. Et ass e Beitrag gemaach ginn iwwert d'Beitragserhéijunge vun enger ganzer Rei vun aneren, ënner anerem och vum Stat. Et hunn anerer sech engagéiert fir en Apport ze bréngen, wéi d'Prestataren zum Beispill. Deen Apport erwaarde mer och an dee kloe mer och an, well et geet net duer mat engem Lippenbekenntnis - dat muss sech och materialiséieren. Ech mengen zum Beispill de Conseil scientifique, an ech mengen d'Definitioun vum utile et nécessaire. D'Spideeler musse sech drop astellen, dass méi zesumme wéi géintenee geschafft muss ginn, well soss brénge mer och de Finanzement vun de Spideeler net méi fäerdeg.

An - dat ass dat lescht Wuert, an do deelen ech dat, wat och vu Virriedner gesot gëtt - och d'Patronë sinn a Saache Krankmeldunge gefuerdert, well et gëtt Problemer an de Betriber, déi een net ka verschweigen, Stress a Mobbing an aneres, an och do ass de Patron grad esou gefuerdert wéi d'Salariéë fir all Krankeschäin, dee verhënnert ka ginn, ze verhënneren.

Ech soen Iech Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt, an ech soen Iech och Merci fir de largen Accord zu deem heite Projet, deen ee Bausteen zu engem Ganzen ass. Merci.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5345 iwwert de Finanzement vun der Moderniséierung, dem Aménagement an der Konstruktioun vu bestëmmte Spideeler. D'Riedezäit ass och hei nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Ech ginn dovun aus, datt Der och do op d'Riedezäit vun der LSAP-Fraktioun iwwergräift.

2. 5345 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Loi de financement vum 21. Juni 1999 ass déi richteg Basis do, fir iwwert de Fonds spécial des investissements hospitaliers dem Stat et ze erméiglechen, fir bis zu 80% d'Frais d'investissements bei grousse Projeten ze droen. Dëst ass ee vun deene Projeten an dëst ass dat drëtt Ännerungsgesetz zu där Loi de financement vun 1999, an hei geet et ëm Kolpech.

Wa mer eis gutt erënneren, gouf et schonn zwou Modifikatiounen zu deem Gesetz, an zwar 2003. Eng Kéier den 18. Juli 2003, do goung et drëm, dass kéint investéiert ginn an de Centre Hospitalier, souwuel wat d'Pédiatrie wéi d'Maternité ubelaangt, den Institut national de chirurgie cardiaque, d'Eecher Klinik, d'Klinik Dr. Bohler, de Bestrahlungszentrum François Baclesse, an eng zweet Adaptatioun amselwechte Joer, nämlech am Dezember, do goung et drëm fir de François-Elisabeth um Kierchbierg an d'Klinik Ettelbréck ze finanzéieren, an och de Rehazenter.

Elo ass Kolpech drun. Et ass e ganz wichtege Projet, geet et dach drëm fir endlech en nationale Centre de Reconvalescence ze schafen, deen an där Form, wéi dësen Etablissement elo do steet, nach net ka sinn. Tatsächlech läit et schonn zimlech laang zréck, bal 40 Joer, dass dru geschafft ginn ass. 1968 war nämlech déi lescht Moderniséierung, esou dass Kolpech zwar ganz schéi läit an och ganz schéin ausgesäit, allerdéngs weder vun der Ariichtung, nach vun den Equipementer, nach vun der Sécuritéit, nach vum Fonctionnement, nach vum Confort hier déi Méiglechkeeten huet, déi et eigentlech misst hunn an och verdéngt huet, fir kënnen esou een nationalen Zentrum ze ginn.

80% kann de Stat participéieren, an dat mécht en och. Am Avantprojet définitif leien d'Käschten, déi avancéiert gi waren am Avantprojet sommaire, ëm 10,9% méi héich. Mir kommen dann op 18,7 Milliounen Euro, déi à charge vum Stat wieren. Déi Erhéijung op 23,4 Millioune Gesamtkäschten erkläre sech ausschliesslech doduerjer, dass eng Solution intérimaire gesicht gëtt, fir dass während de Bauaarbechten och de Centre ka genotzt ginn. An et erkläert sech och domadder, dass duerch eng Iwwergankssituatioun, déi geschaaft gëtt, d'Aarbechten net sechs an een halleft Joer daueren, mä just 36 Méint.

Bei Kolpech ass et och anescht wéi bei aneren Haiser, well déi 20%, déi nach ze finanzéiere bleiwen, net iwwert d'UCM lafen, well se net budgetiséiert si vun der Union des Caisses de Maladie, an dann à charge vum Propriétaire respektiv vum Exploitant vum Centre de Convalescence bleiwen.

Wat ass Kolpech? Déi meescht vun eis kennen et, well déi meescht vun eis scho Familljememberen an deem Centre haten. Et ass en Haus mat enger excellenter Réputatioun an engem ländleche Kader, mat 75 Persounen, déi do schaffen, an do gehéiere se dann all dozou, effikasst Personal, kompetent Personal, dat ganz oft un de Limitë vu senger Belaaschtbarkeet läit, dat eng grouss Disponibilitéit huet, dat et erméiglecht, dass bis zu sechs Patiente pro Dag kënnen opgeholl ginn an datt virun allem - an ech mengen dat ass unique hei zu Lëtzebuerg fir esou eng Plaz - permanent eng Auslaaschtung vun de Better vun iwwer 90% do ass.

Mir befannen eis hei an engem Beräich, nämlech dem Secteur gériatrique, deen ëmmer méi wichteg gëtt hei am Land. Et geet jo drëm fir déi richteg Konklusiounen aus der Erkenntnis erauszehuelen, dass eis Populatioun ëmmer méi laang lieft, awer och ëmmer méi gehäit ass mat deene Krankheetserscheinungen, déi den Alter mat sech bréngt, zum Beispill no Interventiounen um chirurgesche Plang oder am Fall vun enger Perte partielle de l'autonomie, oder och am Fall vun Altersdemenz. Et ginn also ëmmer méi Better gebraucht fir eng Konvaleszenz ze erméiglechen.

D'Avisen zu dësem Projet - et war net aneschtes ze erwaarden - si ganz positiv, well och ervirgestrach gëtt, dass eng Rei vun innovativen therapeutesche Méiglechkeete mat dësem Gesetz op den Instanzewee geschéckt ginn.

Éischtens mol den Avis vum Collège médical vum September 2004, dee genee op deen innovative Charakter hiweist. Dann zum Zweeten, d'CPH vum August 2004, déi och den Accord zu dësem Projet gëtt an och am November 2004 de Statsrotavis, dee säin Accord gëtt, allerdéngs drop hiweist, dass d'Baukäschte missten ugepasst ginn un den Indice actuel des prix de la construction, wat d'Kommissioun dann och esou gemaach huet.

Et sinn nach eng Rei vun anere Pisten, déi d'Kommissioun mat op de Wee geholl huet an déi och scho vum Statsrot gekuckt gi sinn. Dat betrëfft haaptsächlech d'Modalitéite bei der Prise en charge an och de Finanzement vun de Frais de fonctionnement, entweder duerch d'Participation statutaire, d'Négociatiounen Exploitatioun UCM, duerch d'Interventioun vun der Assurance dépendance fir déi, déi natierlech Bénéficiaire vun där Assurance sinn, oder doduerch dass Prestatiounen a Servicer esou wéi et schonn ugeduecht ass am Centre de convalescence an den Zoustännegkeetsberäich vun der UCM afléisse kënnen an entspriechend Konventioune kënnen ausgeschafft ginn.

Wat ass dat dann iwwerhaapt fir ee Konzept, esou ee Centre national? Ma ja, et geet haaptsächlech drëm fir eng Mise en place vun enger Antenne gériatrique mobile ze erlaben. Dann natierlech och eng Prise en charge rapide an individualiséiert no enger Hospitalisatioun. D'Mise en place vun enger Équipe multidisciplinaire, während den Aarbechten ginn och entspriechend Schoulungen duerchgefouert. Véiertens eng optimiséiert Preparatioun op de Retour nees heem an och eng ganz gutt Kooperatioun mat de Strukture vum Maintien à domicile an, wéi ech dat schonn ugedeit hunn, een innovative Programm wat d'Convalescence a wat d'Therapie ubelaangt.

Wann een op d'Plaz geet, an ech hat d'Chance dat kënnen ze maachen, da gesäit een, dass all déi Mesuren, déi hei virgesi sinn, kee Luxus bedeiten, ob dat de sanitäre Beräich ass, de Confort vun de Patienten an och vum Personal, d'Sécherheetsbestëmmungen, déi technesch Installatiounen, d'Gemeinschaftsraim, fir nëmme si ze nennen.

Et kritt een och d'Gefill, wann een an dat Haus erakënnt, dass een an engem Fleegehotel wier, dass ee praktesch an eng Famill opgeholl gëtt. Dat täuscht awer net iwwert d'Noutwendegkeet ewech fir déi Leit, déi hei schaffen, an déi Leit, déi hei betreit sinn, wat praktesch ausschliesslech eeler Persoune sinn, dass déi mussen an ee moderniséierte Kader kommen, och wann et muss assuréiert ginn, dass déi mënschlech Betreiung esou héichwäerteg bleift wéi se et haut ass.

Et ass ee gutt Motto an deem Haus an dat Motto ass dat, et ass een am beschten doheem, esou dass op där Plaz probéiert gëtt fir deenen eelere Mënschen, déi do sinn, éischtens hire Séjour esou agréabel ze maache wéi méiglech, mä hinnen awer och ze hëllefe fir sech ze preparéiere fir nees heem ze kommen a selbstständeg ze bleiwen.

„Et ass ee groussen Dag fir eis, wann dëse Projet gestëmmt gëtt", sot d'Directrice, an ech wier stolz wa mir hir kéinte mat op de Wee ginn, dass mer dat unanime gemaach hunn. Ech fir mäin Deel ginn den Accord vu menger Fraktioun op dëser Plaz mat op de Wee.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass nach guer net esou laang hier, do sinn d'Leit an d'Spidol gaangen net nëmme wa se krank waren, mä och aus verschiddenen aneren a sozialen Ursaachen.

Huet ee geklot, war e midd, war e schwaach, dann huet d'Famill d'Ambulanz bestallt an de Patient huet oft fir e puer Wochen an engem Spidolsbett geleeën, wou hie mat Fleeg a stäerkende Baxteren, wat ëmmer dat war, esou laang versuergt ginn ass, bis hien oder si erëm d'aplomb waren, fir an hire familiäre Milieu zréckzegoen. Oft war et och eng iwwerfuerdert Famill, déi e bëssen Erhuelung gebraucht huet. Awer och wann d'Leit wéinst enger Krankheet oder enger Operatioun an der Klinik waren, hu se oft dierfe bleiwe bis si erëm richteg a Form waren oder bis se ouni Hëllef konnte goen oder iwwerhaapt erëm selbstständeg eens gi sinn.

Haut kënnen eis Spideeler dës Aufgab net méi an deem Ausmooss erfëllen an dëst ass och net méi hir Missioun. Si sinn anescht strukturéiert mat engem deieren an opwännege Plateau technique, dee muss dréien, mat Dokteren a Personnel de soin, deenen hir Spezialitéiten an Ënnerspezialitéiten essenziell op zwee Aufgabeberäicher getrimmt sinn: d'Stellung vun enger Diagnos an den Traitement. Vill vun dësen Ënnersichungen an Traitementer kënnen haut ambulant gemaach ginn. Am Verhältnis zu onser Populatioun ass d'Zuel vun den Akutbetter zréckgaangen, an dat ass eng Ursaach fir dës Better exklusiv fir schwéier Kranker ze reservéieren.

All dës Ursaache weisen op de Besoin vu Strukture mat enger Durée moyenne de séjour hin. An d'Durées moyennes de séjour an de Spideeler huele parallell dozou of. Mä wat maache mat deene Leit, déi net méi krank genuch sinn, fir an de Spideeler ze leien, awer net gesond genuch oder autonom genuch sinn, fir doheem kënnen ze iwwerliewen?

Besonnesch vill eeler Leit sinn do eventuell ganz op sech gestallt. Fir si brauche mer Strukturen, wou si sech kënne vun hirem Spidolsopenthalt erhuelen, also Lits de moyen séjour, déi haaptsächlech zwou Aufgaben erfëllen, déi sollen zur Verfügung stoe während enger Iwwergankphas fir déi Patienten, déi no enger Operatioun oder enger Krankheet nach net um Enn vun hirer Rehabilitatioun ugelaangt sinn; deenen hire Gesondheetszoustand also eng mëttelfristeg Besserung verspréicht. Während hirem Openthalt kënne si vu fachlech qualifizéiertem Personal gehollef kréien an hir Autonomie zu engem groussen Deel récupéréieren. Dat ass zum Beispill de Fall no enger orthopedescher Operatioun.

Zweet Aufgab wier eng Evaluatiounsphas fir déi Patienten, déi wahrscheinlech net méi esou selbstständeg wäerte ginn, dass si sech laangfristeg kënne selwer en charge huelen. Hei mussen déi sozial Verhältnisser meeschtens nach gekläert ginn, dat heescht et steet oft keng Plaz an enger Struktur fir Laangzäitopenthalter zur Verfügung. Esou eng Plaz ass oft ni ugefrot ginn. Bei deene Leit, déi an hiren häusleche Milieu kënnen zréckgoen an duerch hir Famill weidergefleegt ginn, gëtt hei eng Frist ausgeschafft, wou d'Wunneng kann adaptéiert ginn un d'Besoinë vun dësem Patient, wou d'Famill sech kann organiséieren a während där déi ambulant Gesondheets- a Fleegedéngschter kënne mat abezu ginn.

Dës Aarbechte ginn effektiv zu Kolpech scho säit laange Jore gemaach. D'Fondatioun ass elo schonn e fest Bild an onser Spidolslandschaft, och wa se net direkt zu de Spideeler gezielt gëtt. De Succès vu Kolpech ass grouss. Si weist een Taux d'occupation, an dat huet d'Madame Mutsch och scho gesot, vun erstaunleche 94% op. Am Joer 2003 sinn iwwer 33.000 Nuitéeë kontabiliséiert ginn. Se ass wéineg gëeegent fir d'Rééducatioun fir jonk Leit, déi sech éischter vu méi moderne Strukture fir hir Rekonvaleszenz ugezu fillen; oft am Ausland.

Kolpech ass spezialiséiert op eeler Patienten an huet bei de Pensionnairen aktuell eng Altersmoyenne vu 84 Joer. D'Rekonvaleszenz an d'Rééducatioun, déi hei offréiert ginn, sinn deemno ausgeriicht op déi spezifesch Problemer vum héijen Alter an eben oft eng Post-Hospitalisatiounsphas.

Deen allerwichtegsten Aspekt an dësem Kader ass deen, dass dës Patienten an deenen allermannste Fäll nëmmen ee Gebriechen hunn. Oft hu se multipel, additionnel a konsekutiv Pathologien, déi d'Prise en charge ëmsou méi schwéier maachen. Dofir sollt d'Approche och eng spezifesch geriatresch sinn, mä si sollt op den individuelle Fall ofgestëmmt ginn. Ech wëll domadder soen, dass vill Leit zockerkrank sinn an héije Bluttdrock hunn oder sech d'Hëft briechen oder vun Depressioune geplot ginn, mä Gott sei Dank vill manner Patienten dës Krankheeten an enger Persoun an zu engem Zäitpunkt vereenegen.

Wien de Site zu Kolpech kennt, dee weess dass den harmoneschen Naturenvironnement ganz sécher kann hëllefen, dass een erëm Goût um Liewe kritt an de Courage kritt fir säin Deel dozou bäizedroen, fir all déi Efforten, déi vun engem verlaangt ginn, fir erëm zum Beispill mobil ze ginn, duerchzezéien. Awer och déi al Gebaier strahlen Harmonie a Rou ass. Hei si mer net an engem moderne Spidolsbunker, mä an engem traditiounsgeluedenen Haus. Vergiesse mer net, dass hei an engem Moment, wou Europa sech grad vun engem schwéiere Krich erholl huet, d'Koppel Mayrisch-de Saint-Hubert eng ganz Rei vun Efforten ënnerholl huet fir d'Natiounen ze réconciliéieren; op politeschem, mä besonnesch och op kulturellem Plang. Dëse Passé voller Traditioun vu Konscht, Fridden, Toleranz a Kultur gëtt dësem Haus säi Geescht.

Mä et ass a senger Struktur hoffnungslos veraalt. Ech hu selwer am Ufank vu menger berufflecher Carrière zesumme mat där Equipe vun Dokteren, déi säit laange Jore mat dëse Patienten eng excellent Aarbecht leeschten, zu Kolpech geschafft, an et war schonn deemools kloer, dass nëmmen eng radikal Adaptatioun a Moderniséierung et géif laangfristeg erlaben d'Aufgaben ze erfëllen, déi de Gestionnaire sech gesat huet, well d'Entwécklung an d'Moderniséierung hunn och virun der Réadaptatioun am geriatresche Beräich net Halt gemaach, an der Equipe stelle sech domadder eng Rei vun neie Prémissen.

Et kommen nei Aufgaben derbäi, an déi, déi scho praktizéiert ginn, mussen ausgebaut ginn, wéi ganz kloer aus dem Projet ervirgeet. Dëst soll erfollegen am enke Kontakt mat de Spidolsdokteren, déi hir Patienten an d'Fondatioun referéieren, a vun enger pluridisziplinärer Equipe, deenen hir Effortë sollen drop erausgoen, de Patient op eng Laangzäit-Prise-en-charge ze preparéieren, sief dat doheem an Zesummenaarbecht mat den ambulante Offere vu Krankekeesen a Fleegeversécherung, sief dat an enger Institution de long séjour, engem Centre intégré oder enger Geriatrie.

Optimal Viraussetzungen heifir ass en individuellen Dossier, wou virun allem dem Patient säi kierperlechen oder geeschtegen Defizit ka vun där am beschten adaptéierter Equipe en charge geholl ginn, an deen hien op sengem Wee duerch d'Etappe begleet. Dëse Behandlungsplang kann a soll während dem Openthalt un d'Verännerun-

gen zum Besseren oder zum Schlechte kënnen adaptéiert ginn a bei der Sortie vu Kolpech als Propositioun oder Plan de traitement entweder un d'Equipe ëm den Hausdokter oder d'Equipe an enger Laangzäitstruktur kënne weidergereecht ginn.

Onofhängeg vum Immobilier schénge mer dës méi fonctionnel Projeten déi wesentlech Avantagë fir de Patient duerzestellen, wat jo och an den Avisë vum Collège médical an dem Statsrot esou aktéiert ginn ass. Et ass effektiv haut esou, an dat ass mer vun deem zu Kolpech aktive Personal bestätegt ginn, dass wuel den Amont an Zesummenaarbecht mat de Spideeler, dat heescht do wou d'Leit hierkommen, gutt fonctionnéiert, mä dass d'Pathologien ëmmer méi schwéier a komplex ginn an dass et och ëmmer méi schwéier ass den Aval ze organiséieren; dat heescht, wou d'Patienten hikommen, wann de Séjour zu Kolpech ofgeschloss ass.

Dëst féiert oft zu laangen Opentalter - haut sinn heiansdo Leit bis zu engem Joer zu Kolpech - an doduerch zu engem Blocage vun de Bette fir aner Leit, déi e Rekonvaleszenz-Openthalt néideg hätten. Et geet also besonnesch am Avis vum Statsrot vun enger Période strictement limitée dans le temps Rieds.

Dëst Gesetz ass awer, contrairement zu deem, wat ech bis elo gesot hunn, eigentlech e rengt Finanzementsgesetz. Et gëtt net an d'Gestioun agegraff an d'Rapportrice huet schonns drop higewisen, dass d'Kommissioun sech eng Rei Froe gestallt huet iwwert de Finanzement vu Kolpech. Wéi bis elo wäerten d'Akten an d'Consultatioune vum Personnel de soin a vun den Dokteren iwwert d'Krankekeese verrechent ginn, an en aneren Deel vun de Fleegefraisë vun der Assurance dépendance gedroe ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Moderniséierung vu Kolpech war 1968. De Projet enthält also menger Meenung no vill méi wéi reng de Finanzement vum Ëmbau. Ouni dësen Ëmbau wäert et awer net méiglech sinn d'Fonctiounen ze adaptéieren an de leschte Stand vun der Rekonvaleszenz an der Rééducation gériatrique ze bréngen. Kolpech ass eng Success story. Héich motivéiert Personal hëlt ganz besonnesch eeler Matbierger rééducativ an evaluativ en charge, ouni dass si musse grouss Déplacementer oder en Dépaysement op sech huelen. Fir der Fondatioun also ze erlabe méi modern, méi efficace an engem méi schéine Milieu weiderzeschaffen, dofir wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Carlo Wagner. Dierf ech drun erënneren, datt mer no der Diskussioun mat den Ofstëmmungen ufänken? Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi fir de Centre de convalescence vu Kolpech ass e Projet, dee wéi gesot net am Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999 virgesinn ass. Et ass en Fait déi drëtt Ännerung, déi mer zu där Loi de financement bréngen, no deenen zwou Ännerunge vum Juli a vum Dezember 2003. Et huet awer en Esprit novateur an deem Sënn, dass dat heite Gesetz wéi gesot guer net an der Loi de financement virgesi war an also als eng Ajoute zu deem Gesetz vun 1999 ze betruechten ass.

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Iwwert de Coût ass scho geschwat ginn, e chiffréiert sech op 23,4 Milliounen an dovunner soll wéi gesot de Stat 18,7 Milliounen iwwerhuelen.

Et muss een awer soen, dass de Coût initialement bei wäitem net esou deier war, mä dass en effectivement an d'Luucht gaangen ass, doduerch dass d'Bauzäit, d'Transformatiounszäite vun ongeféier sechs an en halleft Joer elo op 36 Méint erofgesat si ginn – éischtens; an zweetens dass mer deemools, wéi mer den éischte Projet presentéiert hunn, Contraintë kritt hu vu Sites et Monuments, well effectivement dat heiten Haus jo eng grouss Vergaangenheet huet.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Schlass vu Kolpech am 18. Jorhonnert gebaut ginn ass, dass d'Transformatiounen am 20. Jorhonnert gemaach gi sinn an dass et hei d'Famill vum Emile Mayrisch a vum Aline de Saint-Hubert war, déi effectivement, esou wéi d'Madame Stein éinescht scho gesot huet, hei - ech géif gäre soe grouss europäesch kulturell an intellektuell Gloiren op Lëtzebuerg bruecht huet, woubäi ech beispillsweis wëll drun erënneren, dass do och entre autres den André Gide an och de Stefan Zweig séjournéiert hunn, wat ëmmerhi gutt ass fir e Land wéi Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et ass wichteg dass hei en neit Gebai entsteet, ganz, ganz einfach, well laang näischt méi un deem Gebai geschafft ginn ass. Déi lescht Transformatiounen - wéi et hei schonn ervirgeklongen ass - sinn 1968 ënnerholl ginn, a mir kënnen eis alleguerten erënneren un déi - loosse mer dat gentillement nennen - verschidden diffus Attacken, wou op dat Haus virun ongeféier engem Joer lancéiert gi sinn, well verschidde Leit der Meenung waren, dass et net méi den hygienesche Konditiounen oder Exigencë vun dësen Zäite géif entspriechen, wat nëmmen deelweis berechtegt war, mä wat awer drop hiweist, dass effectivement hu missen Améliorationne kommen.

Et geet awer mengen ech bei deem Projet de loi hei an der Essenz net nëmmen ëm Maueren, mä et geet an eisen Aen haaptsächlech ëm Mënschen. Firwat? Well hei an deenen neien Infrastrukturen eng nei Manéier vu Rekonvaleszenz soll kommen, déi och schonn d'Rapportrice, déi honorabel Madame Mutsch, deelweis opgezielt huet. Einfach am Resumé: Et soll e Plan de prise en charge sur mesure an der Convalescence komme fir d'Leit. Et ass beispillsweis awer souguer eng Antenne mobile virgesinn, fir d'Leit an der Geriatrie doheem ze behandelen. Et soll en fait eng Préparation optimale ginn zwëschent dem Openthalt am Spidol an dem Retour au domicile. Et ass och entre autres awer virgesinn, dass beispillsweis verschidde Better - ech menge fënnef Stéck - fir d'grand Soinë reservéiert sinn, an och eng Dosë bis 16 Better fir alleguerten déi Leit, déi Schwieregkeeten hunn, geeschtlecher oder anerer, déi do verschidden Défaillancen hunn, wat selbstverständlech och da fir d'Familljen doheem ganz vill Schwieregkeete mat sech bréngt.

Dann, déi éischt Haaptaufgab, déi selbstverständlech elo op eis zoukënnt an der Présidence, ass alles wat mat dem Elargissement ze dinn huet. Dir wësst, dass mir engersäits dee Zyklus vun der Erweiderung am Osten ofzeschléissen hunn, dat ass Bulgarien an et ass Rumänien. Deen Tandem wollte mer absichtlech ënner hollännescher Présidence elo an eiser Présidence oprecht erhalen, déi zwee Länner zesummen. Négociéiert ass alles ginn, d'Négociatioun ass fäerdeg um Niveau vum Conseil an et ass jo och en Datum fixéiert ginn, wéi Der wësst, de 25. Abrëll wëlle mer ofschléisse mat deenen zwee Länner am Kader vun engem Conseil „Affaires générales et relations extérieures" an dann duerno kann dann och d'Ratifikatioun an deenen zwee Länner getätegt ginn.

Virdru muss allerdéngs, an dat ass wichteg ze wëssen, d'Europaparlament en Avis ginn, dee positiv ass. Do gëtt ee Vote gemaach iwwert déi zwee Länner a mir hoffen, dass den Tandem zesummebleift iwwert déi zwee Länner. Mir hunn do de Mueren nach zu Bréissel mat der Commission des Affaires étrangères geschwat an ech mengen, dass et do méiglech ass, dass zu Stroossbuerg an der Sessioun vum Abrëll och d'Europaparlament kann dee Paquet ficeléieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Da kënnt eng zweet Aufgab op eis zou an dëser Présidence, dat ass Kroatien. Dir wësst, dass Kroatien ee Land ass, wat jo bekanntlech tëschent Slowenien an ebe Griicheland läit, also matzen am europäesche geographesche Gefüge, wann ech esou däerf soen, an dass all déi Länner vum Balkan zu Saloniki 2003 och eng Perspektiv kritt hunn, wa se dat wëllen, fir kënnen an d'Europäesch Unioun eranzekommen.

Kroatien huet eng Konditioun nach ze erfëllen, déi net onwesentlech ass, Kroatien muss weisen, dass et 100%eg matschafft mam Tribunal international, deen zoustänneg ass fir d'Crimen, déi an Exjugoslawien geschitt sinn. Do geet et virun allem ëm ee Generol, dee Gotovina heescht, an et muss wierklech bewise gi vun der Regierung, dass déi Zesummenaarbecht mat der Madame Carla del Ponte 100%eg ass. De Premier an ech wäerten an deenen nächste Wochen d'Madame Carla del Ponte gesinn, am Mäerz wäert ech och selbstverständlech mat hir Kontakt ophuele virum 17., fir da Bericht ze maachen am Allgemenge Rot, an dann ass et um Allgemenge Rot fir d'Décisioun ze huelen.

Dir hutt och vläicht héieren, dass ech ee Bréif kritt hunn als Ausseminister vun engem, dee sech als Affekot ausgëtt vum Här Gotovina an dee seet, den Här Gotovina wier bereet, fir sech de kroatesche Geriichter ze stellen, mä net dem Tribunal international. Dat ass selbstverständlech net ugeholl gi vun der Madame del Ponte a vun hire Servicer. Mir hunn och ee Bréif kritt vun der kroatescher Regierung, dass dat net d'Positioun vun hinne wier, esou dass mer also do och um gudde Wee sinn, fir dass déi 100%eg Zesummenaarbecht och ka bewise ginn.

Dann d'Türkei, ech mengen och op dësem Pult hei ass all Décisioun geholl ginn an all Diskussioun och gefouert ginn, wat d'Türkei ugeet. Dir wësst, dass mer am Dezember um Conseil européen een Datum fixéiert hunn, uganks Oktober, den 3. Oktober sollen d'Verhandlungen ugoen. Bekanntlech hu mir dann net méi d'Présidence, dann ass d'Présidence bei den Engländer. Allerdéngs wäert och an eiser Présidence, virun allem wat d'Zypernfro ugeet, dat e wichtege Punkt bleiwen.

Dir wësst vläicht, dass zwee Reglementer nach an der Mautsch sinn. Nom Referendum an Zypern ass gesot ginn, mir mussen dem Norde vun Zypern elo hëllefen, do sinn 259 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt gi fir kënnen ze investéieren. Dat ass eng Saach, wou och jiddereen domadder d'accord ass, mä op där anerer Säit soll och méi eng grouss Autonomie, wat de Commerce ugeet, vun Nordzypern ausgehandelt ginn, an do blockéiere mer nach.

Mir kucken als Présidence fir op deem Punkt do weiderzekommen, well et wier wichteg wa mer och dee Geste géife man, deen décidéiert ginn ass vum Conseil européen, dass deen och kéint en musique gesat ginn.

Dann d'Unerkennung vun Zypern selbstverständlech, wat d'türkesch Regierung ugeet. Do wësse mer och, dass do muss de Protocole additionnel ënnerschriwwe gi mat deenen zéng neie Länner, déi elo an Europa opgeholl gi sinn. Domadder hätt d'Türkei implizit jiddefalls och déi nei Länner alleguerten unerkannt, dorënner dann och Zypern.

Déi ganz Struktur vun der Erneierung wäert eis vill Kraaft kaschten, do geet näischt automatesch, mä et ass awer an eiser Flicht, fir do matzehëllefen, dass mer déi Aufgaben, déi eis do gestallt gi sinn, entweder ofschléissen, wéi bei Bulgarien a Rumänien, oder dann och weiderféieren oder ufänken, wéi dat mat Kroatien de Fall ass.

Déi nächst grouss Erausfuerderung ass selbstverständlech d'Verfassung. Dir wësst, dass et elo ugeet mat de Referenden. An dësem Joer 2005 wäerten déi meescht Referende stattfannen, obschonn der jo och nach am Joer 2006 wäerte stattfannen, zum Beispill an England, och a Portugal, déi jo elo Neiwahlen hunn, a wou de Referendum, dee virgesi war am Mäerz, elo op d'nächst Joer verluecht ginn ass.

Mä et wäert ugoen, wéi dat geplangt ass, a Spuenien. Da wäert mat grousser Wahrscheinlechkeet am Fréijoer, iergendwann am Abrëll/Mee, Holland kommen. Direkt duerno wäert Frankräich dru sinn, an eisen Datum ass jo fixéiert op den 10. Juli vun dësem Joer.

Nun, léif Leit, ech hat d'lescht Woch d'Éier fir un engem Débat deelzehuelen op der spuenescher Televisioun mat engem ganz dichtege Mann, dee kee Politiker ass, mä duerfir awer ganz dichteg ass, a säin Numm ass Jeremy Riffkin. Den Jeremy Riffkin huet e Buch geschriwwen iwwert den europäeschen Dram, „the European dream", a Comparaisoun mam amerikaneschen. A sengem Buch kristalliséiert en och sechs Begréffer eraus.

Ech wëll Iech ganz kuerz emol hei soen, dass d'Relatiounen ënnert de Communautéite méi wichteg si wéi déi individuell Autonomie, dass d'Diversité culturelle méi wichteg ass wéi d'Assimilatioun, dass d'Liewensqualitéit méi wichteg ass wéi d'Accumulatioun vun de Richessen, dass den Développement durable oder soutenable méi wichteg ass wéi eng Croissance matérielle illimitée, dass d'Droits de l'homme universels an d'Droits de la nature méi wichteg si wéi d'Droits de la propriété, an dass och d'Coopération globale méi wichteg ass wéi den Exercice unilatéral du pouvoir.

Och den Jeremy Riffkin huet ganz kloer an deem Débat gesot, dass déi Verfassung, déi mer och hei zu Lëtzebuerg den 10. Juli wäerten de Leit zur Ofstëmmung virleeën, eng Verfassung ass, déi alleguerten déi doten Nuancen an alleguerten déi doten Approchen och erlabe wäert. Et ass eng Verfassung wou a mengen Aen, fir nëmme just zwee Wierder doriwwer ze verléieren, mer et fäerdeg bruecht hunn, esou e Sprong ze maachen an d'Charte fondamentale des Droits de l'Homme anzebauen, wat en immense Schrëtt no vir ass.

Dat Zweet ass, déi Verfassung - an ech soen dat vläicht och hei an dësem Kontext ganz kloer - ass vu verschiddene Säiten eng Zäit lang duergestallt ginn, wéi wann et eng liberal Verfassung wier, am Sënn vum pejorativ liberal, et gëtt jo och gutt liberal.

(Interruptions diverses)

Mä duerfir wëll ech ganz kloer hei soen: A kenger vun eisen europäesche Verfassungen, och net an deene moderne Verfassunge wéi elo a Spuenien, wéi a Portugal oder wéi a Griichenland ass zum Beispill d'Tripartite an der Verfassung ageschriwwen. An der Europäescher Verfassung ass d'Tripartite ageschriwwen, d'Staten, d'Unioun an d'Partenaires sociaux! An a kenger vun eise Verfassungen, déi et an Europa gëtt, ass et och ageschriwwen, dass d'Beschäftegung soll op engem méiglechst héijen Niveau stattfannen. Mir hunn d'Recht op Aarbecht an alle Verfassunge stoen, mä déi Prezisioun ass net dran.

Domadder ass näischt geléist, mä de Rahmen, de Kader ass geschaf fir effektiv do kënnen eng gutt Politik ze maachen, an duerfir sinn ech och ganz, ganz frou elo als Lëtzebuerger Politiker, dass ech hei an eiser politescher Landschaft mat Leit ze dinn hunn, déi an der ganz grousser Majoritéit wierklech positiv zu där Verfassung stinn, an ech mengen, dass déi Aarbecht, déi mer an der Présidence maachen, och muss d'Vorhut si vun där Argumentatioun, déi mer ze féieren hu fir den 10 Juli.

Wichteg ass natierlech och alles wat d'Relations extérieures ugeet. Mä bei der Verfassung, Här President, erlaabt mer nach ee Wuert. Déi Fro, déi mer jo ëmmer gestallt kréien, a mir schwätze jo net nëmmen hei fir Politiker, och fir d'Leit dobaussen: Wat geschitt, wann ee Land nee seet? Et gëtt an deem Fall e puer Hypotheesen. Dat hänkt natierlech och vum Land of. Dir wësst, Europa huet schonn eng Erfahrung gemaach mat Irland a mat Dänemark, wou dann deen éischte Vote schief ausgaangen ass, an et ass en zweete Vote gemaach ginn, an do ware mer dann um gudden Ufank.

Déi zweet Méiglechkeet ass, dass dat Land, wat nee seet, ob am Parlament oder am Referendum, seet: Gutt, fuert Dir elo virun, déi aner 24, mir musse kucken, dass mer dann e gudde Plan d'action ausschaffe mat Europa an dann eben nieft Europa an der Remorque weiderfueren.

An da gëtt et eng drëtt Kategorie vu Länner, dat sinn déi grouss Länner. Ech kéint mer net virstellen, Här President, wann et an engem Land, ech soen elo absichtlech emol eent wéi Frankräich, wat e Referendum huet, an der Verfassung am Vote vum Referendum géif schief goen, dass dann Europa einfach kéint nokucken an à l'ordre du jour iwwergoe wéi wann näischt gewiescht wier. Dat ass evident.

Mä ech wëll awer soen, dass wann e Land wéi Lëtzebuerg géif op d'Iddi kommen, neen ze soen, - wourunner ech iwwerhaapt net zweifelen, dass et net an esou eng Richtung geet -…

(Interruptions)

…da kënnt ech mer virstellen, dass selbstverständlech Europa weiderfunktionéiert, mä dass mir dann als Land géifen an der Remorque sëtzen, an ech mengen, et ass kee vernünftege Politiker hei zu Lëtzebuerg, deen dat wëllt. Da wëll ech lech soen, dass mer immens vill Aarbecht ze maachen hu bei de Relations extérieures.

D'Joer 2005 ass d'Joer - an dat mengen ech musse mer an eisem Kapp elo behalen - vum „major event" an den Nations Unies. A wa mer an den Nations Unies soen, da soe mer Multilateralismus, da soe mer internationaalt Recht, da soe mer och Diplomatie.

Et gëtt dräi grouss Reformen, déi do ugestrieft ginn: Dat Eent ass d'Sécherheet, den Ofbau vun den Nuklearwaffen, den Terrorismus; dat Zweet ass den Développement, d'Kooperatioun, d'Hëllef tëschent deene räichen an deenen aarme Länner. An dann deen drëtte Punkt, och ganz, ganz wichteg, mä net dee wichtegsten, dat ass d'Reform vun den Institutioune vun der UNO.

Et geet net drëm, Dir wësst, et sinn der elo véier, déi wëllen an de Conseil de Sécurité a véier anerer wëlle blockéieren. Dir kennt déi Länner wann Der d'Zeitung liest. Dat schéngt mer net dat Wichtegst ze sinn, mä alles wat mer maachen elo och an eiser Présidence muss am Kontext geschéie vun deem wat mer eben de Multilateralismus nennen.

Dat Éischt dat ass, Dir wësst dat, mir hunn eng Réunioun, en Treffen an eiser Présidence mat Amerika. Et ass déi éischte Kéier, dass den amerikanesche President bei d'europäesch Institutioune kënnt. E kënnt bei d'NATO, mueres, mä mëttes ass jo nach en Dag, da kënnt e bei d'Europäesch Unioun.

Dat ass wichteg, ganz, ganz wichteg, an déi Messagen, déi mer do wäerte ginn iwwert d'Relatiounen, déi nei Relatioune vun den transatlanteschen Optiken, vun anere Bezéiungen, vu bessere Bezéiungen, vu méi déiwe Bezéiungen, wou ee méi op deen aneren zougeet, schéngt mir dat Allerwéinegst ze sinn. Déi nei transatlantesch Bezéiungen, déi sinn net nëmmen am Intérêt vun Amerika oder vun Europa ze gesinn, mä am Intérêt vun der Stabilitéit op der Welt.

Dann hu mer eng wichteg Réunioun och mat Russland. Mat Russland hu mer…

(Interruption)

Här Mehlen, wann ech fäerdeg sinn da kënnt Der schwätzen. Entschëllegt.

Also mat Russland hu mer och mat engem Land ze dinn, wat jo e ganz, ganz wichtegen Acteur ass op der internationaler Bühn a wou mer konfrontéiert sinn, als Présidence, mat der Viraarbecht, déi d'Hollänner gemaach hunn. D'Hollänner hu véier Espacen ausgeschafft, do waren op zwou Espacen nach grouss Problemer, et konnt also net ofgeschloss ginn. Dat ass déi „new neighbourhood policy", also d'Politik mat den Nopeschlänner, d'Länner, déi tëschent Russland an der Europäescher Unioun leien. An dann och selbstverständlech alles wat mat Mënscherechter ze dinn huet.

Perséinlech ginn ech elo uganks Februar bei de russeschen Ausseminister, an an der Preparatioun vun deem Sommet, dee stattfënnt am Mee, - eise Premier war jo am Dezember och beim russesche President -, do hu mer ze knaen, do hu mer ze schaffen. Mir däerfen op kee Fall dat maache wat eventuell vun där enger oder anerer Säit vun eis erhofft gëtt, dass mer den Hollänner géifen an de Réck falen. D'Hollänner hu mat der Kommissioun ganz, ganz fest op deenen zwee Punkte verhandelt, a mir mussen och dobäi bleiwen, obschonn dass mer selbstverständlech musse kucke fir virunzekommen doran.

Dann nach ganz kuerz, Här President, mat Japan hu mer ee Sommet, mat Kanada hu mer ee Sommet, a mir mussen eis och ganz intensiv dorëm bekëmmeren, wat den 30. Januar am Irak geschitt. Selbstverständlech huet do och d'Europäesch Unioun mat d'Responsabilitéit, mir hu vill Suen deblockéiert, fir d'Organisatioun vun de Wahlen am Irak. Ob déi stattfanne kënnen, weess kee vun eis hei am Sall, et weess och keen et zu Bréissel, et weess och keen aneren et op der Welt. D'Amerikaner maache jo alles, fir dass se kënne stattfannen. Mir als Europäer hunn all Méigleches och gemaach, mä et muss ee sech allerdéngs d'Fro stellen, wann do Wahle stattfannen, wat fir een Impakt fir d'Demokratie esou Wahle kënnen hunn.

En anere wichtege Punkt ass den Iran. Gëschter a virgëschter, wann een e wéineg an der europäescher Zeenerie do zirkuléiert, da kritt een natierlech d'Fro gestallt: Wat ass dann elo erëm lass? Wëllen d'Amerikaner wierklech am Iran eng Interventioun maachen?

Vläicht zur Prezisioun, déi dräi grouss Länner an Europa: Däitschland, Frankräich a Groussbritannien, déi hunn ugefaange virun zwee Joer fir eng Alternativ zu der Positioun vun den Amerikaner auszebauen a si hu mat den Iraner verhandelt. Si hu versicht den Iraner ze soen: Loosst d'Fanger ewech vun der Atombomm - fir et emol op lëtzebuergesch ze soen - a probéiert mat eis a Kooperatioun ze trieden. Mir kënnen um kommerzielle Plang iech entgéintkommen a mat iech verhandelen. Dir wësst,

dass déi Négociatioun eng Kéier zesummegebrach war, mä dass se jo awer elo erëm gegraff huet an dass se op engem positive Punkt ass.

Déi dräi EU-Länner plus Solana hunn also do wierklech eng Alternativ zu der Positioun vun den amerikaneschen Diplomaten a Politiker ausgeschafft gehat. D'Amerikaner waren éischter derfir, fir direkt virun de Conseil de Sécurité ze goen, mä Dir kennt de System beim Conseil de Sécurité, do brauch nëmmen ee Land de Veto anzeleeën, dann ass alles do blockéiert.

Ech ka mer net virstellen, dass no där Experienz, déi gemaach ginn ass am Ufank vun dësem Jorhonnert an engem bestëmmte Land, wou mer elo alleguerten d'Konsequenzen nach ze droen hunn, Amerika sech géif dozou décidéiere fir de Problem vum Iran mat militäresche Waffen ze léisen. Dat wier géint all dat, wat mer dëst Joer wëlles hunn a wat ech och elo virdru gesot hunn am Kader vum „major event" vun den Nations Unies, et wier selbstverständlech och alles anescht wéi Multilateralismus wierklech op eng Pist bruecht, wou e kéint fonctionnéieren. Ech gleewen einfach net drun, dass esou eng grouss Natioun wéi Amerika aus senger Geschicht an aus senger Experienz net déi richteg Léiere gezunn huet.

Dann ee wichtege Punkt, dat ass de Balkan. Um Balkan hu mer ganz kloer - ech hunn dat am Ufank gesot - deene Länner alleguerten zu Saloniki 2003 eng Perspektiv ginn, déi eben eng Zugehöregkeet, wann se dat wëllen, zur Europäescher Unioun misst duerstellen.

Mir hunn déi Länner och während eiser Presidentschaft alleguerten net am Stach ze loossen. Mat Kroatien solle mer ufänken, mä mir mussen eis och drëm bekëmmeren, wat am Kosovo geschitt, bekämpft deen Adage Standard virum Statut. Alles dat ass Theorie, domadder kéint ee sech politesch beschäftegen, mä et muss ee wëssen, dass wa mer de Leit aus dem Kosovo nämlecht wéi de Leit aus dem Gaza-Streifen keng ekonomesch Perspektiv ginn, da kënne mer esou vill reformëieren an esou vill politesch Spréchelcher hale wéi mer wëllen, dann ass och de Kosovo nach ëmmer ee Gebitt, wou Dynamit dran ass a wou kënnt zu all Moment erëm eppes geschéien, wat Europa net würdeg ass.

Mir wëssen alleguerten och, dass et schwiereg ass dee Lien ze behalen tëschent Serbien a Montenegro mat den Négociatioune mat Albanien. Dat ass net einfach. Wou et nach eenegermoosse méi gräift, dat ass an der fréierer Republik Mazedonien. Mat Skopje besti gutt Relatiounen an d'Kommissioun wäert och, héchstwahrscheinlech awer eréischt an där zweeter Halschent vun dësem Joer, do seng Appréciatioun driwwer ginn.

An eiser Présidence hu mer nach een anere Problem ze léisen, deen ech hei nëmme kann uschneiden, dat ass de Waffenembargo mat China. Dir wësst, dass mer een Optrag kritt hunn um leschte Conseil européen fir an eiser Présidence, an deenen nächste sechs Méint, dee Problem ze léisen. Dat ass selbstverständlech méi einfach gesot wéi gemaach.

Engersäits musse mer drop pochen, dass d'Mënscherechter a China verbessert ginn, an déi sinn op engem spezifesche Punkt ze verbesseren, China huet eng UNO-Konventioun ënnerschriwwen, wou et ëm d'zivil an d'politesch Rechter geet. Déi ass allerdéngs nach net vum Parlament ratifizéiert ginn. Do kënne mer Drock drop maachen. Mir wëssen awer och, dass mer am Kader vun der Diskussioun ëm de Waffenembargo, wat eng wierklech schwiereg Diskussioun ass, eng héich technesch ass, do geet vun Toolbox rieds, et geet vu Standstill rieds, et geet vum Code de conduite renforcé. Mir hunn eis an Europa do ze concertéieren, eng Linn do ze fannen an dann ze kucke wéi wäit, dass mer mat China kommen. Mir hunn eng Réunion ministérielle mat China am Mee an dat wäert och keng einfach Preparatioun ginn.

Zu Afrika, just ee Wuert, Dir wësst, dass mer während der hollännescher Présidence vertruede waren zu Daressalam, wou et ëm d'Politik gaang ass vun de Grands Lacs. Mir waren och am Sudan, wou jo net nëmmen op der westlecher Säit Problemer sinn am Darfur, mä och tëschent dem Norden an dem Süden. Do schénge jo elo an deene leschte Woche positiv Zeeche komm ze sinn. Mä et ass e wéineg schued, well mer an Afrika ee Land hunn, dat Simbabwe heescht - dat wësst Der - an dass et duerch dat Land extrem schwiereg ass ee Sommet mat den afrikanesche Länner alleguerten ze organiséieren.

Mir haten nach mat de portugisesche Kolleegen zesumme probéiert, fir eppes do fäerdeg ze bréngen, allerdéngs op deem Punkt do loosse mer awer net lass. Mir hu Réunioune mat den afrikanesche Länner an eiser Présidence, esou wéi mer och Réuniounen hu mat de Länner aus Latäinamerika hei zu Lëtzebuerg. Do wäerte mer iwwer 40 Ausseministeren am Mee hei hunn.

Mir hu ganz staark Relatiounen och mat den asiatesche Länner, wou et net nëmmen ëm d'Tsunamië geet, mä och ëm d'Zukunft vun där Géigend, esou dass Der gesitt, wat alles um Plang vun de Relations extérieures steet - an ech konnt elo emol net alles soen.

De Barcelona-Prozess, och do hu mer d'Réunioun am Mee hei zu Lëtzebuerg. Dat ass deen eenzege Prozess, wou bis elo Israelien a Palestinenser un engem Dësch souzen, dat däerfe mer net vergiessen. Déi lescht Réunioun, déi d'viregt Joer an Irland war, war katastrophal. Déi, déi dëst Joer elo zu La Haye war, war scho vill méi op. Ech mengen, dass de Barcelona-Prozess ka mathëllefen am Mëttleren Osten de Fridden erbäizeféieren.

Zum Mëttleren Osten och nëmmen ee Wuert. Dir wësst et vläicht, den Owend geet eng Delegatioun vu Lëtzebuerg no Israel. Mar si mer zu Israel an ech gesinn do alleguerten d'Haaptautoritéiten, vum President iwwert de Premierminister, Ausseminister an och de Vizepremierminister. An da si mer deen Dag duerno net zu Ramallah, mä a Gaza, an do gesi mer deen neie President Mahmud Abbas, och den Ausseminister a mir kommen dann zréck op Tel Aviv, wou eng Ried op der Uni zu Tel Aviv virgesinn ass, wou ech da géif e wéineg schwätzen iwwert d'Perspektive vun der europäescher Politik en général am internationale Kontext.

De Message, dee mer mussen dohinner bréngen, ass duebel. Engersäits selbstverständlech de Palestinenser soen, dass se alles ze ënnerhuelen hunn, fir dass d'Gewalt gestoppt gëtt. Allerdéngs musse mer awer och den Israelië soen, dass dee President, deen elo gewielt ass an zënter e puer Deeg eréischt am Amt ass, och muss d'Moyene kréien, well de Wëllen huet hie jo.

Et ass ee Mann, deen zënter 40 Joer nëmme just op d'Négociatioun setzt, de Wëllen huet en. Hie war bei den Oslo-Verträg ee vun den Haaptnégociateuren. Hie selwer huet ëmmer gesot, dass mer nëmme just virukommen, doduerch dass mer verhandelen an dass mer um Verhandlungsdësch eben eis erëm op d'Roadmap kënne konzentréieren, fir dat fäerdeg ze bréngen, wat jo och meng Virgänger an der Regierung versicht hunn ze vermëttelen, nämlech eng Zwee-Staten-Léisung, wou béid Völker kënnen a Fridden eent niewent deem anere liewen.

Dann nach dräi lescht Punkten, méi iwwert d'Innenpolitik. Déi wäert selbstverständlech och eng grouss Roll an eiser Présidence spillen - ech weess net wéi vill Zäit ech nach hunn, mä ech maachen et extrem kuerz.

M. le Président.- Här Minister, ech géif Iech bieden esou lues zum Enn ze kommen.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Ier ech elo zum Enn komme muss ech awer nach zwee Wuert soen iwwert de Stabilitéitspakt, iwwer Lissabon an iwwert d'Finanzperspektiven. Ech mengen, dat gehéiert jo awer zu eiser…

(Interruption)

Beim Stabilitéitspakt, mengen ech, brauch ech elo net an d'Detailer ze goen. Eise Finanz- a Premierminister ass amgaangen zu Bréissel am Ecofin doriwwer ze verhandelen. D'Linn, déi mer hunn, ass extrem einfach. Mir soe ganz kloer, dass an enger Period, wou et biergop geet, wou d'Croissance do ass, dass mer do selbstverständlech mussen an de Länner dovunner profitéieren, fir d'Schold erofzesetzen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Anerersäits, wa mer an enger Period si vun enger Flaut, da muss et méiglech si fir op den Investissement ze setzen an dann déi 3% net als eppes Stures unzegesinn.

Mir si bei deene Regierungen, déi soen, dass de Stabilitéitspakt net einfach däerf elo vidéiert gi vu senger Matière. Et gëtt Länner, wéi Italien zum Beispill, déi mengen, wa mer de Stabilitéitspakt ofschafen, da si mer bei 9% Croissance. Dat ass et net. Da verléiere mer net nëmmen d'Croissance, da verléiere mer och nach d'Stabilitéit. Et muss ee sech also gescheit uleeën an och mat deenen Dammen an Häre vun der Zentralbank kucken, fir do eng Léisung ze fannen. Mir wëlle jo, dass mer um Conseil européen vum Mäerz dee Problem geléist hunn, a mir si gudder Déng, dass dat och ënnert der Fiederféierung vun eisem Finanzminister fäerdeg ze bréngen ass.

Dann zu Lissabon och just ee Wuert. Dir wësst, dass am Joer 2000 zu Lissabon dee grousse Sproch geklappt ginn ass, wann een esou däerf soen, fir aus der europäescher Wirtschaft vum Wëssen, der Économie de la connaissance, dat gëtt heiansdo vergiess, déi stäerkst ze maache vun der Welt am Joer 2010. Mir sinn elo an der Halbzäit ukomm. Villes ass net esou gelaf wéi et geduecht war. Mir hunn de Rapport Kok, deen eis seet, wou mer dru sinn, a mir waarde selbstverständlech elo op d'Positioun vun der Kommissioun, déi den 2. Februar kënnt, déi eis dann hir Konklusioune wäert virleeën.

Eent ass sécher fir d'Lëtzebuerger Regierung: Et kann net sinn, zumools wa mer hei an eisem Land kucken, wéi eis Wirtschaft an och eis Sozialpolitik evoluéiert hunn, dass mer d'Impressioun ginn, dass ee méi Kompetitivitéit kënnt schafen op Käschte vun der Sozialpolitik respektiv op Käschte vun der Ëmweltpolitik. Wann een d'Evolutioun vun eisem Land kuckt, da gesäit een, datt just de Contraire fäerdeg ze bréngen ass. Méi Kompetitivitéit an Zukunft heescht, do ze investéieren, wou och Kompetitivitéit a Wëssen an ebe Formatioun, Innovatioun a sou weider kënne geschaf ginn, nämlech an d'Schoul, fir eng Laangzäitwierkung ze kréien.

Mir sinn also kloer als Lëtzebuerger Regierung géint en Dumping vun der Ëmweltpolitik an och géint en Dumping vun der Sozialpolitik fir d'Kompetitivitéit eropzeschrauwen.

Dann zu de Finanzperspektiven. Zu de Finanzperspektive wëll ech och vläicht e puer Wuert Explikatioun ginn. Vill Leit dobausse wëssen net, ëm wat dass et geet. Heibanne weess selbstverständlech jiddferee Bescheed, mä ech muss lech soen, ier ech Ausseminister war, hunn ech och net alles do verstanen.

(Interruption)

Dofir vläicht zwee Wierder Explikatioun. 1999 ass fir d'éischt vu Finanzperspektive geschwat ginn zu Berlin. Do ass fir déi nächst siwe Joer e Paquet gemaach ginn, wou eben d'Enveloppe fixéiert ginn ass vun deenen eenzelnen Dépensë vun der Europäescher Unioun.

Elo si mer am Joer 2005 a mir hunn d'Aufgab an eiser Présidence fir d'Diskussioun iwwert d'Finanzperspektiven ofzeschléissen, fir dass déi Programmer, déi décidéiert gi si vun der Kommissioun a vum Parlament selbstverständlech och, 2007 kënnen ulafen. Wann dat net de Fall ass, wann net genuch Moyenen do sinn, da kënnen all déi Programmer guer net starten, dohier d'Aufgab, déi d'Europäesch Unioun eis ginn huet, fir ofzeschléissen - selbstverständlech fir ofzeschléissen, wéi Der dat wësst - zum Schluss vun eiser Présidence.

Et geet also bei de Finanzperspektive virun allem drëm de Volumen ze definéiere vun deenen eenzelnen Dépensen, an d'Haaptdépense bei der Europäescher Unioun, dat wësse mer nach, ass d'Agrarpolitik, mä d'Agrarpolitik, esou wichteg wéi se ass, ass awer net déi Politik, déi wäert d'Unioun duerch dat ganzt 21. Jorhonnert begleeden. Et gëtt selbstverständlech virun allem och politesch Solidaritéit, et gëtt d'Kohesioun tëscht deenen aarmen an deene räiche Länner, déi ze regelen ass; an dann ass et selbstverständlech och esou, wa mer vu Lissabon schwätzen, dass mer och der Europäescher Unioun d'Moyene musse ginn, dass se investéiere kann an d'Inovatioun, an d'Recherche, an d'Formatioun a sou weider.

Bon, dat ass also de Kader an deem mer eis bewegen. Elo wësst Der, dass et Länner gëtt, déi sechs - Dir kennt se alleguerten: Däitschland, Frankräich, England, Schweden…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, ech bieden Iech zwar elo wierklech zum Schluss ze kommen. Dir hutt elo déi Zäit, déi Der lech ugefrot hat, schonn integral épuséiert, an ech mengen, mir mussen och aus Respekt vis-à-vis vun de Kolleegen awer e bëssen a Grenze bleiwen.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Dir sidd ee gudde President, mä loosst mech just dee Punkt hei fäerdeg maachen, well ech mengen, et ass jo awer e wichtege Punkt, wat d'Finanzperspektiven ugeet. Wa mer do net op zwou Minutte kucken, wëll ech hei net nëmmen Iech, mä och de Leit explizéieren, ëm wat dass et do geet.

Da gi mer also hin a kucken déi sechs, déi dee Bréif geschriwwen hunn, déi d'Finanzperspektive wëlle limitéieren op 1% vum PIB. Op där anerer Säit hu mer der 13 anerer, déi natierlech esou vill wéi méiglech nach vun de Kohesiounsfonge wëlle kréien, déi esou vill wéi méiglech - wéi ech et virdru gesot hunn - vun der politescher Solidaritéit an Europa wëlle profitéieren. An dann hu mer sechs aner Länner - dorënner ass Lëtzebuerg, d'Belsch, Dänemark an ech kéint der nach e puer nennen, déi bis elo eigentlech keng Positioun bezunn hunn, déi schéi brav kucken eng Léisung ze fannen.

Also, ech kann Iech soen, dass mer d'Hoffnung net opgi fir alleguerten déi Argumenter - a mer fänken den 31. Januar domadder un - ze bündelen, a mir kucke selbstverständlech och mat den Englänner an d'Gespréich ze kommen, fir dass iwwert de Chèque britannique geschwat gëtt a wierklech do e Fortgang kënnt. De Chèque britannique ass elo an der Héicht vun eisem Statsbudget, a wa mer näischt ënnerhuelen, klëmmt en op siwen, aacht Milliarden an deenen nächste Joren. Mir als Lëtzebuerger bezuele fir de Chèque britannique all Joer ronn 20 Milliounen Euro.

Bon, Dir gesitt, Här President - ech sinn elo wierklech fäerdeg -, ouni an d'Detailer kënnen hei ze goen, wollt ech Iech soen, dass ganz vill usteet an eiser Présidence, mä dass alleguerten d'Membrë vun der Regierung vum Grand-Duc selbstverständlech alles wäerte maachen, fir dass Lëtzebuerg an der Présidence e gutt Bild ofgëtt a fir dass Lëtzebuerg och, wéi mer et gewinnt waren an deenen zéng Présidencë virdrun - well et ass déi eeleft -, Europa virubréngt.

Merci. Ech soen Iech och Merci, Här President, fir Är Gedold.

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Eis Gedold war grouss, mä et war jo och interessant, dofir hate mer och vill Gedold.

Mir kommen dann elo zur Debatt. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Glesener, Goerens, Fayot, Bausch an Henckes. Als éischte Riedner huet elo den Här Marcel Glesener d'Wuert.

Débat

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg lieft an dësem éischte Semester 2005 am Rhythmus vun der europäescher Politik, déi et muss steieren, inspiréieren an orientéieren.

Déi Lëtzebuerger Présidence vun der europäescher Unioun an dësem éischten Hallefjoer 2005 ass mat héchster Wahrscheinlechkeet déi lescht vun hirer Aart. Wann an e puer Joer déi europäesch Verfassung a Kraaft trëtt, da kritt den Europäesche Conseil vun de Stats- a Regierungschefen e gewieltene President, dee fir zweeaneenhalleft Joer seng Aarbechte leet. Dësen Arrangement kéint eventuell esouguer virgezu ginn, soudatt den Europäesche Rot sech scho méi frëi e gewieltene President kéint ginn. No der Verfassung iwwerhëlt dann den europäeschen Ausseminister d'Présidence vum Conseil vun den Ausseministeren a gëtt och gläichzäiteg Vizepresident vun der Kommissioun.

Eis Présidence ass also déi lescht an där Form an dofir wier et gutt, wa se géif, wéi hir Virleefermodellen alleguer, mat enger positiver Konnotatioun an Erënnerung bleiwen.

Eng gutt Présidence ass näischt Selbstverständleches. Déi Kéieren, déi eist Land an der Vergaangenheet Europa presidéiert huet, sinn dacks vu séier wichtegen Evenementer markéiert gewiescht a goufen allgemeng als gutt, souguer als excellent Présidencen ageschat, wéi zum Beispill déi vun 1985, während där den europäeschen Acte unique virbereet a ficeléiert gouf; déi vun 1991 mat der Preparatioun vun de Maastrichter Verträg an déi vun 1997 mam éischten europäesche Beschäftegungssommet hei zu Lëtzebuerg.

Présidencë verlaangen een immensen Asaz vun der Politik an der Verwaltung vun deem betraffene Land a wann dat e klengt Land ass mat enger klenger Verwaltung an enger begrenzter Equipe vu Politi-

ker, dann ass d'Belaaschtung fir déi Concernéiert ëmsou méi grouss.

Eis Présidence an dësem Semester ass anstänneg virbereet ginn, wéi den harmoneschen Iwwergank tëschen Holland a Lëtzebuerg et weist, a wéi mer et och no deenen éischten Artikulatioune vun der Lëtzebuerger Présidence gespuert hunn.

Eis Presenz am Krisegebitt vum südostasiateschen Tsunami huet gewisen, datt Lëtzebuerg Europa a sengem Solidaritéitseffort ka féieren, wann Honnertdausenden a Millioune Leit op engem anere Kontinent Nout leiden. Den Engagement vun eiser Regierung an dëser dramatescher Affär souwéi och d'Generositéit an d'Undeelnam vun alle Lëtzebuerger hu gewisen, datt eist Land amstand ass no baussen ee Beispill ofzeginn.

Här President, de Statsminister huet virum europäesche Parlament leschte Mëttwoch folgend Prioritéiten an eiser Présidence ugeschwat: d'Ratifikatioun vun der Verfassung queesch uechtert d'Unioun, déi europäesch Sécherheetsstrategie souwéi d'Roll vun Europa an der Welt an d'Relatioune mat eisen Noperen, déi bannescht Sécherheet an Europa, d'Strategie vu Lissabon, d'Upassung vum Stabilitéits- a Wuesstumspakt a schlussendlech d'Finanzperspektive vun 2007 bis 2013.

Ech mengen, dass dëst ee Katalog ass, dee beim Duerchbliedere vill Matière liwwert, mat där sech ze beschäftegen ass. Et ass e Katalog vu Prioritéiten, dee sech deelweis net fundamental vun deenen anere Présidencen ënnerscheet, esou zum Beispill ass d'Thema vun der Sécherheet ëmmer eent, wat sech ganz uewen op der Agenda erëmfënnt.

Op där anerer Säit awer fannen sech spezifesch Dossieren erëm, déi et a sech hunn, wéi virun allem d'Dynamiséierung vum Lissabon-Prozess an d'Festleeung vun de Finanzperspektive fir d'Unioun. Eis Présidence muss dës Erausfuerderungen unhuelen. Meng Fraktioun an ech selwer sinn dovun iwwerzeegt, datt mer se och wäerte meeschteren.

Kolleeginnen a Kolleegen, zu Lëtzebuerg stëmme mer den 10. Juli, also kuerz no Ofschloss vun eiser Présidence, iwwert déi europäesch Verfassung of. Dëst ass deen éischten nationale Referendum bei eis zënter 1937, also zënter 68 Joer. Aner Länner hu méi eng intensiv referendaresch Praxis wann et ëm grondleeënd Texter fir Europa geet. Mir hunn déi bis elo ëmmer um Wee vun der parlamentarescher Ratifikatioun approuvéiert, mä well déi europäesch Verfassung esou e wesentlechen, esou en epochale Schrëtt an der Entwécklung vun Europa a vu senge Bierger ass, fënnt d'Ratifikatioun vun dësem Text och bei eis iwwer Referendum statt, also de Lëtzebuerger Bierger entscheet iwwert dat zukünftegt Europa mat.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Ausgang vun deem Referendum ass natierlech och wichteg fir d'Perceptioun, déi eis europäesch Nopere vun eis hunn, obwuel en net méi während eiser Présidence stattfënnt. Bis dohinner, Kolleeginnen a Kolleegen, sinn et nach bal sechs Méint, déi sechs Méint während deene Lëtzebuerg d'Europäesch Unioun presidéiert. Fir datt déi verschidde Referenden, déi do virun eisem ofgehale ginn, ënnert deenen - fir déi europäesch Saach - beschtméigleche Konditioune kënnen iwwert d'Bühn goen, muss eis Présidence aktiv dru schaffen, datt an der ganzer Unioun e positive Klima, eng positiv Stëmmung ronderëm dee Verfassungstext a ronderëm dat zukünftegt Europa entsteet.

Deen Text ass vläicht net esou perfekt wéi Eenzelner dat gären hätten, mä et ass dee fir Europa an dësem Moment beschtméiglechen. Duerfir besteet eng wichteg Aufgab vun der Lëtzebuerger Présidence doran, dee Kommunikatiounseffort zugonschte vun der Verfassung an der ganzer Unioun ze begleeden, a virun allem Impulser zugonschte vun der Akzeptatioun a ganz Europa vun där Verfassung ze liwweren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, während enger Lëtzebuerger Présidence ass Europa ëmmer besonnesch europäesch. Dat läit dorun, datt eist Land keng eegen Agenda huet wann et Europa presidéiert - seng Agenda ass dann déi europäesch, a seng Effortë gëllen deem, wat fir Europa als Ganzt am beschten ass.

Dës Tatsaach spillt natierlech eng Roll bei der Gestaltung vun de Relatioune mat eisen Noperen a mat deene Groussen a manner Grousse vun der Welt am Laf vun deenen nächste sechs Méint. Den Här Asselborn huet dat hei däitlech dokumentéiert. Si huet och eng Bedeitung fir déi sécherheetspolitesch Akzenter, déi während dëser Period gesat ginn.

Eis Présidence wäert Sommete mat de Vereenegte Staten, mat Russland, mat Kanada a mat Japan erliewen a mat presidéieren. Mat der politescher Spëtzt vun de Vereenegte State gëtt et zwee Rendez-vousen, deen éischten am Februar, deen zweeten um Enn vun eiser Présidence. Dat si mat Sécherheet wichteg Terminer op der Agenda vum Relancement vum transatlanteschen Dialog, deen net esou fonctionnéiert wéi dat an enger idealer Welt sollt sinn.

De produktiven Dialog an d'Entente tëschent deenen zwou Säite vum Atlantik sinn awer net nëmme fir eis selwer, mä fir déi ganz Welt vu grousser Bedeitung. Stëllstand a feelend Verständnis si keng Optiounen, an déi Lëtzebuerger Présidence huet d'Aufgab, hir Kontributioun zu enger Erneierung vun der atlantescher Partnerschaft ze leeschten. Ech soen Erneierung, well weder d'USA nach d'Unioun haut déi sinn, déi se nach viru 15 oder 20 Joer waren. Et ass dowéinst net verwerflech, ze versichen eng méi modern an zäitgenössesch Aufgabegestaltung fir den atlanteschen Tandem ze zeechnen, déi fir Fridden an Entwécklung uechtert d'Welt onverzichtbar ass. Ech mengen, deem si mer eis bewosst.

Eis eege Relatioune mat de Vereenegte State sinn excellent, an dat ass déi beschte Grondlag fir eng vertrauensvoll Zesummenaarbecht mat hinnen am Numm vun der ganzer Europäescher Unioun, am Sënn vun enger zukunftsträchteger atlantescher Partnerschaft.

Zu der atlantescher Partnerschaft, an zwar net nëmmen am Kontext vun der NATO, gehéiert och Kanada. Kanada ass e Land, mat deem déi europäesch State vill gemeinsam hunn a wou vun deenen 30 Milliounen Awunner der bal een Drëttel Franséisch als Mammesprooch praktizéieren. D'Integratioun an déi konsequent Berücksichtegung vu Kanada am Kontext vun der atlantescher Partnerschaft ass eng Saach, déi Lëtzebuerg logescherweis um Häerz muss leien, an de Sommet mat Kanada ass vun dëser Geeschteshaltung mat Sécherheet inspiréiert.

D'Relatioune mat Russland sinn an dëser Zäit vu grondleeënder Wichtegkeet. Vill Themeberäicher, an deenen d'Europäesch Unioun gefuerdert ass, hänken op déi eng oder déi aner Manéier och mat Russland ganz enk zesummen. Ech nennen nëmmen de Kampf géint den Terrorismus, d'Stabilitéit um Territoire vun der fréierer Sowjetunioun, de Respekt vun de Baussegrenze vun der Unioun, d'Immigratioun an esou weider.

Fir datt mer an all dëse Beräicher esou weiderkommen, wéi mer et gären hätten, mussen d'Vertrauen an d'Zesummenaarbecht tëschent Russland an der Unioun wesentlech verdéift ginn. Duerfir begréissen ech selbstverständlech, datt de Sommet mat Russland vun der Lëtzebuerger Présidence all déi Wichtegkeet ageraumt kritt, déi en tatsächlech verdéngt.

Ech wëll awer och drop insistéieren, datt ech de Sommet mat Japan, wéi den Här Asselborn dat och ugedeit huet, fir eng fundamental richteg Ugeleeënheet halen. Japan ass zënter enger Rei vu Joren net méi esou wäit uewen op der Agenda wéi dat eemol de Fall war. Den Opstieg vu China als regional a vläicht och eng Kéier global Muecht, den Erfolleg och vun enger Rei aneren ost- a südostasiatesche Staten, déi konsequent Entwécklung a Stäerkung vun Indien hunn deen éischte vun den asiateschen Tigeren, Japan, e bëssen a Vergiessenheet gerode gelooss.

Japan behält allerdéngs - a seng wirtschaftlech Konsolidatioun no Jore vu substanzielle Schwieregkeete bestätegt dat - eng enorm Bedeitung als féierend asiatesch Wirtschaftsmuecht an als logeschen, well demokrateschen, industrialiséierten a fortschrëttsorientéierte Partner vun der atlantescher Schinn. De Sommet mat Japan, den Här Asselborn huet et gesot, soll dowéinst als eng Chance fir Europa opgefaasst ginn, wat d'Relatioune mat Japan am Ufank vum 21. Jorhonnert op en neien an usprochsvolle qualitativen Niveau soll a muss hiewen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Sécherheet ass e wichtegen Thema an eiser Zäit - ee vun deenen allerwichtegsten. Mir kennen d'Erausfuerderungen an d'Gefore mat deene mer haut konfrontéiert sinn. Dës Gefore si global, si maache keen Halt virun eise Grenzen, net virun deenen europäeschen an och net virun de lëtzebuergeschen. Stabil international Relatioune sinn am Beräich vun der Preventioun vu Risiken e wesentlecht Element, e gemeinsamen Engagement fir grenziwwerschreidend Sécherheet vun all deene mat deene mer an der Welt Wäerter a Prinzipien deelen och.

Dat, wat op däitsch „innere Sicherheit" genannt gëtt, entwéckelt sech méi a méi och zu enger europäescher Realitéit. D'Europäer gesinn, datt reng national Sécherheetsstrategien net méi duerginn. D'Regierungen an Europa, d'Parlamenter och, si sech wäitgehend eens, datt eng gemeinsam europäesch Démarche géigeniwwer vun der organiséierter Kriminalitéit, vun der illegaler Awanderung, vun de Schlepperbanden an dem Mënschenhandel absolut néideg an noutwendeg ass.

Duerfir muss dee fréier sou genannten drëtte Pilier vun der europäescher Politik, de Beräich vun der Innen- a Justizpolitik, eng communautaire Basis kréien. Et ass zënter laangem e wichtegt Uleies vun der Lëtzebuerger Politik, datt an dësem Domän mat Majoritéit soll ofgestëmmt ginn, fir datt esou eng wichteg europäesch Politikgestaltung méiglech gëtt. Während eiser Présidence bidde sech Geleeënheeten, fir dëst Uleies weiderzedreiwen.

Wéi an esou villen anere Beräicher vun der Politik mécht och déi intergouvernemental Approche bei der ënnerer Sécherheet kaum nach Sënn, mä a kaum engem anere Politikberäich ass et fir d'Leit esou wichteg, datt gemeinsam geduecht a virun allem och gemeinsam gehandelt gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Europäesch Unioun steet op hallwem Wee vun der Ëmsetzung vun der Lissabon-Strategie. Dat ass e Begréff, dee villen Europäer net vill seet. Tatsächlech soll en déi Démarche arummen, mat där d'Unioun bis 2010 déi weltwäit kompetitiivst wëssensbaséiert Ekonomie wëllt ginn.

D'Stäerkung vun der Kompetitivitéit vun der europäescher Ekonomie am weltwäite Vergläich ass zënter laange Joren een deklaréiert Zil vun den europäesche Regierungen. Mir kommen och guer net derlaanscht. Wann d'Unioun soll am globale Wettsträit, op de Mäert, Opträg a Wirtschaftsleeschtung bestoen a sech duerchsetzen, da muss hir Wettbewerbsfäegkeet wesentlech verbessert ginn, si muss evoluéieren.

De Problem op dësem Wee ass awer net nëmmen deen, dass bis haut vill ugekënnegt a wéineg realiséiert gouf. En ass och virun allem, dass mer net op der Strooss zu méi Wettbewerbsfäegkeet ënnerwee sinn.

Do rullen och déi Vereenegt Staten, déi aner OECD-State vu Kanada bis Neiseeland, do rullen Indien, China, Südostasien a Japan.

Déi Streck, déi mer mussen zréckleeë fir un dat erkläertend Zil ze kommen, ass keng verkéiersberouegt Zon. Et ass vill Trafic an do musse mer derduerch kommen, wa mer net als Lescht wëllen d'Arrivée erreechen am Joer 2010, wann d'Zil soll erreecht sinn.

Aner Länner hunn aner Fuergewunnechten op dëser Strooss. Déi europäesch Préoccupatioun vun der sozialer Ofsécherung vun de schaffende Leit, also deenen, deenen hir Leeschtung eis Kompetitivitéit zu engem gudden Deel ausmécht, gëtt an där Form a Kalifornien, an Australien, an Thailand an a Südkorea net gedeelt. Mir kënnen a mir wëllen awer net op déi Préoccupatioune verzichten. Dofir musse mer wëssen, dass mer e gréissere Rullwidderstand op der Strooss a Richtung 2010 hu wéi anerer, an dat mécht eis méi lues wéi verschidden anerer.

D'Affär mat Lissabon ass jo eng, déi schrecklech vill mat Astellungen a Mentalitéiten ze dinn huet. An op där Mentalitéitsfront kämpft Europa konsequent defensiv, während eis Konkurrenten eng wesentlech méi offensiv Taktik verfolgen. Taktik ass net dat eent. Op engem längeren Horizont brauch een awer eng besser Strategie an dofir musse mer an der Europäescher Unioun alles drusetzen, fir iwwer e puer Joer strategesch Erfolleg ze hunn.

Laangfristeg léisen sech d'Problemer och alt emol vum selwen. D'Iwwerzeegung, dass eng modern a kompetitiv Ekonomie an eiser Zäit muss wëssensbaséiert sinn, huet sech och bei eis schonn duerchgesat.

Mir mussen haut keen 12-Jähregen dovun iwwerzeegen, dass e soll den Ëmgank mam Computer léieren, well et ass séier wahrscheinlech, dass e sengem Papp säi schon installéiert, konfiguréiert a programméiert huet. Deeselwechte Jonke muss mat 18 Joer net méi dovun iwwerzeegt ginn, dass e soll versichen en anstännege Schouldiplom erbäizekréien, well d'Zuel vun de Schoulabsolventen, déi haut mat zousätzlechen Diplomer an Titelen um Aarbechtsmaart postuléieren, geet stänneg a konsequent an d'Luucht.

Déi jonk Europäer hu gesinn a wéi eng Richtung d'Strooss vu Lissabon ausgeriicht ass. Mir brauche wuel nach Zäit, bis dass déi Erkenntnis och hir Resultater weist, mä mir komme mat Sécherheet dohinner.

Natierlech huet all Medail jo och eng Kéiersäit. Méi laang Ausbildung a méi fréi Verrentung, fir jonke Kolleegen um Aarbechtsmaart Plaz ze maachen, stelle grad déi europäesch Ekonomien a virun allem d'Sozialsystemer fréier oder spéider viru ganz grave an aner Problemer, wéi mer se haut nach net kennen.

Wann déi schoulesch Ausbildung haut schonn dacks bis bal 30 Joer geet an d'Leit weiderhi mat 60 Joer an d'Pensioun wëllen, fir awer 90 Joer al ze ginn, also nach 30 Joer an der Pensioun ze verbréngen, da gëtt et an der Zukunft schwéier fir eis.

Wann een typescht Liewen deemnächst aus zwee Drëttel Versuergung an nach just engem Drëttel Produktioun besteet, amplaz ëmgedréint, wéi dat fréier emol de Fall war, dann huet d'Strategie vu Lissabon net dat bruecht, wat mer eis vum resoluten Astieg an d'Wëssensekonomie erwaart haten. Hei mussen also vill Zwäng matenee konsolidéiert ginn, fir dass mer d'Strooss bis 2010 an doriwwer eraus kënnen halen an net ënnerwee mat Vollkasko-Mentalitéit am Gruef landen.

Déi Lëtzebuerger Présidence huet also déi spannend Aufgab an der Halschent vun der Lissaboner Streck d'Fuergewunnechten an d'Strooss elag ze préiwen an ze versichen europawäit en neien Impuls ze ginn, fir dass eist europäescht Gefier sech net an deenen nächste fënnef Joer verziedelt. D'Zil ass definéiert. Et hänkt zu engem gudden Deel elo vun eis of, vun der Lëtzebuerger Présidence, ob d'Viraussetzunge kënne geschaf ginn, fir dass mer et heel erreechen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt un dëser Stell awer net vergiessen och e puer Wuert iwwert déi sozial Dimensioun vun Europa ze soen, déi de Lëtzebuerger ëmmer besonnesch um Häerz louch a mat Sécherheet och nach leie wäert.

D'Suerg ëm déi sozial Sécherheet vun de Leit an Europa ass leschten Enns d'Suerg ëm d'Legitimitéit vum europäesche Projet. D'Europäer sinn nëmme bereet sech Europa ze ginn, wa se d'Impressioun an d'Iwwerzeegung hunn, dass si an Europa wichteg sinn, dass Europa sech ëm si këmmert a wëllt hëllefen hiert Liewe fräi vu sozialen Ängschten ze gestalten. Dëst ass fir d'Akzeptanz vun Europa an de Mënschen hiren Häerzer fundamental.

Eng absolut Prioritéit muss d'Bekämpfung vum Chômage sinn a bleiwen. Méi Chômage féiert an déi aner Richtung.

Dofir kann et an eisen Aen och just e sozial verträglechen a sozial ofgesécherte Wee zu méi Kompetitivitéit ginn, e Wee vun deem méiglechst keen ofrëtscht während e versicht säi Liewen an d'Liewe vu senge Kanner an Europa ze organiséieren.

Nodeems ënner Lëtzebuerger Présidence 1997 deen éischte Beschäftegungssommet war, wier et gutt, Här Asselborn, wann ënner Lëtzebuerger Présidence 2005 en europäesche Sozialsommet géif ugereegt ginn. Et ass dat e Wonsch, dee mer wëllen haut zum Ausdrock bréngen.

Esou e Forum soll net nëmmen den Inventar vun deem an Europa erreechten an nach méigleche soziale Fortschrëtt erstellen, mä e géif sech sënnvoll aschreiwen an déi zweet Halschent vum Lissaboner Prozess. Esou e Sommet soll net ausschliesslech e Versuergungssommet sinn, eng Berouegungsveranstaltung fir d'Europäer, mä virun allem déi Plaz vun där aus ee kënnt de Message vermëttelen, dass mer an Europa Leeschtungsfäegkeet mat sozialer Ofsécherung verbannen an dass mer esou e Modell weiderentwéckele kënnen, deen och fir den Export an aner Staten ausserhalb der Europäescher Unioun geduecht ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lissabon an d'Thema vun der Kompetitivitéit si verbonne mat der Suerg a konjunkturell méi schwieregen Zäiten eng Budgetspolitik kënnen ze bedreiwen, déi en ekonomeschen Dynamiséierungseffekt kann hunn. Domat sinn ech bei der Upassung vum Stabilitéits- a Wuesstumspakt u wirtschaftlech Realitéiten.

Déi Kritären, déi fir déi europäesch Budgetsstabilitéit geschafe goufen, toleréieren haut keng Ofwäichung. Virun allem den Defizitkritär vun 3% vum PIB gëtt haart an ouni Ausnahm applizéiert, a grad dëse Kritär ass et, deen eng méi flexibel Applikatioun misst zouloossen, fir an enger konjunktureller Dellt engem Stat ze erlabe seng Ekonomie ze beliewen an ze stimuléieren. De Moment gëtt dat versicht zu Bréissel duerchzesetzen ënnert dem Impuls vun der Lëtzebuerger Présidence. Den Ausgläich vun de konjunkturellen Zyklen ass an der aktueller Kritärelogik awer nëmme ganz begrenzt méiglech.

Dofir ass et gutt, dass de Jean-Claude Juncker, dee jo niewent dem Europäesche Conseil och de Rot vun de Finanzministeren a méi dauerhaft den Eurogroup presidéiert, ugekënnegt huet an och amgaang ass dat duerchzeféieren, eng méi konjunkturgerecht Ausleeung vun de Stabilitéitskritäre wëllen duerchzesetzen.

Mir dierfen net vergiessen, dass de Pakt Stabilitéits- a Wuesstumspakt heescht. De Statsminister huet virum europäesche Parlament gesot, hien hätt léiwer déi zwee Themen ëmgedréint, an de Wuesstum un éischter Stell gesat. Bei der Upassung vun den Applikatiounskritäre geet et elo virun allem drëm ze verhënneren, datt de Pakt selwer wéinst enger vill ze rigider Applikatioun zwar Stabilitéit a Stagnatioun ka bewierken, mä de Wuesstum éischter bremst a verhënnert. Do muss een intelligente Modus fonnt ginn, fir déi zwee Ziler mateneen an Aklang ze bréngen, mä wëssend wien dee Mann ass, deen dat probéiert fäerdeg ze bréngen, si mer zouversiichtlech, datt dat och klappe wäert.

Déi aner grouss politesch Erausfuerderung vun der Présidence sinn d'Finanzperspektiven bis 2013. D'Unioun krut d'lescht Joer zéng nei Membere bäi. Deenen hir Wirtschaftsleeschtung ass awer net mat där vun deenen ale Memberen ze vergläichen. Ech wëll un dee Verglach erënneren, dee virun engem Joer dacks gemaach gouf, nämlech datt d'Wirtschaftsleeschtung vun allen zéng neie Memberen zesumme mat där vun Holland vergläichbar wier.

Elo kommen am Prinzip den 1. Januar 2007 Rumänien a Bulgarien nach dobäi. Ënner Lëtzebuerger Présidence fänken dëse Mäerz Verhandlunge mat Kroatien un. Et ass kee Geheimnis, dass d'Kroaten a vill anerer et gär géife gesinn, wa Kroatien zesumme mat Rumänien a Bulgarien géif der Unioun bäitrieden. An 2013, 2014 - fir den Tour ofzeronnen - ass dee fréistméiglechen Horizont, un deem d'Verhandlunge mat der Türkei kéinten ofgeschloss ginn. All dëst misst eis andrénglech matdeelen, datt mer déi grouss europäesch Entreprise séier wahrscheinlech net méi mat 1% vun der europäescher Wirtschaftsleeschtung kënne finanzéieren. Am Moment bewege mer eis an der Géigend vun 1,15%, an de Plafong läit nach ëmmer bei ënner engem an engem Drëttel Prozent.

Elo froen ech mech, a mir sollten eis dat alleguer froen: Wéi sollen d'Europäer, wéi solle 450 Millioune Leit an der Unioun verstoen, datt mer fir d'Gestaltung vun der Unioun hire Finanzperspektiven iwwer Honnertstel Prozent streiden? Wéi soll de Rentner an Estland, de Fëscher op Gozo, déi eleng erzéiend Mamm zu Bratislava, de Biergaarbechter a Südpolen verstoen, datt d'Promillen an d'„Prodix-millen" - wann et deen Ausdrock géif ginn - vum PIB iwwert déi finanziell Ausstattung vun der Unioun bestëmmen? Vun där Unioun, déi dës Leit och mat hirem perséinlechen a privaten Erfolleg an hirer Liewenserfëllung verbannen?

Keen heibanne mécht sech Illusiounen iwwert d'Chancen an dësem Dossier. Mir alleguer wëssen, datt déi Lëtzebuerger Regierung net déi ass, déi bremst a mauert, mä där, déi dat maachen, gëtt et leider Gottes an der Unioun méi ewéi genuch. Et ass kloer, wou d'Lëtzebuerger Regierung an dëser Saach steet. A meng Fraktioun an ech selwer begréissen dat ausdrécklech.

Et bleift deemno ze hoffen, datt an Europa ausser de Lëtzebuerger nach genuch Regierungsvertrieder kënne fonnt gi fir déi déi gemeinsam politesch Identitéit vun Europa méi ass wéi eng Kontabelsoperatioun an enger kontinentaler Epicerie. Ech wënschen eisen Négociateuren op jiddfer Fall deen Erfolleg, deen hir europäesch Motivatioun verlaangt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi Lëtzebuerger Présidence huet gutt ugefaangen. Hir Agenda ass gutt gefëllt, an den Inhalt vun den Erausfuerderungen, déi musse gemeeschtert ginn, ass komplex a mat Sécherheet spannend fir d'Zukunft vum politeschen Europa.

Ech soen der Regierung am Numm vun der Fraktioun vun der CSV all Ënnerstëtzung zou, déi se während deenen nächste fënnef an engem hallwe Mount ka brauchen, fir hir Aufgaben an der europäescher Présidence ze meeschteren.

Wann all déi Felder, duerch déi ech do spadséiert sinn, kënnen esou bestallt ginn, wéi eise Présidencëprogramm dat an Aussiicht stellt, bréngе mer d'Europäesch Unioun weider, da leeschte mer als zweetklengste Memberstat mat enger knapper hallwer Millioun Awunner eppes Richteges, eppes Wichteges, eppes Grousses fir bal eng hallef Milliard Europäer, an da gëtt dës lescht Présidence fir Lëtzebuerg, esou wéi all déi aner virdrun och, där eng, déi an Erënnerung bleift, an der positiver Erënnerung vun all deenen, déi sech och a Joren nach dofir interesséieren, wien d'Unioun weiderbruecht huet, se intern konsolidéiert huet an hir Stellung an der Welt gestäerkt huet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Charles Goerens ageschriwwen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei wënscht, datt dës Regierung während der Présidence an den nächste sechs Méint e Succès erafiert, well mir brauchen dee Succès. Mir brauchen en als Lëtzebuerger an d'Europäer brauchen och en Erfolleg. Well déi Présidence sech iwwerschneit mat enger Virwahlperiod fir de Referendum, deen hei am Land stattfënnt an och an anere Länner, ass dat hei och nach zousätzlech zu deem, wat normalerweis eng Présidence mat sech bréngt, en Acte de vérité.

Et ass eng Wett op d'Zukunft, a mir wäerten och alles maache vu menger Fraktioun aus, fir Iech ze hëllefen, datt dat gelénգt. Dat si modest Contributiounen, déi mer kënne maachen, mä mir mengen d'Viraussetzungen, fir zu engem Succès ze féieren, déi wiere gutt, well éischtens ass déi Présidence gutt virbereet. Dir hutt dat gemaach an och Är Administratiounen, an ech mengen, ech kann och soen, datt déi, déi virdrun an der Regierung Verantwortung haten, och an hiren Departementer an am Beräich vun hirem Méiglechen alles gemaach hunn, datt Lëtzebuerg net soll mat eidelen Hänn den 1. Januar do stoen.

Mir wäerten dat och hei an der Chamber maachen. Mir hunn iwwert déi verschidde Kommissiounen a besonnesch an der Commission des Affaires étrangères enorm vill Gespréicher an interessant Gespréicher, déi och net vu Muttwëll sinn, well mir begéine jo awer d'Vertrieder vun deene meeschte Parlamenter aus deene 25 Memberstaten. Ech fannen, deen Exercice ass utile an e soll och um parlamentaresche Plang begleet ginn.

Déi Debatt hei hätt Dir och net gebraucht, fir kënnen den Owend op Jerusalem ze fléien; Dir hätt awer gewosst, wat Dir géift maachen. Mä néanmoins ass et awer wichteg, datt mer eis eens ginn tëscht deene verschiddene Pouvoiren iwwert dat Essenziellt.

Duerfir wëll ech och soen, datt mer an deene grousse Linne kee Problem hunn, fir déi Effortë mat ze droen, déi elo haut an och gëschter Bestanddeel si vum Ordre du jour vum Conseil Ecofin. Mir brauchen en Euro, dee staark ass, a mir brauchen eng Zon an där den Euro agesat gëtt, déi och Chancen huet op eng besser Croissance, well ouni Croissance ass et och net méiglech fir en Assainissement op den Aarbechtsmaart ze bréngen.

Mir ënnerstëtzen dat, well mer mengen Europa brauch kloer Regelen, mä déi Regelen däerfen awer net esou starr an esou stur sinn, datt se déi eenzel Acteure géifen ze vill anengen. A mir fannen et och sënnvoll, datt ënner Lëtzebuerger Virsëtz iwwert de Stabilitéitspakt nach enger Kéier nei geschwat gëtt, well déi Regelen, esou wéi se an deem nach bestoende Stabilitéitspakt arrêtéiert goufen, jo och net méi dem Buschtaf no ugewant ginn. Dann ass et besser, a mir ginn och mat op dee Wee, datt mer eis nei Regele ginn, déi en phase si mat de Wirtschaftszyklen.

Mir hunn och kee Problem fir mat ze droen, datt wann een an enger Héichkonjunktur ass, een e bësse méi kann op d'Säit leeën, fir datt een dann och ka mat manner Bedenken op de Kreditmaart goen, wann et eng Kéier net méi esou gutt geet, fir datt d'Wirtschaft net an deene Phasen ënnert d'Rieder kënnt an och net ze vill Zäit brauch, fir bei deem nächsten Opschwonk erëm eng Kéier eng gutt Récolte eranzeféieren.

Mir ënnerstëtzen och déi Efforten, déi gemaach musse ginn an der Lissaboner Strategie. Ech soen dat aus zwou Iwwerleeungen eraus, engersäits well et gutt ass fir Europa an anerersäits well et och noutwendeg ass fir Lëtzebuerg. Mir hunn zwou Sourcen, déi eis do renseignéieren, datt et noutwendeg ass; engersäits de Rapport Kok, iwwert dee mer hei net länger brauchen ze schwätzen, well mer deen alleguer gelies hunn, an anerersäits och eng Evaluatioun iwwert de Lëtzebuerger Stand vun de Preparatiounen am Rapport Fontagné. Déi zwee Rapporte sinn utile a mir brauchen eis net hannert der Présidence ze verstoppen, fir do an deenen nächste sechs Méint näischt ze maachen.

Mir hate gëschter iwwert d'Konventioun Aarhus an der Ëmweltkommissioun rieds, wou et am Fong ëm Zougank vun Informatioune geet, a mir sinn eis och praktesch eens ginn, datt et noutwendeg ass, datt mer elo, wou et ëm den Accès zur Informatioun fir gewëssen Donnéeë geet, déi Bezuch hunn op d'wirtschaftlech Aktivitéiten dobaussen an déi Bezuch hunn op d'Kommodosgesetzgebung, déi besser ze organiséieren. Méi Informatioune muss awer net onbedéngt Stëllstand a paralyséierende Charakter an den Exekutiounsmoossname bedeiten. Déi zwou Dispositioune musse mer mateneen ofstëmmen. Dat gëtt net einfach, an do si mer an eiser Imaginatioun alleguer gefuerdert, dat ass zum Beispill eng vun de Méiglechkeeten, déi mer hunn, fir an deenen nächste sechs Méint awer innenpolitesch sënnvoll Aarbecht kënnen ze maachen.

Mir wäerten och als Demokratesch Partei näischt ënnerhuelen, wat déi Présidence do wäert genéieren, well et steet vill ze vill um Spill. Den Här Asselborn huet d'Prioritéiten opgezielt an ech mengen, hie brauch do d'Energien alleguer - an och d'Begleitmusek vun eis alleguer -, net nëmme fir d'Présidence, mä och fir dat, wat den 10. Juli um Spill steet.

Här President, dës Présidence fënnt am Joer 2005 statt; déi lescht Présidence huet 1997 stattfonnt, an 1997 ware mer eréischt zu 15 Staten. Déi Présidence virdrun, dat war 1991, wa meng Erënnerunge mech net am Stach loossen. 1991 wousst nach keen, datt mer 2005 zu 25 Memberstaten an der Europäescher Unioun géife sinn. Et wousst keen et, an déi puer, déi gegleeft hunn, datt d'Europäesch Unioun misst als Ankerpunkt verstane gi vun deenen zéng Länner, déi hir en définitive bäigetruede sinn, déi si sech e bësse virkomm, wéi wa se vun engem frieme Planéit kéimen. 1991 hate mer eng aner Situatioun, an ech si frou, datt den Elargissementsprozess - och wann en net onbedenklech ass - weidergeet an Äntwerte liwwert fir déi Länner, déi e Versprieche gemaach krute vun der Europäescher Unioun.

Mir si frou, datt Länner wéi Bulgarien a Rumänien et duerch enorm Upassungseffortë fäerdeg bruecht hunn, fir elo der Europäescher Unioun kënne bäizetrieden. 1991 war dat do net evident an deenen zwee Länner, déi ech oft d'Geleeënheet hat ze bereesen. Et war net evident an et ass positiv nozevollzéien, wat e Land fäerdeg bréngt an zu wat e Land fäeg ass, wann et eng Perspektiv opgezeechent kritt.

An engem Land wéi Rumänien, zum Beispill, huet de Ministère, deen zoustänneg ass fir d'Gestioun vun de Minoritéiten, och well dat Land d'Kopenhagener Kritären, a besonnesch déi éischt Kategorie dovun, wollt respektéieren, wou et nämlech ëm de Respekt vun de Mënscherechter an de Minoritéiterechter geet, ee Représentant aus der Minorité magyare uvertraut kritt. E positiivt Beispill fir ze weisen, datt, wann eng Perspektiv do steet an et kritt een eng Chance, datt ee sech dann och esou organiséiert, datt et net zu deem Chaos, zu där Anarchie an zu deem Bluttvergéisse kënnt, wéi mer et am Kosovo gesinn hunn.

D'Europäesch Unioun, den Elargissementsprozess an den europäeschen Integratiounsprozess sinn also a sech gutt preventiv Moossname fir Konflikter ze verhënneren. Domat sinn d'Potentialitéite vun der Europäescher Unioun ugeschwat; domat sinn awer och d'Grenzen net automatesch op der Säit gelooss. Och wann haut keen se kloer kann trennen, ass dee Prozess nach net um Enn. A mir sinn och der Meenung, datt déi Gespréicher, déi mat Kroatien ulafen, déi net eleng vun eis décidéiert goufen, mä vun der ganzer Europäescher Unioun gedroe goufen, datt déi an déi richteg Richtung ginn, well wann ee wëllt um westleche Balkan Fridden a Stabilitéit kréien, da mussen och do Perspektive geschafe ginn.

An ech deelen och d'Analys vum Jean Asselborn iwwert de Kosovo. Et geet net duer mat enger Diskussioun „standards before status"; et muss een och kucken, datt d'Leit eppes hannert d'Bretelle kréien. All Zweeten am Kosovo huet keng Aarbecht. Dat ass e permanente Facteur, dee riskéiert d'Situatioun ze destabiliséieren an als Pretext och ze dénge fir déi eenzel Kontrahenten, déi net alleguer matenee vernünfteg ginn.

Ëmmerhin ass et awer positiv festzestellen, wann een déi successiv Présidencë Revue passéiere léisst, datt mer a kengem vun de Länner, déi vum Ufank vun den 90er Joren un eng Bäitrëttsperspektiv kritt hunn, Minoritéitekonflikter haten. An d'Ingénierie institutionnelle um europäesche Plang war nach esou schwaach, datt Leit wéi Skubiszewski a Genscher 1990 en Noperschaftsvertrag ausgehandelt hunn, wou se sech am Fong drop gëeenegt hunn, datt d'däitschsproocheg Minoritéit a Polen géing wäitgehend Rechter kréien, e Standard, deen dann och Polen gebraucht huet a sengen Négociatioune mat Litauen, erëm eng Kéier och ënnert der Perspektiv vun engem spéidere Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun.

Ech hunn elo iwwer zwou Perioden zréckgekuckt: déi vun 1997 bis elo, an och déi vun 1991 bis 1997. A wa mer déi nächst Présidence hunn am Joer 2017, 2018, 2019 oder 2020 -...

Une voix.- Wa mer iwwerhaapt nach eemol eng hunn.

M. Charles Goerens *(DP).*- ...jiddefalls ass et keng méi an deem Ausmooss oder mat deem Profil wéi dës Kéier, well hei ass déi lescht vun där Zort -, dann hu mer aner Situatiounen, déi eis défiéieren. Dann huet China am Produit intérieur brut d'Europäesch Unioun iwwerrannt; dann ass China och wirtschaftlech méi staark wéi d'Vereenegt Staten, an da muss een och dee Moment, wann ee wëllt mat Autoritéit op der Scène mondiale optrieden, déi kritesch Mass hunn engersäits, an anerersäits och fest verankert an enger Partie Valeure kënnen operéieren.

A fir datt mer dat kënne maachen, muss och elo déi „opération vérité", déi Adoptioun vun der Verfassung heescht, riicht ausgoen. Am Fong sinn ech e bëssen traureg wann ech d'Debatte verfollege wéi se am Ausland lafen, an ech hoffen, dat bleift Lëtzebuerg erspuert. Well wann ee mat Nee stëmmt, da muss ee kucken ob dee Problemer mam Fong vun der Verfassung huet oder ob e Problemer huet mat eppes anescht, wat mat der Verfassung strictement näischt ze dinn huet. Wann et drëm geet fir engem eng anzedinn, a wann dat ausschlaggebend ass fir eng Décisioun ze huele wéi een déi Kéier ofstëmmt, a wann der vill op dee Gedanke kéimen, da misst ee soen, da géife mer eis majoritaire eng andinn. Well mir hu keen Intérêt drun, datt dat do net riicht ausgeet.

An duerfir mengen ech, misste mer och déi néideg Pedagogie an deenen nächste sechs Méint entwéckelen, wéi mer Europa dobausse besser erklären. Do gëtt et eng Partie Argumenter, déi mer brauche fir an Zukunft kënnen d'Schëff Europa ze steieren. A mir kënnen och roueg aus der Experienz vun de leschte Joren a Jorzéngte schäffen, fir awer e puer Argumenter ze gewannen, fir dat Europa no bausse méi akzeptabel ze gestalten.

Ass nach iergendeen dobaussen an der Wirtschaft, an der Politik oder och an der Press, dee sech drun erënnert wat fir eng Schwieregkeeten, datt mer haten, an ähnlech turbulenten Zäiten ewéi elo, mat eise Währungen? Ass nach een, dee sech drun erënnert, datt mer nach an den 90er Joren, esouguer no der Ratifikatioun vum Maastrichter Vertrag, an der Europäescher Unioun - an esouguer ënnert de sechs Grënnerstaten - wettbewerbsverzerrend Situatiounen haten, bedéngt duerch d'Auserneeliewe vun de Währungen? Kann nach ee sech erënneren, datt mer zum Beispill an Italien erlieft hunn, datt se do Iwwerstonne gemaach hunn, well den italieneschen Export gedopt war duerch eng 25%eg Dévaluatioun vun der Lire, während Volkswon a Renault a Peugeot eng Appréciatioun vun de Währungen erlieft hunn, déi an hire Länner d'offiziell Zahlungsmëttel waren? Dat Ganzt war en Nullsummespill.

Haut si mer an enger Situatioun, wou mer dat net méi hunn. A wa mer d'Facture pétrolière kucke vun dësem Joer an och vun zejoert, da

kënne mer eis alleguer just nëmme félicitéieren, datt mer den Euro hunn, deen an dësem Fall awer net als „Teuro“ däerf verunglimpft ginn, well wa mer deen net hätten, da wier de Pëtrol wéi d'Energie an eenzelne Länner nach vill méi deier, a mir kënnten net mat där geballter Kraaft optrieden an eis gemeinsamen Aufgaben zouwenden, wéi dat zum Beispill an der Definitioun vun der Lissabon-Strategie de Fall ass.

Här President, dës Présidence huet ugefaang mat engem Evenement, wat kee gewënscht huet a wat awer ganz staark déi éischt zéng Deeg vun därselwechter geprägt huet: d'Situatioun a Südostasien a ronderëm den Indeschen Ozean. Dat ass eng Situatioun, déi wierklech ronderëm de Globus Entsetzen ausgeléist huet an och zu enger Reaktioun Ulass ginn huet, déi absolut op der Héicht vum Evenement war. Dat ass ganz gutt esou, a wann een och gesäit wéi vill Fongen datt mobiliséiert goufen, da gesäit een och, datt dat do finanziell e ganz responsabelen Néierschlag fonnt huet.

Mir géingen awer och wënschen, datt doriwwer eraus - an d'Europäesch Unioun war present - och Operatiounen, déi net esou visibel sinn, net vergiess ginn. A Lëtzebuerg ass do gutt gestallt, well mer e Land sinn, wat seng Responsabilitéit um Plang vun der Contributioun, fir d'Problemer vun der Aarmut am Rescht vun der Welt ze léisen, iwwerhëlt. Mir wiere frou wann do, wou et net vum selwe geet a wou een ouni CNN-Effekt muss operéieren, datt een och do ka Resultater afëieren.

Wann 30 Millioune Leit HIV-positiv sinn, dorënner ganz vill Fraen a Kanner, dorënner fënnef Milliounen a Südafrika, dorënner ronn 30 Milliounen oder de Gros vun deenen an Afrika, a mir loossen déi an der allgemenger Indifferenz dohivegetéieren, a mir sinn net am Stand, eis am internationale Kontext a besonnesch an den OMC-Verhandlungen déi Moyenen ze ginn, datt d'Medikamenter dohinner kommen, wou d'Patiente sinn, - an net datt mer déi absurd Situatioun weider behale wou d'Patienten am Süde sinn, an d'Medikamenter am Norden - da musse mer nach ganz vill Iwwerzeegungsaarbecht maachen.

Mir kënnen elo laang epilogéiere ronderëm d'Fro vun der Sécuritéit a vun dem Développement, vun der Bekämpfung vun der Aarmut, vun der Méiglechkeet, déi mer mussen an d'Wee leeden, fir d'„Millennium development goals“ ze packen. Eent steet jiddefalls fest: Ouni Sécherheet mécht een net vill, an ouni Entwécklung kritt een och op laang Siicht keng Sécherheet. Mir mussen dee Cercle vicieux do briséieren, an et muss eis geléngen, datt mer och do nei Perspektiven dégagéieren, an och dat do ass machbar.

A wann ech d'éinscht gesot a bemängelt hunn, datt d'Europäer op deem dote Plang keng Visibilitéit hunn, da stëmmt dat och, da musse mer kucken, datt mer dat a vill Klengaarbecht an Iwwerzeegungsaarbecht an och an enger breeder Sensibilisatioun, net nëmme vis-à-vis vun der Opinion publique, mä och vis-à-vis vun den Décideuren, deene mer an deenen nächste sechs Méint wäerte begéinen, maachen.

Déi Sensibilisatioun, déi muss sech och op e puer graff Formulë reduzéieren. Eng vun deenen ass déi, datt et machbar ass. Wat ass machbar? Mä datt ee mat enger Contributioun vun 0,7% à même ass fir deem Fléau do bäizekommen, an net op engem hallwen Zil stoe bleift, wou et drëm geet, fir d'Aarmut bis 2015 ze halbéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Lëtzebuerger Présidence huet sech vill virgeholl. Mir hunn d'Méiglechkeet de Mëtteg fir déi eenzel Punkten ze kommentéieren. Mir hoffen, datt d'Europäesch Unioun an den Integratiounsprozess als solche weidergefouert gëtt, datt e seng Dynamik behält, well e Broch an der Dynamik, e Réckschrëtt bedéngt duerch eng Onfäegkeet fir d'Verfassung ze adoptéieren, géif villes paralyséieren, an et géif wäit iwwert d'Genugtuung erauskommen, déi deen een oder aneren hätt, wann en deem engen oder deem aneren eng géing andinn.

A well et vill ze vill wichteg ass, a well mir alleguer mengen, mir hätte Recht, solle mer nach eng Kéier an eis eragoen a kucken, wat fir eng Argumenter datt mer kënne beméien, fir déi richteg Pedagogie ze fannen an ze definéieren, fir an den nächste sechs Méint crescendo deen Exercice do ze erklären, fir datt mer och à la hauteur vun eisen Ambitioune sinn. Mir mussen dat maachen, well d'Konkurrenz schléift net, a mir mussen dat och maachen, well mer eis selwer an och den nächste Generatiounen dat schëlleg sinn.

Ech hunn ugefaangen andeems datt ech e puer Situatioune kommentéiert hunn, am Réckbléck. Ech wëll nëmme just nach mat zwee Zitater ophalen. Dat eent ass vum Lech Walesa, deen 1990 gesot huet: Mir sti virun enger onwahrscheinlech schwiereger Aufgab. Wa mer d'Europäesch Unioun net hëllefstellend zur Säit hunn, da packe mer dat net. Mir op eis eleng gestallt packen dat net. Dat, wat vun eis gefrot gëtt, déi Transformatioun, dat ass esou schwéier, dat ass am Fong vergläichbar mam Schwieregkeetsgrad, deen ee géif kennen, wann ee misst eng Fëschzopp an en Aquarium transforméieren. De Contraire ass méi liicht, sot en, mä mir mussen awer hei dat anert maachen, mir mussen ëmgekéiert fueren.

An dat Lescht: Wann een Europa wëllt virubréngen, da kann ee vläicht en Zitat bei de Saint-Exupéry siche goen, wat ech och nëmmen op ongeféier kann erëmginn: Fir datt d'europäesch Konstruktioun geléngt, muss een natierlech an den Detailfroe virukommen, well den Aarbechter, de Beamten, de Chômeur, déi waarden alleguer op eng Äntwert fir hire Problem, a wann een hinnen déi Äntwert net ka liwweren, da brauch een net laang ze versichen, fir déi fir den europäesche Gedanken ze begeeschteren. Et brauch een also do ganz vill Detailaarbecht, et brauch een Techniker, et brauch een Ingenieuren, et brauch ee Leit, déi professionell op der Héicht sinn.

A fir ze vergläiche mat engem Schëff, ginn ech bei de Saint-Exupéry léinen, dee gesot huet: Wann ee wëllt e Schëff bauen, brauch een natierlech Ingenieuren an Handwierker a Leit, déi den Detail maachen. Mä wat ee virun allem brauch, dat ass de Goût vum Mier. An ech menge mir hunn deen alleguer. An duerfir solle mer mat Courage, mat Determinatioun a virun allem mat ganz vill Passioun déi Présidence hei begleeden, där ech ganz vill Chance an décke Succès wënschen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot ageschriwwen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt dem Här Ausseminister Merci soe fir dee breeden Tour d'horizon iwwert d'Prioritéite vun der Présidence, an och fir déi vill Prezisiounen, déi hien dozou ginn huet. Deen Tour d'horizon huet gewisen, dass d'Présidence fir e Land natierlech eng Éier ass, eng Chance, mä natierlech och eng grouss Aarbecht, eng Laascht, déi ze meeschteren ass, an dat gëllt fir Lëtzebuerg wéi fir dat gréisste Land vun der Europäescher Unioun.

Mir däerfen och net vergiessen, dass d'Présidence um institutionelle Plang weist, dass et an der Haaptsaach nach ëmmer an Europa déi national Regierunge sinn, déi d'Politik an der Europäescher Unioun maachen a mateneen an noenee bestëmmen. Et ass also net Bréissel, wéi dat esou schéi gesot gëtt, oder iergendeng Abstraktioun, déi décidéiert iwwert dat wat an Europa geschitt, mä et sinn ons Ministeren, et sinn d'Ministeren alleguerten, déi dat bestëmmen, a si hunn institutionell d'Haaptwuert.

An der Europäescher Verfassung, vun där mer jo vill schwätzen, ass deen Afloss vun de Ministere vun de Regierungen net zréckgaangen. Au contraire ass en esouguer nach verstäerkt ginn. Duerfir ass et also nëtzlech, dass mer an dëser Chamber, an dësem nationale Parlament déi Debatt mat dem President vum Conseil hunn.

Duerch déi nei Verfassung, wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, ass jo och d'Entwécklung vun Europa méi no zu den nationale Parlamenter higeréckelt ginn, ob se dat elo wëllen oder net. Ech weess natierlech, dass d'Kolleegen an de parlamentaresche Kommissiounen hir Europaflicht net op d'liicht Schëller huelen. Et ass eng Dimensioun, déi an der Aarbecht vun de politesche Kommissioune vun dem Parlament zum Droe kënnt. Mir mussen d'Ministeren intensiv iwwer Europa befroen. Mir mussen ons eege Meenung entwéckelen an esou onse politeschen Afloss och an den europäesche Froen erhalen an ausbauen.

Duerfir wëll ech och ausdrécklech dëser Regierung Merci soen, dass se a wichtege Gebidder, Fachgebidder, sektorielle Gebidder, schonn éier d'Présidence ugaangen ass, bei d'Chamber komm ass, fir zum Beispill iwwert de Lissabon-Prozess mat de Kommissioune vun der Chamber ze diskutéieren, oder och am Zesummenhang mat där berühmt-berüchtegter Bolkestein-Direktiv Konsultatioune mam Parlament unzefänken. Mir mussen als Parlament déi Essaien do natierlech och transforméieren, mir mussen ons déi horizontal Strukture ginn, wou déi verschidde Kommissiounen, déi jo mat deenen eenzelne Gebidder do befaasst sinn, zesummekommen an op e politescht Resultat kommen, wat sech weise léisst.

Här President, d'Prioritéite vun der Présidence sinn natierlech net déi vun enger Présidence, mä si schreiwe sech an den Aarbechtsprogramm vu véier oder fënnef Présidencen hannereneen an. An dat wat déi viregt Présidencë jo net ofgehaakt hunn, dat mécht déi nächst. Duerfir ass natierlech d'Opzielung vun de Prioritéite laang, och wann der meeschtens nëmmen e puer an d'Fënster gesat ginn.

Ech schwätze vun de Finanzperspektiven, vum Stabilitéitspakt, vun der nächster Erweiderung, vun der Strategie vu Lissabon a vun anere wichtegen Ziler. Et gëtt nach an de sektorielle Gebidder wichteg Ziler, op déi ech e bëssen éischter agoe wëll wéi elo op déi ganz grouss, wou scho vill doriwwer kommentéiert ginn ass. Sou zum Beispill wëllt d'Présidence vill Zäit op d'Virbereedung vun engem neien Agenda social 2006-2010 verwenden. E wichtegen Thema.

Am soziale Beräich sinn eng Partie Aarbechten amgaang, wou ons Chamber en A drop hale soll. Sou gëtt et zum Beispill e Projet de directive iwwert d'Aarbechtszäit, oder och e Projet de directive, fir siwen Direktiven iwwert d'Gläichberechtegung, d'Gläichbehandlung bei der Aarbecht zu engem Instrument zesummenzefaassen. D'Présidence huet och de Suivi vum Aktiounsprogramm Pékin +10 ze maachen. Dat sinn also wesentlech Saachen, déi d'Liewe vun de Leit op der Aarbecht an an der Gesellschaft wäerten determinéieren. An ech géif hoffen, dass d'Présidence do Fortschrëtter erreecht.

Mir hunn natierlech och elo gëschter gesinn, dass ons Présidence Prioritéiten an der Ëmweltpolitik virgeluecht huet, zum Beispill am Hibléck op d'Lissabon-Strategie an den néidege Rééquilibrage mat de wirtschaftlechen Ziler. An anere Secteuren ewéi an der Entwécklungspolitik oder och am Bannemaart, an der Gesondheet, an der Nohaltegkeet sinn och esou Prioritéite festgeluecht.

Dat alles sinn - dat wëll ech awer och nach hei soen - wichteg Reflexiounen an der Regierung fir d'Présidence, mä déi och hiren Impakt op d'Lëtzebuerger Politik wäerten a musse kréien. Well et ass jo net esou, dass Lëtzebuerger an Europapolitik zwee komplett verschidde Puer Schong sinn. Politesch Initiativen an Europa si meeschtens wichteg Ustéiss fir Moderniséierung a Fortschrëtt um soziale Plang - ech soe wuelverstane Fortschrëtt um sozialen, um wirtschaftlechen, um ekologesche Plang och hei zu Lëtzebuerg.

Här President, niewent de Prioritéiten, déi laang bekannt sinn, kënnt, dass natierlech d'Weltgeschicht net stoe bleift, dat heescht wa mer virun engem Joer Prioritéite festgeluecht hunn, dann hu mer net virausgesinn, dass, wéi den Här Ausseminister gesot huet, um Enn vum Joer 2004 nei Erausfuerderungen op ons duerkomm sinn. Déi schrecklech Katastroph a Südasien huet jo kloer gemaach, dass Europa eng global Roll am Kader vun der UNO huet, fir eben do net nëmmen ze hëllefe fir de Moment, mä fir och Aarmut, Misère ze bekämpfen, an dat net nëmme kuerz-, mä och laang- a mëttelfristeg.

Am Oste vun Europa, do kuckt elo d'Ukraine no Westen amplaz ewéi virdrun no Osten, an d'Europäesch Unioun muss sech bewosst sinn, dass do eppes vun ons erwaart gëtt, mä zugläich musse mer wuel deem Land entgéintkommen, ouni schonn déi nächst Erweiderung anzelauden an ouni natierlech och ons Relatioune mat Russland a Fro ze stellen.

Mir wëssen och, dass Entwécklunge weiderginn, déi d'Gesiicht vun der Europäescher Unioun ëmännere wäerten, zum Beispill am Balkan, wou natierlech Stabilitéit muss entstoen. D'Bäitrëttsverhandlunge mat Kroatien kënnen déi Stabilitéit bréngen, mä och hei - den Här Ausseminister huet et erkläert - net zu egal wat fir engem Präis, wann et sech ëm Demokratie a Wäerter handelt.

Et mierkt een och, Här President, wéi un den Ost- a Südgrenze vun der Europäescher Unioun e permanenten Asaz vun der Unioun fir Fridden a Wuelstand néideg ass. D'Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei muss een an deem Kontext gesinn. Mir sollen och net ënnerschätzen, wat d'Europäesch Unioun fir de Fridden am Noen Osten, besonnesch am Konflikt zwëschen Israel a Palestina mécht, a wat se do mécht fir d'Aarmut zum Beispill a Palestina ze bekämpfen.

Sécher, ech menge mir wëssen dat, mir si Politiker, do ass munech waarm Loft an den offiziellen Erklärungen a bei deene ville Reesen uechtert d'Welt, mä dach ass d'Europäesch Unioun e glaubhaft Symbol fir Fridden, si ass keng imperialistesch Muecht, si vertrëtt hire Gesellschaftsmodell an hir Wäerter, a wa se sech militäresch an zivil Mëttele gëtt, dann net fir sech auszedehnen, mä fir d'Leit ze schützen, fir schlëmm Exzesser an Terrorismus ze bekämpfen, fir Aarmut iwwerall ze bekämpfen an doduerch natierlech gesellschaftleche Fortschrëtt ze bréngen.

Och do, dat sief en passant gesot, huet déi nei Verfassung nei Instrumenter geschaf. Fridden, wësse mer, gëtt et och net zum Nulltarif, an d'Europäesch Unioun ka vill mam Porte-monnaie hëllefen, mä si muss och géint Gewalt an Terror agräife kënnen.

Här President, ons Chamber muss sech intensiv mat enger wichteger Prioritéit vun der Présidence ausenaner setzen, nämlech där vun der ënnerer Sécherheet. Et ass dat ee vun deenen zwee wesentlechen neien Inhalter, ech schwätzen hei vun den Inhalter vun der neier Verfassung. Deen een ass d'Aussena Sécherheetspolitik, deen aneren ass dee vun der ënnerer Sécherheet. Künfteg soll déi komplizéiert a laangwiereg intergouvernemental Method duerch d'Gemeinschaftsmethod ersat ginn.

Ech erënneren drun, wéi schwéier et no dem fierchterlechen Attentat zu New York den 11. September 2001 war, fir den europäeschen Haftbefehl duerchzesetzen. Am November 2004 gouf de Programme de La Haye ugeholl, deen eng Aktualisatioun vun deem vun Tampere ass. D'organiséiert Kriminalitéit soll duerch eng efficace Zesummenaarbecht vun der Police an der Justiz bekämpft ginn. D'Informatioun fir Police a Justiz soll zwëschent de Länner zirkuléieren, en Espace judiciaire européen soll entwéckelt ginn.

Déi wesentlech Erausfuerderung dobäi ass, dat wësse mer alleguerten, d'Gläichgewiicht ze fannen an ze erhalen zwëschent dem Respekt vun de Mënscherechter an der Iwwerschaubarkeet vum nationale Rechtsraum engersäits, an der Efficacitéit vun der Verbriechensbekämpfung anerersäits.

Wa mer zum Beispill och en neit Asylgesetz zu Lëtzebuerg kréien, muss dat am Aklang mat den europäesche Virstellungen iwwer Awanderung an Asyl sinn. Sécher ass den Niveau d'ambition vun der Europäescher Unioun net ganz héich an där Hisiicht, dat huet den Här Ruud Lubbers, Haut-commissaire aux réfugiés, ons jo hei an der Chamber gesot, mä trotzdeem ass et eng wichteg Etapp, well kee Land haut eleng géint déi illegal Awanderung kämpfe kann oder Accords de réadmission an der ganzer Welt ofschléisse kann, oder dann déi schlëmm Mënschenhandelsmafia eleng bekämpfe kann. Schwiereg Aarbechte stinn also an Europa virun der Dier, déi mer opmierksam verfollege mussen.

Här President, ech wëll mech hei net un dee komplizéierte Problem vun de finanzielle Perspektiven oder un de Stabilitéits- a Wuesstumspakt ginn, mä wat dee Pakt ugeet trotzdeem dat hei: De Lëtzebuerger Finanzminister wëllt jo eng Reform ënnert der Lëtzbuerger Présidence dofir erreechen, an dobäi sollen déi wesentlech Kritäre vun der Geldstabilitéit respektéiert ginn, an op där anerer Säit méi Flexibilitéit an de Maniement vum Pakt agefouert ginn. De Länner sollen an de schlechten Zäiten nei Marges de manœuvre erlaabt ginn, virausgesat si si prett a gudden Zäiten hir Schold energesch ofzebauen.

Mir kënnen ons mat där monetärer Vernunft gekoppelt mat wirtschaftlecher Vernunft erëmfannen. Et ass scho laang monéiert ginn - ech wëll dat hei awer soen, et ass jo een Débat, dee jorelaang zréckgeet -, dass d'Euroland net ouni eng wéinstens minimal wirtschaftspolitesch Approche bestoe kann, an déi Opdeelung zwëschent der Banque centrale européenne an dem Eurogroup vun de Ministere weist jo drop hin, dass engersäits Leit eng monetär Responsabilitéit hunn an anerersäits éischter eng wirtschaftspolitesch Responsabilitéit.

Ob allerdéngs a wéi dann elo déi eenzel Länner forcéiert kënne ginn, hir Schold an hiren Defizit ofzebauen, wa se dann eng Kéier a méi enger konfortabeler Finanzsituatioun sinn, dat steet op engem anere Blat, mä d'Iddi a sech ass op jidde Fall gutt, a mir hunn och Vertrauen an de Finanzminister dës Id-

di an de Verhandlungen duerchzesetzen.

Här President, ech wollt mech dann awer e bësse méi intensiv mat der Lissabon-Strategie beschäftegen, déi jo 2000 an d'Liewe geruff gouf, an déi bis elo eigentlech en Echec ass. Firwat ass dat en Echec? Dat ass liicht ze verstoen, mir sinn hei um Terrain vun der intergouvernementaler Zesummenaarbecht, wou all Land eigentlech mécht, wat et wëllt. D'Kompetenz vun der Europäescher Unioun besteet hei an der Koordinatioun vun der Wirtschafts- an der Aarbechtsmaartpolitik. Koordinatioun heescht, dat openeen ofzestëmmen, wat an deenen eenzelne Länner souwisou geschitt. Dofir ass et schwéier méiglech um europäesche Plang den eenzelne Länner an hir Modernisatioun eranzeschwätzen. All Land huet an där Hisiicht seng eege Problemer, déi et léise muss.

D'Lëtzebuerger Présidence soll a wëllt dat riichten, zum Beispill op Grond vum Rapport vum Här Kok oder vun enger Analys vun der Kommissioun fir de Mäerz 2005. Bis dohi wäert allerdéngs, an ech bedaueren dat wierklech ganz staark, net allze vill lafen. Dat ass schued, an ech mengen, mir mussen och zu Lëtzebuerg awer déi Zäit notzen, fir aktiv ze ginn.

Esou verlaangt zum Beispill de Rapport vum Wim Kok mat Recht, mengen ech, dass all Land sech en nationale Plang soll ginn, zesumme mat den nationale Partneren, de sozialen a wirtschaftlechen Acteuren, wéi och dem nationale Parlament. Déi Objektiver, déi d'Strategie vu Lissabon virgesäit, déi erreecht keng Regierung eleng an engem Land esou ouni weideres mat engem Fiederstréch. Et brauch duerfir e staarken, nationale Konsens, dee muss ausgeschafft ginn.

Dräi Beispiller duerfir aus dem Rapport Kok:

Deen éischten Objektiv, seet en, ass d'Société de la connaissance ze realiséieren. Dat heescht zum Beispill, Fuerscher aus der ganzer Welt an Europa kommen ze loossen, duerfir administrativ Hürden ofzebauen, schnell Prozedure fir Visaen an Aarbechtsgenehmegungen anzeféieren. Lauschtert gutt no! Schnell Prozedure fir Visaen an Aarbechtsgenehmegungen! Ech schwätzen hei vu Chercheuren a Professeren.

Une voix.- Héich qualifizéiert!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Héich qualifizéiert, selbstverständlech.

(Interruptions diverses)

Géigesäiteg Unerkennung vu beruffleche Qualifikatioune verbesseren.

Jiddfereen, deen dëse Secteur nëmmen e bësse kennt, weess wéi schwéier mer ons do zu Lëtzebuerg dinn. Och soss an Europa ass et net ganz vill besser. An den USA ass dat eng ganz aner Saach, trotz dem Sécuritéitsfimmel vun deem Land. Do gëtt et einfach an effikass Strukturen an och Encadrement, déi mir an Europa op deem Plang bis elo nach net kennen, an dat erkläert och zum groussen Deel firwat dat Land esou wäit fort ass wat d'Société de la connaissance ugeet.

Zweeten Objektiv: de Bannemaart entwéckelen. Ech weess et gëtt elo d'Diskussioun iwwert de Bannemaart am Zesummenhang mat der Bolkestein-Direktiv, an ech mengen och, dass déi Direktiv e strategesche Feeler vun der viregter Kommissioun war. Si huet d'Veronsécherung vu villen Arbeitnehmer net verstan; si huet wëllen d'Liberalisatioun forcéieren. Duerfir ass ze begréissen, dass elo gëschter an haut d'Europaparlament dës Direktiv fundamental wëllt iwwerhuelen. D'Lëtzebuerger Présidence, mengen ech, soll natierlech dat voll matmaachen.

Zum Beispill gëtt am Europaparlament jo monéiert, dass et éischter eng kloer Ofgrenzung zur Économie sociale muss ginn, och eng kloer Ofgrenzung zu de Services publics an anere Gebidder, déi duerch sektoriell Direktive schonn ofgedeckt sinn. Dat muss op jidde Fall un där Bolkestein-Direktiv verbessert ginn.

Doniewent enthält zum Beispill d'Notioun vum Pays d'origine, déi an där Bolkestein-Direktiv ass, eigentlech eng Diskriminéierung, net vun Auslänner, mä vun Inlänner, a mir si jo an Europa an engem Raum, wou mer keng Diskriminéierung wëllen. De Kritär vum Pays d'origine, dee wäert sonner Zweifel d'Gefor beinhalten, dass sozial Rechter, Verbraucher- a Patientenrechter, Qualitéitskritäre vun den eenzelne Länner ausgehielecht ginn. Dorunner ännert och näischt, dass d'Bolkestein-Direktiv d'Kontrollrecht vum Pays d'origine virgesäit, woubäi kloer ass, dass de Pays d'origine iwwerhaapt keen Interessi un esou enger effizienter Kontroll huet.

Duerfir, Här President, mir musse sécher eng Déngschtleeschtungsdirektiv kréien, well d'Déngschtleeschtungsservicer och zu der „libre circulation" gehéieren. Mir hunn och Interessi als Lëtzebuerger, dass et do kloer Regelen an Europa gëtt, mä déi Direktiv, wéi se hei virgeluecht ginn ass, däerfe mer op kee Fall esou duerchgoe loossen, an d'Lëtzebuerger Présidence huet do och eng grouss Responsabilitéit.

Drëtten Objektiv, dat ass och dann ee vun den Objektiver vun dem Rapport Kok: Wéi gesäit de Sozial- a Gesellschaftsmodell muer an Europa aus? Mir mussen de sozialen Dumping verhënneren, dat ass ewell en héich politescht Zil. Wa mer dat net maachen, Här President, da kréie mer vun de Leit dobaussen den Dicks geriicht. Mir mussen zugläich och natierlech ons Konkurrenzfäegkeet verbesseren. Sozialen Dumping kann een nëmme verhënneren duerch gemeinsam sozial Regelen iwwer en Zesummespill engersäits vun dem Instrument vun der Harmoniséierung an anerersäits vun der géigesäiteger Unerkennung vun de Regelen an allen EU-Länner.

Une voix.- Da misst dat awer och fir d'Importatioun vun de Wuere gëllen, net nëmme fir d'Déngschtleeschtungen?

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dir mengt fir d'fräi Zirkulatioun vun de Gidder? Jo, selbstverständlech mussen dat Regele sinn, déi am Bannemaart fir alles gëllen.

Ech mengen och, dass mer mussen nom Steierdumping kucken. D'Lëtzebuerger Présidence - Dir hutt dat vläicht matkrut - wëllt d'Harmoniséierung vun der Assiette fir d'Betribssteier weiderdreiwen. Dat si jo Iwwerleeungen, déi vun der Kommissioun am September gemaach gi sinn. Ech hunn och gesinn, dass de Lëtzebuerger Finanzminister net nëmmen d'Harmoniséierung vun der Assiette vun der Steier wëllt weiderdreiwen, mä och nach e Mindestsaz garantéiere wëllt an Europa, fir op déi Manéier en anstännegt Steieropkommes fir déi eenzel Staten ze erhalen. Mir ënnerstëtze selbstverständlech d'Présidence bei där Aarbecht.

Mir mussen natierlech och eis Konkurrenzfäegkeet verbessere vis-à-vis zum Beispill vun Aarbechtskräften aus dem Ausland. Net iwwer sozialen Dumping, mä iwwer eng offensiv Politik fir d'Schoul- an d'Beruffsausbildung. Just fir ze weisen, Här President, dass do villes zesummenhänkt an, wéi een esou schéi seet, villes vernetzt ass.

Wat natierlech déi sozial a steierlech Norme concernéiert, gëllt och fir d'Ëmweltnormen. Mir solle jo Investissementer a Recherche weiderdreiwen, zum Beispill fir d'CO_2-Emissiounen erofzesetzen an doduerch nei Aarbechtsplazen ze schafen. Mir däerfen awer net zugläich d'Ëmweltnorme verwässeren, well da ginn natierlech déi Efforte fir nei Technologien ze entwéckelen an doduerch och nei Aarbechtsplazen ze kreéieren erëm eng Kéier vu bannen zerstéiert.

Duerfir mengen ech soll d'Kommissioun fir de Conseil européen vum Mäerz 2005 e Bilan vun der Göteborg-Strategie, déi jo déi nohalteg Entwécklung beschriwwen huet, virleeën. D'Lëtzebuerger Présidence annoncéiert, hunn ech och gesinn, eng Charta fir d'nohalteg Entwécklung, déi also eng global Approche soll sinn, déi iwwert der Strategie vu Lissabon steet.

Dësen Débat, dee geet elo un, Här President. D'Lëtzebuerger Présidence huet sech kloer fir d'Kohärenz an d'Gläichgewiicht tëschent der wirtschaftlecher, der sozialer an der ekologescher Komponent an der iwwergeuerdneter Dimensioun vun der Nohaltegkeet ausgedréckt. Mir félicitéieren ons Présidence duerfir a mir hoffen, dass se domat weiderkënnt.

Här President, den 10. Juli 2005 hu mer hei am Land fir d'éischt säit 1937 e Referendum iwwert déi Europäesch Verfassung. Bis dohi sollen a wëlle mer d'Bierger iwwer Europa informéieren, mir wëlle mat hinnen diskutéieren, mir wëllen hir Suergen an hir Kritik iwwer Europa héieren, natierlech och hir Haltung zur Verfassung. Perséinlech sinn ech der Meenung, dass dës Verfassung e risege Sprong no vir ass, virun allem och wat d'Beschreiwung vun de Wäerter ugeet, déi d'europäesch Gesellschaft - onse Modell - begrënnen.

Ech mengen och, dass et um institutionelle Plang an och um inhaltleche Plang e grousse Fortschrëtt ass, deen erlaabt, dat Europa vu 25 besser ze verwalten, dass et och am soziale Beräich eng ganz Partie Fortschrëtter beinhalt, déi et bis elo mat där Kloerheet an Europa nach net ginn ass an déi also en Hiewel ginn, fir an der Zukunft Europa och um soziale Plang weiderzebréngen.

Ech hoffen, dass dee Referendum net zu parteipolitesche Spillercher Ulass gëtt an dass jiddferee sech senger Responsabilitéit bewosst ass. Dass d'Présidence natierlech virdru stattfënnt, erlaabt de Bierger, méi no un der Europäescher Unioun ze sinn. Si erlaabt ze verstoen, dass et an der Politik heiheem an an der Politik an Europa ëm datselwecht geet, nämlech ëm hiert Liewen, hir Fräiheet, hire Fridden, hire Wuelstand, hir Rou an hir Sécherheet. A wann dës Présidence Erfolleg huet, fir d'Mënschen an der Europäescher Unioun, fir hiert Liewen, ass dat déi beschten Iwwerzeegungsaarbecht fir Europa a fir de Jo zur Europäescher Verfassung den 10. Juli 2005.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech muss um Ufank soen, dass ech e bësse schlecht dru sinn, well den Här Ausseminister e gudden Deel vu senger Ried benotzt huet, fir méi eng allgemeng aussepolitesch Erklärung ze maachen, wäit iwwert d'Présidence eraus. Eigentlech hate mer jo ofgemaach, datt mer déi allgemeng aussepolitesch Debatt vum Fréijoer op den Hierscht verschoben hunn, an dofir war ech elo natierlech net dorobber agestallt.

Duerfir erlaabt mer, Här Asselborn, datt ech op déi méi wäitbléckend global Froen, déi Der ugeschnidden hutt, am Hierscht aginn, wa mer déi aussepolitesch Debatt féieren, an datt ech mech elo hei beschränken op déi nächst sechs Méint an op dat, wat am Kader vum Programm vun der Lëtzebuerger Présidence mat grousser Wahrscheinlechkeet wäert ustoen.

Ech wëll vläicht do uknäppen, wou den Här Fayot opgehalen huet, a soen, datt ech net wäert an dëser Ried haut de Mëtteg vill iwwert de Verfassungstext oder iwwerhaapt iwwert de Verfassungstext schwätzen an och net iwwert de Referendum. Ech mengen, dat solle mer maachen an deenen nächste Méint, wann dat usteet. Ech wëll awer just am Ufank soen, datt ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt dat, wat am Kader vun deene sechs Méint vun der Lëtzebuerger Présidence elo um Ordre du jour steet, alles déi inhaltlech Themeberäicher sinn, déi nawell esou gär vun deene Leit, déi elo géint dee Verfassungstext do sinn, doranner interpretéiert ginn, wa se de Moment elo schonn haut zum „Non" opruffe beim Referendum vum 10. Juli.

Wann ech heiansdo liesen, iwwer wat fir eng Saachen do geschriwwen a geschwat gëtt, sief et am soziale Beräich, sief et am ekologesche Beräich oder iwwer eng ganz Rei vun aneren Themen, da stellen ech fest, datt do oft eigentlech dee falschen Terrain gewielt gëtt, fir zum Deel berechtegt Ängschten a berechtegt Suergen, déi oft ausgedréckt ginn, zum Virschäin ze bréngen.

Wann ee wëllt d'Société civile mobiliséieren an der Öffentlechkeet fir déi dote Causen, déi oft an de Vierdergrond geschobe ginn, da soll een dat maachen am Kader vun deenen nächste sechs Méint vun der Lëtzebuerger Présidence ronderëm déi Dossieren, déi ustinn. An ech wëll awer hei betounen um Ufank, datt genau dat jo de Problem ass bei der Diskussioun, esou wéi se de Moment stattfënnt, well all déi doten Dossieren, déi opgeworf ginn, hunn eigentlech näischt direkt mat deem Verfassungstext ze dinn, mä hu mat der Alldagspolitik ze dinn, mat der konkreter Ausgestaltung vun deenen eenzelne Politikfelder, an déi Themen, déi an deene sechs Méint wäerten ustoen, si ganz wichteger an deem Beräich.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Ech wëll op fënnef Punkten agoen.

1. Deen éischten, dat ass dee vum Stabilitéitspakt a vun der Finanzéierungsfro. Fir déi, déi sech nach heibanne kënnen erënneren, déi déi Zäit och schonn hei waren, wéi mer 1992 iwwert den Traité vu Maastricht geschwat hunn: Déi Gréng hate jo deemools eng ganz kritesch Haltung zum Traité vu Maastricht a si haten déi kritesch Haltung deemools, well se Schwieregkeeten hate mam Stabilitéitspakt, well mer deemools scho gesot hu virun allem, dee Kritär vun der 3%-Neiverscholdung pro Joer ass ze vill - loosse mer soen - duerch een ausschliesslech monetäre Brëll gekuckt ginn, an dee riskéiert, wa mer eng Kéier konjunkturell Schwieregkeeten hunn, a mussen zum Beispill verschidde Mesuren dann ergräifen, fir positiv an d'Ekonomie anzegräifen, ze investéieren als Staten, fir zum Beispill de Chômage ze bekämpfen, dann déi eenzel Länner a Schwieregkeeten ze bréngen.

A genau dat ass dat, ëm wat et jo eigentlech och elo haut hei geet. De Stabilitéitspakt, esou wéi mer en haut kenne mat deene starre Kritären, ass ausschliesslech monetär ausgeriicht, op monetär Stabilitéit ausgeriicht, an e vergësst och souguer eiser Meenung no, datt, fir monetär Stabilitéit ze garantéieren, och esou Aspekter wéi zum Beispill d'Héicht vum Chômage mëttel- bis laangfristeg en Afloss hunn.

Dir braucht jo nëmmen haut d'Reaktiounen op der Bourse zum Beispill ze kucken, wann an Amerika nei Chômagezuele bekannt ginn: Jee nodeem wéi déi sech entwéckelen, huet dat en Afloss op de Cours vum Dollar zum Beispill. Duerfir, an dat hunn ech och deemools hei a menger Ried scho gesot, wéi dee Stabilitéitspakt opgestallt ginn ass, do sinn eigentlech déi méi normal klassesch ekonomesch Iwwerleeungen e bëssen ze vill ënnert d'Rieder geroden. An ech mengen, datt duerfir dat, wat elo versicht gëtt vun der Lëtzebuerger Regierung, dat wat eng héieren a wat fir eng Richtung et geet, deen absolut richtege Wee ass, deen ee muss goen. Mir hoffen och, datt do en Accord ka fonnt ginn, fir virun allem deen dote Kritär méi flexibel ze gestalten.

Da sinn ech och der Iwwerzeegung, datt déi ganz Finanzéierungsfro - an ob mer do e Resultat kréien oder net, steet jo nach an de Stären - wäitgehend dovunner ofhänkt, ob deen éischte Worf beim Stabilitéitspakt geléngt. Well et ass zimlech evident, datt déi Finanzéierungsfro eréischt déi Envergure kritt huet vun deem Zäitpunkt un, wou déi eenzel grouss Länner an Europa, virun allem natierlech Däitschland a Frankräich, ugefaangen hu Schwieregkeeten ze kréie fir d'Budgetsenner beieneen ze kréien, a well se eben dauernd géint dee Kritär vun der 3%-Neiverscholdung zum Beispill verstoussen a well se keng Moyenë méi haten, keen innenpolitesche Spillraum méi haten. Eréischt dunn hu se ugefaangen ëmmer méi massiv dee Finanzéierungsbäitrag an d'Gesamt-EU-Dëppen a Fro ze stellen. An et ass awer duerfir och kloer, eiser Meenung no, datt jee nodeem wéi déi eng Fro geléist gëtt, och déi aner eng Chance wäert hu fir eng Réussite ze hunn.

Da muss ech och soen, datt - den Här Fayot huet et och schonn ugeschnidden - déi ganz Fro vun der Steierharmoniséierung, virun allem bei de Betribssteieren, och e wichtegen Aspekt dovunner ass. Well mir kënnen esou laang schwätze wéi mer wëllen iwwer zum Beispill méi flexibel Kritären, wat déi sou genannt Neiverscholdung ubelaangt; wa mer weiderfueren an déi Richtung, wéi dat déi lescht Joren d'Tendenz war, fir e Steierdumping no ënnen haaptsächlech bei de Betribssteieren ze maachen, da riskéiere mer noutgedrongen, datt déi eenzel haaptsächlech grouss Länner einfach kee Geld méi an der Keess hunn, well se ëmmer weider och gezwonge gi mat an déi Richtung ze goen, an dann och kee Spillraum do ass, weder fir Lissabon a fir d'Wëssensgesellschaft, nach fir aner Saache positiv ze gestalten. Deementspriechend riskéiere mer déi Spannungen, déi mer haut kennen, insgesamt och ni ewechzekréien, wa mer déi Steierfro net an deem Sënn geléist kréien, wéi d'Regierung och wëllt hei mol d'Propositioun op den Dësch leeën.

Also, wéi gesot, vun eiser Säit aus ënnerstëtze mir all d'Initiative vun der Regierung, déi geholl gi fir dee Stabilitéitspakt do an deem Sënn ze reforméieren; a virun allem och deementspriechend dann anschliessend hoffe mer, datt mer déi Finanzéierungsfro geléist kréien. Well wa mer déi net geléist kréien a wa mer keng Moyenen zur Verfügung stellen op EU-Niveau fir zum Beispill dann och déi Suen ze benotze fir d'Strukturfonge kënnen ze speisen an esou weider, da solle mer ons keng Illusioune maachen, da schafe mer mëttelfristeg en Europa mat e puer Vitessen, wat d'Entwécklung ubelaangt. Da si keng Gelder do, fir an deene Länner, déi mer elo bäihuelen - vun deene mer jo wëssen, datt et do immens staark strukturell Defizitter gëtt -, Defizitter ze behiewen, an dann huet dat natierlech och en Afloss op all méiglech sozial Aspekter.

Et hänkt jo alles mateneen zesummen an duerfir ass et ganz wichteg, datt mer déi Finanzéierungsfro éischter - loosse mer et esou nennen - op engem méi héijen Niveau léise wéi op deem ganz niddregen, wéi deen, wou en de Moment an der Diskussioun ass vun haaptsächlech deene grousse Länner.

2. Zweete Punkt, Här President, de Lissabon-Prozess. Ech mengen de Lissabon-Prozess ass an deem Stadium, wou mer haut sinn, e bësselchen ee Prozess, deen ausgeet vun engem Pabeier, dee jo en cours de route och nach x-mol vervollstännegt ginn ass, an deem jiddfereen e bëssen dat liest, wat e wëllt dra liesen. Et steet zimlech iwwer bal all Gebidder eppes dran, a jiddfereen interpretéiert e bësselchen dat dran, wat e grad arrangéiert oder wat him am beschte gefält.

Wann d'Lëtzebuerger Présidence et fäerdeg bréngt bei deem Halbzäitbilan vun deem dote Prozess méi Kloerheet mol ze bréngen, wat da schlussendlech elo d'Zilsetzunge sinn, wou Neel mat Käpp solle gemaach ginn an deem dote Beräich, da si mer schonn e gutt Stéck weiderkomm.

Ech mengen awer - an do begréissen ech och déi Ried an déi Aussoen, déi gemaach gi si vum Premierminister am Europaparlament -, datt dat, wat d'Lëtzebuerger Regierung ustrieft, fir eben ëmmer déi enk Koppelung vun eenzelne Politikfelder, déi an deem dote Kontext wichteg sinn, bäizebehalen, dee richtege Wee ass.

D'Ëmweltpolitik huet eiser Meenung no zum Beispill am Kader vun där Diskussioun, wéi se elo leeft vum Lissabon-Prozess, endlech eng Chance aus enger defensiver Haltung a Logik erauszekommen an datt endlech déi Verknäppung gemaach gëtt zwëschen Ëmweltpolitik a Wirtschaftspolitik, wéi ech mer se scho laang eigentlech gewënscht hunn. Dat huet e ganz praktesche Grond, firwat dat esou ass, mä mir sollen deen elo notzen, fir do eng aner Iwwerleeung an Zukunft méi ze konkretiséieren.

De praktesche Grond ass deen, datt mer natierlech entre-temps eng ganz Rei Beräicher hunn, an deenen d'Ëmwelttechnologien eng grouss Roll spillen. Wann ech nëmmen de Beräich vun der Energieeffizienz-Gesellschaft huelen, da weess ech, wat alles dodrunner hänkt, da weess ech, datt natierlech do hannendru sech enorm wirtschaftlech Potenzialer verstoppen. Do verstoppe sech grouss Exportchancë fir Technologien, haaptsächlech an déi Länner, déi de Moment amgaange si wirtschaftlech grouss opzesteigen, wéi China an Indien zum Beispill, an et ass och duerfir relativ kloer, datt déi doten Technologien elo op eemol net méi ausschliesslech an engem - loosse mer soen – defensiven, ëmweltpolitesche Sënn, mä och an engem offensiven, positiven, wirtschaftspolitesche Sënn gesi ginn.

Déi Chance soll een notzen, well ech mengen, datt een do wierklech e Paradigmewiessel mëttelfristeg kann erbäiféieren an Europa, dee ganz wichteg ass fir de ganzen europäesche Wirtschaftsraum, net nëmme wichteg ass fir d'Ëmweltpolitik, mä och fir eis Wirtschaft insgesamt.

En anere Volet, deen natierlech drun hänkt, ass déi ganz Fro vun der sozialer Kohesioun, an och wann déi Bolkestein-Direktiv elo net direkt mam Lissabon-Prozess ze dinn huet, esou huet se dach awer indirekt domadder ze dinn, well wann ech liese wat an deenen Texter vum Lissabon-Prozess steet, do gëtt och vill geschwat iwwert d'Garantie iwwert d'Grenzen eraus vun de Servicer. Dat heescht, et gëtt do eng ganz Rei Parallelismen inhaltlech gezunn, déi schonn an där Direktiv dra stinn. Ech mengen, niewent deem, wat den Här Fayot hei zu Recht gesot huet, wou ee muss en An drop halen, dat ass déi Aarbechtszäitdirektiv, déi elo wäert kommen.

Et ass awer och eppes anescht wat extrem wichteg ass a wat vill Sprengstoff kënnt eraushuelen aus där doten Diskussioun, dat ass, wa mer emol endlech an Europa eng Direktiv kréichen, déi ganz prezis géing definéieren: Wat ass e Service public? Wat fält alles dorënner? Wie muss de Garant sinn, oder wie muss d'Garantie ginn, datt dee Service public deementspriechend bestoe bleift? An da virun allem e ganz wichtege Punkt: Wa mer iwwert de libre accès zu de Servicer schwätzen, da musse mer och emol eng Kéier festleeën, wien da garantéiert, datt och all Biergerin a Bierger Accès kritt zu all deene Servicer.

Wann ech nëmmen dee Beräich eraushuele vun deene moderne Kommunikatiounsmëttelen, Internet an esou weider. Dat ass alles schéin a gutt wat do proposéiert gëtt, mä mir wëssen awer all, datt net onbedéngt all Biergerin a Bierger en Accès huet dozou, well dat verbonnen ass mat privaten Investissementer, déi net jidderee sech onbedéngt ëmmer ka leeschten. An dofir musse mer och eng Kéier klären, op wéi eng Aart a Weis datt bei deene Beräicher, déi liberaliséiert sinn zum Beispill, de Stat awer e gewëssene Garde-fou ka bleiwe fir ze garantéieren, datt all Mënsch en Accès huet zu deene Servicer, déi do ugebuede ginn, an datt mer net an eng sou genannt Zwouklassegesellschaft eraschlidderen, wou déi eng Accès zu allem hunn, an anerer einfach keen hunn, well se sech et finanziell net leeschte kënnen.

An ech mengen, dat sinn och d'Befierchtungen, déi ëmmer erëm zu Recht an de Vierdergrond réckele wann et ëm déi doten Theme geet, an de Lissabon-Prozess, mengen ech, ass och eng gutt Geleeënheet fir méi Prezisiounen ze bréngen, a wéi eng Richtung datt d'Europäesch Unioun wëllt steieren.

3. Zur EU-Verfassung wëll ech just nëmmen eppes opwerfe wat kënnt zu Schwieregkeeten ënnert deene sechs Méint Lëtzebuerger Présidence féieren. Mir hunn eng Rei Referenden a mir wësse jo och wann elo nëmmen een an deenen nächste sechs Méint schief geet, da si mer schonn an engem Zeenario, deen net méi ganz glécklech ass an da - mengen ech - wäert d'Lëtzebuerger Présidence och gefuerdert ginn an deenen nächste sechs Méint, fir mat nozedenke wat dann elo soll passéieren.

Deen éischte Referendum ass a Spuenien, wa mäi Verhalt nach gutt ass; deen ass gläich virun eis. A wann et do géing schief goen, da riskéiert déi Fro méi séier op d'Lëtzebuerger Présidence zouzekomme wéi et léif ass. Dofir wier et net schlecht wann ee sech scho géing eng Strategie ausdenken. Den Här Asselborn huet eis elo net gesot ob Szenarien am Tirang leien. Et wier vläicht net schlecht, wann en eis eng Kéier an der aussepolitescher Kommissioun kënnt e bëssen opklären, a wéi eng Richtung datt d'Regierung denkt.

4. Här President, de véierte Punkt ass e sou genannten „Niewendossier", deen d'Lëtzebuerger Présidence staark wäert belaaschten. Dat ass dee vun där ominéiser REACH-Direktiv. Ëm wat geet et do? Et geet ëm eng europäesch Direktiv vum Oktober 2003, déi de Chemikaliemarché besser soll reglementéieren. Dir wësst, datt de Volumen un de Chemikalien drastesch an eiser Gesellschaft zouhëlt an Dir wësst natierlech och, datt vill Chemikalien de Moment op de Marché kommen ouni datt ëmmer kloer bewisen ass wat hir Auswierkungen op d'Ëmwelt a virun allem och op d'Gesondheet vun de Leit sinn.

Eigentlech war déi Direktiv vum Oktober 2003 eiser Meenung no e Meilestee fir do Uerdnung ze bréngen an och virun allem an eng Richtung ze goen, wou mer méi no der Gesondheet vun de Mënsche gekuckt hunn an no der Ëmwelt. An et ass esou, datt deen Entworf einfach virgesäit, datt ier Chemikalien an Zukunft sollen zougelooss ginn, d'gesondheetlech Risikoofschätzunge vill besser misste gemaach ginn, sou datt all déi Grozonen, déi haut existéieren, sollte verschwannen. A wéi Der vläicht matkritt hutt, huet natierlech déi Direktiv zu heftegste Reaktioune bei deenen eenzelne politesche Lobbyen an awer och natierlech wirtschaftleche Lobbyen, déi ganz enk mat deem Secteur verbonne sinn, gefouert, esou datt de Risiko reell ass, datt dat, wat gutt geduecht war nach virun zwee Joer, elo eng ganz aner Tournure kritt.

An ënnert der Lëtzebuerger Présidence soll deen Dossier weiderbruecht ginn an dat ass wierklech ëmweltpolitesch a gesondheetspolitesch en extrem wichtegen Dossier. Do drängt sech héchst Wachsamkeet vun der Lëtzebuerger Présidence op fir mat deem Dossier ëmzegoen, an do ass et esou, datt mer als Gréng skeptesch sinn, datt d'Lëtzebuerger Regierung sech déi néideg Moyenë ginn huet fir kënne prett ze sinn. Ech weess, datt mer zwar ee ganz kompetente Mënsch ofgezunn hunn an op deen Dossier gesat hunn, mä ech froe mech ob dat duergeet an ech hunn hei e bësse meng Zweifel drun, ob déi virecht Regierung deen Dossier do richteg ageschätzt huet. Si huet en eiser Meenung no e bëssen ze vill schleefe gelooss an de Risiko ass reell, datt mer do d'Schlappe verléiere wann et konkret gëtt, well et ass en immens komplexen, deelweis och techneschen Dossier. Ech sinn emol gespaant wéi den Här Jeannot Krecké als Wirtschaftsminister, dee jo zoustänneg ass fir deen Dossier, domadder wäert ëmgoen.

Op alle Fall ass et eiser Meenung no esou, Här President, datt et hei absolut noutwendeg wär, vu datt mer jo wëssen, datt mer um Niveau vun de Ministèren net immens gutt équipéiert si wat de wëssenschaftlechen Know-how ubelaangt, fir deen Dossier ze géréieren, datt mer d'ONGen, déi scho jorelaang op deem Dossier schaffen, déi och wëssenschaftlechen Know-how hunn, méi a besser géinge mat abezéie wéi dat am Moment de Fall ass, fir datt mer herno net entgleisen am Kader vun der Présidence op deem doten Dossier.

An doriwwer eraus si mer der Iwwerzeegung, datt och d'Öffentlechkeet e Recht huet zu absoluter Transparenz - well hei geet et wierklech ëm en héich brisante gesondheets- an ëmweltpoliteschen Dossier, wou et ëm d'Gesondheet vun all eenzelnem Bierger a Biergerin geet -, wéi d'Lëtzebuerger Présidence mat deem doten Dossier wëllt ëmgoen. Et ass och aus deem Grond firwat mäi Fraktiounskolleeg Jean Huss eng Interpellatioun eraginn huet, déi jo och an der leschter Conférence des Présidents ugeholl ginn ass. Mir hu just gesot kritt, mir sollten dem Minister e bëssen Zäit ginn, datt e sech kënnt preparéieren op deem Dossier, an da géing déi Interpellatioun awer nach an deenen nächsten zwee, dräi Méint hei traitéiert ginn. Ech hoffen, datt dat och de Fall wäert sinn.

5. E leschte Punkt, Madame Presidentin, just an engem Saz dann, well meng Zäit schonn zu Enn ass, dat ass de Kyoto-Protokoll a virun allem de Post-Kyoto-Szenario. Mir wëssen, datt mer eigentlech emol nach net fit sinn an der Europäescher Unioun - Kyoto trëtt jo elo a Kraaft -, fir dat, wat do décidéiert ginn ass, uerdentlech a Musek ëmsetzen. An d'Diskussioun fänkt elo schonn un iwwert dat, wat doriwwer eraus soll goen, iwwer esou brennend Froe wéi: Wéi sollen déi längerfristeg Ziler vum nächste Protokoll festgeluecht ginn? Wéi kréie mer haaptsächlech d'USA, China, Indien a Brasilien do an d'Boot? Alles dat sinn Themen, déi och an deenen nächste sechs Méint wäerten diskutéiert ginn a wou déi englesch Présidence och scho gesot huet, datt si e groussen Intérêt hätt fir als Nofolgerland vu Lëtzebuerg wëllen Neel mat Käpp ze maachen. Dofir wäerte mer mat Sécherheet domat konfrontéiert ginn.

Madame Presidentin, déi Gréng sinn zefridde gewiescht mat der Deklaratioun, déi d'Lëtzebuerger Regierung am Europaparlament gemaach huet, well de Gros vun den Themen, déi do ugeschnidde gi sinn, eiser Meenung no déi richteg Theme sinn. Mir wäerten och kritesch konstruktiv dofir dee Prozess an deenen nächste sechs Méint begleeden. Kritesch, dat heescht, wa mer der Meenung sinn, datt d'Lëtzebuerger Regierung den Dossier net méi esou traitéiert wéi se et eigentlech selwer versprach huet an et diskutéiert ginn ass, da wäerte mir à charge kommen.

Virun allem wäerte mer awer och e Bilan zéien no sechs Méint, fir ze kucken ob bei deenen Ziler, déi sech gesat gi sinn, och an déi Richtung geschafft ginn ass oder ob net op eemol vun deenen Ziler ofgeréckelt ginn ass an dann natierlech, Madame Presidentin, zum Ofschloss, wäerte mir och konstruktiv versichen ze hëllefen an deenen nächste Méint, andeem mer selwer mat eise bescheidene Mëttelen Initiativen huelen hei zu Lëtzebuerg zu all deenen doten Dossieren, fir ze versichen déi op eng gutt Aart a Weis weiderzebréngen.

Ech soen Iech Merci.

Mme la Présidente.- Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, d'Présidence vun der Europäescher Unioun ass fir onst Land eng Éier, mä et ass och eng Erausfuerderung fir als klengt Land et fäerdeg ze bréngen onser Missioun gerecht ze ginn. Wann dëst mat 15 Länner sécherlech scho schwiereg war, esou ass et mat Sécherheet zu 25 net méi einfach ginn. Mir wënschen der Regierung an all deenen, déi un dëser grousser Missioun deelhuelen, eng glécklech Hand.

D'Prioritéite vun der Lëtzebuerger Présidence reie sech an an der Kontinuitéit vun der hollännescher Présidence a vun der europäescher Politik aus de leschte Joren.

D'Présidence ass awer och eng Méiglechkeet fir onst Land fir eegen Akzenter, nei Akzenter ze setzen an notamment duerch eng aner, duerch eng nei Approche vun de Problemer méi Méiglechkeeten ze schafen, fir déi géigesätzlech Meenungen an Europa méi no ze bréngen.

An den Ae vum ADR gëtt et siwe Punkten, déi mer als prioritär mussen ugesinn a vun deene mer hoffen, dass se an der Lëtzebuerger Présidence eng positiv Evolutioun fannen, respektiv datt et zu Entscheedunge kënnt: d'Stratégie de Lisbonne, den europäesche Budget, de Programm vu groussen Infrastrukturaarbechten, d'Agrarpolitik, d'Immigratioun, d'Transportpolitik an déi alternativ Energien.

Mä erlaabt mer, Madame Presidentin, fir aganks e puer Wuert ze soen zu deene rezenten Aussoe vum amerikanesche President, deen d'Méiglechkeet envisagéiert huet fir militäresch ze intervenéieren am Iran, an deen dowéinst och scho verschidden Dispositiounen envisagéiert huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir erënneren ons alleguerten un déi lamentabel Situatioun, un dee lamentabele Spektakel, deen Europa ofginn huet, wéi et net aus engem Mond geschwat huet an der Fro vum Irak.

Här Ausseminister, ech mengen et wier elo un der Zäit, et wier un der Europäescher Unioun, de President Bush an der Iran-Fro ze kontaktéieren, well et herrscht Klärungsbedarf, fir datt mer ons net nees an därselwechter Situatioun erëmfanne wéi mer dat schonn eng Kéier an der Irak-Fro kannt hunn.

Ech hu Vertrauen an Iech, Här Ausseminister, datt Der dann déiselwecht Wierder wäert fannen, wann Der mam President Bush wäert diskutéieren iwwert d'Iran-Fro, wéi Der se hei an der Chamber fonnt hat bei der Debatt zu dem Irak-Krich.

(Interruptions)

Här President, elo nees zréck zu deenen anere Prioritéite vun der Lëtzebuerger Présidence. D'Stratégie de Lisbonne: Am Processus de Lisbonne geet et dorëm, aus Europa déi kompetitiivst Wëssenswirtschaft an der Welt ze maachen. Et geet och dorëm, en nohaltege wirtschaftleche Wuesstum ze realiséieren, deen et erlaabt d'Vollbeschäftegung unzestriewen, dee qualitativ Verbesserunge fir d'Salariat an déi Fräischaffend beinhalt an deen ons Ëmwelt respektéiert. En ambitiéist Zil, eng richteg Zilsetzung, bei där all Land individuell responsabel ass, datt et säin Deel dozou bäidréit.

Mä esou eent Zil kann nëmmen erreecht gi wann d'Bierger de Message matkréien. An ënner enger Dénomination Stratégie oder Processus de Lisbonne kënnen déi allermeescht Leit, déi allermeescht Bierger sech dobaussen net vill virstellen.

Dofir - mat engem klenge Punkt ugefaangen - wier et mol eng Kéier noutwendeg, datt een esou Ausdréck wéi Stratégie de Lisbonne, Processus de Barcelone, Petersberger Missioun an esou virun eng Kéier géing a méi mënschlech allgemeng verständleche Wierder erëmfannen: Anstatt Stratégie de Lisbonne europäeschen Entwécklungsplang oder wat et dann eben ass. Ech mengen do wier et gutt, wann d'Publiziste sech géingen drugi fir eng Kéier nees d'Wierder vum Bierger ze schwätzen, fir datt mer ons an deem Ganzen dobausse méi verständlech kënne maachen.

Vill Bierger fäerten och ënnert dem Processus de Lisbonne sozial an aarbechtsrechtlech gesinn, datt sech en Nivellement no ënnen undeit an net eng Verbesserung. An et gesäit ee wéi wichteg et ass, wann an der Zukunft, esouguer elo schonn, ouni den Traité constitutionnel ofzewaarden a wéi et domadder geet, déi national Parlamenter schonn am Virfeld vun der Ausaarbechtung vun den Direktiven agebonne ginn; da kéimen esou Diskussioune wéi déi bei der Bolkestein-Direktiv net vir.

Wat de Processus de Lisbonne ugeet, esou muss ech soen, datt d'Halschent vun der Zäit ofgelaf ass an datt ee feststelle muss, datt d'EU wäit hannerun hirem Zil ass. Dofir gesi mir als eenzeg Léisung, datt all Land elo Responsabilitéite muss huelen an datt dës Présidence soll fuerdere fir en Aktiounsprogramm pro Land virzeleeën, well et noutwendeg ass, datt mer dat net vun uewen erof, vun der Kommissioun aus, dirigéieren, mä datt mer all Land responsabiliséieren. Well d'Zil ass jo akzeptéiert. Mä jiddferee weess, datt all Land an enger anerer wirtschaftlecher Situatioun an an engem aneren Evolutiounsstatus ass wéi déi aner; op deem enge Gebitt ass eent ganz staark, op deem anere manner staark oder mëttel. Et kann een dat nëmmen am Intergouvernementalen an zesummen duerch individuell Aktiounspläng realiséieren.

Et kann een och net, wann een et géing communautariséieren an net op individuell Aktiounspläng géing higoen, engem Land soen: Du

muss elo méi lues trëppelen, well s de un der Spëtzt bass op engem Gebitt, bis dass déi aner Länner bäisinn. Esou kann et och net sinn an dofir ass et wichteg, datt fir d'éischt mol all Land seet, wat et wëll maachen an datt ee sech deen Ablack determinéiert. Dat gëllt natierlech och fir onst Land, wou mer op verschiddene Gebidder ganz wäit am Hannerdreiwe sinn.

Zweete Punkt: den europäesche Budget. Den europäesche Budget, dat si ronn 100 Milliarden Euro, wouvunner méi wéi 46% an den Agrarsecteur ginn. D'Europäesch Kommissioun huet e Riseprogramm virgeluecht un Investitiounen an Ausgaben, déi an deem nächste Siwejoresplang sollen zum Droe kommen. Déi ablécklech Verträg gesinn e maximale Bäitrag vun all Land vun 1,27% vum Bruttosozialprodukt vir, deen awer elo an der Praxis op 1% festgeluecht ginn ass.

Mir deelen d'Meenung vun der Regierung net, datt den EU-Budget misst duerch eng Erhéijung vun der Contributioun vun deenen eenzelne Länner opgebessert ginn. Eng Erhéijung mécht nämlech kee Sënn, wann net gläichzäiteg festgeluecht gëtt, wat mat deene Sue geschitt. Eng Erhéijung mécht kee Sënn, wann d'Erhéijung vum Agrarbudget am Prozentsaz gesinn net gebremst gëtt a wann dat den eenzegen Zweck vun der Übung vun der Erhéijung ass. Fir d'éischt mussen d'Memberstate sech eens maachen iwwert d'Dépensen an iwwert de Prozentsaz, deen am europäesche Budget fir all Politik soll ausgi ginn, ier iwwerhaapt Rieds geet vu méi abezuelen.

Mir mengen notamment, datt d'Ausgaben an der Agrarpolitik mat dem Zweck, fir mat öffentleche Gelder Agrarwueren zu Dumpingspräisser an Drëttlänner ze exportéieren, déi falsch Politik ass, mä mat Sécherheet mussen dës Ausgaben sech am Prozentsaz stabiliséieren.

Wichteg schéngt ons am Géigendeel, datt d'Ausgabe fir d'Recherche verduebelt ginn, datt d'Investitiounen op 0,3% vum europäesche PIB uwuessen, datt d'Solidaritéitsausgabe mat deenen defavoriséierte Regiounen a Länner an Europa mussen usteigen. An et ass op jidde Fall ënnert deenen ablécklechen Zoustänn knapps unzehuelen, datt et zu iergendengem Mouvement op deem Gebitt kënnt, datt et zu iergendenger Erhéijung kënnt an dofir mussen d'Akzenter bei den Ausgaben op eng nei Gewiichtung geluecht ginn. Mir wëllen och drun erënneren, datt mir als ADR bien entendu net d'accord wieren, wann d'EU op eng Kéier géing op de Wee goe vun enger europäescher Steier.

Drëtte Punkt, deen ons wichteg schéngt, ass de Programm vun de groussen Infrastrukturaarbechten. Wa mir ons wirtschaftlech Ziler vu Lissabon wëllen erreechen, da musse Projete wéi déi grouss intereuropäesch Transportnetzer fir d'Zich an de Satellitesystem Galileo duerchgezu ginn, well dat noutwendeg ass fir d'Zesummewuessen an déi wirtschaftlech Entwécklung vun Europa.

Dofir ginn natierlech eng etlech finanziell Mëttele gebraucht, mä dofir muss dat net onbedéngt iwwert den europäesche Budget geschéien; dat kann och an dem intergouvernementale geschéien. Et ass bien entendu och d'Méiglechkeet vum Recours um Niveau vum Emprunt. Ech wëll och herno nach eng Kéier drop zréckkommen, wann ech kuerz e puer Wierder soen zu dem Stabilitéitsplang.

Véiertens: d'Agrarpolitik. Zënter der Ënnerzeechnung vun de réimesche Verträg ass d'Landwirtschaft dee Secteur, an deen déi meeschten Euroen higinn. 46% vum EU-Budget ginn an d'Landwirtschaft an awer ass d'Landwirtschaft an der Kris. Déi gréissten Erausfuerderung besteet an der Reduzéierung vun den Agrariwerschëss an an der Stabiliséierung vun den Agrarpräisser. Europa muss sech domat begnügen, landwirtschaftlech Produitë fir seng eege Bevölkerung ze produzéieren an däerf d'Mäert vun der Drëtter Welt net mat dem Export vu subventionéierten Agrarproduitë futtimaachen, well se ënnert dem Gestehungspräis an deene Länner do verkaaft ginn.

D'Iwwercapacitéiten, déi elo bestinn, déi och da vläicht an Zukunft bestinn, solle genotzt ginn, fir ëmweltfrëndlech alternativ Energien ze produzéieren. Mir mussen hei onbedéngt ëmdenken, well déi ablécklech Agrarpolitik wirtschaftlech a finanziell onsënneg ass, speziell wou mir elo schonn zu 25 sinn.

Fënnefte Punkt: d'Immigratioun. Europa ass gefuerdert fir dem Problem vun der illegaler Awanderung a vum Abus vum Asylrecht en Enn ze setzen. Mir begréissen, datt d'Regierung an d'Présidence wëlles huet, d'Réckféierungsaccorden, déi noutwendeg si fir de Respekt vun den nationale Gesetzgebungen ze garantéieren, um europäeschen Niveau virunzedreiwen. Mä et wier awer och wichteg, Här Ausseminister, wann et zu Accords de réadmission tëschent de State géing kommen, fir datt déi aner Länner, déi nach keen Accord de réadmission mat engem Land hunn, kéinten hir ofgewise Leit, déi sollen zréckgefouert ginn, iwwert de Biais vun deem Accord an hir Heemechtslänner zréckbréngen.

Et muss een op dee Wee goen, well et gesäit een, datt Handlungsbedarf besteet. Notamment wann een esouguer hei am Land gesäit, datt Leit, déi an Europa en Domicile hunn, déi däerfen hei sinn, heihinner op Lëtzebuerg Asyl froe kommen, ënner falsche Pretexter, fir hei vun Allméiglechem ze profitéieren. Ech mengen dat däerf net sinn, an et ass wichteg, datt een op deem Gebitt virukënnt.

Sechstens: d'Transportpolitik, den drëtte Paquet ferroviaire, deen ënner anerem déi ablécklech Liberaliséierung verbessere soll, mä deen awer och virgesäit, de Persounentransport per Zuch ze liberaliséieren. Wann ech elo de schréftlechen Deel vun der Deklaratioun iwwert d'Prioritéite vun der Lëtzebuerger Regierung liesen, da steet dodran: «L'accent sera mis sur les aspects traitant des droits et obligations des voyageurs et des exigences de qualité dans le secteur du fret.» Et huet een also d'Impressioun, datt déi Lëtzebuerger Regierung dee ganzen drëtte Paquet ferroviaire nees erëm nei wëllt diskutéieren.

Wa se op dee Wee geet, Här Minister, dat ass e ganz gefëierleche Wee! Well dat féiert vläicht dozou, datt an dëser Zäit, elo während der Lëtzebuerger Présidence, net méi iwwert d'Liberaliséierung am Privatberäich, wat d'Persounen ugeet, geschwat gëtt. Mä da verlagert een de Problem an d'Présidence vum Här Tony Blair, e Land wéi England, wou et bekannt ass, datt do scho liberaliséiert a souguer privatiséiert ginn ass. A wann de Paquet opgemaach gëtt, da riskéiert et héchstwahrscheinlech an der Liberaliséierung nach méi wäit ze goen.

Dofir wär et - mengen ech - taktesch méi richteg wann ee géing higoen an elo de ganze Paquet ferroviaire géing an der Lëtzebuerger Présidence ugeholl ginn, wéi datt en elo opgemaach gëtt an an der englescher Présidence fäerdeg gemaach gëtt. Dat ass vläicht elo geduecht well verschidde Leit, déi an der Chamber virun de leschte Wahlen an och an der Regierung bei de CFL-Beamte Stëmme siche gaange sinn, net wëllen, datt déi Liberaliséierung just elo ënnert der Lëtzebuerger Présidence soll geschéien! Mä et ass awer, wann een d'Realitéite kuckt vun der europäescher Politik, méi richteg fir elo ofzeschléissen, wéi dat der nächster Présidence ze iwwerloossen.

Mir wëllen och nach e puer Aussoe maachen an d'Regierung warnen, fir sech staark ze maache fir eng Opléisung vum Stabilitéitspakt. Dat wat riskéiert erauszekommen als sou genannte Compromis ass, datt sech d'Fuerderunge vun deene Länner, déi Schwieregkeeten hu mam Stabilitéitspakt, additionnéieren, an datt herno eppes erauskënnt wat kee Sënn méi mécht, wat iwwerhaapt kee Stabilitéitspakt méi ass, a wou déi aner Länner, déi elo Effortë gemaach hunn, fir sech an de Kader vun deem Stabilitéitspakt eranzeschaffen, och herno eventuell an d'Versuchung komme fir esou large wéi méiglech virzegoen an déi Kritäre vu Maastricht net méi ze respektéieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass eng Boîte de Pandore, an dofir…

M. le Président.- Här Henckes, Är Zäit ass eriwwer. Kommt zum Schluss!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- …mengen ech, datt een déi net sollt opmaachen.

Här President, mir hoffen, datt d'Regierung ons Iwwerleeungen a Bemierkungen zum Prioritéitsprogramm vun der Lëtzebuerger Présidence, mä och ons Befierchtungen als positive Bäitrag zum gudde Gelénge vun der Lëtzebuerger Présidence an hir Iwwerleeungen afléisse léisst. Mir wënschen der Regierung, datt si an hir Collaborateuren, déi an der Présidence eng wichteg Roll hunn, et och fäerdeg bréngе fir déi Présidence gutt zu Enn ze bréngen a positiv Resultater fir onst Land a fir d'Bierger ze bréngen.

Mir hoffen awer och, datt mer herno um Enn vun dëser Présidence net méi allze vill brauchen ze kritiséieren, wann et eventuell net géing onsen Iddien an onse Bemierkungen entspriechen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Ausseminister huet d'Wuert gefrot fir ofschléissend Bemierkungen.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President, léif Kolleegen, ech wëll deene fënnef Riedner Merci soe fir hir Interventiounen a fir all déi Rotschléi, déi sécherlech gutt gemengt waren an déi mer eis och alleguerten an der Regierung wäerten zu Häerz huelen. Ech soen awer och Merci fir déi Disponibilitéit, déi Der gewisen hutt fir eis ze hëllefen als Regierung, selbstverständlech nëmmen a Saache Présidence. Et ass jo evident, mir si jo an enger Demokratie, déi lieft.

Mä ech géif lech awer wierklech aus vollem Häerz soen, dass, wann e Problem ass, den delegéierte Minister Nicolas Schmit an ech selwer lech zur Verfügung stinn, souwuel an der Kommissioun wéi och hei am Plenum, all Kéiers da wann eng wichteg Décisioun usteet oder eng wichteg Décisioun riskéiert unzestoen. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer als Regierung an als Chamber zum Gelénge vun eiser Présidence wäerte ganz gutt mateenee schaffen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.28 heures)

Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Ordre du jour

1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange
4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer
5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster

   (Rapports de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel - Motion)
6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg

   (Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»

D'Chamber huet an enger Resolutioun festgehalen, datt eng nei Spezialkommissioun agesat gëtt, déi den Numm „Commission spéciale réorganisation territoriale du Luxembourg" droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt si folgend Virschléi agaangen:

Fir d'CSV-Fraktioun, déi Häre Michel Wolter, Lucien Clement, Marco Schank a Paul-Henri Meyers,

fir d'LSAP-Fraktioun, d'Madame Lydia Mutsch an déi Hären Alex Bodry a Jean-Pierre Klein,

fir d'DP-Fraktioun, déi Häre Claude Meisch an Emile Calmes,

fir d'Fraktioun vun deene Gréngen, den Här Camille Gira,

fir d'Fraktioun vum ADR, den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber mat der Bezeechnung a mat der Zesummesetzung vun dëser neier Spezialkommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Den Här Braz freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi, wann ech richteg informéiert sinn. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech froen d'Wuert fir den Dépôt ze maache vun enger Proposition de loi:

- Proposition de loi 5433 relative à la modification de l'article 29 de la loi du 29 juin 2004 portant sur les transports publics

Den 19. Mee 2004, also kuerz virun de Parlamentswahle vum 13. Juni, ass hei am Parlament e Gesetzesvirschlag vun der Regierung gestëmmt ginn zum Thema Transports publics. En ass agereecht gi vum deemolegen Transportminister Henri Grethen.

Une voix.- Très bien.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- An dat Gesetz gesäit a sengem Artikel 29 vir, dass et den 1. Januar 2005 a Kraaft trëtt, wat domadder zënter méi wéi zwou Woche geschitt ass. Dat Gesetz huet awer och virgesinn, dass eng ganz Partie Exekutiounsinstrumenter an och aner Décisioune musse geholl ginn, déi awer allesamt nach net geholl gi sinn.

Mir sinn also elo an der Situatioun, dass mer e Gesetz en vigueur hunn, wat um Pabeier besteet, awer vill méi net, wat awer gläichzäiteg déi al Strukturen, déi funktionéiert hunn, domadder de fait abrogéiert huet. Mir hunn also an zwee Wierder ausgedréckt e Vide juridique an där dote Matière.

D'Regierung huet an der Regierungserklärung dozou gesot, si wéilt dee Punkt nach eng Kéier op de Métier huelen an d'Gesetz ofänneren. Dat ass och vum Transportminister an der leschter Transportkommissioun ugeschnidde ginn, a mir hu gestaunt, wéi de Minister gesot huet, dass e verschidde Méiglechkeete gepréift hätt, an dass se wëllten elo d'Gesetz, au fur et à mesure emol mat der Benennung vum Conseil d'administration lues a lues an d'Liewe ruffen, an da géing ee weiderkucken. Dat ass fir eis awer eng Method, déi absolut onhaltbar ass.

D'Gesetz ass eiser Meenung no reformbedürfteg. Dat hu mer och den 19. Mee scho gesot. A mir wëllen och dofir eng Gesetzespropositioun déposéiere mat folgendem Inhalt: Mir proposéieren den Artikel 29 vum Gesetz vum 29. Juni 2004 dahingehend ze änneren, dass d'Entrée en vigueur net op den 1.Januar 2005 ass, mä eréischt op den 1. Januar 2007. Soss hu mer eng intenabel Situatioun, an déi ass politesch net vertrietbar.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Chamberkommissioun weidergeleet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5370, 5372 an 5369 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer vu Péiteng, Mamer a Junglënster. D'Madame Famillejeminister Jacobs huet gefrot fir kënnen direkt zu deene Projeten ze schwätzen, well si muss wéinst engem drëngenden Imprévu Véirel bis dräi fortgoen, an dofir denken ech, si mer alleguerten d'accord, dass mer hir d'Geleeënheet gi fir kuerz op déi eenzel Projeten anzegoen, déi dann duerno vun de Rapporteuren am Detail virgestallt ginn. Ech gesinn d'Chamber ass domadder d'accord an dofir, Madame Famillejeminister, hutt Dir direkt d'Wuert zu deenen dräi Projeten.

3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange

4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer

5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, ech géing lech wëlle Merci soen an och de Membere vun der Chamber, dass ech direkt kann e puer Wuert soen zu deene verschiddene Projeten, besonnesch awer och de Rapportricen, wou ech dann net méi d'Geleeënheet hu fir nozelauschteren, mä leider kommen heiansdo Saache vir, déi een net geplangt hat a wou een dann awer net d'Méiglechkeet huet fir dat ze änneren.

De Kolleeg Fränz Biltgen wäert heihinner kommen an déi Doléancen an déi Wënsch, déi opstoe bleiwen, matbréngen oder esou wäit wéi e se ka beäntworten, direkt beäntworten, fir dass d'Deputéierten, déi dozou Stellung huelen, och hir Äntwerte kréien, déi se verdéngen.

Här President, mir haten an der leschter Zäit méi dacks hei Projeten, wou et iwwer Maisons de soins an iwwer Centres intégrés gaangen ass. Dofir wëll ech weder de Rapportricen d'Korinthercher aus dem Kuch eraushuelen, nach wëll ech ufänken dat nach eng Kéier alles ze erklären.

Ech sinn trotzdeem frou, dass mer déi dräi Projeten haut hei kënne stëmmen. Eng Kéier dee vu Péiteng, wou et awer ëm 67 nei Better geet, an en Ëmbau vun deem bestehenden Haus, mat enger Käschtebedeelegung vum Stat vun 13.560.000 Euro, wou de Stat mat 70% participéiert a wou duerno wäerten am Ganzen 143 Better sinn.

En neie Projet zu Junglënster mat 100 Better, wou de Stat zu 80% participéiert a 17.916.000 Euro bäileet, an da méi e klengen, oder loosst mer emol soen, e complémentairë Projet zu Mamer, wou doduerch, dass de Gestionnaire dat décidéiert huet a besser fonnt huet, 18 nei Better an 12 neien Zëmmere geschafe ginn.

A wann ee gëschter déi geschriwwe Chamberchronik gutt gelies hätt, dann hätt ee kënne mengen, et géif do ëm e Projet goe vun 23 Milliounen Euro, a wann een da gesinn huet, dass deen anere mat 100 an deen anere mat 143 Better, deen ee 17 Milliounen, deen aneren 13, dann huet een iergendwou geduecht, do muss eppes an der Rechnung net stëmmen. Et wor awer net de Chroniker, dee sech geiert hat, mä et ass einfach den Ajout zu deem wat ewell eng Kéier gestëmmt gouf an deem Gesetz, esou dass et haut am Fong ëm 2.684.000 Euro geet, no dem neien Index.

Wéi gesot, déi zwee gréisser Projeten, wat Péiteng a Junglënster ubelaangt, sinn no deenen neien Erkenntnisser, déi mer an der Geriatrie an an der Gerontologie an deene leschte Jore gewonnen hunn, mat eenzelnen Zëmmeren, mat Revalidatioun dran, a virun allem och, wat ech denke wat wichteg ass, mat Jardins thérapeutiques dobäi, esou wéi mer se bei deene leschten Haiser ëmmer probéiert hunn ze maachen, fir besonnesch och méi deene Leit Rechnung ze droen, déi eben un Altersdemenz leiden an domadder besser kënnen en charge geholl ginn, esou gutt a wéi ausser den Haiser, a fir domat ze suergen, dass se manner Stress kréien.

Doduerch dass se manner Stress hunn, kënnen se besser mat hirer Krankheet eens ginn, an ech denken, dass et fir si wichteg ass, mä awer och fir hir Familljen, dass se wëssen, dass hir Leit net nëmmen a schéinen Haiser sinn, mä dass se awer och déi beschte Fleeg kënne kréien.

Här President, ech hat déi leschte Kéier, wéi mer hei iwwer esou Projeten diskutéiert hunn, den Deputéierte versprach, dass ech hinne géing Kaarte matbréngen an och Zëmmerzuelen, déi mer mëttlerweil am Lëtzebuerger Land hunn, wat eng Kéier d'Maisons de soins ubelaangt an eng Kéier d'Centres intégrés an ech géing mer erlaben lech déi ze iwwerreechen, fir dass dat och ka publizéiert ginn, fir dass jidderee weess, dass mer net nëmmen am Norden Alters- a Fleegeheimer bauen, mä dass mer probéieren dat iwwert d'ganzt Lëtzebuerger Land ze maachen.

Heiansdo gëtt jo gemengt, dat hätt eppes domat ze dinn, wou de Minister géing hierkommen. Ech mengen, wann Der déi Kaart gesitt a wann Der och déi Projeten héiert, deen een zu Jonglënster, deen aneren zu Péiteng, deen aneren zu Mamer, dann ass dat sécher net verdächteg.

Ech géing just wëlle soen, dass mer de Moment 3.570 bestehend Better an de Centres intégrés hunn, dass mer 1.057 Zëmmeren amgaange sinn, oder Better amgaange sinn ze transforméieren an och auszedehnen, an dass nach 648 Better an der Planung sinn, wat d'Centres intégrés ubelaangt.

Bei de Maisons de soins hu mer 1.265 bestehender, 327, déi an der Transformatioun an an der Extensioun sinn, an 120, déi an der Planung sinn, wat dann e Gesamt mécht vun 1.485 Better. Wann ee weess, dass Leit, déi méi altersfleegebedürfteg ginn, awer kënnen an de Centres intégrés bleiwen, da weess een, dass dat och Iwwergäng sinn, déi sech fléissend maachen, an dass mer dann op en Total vu 6.036 Better kommen, wann déi hei Projete bis realiséiert sinn, a wou mer dann europawäit un der Spëtzt leie mat Zëmmeren, déi zur Verfügung stinn.

Doriwwer gëtt et ënnerschiddlech Meenunge vun de Spezialisten, wou déi eng soen, wat der méi offréiert, wat éischter drop zréckgegraff gëtt. Déi Leit, déi natierlech am Fall sinn, dass se net méi kënnen doheem bleiwen, well se selwer net méi dat kënne maachen, oder well d'Famill net do ass an och net sech kann dorëm këmmeren, déi gesinn dat selbstverständlech aneschters an déi si frou, wa se net enorm laang Waardezäite mussen a Kaf huelen dee Moment wou et dann néideg gëtt, wou dann ee vun de mussen an déi Haiser goen.

Här President, souwäit wéi ech dat an der Chamberskommissioun gesinn hunn, hate mer ëmmer Unanimitéit bei deene Projeten, well och jidderee vun der Noutwendegkeet vun esou engen Institutiounen iwwerzeegt war. Mir wäerte selbstverständlech virufueren ze kucken, wat an deene Servicer, wat d'Aide à domicile ubelaangt, d'Liewe méi einfach mécht vun deene Leit, déi déi Hëllef brauchen, esougutt d'Familljen, wéi gesot, wéi déi Betraffe selwer, fir déi Hëllef virunzeentwéckelen, virun auszebauen an och vun deene Kenntnisser ze profitéieren, déi et am Ausland gëtt.

Dir hutt gesinn, dass zum Beispill de leschte Samschdeg zwou verschidden Institutiounen en éisträichesche Präis kritt hu well se sech besonnesch ëm d'Betreiung vun de Leit këmmeren, wéi dat eben och fréier war, fir hirem biologesche Liewen erëm méi gerecht ze ginn an dat méi opzebauen, amplaz dass dat alles esou fonctionnéiert wéi mir dat eigentlech haut gesinn, an domat de Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser ze orientéieren an ze reorientéieren. Et ass also net alles wat mer nei mussen erfannen, mä villes geschitt och elo op anere Plazen, vun deem mer ouni Zweifel kënne léieren.

Ech denken un eppes, wat mer bis haut nach net maachen, mä wat et awer schonn op der Welt gëtt. Zum Beispill hu se an der Schwäiz zu Zürich e Service, wou se bei d'Leit heem ginn an derfir suergen, dass se eppes an de Frigidairen hunn. Dir sot vläicht: Majo Dir sidd geschwënn total verréckt fir dat och nach ze maachen. Firwat ass dat? Mä net aus Zäitverdreif an och net fir eppes fir d'Metzleren an d'Bäckeren ze maachen, mä well ee gemierkt huet, dass ganz dacks Leit, déi al sinn, entweder vergiessen akafen ze goen oder awer an esou enger Depressioun dra sinn, dass se dann net de Courage dofir hunn. A wa se da vläicht emol eppes géinge wëllen iessen ass iwwerhaapt emol näischt do. An do ass festgestallt ginn, dass ganz vill vun de Leit ënnerernährt sinn, wat jo awer eng Schan an eiser Zäit an op eise Plazen ass, esou dass ee feststellt, dass et eng Partie vu Saache gëtt, déi mer de Moment nach net hunn, mä déi ee sech awer fir d'Zukunft ka virstellen.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech am Viraus villmools Merci fir Äert Verständnis op där enger Säit, an awer och op där anerer fir Är positiv Astellung vis-à-vis vun deenen Institutiounen, vun deene Servicer, déi mer offréiere fir d'Leit vum drëtten a véierten Alter, an ech sinn dovun iwwerzeegt, dass déi selwer an hir Familljen lech alleguerten dat wëssen ze danken.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5370, déi honorabel Madame Nancy Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Här Gibéryen, wollt Der d'Wuert froen?

Une voix.- Deen ass guer net hei.

M. le Président.- Här Jaerling, pardon.

(Négation)

Dann ass et gutt. Madame Arendt.

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5370

Mme Nancy Arendt *(CSV), rapportrice.*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, an dësem virleiende Projet gëtt de Stat autoriséiert, den Ëmbau an d'Extensioun vun der Maison de soins Saint-Joseph zu Péiteng mat ze finanzéieren. Et ass ee vu ville Bauteprojeten, déi vun eiser Familljeministesch deponéiert goufen, fir eisen eelere Matbierger, déi net méi kënnen an net méi wëllen eleng liewen, et ze erlaben hire leschte Liewensabschnitt an enger optimal encadréierter Struktur ze verbréngen.

D'Maison de soins vu Péiteng huet momentan eng Capacitéit vun nëmme 76 Better an hëlt souwuel Leit mat wéi ouni psychogeriatresch Problemer op. Dëst Zesummeliewe vun dementen an net demente Leit ass net optimal an et ass een zur Konklusioun komm, dass ee strukturell Ännerunge misst virhuelen a méi e spezifeschen Encadrement virun allem fir déi Leit, déi méi schlëmm dement sinn, misst ariichten.

Duerch den Ëmbau an d'Extensioun vun de Gebailechkeete soll och d'Capacitéit vun dëser Struktur erhéicht ginn, mä wéi scho virdru gesot soll sech virun allem an der Zukunft awer méi spezifesch op den Opfank vu Leit mat schwéiere psychogeriatresche Problemer konzentréiert ginn. Dat ass eng grouss Erausfuerderung fir déi Responsabel wéi och fir d'Fleegepersonal vun der Maison de soins vu Péiteng, déi sech bewosst sinn, dass den Opfank vun demente Leit trotzdeem anescht muss organiséiert gi wéi dee vu Leit ouni sollech Problemer.

Zu Péiteng schafft och zënter September 2001 eng Fleegeéquipe un engem neie Konzept, speziell fir d'Prise en charge vun eelere Leit a virun allem fir d'Prise en charge vun eeleren demente Leit. An innerhalb vun der Maison de soins huet sech och säit Oktober 2002 eng multidisziplinär Aarbechtsgrupp zesummegesat, eng Grupp, déi als Zil huet, d'Kenntnisser, déi se am Kader vu Weiderbildungsformatiounen a Form vu Coaching duerch en unerkannten Expert mat op de Wee krut, an d'Praxis ëmzesetzen. Dëse ganze Projet dréit de schéinen Numm „Maison de vie".

Duerch seng spezialiséiert Struktur kann elo de betraffene Leit eng méi individualiséiert therapeutesch, psychologesch a sozial Prise en charge ugebuede ginn, déi de Besoinë vun de Patienten an dem Verlaf vun hirer Krankheet ugepasst ass. Doriwwer eraus ass fonnt ginn, dass et wichteg wär eng familiär Atmosphär an dëse Strukturen ze schafen, esou dass dës Leit, souwäit et ebe méiglech ass, en heemlecht Gefill vermëttelt kréien. Den Encadrement vun de Pensionnairë soll sech och méiglechst de Gewunnechten a Fäegkeete vun de Pensionnairen upassen, an dat gëtt méi liicht wann d'Leit a méi kleng Unitéiten opgedeelt sinn ewéi a méi grouss.

An dëse virleiende Projet entsprécht dëse Fuerderungen honnertprozenteg. De Projet gesäit nämlech vir, fir d'Capacitéit vun der Maison de soins ëm 42 Better ze erhéijen, déi speziell fir d'Prise en charge vu Leit mat psychogeriatresche Problemer geduecht sinn. Dës 42 Better wäerten a sechs Unitéiten oder sechs Wunngruppen, wou maximal nëmme siwe Leit ënnerbruecht kënne ginn, opgedeelt ginn. All Unitéit huet do hir eege Kichen, e Séjour wou ee sech mat aneren treffe kann, eng Salle à manger, en Nuetscafé wann een net schlofe kann, a wat ech wierklech flott fannen, d'Madame Ministesch huet et schonn erwähnt, ass deen therapeutesche Gaart, deen esou aménagéiert soll sinn, dass een dobannen an dobausse fräi zirkuléiere kann an dass ee sech praktesch net verléiere kann.

(Interruption)

Majo, ech mierken. Dat schéngt méi Intérêt hei ze erwecke wéi mäin therapeutesche Gaart, vun deem ech esou stolz sinn hei ze schwätzen.

All Wunngrupp befënnt sech op engem Niveau, wat d'Zirkuléieren dann och vereinfacht, well et kënnt een da gläiche Fousses an de Gaart ouni mussen eng Trap eropan erofzegoen.

Et gëtt, wéi scho virdru gesot, probéiert e Maximum un Normalitéit an dat Konzept mat anzebauen an d'Gebailechkeeten esou anzeriichten, dass se un eng normal Wunnsituatioun erënneren. An ee vun den Haaptpunkte vum architektonesche Konzept ass deen, dass déi eenzel Gruppen also keng Gäng, keng Couloiren opweisen, fir dass näischt un e Kliniksmilieu erënnert. Esou kann een de Stress op all Eenzelnen op e Minimum reduzéieren an et vermëttelt een e Gefill vu Sécherheet, wat dann och als Konsequenz huet, dass ee manner Medikamenter, also manner Psychopharmaka muss huelen.

Nieft de sechs Unitéiten, déi sech op den Accueil vun de Leit mat psychogeriatresche Problemer konzentréieren, sinn dann och nach 40 Better virgesinn um Niveau vum Centre intégré fir eeler Leit, déi nëmme liicht- oder mëttelschwéier fleegebedürfteg sinn. Dës Better sinn och fir d'Revalidation gérontologique virgesinn, wou och esou Servicer wéi Ergotherapie a Kinésitherapie weider développéiert solle ginn, mam Zil, de physeschen a geeschtegen Zoustand vun de Patienten esou laang wéi méiglech ze erhalen. Dobäi kommen nach 15 Duebelzëmmer, déi a méi grouss a confortabel Eenzelzëmmer ëmdisponéiert ginn, an zwee Zëmmer, déi virgesi si fir de Familljemembere vun de Pensionnairen, déi um Stierwe leien, ze erlabe beim Stierwenden ze bleiwen.

Am Ganze wäert d'Capacitéit - d'Madame Ministesch huet et virdru gesot - vu Péiteng also 143 Better bedroen, an hei hat de Statsrot och eng Fro opgeworf, well an der Konventioun tëschent dem Stat, dem Familljeministère, dem Finanzministère an der Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du Mont Carmel S.A., oder vläicht besser bekannt ënnert dem Numm Zitha-Schwëstere, vum 16. Februar nëmme vun 140 Better geschwat gouf. De Familljeministère huet do clarifiéiert, dass am ganze Projet och dräi Zëmmer fir den Hébergement vun de Schwëstere virgesinn a reservéiert sinn, déi dann och vun hinne selwer finanzéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net oninteressant ze wëssen, dass ronn 40% vun de Leit, déi d'Fleegeversécherung an Usproch huelen, un Demenz oder anere Verhalensstéierunge leiden. Wann een da weess, dass dës Pathologië relativ frëi optauchen, esou géint 65 Joer, an dass et am Moment nach net méiglech ass dës Krankheeten ze heelen, da stellt ee ganz schnell fest, wéi wichteg et ass esou spezifesch Opfaangstrukture fir eeler dement Leit zur Verfügung ze stellen.

Grad dofir ass et net nëmmen noutwendeg, nei Strukturen an dësem Beräich ze schafen, wéi zum Beispill och d'Maison de soins zu Ierpeldeng, déi mer d'lescht Joer jo hei gestëmmt hunn, déi sech speziell op den Accueil vun demente Leit spezialiséiert huet, mä och a bestoend Infrastrukture wéi eben déi hei zu Péiteng ze investéieren an se esou ëmzeänneren, dass se sech de Besoinë vun der Populatioun upassen.

Här President, de Choix vum Site, do muss een einfach soen, datt e superflott läit, datt d'Maison de soins vu Péiteng op engem Terrain ausgebaut gëtt, dee mat senger Gesamtsurface vu 66 Ar matzen a Péiteng läit, matzen am Zentrum, niewent der Primärschoul, niewent der Museksschoul an niewent der Kierch, mat enger imprenabeler Vue op de Park vu Péiteng. Dat Péitenger Beispill beweist also, datt et méiglech ass, innerhalb vun enger Stad matzen am Zentrum esou e Komplex opzeriichten a favoriséiert esou d'sozial Integratioun vun de Pensionnairë vun der Maison de soins an d'Bevölkerung vu Péiteng.

Ech wëll nach just ervirhiewen, datt an der direkter Noperschaft och e Foyer du jour fir Kanner fonctionnéiert, a vum Direkter vun der Maison de soins, vum Guy Kohnen, weess ech, datt zënter 2002 regelméisseg Kontakter tëschent deem Foyer du jour fir Kanner an de Leit, déi an der Maison de soins wunnen, bestinn. Ech kéint mer gutt virstellen, datt no der Extensioun dës Kontakter nach weider wäerten ausgebaut ginn, well déi zwee Terrainen, déi stoussen direkt uneneen. Et ass och gewosst, datt esou e Lieu de rencontre - d'Madame Ministesch, kann ech mech erënneren, huet beim Projet vu Mamer dat schonn erwähnt -, datt esou Kontakter tëschent Jonk an Al positiv Effekter mat sech brénge fir déi zwou Gruppen.

Den Ëmbau an d'Transformatioun vun der Maison de soins zu Péiteng entsprécht och deene modernsten Normen am Domän vun der Prise en charge vun eelere Leit, a besonnesch vun eeleren demente Leit. Et kann een och zu dësem Projet bemierken, datt immens vill Wäert op den nidderegen energeteschen Aspekt geluecht ginn ass, wou vill natierlecht Liicht mat eraspillt, an och duerch d'Récupératioun vun thermescher Energie dem ekologeschen Aspekt Rechnung gedroe ginn ass.

Weiderhin entsprécht dëse virleiende Projet engem urgenten nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir eeler Leit. Säit Dezember 2001 ginn d'Admissiounsdemandë stänneg an d'Luucht. Eleng zu Péiteng sinn am Moment 350 Leit op der Waardelëscht an d'Halschent dovunner aus de Gemenge Péiteng, Kärjeng, Déifferdeng a Suessem. Et sollen dofir haaptsächlech och Leit aus der Gemeng Péiteng an den ustoussende Gemengen an der Maison de soins zu Péiteng opgeholl ginn.

Duerch dës Noutwendegkeet vum Projet dréit de Stat dann och 70% vun den Transformatiounskäschten, wat eng Participatioun vun 13.560.312,90 Euro ausmécht, nom leschten Indice semestriel des prix de la construction vum 1. Abrëll 2004. De Gesamtprojet gëtt op ongefeier 19,4 Milliounen Euro estiméiert. De Sold gëtt vum Bauhär, den Zithaschwëstere, iwwerholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier selbstverständlech frou wann dëse Projet den Accord vu sämtleche Fraktioune géif fannen. Hien huet op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun.

Vläicht nach just eng Bemierkung, déi zwar net direkt an de Rapport gehéiert, mä déi awer indirekt mam Projet ze dinn huet, awer an engem sonnere Projet geplangt ass. D'Gemeng Péiteng baut nämlech um selwechte Site e Foyer du jour Centre gériatrique fir eeler Leit, an hei kënnen och dement Persoune vum Maintien à domicile profitéieren an en Deel vum Dag do verbréngen. Dës Struktur wäert am Kader vu Synergië vun eenzelne Servicer aus der Maison de soins profitéieren, wéi zum Beispill d'Kichen, d'Botz an d'Wäscherei, an esou entsteet hei wierklech en eenzegaartege Komplex op engem Site, deen awer a getrennte Strukturen déi ganz Panoplie vu Betreiungsméiglechkeete fir eeler Leit kann ubidden. An ech soen dat nach eng Kéier: Et sëtzt alles a Péiteng selwer matzen am Stadzentrum. Voilà.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projets de loi 5372 an 5369, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Hetto!

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5372

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli d'lescht Joer vun eiser Familljeministesch deponéiert ginn an zwee Méint duerno, also am September, vum Statsrot aviséiert ginn. De 14. Oktober gouf en an der Familljekommissioun presentéiert an och duerchgeholl, an de schréftleche Rapport vun der Familljekommissioun, deen ech hei kuerz wäert resüméieren, ass de 17. November 2004 ugeholl ginn.

Deen heite Gesetzesprojet gesäit vir, d'Gesetz vum 20. Dezember 2002, dat déi finanziell Bedeelegung vum Stat beim Opbau vum Centre intégré pour personnes âgées zu Mamer festgehalen huet, e bësselchen ëmzeänneren. E kuerze Rappel: Dësem Gesetz no bedeelegt sech de Stat bis zu 80% un den Opbaukäschte vum Centre intégré, inklusiv engem Foyer du jour an engem Centre psychogériatrique. Am Ganze sollt déi finanziell Participatioun vum Stat bei engem Bauindex vu 563,36 op den 1. Abrëll 2004 bei 20.541.449 Euro leien, natierlech ënnert dem Virbehalt vun enger legaler Erhéijung vum Konstruktiounspräis bis zum Ofschloss vun den Aarbechten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass eis Populatioun ëmmer méi al gëtt an domadder eng regelrecht Erausfuerderung souwuel fir d'Sozial- an d'Gesondheetspolitik wéi och natierlech fir d'Wunnengsbaupolitik duerstellt, ass gewosst. Et ass wichteg, eisen eelere Matbierger adequat Liewens- a Wunnengskonditiounen unzebidden. Net jiddfereen huet d'Méiglechkeet oder awer och de Wonsch, bei der Famill ze bleiwen. A wann déi eeler Leit net méi kënnen eleng an hirer Wunneng bleiwen, an dat trotz deene villen ënnerstëtzende Moossnamen, déi et vum Stat senger Säit aus gëtt, mussen aner Léisunge fonnt ginn.

Wéi gesäit dat am Prakteschen aus? Ma ganz einfach, andeems een am Fong geholl Opfaangstrukture fir déi eeler Leit virgesäit an och schaaft, an zwar souwuel wat elo eng zefridde stellend Qualitéit wéi och eng héichwäerteg Quantitéit ubelaangt. De Stat dréit zënter Joren der demographescher Entwécklung Rechnung. D'Gesetz vum 20. Dezember 2002 an dëse Projet si gutt Beispiller dofir.

Uganks sollt d'Mamer Gemeng de Centre selwer exploitéieren, mä schlussendlech hunn awer déi Gemengeverantwortlech gemengt, et misst een d'Gestioun vum Centre engem spezialiséierten Organismus uvertrauen. Et gouf eng öffentlech Ausschreiwung gemaach, an opgrond vun engem Cahier des charges ass dunn als Gestionnaire d'Kongregatioun vun de Franziskanerschwëstere aus der Stad zréckbehale ginn. De Gestionnaire war allerdéngs der Opfaassung, et misst een eng ganz Rei vun Ännerungen, vu Modifikatiounen ënnerhuelen, fir d'Fonctionnalitéit a virun allem och d'Capacitéit vum Gebai ze erhéijen.

De CIPA zu Mamer hëlt souwuel Leit op, déi valid an onofhängeg sinn, wéi awer och Pensionnairen, déi opgrond vun hirem Gesondheetszoustand speziell encadréiert musse ginn. Well d'Leit net nëmme méi al ginn, mä och well de Prozentsaz vun deenen eeleren, invalide Leit, déi jo op eng Hëllef an eng speziell Prise en charge ugewise sinn, permanent an d'Luucht geet, huet de Gestionnaire virgeschloen, fir där grousser Nofro a puncto Opfaangstrukture fir eeler invalid Leit nozekommen an d'Capacitéit vum CIPA zu Mamer ëm 18 Unitéiten ze erhéijen.

Dësen Ëmbau entsprécht dann och engem reelle Besoin, well d'Gebailechkeeten, esou wéi se am Ufank geplangt goufen, entspriechen net méi den Erwaardungen an och net den Usprech vun de Pensionnairen. Fir elo dësen Usprech gerecht ze ginn, ass et virgesinn, fir um éischten an och um drëtte Stack vum Fligel E6 weider Zëmmer ze schafen, andeems verschidde bestehend Raimlechkeeten ëmgebaut ginn, wéi zum Beispill Raim, déi virgesi waren als Dépôt. Op dës Aart a Weis kënnen elo sechs zousätzlech Zëmmer ageriicht ginn, déi sechs weider Pensionnairë kënnen ophuelen.

Et ass awer och virgesinn, dass sechs Séjouren ofgeschaf ginn. Amplaz, wéi am Ufank virgesi war, véier pro Stack, sollen et der elo nach just nëmmen zwee ginn, wat largement duergeet. An déi sechs Séjouren, déi sollen duerch sechs Appartementer ersat ginn, wou all Kéiers kënnen zwou Persounen dra wunnen. Duerch dës Transformatioune kann dann de Centre weider zwielef Pensionnairen ophuelen. D'Totalcapacitéit vum Centre soll vun 120 op 138 eropgoen.

Niewent deenen Transformatiounen, déi ech elo grad ugeschnidden hunn, kann een awer och nach eng ganz Rei vun aneren Ëmännerungen ervirhiewen. Ech picken der elo just e puer als Beispill eraus. Esou wäert zum Beispill de Sécherheetssystem verbessert ginn. D'Haaptkiche wäert un d'Ufuerderunge vun der Prise en charge besser adaptéiert ginn. Dobäi baséiert sech de Gestionnaire op seng eegen Erfahrungen.

D'Zëmmer sollen an Zukunft duerch eng infrarout Commande beliicht ginn an et wäerten och, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, Kameraen installéiert ginn, fir de Parking an d'Haaptentrée ze iwerwaachen. Dës Modifikatioune bréngen natierlech eng ganz Partie Käschte mat sech, esou dass déi finanziell Bedeelegung vum Stat muss adaptéiert ginn, an zwar iwwert de Wee vun enger Ofännerung vum Gesetz vum 20. Dezember 2002.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genee dat ass dann och d'Zil vun dësem Gesetzesprojet, deen de Stat autoriséiert sech mat 23.619.739,05 Euro un de Konstruktiounskäschte vum Mamer Centre intégré ze bedeelegen. Domadder leie mer mat soe mer emol ronn dräi Milliounen Euro iwwert der Participatioun, déi am Gesetz vun 2002 virgesi war. Den Enheetspräis pro Bett allerdéngs changéiert - dat ass och wichteg - duerch dës Ännerungen net.

Wat d'Finanzéierung ugeet, kann een nach soen, dass de Conseil de Gouvernement am Februar vum leschte Joer den Avenant gestëmmt huet, deen tëschent dem Stat an der Gemeng Mamer ënnerschriwwe gouf an eng Adaptatioun vum Stat senger Participatioun virgesäit. Et kann een och nach soen, fir komplett ze sinn, dass de Statsrot sengersäits zu deem heite Projet en Avis favorable ofginn huet, an ech géif Iech bieden, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir dëse Projet ze stëmmen, e Projet, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5369

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.*- An da fueren ech direkt weider, hunn ech gesot kritt, an zwar mat dem Centre intégré vu Jonglënster. Ech fänken och elo erëm esou u wéi dat hei op menger Ried steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli 2004 vun eiser Familljeministesch deponéiert ginn a vum Statsrot den 22. Oktober 2004 aviséiert ginn. De Projet baséiert op enger Konventioun, déi tëschent dem Stat an der Croix-Rouge den 22. Abrëll vum leschte Joer ënnerschriwwe ginn ass an déi d'Finanzéierung vun de Baukäschte vun engem CIPA zu Jonglënster als Objet huet. Dëse Projet autoriséiert de Stat, sech um Finanzement vum Jonglënster Centre intégré ze bedeelegen.

Dëse Projet ass ee vu ville Bauprojeten, dee sech am Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert. E Programm, deen engersäits Moossname virgesäit, fir de Leit et ze erméiglechen esou laang et geet, oder och esou laang et erwënscht ass, an hirem Doheem ze bleiwen, an anerersäits Structures d'accueil fir eeler Leit ze schafen oder bestehender ze moderniséieren.

Et ass gewosst, ech mengen domadder soen ech Iech näischt Neies, dass eis Gesellschaft ëmmer méi al gëtt. D'Zuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech am leschte Jorhonnert vervéierfacht. An eise Géigende läit d'Liewenserwaardung en moyenne bei de Männer ëm 73 Joer. D'Frae packen et e bësse méi laang. Déi kréien eng Altersmoyenne vun 79 Joer. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen…

Une voix.- Dat ass de Gläichheetsprinzip.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.*- Dat ass de Gläichheetsprinzip, ganz genee. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen an dat bis an den héijen Alter eran. Anerer ginn zum Deel vun hirer Famill encadréiert an och versuergt. Mä ëmmer méi dacks ginn eeler Leit an engem Altersheim oder eben an engem CIPA ënnerbruecht.

Ee Grond dofir ass, dass déi familiär Situatiounen a Strukture geännert hunn. Et gëtt ëmmer méi Familljen, wou déi zwee Partner schaffe ginn, an dann ass et natierlech net einfach dat Berufflecht an dat Familiäert ënner een Hutt ze bréngen. Et gëtt ënnert dësen Ëmstänn natierlech dann och ëmmer méi schwéier eng Bomi oder e Bopa ronderëm d'Auer ze versuergen, och wann een d'Méiglechkeet huet op verschidde Servicer zréckzegräifen.

Niewent den Ännerungen um familiären Niveau kënnt nach de Fait, dass vill eeler Leit vu Familljememberen encadréiert ginn, déi selwer e relativ héijen Alter hunn a sech net méi kënne ronderëm d'Auer ëm déi al Persoun këmmeren. Dofir ass et enorm wichteg, fir eben esou Opfaangstrukturen ze schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Centre intégré vu Jonglënster soll eeler Leit aus der Gemeng Jonglënster an aus den ustoussende Gemengen ophuelen. Et geet hei drëms, fir eisen eelere Matbierger aus Jonglënster an Ëmgéigend en adequaten Encadrement an engem wierklech fir si familiären Ëmfeld ze bidden, wou de Kontakt mat der Famill an och de Frënn méi liicht kann erhale bleiwen. Et ass méi schwéier Kontakt ze fleege wann dee Foyer, wou een ënnerbruecht ass, wäit ewech ass vu sengem fréieren Doheem.

De CIPA vu Jonglënster, deen eng Capacitéit huet vun 100 Better, wäert matzen am Zentrum vu Jonglënster leien. Duerch dësen zentralen Emplacement soll de Kontakt tëschent der Jonglënster Population an de Pensionnaren aus dem Centre intégré gefuerdert ginn, wat zu enger gudder sozialer Integratioun vun de Pensionnairë bäidréit. A well dëse Centre och nach ganz no bei där neier Spillschoul an dem Précoce läit, favoriséiert dëse Projet och intergenerationell Echangen, wou also déi jonk deenen eelere Leit kënne begéinen. D'Madame Arendt ass elo éinescht scho méi am Detail dorobber agaangen.

Duerch seng Panoplie u Servicer ass et dem CIPA méiglech esouwuel valid eeler Persoune wéi awer och méi ofhängeg Leit, wéi zum Beispill dement Leit opzehuelen. Wann et och wichteg ass all Pensionnairen, egal a wéi engem Zoustand vun Ofhängegkeet se sinn, an enger eenzeger Struktur ënnerzebréngen, esou muss een dach awer bedenken, dass esou en totaalt Zesummeliewen net ideal ass.

Läit de Prozentsaz vun de Patienten, déi ënnert schwéiere psychogeriatresche Problemer leiden, iwwer 25% vun der gesamter Populatioun, dann ass dat den Experten no net méi méiglech, dass een do kann eng komplett Cohabitatioun maachen.

Just als Niewebemierkung, eng vu fënnef Persounen iwwer 80 Joer leit ënnert Demenz. Wann ee bedenkt, dass déi Persounen, déi iwwer 80 Joer al sinn, d'Halschent vun der Populatioun an engem Centre ausmaachen, da schéngt et kloer, dass wann ee wëlles ass alle Pensionnairen déi beschte Liewenskonditiounen ze bidden, een an deem Fall wierklech muss kucken, déi Leit mat enger Demenz a getrennte Raimlechkeeten ënnerzebréngen, wou se dann och extra kënne betreit ginn.

De Centre intégré vu Jonglënster wäert de Besoine vun all de Pensionnairen entspriechen. D'Gebai ass nämlech an zwee verschidden Deeler gespléckt. Schwéier ofhängeg, virun allem dement Leit kënnen an engem eegens fir si konzipéierten Espace liewen, ouni permanent deene fuerschenden an och dacks béise Blécker vun hire valide Co-Pensionnairen ausgesat ze sinn. Déi zwee Deeler fonctionnéieren alleguerte mat eegenem Personal, an doduerch kann een de Pensionnairë méi en individuellen Encadrement garantéieren. Dat ass virun allem bei demente Pensionnairë wichteg. Si hunn an dësem Fall ëmmer déiselwecht Bezuchspersounen.

Wann den CIPA och an zwee Deeler gespléckt wäert ginn, ass et awer esou, dass verschidde Raimlechkeete vun de Pensionnairen alleguer kënne benotzt ginn. Den CIPA gëtt op engem Terrain gebaut, deen d'Gemeng Jonglënster der Croix-Rouge ënner Form vun engem Bail emphytéotique fir eng Dauer vun 49 Joer zur Verfügung gestallt huet. An de Centre wäert sech och ganz harmonesch an dat bestehend Landschaftsbild afügen.

Den architektonesche Konzept notzt nämlech déi natierlech Pente vum Terrain wou d'Gebai histoe kënnt, dat heescht vun der Rue Rham aus, wou ee Plain-pied erageet, a wat och am Fong geholl den Haaptagang ass, bis erof op den Niveau vun der Schwaarzer Ernz.

Fir dass Der Iech dat elo bildlech kënnt virstellen, vu dass mer hei net mat Powerpoint-Presentatioun kënne schaffen, wollt ech Iech awer soen, dass dat Gebai ausgesäit wéi en E. Den ieweschte Stack vum Réck vum E an dee viischten Deel, also dat éischt Been vum E, dat ass am Fong geholl dat wat eraussteet.

(Interruption)

D'Philharmonie gesäit och esou aus.

Dat ass also dat wat eraussteet, a wat een och vun der Strooss aus gesäit, wat am Fong geholl dee Moment um Niveau Null läit vun der Rue Rham.

An dann déi zwee Wunnfligelen, wat am Fong geholl dat mëttelst Been vum E, an dat ënnescht Been vum E ass, leien um Niveau minus eent a minus zwee, wou een dann ënnen op der Wiss erauskënnt.

Vum ieweschte Stack, also um Niveau vun der Rue Rham, huet een eng Vue op d'Gäert, déi um Daach vum Wunnengsdeel aménagéiert sinn. An dës Gäert sinn am Fong geholl geduecht, fir dass déi valid Leit kënnen doranner schaffen a wudderen. Op dësem ieweschte Stack fanne mer dann awer och den administrativen Deel mat engem Restaurant, wou soll en Aquarium an d'Baussemauer integréiert ginn, engem Coiffeursalon, engem Cybercafé, keng Bar fir owes, dat ass hei net virgesinn, dann awer Pédicure a Manicure an eng Pianosbar, wou d'Leit vu baussen häerzlech wëllkomm sinn.

All dës Servicer sinn op der Säit vun engem Wee, dee laanscht d'Gebai erof bei d'Grëngs a bei d'Schwaarz Ernz féiert.

Dës Raim a Servicer sollen, an dat ass wierklech de Wonsch och vun der Croix-Rouge, d'Points d'attraction gi fir d'Awunner aus der Gemeng, e ganz wichtegen Aspekt, well en dozou bäidréit, dass d'Pensionnairë sech valoriséiert fillen.

Um Stack drënner sinn dann d'Wunnenge fir déi valid Persounen a Raimlechkeete fir spezifesch Servicer. De Foyer de jour, den Therapieberäich, wou e komplette Programm ugebuede gëtt, zum Beispill Kiné, Ergotherapie, Psychogeriatrie, e Snoozleraum, Raim wou déi eeler Leit wierklech d'Méiglechkeet hunn eng Bezuchspersoun fir e puer Minutte ganz eleng fir sech ze hunn, an dat ass anscheinend fir déi eeler Leit ganz wichteg.

Doniewent ass hei eng Kichen an et ass virgesi fir e Wellness-Beräich mat Sauna a Whirlpool ze installéieren. Dat, well déi Responsabel vun der Croix-Rouge der Meenung sinn, dass et hautdësdags net méi duergeet, dass ee riseg inox Bidden an e kale Raum setzt an dann déi eeler Leit do wäscht a buet, mä dass den eelere Mënsch vun haut déielwecht Usprëch huet wéi mir, an am Fong geholl och e Recht drop huet a sengem Alter gutt versuergt ze sinn.

Deen ënneschte Stack ass da fir déi dement Persoune reservéiert, och eege Wunnengen, e Foyer de jour, wou d'Aktivitéiten, déi fir si ugebuede ginn, kënnen ofgehale ginn, an och nees Raim wou spezifesch Servicer fonctionnéiere mat eegenem Personal, esou dass se och wierklech ëmmer erëm déiselwecht Bezuchspersoune ronderëm sech hunn.

Déi dement Leit kënnen och hei an en eegene Gaart erausgoen, e Gaart, deen am Fong geholl esou wéi e Bannenhaff konzipéiert ass, esou dass si sech net veriren an och ëmmer erëm duerch e Circuit, dee spezifesch ugeluecht ginn ass, an hir Wunneng erëmfannen. Duerch Hecken ass dat Ganzt e bësselchen ofgegrenzt, well haaptsächlech bei Alzheimerpatiente muss gefaart ginn, dass se sech net zurechtfannen an och de Wee net bis an hir Wunneng fannen.

Et gesäit een also zwee Haiser ënner engem Dach mat eegenem Personal a gemeinsame Raimlechkeeten, déi vun alle Pensionnairë kënne genotzt ginn. Vun deenen 100 Better sinn iwwregens véier Zëmmere fir Koppele virgesinn. Hei kënnen aus aacht Eenzelzëmmer véier duebeler gemaach ginn, dat ewell d'Eenzelraim flexibel an och amovibel Maueren hunn.

Deene Responsabele vun der Croix-Rouge ass et awer och wichteg, dass an engem Esprit vu Soins palliatifs gebaut gëtt. Si sinn der Meenung, dass bal all Mënsch de Wonsch huet, do ze stierwen, wou e gelieft huet. Duerfir hu si bewosst op eng speziell Unité de fin de vie verzicht, well all d'Apparater, déi e Mënsch brauch fir an der Dignitéit an och schmäerzfräi ze stierwen, déi kënnen hei bis an de Pensionnaren hir Wunnenge bruecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt hei ass e ganz moderne Konzept vun der Prise en charge vun eelere Leit virgesinn, dee sech net nëmmen um Niveau vun der Konzeptioun vum Gebai erëmspigelt, mä och wat den Encadrement vun deenen eenzelne Pensionnaren ubelaangt. Soubal - just fir ee weidert Beispill ze nennen - nei Pensionnairen ugeholl ginn, gëtt fir si en individuelle Programm ausgeschafft a se ginn da vun enger Equipe parrainéiert. Zu dëser Equipe gehéieren ee Pensionnaire, ee Member vun der Équipe soignante an och ee Bénévolen.

An dann nach een interessanten Detail um Enn: Gehëtzt gëtt de Centre intrégré vu Jonglënster duerch d'Holzhackschnitzelfeuerungsanlag vun der Gemeng, un déi och aner öffentlech Gebaier ugeschloss sinn.

Elo komme mer da bei deen interessante Punkt, dat sinn d'Käschten, a wat déi ubelaangt, esou gëtt den Totalkäschtepräis op 22.395.225,97 Euro geschat, d'TVA an d'Honorairen abegraff. A laut dem Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vum 8. September 1998 huet de Regierungsrot décidéiert, dass de Stat sech géif mat 80% un de Baukäschte vun dësem Centre intégré vu Jonglënster bedeelegen.

Dobäi entsprécht dëse Projet engem dréngende Besoin, esouwuel um regionale wéi och um nationale Plang. Dem Stat säin Engagement dierf net iwwer 17.916.180 Euro erausgoen, ofgesi vun de semestriellen Adaptatioune vum Bauindex. Dee Moment, wou deen heite Projet adaptéiert gouf, louch dee leschte Bauindex, dee matgedeelt gouf, an zwar dee vum 1. Abrëll 2004, bei 588,92, an déi Montanten, déi elo ugeschwat goufen, entspriechen natierlech dësem Wäert.

Dobäi muss een och nach betounen, dass de Statsrot a sengem positiven Avis vum 12. Oktober 2004 drop higewisen huet, dass d'Präisser pro Bett am Allgemenge stabel sinn, an dëse Projet mécht do keng Ausnahm; de Präis pro Bett läit bei 223.952 Euro.

Nach eng lescht Bemierkung: Falls d'Croix-Rouge misst dem Stat seng Participatioun virfinanzéieren, gesäit de Projet vir, dass de Stat d'Zënse vum Prefinanzement soll iwwerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif Iech am Numm vun der Familljekommissioun bieden, dëse Projet ze stëmmen, e Projet, deen iwwregens och den Accord vu menger Fraktioun huet, an ech soen Iech elo villmools Merci fir dat laangt Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Hetto. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt, datt ech deenen zwou Rapportricë félicitéiere fir hire ganz gudde schréftlechen an och mëndleche Rapport, dee se hei zesummen an der Chamber ofgeluecht hunn. Ech kucken och ganz kuerz do derduerch ze kommen, well zu deem, wat mer presentéiert kritt hu vun deenen zwou Rapportricen, kann een op jidde Fall keng technesch Detailer nach dobäi soen oder aner Reflexiounen. Ech mengen, déi waren alleguerte ganz, ganz komplett

Et ass effektiv esou, datt d'Leit ëmmer méi al ginn, datt d'Alterspyramid op der Kopp steet, wéi ee seet, an och wéi d'Madame Hetto virdru gesot huet, datt mer haut ebe véiermol méi Leit iwwer 65 Joer hunn ewéi dat nach virun 100 Joer war. Dat huet dozou gefouert, datt mer eng ganz Rei vu Waardelëschten hunn an eise Strukture fir eeler Leit opzehuelen, sief et an eise CIPAen, sief et an de Maisons de soins uechtert d'ganzt Land.

Dat huet och dozou gefouert, datt zu engem gewëssen Zäitpunkt ganz vill eeler Leit hu missen am Ausland op Strukturen zréckgräifen, wat mat Sécherheet net déi glécklech Situatioun ass, respektiv och innerhalb vun eisem dach klenge Land an eng aner Regioun hu misse goen, wou se dann awer ofgeschnidde ware vun hirem normalen Encadrement, vun deene Leit, déi se kannt hunn, vun hirer Famill, etc., etc., wat bestëmmt net begréissenswäert ass.

Dofir ass et nëmmen ze beluewen, datt deen Nohuelbedarf do zum Deel - ech soen zum Deel - schonn opgeholl ginn ass. Mir hu jo och héiere virdru vun der Madame Minister, datt eng Rei vun Transformatiounen a Realisatiounen um Instanzewee an a Planung sinn, esou datt deen Effort do mat Sécherheet weider wäert goen, an dat kënne mer als Demokratesch Partei och nëmme ganz kloer ënnerstëtzen.

Wann hei an der Chamber iwwer esou Projetë geschwat gëtt, da geet et meeschtens ëm de Bauteprojet, dat heescht, do gi grouss Infrastrukture geschafen. Dat ass allerdéngs nëmmen een Element. Mer brauchen, wat d'Betreiung vun eelere Mënschen ubelaangt, e ganze Mix u Mesuren; dat sinn Infrastrukturen, dat sinn awer och Servicer an Hëllefsleeschtunge fir d'Leit doheem. Esou laang se doheem eleng oder an der Famill kënne betreit ginn an doheem eleng eegestänneg hiert Liewe kënne féieren, solle mer dat sécherlech och als eng vun de Pisten opzeechnen, deene mer sollen nogoen an déi mer sollen erméiglechen.

Gläichzäiteg wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi heite Projeten, awer och aner Servicer, déi ugebuede ginn, sécherlech dozou bäidroen, datt ëmmer méi Leit hei am Land hire Liewensowend an Dignitéit kënne verbréngen. Och dat ass, mengen ech, vu jiddferengem hei am Haus beluewecht ginn an der leschter Zäit, a wäert och an Zukunft nach ëmmer positiv ënnerstrach ginn. Et si jo och ëmmer esou Projeten, déi hei eng grouss Unanimitéit fannen.

Ënnersträiche wëll ech och nach eng Kéier, datt déi dräi Projeten, esouwuel Péiteng wéi Mamer wéi awer och Jonglënster matzen an der Uertschaft leien, wat wichteg ass. Et ass emol eng Zäit ginn, wou esou Infrastrukturen ausserhalb un d'Peripherie geluecht gi sinn, wat sécherlech net dozou bäigedroen huet, datt mer déi eeler Matmënschen an eis Gesellschaft integréieren, datt mer och deen eelere Mënsch als en aktive Mënsch gesinn, deen net ausgespaart soll ginn, mä deen e ganz, ganz wäertvolle Mënsch ass, op deem seng Erfahrung mer net solle verzichten, an dee mer och solle probéieren a ganz geziilten Aktivitéiten an eis Gesellschaft mat anzebannen.

Och datt mer Kontakt brauchen tëschent jonken an eelere Leit ass an deem engen oder anere Projet hei ënnerstrach ginn. Datt mer deenen eelere Matmënschen och sollen erméiglechen um sozialen, um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen, gëtt och alles doduerjer méiglech gemaach, datt mer déi Projeten do matzen an d'Uertschaften, also do wou dat gesellschaftlecht Liewen sech och ofspillt, implantéieren.

Wa mer méi eeler Leit kréien, heescht dat allerdéngs dann och, datt aner Phenomeener ëmmer méi

heefeg ginn, zum Beispill d'Altersdemenz. Duerfir ass et och wichteg, datt mer Infrastrukture schafen, déi grad adaptéiert sinn op esou Problematiken ewéi déi doten, déi ëmmer méi heefeg ginn, an déi effektiv eng speziell Betreiung brauchen. Duerfir ass et ze begréissen, datt zum Beispill am Projet vu Péiteng sech dorobber ënner anerem spezialiséiert ginn ass, respektiv wäert ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Och sinn déi aner Mesuren, déi oft an esou Infrastrukturen ugebuede ginn, wéi e Foyer du jour, wéi e Centre psycho-gériatrique ze begréissen. Do kommen eng ganz Rei vu Leit zesummen, déi herno och vun anere Servicer, déi op deene Plazen ugebuede ginn, kënne profitéieren. Et familiariséiert ee sech mat deenen Infrastrukturen, mam Personal, etc.. Dat ass sécherlech alles ze begréissen.

Och ze begréissen ass et, datt d'Stierwe keen Tabu an deenen Haiser ass. Gestuerwe gëtt an deenen Haiser, dat ass wouer, an och datt vu virera gekuckt gëtt, ënner wat fir enge Konditiounen do gestuerwe gëtt, a wéi et méiglech ass, och de Mënsch op sengem allerleschte Wee ze begleeden, vun der Famill ze begleeden, an datt e wierklech ënner mënschewierdegen Ëmstänn aus dem Liewe scheet.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei op jidde Fall déi dräi Projeten do, wéi och aner Projeten, déi nach wäerte kommen an Zukunft an deem doten Domän, wäert ënnerstëtzen, an hei den dräi Projeten hir Zoustëmmung wäert ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin huet d'Madame Dall'Agnol d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Minettsdapp hunn ech haut d'Éier Iech de Projet Péiteng ze kommentéieren. Et wäert d'Rapportrice sécher freeën, wann ech direkt Faarf bekennen a soen, dass eis Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, well et e gudde Projet ass a well et och ee Projet ass, deen noutwendeg ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguerten, datt de Maintien à domicile och Grenzen huet, a virun allem ëmmer dann, wann déi betraffe Persoun net méi adequat kann encadréiert ginn, respektiv ëmmer dann, wann d'Qualitéit vu de Soinen net méi ka garantéiert ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir wëssen och, an dëst steet jo och explicite am Exposé des motifs, datt an dësem bestëmmte Fall, nämlech an der Maison de soins zu Péiteng, eng Waardelëscht, wann ech mech richteg erënneren, vun ëmmerhin 350 Persoune besteet, an ech mengen, datt dee Chiffer eleng eis beweist, dass nach vill ze maachen ass, fir genuch Plaze fir eis eeler Matbiergerinnen a Matbierger ze schafen.

Mir wëssen dann och, datt et sech bei dësem Projet ëm en Ausbau op effektiv 140 Better handelt an datt dat also och nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass, wa mer dat mat der Waardelëscht vergläichen. Mä et ass eng richteg an et ass awer och eng wichteg Drëps. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir déi Leit, déi eben net méi kënnen doheem versuergt ginn, gutt, adequat a virun allem och mënschewierdeg ënnerzebréngen.

D'Bewunner vun dësem Projet, dat hutt Der héieren, dat ass jo eng Population mixte. Dat heescht konkret an dësem Fall, een Deel vun de Bewunner leit ënner Demenzproblemer. A genau hei läit dann och den innovative Charakter vum Projet - d'Rapportrice ass jo och kuerz schonn drop agaangen -, nämlech datt d'Personal extra forméiert ginn ass, an datt an enger Aarbechtsgrupp och gekuckt gëtt fir progressiv eben en neie Modell de prise en charge anzeféieren, deen dem Liewensrhythmus vun demenzkranke Persoune verstäerkt wäert Rechnung droen.

Eng gutt Saach also, well net nëmme garantéiere mer esou, datt déi betraffe Leit excellent encadréiert ginn, mä virun allem bidde mer hinnen och d'Méiglechkeet, trotz hirer Krankheet esou vill wéi méiglech en eegestännegen an och onofhängegen Alldag ze hunn.

D'Awunner ginn dann awer och un déi alldeeglech Tâchen, déi ufalen, mat erugezunn, an och dëst ass eng gutt Iddi, net eleng well vill eeler Leit, ob krank oder och net, hiren Dagesoflaf, dee se 70 an och méi Joren haten, net méi wëllen an och net méi kënnen einfach vun haut op muer änneren an opginn.

Dëse Projet bitt hinnen dann zum Beispill och d'Méiglechkeet ze kachen, net nëmme fir sech, mä och zum Beispill fir hir Matbewunner. An d'Haaptiddi vun dësem Projet besteet jo dann och dodran, de Bewunner en „normaalt Liewen" am Alldag ze garantéieren.

Ee Pluspunkt vun dësem Projet ass och deen, datt e sech ganz flott a seng Ëmgéigend agliddert, an datt eben och d'Awunner vun där Maison de soins doduerch, datt en no beim Zentrum ass a bei anere sozialen, gesellschaftlechen Ariichtungen, och déi eng oder aner Méiglechkeet ausserhalb vun hirem neien Doheem wäerten hunn.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, - an d'Rapportrice a mäi Virriedner hu jo och scho munches ënnerstrach an erausgestrach - datt dëse Projet eben eng ganz Rei flott, modern an och innovativ Elementer beinhalt. Mir hunn dann och Enn Oktober d'lescht Joer hei an der Chamber schonn eng ganz Rei familljepolitesch Projeten, déi dësem ähnlech sinn, evakuéiert. Ech erënneren lech u Klierf, un Ettelbréck, un Ierpeldeng bei Ettelbréck, an och d'Rumm hei an der Stad, esou datt dëse Projet e weidere Schrëtt ass, fir eng adequat Betreiung vun eisen eelere Leit ze garantéieren an domat och hir Liewensqualitéit alles an allem verbessert.

Ech géing mer dann och erlaben, den Här Mill Majerus aus dem Familljeministère ze zitéieren, dee vis-à-vis vum „Lëtzebuerger Wort" sot: „Wir brauchen Einrichtungen, die Geborgenheit, Anerkennung, Respekt und Gemeinschaft vermitteln, wo alte Menschen sich mit ihren persönlichen und generationsspezifischen Eigenschaften angenommen wissen. Senioreneinrichtungen brauchen den Bedürfnissen der Bewohner angepasste Infrastrukturen, qualifizierte und motivierte Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter, die interdisziplinär, kreativ und engagiert zusammenwirken."

Méi treffend, mengen ech, kann een et guer net op de Punkt brëngen. Alles an allem ass dëst esou ee Projet wéi den Här Majerus sech e virstellt, en excellentë Projet also, an deen dann och engem nationale Besoin entsprécht.

Ech géing domat schléissen, net ouni awer nach der Rapportrice Merci ze soe fir hir Aarbecht, an nach eemol u meng Wierder vun aganks ze erënneren, nämlech datt eis Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo dräi Projets de loi virleien, déi alleguer ganz no beienee leien, an duerfir ass dat och flott, datt mer se kënne mateneen diskutéieren. Et sinn excellent Rapportë vun den zwou Rapportricen do, souwuel mëndlech wéi schréftlech. Ech wëll elo hei net méi alles widderhuelen, wat scho gesot ginn ass. Ech wëll kuerz op déi eenzel Projeten agoen, duerno awer e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir méi allgemeng Gedanken zu der Entwécklung am Secteur vun den Alters- a Fleegeheemer ze féieren.

Fir d'éischt de Projet 5370, d'Participatioun vum Stat un der Transformatioun an Extensioun vum Fleegeheem Saint-Joseph zu Péiteng. Am Exposé des motifs steet, datt ganz vill Pensionnairë vill Hëllef brauchen an deem Haus. Virun allem déi ëmmer méi grouss Zuel vu Senioren, déi un enger Altersdemenz leiden, maachen en Ausbau dréngend noutwendeg. Déi bestehend Infrastrukture musse renovéiert a moderniséiert ginn. 2004 stoungen 350 Persounen op der Liste d'attente, dat ass vill. Mä déi Listes d'attente si mat Virsiicht ze betruechten, ech kommen nach dorobber zréck. D'Zuel vun de Better geet vu 76 op 143 erop, d'finanziell Bedeelegung vum Stat ass 70%. Déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen.

De Projet 5372, d'Modifikatioun vum Gesetz vum 20. Dezember 2002 wat d'Bedeelegung vum Stat beim Bau vum CIPA zu Mamer duerch d'Gemeng betrëfft. Am Gesetz vun 2002 war dem Stat seng Hëllef bei ronn 3,6 Milliounen Euro Index 100. No dësem Gesetz ass dem Stat seng Hëllef op ronn 4 Milliounen Index 100 eropgaangen. Dat ass en Dépassement vun ongeféier 10%.

Wann een dann nach bedenkt, datt mat dësen Transformatiounen d'Zuel vun de Better vun 120 op 138 eropgaang ass, da war et einfach eng Chance, datt déi Mamer Gemeng décidéiert huet, d'Gestioun vun hirem Haus enger spezialiséierter Organisatioun ze iwwerloossen. De Statsrot an d'Chamberkommissioun halen och fest, datt d'Participatioun vum Stat net iwwert déi urspréngleich ofgemaachten 80% erausgeet.

Interessant bleift awer d'Tatsaach, datt den urspréngleche Projet, nach ier e richteg fäerdeg war, huet misse relativ wäitgehend modifizéiert ginn, wéi d'Gemeng déi a mengen Ae richteg Décisioun geholl huet, d'Gestioun net selwer ze maachen. Och wann dat hei zu engem gudde Resultat gefouert huet, bleift awer erëm d'Fro vun der professioneller Begleedung a Planung an esou grousse Projeten duerch de Stat, deen hei am Ufank mat 20,5 Milliounen Euro an elo mat 23,6 Milliounen Euro engagéiert ass. Déi gréng Fraktioun wäert och dëse Projet stëmmen.

Dann de Projet 5369, d'Participatioun vum Stat beim Bau vun engem CIPA zu Jonglënster. Een, wéi mir fannen, ganz interessante Projet, deen e puer Iddie mat verschafft, déi och deene Gréngen extra um Häerz leien. Et ass e Projet mat 100 Better, also e bësse méi bescheiden an der Zuel vun de Pensionnairen. En ass bewosst zentral an der Uertschaft Jonglënster ugeluecht. Am Exposé des motifs geet Rieds vun engem «modèle intergénérationnel dans lequel se croisent les jeunes et les avancés en âge». Déi geographesch Proximitéit zum Précoce an der Spillschoul ass interessant. Do kéint jo deen intergenerationellen Austausch realiséiert ginn, deen am Exposé des motifs ugeschwat ass.

Weider heescht et, de Centre soll en Haus vun der oppener Dier sinn an e Kommunikatiounszentrum fir Veräiner a Leit vun allen Alteren. Et solle Geschäfter an de Centre kommen, déi fir all Leit op sinn, genausou wéi déi medezinesch Déngschtleeschtungen am Centre och solle fir d'Leit op sinn.

Et geet Rieds vun enger Équipe de parrainage, déi fir all Pensionnaire direkt no senger Admissioun en individuelle Programm zesummestellt. Dës Equipe setzt sech zesummen aus engem Résident, engem Member vum Fleegepersonal an engem Bénévolen. Eng formidabel gutt Saach! Hoffentlech klappt et mam Bénévolat.

Dat sinn alles flott Virstellungen, an ech mengen och déi responsabel Gestionnairë vum zukünftege CIPA Jonglënster wëssen, datt dat alles net vum selwe funktionéiert, mä professionell begleet an ënnerstëtzt muss ginn. Luewenswäert fanne mir och, datt d'Gebai mat enger zentraler Holzpaletten-Heizung soll gehëtzt ginn an datt Wäert op eng gutt Isolatioun geluecht gëtt.

De Projet huet awer och zwee Aspekter, déi eis net esou gutt gefalen. Op der Säit 5 vum Exposé des motifs steet e Saz, deen inhaltlech ganz bestëmmt seng Berechtegung huet, a senger Formulatioun awer e bësse brutal ass, an un deene ville gudde Virsätz, déi ech elo grad gelueft hunn, e bëssen zweifele léisst. Dat ass de Saz: «Le fait de créer deux maisons différentes sous un même toit permet de séparer les personnes dépendantes des personnes valides.»

Esou brutal wéi de Saz dosteet kéint ee mat e bësse schlechtem Wëlle sech virstellen, datt déi Équipe de parrainage do sëtzt an Uerteeler fält. Dobäi ass jo awer Altersdemenz e Prozess, dee bei all betraffenem Patient ënnerschiddlech schnell antrëtt a sech ënnerschiddlech entwéckelt, a bei jiddferengem och aner Auswierkungen huet.

Wa mer dann och nach keng transversal Wiesselméiglechkeeten tëschent deenen zwou Filièren zouloossen an och nach keng Mesures de recours virgesinn, dann hu mer een zweeglidderege CIPA-System, dee mer jo awer net wëllen a brauchen. Well ech awer voll guddem Wëll sinn an och den Ausféierunge vun der Rapportrice nogelauschtert hunn, ginn ech einfach dovunner aus, datt dee Saz e bësse streng formuléiert ass, an et ass just gemengt ginn, datt mer deene Leit, déi un enger Altersdemenz leiden, Raimlechkeete wëlle schafen, wou si sech wuel fillen an ënner enger gudder Betreiung hirem Liewen an Dignitéit kënnen nogoen, sou wéi hire Gesondheetszoustand et erlaabt.

En zweete Punkt, deen ech och nach wëll uschwätzen: Och wa mer et begréissen, datt de regionale Charakter vum CIPA vu Jonglënster ervirgehuewe gëtt, menge mir, datt et e bëssen iwwert d'Zil ewechgeschoss gëtt, wann et heescht: „Les conditions d'admission des pensionnaires sont fixées par écrit par un comité d'admission composé de représentants des communes, des médecins exerçants dans ces communes, de travailleurs sociaux ainsi que de gestionnaires de l'établissement."

Dee Gedanke geet dovun aus, datt nach ëmmer déi meescht Leit do an d'Schoul ginn, wou se op d'Welt kommen, do schaffe ginn, wou se an d'Schoul gaange sinn, eventuell nach d'Nopeschmeedchen oder den Nopeschjong bestueden, an da schliesslech a logescherweis do an d'Altersheem ginn, wou se hiert ganz Liewe verbruecht hunn. Dat klappt awer ëmmer manner oft, an et ass och nëmmen e klengen Deel vum Problem. Ech kommen elo geschwënn a menge méi allgemengen Ausféierungen nach eng Kéier op dëse Problem zréck.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech hunn et scho gesot, déi Gréng si mat deenen dräi Projeten d'accord, a mir wäerten déi dräi Projeten och mat stëmmen.

Ech wëll awer nach e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir eng Rei Froen opzewerfen, déi sech mir gestallt hunn, wéi ech mech mat deene ville CIPA- a Maisons-de-soins-Dossierë vun der leschter Zäit beschäftegt hunn. Ech mengen, et wier derwäert, sech mat dëse prinzipielle Froen e bësse méi intensiv ofzeginn.

Als Iwwerschréft fir mäi klengen Exposé klauen ech mer den Titel vum 12. Kapitel vun der Broschür „Für und mit Senioren" vum Familljeministère. Den Titel ass op lëtzebuergesch dann „Wéi vill Alen- a Fleegeheembetter braucht eist Land?". Niewent deenen dräi Projetë vun haut, déi mer elo geschwënn - an ech ginn dovun aus mat Unanimitéit - stëmme wäerten, hate mer schonn am Dezember dräi aner Projetë gestëmmt: d'Fleegeheem fir Alzheimerpatienten zu Ierpeldeng bei Ettelbréck, d'Vergréisserung an d'Transformatioun vum CIPA um Plateau du Rham hei an der Stad an e Fleegeheem zu Klierf.

Déi Hären Empel, Majerus a Wagner vum Familljeministère hunn an hirem Artikel eng Rei ganz interessant Zuele verschafft a ginn och direkt eng Äntwert op hir Fro, wéi vill Better datt mer brauchen: „Der Bedarf an Altenheimbetten könnte im Jahr 2010 zwischen 5.460 und 5.480 liegen." Dës, wéi ech mengen, ganz prezis Zuele sinn d'Resultat - dat schreiwen déi Häre selwer - vun den Zuele vun der Vollekszielung vum 1. Januar 2001 an enger Statec-Virausso fir d'Joer 2010. A well d'Auteuren eis net verroden, wéi se gerechent hunn, ass et och net kloer, wéi eng grouss Feelerquot muss agerechent ginn.

Aus deenen Zuelen, déi mer haut de Mëtteg kritt hunn, geet ervir, datt elo scho mat den Transformatiounen a Planungen, déi engagéiert sinn, 6.036 Better a Senioreninstitutiounen engagéiert sinn. Also, scho méi ewéi 600 weider, wéi mer der eventuell 2010 géinge brauchen.

Ech hu meng Problemer mat dësen Hypotheesen aus dem Familljeministère, an ech erklären och firwat. Mir wëlle jo, datt ëmmer méi Leit ëmmer méi al kënne ginn, an datt mir dat kënnen ënnert deene beschtméigleche Konditioune ginn. Al ginn an al sinn ass net ëmmer mat Krankheet a Misär verbonnen. Et gëtt zu Lëtzebuerg ganz vill eeler Leit, déi valid, selbststänneg a gesond sinn. Wann dann och nach d'Pensioun stëmmt an déi finanziell Suerge méi kleng sinn, dann ass et eng Freed al ze ginn. Och dat soll eng Kéier hei gesot sinn.

Mir fueren hei zu Lëtzebuerg zweegleiseg, fir eise Leit am Alter eng méiglechst héich Liewensqualitéit ze erhalen. Mir bauen eist Netz vun ambulanten Hëllefsmoossname konsequent aus, fir datt d'Leit méiglechst laang doheem kënne wunne bleiwen, wa si dat wëllen; a mir renovéieren, moderniséieren a bauen Alters- a Fleegeheemer, fir datt déi Leit, déi net méi kënnen oder wëllen an hirer Wunneng bleiwen, en neit Doheem fannen. Dat ass eng Politik, déi déi Gréng ausdrécklech ënnerstëtzen.

D'Aféierung vun der Fleegeversécherung den 1. Januar 1999 hat ënner anerem als Zil, eelere Mënschen een onofhängegt Liewen doheem ze verlängeren duerch d'Schafung vun engem Réseau de soins à domicile, an duerch eng finanziell Ënnerstëtzung vu Leit aus dem Ëmfeld vu kranken oder behënnerte Mënschen, wa si sech doheem ëm hir Leit këmmeren.

Déi Aféierung vun der Fleegeversécherung huet eng interessant Evolutioun mat sech bruecht. De Prozentsaz vun de Bénéficiairë vun der Fleegeversécherung, déi an Alters- a Fleegeheemer ënnerbruecht sinn, huet sech vu 47% am Joer 2001 lues a lues op 38% am Joer 2004 reduzéiert. Och wann d'Nettozuele vun de Bénéficiairen aus den Institutiounen nach liicht

eropgaange sinn, esou schéngt et awer däitlech ze sinn, datt d'Fleegeversécherung en Erfolleg ass: Ëmmer méi Leit loossen sech vun de Soins à domicile oder vu Leit aus hirer Famill doheem versuergen.

Dobäi ass verständlecherweis den Ofhängegkeetsgrad vun de Leit an den Etablissementer méi héich wéi doheem. An den Etablissementer sinn duerchschnëttlech 26,9 Stonne pro Woch accordéiert, doheem 21,2. D'Réseaux de soins à domicile hunn eng gewalteg Expansioun gemaach. An de Réseauen ass d'Zuel vun de Ganzdagsaarbechtstâchë vun 148 am Joer 1999 op 800 am Joer 2004 eropgaangen. Dat ass méi ewéi fënnefmol esou vill an Zäit vu fënnef Joer. An den Etablissementer ass d'Zuel vun de Ganzdagstâchen am selwechten Zäitraum vun 1.216 op 1.965 eropgaangen. Dat sinn och nach gutt 60% méi an Zäit vu fënnef Joer, mä et ass awer net ze vergläiche mat der Explosioun am Secteur vun de Soins à domicile. En ähnleche Boom verzeechnen och d'Structures semi-stationnaires, dat heescht d'Centres de jour.

Ech mengen, mir sinn eiser eelerer Generatioun an och eiser jonker Generatioun et schëlleg, dës Evolutioun am A ze behalen. Et ass och an dësem Kader, datt ech meng Bedenken zu der Estimatioun hunn, déi ech virdrun zitéiert hunn.

Den 1. Januar 1999 hate mer 2.562 Better an Altersheemer an 975 Better a Maisons de soins. Den 1. Juli 2003 hate mer 3.239 Better an eise 34 Altersheemer an 1.266 Better an eise 15 Fleegeheemer. Déi Zuelen, déi mer de Mëtteg kritt hunn, weisen, datt eben 2004 schonn d'Unitéiten ëm 300 Stéck eropgaange sinn. D'Zëmmere waren zu 96% respektiv zu 97% beluecht, a mir stelle fest, d'Regierung huet an deene leschte Jore vill Efforten an deem Beräich gemaach. Mä firwat gëtt et dann nach ëmmer déi laang Waardelëschten? Firwat gëtt et ëmmer nees dramatesch Situatiounen an de Familljen, wann ee Member stënterlech an eng Institutioun goe muss, well en doheem net méi liewe kann? Firwat muss een dann all Haus eenzel ofklappen? Firwat muss ee ganz oft politesch Gréissten aschalten - wann een dann eng politesch Gréisst kennt?

(Interruption)

Firwat steet zum Beispill op der Homepage vun der ALA, der Association Luxembourg Alzheimer: „Folgende Pflegeheimer führen eigene Wartelisten, bei diesen Heimen ist es ratsam, den Patienten auf die Warteliste eintragen zu lassen, auch wenn die Aufnahme erst zu einem späteren Zeitpunkt eventuell erfolgen soll (…)". An an den Informatiounsblieder vun de CIPAë steet alt emol: „Ugemellt sinn heescht net kommen ze mussen."

(Hilarité)

Wat ass da mat deenen 350 Leit, déi 2004 op der Liste d'attente vun der Péitenger Maison de soins stoungen? Sinn esou Waardelëschten net schrecklech onsënneg? Geet et net meeschtens esou wéi an deem Altersheem, wou ech e bësse méi kënneg sinn: Gëtt ee Bett fräi, stelle mer fest, datt eng Rei Leit vun der Waardelëscht bal béis ginn, datt si elo scho sollen an d'Altersheem goen. Anerer si scho laang an engem aneren Heim. Heiansdo kréie mer och matgedeelt, datt déi concernéiert Persoun scho gestuerwen ass.

Eng seriö Planung gëtt doduerch erschwéiert, datt et der Cellule d'évaluation et d'orientation net erméiglecht gouf, eng vun hiren Aufgaben ze realiséieren, an zwar de centraliser les données sur l'offre en établissements ou en centres de jour ou de nuit. D'Cellule d'évaluation et d'orientation ka keng Donnéeën zentraliséieren, wa se keng Donnéeë geliwwert kritt. Weder d'Fleegeversécherung nach de Ministère de la Famille kënnen eng Orientatioun an e fräit Bett garantéieren. Dat ass mindestens geneesou vill e Problem vun enger zentraler Ulafplaz, déi net funktionéiert ewéi vun ze mann Capacitéiten.

Firwat ginn nach ëmmer Leit an d'Ausland?

Am Rapport général de la sécurité sociale vum November 2004 - doraus hunn ech iwwregens och all meng aner Donnéeën - gëtt et am Ganzen 241 Demandeurs vu Leeschtunge vun der Fleegeversécherung, déi am Ausland an engem Établissement d'aides et de soins liewen, 135 an Däitschland, 93 an der Belsch, 13 a Frankräich. Natierlech ass et oft de Leit hire Choix fir an d'Ausland ze goen, deen heiansdo och mat finanziellen oder ierfschaftleche Grënn zesummenhänkt. Mä, dat ass awer net ëmmer de Fall. Oft fannen d'Leit hei am Land dee Moment kee Bett, wa si eent brauchen.

Eng aner relativ rezent Entwécklung kritt och ëmmer méi Bedeitung. D'Schafung vu Seniorewunnengen, déi sech zwar un éischter Stell u rüsteg a valid Seniore wenden, deenen hiert erklärtent Zil awer ass, hire Bewunner eng méiglechst laang Autonomie an hirer neier Wunneng ze garantéieren. Ech denken do un d'Haus Sisy Lentz, dat elo viru kuerzem zu Bartreng ageweit ginn ass an un e Projet zu Bierschbech bei Miersch, wou ënner privater Initiativ eng gutt 30 senioregerecht Wunnenge gebaut ginn. Där Beispiller gëtt et bestëmmt nach vill méi.

Och hei froe mir eis, wéi wäit de Stat esou eng Wunnform ka fërderen. An dass esou Seniorewunnengen en Afloss op d'Populatioun vun den Altersheimer hunn, schéngt eis evident.

Fir ofzeschléissen erlaabt mer nach eng Remarque zu deenen 20 oder 30% vun den Onkäschte, wou de Stat net dru participéiert. Dës 20 oder 30%, ech ginn emol dovun aus, dass et gutt Grënn gëtt, dass déi eng 20 an déi aner 30% musse bäidroen, ginn zum Deel och vun de Gemenge bäigeluecht.

Grondsätzlech hu mir Gréng kee Problem domat, wann d'Gemengen sech un den Infrastrukture fir Senioren an hirer Regioun bedeelegen. Iwwert de Schlëssel vun dëser Bedeelegung misst een awer emol eng Kéier nodenken. Et wier vläicht méi gerecht, wann et zu enger Onkäschtebedeelegung no engem Awunnerschlëssel géing kommen. Am Moment keeft eng Gemeng sech mat esou vill Better an, wéi se mengt der ze brauchen. Dobäi kann et jo awer net esou sinn, dass eng Gemeng ganz eleng iwwert déi Better kann décidéieren, wou si sech dru bedeelegt huet.

Ech ginn dovun aus, dass et zu Jonglënster net anescht geet wéi zu Miersch. Wa keen Interesséierten aus der Gemeng do ass, deem dat fräit Bett eigentlech zur Verfügung steet, da bleift dat Bett dofir awer net eidel, da si mer alleguer solidaresch, an da kënnt eben en anere Mënsch an dat Zëmmer. An een, deen dat net versteet, dee muss ee vläicht drun erënneren, dass de Stat jo schliesslech och mat 70 bis 80% un all Zëmmer bedeelegt ass, an dass mer eis einfach keng eidel Better leeschte kënnen.

Wéi gesot, déi Gréng stëmmen déi dräi Projete mat. Mir erwaarden eis awer e kritesche Suivi vun der Entwécklung am Senioren- a Fleegesecteur, fir dass mer net riskéieren deier Feelplanungen ze maachen.

An an deem Sënn, fir dass mer och eppes hei zréckbehale wat eis drun erënnert, dass mer wëllen dee richtege Suivi maachen, déposéieren ech eng Motioun am Numm vun der grénger Fraktioun, wou mer, aus deenen Ursaachen, déi ech a mengem klenge Referat hei opgezielt hunn, d'Regierung invitéieren, dass all d'Acteure vum Familljeministère, vum Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale a vum Ministère des Travaux publics solle bei der Planung vun esou Institutioune méi enk zesummeschaffen.

Mir hätten och gären, dass d'Zesummenaarbecht vun all deene verschiddenen Acteuren um Niveau vun der Gestioun vun de Capacités d'accueil an den Institutioune soll verstäerkt ginn.

Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- saluant la politique d'investissement du Gouvernement en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées;

- soulignant la nécessité d'une mise en place d'infrastructures de qualité et économiquement efficaces;

- estimant que lors de la planification en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées, une étroite collaboration des différents acteurs (Ministère de la Famille, Ministère de la Sécurité Sociale; Union des Caisses de Maladie et Cellule d'évaluation et d'orientation de l'assurance dépendance, Ministère des Travaux publics) est indispensable;

- estimant qu'une bonne planification nécessite des statistiques fiables sur les besoins réels;

- estimant que la gestion des listes d'attentes en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées doit se faire dans un esprit de transparence et d'efficacité et qu'il faut donc éviter les multiples inscriptions,

invite le Gouvernement

- de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la planification des institutions d'accueil pour personnes âgées;

- de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la gestion des capacités d'accueil des institutions pour personnes âgées.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, virop wëll ech och deenen Damme Rapportricë félicitéiere fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an deenen dräi kumuléierte Projeten hei.

Wat de Projet 5370 ubelaangt, am Zesummenhank mat den Transformatiounen an dem Ausbau vun der Maison de soins zu Péiteng, gëtt et keng Objektioun vun eiser Säit, esou dass mer do eisen Accord kënne ginn.

Och de Projet 5372, wat de Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Mamer betrëfft, ka vum ADR ouni Bedenken akzeptéiert ginn, an de Projet 5369 am Zesummenhank mat der Participatioun vum Stat um Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Jonglënster gëtt eis och keen Ulass zu Bedenken.

Begréissenswäert ass bei deene Projeten, dass am Fong versicht gëtt, esouwuel Fräizäitaktivitéite fir déi eeler Leit mat anzebauen, awer och d'Verbindung gesicht gëtt zu deene Jonken, fir eben duerch d'Liewensfreed vun de Kanner deenen eelere Leit och e bësse méi Liewensfreed nach mat op de Wee ze ginn. Dat schéngt mer déi richteg Approche ze sinn an dat sollt och eiser Usiicht no an deem Sënn weidergoen.

Am Projet vu Jonglënster, hunn ech gelies, ass och d'Renaturéierung vun der Schwaarzer Ernz mat ernimmt, mat enger Rei vun ökologeschen Opwäertungen, déi mat der Renaturéierung zesummenhänken. Do stellt d'Fro sech: Gëtt d'Ernz elo gläichzäiteg mat der Realiséierung vun deem Projet renaturéiert? Da misst jo awer och do iergendwéi schonn e Projet virleien.

D'Fro stellt sech och, ob dann net vläicht muss e Remembrement gemaach ginn, well d'Bett vun der Ernz jo forcément muss méi breet gemaach ginn, an dann eben op Terrainen iwwergräift, déi vläicht elo net am Stat senger Hand sinn, a wou ee sech och d'Fro stelle muss, ob déi Renaturéierung esou no bei der Quell vun der Ernz sënnvoll erschéngt, well riskéiert gëtt, dass dat Ganzt sech zu engem breeden Dëmpel entwéckelt, wann net vill Waasser do ass, a sech wierklech am Fall vu Waassermangel kënnt zu engem bakterielle Problem entwéckelen, deen esou no bei engem Altersheim awer déi eng oder aner Problemer kënnt opwerfen, wou ech awer elo net wëll gesot hunn, dass mer géint déi Renaturéierung sinn, mä wou een awer misst déi Froe klären, ier domadder ugefaange gëtt.

Här President, säit enger Rei vu Joren, haaptsächlech säit der Aféierung vun der Fleegeversécherung, sécher awer och scho virdrun, versiche mer deenen effektive Besoinë vu Fleegebetter gerecht ze ginn, dat fir ze verhënneren, dass eis eeler Leit sech mussen am Ausland fleege loossen, mat deene Konsequenzen, déi mer kennen, awer och fir eise Leit hei am Land alleguer d'Méiglechkeet ze ginn, fir e rouege Liewensowend ze verbréngen.

Säit 1999 hu mer dofir och eng Rei Projeten hei gestëmmt, mat deenen zwee haut eelef fir de Bau vu Centres intégrés an der véier mat deem haut fir den Ausbau oder d'Moderniséierung. Mir hunn also versicht mat der Participatioun vum Stat de Besoinë gerecht ze ginn. D'Fro, déi opsteet, ass: Wéini ginn déi Centres gebaut, respektiv, wéini ginn déi fäerdeg, déi schonn am Bau sinn?

D'Fro, déi hei opgeworf ginn ass vum Här Adam, Spriecher vun de Gréngen, wéi vill Fleegebetter dass mer effektiv brauchen, ass keng statistesch Fro, et ass menger Usiicht no éischter eng grouss gesellschaftspolitesch Fro, wou mer musse kucken a wat fir eng Form vu Familljestrukturen dass mer an Zukunft eraginn, dass mer kucken am Zesummenhank mat gesonde Famillje versichen emol an enger éischter Phas déi eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirer Famill ze halen an dann duerno ze kucken iwwert d'Heemfleeg se nach an enger weiderer Phas doheem kënnen ze fleegen. Dat géif dann zum Beispill mat sech bréngen, dass mer do och e Reguléierungsfaktor hunn, wou mer spéider manner Fleegeheimer brauchen.

Well et geet net duer zeg Projeten ze stëmmen an domadder de Leit den Androck ze ginn, dass de Problem vun de Fleegebetter geléist gëtt, dass et awer nach zéng Joer dauere ka bis eng effektiv Erliichterung kënnt, well d'Zuel vun de Fleegefäll net méi kleng wäert ginn an doduerch de Besoin weider klëmmt. Dofir eng kloer Fro un d'Regierung: Sinn an deene Spezialfonge fir d'Finanzéierung vun de Fleegeheimer, respektiv de Centres intégrés iwwerhaapt nach Sue genuch, fir déi gestëmmte Projete kënnen ze realiséieren? Wéi vill Sue sinn nach an deene Fongen, a wann der net méi genuch dra sinn, kann d'Regierung eis da soe wéi se gedenkt déi Projeten ze finanzéieren, déi mer elo hei masseg stëmmen, wou jo awer déi finanziell Moyene mussen do sinn, fir se effektiv kënnen ze realiséieren?

Här President, ech wëll dës Geleeënheet awer net verpassen, fir och emol e puer prinzipiell Froen opzewerfen am Zesummenhank mat de Centres intégrés. Ech ginn de Verdacht net lass, dass déi sech ëmmer méi an eenzeg Maisons de soins verwandelen, dat aus der Ursaach, well d'Fraisë vum Personal, wat gebraucht gëtt, fir d'Soine vun de Fleegefäll ze garantéieren, ebe vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn, an doniewent d'Personal fir déi reng Altersheimstrukture vun de betraffenen Etablissementer selwer muss gedroe ginn. Ech schwätzen elo net vun deene Projeten, déi mer haut stëmmen, mä ech schwätzen am Fong vun deene Fleegeheimer, déi scho realiséiert sinn, also deene Centres intégrés, déi scho bestinn.

Gëtt et an deem Zesummenhank eng Kontroll, fir do eventuell Ausschreidungen ze vermeiden? Dat ass am Fong déi Fro, déi ech stellen. Gëtt et eng Kontroll oder ass der Regierung bekannt, dass dat effektiv an der Praxis esou gehandhabt gëtt? Et gesäit ganz esou aus, dass wa Leit an déi Centres intégrés erageholl ginn, dat ëmmer méi Fleegefäll sinn, an dass déi Leit, déi am Fong einfach wëllen an en Altersheim goen, fir eben do ze bleiwe bis zum Schluss, net méi esou an deene Centres wëllkomm sinn.

Net verfeele wëll ech awer och, fir iwwert d'Hébergementspräisser an deene eenzelnen Etablissementer, déi Alters- a Fleegefäll betreien, e puer Wuert ze verléieren.

D'Präisser fir den Hébergement variéiere laut dem Rapport vun 2001 zwëschen 1.250 an 2.500 Euro. Den Etablissementer steet et fräi hir Präisser selwer festzeleeën. Do kéint een elo einfach soen, datt do de fräie Marché spillt, wann net do awer ee Phenomeen wier, dee mech awer onheemlech stéiert. Wann nämlech e Pensionnaire an esou engem Etablissement net genuch Moyenen huet, fir deen Hébergement aus senger Täsch ze bezuelen, da muss de Stat d'Differenz bäileeën.

Déi Etablissementer fixéieren also hir Präisser an der Gewëssheet, datt, egal wat se froen, de Stat bis zu enger bestëmmter Zomm d'Differenz iwwerhëlt. An hei misst menger Usiicht no de Stat a sengem Interesse, am eegenen Interesse, awer och am Interesse vun de Steierzueler méi reguléierend agräifen an eng kloer Berechtigung vun de Präisser vun deenen Etablissementer fir hiert Hébergement verlaangen. Ebe well de Stat och de gréissten Deel vum Finanzement vun deem Ganzen dréit, awer och well de Käschtepunkt vun de Better, déi offréiert ginn, jo zimlech an all Etablissement bal dee gläichen ass.

Här President, e leschte Punkt awer, dat sinn d'Soins à domicile, déi och zum Sujet vun de fleegebedürftege Leit gehéieren. Well wat mer méi Leit, wéi ech scho gesot hunn, méi laang doheem kënne fleegen, wat mer manner Fleegebetter brauchen, wat also heescht, dass mer manner Finanzmëttele brauche fir eben d'Fleeg ze garantéieren.

Éischtens emol wëll ech nach emol déi Stopauerfleeg, déi den hëllefsbedürftege Leit zougemutt gëtt, hei offiziell emol uprangeren. Et ass souwuel fir de Fleegebedürftegen onmënschlech no engem Terminplang gefleegt ze ginn, mä och fir d'Fleegepersonal, dat ganz oft staarke Contrainten ausgesat ass, fir déi Terminer ze respektéieren. Et huet een heiansdo den Androck, wéi wa méi d'Terminer gefleegt géife gi wéi d'Mënschen.

Do derbäi kënnt nach: Alles wat net direkt mat der medezinescher Fleeg ze dinn huet, muss vum Patient bis op dee leschten Cent bezuelt ginn. Et ass einfach net méi zoumuttbar, datt fleegebedürfteg Leit mussen zum Beispill d'Hänsche bezuelen, déi d'Fleegepersonal undeet, oder souguer

mussen dofir bezuelen, wann d'Fleegepersonal hinnen hir Medikamenter doséiert, respektiv eng Medikamentebox zesummestellt, wat jo awer misst eigentlech zur Fleeg gehéieren.

Ass et net traureg, datt zum Beispill eng fleegebedürfteg Fra souguer muss bezuelen, wann d'Fleegepersonal hir mam Kamp eng Kéier duerch d'Hoer fiert oder soss nach eng Klengegkeet mécht? An et ass scho virkomm, an ech mengen déi Leit, déi um Terrain schaffen, déi wëssen dat, an och d'Regierung weess dat, dass déi Fleegebedürfteg Rechnunge geschéckt kréien, déi bis zu 800 Euro pro Mount ausmaachen, fir Saache vun deenen se mengen, se hätte mat hirer Fleeg ze dinn an déi se awer aus hirer eegener Täsch musse bezuelen, ebe well se net genuch opgekläert sinn, wat se dann eigentlech zegutt hunn am Kader vun der Fleegeversécherung, fir där hiert Finanzement jo awer trotzdeem jiddfereen 1% vu sengem Revenu muss oftrieden.

Fir mech grenzt dat do schonn e bëssen un Ausbeutung grad un deene Leit, déi duerch hiert Gebriechen sech net kënne géint eppes wieren oder net fäeg si grad nozevollzéien, wat dann eigentlech mat hinne geschitt. Dofir missten déi ganz Soins à domicile, déi am Kader vun der Fleegeversécherung bestinn, grondleeënd iwwerduecht ginn an dem wierkleche Besoin vum Patient ugepasst ginn.

Et muss awer och dofir gesuergt ginn, dass d'Fleegepersonal ënner mënschewierdege Konditioune ka schaffen. Och wann hei elo Chifferë gesot ginn, deenen no ëmmer méi Fleegepersonal agestallt gëtt an ëmmer méi Fleegepersonal zur Verfügung steet, esou wëllt dat nach laang net heeschen, dass déi Leit ënner mënschewierdege Konditioune schaffen, well et sinn der nach ëmmer net genuch.

Wann Der déi Leit um Terrain frot, da kënnen déi Iech e Liddchen dovunner sangen, ënner wat fir enge Contrainten, dass se vun engem Patient bei deen anere musse lafen, fir hiren Terminplang owes iwwert d'Bühn ze kréien. Déi Leit, déi hir Aarbecht da ganz seriö maachen, déi schaffen dann ebe méi laang an déi kréien dann och awer emol dofir keng Iwwerstonne bezuelt. Déi mussen sech einfach un de Plang halen. Ech fannen dat einfach onmënschlech an och deem Personal do géigeniwwer onwierdeg.

Et däerf och net méi sinn, datt einfach fir den Dagespensum kënnen ofzewéckelen, duerch de Stress, deen opkënnt duerch d'Stopauerterminer, riskéiert gëtt, dass de Patient drënner leit an datt dramatesch Situatioune kënnen entstoen - an där Fäll ware schonn -, dass einfach versicht ginn ass de Pensum erofzerasselen an dass dann déi eng oder aner Betreiung vergiess ginn ass oder einfach iwwersi ginn ass.

Als Konklusioun wëll ech ofschléissend soen, et wier noutwendeg erëm eng déif gräifend Diskussioun ze féieren iwwert déi ganz Problematik vun der Fleeg, an dat am Interesse vun de Patienten. Et däerf net méi sinn, datt duerch ze vill restriktiv Fleegepläng Patiente Schued erleiden. Esou wéi et och net méi däerf sinn, datt an de Centres intégrés nach just gesuergt gëtt fir Fleegefäll ze hébergéieren, well d'Fleegeversécherung hei d'Fraisën dréit. Esou wéi et och net méi däerf sinn, datt déi betraffen Etablissementer kënnen Hébergementspräisser fixéiere wéi se wëllen, an datt de Stat muss de Supplément oder den Ënnerscheed droen.

Dat gesot wier ech frou, wa mer an der zoustänneger Kommissioun kënnen dës Problematik eng Kéier an aller Serenitéit ugoen an der Chamber, an an engem Rapport déi néideg Konklusiounen a gewënschten Objektiver kënnte virleeë fir eben an der Fleeg nei Weeër ze goen am Interesse vum Patient.

Dat gesot, hoffen ech, datt all Projeten, déi mer gestëmmt hunn, och schnellstméiglech kënne realiséiert ginn, an ech kann och do soen, dass mer déi dräi Projete stëmmen an och déi Motioun vun de Grénge wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice Merci soe fir hiren excellente mëndlechen a schréftleche Rapport an och dass si sech mat mir zesummen de Projet zu Mamer op der Plaz am Virfeld vun deem heitege Vote zesummen ugekuckt huet. Mam Projet de loi 5372 gëtt haut déi lescht legislativ Etapp vum Centre intégré pour personnes âgées vu Mamer ofgeschloss.

Als Bauteschäffe vun der Gemeng Mamer freet et mech, dass meng Kolleegin Claudia Dall'Agnol mir offréiert huet an hirer Plaz haut iwwert dëse Projet schwätzen ze dierfen, engem Projet - dat wëll ech betounen -, deen eng regional Vokatioun huet, also fir d'Wuelbefannen am Alter suergt fir d'Biergerinnen a Bierger vu Mamer an der Regioun ronderëm.

Et gëllt hei mat dësem Projet de loi dat urspréinglecht Gesetz vum 20. Dezember 2002 unzepassen. Dës Upassung gouf noutwendeg duerch eng Rei vun Ännerungen, déi gemaach goufen an déi natierlech och weider Käschte mat sech bréngen.

Et sinn am Laf vun de Joren eng ganz Rei vun neien Erkenntnisser entstanen, besonnesch duerch den Ëmstand, dass d'Leit ëmmer méi spéit an d'Altersheimer ginn. Et ass wëssenschaftlech bewisen, dass dëst och gutt fir d'Vitalitéit vun de Leit ass,…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

…awer net zulescht gëtt et méiglech duerch d'Fleegeversécherung, duerch déi d'Leit och doheem kënne gehollef kréien, dass d'Moyenne d'âge an den Altersheimer ëmmer méi héich gëtt.

Dee Moment, wou d'Gebai zu Mamer geplangt ginn ass, louch d'Moyenne d'âge vun de Leit, déi an en Altersheim gaange sinn, nach bei 80 Joer. D'Moyenne d'âge vun de Pensionnairen am CIPA vu Mamer läit haut op den Dag genau bei 86 Joer. Fir dëser Evolutioun Rechnung ze droen huet de Familljeministère zesumme mat der Gemeng Mamer a mat der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen, déi no enger europawäiter Ausschreiwung als Gestionnaire ausgewielt ginn ass, et fir richteg gehalen am Detail de Projet duerchzegoen an d'Fonctionnalitéit an d'Utilisatioun vun alle Raimlechkeeten nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Als Fallbeispill wëll ech hei ernimmen, dass et sech eriwwregt huet op all Stack eng Partie Kichen ze installéieren, mä dofir gëtt eng gutt koordinéiert Zentralkichen installéiert. Doduerch gëtt engersäits d'Prise en charge vun de Pensionnairë vereinfacht an op där anerer Säit konnt d'Capacitéit vum CIPA eropgesat ginn; amplaz vun 120 Pensionnairen kënnen elo am Ganzen 138 Pensionnairen am Mamer CIPA wunnen.

Ech wëll a Saachen Architektur och nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi urspréinglech geplangten 120 Eenzelzëmmer mat enger Surface vun 31,8 m², dovunner 6,4 m² fir d'Buedzëmmer, grousszügeg geplangt sinn an dass am Ganzen en héije Wäert op Confort a Liewensqualitéit geluecht ginn ass.

An dësem Konzept gëtt et an eisem CIPA zu Mamer zum Beispill och e Coiffeur, e Restaurant an e ganz schéine japanesche Gaart, déi zesumme fir eng flott Ambiance suergen.

Am Ganzen huet de CIPA zu Mamer 37,6 Milliounen Euro kascht. Mam Gesetz, dat mir haut wäerten ofstëmmen, soll d'Participatioun vum Stat op 23,6 Milliounen Euro eropgeschrauft ginn. No engem deelweise Remboursement vun der TVA gëtt e Rescht, ronn 10,8 Milliounen Euro vun de Gemenge Mamer, Kielen, Kënzeg, Dippech, Garnech, Koplescht, Stroossen a Simmer finanzéiert, wouvunner eleng 6,5 Milliounen Euro op de Kont vun der Gemeng Mamer ginn. Dat sinn héich Zommen, mä am Hibléck op d'Wuelbefanne vun eisen eelere Matbierger ass dëse Projet en absolut berechtegten a wichtegen Investissement.

D'Diere vum CIPA sinn den 1. Abrëll 2004 a Presenz vun der Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs opgaangen, an op den Dag vun haut wunnen 122 Pensionnairen am Mamer CIPA, wouvun 99 Pensionnairë Fraen an 23 Pensionnairë Männer sinn. Vun där Zuel vu Pensionnairë brauchen 59 Leit Soinen an der Geriatrie. Et ass virgesinn, dass de Betrib ab deem nächste Mount au complet, also mat 138 Pensionnairen, fonctionnéiert.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass dëse CIPA sech exemplaresch an den Zentrum vu Mamer integréiert. D'Lag bei der Mamer Gemeng, dem Mamer Schlass an dem Naturpark Brill garantéiert eng héich Liewensqualitéit. D'Leit, déi am CIPA wunnen, bleiwen domadder an direktem Kontakt mam gesellschaftleche Liewen an der Gemeng, an dat ass eng ganz wichteg Konditioun fir sech wuel ze fillen.

Iwwregens fonctionnéiert am CIPA zu Mamer och e Foyer du jour mat engem Centre psycho-gériatrique, deen den 19. November 2004 a Presenz vun eiser Familljeministesch ageweit gouf. De Foyer du jour, dee vun „Hëllef doheem" bedriwwe gëtt, ass vum Ministère de la Famille agrééiert gi fir eng Capacitéit vun eelef Still, déi vun 39 Persounen an Usproch geholl ginn. Dës Persoune komme gréisstendeels nëmmen e puer Deeg an der Woch an de Foyer a setze sech de Moment aus 24 Fraen a 15 Männer zesummen, wouvun 33 Persoune Soinë brauchen. De Moment fonctionnéiert de Foyer du jour während fënnef Wochendeeg an ab dësem Summer wäert och samschdes op sinn.

Engersäits ass mat dësem zousätzleche Projet de loi duerch eng méi héich Bettenzuel fir insgesamt 138 Leit an anerersäits duerch d'Schafe vun engem Foyer du jour fir 39 Leit, am Total also fir 177 Leit amplaz vun deenen am initiale Projet virgesinnenen 120 Leit, wou ausserdeem och nach zousätzlech 60 Aarbechtsplaze geschafe gi sinn, insgesamt eng echt Plus-value fir de Mamer CIPA a seng Biergerinnen a Bierger geschafe ginn.

An deem Sënn ginn ech hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Här President, schreift mech nach op, ech muss nach eppes Klenges soen.

M. le Président.- Très bien. Den Här Bettendorf schreiwe mer och nach an.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol der Rapportrice Merci fir hir gutt Aarbecht. Zënter bal 20 Joer bedreift Lëtzebuerg eng Politik vum drëtten a vum véierten Alter, déi jo nieft dem Maintien à domicile als éischt Zil och nach d'Zuel vun de Wunnengen, wou eeler Leit kënne wunnen, eropschrauft. De CIPA zu Jonglënster schreift sech natierlech an dës Politik an. Dës Politik, esou vill wéi ech dat matkréien, huet jo och e Konsens an der Kommissioun gehat, iwwer all Parteien eraus.

Interessant ass och déi Kaart, déi mer vun der Madame Ministesch virdrun ausgedeelt kritt hunn, wou ee gesäit, dass an deenen zwielef Kantone vun eisem Land iwwerall där CIPAe stinn. An en aneren Detail wat mer opgefall ass: Ech sinn elo véier Méint hei an deem Haus an dat hei ass dee sechste Projet vu CIPAen a Maisons de soins, dee mer stëmmen. Ech mengen dat soll een och ervirsträichen! Eleng haut stëmme mer jo of iwwer 187 Better.

Mir kruten de Projet ganz am Detail virgestallt. Ech wollt nach eng Kéier drop agoen, dass jo déi zwou Partië Gebaier sinn, deen een Deel fir déi Leit, déi nach besser sinn, an deen aneren Deel fir déi Leit, déi nach méi Fleeg brauchen. Ech mengen, d'Kohabitatioun gëtt sécherlech eng Erausfuerderung fir déi Leit, déi do schaffen an déi dat hei ze leeden hunn. Am Exposé des motifs steet, an och d'Rapportrice huet eis gesot, dass d'Rout Kräiz jo do eng ganz Rei flott Konzepter huet fir déi Kohabitatioun ze sécheren.

De CIPA zu Jonglënster huet sécher och eng regional Vokatioun. En integréiert sech perfekt an d'Uertschaft, an dat ass jo och wichteg fir déi Leit, déi do wunnen, dass déi am Kär vun enger Uertschaft kënne liewen. Fir eis absolut wichteg an ervirzesträichen ass de Fait, dass de CIPA zu Jonglënster an déi nei Schoul, wéi schonn aner Riedner et och gesot hunn, niefteenee leien. Dëst erméiglecht e Kontakt.

Mä ech wëll awer ënnersträichen, dass dee Kontakt zwëschent de Generatiounen net ëmmer vum selwe geet, an ech mengen, dës Situatioun ass eng eenzegaarteg Geleeënheet fir am Kader vun engem Projet dëse Kontakt an dës Echangen zwëschent de Generatioune geziilt ze encouragéieren an ze encadréieren. Al a Jonk zesummen, ech mengen dat ass eng Devise, déi an deem Kontext ganz wichteg ass.

Erlaabt mer nach e puer Detailer, déi haut nach net gesot gi sinn, wat d'Baukäschten ubelaangt. Dovunner ginn 33% eleng an d'Technik. Ech mengen dat ass interessant. Den Terrain ass och relativ grouss, wat ech och gutt fannen. Et ass en oppenen Espace vun 1,24 Hektar, an och dee soll genotzt ginn als Espace de rencontre zwëschent de Leit aus der Uertschaft an deene Leit, déi am CIPA wunnen.

Da vläicht d'regional Vokatioun nach eng Kéier kuerz ugeschwat. 80% bezilt jo de Stat an dann 20% déi Gemengen, déi matmaachen, an do wollt ech soen, dass Jonglënster 40 Better huet, Betzder 10, Konsdref 6, Waldbëlleg 4, Fëschbech 2, d'Fondation Félix Chomé huet der 10 an d'Rout Kräiz der nach 28. Dat sinn dann insgesamt déi 100 Better vun deene mer jo hei schwätzen.

Ofschléissend wollt ech dann nach selbstverständlech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet 5369 ginn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Angel. Dann als allerleschte Riedner ass den honorabelen Här Niki Bettendorf ageschriwwen. Här Bettendorf!

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Merci, Här President. Dir kënnt Iech jo virstellen, dass ech perséinlech déi Projeten, déi mer haut hei stëmmen, och vun Häerze gäre matdroen,…

(Hilarité)

…well jiddferee weess jo wat mir a puncto Altenfleeg an der Gemeng Bartreng an der Vergaangenheet schonns realiséiert hunn.

Et sinn e puer Saache gesot ginn, mengen ech, virun allem vum Kolleeg Adam vun deene Gréngen, déi een net onbedéngt esou kann am Raum stoe loossen. Hien huet zum Beispill geschwat dovunner, dass mer an enger Gemeng op d'Welt koumen, do an d'Schoul ginn, do schaffe ginn an och waméiglech sollen do bestuet ginn, jo, an dann och nach herno do gefleegt ginn. Hien huet dat e bëssen a Fro gestallt. Hien huet dat vläicht méi landeswäit gesinn. Hien huet och déi Lëschten a Fro gestallt, déi elo vun den eenzelnen Haiser gefouert ginn. Hien huet éischter enger allgemenger grousser Planung d'Wuert geriet.

Ech muss hien do e bëssen opklären, wéi mer dat hei am Land an der Zäit haten. Mir haten eng Lëscht, déi huet deemools beim Ministère vun der Santé fonctionnéiert, oder sollt do fonctionnéieren. Wann Der dann do ugeruff hutt an Dir hutt gefrot: Dee Wéi villten ass mäi Kolleeg XY op der Lëscht fir an e Fleegeheim ze kommen, da krut een heiansdo gesot, dat ass den 2.385sten. Dann hutt Der missen d'Famill uruffen an der Famill soen, äre Monni oder är Tatta ass den 2.385sten, an ech muss Iech soen, datt mer als Chamber kënnen houfrech sinn, dass deen Zirkus eriwwer ass, dass et dat net méi gëtt.

(Interruptions)

Ech muss Iech soen, wann Dir en Haus hutt wat ka beweisen, dass se eng Beleeung vun 98, 99% hunn, a wa se virausgesinn hunn, wa se mat engem zweeten Haus zum Beispill zesummeschaffen, wou d'Leit mat Zäiten ugemellt ginn, wou d'Leit fréi genuch en Dossier ugeluecht kréien. Mir hunn haut Cellule-d'évaluationen, wou déi Leit kënne suivéiert ginn.

Mir haten am Ufank ënnert dem Carlo Wagner, no der Madame Delvaux, eng Cellule d'évaluation. Du krute mer eng zweet. Mir kruten eng drëtt, eng véiert, souguer eng fënneft, ech weess net ob mer souguer haut eng sechst Cellule d'évaluation hunn, wou d'Leit kënne kucken, wéi vill Stonne Fleeg dass se brauchen. Dat ass Gott sei Dank net méi esou wéi et war.

Wann een Iech héieren huet, dann hätt ee kënne mengen, mir hätten op där enger Säit schonn ze vill Better an op där anerer Säit…

(Interruption)

Dir hutt awer gesot, dass der nach iwwer 200 am Ausland sinn. Domadder widderspriecht Der Iech jo, dass dat wat bis elo geschafft ginn ass, wat haut och nach geschafft gëtt, och nach ëmmer wichteg ass, dass mer musse weiderschaffen, vu dass mer nach ëmmer méi eeler Leit wäerten…

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Navigation à vue, Här Bettendorf!

(Interruptions diverses)

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Navigation à vue nennt Dir dat. Da soen ech Iech elo emol eppes wat ech fanne wat mer musse méi geziilt kucken, dat ass de Fonctionnement vun de CIPAen. E CIPA, e Centre intégré pour personnes âgées, all Kéiers wann en ufänkt wëllt en ufänke mat Leit, déi am Haus sinn, déi valid sinn, an da gi se lues a lues méi al, si hu Recht op méi wéi 15 Stonnen, an da gi se automatesch Fleegefäll am Centre

intégré pour personnes âgées. Ech muss lech soen, dass dat e Modell ass, deen ech perséinlech net esou gären hunn.

Ech hunn och versicht, en anere Modell ze konzipéiere bei eis an der Gemeng zu Bartreng. Mir hunn zwee Haiser niewenteneen. Den Här Adam huet geschwat vun de Seniorewunnengen „Sisy Lentz". Mir hunn awer aner Seniorewunnenge wou 53 Leit kënnen esou wunnen. An déi Leit liewen, déi si valid an déi kréien zur Zäit hir Demande gemaach fir an d'Geriatrie eranzekommen, wann ee gesäit au fur et à mesure wéi se méi schlecht ginn. A wa se da wierklech geriatriebedürfteg ginn, da gi se an d'Haus niewendrun.

Mä an deem Haus selwer, an de Seniorewunnengen, do behaalt Der Leit, déi nach valid sinn, well wat geschitt an engem Centre intégré pour personnes âgées? Herno wëllt kee méi dohinner goen, well der esou vill geriatriebedürfteg do dra sinn. Et ass hei gesot gi vun der Moyenne d'âge, déi wäit iwwer 80 Joer ass. Mä an eng Seniorewunneng do kann ee mat 70 Joer dragoen. An dann hutt Der Zäit fir effektiv alles ze kréie wat jiddereen am Land zegutt huet. Hëllef doheem, Aides à domicile, Soins à domicile am Haus selwer, an dat ass e Konzept, mengen ech, wat ee sech kann iwwerleeë vis-à-vis oder niewent deene CIPAe wéi mer se haut kennen.

Ech mengen, et wier gutt, wann een och en anere Modell sech géif iwwerleeën, fir dass déi Haiser awer e bësse getrennt ginn. Et ass haut nach geschwat gi vun zwee Haiser ënner engem Daach. Och dat alles ass gutt, mä ech mengen, mir mussen de Modell CIPA iwwerdenken, well en an Zukunft wäert an eng Richtung féieren, wou mer aus deene CIPAen a ronderëm nëmme Geriatrië wäerten hunn, an dat mengen ech ass net ganz gutt. Mir sollen eis dat fir d'Zukunft nach weider iwwerleeën.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Domat ass d'Diskussioun definitiv ofgeschloss. Den Här Minister Biltgen freet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wollt just nach kuerz Stellung huelen. D'Madame Jacobs ass jo leider verhënnert. Si huet och schonn am Ufank e puer Saache gesot.

Just e puer Punkten. Deen éischten ass deen, dass ech ganz frou sinn, dass mer elo während praktesch zéng Joer hei versicht hunn déi Besoinen, déi ganz dramatesch waren, opzeschaffen. Dir hutt och de Plang ausgedeelt kritt wéi sech d'Land ewell weist a wa mer dovunner ausginn, dass mer wa mer elo nach weider bäigebaut hunn, ronn 6.000 Plazen hunn, da leie mer wesentlech iwwert der Moyenne vun Europa, esou dass mer och do dann net méi an där Noutsituatioun sinn, déi mer fréier kannt hunn.

Natierlech gëtt et ëmmer, an ech mengen et sinn eng ganz Partie Orateuren, déi aus hire praktesche Erfahrungen drop higewisen hunn, Fäll, déi elo net direkt dohinner komme wou se wëllen, am Noutfall dohinner kommen.

Mir hunn och effektiv nach ëmmer Leit am Ausland, notamment an der Belsch, wat awer oft zwou Ursaachen huet. Dat heescht, eng Partie Leit wëssen net, dass wa se net genuch Suen hunn, de Fong hinnen hëlleft fir hei d'Pensiounspräisser ze bezuelen. Dat soll een och deene Clienten, déi ee kennt, déi Problemer hunn, déi fäerte si géifen net ënner Daach komme wéinst dem Präis, soen, dass de Fong do een ënnerstëtzt. Da gëtt et natierlech Fäll, dat kann een och net évitéieren, déi aus Ierfschaftsgrënn léiwer an engem anere Land si wéi an eisem.

(Hilarité)

Si sinn net all an Ärem Fall, Här Grethen, op der Welt.

(Hilarité)

Mä do ginn et aner Fäll. Et ginn aner Virzeechen heiansdo.

(Interruption)

Ma da si mer och zefridden, well mer géifen lech nach gär laang halen.

Dann ass d'Fro gestallt gi vun der zentraler Waardelëscht. Dat wier wënschenswäert. Dat ass natierlech schwiereg, well mer eben hei eng Partie Intervenanten hunn. Mir hunn notamment d'Fleegeversécherung a villes leeft mëttlerweil iwwert d'Fleegeversécherung. Mir hu staatlech Haiser, also öffentlech Haiser a mir hu Privathaiser, esou dass dat nach wie vor net esou einfach ass do op eng Gesamtlëscht ze goen.

Dann ee leschte Punkt, deen opgeworf gouf, ass dee vun de Suen. Si genuch Suen do? Jo, fir alles wat mer haut stëmme si Sue virgesinn. Mir hu jo de Fong. Dee Fong gesäit an engem Méijoresplang och eng Moyenne vu 60 Millioune pro Joer vir, esou dass op alle Fall de Finanzement vun dësen Infrastrukture garantéiert ass.

Da wollt ech lech och soen, dass d'Regierung kee Problem huet fir déi Motioun vum Här Adam unzehuelen. Natierlech ass dat net ëmmer einfach ze maachen, all déi Leit do un den Dësch ze bréngen, an dat nach besser ze maachen, mä ech mengen, et soll een ni seng Efforten opginn, fir eppes nach besser ze maache wéi et haut ass. An deem Sënn huet d'Regierung absolut keng Schwieregkeet wann d'Chamber géif déi Motioun unhuelen.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5370 iwwert d'Fleegeheim zu Péiteng.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Norbert Haupert), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5372 iwwert d'Altersheim vu Mamer. Den Text steet am Document parlementaire 5372-2.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Norbert Haupert), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5369 iwwert d'Altersheim vu Jonglënster.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann nach zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun dem honorablen Här Adam abruecht ginn ass. Ech denken, dass dozou d'Positioune kloer sinn. D'Regierung huet déi Motioun ugeholl.

Motion 1

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wann dat esou ass, wien ass d'accord domat?

Ech gesinn, d'Unanimitéit ass fir d'Motioun vun dem Här Adam.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5413, iwwert déi budgetär Upassung beim Bau vum Concertssall um Kierchbierg. Et sinn ageschriwwe bis elo: déi Häre Calmes, Diederich, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen an den Här Grethen. D'Wuert huet elo fir d'éischt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, se gläichen sech, déi verschidde Projeten, bei deenen et ëm finanziell Adaptatioune geet. Et gëtt Erklärungen, et gëtt Explikatiounen, firwat a wuerfir dat eent huet missen esou gemaach ginn, an dat anert esou gaangen ass oder huet missen esou goen. Et kann een dës Explikatiounen an Erklärungen zum Deel verstoen oder och net; Fakt bleift allerdéngs, datt an deem Projet hei ewéi an deene virdrun - an dofir gläichen se sech och - d'Parlament praktesch virun e Fait accompli gestallt ginn ass.

Dee Punkt awer, an deem deen heite Projet sech vun deenen ënnerscheet, déi mer bis elo haten, ass mat Sécherheet déi finanziell Envergure. Am Projet iwwert d'Salle de concert geet et ëm déi stattlech Zousazzomm vun 29,7 Milliounen, wat plus minus 1,2 Milliarden al Frangen ausmécht. Rechent een elo de Präis vun 78 Milliounen aus dem initiale Projet dobäi, esou kënnt een op déi imposant Zomm vun 107,7 Milliounen Euro, wat u sech 4 Milliarden an 345 Milliounen al Frangen ausmécht. Dat wier, an dat hoffe mer wéinstens alleguerten heibannen, dann dee reelle Präis, deen d'Salle de concert kaschte géif.

Zum Projet selwer wier ze soen, datt en de 6. Dezember 2004 vum Bauteminister, dem Här Claude Wiseler, hei an der Chamber déposéiert gouf. De Conseil d'État huet dunn säin Avis de 17. Dezember 2004 ofginn; de 4. Januar 2005 huet d'Bautekommissioun vun der Chamber mech als Rapporter bestëmmt, an an der gläicher Sitzung souwuel de Projet ewéi och den Avis vum Conseil d'État analyséiert.

De 16. Januar huet d'Kommissioun dunn op d'Demande hi vun der Madame Brasseur zesumme mat der Kulturkommissioun eng Visite des lieux gemaach, eng Visite, déi mat Sécherheet ganz interessant war, a fir all Bedeelegt séier opschlossräich war.

Mir krute vun de Fachleit Erklärungen zum Bau, zur Technik a firwat dat eent oder dat anert huet missen anescht gemaach ginn ewéi et am initiale Projet virgesi war. No der Visite ass dann an enger separater Sitzung och de Rapport adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo kuerz d'Ursaachen oplëschten, déi zum Surplus vun de Käschte gefouert hunn. Dat waren éischtens zousätzlech Usprëch vun den Utilisateuren, déi de groussen Auditorium betreffen, déi d'Salle acoustique betreffen, déi d'Büroen an d'Zon vun der Arrière-scène esou wéi den Équipement technique uginn.

Zweetens, d'Partie architecturale. Do ass d'Verbindung vun der Salle de concert mam Parking de l'Europe nei definéiert ginn. Anstatt zwee Tunnellen ewéi am urspréngleche Projet virgesi war, gesäit de Projet elo nëmme méi een Tunnel vir. Eng zweet, méi eng kleng Coque zur Säit vum Boulevard J.F. Kennedy war net virgesinn, mä gëtt elo gebaut oder besser gesot ass scho gebaut ginn. Den Déambulatoire public ass architektonesch ëmgeännert ginn.

Op Grond vun Tester hu 590 vun deenen 823 Pilieren, déi d'Aussefassad duerstellen, misse mat Amortisseurs à pendule intégrés ausgestatt ginn - dat, Här President, huet misse geschéie fir d'Vibratiounen an d'Schwankungen, déi duerch de Wand kommen, op e Minimum ze reduzéieren.

Elei bleift och nach ervirzehiewen, datt op Interventioun hi vun der Administration de l'Environnement eng duebel Verglasung huet missen installéiert ginn, anstatt enger einfacher, wéi se eigentlech am initiale Projet virgesi war. Obwuel Lëtzebuerg scho säit 1993 eng Wärmeschutzverordnung huet, déi eng duebel Verglasung u sech virschreift, war den Architekt laut eisen Informatiounen am urspréngleche Projet awer net bereet mat op dëse Wee ze goen, an dat mam Argument d'Hellechkeet vum Gebai géif dorënner leiden.

E Bassin de rétention mat enger Capacitéit vun 48.000 Liter, deen net virgesi war, huet missen am Kader vun der Kommodosprozedur nogebaut ginn.

Nei zousätzlech Exigenzen am Kader vun der Akustik sinn dee véierte Punkt. Fir d'Transmissioun vu Geräischer ze vermeiden, huet missen de Parking a verschidden aner Raimlechkeete vum Haaptgebai désolidariséiert ginn; eng Operatioun, déi mat Sécherheet och zu Méikäschte gefouert huet. Wéi dës Ëmännerungen an Neierunge sech elo a finanziell par corps de métier opdeelen, kënnt Dir am schréftleche Rapport noliesen. Fakt ass, datt déi ganz Operatioun ewéi schonn uganks gesot 29,7 Milliounen Euro kascht.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

De Conseil d'État sengersäits ass guer net averstane mat de Prozeduren a Praktiken ewéi hei virgaange ginn ass. E weist op aner Projeten hin, déi ähnlech gelagert sinn a bei deenen d'Remarquë vum Conseil d'État déiselwecht sinn.

Dofir zitéieren ech ee kuerze Passage aus dem Avis vum Conseil d'État: «Le Conseil d'État, s'il peut

admettre à la rigueur le caractère imprévu de certaines dépenses, doit cependant remarquer que d'autres sont peu compatibles avec une conception, préparation et planification sérieuses d'un projet de construction d'une telle envergure. En effet, les surcoûts évalués des travaux supplémentaires dépassent de plus d'un tiers les dépenses du devis estimatif initial. Il estime qu'une telle ampleur, voire de telles anomalies sont purement inacceptables et surtout contraires à une gestion responsable des deniers publics.»

De Conseil d'État proposéiert dann zum Schluss nach den Intitulé ze änneren. Dës Ännerung gëtt och vun der Kommissioun acceptéiert. Déi zweet Suggestioun vum Conseil d'État ass déi fir de Präis un den aktuellen Index unzepassen. D'Kommissioun wier am Prinzip domadder d'accord gewiescht, mä obwuel mir wuel en neien Indexstand hunn, brauche mir de Präis an dësem Projet awer net ze änneren, well den Index, dee mer hunn, bis haut nach net am Memorial publizéiert ginn ass, an dofir och nach net offiziell ass.

Nodeems de Conseil d'État zum Schluss vu sengem Avis nach eng Kéier op dee finanziellen Impakt vum Projet higewisen huet, gëtt en awer trotz allem säin Accord zu dësem Projet.

Dat, Här President, esou wäit wat deen technesche Volet vun dësem Projet ugeet. Erlaabt mer awer nach e puer Bemierkungen zum Projet ze maachen, Bemierkungen, déi d'Prozeduren am Allgemengen uginn. Ech hat uganks vu mengem Rapport gesot, d'Chamber wier virun e Fait accompli bei dësem Projet gesat ginn, wëll awer virausschécken, datt et hei a mengen Observatiounen net ëm Scholdzouweisunge geet, an deemno sollen se och net esou opgeholl ginn.

Et geet vill méi drëm wéi eng Prozedure mir eis fir d'Zukunft ginn, wat fir eng Moyenë mir eis ginn, fir datt esou Praktike wéi an dësem Fall, oder besser gesot wéi bei der Salle de concert, zu Auslafmodeller ginn. D'Chamber selwer huet an der leschter Legislaturperiod laang dru gedoktert, koum awer och net zu engem Ofschloss - jiddefalls net zu engem Ofschloss, deen eis Satisfaktioun hätt kënne ginn.

Wourëms geet et elo? Et geet net drëms, fir gréisser Bauprojeten iergendwelcher Aart wëllen ze stoppen oder wëllen ze boykottéieren. Dat sief emol kloer dohi gestallt. Et geet vill méi drëm, datt an Zukunft bei esou Bauprojeten, éischtens d'Konzept vum Bau, also dat, wat mer wëllen hunn, vill méi detailléiert ausgeschafft gëtt, a virun allen Dénger och vill méi ausdiskutéiert gëtt. Sinn dës Diskussioune mat den Utilisateuren, gegebenenfalls och mat anere Ministèren an Administratiounen emol ofgeschloss - an déi mussen och iergendwann eemol ofgeschloss ginn - dierft et keng substanziell Änneruge méi um Projet ginn ouni den Accord vun der zoustänneger Chamberskommissioun.

D'Enveloppe financière, déi am detailléierte Projet virgesinn ass, ass nom Ofschloss vun den Diskussiounen, wahrscheinlech dee Moment, wou d'Administratioun da jo och am Besëtz vu méi detailléierten Donnéeën ass, méi genee a besser a méi einfach ze fixéieren. Si muss op jidde Fall ofgesi vun deenen übleche Verdeierunge wéi déi, déi duerch den Index entstinn, dann awer och agehale ginn. Wier dat net de Fall misst d'Erklärung fir eng Iwwerschreidung vun de finanzielle Mëttelen op jidde Fall an d'Comexbu kommen.

Fir d'Diskussiounen ze verfeineren, wier d'Nominatioun vun der zukünfteger Direktioun vun esou engem Gebai zu engem méi fréien Zäitpunkt sécherlech och net vun Nodeel. Et ass jo en fin de compte d'Direktioun vun deem Etablissement, déi mat deem wéi gebaut gëtt, a mat deem wat gebaut gëtt, an der Praxis muss eens ginn.

Den Här Minister Claude Wiseler, deen intensiv - dat muss ech wierklech soen - mat dru schafft, fir dësem Problem bäizekommen, huet eis versprach wéinstens all sechs Méint mat Zwëschendécomptë vun deene grousse Bau- a Stroosseprojeten an d'Comexbu ze kommen. Op d'mannst kann een duerch dës Mesure feststellen, wou mer finanziell, an och par corps de métier, an de Bounen dru sinn.

All Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, sinn opgefuerdert ginn, hir Vuen iwwert de Problem vun den Dépassementer an iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung duerzeleeën. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir hei zu vernünftege Konklusioune komme wäerten, Konklusiounen, déi engersäits der Chamber hirem Rôle Rechnung droen, wat de Contrôle vun der Regierung ugeet, an anerersäits awer och dem Ministère an der Administratioun déi néideg Flexibilitéit loossen, fir esou grouss an dacks och wierklech komplizéiert Bauprojeten ze realiséieren.

Et gëtt wéi gesot e ganze Pak Mesuren a Prozeduren, wouriwwer ee sech muss Gedanke maachen a wou ee muss Konklusiounen zéien. Ausser dem Projet détaillé, dem Artikel 99 vun der Verfassung, gehéiert dozou nach d'Festleeë vun de Responsabilitéiten, déi professionell, déi administrativ a selbstverständlech och déi politesch Responsabilitéiten. Des Weidere musse mer eis Gedanke maachen iwwert d'Noutwendegkeet vun engem „project manager", iwwert d'Honorairë vun den Architekte bei Netanhale vun der finanzieller Enveloppe. Ech schwätzen och do vun enger eventueller Prime op där enger Säit an enger Penalisatioun op där anerer Säit. Och de Concours d'architecte, wéi en an deem heite Projet gehandhabt ginn ass, ass mat Sécherheet ze iwwerdenken.

Här President, wier et net eng Méiglechkeet, bei esou Concoursen am Virfeld eng Enveloppe financière festzeleeën, un déi den Architekt sech dann och selbstverständlech misst halen, an dann eréischt de Concours auszeschreiwen? Och muss een d'Fro klären, ob de Stat iwwerhaapt nach soll bauen éier e Propriétaire vun deem Terrain ass, wou drop gebaut soll ginn.

Mä och d'Chamber, Här President, muss hire Rôle nei definéieren a soen, wou a wéini d'Kontroll stattfanne soll. Ass et all Kéiers de Plenum, wat u sech eng opwändeg Prozedur gëtt, ass et d'Comexbu, selbstverständlech mam Accord vun der Chamber, wat sécherlech méi e flexibele Modell wier, oder ass et d'Comexbu zesumme mat der Ressortskommissioun vun der Chamber? Dat alles, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, si Froen, op déi mer an nächster Zukunft, an zwar esou schnell wéi méiglech, eng Äntwert musse ginn, wann dat Haus hei senger Roll als Kontrollorgan vun der Regierung wëllt gerecht ginn.

Zum Schluss nach ee Wuert zu der Concertshal selwer. Déi zwou Kommissioune konnten sech vun der Eemolegkeet vun dësem Bau iwwerzeegen. Dës Eemolegkeet ass och zum Deel eng Erklärung fir déi grouss Dépassementer. Et war der Administratioun bei dësem spezielle Bau net méiglech, op iergendwellech fréier Wäerter oder Donnéeën zréckzegräifen. Ech sinn awer der Meenung, wann dëse Bau, nodeems datt e fäerdeg ass, herno mat Liewen erfëllt gëtt, an e gëtt et, dovu sinn ech ganz iwwerzeegt, da wäert e wäit iwwer eis Grenzen eraus Reklamm maache fir Lëtzebuerg an a kulturelle Kreesser mat Sécherheet och fir vill Gespréichsstoff an och fir vill Unerkennung suergen.

Och wa mir als Parlament net onbedéngt mat där bestehender an applizéierter Prozedur kënnen d'accord sinn, géif ech d'Chamber awer bieden, no all deenen Explikatiounen, déi mer kruten, an déi ech als Rapporteur probéiert hunn un Iech weiderzeginn, fir dëse Projet ze stëmmen. Ech wëll all deenen, déi dat dann och maachen, am Viraus Merci soen dofir, all deenen, déi heibanne waren, Merci soe fir d'Nolauschteren, a selbstverständlech wëll ech zum Schluss awer och nach den Accord brénge vun der CSV.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Als éischte Riedner ass den Här Emile Calmes ageschriwwen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer virop dem Här Clement als Rapporteur fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport ze félicitéieren. Et war bestëmmt kee Plëséier fir hien, dee Seiltanz hei bei dësem Gesetz ze maachen.

Ech wëll och vu vireran ufänken an eng Zuel nennen, nämlech déi Zuel vun 184.348.000 Euro. Dat ass de Montant vun deenen Dépassementer, déi mer an dësem Haus hei an deene leschte Joren nogestëmmt hunn. Et sinn 8 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Dat fänkt u bei deem Projet iwwert d'Adaptatioun vum Campus Geesseknäppchen, dem Centre pénitentiaire, dem Pei-Musée, der Coque bis iwwert d'Saarautobunn. Ech erspueren Iech déi opzezielen, wat méi kleng Adaptatioune waren, wéi zum Beispill e Kulturhaus vun Iechternach.

Wéi mer dee Projet de loi hei zum Geesseknäppchen, dem Prisong, dem Pei-Musée an der Coque den 3. Juli 2001 gestëmmt hunn, du ware mer eis awer sécher deemools - an dat ass jo schonn eng Rei vu Joren hier - alleguer eens, datt ee sech misst Gedanke maachen, wéi een an Zukunft esou Dépassementer hei kënnt évitéieren. Schonn déi fréier CSV-Bauteministesch, d'Madame Hennicot, war och där Meenung. Deemools si mer schonns gewarnt ginn, datt nach aner Projeten am Tube wieren, wou mer Dépassementer missten ofstëmmen. Ee vun deenen ass dann eben dee vun haut mat 1,2 Milliarden.

An net méi spéit wéi haut wäert deen neien CSV-Bauteminister, den Här Wiseler, eis soen, datt mer eis missten drop astellen, datt och an Zukunft nach Projete wäerte kommen, wou mer eng weider Enveloppe budgétaire mussen nostëmmen.

Net méi spéit wéi de Muere si mer jo schonn um Radio gewuer ginn, wann ech mech net ieren, missten dat no engem Chiffer vun 1996 awer gutt verstanen 2 Milliarde sinn. Wann een dat op haut héichrechent, weess ech net wat dat ongefeier ausmécht, mä le moment venu wäerte mer dat jo hei gewuer ginn. Mir fänken also véier Joer nodeems mer déi Dépassementer hei gestëmmt hunn erëm déiselwecht Diskussioun u wéi déi, déi mer schonn deemools haten. An deem spezifesche Fall hei geet den Dépassement anscheinend, esou wéi mer dat gesot kritt hunn a wéi een dat och aus de Rapporte kann erausliesen, op e puer Ursaachen zréck.

Et gëtt zum Beispill gesot, datt d'Käschten ënnerschat gi wieren. Et gëtt eis och gesot, datt d'Dépassementer einfach esou héich wieren, an datt dat normal ass, well een et hei mat engem Projet unique ze dinn hätt, wou een a sech keng Vergläichswäerter hätt, och keng géife bestoen hei am Land. Et hätt een och keng Erfahrung domat, an d'Projete wieren einfach esou komplex, datt dat einfach net besser ze maache wier.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ech muss soen, ech sinn elo e bëssen iwwerrascht iwwert dat wat den Här Bausch seet, well et fir eis kloer war an der Conférence des Présidents, dass een Neel mat Käpp soll maachen. An Neel mat Käpp, dat heescht datt wann e Minister an d'Chamber kënnt virun zwou Chamberskommissiounen, dass een awer wéinstens déi zwou Chamberskommissiounen soll ofwaarden, ier een an de Plenum kënnt. Wat huet et e Sënn haut oder mar iwwer eppes ze diskutéieren, wou de Minister souwisou schonn annoncéiert hat, datt en donneschdes géif an d'Chamber kommen.

Also kommt mir maachen eis Aarbecht normal. De Minister kënnt en Donneschden an d'Chamber an déi Woch drop - an d'lescht Woch hu mer dat kloer an däitlech gesot -, e Mëttwoch, diskutéiere mer dat dann hei am Plenum an da ka jiddereen seng Meenung hei en connaissance de cause an am leschte Stand vum Wëssen zum Ausdrock ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Den Här Bausch kritt nach eng Kéier d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Eis Skepsis huet sech dorobber baséiert - dat hat ech och an der Sëtzung vun der Conférence des Présidents gesot -, datt éischtens zum Beispill schonn eng Kéier eng Kommissioun festgeluecht war vun der Ëmwelt, wou dat hei sollt diskutéiert ginn, vu virun annerhallwer Woch, wann ech mech gutt erënneren; déi ass annuléiert ginn.

Zweetens hunn ech gesot, datt mir net immens frou doriwwer waren, datt an der Press awer schonn Deeler vun deenen Argumenter diskutéiert gi sinn, wou mir eis gefrot hu wéi dat méiglech ass, wann d'Chamber sollt Primeur hunn, an d'Kommissioun, wéi dat hei behaapt gëtt, da froe mer eis wéi et da méiglech war, datt an eenzelnen Zeitungen awer scho laang a breet doriwwer geschriwwe ginn ass.

An et ass dat firwat mir skeptesch waren a firwat mir gesot hunn, mir wéilten awer insistéieren an Drock do maachen, datt elo endlech och d'Chamber intensiv domadder befaasst gëtt. Mä wa mer eis elo eens sinn, datt dat d'nächst Woch dann e Mëttwoch de Fall ass, da si mer dann domadder d'accord.

M. le Président.- Also, ech muss soen, Här Bausch, wann Dir sot Dir wäert iwwerrascht, datt schonn an der Press doriwwer diskutéiert ginn ass, da muss ech soen, datt ech iwwerrascht sinn, datt Dir doriwwer iwwerrascht sidd, well mir wësse jo wéi d'Saachen hei zu Lëtzebuerg ginn, mä ech mengen den Här Ëmweltminister…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech kennen de System selwer ganz gutt.

(Interruption)

Also hei ass et awer de Ministère selwer, deen anscheinend Saachen…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Loosse mer elo emol net spekuléieren, an der Regierung d'Wuert ginn. Den Här Ëmweltminister Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Dierf ech vläicht dem Kolleeg Bausch soen, dass de Regierungsrot virun annerhallwer Woch d'Reglementer ugeholl huet an dass am Communiqué de presse vum Generalsekretariat vun der Regierung dräi Sätz stoungen iwwert d'Inhalter vun der Décisioun vun der Regierung, an déi sinn an der Press och reproduzéiert ginn. Ni plus, ni moins.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech hätt elo richteg verstanen, datt den Här Bausch genuch Assurancë kritt huet, dass déi Diskussioun d'nächst Woch hei am Plenum stattfanne wäert. Deementspriechend denken ech, datt déi Demande, fir den Ordre du jour ëmzeänneren, sans objet ass. An da géif ech d'Chamber nach eng Kéier froen, ob se mat deem Ordre du jour, esou wéi ech e virdru proposéiert hunn, d'accord ass.

(Assentiment)

D'accord, dann ass dat also esou décidéiert.

Da komme mer elo un den éischte Punkt vun dem Ordre du jour vun haut de Mëtten, dat ass d'Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten.

Ech géif Iech alleguerte bieden - Här Minister Di Bartolomeo, alleguerten! -, Iech un déi Zäiten ze halen. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit an da vun der Oppositioun.

Als éischt hu mer d'Fro Nummer 19 vun der Madame Frank un de Minister fir sozial Sécherheit iwwert de Remboursement vu medezinesche Geräter. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

6. Heure de questions au Gouvernement

- Question N°19 du 22 février 2005 de Madame Marie-Josée Frank relative au remboursement par les caisses de maladie d'un appareil médical d'électrostimulation TENS et les électrodes respectives, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Réckwéi, verursacht duerch Lombalgien, Sciatiquen, Hernies discales, ass d'Vollékskeiden Nummer 1, dat vill Betraffen hei am Land laang Jore péngegt. Ee Leiden, deem oftmools nëmme kann duerch eng Operatioun en Enn gesat ginn, mä och duerno ass et net ëmmer sécher, datt de Patient eng zefriddestellend Mobilitéit zréckfënnt. Virun enger Operatioun leie répétitiv kinésitherapeutesch Traitementer duerch Massagen, déi mëttel- a laangfristeg a vereenzelte Fäll kee wierksame Remède méi duerstellen.

Eng erfollegräich Therapie a verschiddene Fäll, déi hei am Land an och am Ausland duerchgezu gëtt, féiert zréck op een Apparat, deen TENS heescht, a wou vill Leit net wëssen, ob dee vun der Krankekeess remboursëiert gëtt oder net. Dofir, Här Minister, géif ech gäre vun Iech wësse wéi dat an der Realitéit ass.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, ech si frou, dass de Wee bis op d'Aarbecht net matgezielt gëtt. Ech kann och ganz kuerz sinn zu der Fro vun der Madame Frank betreffend den Apparat TENS.

TENS ass eng Marque, souwäit ech dat konnt détectéieren, a se fënnt sech an de Statute vun der Union des Caisses de Maladie ënnert dem Begréff «Appareils de bio-feedback pour l'apprentissage du mouvement de la force et de l'équilibre» erëm als Sammelbegréff. Et ass esou, dass opgrond vun engem Attest an opgrond vun enger Genehmegung vum Contrôle médical déi doten Apparater effektiv remboursëiert ginn; net beim Kaf, mä bei der Locatioun. Et ass nämlech esou, dass déi Apparaten no enger Operatioun hëllefe solle fir d'Mobilitéit erëmzekréien, fir ze stimuléieren, fir ze begleeden an een dovun ausgeet, dass de Gebrauch no der Operatioun zäitlech limitéiert ass op, esou wäit ech weess, sechs Méint.

Déi doten Apparate ginn zur Verfügung gestallt vum Service des moyens accessoires a si ginn zu 100% zréckbezuelt vun der Krankekeess, op Basis vu Locatioun. Ech hoffen, dass ech déi richteg Apparate konnt détectéieren. Mä wann et déi sinn, déi Dir gemengt hutt, do gëtt effektiv d'Locatioun remboursëiert vun de Krankekeesen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Dann hu mer als nächst d'Fro vun der Madame Anne Brasseur un d'Erzéiungsministesch iwwert deen neie Lycée. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°20 du 21 février de Madame Anne Brasseur relative au «Neie Lycée» et à sa présentation sur le site Internet, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den „Neie Lycée" gëtt um Internetsite vum „Neie Lycée" virgestallt. Dat ass déi nei Ganzdagsschoul mat där anerer Pädagogik. An do ass déi Presentatioun esou wéi wann et am Hierscht definitiv géing lassgoen. Et gëtt geschriwwen, dass et d'Rentrée 2005 géing ufänken an enger Schoul um Kierchbierg an dass fir d'Rentrée 2006 um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg et an engem extrae Gebai dann definitiv géif mat där Schoul lassgoen. Et kann ee sech och elo schonn umellen, d'Enseignante kënnen hir Kandidatur eraschécken an den Text geet souguer esou wäit, dass do steet, dass et en Établissement ass „institué par la loi".

Or, mir wëssen awer, dass d'Madame Minister virun engem Mount ee Projet de loi déposéiert huet. Et sinn nach keng Avisën do, et ass och keng Consultatioun iwwert dee Projet geféiert ginn, dee jo awer ganz wäit geet, an an där zoustänneger Kommissioun hu mer och nach net driwwer diskutéiert, obwuel den Här Meisch an ech dat itérativement gefrot hunn.

Dofir meng Froen un d'Madame Éducatiounsminister:

1. Sinn d'Initiateurë vum Projet, no der Meenung vun der Madame Minister, net virun de Won gelaf andeem se dat esou presentéiert hunn? Initiateurë vum Projet, déi jo ënnert der Responsabilitéit vun der Madame Minister schaffen. Et sinn der fënnef, déi deelweis oder ganz fräigestallt si fir dee Projet ze développéieren a si stellen dee Projet um Internetsite am Fong wéi een Aquis duer.

2. Gëtt net bei där Duerstellung einfach d'Chamber ignoréiert, well ech hunn néierens gelies, dass dat sous réserve vun engem Vote vun dem Projet de loi ass?

3. Ass d'Madame Minister mat där Duerstellung vum Internetsite esou d'accord?

4. Et gëtt ugekënnegt, dass 2006 een neit oder ee separat Gebai géing fir déi Schoul um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt ginn, an ech wollt weider wëssen, wellecht Gebai dat wier oder wou dat wier. A finalement wollt ech och nach wëssen, ob dann net déi aner Schoulgebaier am Hierscht déiselwecht Moyenen zur Verfügung gestallt kréie fir den Encadrement vum eenzelne Schüler, dee jo awer ganz wichteg ass, fir dass déi à pied d'égalité mat deem neie Lycée gestallt ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. D'Wuert huet elo d'Unterrichtsministerin, d'Madame Mady Delvaux.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Dat si véier Froen! Ech probéiere mech awer un déi véier Minutten ze halen.

M. le Président.- Véiermol eng Minutt.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Très bien.

Déi Fro, déi d'Madame Brasseur stellt, ass, ob mer ze vill schnell geschoss hunn andeem den neie Lycée presentéiert ginn ass um Internetsite an déi Manéier wéi e presentéiert ginn ass. Dat ass natierlech eng berechtegt Fro.

Ech stelle mech selbstverständlech hannerun oder virun déi Leit, déi dat presentéiert hunn. D'Objektiv, wat ech hinne ginn hunn, ass fir ze soen, mir hätte gären, dass dee Lycée soll an der Rentrée vun 2005 ugoen, well wann ee sech kee preziist Zil setzt, dann huet dat alles natierlech Tendenz fir ze schleefen.

Ech ginn zou, dass et onvirsiichteg war, fir net grouss drop ze schreiwen „sous réserve d'approbation parlementaire". Ech wäert dat awer nohuelen a mir wäerten dat op de Site dropsetzen.

Ech wëll awer richtegstellen, dass ee sech elo net kann umellen. Et kann een eng manifestation d'intérêt eraschécken, dat heescht déi Elteren an déi Schüler respektiv déi Enseignanten, déi drun interesséiert wären, déi kënnen elo soen, mir wären interesséiert ze kommen, mä si kënnen sech selbstverständlech nach net aschreiwen. Ech wollt dat awer hei ganz kloer soen.

Effektiv ass et virgesinn, wann dat klappt, dass mer dat Gesetz virum Summer gestëmmt kréien - an et ass jo déposéiert -, da géife mer dat am Hierscht 2005 effektiv ugoen an enger Primärschoul um Kirchbierg, wou Gespréicher ware mat der Gemeng Lëtzebuerg a wou mer den Accord och hunn, fir do kënnen unzefänken. Wann dat Gebai dann ze kleng wär fir d'Rentrée 2006, da misste mer eng nei Plaz sichen. Dat kann ech Iech de Moment nach net soen. Ech war just ganz zouversiichtlech, well ech gesinn hunn, dass zum Beispill fir de Lycée Vauban ganz séier een neit Gebai provisoresch gebaut ginn ass an ech war du ganz begeeschtert, dass dat esou schnell kéint goen. Ech si jo en Optimist an dofir hunn ech mer geduecht, dat misst dann esou hikommen.

Déi véiert Fro ass déi vun de Moyene fir déi aner Schoulen. Ech mengen de Site ass jo presentéiert ginn, de Projet ass presentéiert ginn an ech sinn eigentlech och ganz frou doriwwer, well ech jo gären hätt, dass dat och soll bekannt ginn an dass ee soll doriwwer diskutéieren. A Gott sei Dank suscitéiert dee Projet jo och ganz animéiert Reaktiounen. Wat ech positiv fannen, dat ass, dass mer diskutéieren: Wéi soll d'Schoul dann ausgesinn?

Elo wësse mer, dass deen neie Lycée ee Lycée-pilote ass, e Projetpilote, et ass net virgesinn deen Encadrement, déi Organisatioun, wou vu moies hallwer aacht d'Schoul op ass bis mëttes hallwer sechs, wou déi Schüler, déi sech aschreiwe fir an eng Ganzdagsschoul, wou eng aner Pädagogik gemaach gëtt, wou d'Enseignante méi present sinn sur place, wou e ganzen Encadrement, Activités complémentaires sinn, dee Modell gëtt jo elo net op alleguerten déi aner Schoulen ausgedehnt a mir wëllen och net soen: Dat do ass de Modell vun der Schoul vu mar.

Mä mir wëllen eng Evaluatioun maachen, ob dat seng Resultater brëngt oder net an dofir kann ech elo deem net virgräifen. Ech si selbstverständlech där Meenung - an ech huelen un Dir alleguerten -, dass mer de Schoule solle Moyenen zur Verfügung stellen, fir hir Schüler esou gutt wéi méiglech ze encadréieren, awer ech wëll elo net aus all Lycée hei zu Lëtzebuerg ee Lycée-pilote maachen.

Ech soe Merci.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Gott sei Dank.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux.

Da komme mer elo zur nächster Fro, dat ass déi vum honorabelen Här Fernand Diederich un de Gesondheetsminister iwwert de Grippevirus.

- Question N°21 du 21 février 2005 de Monsieur Fernand Diederich relative au virus de la grippe, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech wollt eng Fro stellen un den Här Minister am Zesummenhang mat deene ville Grippefäll déi lescht Zäit, déi eng gewësse Beonrouegung an der Bevölkerung an och an der Press mat sech bruecht hunn. Ech wéilt den Här Minister froen iwwert d'Ausmooss an d'Gravitéit vun den eenzelnen Erkrankungsfäll, iwwert d'Opportunitéit an d'Effikassitéit vun den Impfungen, ob genuch Serum do ass fir mat deenen Impfunge weiderzefueren, ob se opportun sinn an ob et ee Fréiwarnsystem beim Ministère gëtt, ob et do Mesurë gëtt, fir eventuell eng gréisser Grippewell oder eng Epidemie virzebeugen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Diederich stellt seng Fro zum richtegen Zäitpunkt, well mer just amgaang sinn d'Spëtzt vun de Grippeerkrankunge vun dësem Joer ze erreechen, wa mer dovunner ausginn, dass d'Zuel vun den Erkrankungen an deenen nächsten Deeg respektiv an deenen nächste véierzéng Deeg wäert ganz seriö erofgoen.

Net ze verwiessele sinn déi heiteg Grippeerkrankungen, déi et bei eis a bei eisen Nopere gëtt, mat där ugekënnegter Weltgrippeepidemie, dat huet näischt domat ze dinn. Am Moment si mer mat engem Phenomeen konfrontéiert, deen all Joers erëmkënnt an enger liicht verännerter Form a wou mer duerchaus gerüst si fir domadder eens ze ginn.

D'Madame Mutsch huet mer doniewent eng Fro gestallt, wéi mer eis op eng potenziell méi exceptionnel Grippewell oder Grippeepidemie amgaange sinn anzestellen. Déi Fro wäert ech schréftlech beäntwerten.

Vläicht ugefaange beim Ufank: Zënter zwee Joer gëtt et hei zu Lëtzebuerg e Fréiwarnsystem, e Warnsystem, deen aus engem Netz vun zwielef Doktere besteet, déi feststelle wann et bei der Grippe unzitt an dat eis erlaabt déi noutwendeg Dispositiounen ze huelen. Wann ee kuckt, wat dëst Joer hei zu Lëtzebuerg a Saache Grippe passéiert ass, esou kann ee feststellen, dass am Géigesaz zu deem leschte Joer, wou d'Spëtzt vun de Grippeerkrankungen zum Schluss vum Joer erreecht ginn ass, dëst Joer déi éischt puer Wochen an deem neie Joer besonnesch intensiv sinn. Wéi gesot, déi Grippewell, mat där mer konfrontéiert sinn, erreecht de Sommet an dësen Deeg.

An anere Länner, déi méi fréi getraff gi si wéi mir, wéi zum Beispill Spuenien a Portugal, ass déi Grippewell schonn digéréiert an et ass an d'Normalitéit iwwergaangen.

Wann een elo déi Grippewell vun dësem Joer vergläicht mat deenen aus viregte Joren, esou kann ee soen, dass se eng mëttel bis zolidd Intensitéit hat; et ass awer näischt Exceptionnelles.

Tatsaach ass, dass mer zënter deene leschte Jore systematesch Impfunge promouvéieren. Zënter 2002 lancéiert d'Santé regelméisseg Campagnë fir fräiwëlleg Vaccinatiounen. Dat ass dëst Joer geschitt. Virun e puer Wochen hu mer e Rappel gemaach. De Vaccin stoung a genügender Quantitéit jiddfer Zäit zur Verfügung. Wann een elo dovun ausgeet, dass de Pic iwwerstanen ass, da gëtt et elo kee Sënn méi fir nei Grippeimpfunge systematesch ze maachen, well et siwe bis zéng Deeg dauert bis dass de Vaccin wierksam ass.

Also, d'Konklusioun: D'Grippewell ass och net laanscht Lëtzebuerg gaang, mä awer kee Grond zur Panik. D'Erkrankunge vun dësem Joer sinn an der Norm, a mir ware gerüst fir de Leit kënnen am Virfeld mat Vaccin an duerno och déi beschtméiglech Fleeg ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann als lescht Fro hu mer déi vum honorabelen Här Jean-Pierre Klein, och un de Gesondheetsminister, iwwert de Beräich vun der Psychiatrie. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°22 du 21 février 2005 de Monsieur Jean-Pierre Klein relative au bilan au niveau de la psychiatrie et les démarches futures du Gouvernement, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (Art. 78-1)

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Här President, ech wollt dem Gesondheetsminister e puer allgemeng Froe stellen iwwert d'Médecine psychiatrique hei zu Lëtzebuerg. D'Psychiatrie zu Lëtzebuerg, wéi an den Nopeschlänner, ass am Ëmbroch. D'akut Psychiatrie soll an de groussen, regionale Spideeler geschéien. De Centre neuropsychiatrique vun Ettelbréck soll nei Missioune kréien.

- Wéi war d'Evolutioun vun der Médecine psychiatrique zënter dem Rapport Häfner am Joer 1992?

- Wéi ass de Bilan an dëser Branche vun der Medezin an dësem Moment?

M. le Président.- Här Minister, …

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Entschëllegt.

Une voix.- Sssscchhhhhhh!

M. le Président.- …den Här Klein wär frou, wann Der em géift all Är Opmierksamkeet schenken, well en huet nëmmen zwou Minutten.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Si kënnen dat jo och an enger Fraktiounssitzung klären.

M. le Président.- Jo.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Wéi sinn d'Vuë vun der Regierung op dësem Gebitt? Wéi gesäit d'Weiderentwécklung vun der Médecine psychiatrique hei zu Lëtzebuerg aus?

Dat wier interessant, fir dorobber vum Här Minister eng Äntwert ze kréien, wann ech Iech net gestéiert hunn. Entschëllegt.

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Dir sidd awer schéi kriddelech, Här Klein.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Den Här Gesondheetsminister nach eng Kéier.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Klein ass jo soss ëmmer fein, dann ass et och kee Problem wann hien emol eng Kéier e bësse méi pickeg ass.

(Interruptions)

Zu de Froen, déi den Här Klein mer gestallt huet iwwert d'Approche vun der Regierung zu der Reform vun der Psychiatrie, e puer Informatiounen. Dir wësst, dass de Rapport Häfner iwwert déi Weiderentwécklung vun der Psychiatrie hei zu Lëtzebuerg op d'Joer 1992-1993 zréckgeet an dass zënterhier um Terrain munches passéiert ass.

Fir d'alleréischt emol am Centre neuropsychiatrique zu Ettelbréck, dee sech opgemaach huet, dezentraliséiert huet, da weider um Terrain wat déi méi gemengenno Psychiatrie ugeet, déi oppe Psychiatrie ugeet, wou sech munches gedoen huet, an opgrond vun deem leschte Plan hospitalier wou et zu enger Verschiebung vun der akuter Psychiatrie vum Centre neuropsychiatrique eriwwer an déi véier haapt regional Spideeler wäert kommen, déi akut Psychiatrie, déi ergänzt gëtt duerch Dageskliniken.

Well mer awer an der Psychiatrie sécher net um Enn vun eisen Efforten ukomm sinn an och an deene leschte Joren an den Nopeschlänner um internationale Plang an der Psychiatrie munches passéiert ass, ware mer der Meenung, dass d'Zäit komm wär fir déi Efforten ze bilanzéieren, dat ze bilanzéiere wat an deene leschte Joren um Terrain geschitt ass, ze kucken, ob mer domat an där richteger Richtung leien a wéi mer déi Effortë musse weider ergänzen.

De Professer Häfner ass an der Zwëschenzäit a Pensioun. Mir hunn ee vu senge wichtegste Mataarbechter, de Professer Rössler als Responsable vun enger grousser psychiatrescher Institutioun zu Zürich, gefrot fir dee Bilan ze maachen. Hie soll eis an eise Bestriewunge begleeden, fir d'Dezentraliséierung vun der Psychiatrie weiderzedreiwen, net nëmmen d'Dezentraliséierung, mä och d'Destigmatiséierung vun de Kranken. D'Behandlung vun de psychesche Krankheete muss gradesou gutt si wéi déi vun anere Krankheeten. De Professer Rössler ass am Moment amgaang, d'Bestandsopnam ze maachen. E wäert se virum Fréijoer virleeën a e wäert eis eng Rei vu Richtlinne ginn, fir an Zukunft weiderzefueren.

Ech wëll awer soen, dass déi Ännerungen, dee Changement an der Psychiatrie, deen de Patiente soll déngen, net ouni Schmäerzen an deene betraffenen Institutioune vu sech geet, dass mer also déi Evolutioun och ganz seriö begleeden a mer déi Plattform, wou d'Psychiatrien aus deene verschiddene Spideeler zesummekomme mat de Psychiatrië vum Centre neuropsychiatrique, relancéiert hunn. Déi Erfahrung, déi mer an deene leschte Méint an deem doten Aarbechtsgrupp gemaach hunn, ass eng ganz gutt. Déi betraffen Institutioune schaffe ganz enk zesummen. Dat mussen se, well et zu enger Verschiebung vun den Aufgabe wäert kommen. Dat wäert an deenen nächste Méint a Fleesch a Blutt iwwergoen.

Mir denken och drun, fir déi Plattform ze ergänzen duerch d'Spezialisten an der ausserspidolescher Psychiatrie, fir ze kucke wéi déi akut Psychiatrie a Rehabilitatioun, déi an Zukunft méi an dem Ettelbrécker Zentrum soll geschéien, an déi méi gemengenno Psychiatrie enk kënnen zesummeschaffen, fir kënnen d'Prise en charge vun de Patienten an deene jeeweilege Phasë vun hirer Krankheet esou gutt wéi méiglech ze gestalten.

Wéi gesot, de Rapport vum Professer Dokter Rössler gëtt fir d'Fréijoer erwaart, an da wäerte mer d'Chamber iwwert déi weider Schrëtt informéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Domat si mer um Enn vun de Froen un d'Regierung fir haut de Mëtteg ukomm.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5394 iwwert d'Uschafung vun engem Militärfliger. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen, nieft dem Rapporteur: den honorablen Här Goerens, den Här Fayot, den Här Bausch an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Glesener. Här Glesener!

7. 5394 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un avion de transport militaire A400M

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dee Projet, mat deem mer eis do befaassen, ass net een alldeeglechen. Et geet wéi Der wësst drëm fir ee Militärfliger ze kafen, deen e Käschtepunkt vun iwwer 120 Milliounen Euro bedeit, wat jo net e Pappenstiel ass. An do stellen sech dann natierlech eng ganz Rei Froen hei an der Chamber: Firwat esou e Fliger? Ass et noutwendeg, datt Lëtzebuerg esou e Fliger keeft? Ass esou e Fliger ze finanzéieren? Wat geschitt wann dee Fliger eng Kéier hei zu Lëtzebuerg oder iergendwou anescht steet? Wéi ass den Accès vu Lëtzebuerg op dee Fliger?

Alles dat si Froen, déi ee sech natierlech muss a soll stellen, an ech hunn och Verständnis fir all déi Kolleegen, déi e bësse méi mat Problemer un dee ganze Projet do eruginn.

Erlaabt mer awer elo ganz kuerz fir déi legislativ Prozedur nach eng Kéier ze sträifen. Den zoustännege Minister, den Här Frieden, huet am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung den 10. November 2004 dee Projet deponéiert. Mir haten an der zoustänneger Kommissioun de 6. Dezember dat lescht Joer d'Presentatioun vum Projet. Dunn ass de Rapporteur bestallt ginn.

Mir haten och eng Diskussioun an der Kommissioun, déi net zu gréissere Beanstandungen Ulass ginn huet. De Statsrot huet en Avis konzipéiert a presentéiert de 7. Dezember, en Avis, deen duerchwegs positiv war, deen absolut keng Objectioune par rapport zu där Acquisitioun zum Ausdrock bruecht huet. Mir haten de 17. Januar dëst Joer den Débat iwwert dem Statsrot säin Avis an och d'Presentatioun vu mengem schréftleche Rapport, deen zur Diskussioun stoung, deen lech och alleguerte virläit an dee mer an där Kommissioun dann och mehrheetlech ugeholl hunn.

Erlaabt mer e puer Wuert iwwert d'Noutwendegkeet, firwat esou ee Fliger, virzedroen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir wëssen, Lëtzebuerg ass en onofhängege Stat, an als onofhängege Stat ass en agebonnen. Et ass e feste Bestanddeel an engem Militärbündnis, wou et Rechter a Flichte gëtt, deenen ee sech mat Sécherheet net kann entzéien.

Doriwwer eraus ass Lëtzebuerg och agebonnen an eng europäesch Verteidegungs- a Sécherheetspolitik. Dat bréngt alles, wéi ech scho gesot hunn, Rechter an och Verflichtunge fir een onofhängege Stat mat sech.

Déi Sécherheets- a Verteidegungspolitik ass definéiert ginn am Laf vun deene leschte Joren. Si ass frësch definéiert ginn an doriwwer eraus war se och Géigestand vum Konvent, dee jo d'Basis ass vun der Europäescher Verfassung, iwwert déi mer an e puer Méint och hei zu Lëtzebuerg ze befannen hunn, esou dass u sech d'Grondkonzepter vun der europäescher Verteidegungs- a Sécherheetspolitik fest definéiert sinn. Wou nach muss dru gefeilt an driwwer geschwat ginn, dat ass déi parlamentaresch Kontroll an déi parlamentaresch Partizipatioun an der Europäescher Unioun an iwwert d'Europäesch Unioun eraus, iwwer d'Konzepter, d'Determinatioun an d'Konsequenze vun der europäescher Verteidegungs- a Sécherheetspolitik. Mä dat ass ee Kapitel fir sech, deen awer elo net direkt eppes mat dem Ukaf an der Acquisitioun vun deem Fliger hei ze dinn huet.

Et ass also kloer, dass déi gesamt Verteidegungspolitik, mat där mer haut konfrontéiert sinn, déi eis eegen ass an Europa, während deene leschte 15 Joer grondlegend geännert huet an hire Konzepter an och an hiren Objektiver.

Wa viru 15 Joer den Haaptobjektiv vun enger Verteidegungs- a Sécherheetspolitik dee war fir den Territoire vun deenen eenzelne Länner ofzesécheren, ze verteidegen am Noutfall, ass dat haut wéineger ginn, mä méi huet d'europäesch Sécherheetspolitik sech drop agespillt, fir a bestëmmte Kriseregioune vun Europa an iwwer Europa eraus Sécherheetsmoossnamen ze konzipéieren an och doriwwer eraus, fir Friddensmissioune kënnen ofzeschléissen am Intérêt vu méi Sécherheet a Fridden an Europa, wou mir als Europäesch Unioun an och als Lëtzebuerg natierlech dovu profitéieren.

Doriwwer eraus hunn och d'Arméien am Numm vun der Verteidegungspolitik eng nei Dimensioun kritt, nämlech ëmmer méi ass et noutwendeg gi fir grouss ugeluechten humanitär Aktiounen an Europa an iwwer Europa eraus duerchzeexercéieren. Et ass net d'Aufgab vun der Arméi - et kënnt een zwar driwwer diskutéieren - déi humanitär Aktiounen duerchzefiéieren, mä wat mat Sécherheet d'Aufgab vun den Arméien ass, dat ass esou humanitär Aktiounen ofzesécheren, fir se ze erméiglechen am Intérêt vun deene Mënschen ëm déi et do geet.

Dat war och eng vun den Ursaachen, déi Changementer am Rumm vun der Verteidegungspolitik erméiglecht hunn, dass d'Lëtzebuerger Arméi sech konnt opmaache fir Auslänner ze rekrutéieren, wat virun zéng Joer absolut net denkbar war, an doriwwer eraus iwwerleeë mer eis haut, fir niewent deem Standbeen vun eiser Arméi wat mer hunn, och e gewëssene Professionalismus doniewent ze setzen, fir deenen neien Aufgabe vun der europäescher Verteidegungspolitik kënnen optimal nozekommen, wou mer als Lëtzebuerg och eis Kontributioun kënne leeschten.

Dat bedeit also eng schnell onproblematesch Interventioun vun den Arméien an de Krisegebitter, déi vun haut op muer entstinn, déi een net ëmmer kann ofschätzen. Dat bedeit also, dass muss schnell intervenéiert ginn am Transport vu Mënschen, déi noutwendeg sinn, Zaldoten, op deene Plaze fir de Fridden an d'Sécherheet ze garantéieren, fir humanitär Aktioune kënnen ofzesécheren. Dat bedeit, dass och schnellstméiglech dat noutwendegt Material muss an déi Krisegebitter transportéiert ginn. Dat bedeit, dass och ganz schnell militäresch Infrastrukturen, wéi zum Beispill Spideeler, mussen an déi Krisegebitter transportéiert ginn.

Dat wat elo d'Konzept betréfft vun der moderner Verteidegungspolitik, do wëll ech mech op déi puer Aspekter beschränken.

Op Grond vun där determinéierter neier Verteidegungspolitik huet sech dann natierlech och eng Iwwerleeung opgedrängt an Europa an deem Militärbündnis an doriwwer eraus och an der Europäescher Unioun, fir där Entwécklung Rechnung ze droen an esou ass et 1996, also scho méi laang, zu engem Kooperatiounsforum komm wat d'militäresch Bewaffnung betrëfft tëschent deene véier groussen NATO-Länner: Frankräich, Däitschland, England an Italien, an een Deel vun deem Kooperatiounsforum war och dee Besoin, deen ech elo ëmschriwwen hunn. Fir déi schnell Transporter kënnen onkomplizéiert ze organiséieren, war also een Deel vun deem Programm d'Konzipéieren an d'Entwécklung vun deenen noutwendegen a sech opdrängende militäresche Fligeren.

Et huet sech do eng europäesch Industrie fonnt, déi konnt kollaboréieren, déi och déi technesch Viraussetzunge bruecht huet fir déi nei Technologien ze entwéckelen. Dat war Airbus, an Italien, Frankräich, England an Däitschland hu sech dann ugefügt, d'Belsch, Lëtzebuerg, Portugal, Spuenien an d'Türkei, fir zesumme mat Airbus dann esou ee Konzept ze entwéckele vun esou Militärfligeren, déi noutwendeg si fir deenen Aufgaben an där moderner Verteidegungspolitik nozekommen.

Deemools ass vun iwwer 290 Fligere geschwat ginn. Dat war deen éischte Besoin, dee kontraktéiert ginn ass. Im Nachhinein ass herno mat Waasser gekacht ginn. Et ass dann e Programm entwéckelt gi vun der Konzipéierung vun 180 Fligeren, wou deen éischte kënnt geliwwert ginn 2009, dee leschten 2020, an nodeem Lëtzebuerg sech entscheet huet un deem Programm deelzehuelen, de Fliger fir Lëtzebuerg kënnt geliwwert ginn am Joer 2017. D'Konventioun zu deem Accord ass den 19. Juni 2001 vun der deemoleger Regierung ënnerschriwwe ginn.

Dat ass also e bëssen den Historique vun der Entwécklung vum Konzept vun deem Militärfliger.

Am Rumm vun der lëtzebuergesch-belscher Kooperatioun, déi schonn zu engem Deel bestanen huet, ass en neien Accord gemaach ginn den 13. Juni 2001, deen déi militäresch Zesummenaarbecht tëschent der Belsch an dem Lëtzebuerger Stat regelt, net eleng wat de Fliger betréfft, mä och wat d'Formatioun vun de Kadere betréfft, d'Militärschoulen, d'Zur-Verfügung-Stelle vu Material, wat d'Lëtzebuerger Arméi net huet, an doriwwer eraus och fir et ze erméiglechen, fir um belschen Territoire déi noutwendeg Manöveren ze exekutéieren, an doriwwer eraus sinn awer och d'Konditioune festgeluecht gi vun der Kooperatioun am Zesummenhang mat dem Vertrag iwwert d'Acquisitioun vun deem Militärfliger an de Kontrakt mat Airbus ass Mëtt 2003 vun der deemoleger Regierung ënnerzeechent ginn.

Firwat Airbus? Firwat net aner Fligeren? Et war kloer, dass Lëtzebuerg net kann décidéiere wat fir ee Fliger mir eis sollen uschafen. An der Kommissioun ass zum Beispill vun engem Kolleeg gesot ginn, firwat net ee Fliger a Russland siche goen. Antonov si Fligeren, déi vläicht besser gëeegent si fir humanitär Zwecker.

Et ass natierlech esou, dass mir elo net a Russland reesen a soen, den Här Putin ass e feine Mann. Mir brauchen e Fliger. Kënnt der eis ee bauen? Wat kascht en? A wann en en stock ass, da stelle mer en op de Findel an dann huet et sech.

Ech mengen, dat ass mat Sécherheet net de Wee, Här Henckes, wéi een un de Problem kënnt erugoen. Doriwwer eraus war et och kloer fir Europa, dass mer eis net géifen an Ofhängegkeet bréngen zu amerikanescher oder Net-NATO-gebonnener Technologie. Dofir ass Boeing net a Fro komm an dofir ass och Antonov net a Fro komm, mä a Fro ass déi Industrie komm, déi wierklech dat Konzept hat fir esou e Fliger ze entwéckelen, e Fliger, dee kënnt villsäiteg benotzt ginn, e Fliger, dee capabel ass fir schwéier Equipementer schnellstméiglech ze déplacéieren, wéi Helikopteren, 37 Tonnen asw., e Fliger, deen och esou flexibel ass, dass e wéineg preparéiert Landefläche brauch, fir kënnen ze landen an doriwwer eraus kann en op engem Fussballsterrain ouni Problem landen an esou schnellstméiglech op allméigleche Punkte vun Europa a vun der Welt déi Materialien…

M. Henri Grethen *(DP).*- Dat ass awer e bëssen ee grousse Fussballsterrain!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Et gëtt och kleng Fussballsterrainen.

…fir déi kënnen an Ort und Stelle ze bréngen.

Doriwwer eraus däerf een net vergiessen, dass och d'Arméien an deene leschte Joren eng ganz grouss Aufgab erfëllt hu wat d'Ofsécherung vun humanitären Aktiounen bedeit.

A wann ech kucken, déi lescht grouss Aktioun, déi a Südostasien am Zesummenhang mat der Tsunami-Kris realiséiert ginn ass, wou haut, nodeem d'UNO hir Rapportë gemaach huet, festgestallt ginn ass, dass een Drëttel vun deene Gidder, Medikamenter, Materialien, Mënschen, déi gebraucht gi sinn, ze spéit oder guer net ukomm wieren, wann net op Arméi an op Arméifliger hätt kënnen zréckgegraff ginn, da wier dat wierklech zu enger wäit gréisserer Katastroph komm. A mir wëssen, Lëtzebuerg hat dee Fliger gelount, e Fliger fir een Dag ze loune fir esou eng Missioun ze maachen a Südostasien, huet iwwer 140.000 Euro den Dag kascht.

Voilà, ech mengen dat och zur Erklärung e bëssen, dass dee Fliger mat Sécherheet net nëmme militäresch Aufgabe kann absolvéieren, mä doriwwer eraus och zur Verfügung ka stoen, fir wichteg humanitär Missiounen a gréisserem Mooss kënnen ofzeschléissen.

Nun, dat gesot, muss ee sech natierlech d'Fro stellen, wéi ass dee Fliger hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt ze finanzéieren? Dat fannt Der am schréftleche Rapport, well dee Finanzéierungsplang am Joer 2003 hätt missen ugoen, awer net konnt mat enger éischter Tranche vu Bezuelen ulafen, well mer nach kee Projet de loi hunn, mä dee sech dann ergëtt an 19 Tranchë vu Paiementer, déi pro Joer sinn an déi assuréiert sinn iwwert de Fonds d'équipement militaire, dee mer duerch e Gesetz den 19. Dezember 2003 hei gestëmmt hunn, deen also d'Viraussetzunge schaaft, dass dee Fliger bis 2021 ka finanzéiert ginn an de Finanzement also ofgesécher ass.

De Käschtepunkt vun deem Fliger ass 120 Milliounen Euro, wat net wéineg ass, mä wou ee sech awer mat rouegem Gewësse ka soen, dass d'Finanzéierung eis net zu weider gréissere Problemer wäert Ulass ginn hei zu Lëtzebuerg an et ass keen heibannen, deen net domat kann d'accord sinn, dass mer och déi noutwendeg finanziell Mëttele mussen opbréngen, fir eis Aufgabe vu méi Fridden a méi Sécherheet an Europa an an der Welt kënnen ze garantéieren. Et geet net, dass mir Lëtzebuerger dovu profitéieren, mä mir hunn eis moralesch Responsabilitéit, wéi och eisen Deel, wann et machbar ass, sënngeméiss an och logescherweis mat anzebréngen an déi ganz Friddens-, Sécherheets- a Verteidegungspolitik vun der NATO a vun der Europäescher Unioun.

Et sinn eng Rei Froen, déi nach opstinn an déi mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn an déi ech hei nach eng Kéier ganz kuerz objektivitéitshalber wëll offe virbréngen.

D'Fro stellt sech vum Stationnement vun deem Fliger. Wéi ass den Accès vun de lëtzebuergeschen Autoritéite fir dee Fliger kënnen dann ze gebrauche wa mer e mussen a wëllen hunn? Wéi ass et mat der Maintenance vun deem Fliger? E Fliger ka jo net während zéng Joer do stoen; wann en dann eng Kéier gebraucht gëtt, da kënnt en net méi an d'Luucht. Dee muss also flugtauglech gehale ginn. Et muss domat geflu ginn, do musse Manövere gemaach ginn, do mussen Asätz gemaach ginn. Wéi ass d'Crew? Wie flitt op deem Fliger? Wou ginn déi Leit rekrutéiert?

Mir sinn eis am Kloren, dass mer dat net eleng zu Lëtzebuerg kënne maachen. Mir mussen dat natierlech a Kollaboratioun mat den NATO-Sträitkräfte maachen, mat de Belsch ënner Ëmstänn, mä d'Fro stellt sech och, ob et net méiglech ass mat Lëtzebuerger Transportgesellschaften Synergien ze schafen, déi et eis méiglech maache schnellstméiglech op dee Fliger kënnen zréckzegräifen.

Dat bedeit natierlech, dass mussen Equipen trainéiert ginn, déi à même sinn och déi Aufgabe kënnen ze maachen, wat och net vun haut op muer ze realiséieren ass, a mat Sécherheet net an där Armél, wéi mer se haut kennen, machbar ass, mä wa mer vu méi Professionalitéit schwätzen, mengen ech, dass dat eng weider Pist ass, mat där de Minister an d'Regierung sech mat der Arméi wäerten ausenaner setzen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war dat, wat ech nach mengem schréftleche Rapport wollt bäifügen. Et ass wéi gesot eng Fro iwwert déi ee ka kontrovers diskutéieren, wou et awer séier wéineg aner Alternativë gëtt, an ech mengen, wa mer wëllen als seriöe Stat am Conseil mat kënnen diskutéieren, mat deenen aneren am NATO-Bündnis an doriwwer eraus och an der Europäescher Unioun, da musse mer och bereet sinn als Lëtzebuerg eis Responsabilitéit ze iwwerhuelen, ubruecht op Grond vun deene Méiglechkeeten, déi mer hunn.

A mir sinn der Meenung an der Koalitioun an doriwwer eraus, och déi fréier Regierung, de fréiere Verdeedegungsminister, dee jo mat um Ursprung stoung vun där ganzer Entwécklung, dass et eng vun deene Méiglechkeeten ass, déi mir als Lëtzebuerg an als Lëtzebuerger sollen an och kënne maachen.

Voilà, ech géif also am Numm vun der Kommissioun d'Chamber bieden, deem Projet hei d'Zoustëmmung ze ginn. Fir ofzeschléisse wëll ech dann och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun hei ënnerbreeden. D'CSV ass also bereet, net mat Hipphipphurra, mä trotz allem aus engem Responsabilitéitsgefill och dee Projet hei esou ze stëmme wéi d'Regierung e presentéiert huet.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Goerens ageschriwwen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Projet de loi hei geet et wuel ëm d'Uschafung vun engem Equipement wat kann am Regelfall agesat ginn an deem, wat an der Fachsprooch heescht „Transport logistique". 1999 war zu Köln ee Sommet Conseil européen, wou décidéiert ginn ass fir d'Aufgabe vun der Westeuropäescher Unioun, jiddefalls den operationellen Deel, progressiv eriwwer ze huelen an de Beräich vun der Europäescher Unioun.

Et ass säithier enorm villes geschitt. An deemools och, dat war nach d'Regierung virun där ech ugehéiert hunn, ass e Katalog iwwert d'Capacitéiten opgestallt ginn, an zwar ass en Inventaire gemaach gi vun deem wat gebraucht géif ginn, fir enger europäescher

Défensepolitik och déi néideg Moyenen ze gi vun hiren Ambitiounen.

Wat sinn hir Ambitiounen? Ech mengen, de Minister Frieden huet dat e Sonndeg den Owend gesot. Ech kann dat och op wäite Strecken deelen. D'Ambitioune vun enger europäescher Défense ass e weidert Mëttel an enger ganzer Panoplie vu Moyenen, déi d'Europäesch Unioun sech wëllt ginn, fir ausserhalb vun hire Grenzen ze agéieren. Dozou gehéiert d'Assistance humanitaire, dozou gehéiert de Secours d'urgence, dozou gehéieren och leider, wat net ze évitéieren ass, Défenseaufgaben.

All Kéiers wann d'Urgence gebraucht gëtt oder wann et zu engem militäreschen Asaz kënnt, hu mer et mat engem Echec ze dinn, en Echec well diplomatesch Beméiunge versot hunn, well déi Beméiungen net amstand waren e Konflikt ze verhënneren oder et ass eng Äntwert, wann haaptsächlech eng Urgence ass op en Äerdbiewen, wou d'Leit am Fong och, déi betraff sinn, virun engem Echec stinn. Dee Moment huet een zwou Méiglechkeeten, entweder et hëlt ee reaktiounslos déi Nouvellen, déi ee kritt, hin, an et léisst een déi aner gewäerden oder et mécht ee seng Kontributioun zu der Bewältegung vun deene Krisen, déi ech elo ugesprach hunn.

De Problem an der politescher Duerstellung vun deene Phenomeener do ass deen, dass gewëss Aktiounen eng absolut Null-Visibilitéit hunn. An ech huelen dofir dat, wat am leschten annerhallwe Jorzéngt am westleche Balkan passéiert ass. Erënnere mer eis u Bosnien-Herzegowina an der Halschent vun den 90er Joren, 200.000 Doudecher, 30.000 Fraen, déi violéiert goufen, zwou Milliounen Persounen, déi déplacéiert goufen; d'ganz Öffentlechkeet an do war am Fong d'Opinion publique européenne net en retard, mä en avance.

Politesch Décideuren hu gesot, mir kënnen dat do net reaktiounslos hinhuelen. Mir kënnen net zouloossen, dass op der Dier vun der Europäescher Unioun KZer entstinn. Mir kënnen net zouloossen, dass op der Dier vun der Europäescher Unioun et zu ethnesche Purifikatioune kënnt. Deemools stoungen all politesch Responsabel - an ech géing och soen, alleguerten déi, déi hei an der Chamber vertruede waren - virun enger enorm schwiereger Aufgab: Intervenéiere mer? Waarde mer bis mer en Accord hu vum UNO-Sécherheetsrot? Maache mer eppes, wat kompatibel mat deemselwechten ass, oder waarde mer carrément bis d'Recht am Fong formell arrêtéiert ass, fir kënnen eng Interventioun ze maachen?

Deemools ass vill ze vill spéit reagéiert ginn. Denke mer un déi 200.000 Doudecher, 30.000 violéiert Fraen an zwou Milliounen déplacéiert Persounen.

Am Kosovo ass wuel ze laang gewaart ginn, mä et ass awer éischter eppes ënnerholl ginn. Och do hu sech eng ganz Partie schwiereg Froe gestallt, wou haut nach ee sech kann d'Fro stellen, ob ee rechtlech richteg war fir ze intervenéieren. Ëmmerhin ass do d'Zuel vun den Doudechen am Vergläich zu deem, wat a Bosnien-Herzegowina passéiert ass, net esou héich. 10.000 bis 11.000 Doudecher ginn estiméiert, wat 10.000 bis 11.000 Victimen ze vill sinn.

Da kënnt dat, wou d'Europäesch Unioun wierklech hir Lektioune gezunn huet; nämlech an der fréierer jugoslawescher Republik Mazedonien zum richtegen Zäitpunkt ze intervenéieren. Nodeems se observéiert huet, datt et Signaler gouf am Land, déi kéinten d'Stabilitéit a Gefor setzen, an déi och d'Rechter vun der albanescher Minoritéit kënnte ganz staark tangéieren - fir net méi ze soen -, ass sech dunn décidéiert ginn, fir eng europäesch Aktioun ze maachen, déi souwuel d'UNO-Personal wéi och d'OSZE-Personal, wat op der Plaz war, ze schützen.

Et koum do zu engem Asaz vu 400 Leit. Et ass kee Mënsch, deen dat do als e grousse Succès gefeiert huet, well de Fait, datt e Konflikt verhënnert gouf, ass gläichzesetze mat enger Null-Visibilitéit. Dat hëlt kee Mënsch an Uecht.

Eng aner Aktioun, déi sech ënner europäeschen Auspices ofgewéckelt huet, ass d'Aktioun an der Ituri, wou ënner anerem Frankräich, mä och d'Belsch an och Lëtzebuerg zu engem méi bescheidenen Ausmooss deelgeholl hunn an éischt Versich gemaach hu fir d'Stabilitéit ze bréngen.

Dat sinn déi Typë vun Aktiounen. Dobäi ass d'Gamme vun den Interventiounsméiglechkeeten nach net komplett zu deenen Europa sech bekannt huet, engersäits, a sech och d'Moyenë wëllt ginn an der neier Verfassung anerersäits fir net mat eidelen Hänn dozestoen, wann et anzwousch brennt a wann Nout um Mann ass an Nout un Equipementer.

Ech mengen, et ass doriwwer, wou mer musse schwätzen. Wat maache mer vis-à-vis vun deene Valeuren, déi fir eis selbstverständlech sinn, wann déi anerersäits a Gefor sinn? Intervenéiere mer oder kucke mer ewech?

D'Europäesch Unioun huet sech an hirer ganz grousser Majoritéit décidéiert fir net ewechzekucken, an zwar fir ze intervenéieren; net fir egal wéi ze intervenéieren, mä fir ze intervenéieren a geregelte Bunnen. An déi Bunnen, déi sinn d'internationaalt Recht. Et ass d'UNO-Charta, wat u sech och aus der Kommunikatioun vum Dezember vun 2003 ganz kloer ervirgeet. D'Interventioune kënnen also nëmme just da passéieren, wéi ënnert den europäeschen Auspicen, wa se kompatibel si mat der UNO-Charta engersäits, a mat de Beschléss vum UNO-Sécherheetsrot anerersäits.

Domat, mengen ech, hätte mer schonn e ganz seriöe Garde-fou fir eng Partie Dériven ze verhënneren. Wann ee sech dorunner hält, da läit ee scho mol am Regelfall richteg. Mir hunn et also hei mat engem Mëttel ze dinn, dat kann agesat ginn, net an enger europäesch Arméi, well mir wahrscheinlech ni eng europäesch Arméi wäerte kréien, mä am Kader vun europäeschen Défenseaufgaben, déi modulaire kënnen zesummegesat ginn aus de Contributiounen, déi déi eenzel Länner bereet sinn zur Verfügung ze stellen all Kéiers dann, wann et zu enger Kris kënnt.

Et ass vill ironiséiert ginn iwwert de Kaf vun deem Transportfliger. Et ass kee Militärfliger. Et kann een deen heiten asetzen souwuel beim Transport logistique, dee gebraucht gëtt am Kader vun enger militärescher Kris, okay, e kann awer och gebraucht ginn am Kader vun dem Secours d'urgence, zum Beispill beim Bau vun enger Loftbréck an engem Krisegebitt, wat heemgesicht ginn ass duerch en Äerdbiewen, oder duerch soss eng Kris vu politescher oder naturkatastrophescher Origine.

Lëtzebuerg leescht also do säi Bäitrag, an et gëtt sech ee Moyen, dee kompatibel ass mat deene Lacunen, déi 1999 inventoriéiert goufen.

D'Fro ass berechtegt, ob een elo schonn esou vill Sue soll investéieren an en Engin, deen eréischt 2017 zum Asaz kënnt. Do muss een natierlech drun erënneren, datt d'Uschafe vun där Capacitéit hei nëmme just méiglech gëtt, well se mat de Belsch zesumme kann agesat ginn. Mat der Belsch ass och eng Konventioun ënnerschriwwe ginn, déi nach verfeinert muss ginn, an déi och nach soll an der Chamber diskutéiert ginn, no wat fir enge Modalitéiten, datt déi Equipementer - d'Belsch kréie siwen Avionen, Lëtzebuerg kritt een - kënnen agesat ginn, am Respekt vun deene rechtlechen Dispositiounen a politeschen Décisiounen, déi ech virdrun ugeschnidden hunn.

2017 mussen och nach Fligere gebaut ginn, soss kann de Programm guer net ulafen. Dat Ganzt ass eng Politik aus engem Goss, wou natierlech mussen au départ Engagementer si fir 180 Unitéiten ze kreéieren, well soss kënnen se och net zu deem Präis, deen ofgemaach ginn ass, ofgewéckelt ginn. Déi éischt lafe vum Band 2009, an déi duerno kommen, bis 2020, déi sollen am Fong progressiv Equipementer, déi am Fong net méi der Zäit entspriechen, ersetzen.

Dozou gehéieren zum Beispill déi belsch Avionë vum Typ Herkules; dat sinn déi, déi eis Truppen an den Afghanistan transportéieren - eng weider Aufgab, déi absolut Sënn mécht, well wann een den internationale Flughafe vu Kabul net géing schützen, da géing ee sech net nëmme privéiere vun de militäresche Moyenë fir Stabilitéit dohinner ze bréngen, mä da géif een och den Haaptzougank, déi Haaptplaz, wou am Fong d'humanitär Hëllef kann hibruecht ginn, sech verwieren.

Et fënnt een also genuch Argumenter, wann ee fir dee Projet de loi hei wëllt stëmmen, fir en ze ënnermaueren.

Ech wollt och, well et an der Diskussioun steet, e puer Wuert soen iwwert déi Koexistenz tëschent Kooperatioun, Aide d'urgence a militäreschen Asätz. Et muss ee ganz gutt oppassen, datt et net zu enger Vermëschung kënnt. Fir et einfach duerzestellen: Wann en Äerdbiewen an der Tierkei ass, an et transportéiert een éischt Hëllef dohinner mat engem militäresche Fliger, da stéiert dat kee Mënsch. An et ass och net dann esou, dass dann d'Humanitäre gebrandmarkt wieren, wa se mat engem militäresche Fliger landen, ce d'autant plus datt et dann am Regelfall d'Uerdnungskräfte sinn, déi kucken, datt d'Hëllef dann op déi richteg Plaz kënnt. Dat ass d'Polizei respektiv d'Arméi.

Wann een awer en Asaz huet vun Humanitären an enger Kris, déi eng Origine politique ou militaire huet, da muss een natierlech hällesch oppassen, datt een net d'Humanitären an eng schwiereg Roll bréngt. Well wa se där enger oder anerer Konfliktpartei zougerechent ginn, da gëtt hiren Asaz méi schwéier, a si selwer sinn och physesch gefährdet.

Dofir mengen ech och, dass do déi lescht Ausenanersetzungen, déi et an där Hisiicht gouf, utile waren, well een och nach eng Kéier konnt dee wichtegen Ënnerscheed tëschent deem engen Asaz an deem aneren ervirsträichen. Déi eng gi gebraucht an och déi aner, woubäi de militäreschen Asaz - ech wëll et nach eng Kéier soen - en ultime Moyen ass, an déi aner diplomatesch Beméiungen deem natierlech musse virausgoen.

Ech ka mech freeën am Fong iwwert dat, wat an europäeschen Texter steet - och an der Verfassung - iwwert déi dote Problematik, well do notamment déi politesch an déi rechtlech Garde-fouen dra sinn.

Zum Ofschloss, Här President, wollt ech soen, datt mer hei an der Chamber nach ëmmer e Malaise hunn, wa mer iwwert déi Froen do schwätzen. Eng ganz Partie Kolleege soen, se wéissten net genuch doriwwer. Anerer kënnen natierlech soen: Mä all déi Informatioun, déi Dir frot, déi hutt Dir an iergendenger Form matgedeelt kritt.

Et ka keen heibanne soen, en hätt keen Zougank zu den Informatiounen zu de Beschléss vum Sommet vu Köln vun 1999. Et ka kee soen, e wéisst net, wat ënnert der finnescher Présidence oder ënnert der schwedescher Présidence décidéiert ginn ass. Alles dat war Bestanddeel vun offizielle Kommunikatiounen, déi och den Deputéierten zougänglech sinn, an alles dat ass och Bestanddeel gewiescht vun deene sukzessive Briefingen, déi déi politesch Responsabel an der Commission des Affaires étrangères, de la Coopération et de la Défense gemaach hunn all Kéiers, an zwar ganz schnell no de Conseils européens.

Ech hu selwer och ëmmer e Malaise emfonnt, well ech oft mech ugebueden hunn, fir kënnen an d'Chamber iwwert déi Problematik schwätzen ze kommen, wéi ech do wéineg Echo, fir net ze soen, fir den Heinz Erhardt ze zitéieren, den Echo war „so viel wie fast wenig", sinn ech du bei d'Fraktiounschefe gaangen an ech hu gesot: Mä Dir kënnt och bei mech an de Ministère kommen, mir kënnen doriwwer schwätzen. Deen Eenzegen, deen am Fong Gebrauch gemaach huet dovunner, dat war den Aloyse Bisdorff. Dat war am Fong deen Eenzegen, dee systematesch Gebrauch vun där Offer gemaach huet.

Jo, wann een awer wëllt en Echange hunn, da muss een een hunn, deen Informatiounen ubitt. Ech ginn dovun aus, datt vun dëser Regierung, gradwéi vun deene Regierunge virdrun, d'Bereetschaft do ass fir dat ze maachen. Da muss op där anerer Säit awer och e Kader geschafe ginn, wou déi zwee sech kënne begéinen. Ech mengen do misste mer awer am Stand sinn, iwwer eise Schiet ze sprangen. Well mir mussen iwwer vill Saachen diskutéieren, mir mussen iwwert dat, wat de Minister Frieden Professionalisatioun oder Déprofessionalisatioun vun der Arméi nennt, schwätzen. Mir mussen dat démystifiéieren, well och do ginn et gelunge Virstellungen.

Meng Virstellung ass déi, wann ee bei d'Arméi geet, well een dohinner muss goen, fir kënne Bréifdréier oder Giischtchen ze ginn, kann een deen net forcéieren an iergendeng Opération de maintien de la paix ze goen an do säi Liewen ze riskéieren. Wann en dat wëllt maachen, da mécht en dat op fräiwëlleger Basis. Mä wann een awer och aus Crédibilitéitsgrënn fir Aktiounen, déi absolut vertrietbar sinn, net genuch Leit fënnt, da muss ee sech och kënnen d'Moyenë ginn, fir do eng Partie Leit ënner Kontrakt ze stellen, déi dann do kënnen der Regierung vis-à-vis vu Lëtzebuerg an och vis-à-vis vun der NATO respektiv vun der Europäescher Unioun méi Prévisibilitéit ginn. Doriwwer musse mer schwätzen.

Mir mussen och schwätzen iwwert déi Arrangementer, déi nach ze huele sinn tëschent der Lëtzebuerger Regierung an der belscher Regierung an dësem Fall. Mir musse kucken, wou d'Potenzialitéite vum Asaz vun den Equipementer sinn. Mir mussen och kucken an eis eens ginn, wou d'Limitë sinn. Mir wëllen engersäits Prozeduren allégéieren, anerersäits mengen ech, och wann d'Prozeduren iwwert de Lancement vun enger Opération de maintien de la paix erliichtert ginn, solle mer eis awer net scheie fir all Kéiers dann eng politesch Décisioun oder Diskussioun ze féieren, wann d'Natur vun engem Asaz ännert. Ech hu léiwer eng Diskussioun ze vill oder zwou Diskussiounen ze vill, wéi eng Diskussioun ze mann hei an der Chamber iwwert déi do Problematik.

Här President, déi Equipementer oder deen Equipement, iwwert dee mer haut schwätzen, ass forcément en anere wéi deen, dee mer gewielt hätten an de 70er oder an den 80er Joren. Deen Typ vu Konflikter, deem mer haut musse begéinen, dat sinn Interventiounen a Kriseregiounen, wou een nëmme just da ka Schlëmmeres verhënneren, wann ee schnell do ass. Dat geet net mat der Schubkar, dat geet och net mam Dräirad, dat mussen eben Equipementer si wéi deen Typ, dee mer haut ofstëmmen.

Dat muss souwuel eng Logistique de transport maritime wéi och eng Logistique de transport aérien sinn. An deem Sënn mengen ech hält dee Projet hei d'Strooss well en eng Äntwert duerstellt op ee Kader, dee politesch ganz grëndlech duerchduecht ass an deen och d'Strooss hält mat den neien Imperativer vun der europäescher Sécherheetspolitik, déi sech iwwregens enger relativ grousser Beléiftheet erfreet, well wann een déi lescht Statistike vun Eurostat liest, da si praktesch vu véier Europäer der dräi d'accord mat engem Asaz am Kader vun der Europäescher Unioun.

D'Zoustëmmung ass manner grouss bei Asätz vun der NATO, well do gespuert gëtt, et wier een net esou fest am internationale Recht verankert wéi dat zum Beispill an deenen neien Dispositiounen ass, iwwert déi mer den 10. Juli an der Verfassung ofstëmmen. Et ass e schwieregen Dossier, mä et ass en Dossier iwwert dee muss méi grëndlech a virun allem méi dobausse kloer a verständlech diskutéiert ginn.

Dat gesot, ginn ech lech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Fayot ageschriwwen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass jo seelen, dass d'Chamber direkt iwwert de Kaf vun engem militäreschen Objet ofzestëmmen huet. Et ass och seelen, dass dës Chamber en Débat iwwert d'Verdeedegungspolitik huet. Dofir ass den Débat iwwert dësen Transportfliger eng gutt Geleeënheet fir ons Militärpolitik an der Öffentlechkeet ze diskutéieren.

Erlaabt mer am Ufank vun dësem Débat e puer méi allgemeng Considératiounen zu der Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik vu Lëtzebuerg am Laf vun der Geschicht vun onsem Land. Dës Politik war ëmmer e schwierege Sujet an zäitweileg de grousse Politikum zu Lëtzebuerg. Dat huet an hat mat de Méiglechkeete vum Land ze dinn, déi ëmmer beschränkt waren.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wat heescht Verdeedegung a Sécherheet fir Lëtzebuerg?

D'Sécherheet vu Lëtzebuerg war vun Ufank u vu senger Existenz an den Hänn vu senge mächtegen Noperen. Am 19. Jorhonnert war Lëtzebuerg de Spillball zwëschent Däitschland a Frankräich. 1914 gouf d'Land militäresch besat, 1919 stoung seng Existenz selwer um Spill a louch an den Hänn vun de Groussmuechten. 1940 huet Nazi-Däitschland Lëtzebuerg an engem hallwen Dag iwwerrullt. D'Neutralitéit vum Land, déi 1867 duerch de Londoner Vertrag vun de Groussmuechte garantéiert gouf, huet keng Kéier eppes géint d'Violatioun vum Völkerrecht genotzt. Lëtzebuerg war de groussen Noperen hoffnungslos ausgeliwwert.

Säit dem Enn vum Kale Krich gëtt et keng direkt militäresch Bedrohung méi vu Lëtzebuerg a vun Europa. An Europa selwer gouf et säit dem Enn vum Zweete Weltkrich kee Krich méi zwëschent Däitschland a Frankräich an och net zwëschent aneren europäesche Länner. Haut - an dat ass fir mech eng grouss Errongenschaft, eng historesch Errongenschaft - kann e jonke Mënsch, dee säi Liewe viru sech gesäit, op eng Zukunft ouni Krich a sengem direkten Ëmfeld kucken. Dat ass de Verdéngscht vun dem europäeschen Eene-

gungsprozess, dee Fridden an Europa geschaf huet.

Déi enk transatlantesch Zesummenaarbecht vu Westeuropa an den USA an der Zäit vum Kale Krich huet déi pluralistesch Demokratie verdeedegt an erhalen. Dës Zesummenaarbecht war jo déi direkt Konsequenz vum Agräife vun den USA an de Kampf géint faschistesch Muechten am Zweete Weltkrich.

Wat Lëtzebuerg ugeet, huet jo onst Land am Zweete Weltkrich seng Neutralitéit opginn, wéi d'Lëtzebuerger Regierung am Exil zu London an an de Joren duerno un der Neiuerdnung an der Nokrichszäit deelgeholl huet. Dat war engersäits d'Bedeelegung un der UNO, déi, anescht wéi de schwaache Völkerbond nom Éischte Weltkrich, d'Mëttele krut, fir de Fridde wann néideg och mat Waffen duerchzesetzen, an dat war anerersäits d'Bedeelegung u westleche Bündnisser. An deem Zesummenhang huet Lëtzebuerg sech eng eegen Arméi ginn, fir d'éischt opgrond vum obligatoresche Militärdéngscht, du vun enger Fräiwëllegenarméi. D'strategesch Konzepter hu sech natierlech mat der Zäit geännert.

Wann an der Nokrichszäit vun Arméi zu Lëtzebuerg geschwat gouf, war et oft op eng äusserst kritesch Manéier, wann net op eng oflehnend Manéier, besonnesch op der Gauche, mä och emol vu Säite vun der CSV.

Haut, 15 Joer nodeem déi sou genannt bipolar Welt opgehalen huet ze existéieren, si mer an Europa fir de Multilateralismus, dat heescht fir friddlech Relatioune mat alle Länner vun der Welt, ouni Hegemoniebestriewen, mä mat der fester Absicht, ons eege Sécherheet an Europa ze garantéieren an dobaussen opgrond vun der UNO-Charta Fridden a Mënscherechter mat duerchzesetzen.

Ons eege Sécherheet garantéieren, wat heescht dat? Grondleeënd fir déi nei Konzepter vu Sécherheet a Verdeedegung ass d'Strategie, déi den Europäesche Rot den 12. Dezember 2003 opgrond vun engem Bericht vum Här Solana doriwwer ugeholl huet. Dës Strategie ass keng ausschliesslech militäresch. Si identifizéiert déi Haaptbedrohunge vun haut, wéi den Terrorismus, d'Massevernichtungswaffen, regional Konflikter, Opléisung vu staatleche Strukturen an organiséiert Kriminalitéit. Si setzt dat an den Zesummenhang mat der Aarmut an der Ënnerentwécklung an der Welt.

Déi fundamental Iddi, déi dëser Strategie zugrond läit, ass déi, dass ons Sécherheet net ze trennen ass vun enger globaler Uerdnung. D'Aarmut muss gradesou bekämpft gi wéi d'Diktatur, d'Ënnerentwécklung gradesou wéi d'Onuerdnung an d'Kriminalitéit.

Här President, et gëtt sécher regional a global Bedrohungen. Regional muss Europa seng Sécherheet a sengem direkten Ëmfeld garantéieren. Gefrot ass hei eng kohärent europäesch Diplomatie, eng gemeinsam Kriseprevention, eng konsequent Hëllef fir de wirtschaftlechen, sozialen a politeschen Opbau a Länner, déi eben de Krich kennen oder kannt hunn.

Wéi déi fréier jugoslawesch Federatioun ausenaner gebrach ass sinn um Westbalkan al ethnesch, reliéis a politesch Konflikter opgebrach, déi zum Krich an Onstabilitéit un den immédiate Grenze vun Europa gefouert hunn an eng Äntwert vun Europa verlaangt hunn.

D'Integratioun vu Slowenien den 1. Mee 2004, muer an iwwermuer vu Kroatien, Mazedonien an enges Dags vu Serbien-Montenegro, vu Bosnien, vum Kosovo, kann, mä natierlech muss net onbedéngt dozou bäidroen, dass de Konfliktpotential an där Géigend duerch déi friddlech wirtschaftlech a politesch Zesummenaarbecht entschäerft gëtt. An der Zwëschenzäit probéiert d'Europäesch Unioun d'Zesummeliewen an deene Länner matzehëllefen ze organiséieren, nei Onstabilitéiten an nei Krisen ze verhënneren. Also Stabilitéit a Fridde schafen. Also kee Kolonialismus, kee Besatzungsregime, mä Krisepreventioun mat zivilen a mat militäresche Mëttelen.

Am Osten a Südoste vun Europa hunn déi friddlech Revolutiounen an der Ukraine bei de Presidentschaftswahlen - ech soe friddlech Revolutiounen -, a virdrun och a Georgien, gewisen, dass an de fréiere Sowjetstaten demokratesch Regelen zum Deel eng Fassad bleiwen an hannendrun en autoritäre System vu fréiere Sowjetapparatschike weider besteet. Russland wëllt seng Hegemonie a sengem fréieren Aflossberäich net ëmmer mat de feinste Methoden duerchsetzen.

Och hei ass e latent Konfliktpotential festzestellen, dat zu Irritatiounen zwëschent der EU a Russland féiere kann. Och hei muss mat diplomatesche Mëttelen iwwer Kooperatioun a Partnerschaft d'Léisung gesicht ginn, fir Fridden a Stabilitéit ze erhalen an ze festegen.

Dat regionaalt Ëmfeld vun der Europäescher Unioun geet ganz wäit, bis zum Kaukasus, dem Mëttleren Osten an Nordafrika. An dofir och d'Noutwendegkeet fir Europa eng Solutioun am Konflikt zwëschen Israel an der arabescher Welt ze sichen.

Global steet d'Europäesch Unioun fir e multilaterale Kader an deem d'Länner als gläichberechtegt Partner handelen. D'UNO ass dobäi déi Haaptinstitutioun, déi an hire Strukturen a Capacitéite gestäerkt muss ginn. Och dat ass eng Aufgab vun der Europäescher Unioun um globale Plang.

Aus all deenen Ursaachen, Här President, kann ech op jidde Fall net erkennen, wéi dat a verschiddene Kreeser behaapt gëtt, dass d'militäresch Asätz elo privilegéiert géifen a manner d'Preventioun an d'zivil Missiounen.

Här President, déi politesch a militäresch Bündnisser a Strukture vu gëschter bestinn haut nach weider. Et ass och net virauszegesinn, dass se ofgebaut oder ofgeschafe solle ginn. Et geet kee grousse Kreesch duerno duerch all ons Länner. Am Géigendeel gesinn d'Länner d'Schutzfunktioun vun deene Bündnisser. Dofir hélt d'Europäesch Unioun an hirer Verfassung, an där Verfassung, déi mer zur Diskussioun hunn, Kenntnis vun der NATO gradewéi vun dem neutrale Status vun enger Partie EU-Länner; net méi an net manner.

Ech hu bei Géigner vun der Europäescher Verfassung gelies, domat géif elo déi Europäesch Unioun sech der NATO an den Amerikaner ausliwweren. Et ass alles, dass net gesot gëtt, déi Europäesch Unioun géif elo an der NATO opgoe wéi e Stéck Zocker am schwaarze Kaffi. Just de Géigendeel ass wouer, well an der Verfassung d'Europäesch Unioun sech méi Mëttele gëtt, méi onofhängeg och vun den USA gëtt, fir fir hir Sécherheet anzetrieden.

Wien déi lescht Wochen an Deeg d'Diskussioune verfollegt huet, erkennt, dass dat jo de grousse politeschen Thema ass, deen och d'Zukunft vun den transatlantesche Bezéiunge bestëmme wäert.

D'Fro stellt sech: Wëlle mer en eegestännegt Europa, wat eegestänneg seng Sécherheet garantéiere kann, wat eegestänneg an der Welt intervenéiert op seng Manéier oder wëlle mer dat net?

Ech selwer, an och meng Partei, hätte gären esou en onofhängegt Europa och um Plang vun der Sécherheet.

Déi bishereg Bündnisser goufen ëmmer staark vun den USA dominéiert, well dëst déi gréisste Militärmuecht war an och nach ass. Den amerikanesche Prabbeli war jorzéngtelaang Garantie fir Demokratie a Fräiheet a Westeuropa. An no 1990 gouf d'NATO op d'Länner an Osteuropa ausgedehnt, déi Schutz virum mächtegen Noper Russland ënnert dem amerikanesche Prabbeli gesicht an dat mat hirer Participatioun um Irak-Krich gedankt hunn.

D'Tendenz besteet haut an Europa, fir eng eegestänneg europäsch Verdeedegung opzebauen - ech hunn et gesot -, net eng europäesch Arméi, déi jo bekanntlech 1954 zu Paräis gestuerwen ass, mä eng europäesch Verdeedegung, déi Europa Schutz an der verännerter Situatioun no 1990 bidde soll.

Nei Ziler goufe fir déi bestoend militäresch Strukture gesicht, déi sech ëmgestallt hunn a weider ëmstelle mussen. Du si fir d'éischt déi sou genannte Petersberg-Missioune beschriwwen a festgehale ginn. Eng ganz Entwécklung huet stattfonnt, déi iwwregens am Bericht vum Här Glesener beschriwwe gëtt, deem ech och félicitéiere fir seng Aarbecht, fir säi mëndleche Bericht an och fir säi schréftleche Bericht, an déi direkt op dëse Fliger an och op d'Kapitelen iwwert d'Sécherheet a Verdeedegung an der Europäescher Verfassung gefouert huet.

An de leschten zwee Joer huet déi europäesch Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik konkret um Terrain agéiert. Säit 2003 huet d'Europäesch Unioun déi international Police Task Force a Bosnien iwwerholl, d'Missioun Proxima an der fréierer mazedonescher Republik an elo Eujust-Themis a Georgien, déi jo den Här Minister, wéi ech gëschter Owend op der Televisioun gesinn hunn, viru kuerzem besicht huet.

An duerch d'Arrangementer zwëschent der NATO an der Europäescher Unioun, sou genannt „Berlin Plus", konnt d'Europäesch Unioun eng éischt Militärmissioun an der fréierer Republik Mazedonien duerchféieren, also d'Missioun Concordia an eng Operatioun Artemis an der Republik Kongo.

Dozou kënnt en Instrument wéi de Centre de situation, dee Renseignementer zesummesicht an doduerch d'Analys vun der Situatioun um Terrain erméiglecht.

A Bosnien leeft eng Operatioun Althea of, déi e Gläichgewiicht tëschent militäreschen an zivilen Ziler verfollegt; sécher, wéi mer wëssen, e ganz delikat Gläichgewiicht.

Ech hunn hei an deene leschte Méint an der Chamber an zu Lëtzebuerg keen Awand gehéiert. Si si menger Usiicht no nëtzlech, si verhënnere Leed fir d'Zivilbevölkerung an droen zur Stabilitéit an zum Fridde bäi. Dat ass weder Kolonialismus, nach Militäroccupatioun.

Här President, de Fliger féiert ons zur Problematik vum Lëtzebuerger Bäitrag zur NATO, wéi och zur europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik.

Zil ass et, laut Koalitiounsprogramm, progressiv, mëttelfristeg op 1,2% vum Bruttoinlandsprodukt fir Ausgaben an deem Beräich eropzegoen. Frankräich läit bekanntlech do scho bei 2,5%, Holland bei 1,6%. Mir si bei, jee nodeem wéi een et rechent, 0,4 oder 0,8%, ob d'Police derbäi ass oder net. Dëse Prozentsaz seet menger Meenung no u sech näischt iwwert déi Aart vu Bäitrag aus, dee mer maache wëllen.

Lëtzebuerg huet zum Beispill wéineg Zaldoten. Well mer der ze wéineg fonnt hunn, hu mer d'Arméi fir Netlëtzebuerger opgemaach. Si kënnen nëmmen op fräiwëlleger Basis agesat ginn. Grondsätzlech ass d'LSAP domat averstanen, datt Lëtzebuerg net eleng mat Sue säi Bäitrag zur Verdeedegungspolitik ofdénge kann. Zaldote vun der Lëtzebuerger Arméi sinn am Ausland agesat ginn, um Balkan, wéi an Afghanistan. Si hunn hir net ongeféierlech Missioune gutt erfëllt an domat dem Land e groussen Déngscht geleescht. Si hunn d'Souveränitéit an d'Crédibilitéit vum Land gestäerkt a si hu gewisen, dass mer et mat der Solidaritéit no baussen eescht mengen.

Dës fräiwëlleg Asätz stoussen natierlech bei enger klenger Arméi op Grenzen, souwuel wat d'Ausbildung, wéi och wat den Equipement ugeet.

Et gëtt dofir elo vun enger Beruffsarméi geschwat, fir der Regierung d'Méiglechkeet ze ginn, schnell op d'Demande vun der Europäescher Unioun an der NATO bei Auslandsasätz ze reagéieren. Mir wëssen, dass mer déi Beruffsarméi schonn zum Deel hunn, well Offizéier, Ënneroffizéier a Korporäl si jo Beruffszaldoten, wann ech gutt ënnerriicht sinn. Ob a wéi mer weider Beruffszaldoten zu Lëtzebuerg fannen ouni eng Friemelegioun opzeriichten, déi jo kee wëllt, dozou wëllt d'Regierung jo an de kommende Méint a Jore Virschléi virleeën.

Vill Leit froen sech och, ob ee sech net en anere Bäitrag vu Lëtzebuerg virstelle ka wéi einfach Zaldoten, zum Beispill a Form vun héichkarätege Spezialisten am Déminage, am Renseignement, an ziviler Hëllef oder vum medezineschen, linguisteschen oder technesche Personal mat enger héijer Spezialisatioun. An de Petersberg-Missioune gëtt et vill Saachen ze maachen, fir déi een niewent der klassescher Arméi aner mënschlech Ressourcë brauch. An ech mengen eis Regierung soll sech dat och mat iwwerleeën.

An da wollt ech nach eppes soen iwwert déi Zuel vun 1,2% vum Bruttoinlandsprodukt fir Militärausgaben. Ech mengen, déi däerf een och net onofhängeg gesi vun der gesamter Démarche, vun där globaler Démarche vun der Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik, wéi se dann elo vernetzt gesi gëtt. Wa Lëtzebuerg 0,8% vu sengem BIP fir Entwécklungspolitik ausgëtt, an domat vill méi wéi aner Grouss- a Mëttelmuechten, muss dat och op iergendeng Manéier an der Statistik betruecht a bëuecht ginn.

E Beispill: Wann d'organiséiert Kriminalitéit als eng grouss Gefor fir d'Sécherheet gesi gëtt, wa mer géint Schlepperbanden a géint illegal Immigratioun ukämpfen, geet dat sécher mat Police oder militäresche Mëttelen, mä et geet net ouni e Bäitrag fir d'Entwécklung vun de Länner aus deene Wirtschaftsflüchtlingen, aus deene Leit auswanderen, déi bei sech keng Zukunft hunn.

Dofir, Aarmut an Honger an Exclusioun sinn den Nährbuedem vun Terrorismus, Diktaturen an der Deliqueszenz vu Staten. Entwécklungspolitik gradewéi eng Welthandelspolitik, déi déi aarm Länner respektéiert, si gradesou wichteg Mëttele fir d'Sécherheet ze garantéiere wéi Militär.

Une voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, d'amerikanesch Ausseministerin, d'Madame Rice, huet viru kuerzem an enger Ried zu Paräis déi bekannte Gefore fir d'Sécherheet opgezielt, déi fënnef, déi ech och schonn opgezielt hunn. Ech fannen, dass den Discours vun der Bush-Administratioun aner wichteg Gefore vergësst ze ernimmen, déi net mat militäresche Mëttele bekämpft kënne ginn a fir déi mer och vill Mëttele brauchen. Ech hu se scho genannt: sozial Ongläichheet, Raubbau un der Natur, Ongläichheet zwëschent de Kontinenter, de Länner an an de Länner zwëschent immens räich an immens aarm.

Wat mécht ee Mënsch mat Fräiheet an Demokratie, wann en näischt ze räissen an ze bäissen huet, wa seng Kanner keng Zukunft hunn? Déi global Welt gëtt méi räich, mä vill Leit ginn an där Welt méi aarm.

Dofir ass zum Beispill de Virschlag vu Groussbritannien interessant, en allgemenge Scholdenerlass fir d'Entwécklungslänner ze dekretéieren. A besonnesch Europa däerf déi sozial an ekologesch Dimensioun weder bei sech nach dobausse vergiessen. An der globaler Welt muss Europa säi soziale Modell erhalen an ausbauen, seng Ëmwelt erhalen a verbesseren an domat och dobaussen duerchsetzen.

Här President, d'Europäesch Unioun ass eng Wirtschaftsmuecht, déi ausser enger moralescher a politescher Autoritéit fir den Ableck wéineg Mëttelen huet, fir sech dobausse Respekt ze verschafen. Si gëtt als sou genannten „Softpower" bezeechent, an dach huet se esou Mëttelen. D'Europäesch Unioun ass indirekt iwwer wichteg Memberen am Sécherheetsrot vun der UNO vertratt. A wa se mat Drëttlänner Partnerschaften oder Zesummenaarbecht décidéiert, ka se dora Klausele géint Massevernichtungsmëttelen abannen, wéi se dat zum Beispill an engem Accord mat Tadjikistan den 11. Oktober 2004 gemaach huet a wéi se dat och an engem Accord d'association mat Syrien agefügt wëllt hunn.

Op deemselwechte Plang läit de Versuch vun der Europäescher Unioun iwwer Däitschland, Frankräich a Groussbritannien, den Iran mat wirtschaftlechen an diplomatesche Mëttelen ze iwwerzeegen, keng Atomwaffen ze produzéieren. Fir d'Europäesch Unioun als Wirtschaftsmuecht an als Muecht, déi op Verhandlungen a Multilateralismus setzt, däerf militäresch Interventioun ni zu engem Mëttel ginn zu deem ee gräift éier all aner Mëttelen ouni Erfolleg bliwwe sinn.

Här President, d'Europäesch Unioun huet sech als Zil gesat, bis 2010 schnell Eingreifstruppen opzebauen an domat eng Roll fir d'Erhale vum Fridden an d'Agräifen am Fall vu Krisen ze spillen.

Den Avion, dee Lëtzebuerg keeft, soll dozou bäidroen esou Truppen ze transportéieren a soll doriwwer eraus fir aner humanitär Flich benotzt ginn. Den Airbus, dee mer kafen, entsteet duerch eng europäesch industriell Entreprise, déi fir vill europäesch Firmen Opträg ofwerft an Aarbechtsplazen an der Industrie erhält oder schaaft. Krichsmaterial gëtt nun ebe produzéiert, an Europa, mengen ech, deet gutt drun och op deem Plang seng Eegestännegkeet ze entwéckelen.

Haut stëmme mer ee Projet de loi fir eng Décisioun ze formaliséieren, déi am Dezember 2002 vun der viregter CSV-DP-Regierung geholl gouf, ouni dass d'Chamber domat befaasst ginn ass. D'LSAP hat sengerzäit kritiséiert, wéi dat geschitt ass, mä net wat geschitt ass.

Zwar gëtt deen Avion eréischt 2017 geliwwert an domat operationell, fir d'LSAP ass et awer gradesou wichteg wéi den Ukaf vum Avion, d'Manéier wéi en agesat gëtt. Also et geet hei ëm den Ukaf vum Avion, mä zugläich musse mer kucke wéi en agesat soll ginn. Sécher wësse mer, dass e soll an déi belsch Arméi integréiert ginn. E muss awer onser Meenung no ënner Lëtzebuerger Souveränitéit a mat Lëtzebuerger Mandat agesat ginn, esou wéi mer elo bei de Friddensmissioune vu Fall zu Fall eegestänneg décidéieren, well mer och beim Asaz vum Militärfliger décidéieren, wou a wéi dat ze geschéien huet.

Well an der Logik vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ass et eng Evidenz, dass net nëmme politesch Décisiounen op deem Gebitt mat Eestëmmegkeet geholl ginn. Et ass gradesou evident, dass de Memberstaten hir Mëttelen, ob dat elo Zaldoten oder Material sinn, nëmme mat hirem expressen Averständnis agesat ginn.

Une voix.- Très bien.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, dee Flou, deen eng Zäit beim Avion geherrscht huet, ënnert der viregter Regierung, huet och iwwert dem hallwe Schëff geschwieft, wat jo anscheinend an der belscher Budgetsmisäre ënnergaangen ass.

Nu mengen ech, och opgrond vun der Sensibilitéit vun esou Dossieren - et ass schonn hei gesot ginn, och vum Här Goerens -, dass d'Regierung Interessi drun huet, kloer demokratesch Prozeduren anzehalen an der Öffentlechkeet klore Wäin anzeschenken.

An deem Zesummenhang wëll ech ee Wuert soen iwwert déi Gesetzesännerung, déi d'Regierung abruecht huet, fir bei Missiounen am Ausland d'Prozedur méi flexibel a méi schnell ze maachen. Elo muss jo opgrond vum Gesetz iwwert d'Opération pour le maintien de la paix, dat sou genannt OMP-Gesetz vun 1992, wann e puer Leit op eng Missioun an d'Ausland geschéckt ginn, e Règlement grand-ducal no Avis vum Conseil d'État an der Conférence des Présidents vun der Chamber geholl ginn. D'Chamberkommissioun konnt ëmmer erëm constatéieren, dass dës Missiounen net ouni Gefor waren, mä awer eigentlech keng Kampfhandlunge waren. An Zukunft soll der Regierung no just d'aussepolitesch Kommissioun bei esou Missioune consultéiert ginn, well d'Regierung och schnell reagéiere muss.

Ech hu perséinlech domat kee Problem, wann dës Consultatioun extensiv an intensiv ass. Ouni weder dem Conseil d'État, nach der Presidentekonferenz ze no ze trieden, sinn ech der Meenung, dass d'Verdeedegungskommissioun vun der Chamber à même ass, d'Portée vun enger Missioun ze erkennen an ze jugéieren.

Elo gëtt gesot, dat hunn ech och emol gelies, den Afloss vun der Chamber géif duerch dës Gesetzesännerung méi kleng ginn. Ech mengen dat net. Dat hänkt virun allem vun der Chamber selwer of. Wann zwëschent der Regierung an der aussepolitescher Kommissioun iwwer eng Missioun en Désaccord besteet, huet dës Kommissioun d'Méiglechkeet déi Fro virun dem Plenum an domat an d'Öffentlechkeet ze bréngen, eng Motioun ze stëmmen an déi Fro och zur politescher Ausenanersetzung ze bréngen.

D'Gesetz vum 27. Juli 1992 iwwert d'Opération pour le maintien de la paix seet, dass d'Regierung ënner anerem e Kontingent vun Zaldoten am Kader vun esou Operatioune ka schécken. Eng OMP-Missioun ass, dem Artikel 1 no vun deem Gesetz, ech zitéieren: «une mission à caractère civil ou militaire dont le but consiste notamment dans la prévention, la limitation, la modération ou la cessation d'hostilités internes ou inter-étatiques par l'intervention d'un tiers avec l'accord des parties directement concernées».

Dat sinn u sech keng klassesch Krichshandlungen, fir déi mer den Artikel 37 vun eiser Verfassung bemëie mussen.

Sécher, Här President, als leschte Gedanken zu dësem Bäitrag, musse mer op dës Diskussioun vu Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik zréckkommen, wann d'Europäesch Verfassung a Kraaft ass, well d'Kapitel iwwert d'Sécherheets- an d'Verdeedegungspolitik ass eent vun deenen, dat inhaltlech entwéckelt an ausgebaut gëtt. Géintiwwer de viregte Verträg gi fir d'éischt d'Missioune vun där Politik ausgeweit. Niewent de Petersberg-Missiounen, déi am Traité vun der Europäescher Unioun säit Maastrecht bestinn, kommen Aktioune fir Désarmement, Hëllef a Conseil fir d'Militär, Krisepreventioun a Stabiliséierungsoperatiounen no de Konflikter.

Et gëtt eng Agence fir Waffen a Fuerschung gegrënnt. Et gëtt eng extra Zort vu verstäerkter Zesummenaarbecht zwëschent Länner, déi besonnesch schwiereg Missiounen iwwerhuele wëllen an dat ass sécher eng wichteg Fro, och wat d'Participatioun vun den nationale Parlamenter doranner ugeet. An et gëtt och eng Solidaritéitsklausel zwëschent allen europäesche Memberstaten am Accord mam Artikel 510 vun der UNO-Charta.

Et gëtt iwwregens, dat wollt ech nach a Klamere soen, vu Géigner vun der Verfassung kritiséiert, dass am Artikel 41 vun der Verfassung nëmme vun de Prinzipie vun der UNO-Charta Rieds geet an net vun engem Mandat vum Sécherheetsrot vun der UNO. Ech verstinn deen Awand eigentlech net, well d'Prinzipie vun der UNO-Charta jo soen, dass d'UNO de Gewaltmonopol huet an dass e Mandat vun der UNO néideg ass fir an der Welt anzegräifen. Klamer zou.

Här President, fir mech sinn dës Bestëmmunge vun der Verfassung wichteg Elementer op dem Wee fir eng europäesch Verdeedegung. Europa als Wirtschaftsmuecht mat 450 Milliounen Awunner huet eng Verantwortung no bannen an no baussen. Dës Verantwortung ass eng global fir Fridden, fir Demokratie, mä och fir den nohaltegen Handel, fir Ëmwelt a Klimaschutz an der Welt, fir de Kampf géint d'Aarmut an d'Exclusioun.

Verdeedegungs- a Sécherheetspolitik ass een Element dovunner. Et kann een de Kranken an de Verfollegten net hëllefen, wann een se net beschütze kann a wann een déi net beschütze kann, déi hëllefen an déi gehollef kréien.

Déi grouss Majoritéit vun der Bevölkerung ass fir eng europäesch Aussepolitik a wënscht, dass Europa sech och militäresch Mëttelen dofir gëtt. Déi Europäesch Unioun, dat wëll ech hei awer wierklech och virum Land soen, ass keen imperialistescht Räich. D'Europäesch Unioun ass eng Schicksalsgemeinschaft, déi aus dem Krich ervirgaangen ass, fir de Fridden ze garantéieren. D'Europäesch Unioun ass de geneeë Géigendeel vun enger imperialistescher Muecht. Si huet bis elo an Europa Fridde geschaf a wëllt dat weider maache bei sech, ronderëm an an der Welt.

Ech mengen och, dass de Pazifismus, also den absolute Gewaltverzicht, keng Solutioun ass. De Réckzuch an national an europäesch Grenzen och net. Global Verantwortung fuerdert zivil a militäresch Mëttelen. Fir d'Sécherheet an onser globaler Welt ze garantéiere musse mer ons upassen, ons Mëttele ginn op allen zivile Pläng, an dem Handel, der Wirtschaft, der Hëllef, der Partnerschaft, mä och Mëttel um militäresche Plang an dofir stëmmt d'LSAP dëse Projet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et dierft deene meeschten heibannen net entgaange sinn an deene leschte puer Wochen, datt déi Gréng dëse Projet net wäerte stëmmen an ech muss natierlech fir dat ze motivéieren e bësse méi wäit aushuelen. Et hu jo och schonn anerer vu menge Virriedner dat elo gemaach, déi sech e bësse méi allgemeng beschäftegt hu mat der europäescher Sécherheets- a Verteidegungspolitik. Ech muss dat och maachen, fir kloer ze maachen, firwat datt eis Positioun haut esou ass wéi se nun eemol ass.

Säit dem Akraafttriede vum Vertrag vun Amsterdam am Joer 1999 ass e wesentlechen Tournement komm an der europäescher Sécherheets- a Verteidegungspolitik. Zwar waren och scho beim Maastrechter Vertrag eng Rei wichteg Elementer an deem Zesummenhang festgeschriwwe ginn, mä et ass duerch den Amsterdamer Vertrag, wou eigentlech déi richteg europäesch Sécherheets- a Verteidegungspolitik, ESVP, mat hiren dräi Komponenten, wéi mer se haut kennen, preziséiert a verdäitlecht ginn ass.

Wat sinn déi dräi Komponenten? Dat éischt ass eng militäresch Komponent. Iwwert déi gëtt eiser Meenung no am Moment am meeschten oder vill ze vill geschwat. Dat zweet ass eng zivil Komponent an dat drëtt ass eng Komponent vu Konfliktpreventioun. An zu där drëtter Komponent géif ech emol gäre behaapten an ech kommen nach dorobber ze schwätzen, obschonn zu Göteborg 2001 déi als déi wichtegst ugesi ginn ass, iwwert déi drëtt gëtt am Moment quasi guer net geschwat, respektiv hu mer eis am Moment nach iwwerhaapt keng Moyenë ginn. Eiser Meenung no ass dat awer eng vun deene wichtegste Komponenten an enger Sécherheets- a Verteidegungspolitik.

Déi zwou éischt Komponenten, déi militäresch an déi zivil, sinn och déi, déi an deene sou genannte Petersbuerger Aufgabe beschriwwe gi sinn. Si sinn och integrale Bestanddeel vum Titre 4 vum Vertrag vun der Unioun. 2001 ass awer déi drëtt Komponent méi preziséiert ginn, nämlech déi vun der Konfliktpreventioun an dat hat eng ganz Rei Grënn, well natierlech um Sommet vu Göteborg, wéi déi Komponent definéiert ginn ass, och schonn eng Rei Bilanë gezu gi si vun Echecer aus den 90er Joren, virun allem natierlech och vum Desaster vun deem wat um Balkan passéiert ass an esou weider.

An dunn ass gemengt ginn, datt eigentlech d'Konfliktpreventioun - ech kommen herno am Detail drop zréck wat fir eng Elementer dorënner ze verstoe sinn - misst e besonnesch grousse Stellewäert kréien am Kader vun der europäescher Sécherheets- a Verteidegungspolitik.

Wat beinhalten déi dräi Komponenten elo am Detail?

Déi militäresch, vun där am Moment am meeschte geschwat gëtt. Do kenne mer jo dat Schlagwuert vun deenen ominöse Battlegroups. Wat heescht dat? Déi Battlegroups hunn als Haaptzil, datt eng Sträitkraaft vu 60.000 Unitéite banne 60 Deeg ka mobiliséiert ginn an datt d'Garantie besteet, datt se zumindest ee Joer kann an engem Dauerasaz sinn, wann et noutwendeg ass.

An deem Kontext iwwregens, well natierlech vill iwwert déi Komponent an iwwert d'Schwaachpunkten, déi mer haut hunn, fir déi ze erfëllen, diskutéiert gëtt, huet sech anscheinend erausgestallt, datt mer an Europa ee grousse Schwaachpunkt hunn, dat sinn d'Transportcapacitéiten am militäresche Beräich. Et wieren der ze wéineg do an et gëtt gesot déi, déi mer hätten, wieren zu engem groussen Deel och nach vereelst, déi missten no an no ersat ginn.

An duerfir ass och déi Décisioun erbäigeschwuer ginn, fir de Kaf vun deenen 180 Airbussen, wou mer dann iwwer een dovunner haut de Mëtteg schwätzen. Ech mengen awer, datt et och nach aner Grënn gëtt, firwat iwwert déi Airbussen do geschwat gëtt a firwat déi Décisioun geholl ginn ass. Op déi kommen ech nach méi spéit zréck.

Zweete Punkt, déi zivil Komponent ass preziséiert ginn um Sommet zu Feira 1999 an zu Göteborg 2001 och. Déi huet virun allem e Véier-Moossname-Paquet zu deem sech verflicht ginn ass.

Deen éischte Punkt ass deen, datt eng Zesummenaarbecht vun de Polizeikräften ugestrieft gëtt an an deem Kontext ass zum Beispill festgehale ginn, datt et muss méiglech si fir 5.000 Polizeibeamte schnell ze mobiliséieren, wann et noutwendeg ass, 1.000 dovunner innerhalb vun 30 Deeg, wann et drëms geet zum Beispill d'Uerdnung an engem Land, an engem Krisegebitt erëm hierzestellen.

Den zweete Punkt ass, datt eng Stäerkung misst ugestrieft gi vun der Rechtsstaatlechkeet, entweder a Gebidder wou Krisen existéieren oder wou Krise behuewe sinn a wou mer nach an Iwwergankssituatioune sinn. Do ass sech zum Beispill verflicht ginn, datt musse relativ séier bis zu 200 Riichter, Statsanwält, Strofvollzuchsexperten an aner wichteg Persounegruppen innerhalb vum Geriicht a vum Strofvollzuch kënne bereetgestallt ginn.

En drëtte Punkt ass d'Stäerkung vun der Zivilverwaltung. Zum Beispill sollt et an Zukunft méiglech si fir Expertëgruppen, déi Wahle virbereeden a Länner, wou virdrun Onstabilitéit existéiert huet, awer och Expertëgruppe fir esou Saache wéi e Steiersystem opzebauen, Bildungswiesen, Waasserversuergung oder aner Saachen, déi zum zivile Beräich gehéieren, fir déi relativ séier erëm kënnen opzebauen.

Zum véierte Punkt gehéiert de Bevölkerungsschutz. Virun allem misst do e ganze logisteschen Apparat opgebaut ginn, dee kënnt den Hëllefsorganisatiounen zur Säit stoen a virun allem och do als Beispill nëmmen een erausgeholl, muss et fäerdeg bruecht ginn innerhalb vun dräi Stonnen Evaluéierungsteamen oder Expertenteame vu bis zu 2.000 Persounen ze mobiliséieren, fir a verschiddene Krisefäll kënnen op der Plaz agesat ze ginn.

Dat heescht, wann een deen zweete Volet kuckt, da stellt ee fest, datt dat wat do um Niveau Ressources humaines, Logistik an esou weider misst zur Verfügung gestallt ginn, en enormen Apparat ass an een enorme Käschtepunkt wäert mat sech zéien. Allerdéngs gëtt, wéi gesot, iwwert deen am Moment am Detail ganz wéineg diskutéiert, mä haaptsächlech iwwert deen éischten.

Deen drëtten ass dee vun der Konfliktpreventioun. Virun allem soll et dorëms goen, datt d'Ursaache vu Konflikter identifizéiert kënne ginn, fréizäiteg identifizéiert kënne ginn, fir se dann och kënnen ze bekämpfen. Et soll versicht ginn, eng ganz Logistik opzestellen, déi et erméiglecht méi effektiv Konflikter schonn an hirer Ufanksphas ze identifizéieren. D'international Zesummenaarbecht an deem Kontext soll gestäerkt ginn. Zu all deenen dote Punkte gëtt et bis elo rose wéineg, wat op d'Bee gesat ginn ass. Wann ee kuckt am Kader vun den EU-Budgeten, wat d'finanziell Envergure ass fir déi dote Saachen zum Beispill, da stelle mer fest, datt dat ridicule wéineg ass a bäi wäitem net dat ass, wat sech als Zil gesat ginn ass zu Göteborg 2001.

Fir déi Gréng ass et awer esou, dass déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik, zu där mer stinn - dat wëll ech ausdrécklech soen -, e Ganzt ass, dass déi dräi Komponenten zesummegehéieren, an datt mir keng Loscht hunn elo separat iwwer ee Volet, an da virun allem dee militäreschen ze diskutéieren, an déi aner an der öffentlecher Debatt permanent aussen vor gelooss ginn.

Mir mengen och dofir, an dat sinn eis gréisste Bedenken, déi mer am Moment hunn, wa mer kucke wéi d'Diskussioun am Moment gefouert gëtt, datt zum Deel hanne vir ugefaange gëtt an der Approche vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik.

Fir eis ass et op alle Fall kloer, do misst d'Hierarchie esou sinn, wann een déi dräi Komponenten hëlt, datt d'Konfliktpreventioun un éischter Stell steet, un zweeter déi zivil Komponent an dann un der drëtter Plaz eréischt déi militäresch kënnt.

Um Enn ass et awer esou, dass mir feststellen, datt de militäreschen Aspekt d'Top-Prioritéit genéisst an deen eigentlech als prioritär ugesi gëtt, an och dass sech e bëssen, fir net ze soen ëmmer méi staark der Illusioun higi gëtt, dass een duerch héich Investitiounen an deen dote Beräich eng Kéier e risestaarke Militärapparat kéint opbauen, deen eis dann déi Sécherheet an déi Sécherheetsgefiller géif ginn, déi mer bräichten an déi mer ustriewe mat deem gesamte Konzept.

Déi aner Konzepter, wéi gesot, gi vernoléissegt. Dee vun der Konfliktpreventioun - ech hat et gesot - ass zu Göteborg 2001 zur absoluter Prioritéit deklaréiert ginn. Wann ech déi Debatte verfollegen, déi de Moment intensiv och am Europaparlament stattfannen, da stellen ech fest, datt dat och am Europaparlament ganz staark kritiséiert gëtt, datt deen do Volet bis elo iwwerhaapt net weiderbruecht ginn ass, datt deen absolut e Stéifkand ass, an datt einfach alles wéi gesot sech just ëm dee militäresche Volet dréint.

A wann een dann doriwwer diskutéiert wéi ee Bäitrag ee Land am Kader vun där europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik soll leeschten, da menge mir, da muss een dat kënnen diskutéiere par rapport zu deene 25 Länner en fonction vun deenen dräi Sailen. Da muss et fir eis och egal sinn a wéi eng vun deenen dräi Sailen eventuell dat eent oder dat anert Land investéiert.

Ech wëll mech erklären. Ech mengen, dass et wéineg Sënn mécht fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat strictement keng militäresch Traditioun oder „Kultur" huet, wat éischter no der Ofschafung vum obligatoreschen Arméidéngscht de militäresche Volet op en absolute Minimum zréckgeschrauft huet. An dofir muss ee sech awer kënnen d'Fro stellen, wa Lëtzebuerg dann - a mir mengen, datt Lëtzebuerg säi Bäitrag zu der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik muss leeschte sougutt finanziell wéi och wat d'Zur-Verfügung-Stelle vu Leit wéi och wat d'Logistik ubelaangt - dee Bäitrag leescht, ob et dann net méi Sënn mécht fir esou ee klengt Land, wat wéi gesot keng militäresch Traditioun huet, an de Volet 2, deen ech virdrun opgezielt hunn, vun der Konfliktvermeidung investéieren ze loosse wéi onbedéngt an dee militäreschen Aspekt.

Ech mengen, wa mer iwwert déi gesamt Strategie, déi gesamt europäesch Sécherheets- a Verdeedegungsstrategie diskutéieren, da muss och de Bäitrag vun engem eenzelne Land par rapport zu deenen dräi Saile gekuckt ginn an net nëmme par rapport zu engem.

Mir mengen op alle Fall, dass et fir Lëtzebuerg méi Sënn ebe gemaach hätt, wann ee gesot hätt: Hei, komm mir schrauwen eis Ausgaben am Beräich vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik erop, mä mir investéieren an déi zivil Komponent oder an d'Komponent vun der Konfliktpreventioun, an dann hu mer genausou gutt e Bäitrag geleescht wéi anerer, déi vläicht Militärfligeren oder -schëffer kafen. Dann hätt dat sécherlech dora gepasst.

Ausser natierlech et ass ee wierklech der Meenung, datt déi dräi Komponenten net Bestanddeel vun engem gesamten europäesche Konzept, vun engem europäesche Modell sinn. Dat géife mir op alle Fall bedauerlech fannen an och contraire zu deem fannen, wat eigentlech op deene Sommeten Enn der 90er Joren diskutéiert ginn ass.

Dat géife mer och contraire fannen, Här Fayot, zu deem, wat am Konvent diskutéiert ginn ass, wéi sech d'europäesch Sécherheets- a Ver-

deedegungspolitik virgestallt gëtt, wou ëmmer insistéiert ginn ass op d'Zesummespill vun deenen dräi Komponenten do. Op alle Fall ass et fir eis relativ bedenklech, wa mer als Lëtzebuerg higinn an eben dee Wee aschloen, dee mer hei aschloen, andeem mer wéi gesot reng an dee militäreschen Aspekt investéieren, wou mer an d'Richtung ginn, andeem mer dee Militärfliger finanzéieren.

Da kënnt een anert Argument, dat ech wëll virbréngen, wat eis besonnesch gestéiert huet an där ganzer Diskussioun hei, sougutt scho bei där viregter Regierung wéi bei där heiter, déi déi Argumentatioun zum Deel weidergefouert huet. Dat ass, datt dee Militärfliger hei zum gudden Deel an der Öffentlechkeet gerechtfäerdegt ginn ass mat humanitären Zwecker.

Komm mir sinn éierlech: Dat, wat mer hei kafen, ass e Militärfliger, an deen ass geduecht virrangeg fir militärescht Material ze transportéieren, e Militärhelikopter ze transportéieren. Dee Fliger gëtt iwwregens och deementspriechend militäresch équipéiert mat Maschinnepistoulen, logescherweis, well e geduecht ass fir haaptsächlech militäresch agesat ze ginn.

Wat hei an de Vierdergrond geschobe gëtt, och elo nach - fir meng Begréffer e bëssen zynesch - um Hannergrond vun der Tsunami-Katastroph, dat ass op alle Fall scho bal de mauvais goût, géing ech soen, dat ass net dat, firwat de Fliger ugeschaf gëtt.

De Fliger hei gëtt kaaft am Kontext vun enger europäescher militärescher Strategie a mir sollen och wann ech glift endlech ophalen, déi geféierlech Vermëschung ëmmer erëm ze maachen, déi Usus ginn ass an där leschter Zäit, fir déi militäresch Missiounen esou einfach locker an engem Otemzuch ze nenne mat deenen humanitären, respektiv fir dat ze maachen, wat mer hu misse feststellen, och an deene leschte Konflikter, virun allem an Afghanistan, an dat de Sonndeg och zu Recht op där Debatt op der Televisioun vun engem Vertrieder vu Médecins sans frontières opgeworf ginn ass, wou carrément esouguer gesot gëtt, zum Beispill an Afghanistan: Wann Dir Iech net esou behuelt wéi mir dat als militäresch Muecht hei gären hätten, da sträiche mer Iech d'humanitär Hëllef oder d'humanitär Hëllef ass gebonnen un de Fait, datt Dir Iech behuelt esou wéi mir et gären hätten.

Do gi geféierlech Spillercher gemaach, geféierlech Vermëschunge gemaach, a kommt mir sinn esou éierlech a mir soen, firwat datt mer dee Fliger hei kafen, kommt mir loossen déi humanitär Aspekter hei eraus, soit datt en och vläicht iergendwann eng Kéier agesat gëtt, fir Medikamenter oder ech weess net wat och iergendswou ze féieren.

Ee leschte Punkt, deen ech awer mengen, deen een och net kann négligéieren an där ganzer Diskussioun, dat ass deen, datt et gewëssene Käpp an Europa och virschwieft fir een Op- oder Ausbau vun der europäescher Rüstungsindustrie an d'Wee ze leeden, a mat haaptsächlech där Bestellung vun deenen 180 Airbussen hei gëtt dat relativ däitlech.

Ech wëll verweisen op een excellenten Artikel vum Romain Hilgert am „Lëtzebuerger Land" vum 8. Juni 2001, deen dat menger Meenung no ganz gutt folgendermoossen analyséiert huet, wou e seet: „Die Entscheidung der belgischen und luxemburgischen Regierung vom Freitag…" - also 2001 natierlech - „…drängte, denn in 14 Tagen will Airbus bei der Pariser Rüstungsmesse von Le Bourget endlich ein Auftragsheft für sein großes Militärprojekt vorlegen können, um am 21. Juni um 14.00 Uhr alle Zweifel darüber zu zerstreuen, dass der Transporter überhaupt jemals gebaut wird. Und mit dem A400M will die europäische Airbus sich endgültig auch im Rüstungsgeschäft gegen die US-Konkurrenz von Boeing und Lockheed Martin behaupten.

(…) Weil es aber billigere Angebote der US-amerikanischen und russischen Konkurrenz gibt, werden immer wieder Zweifel laut, ob es überhaupt genügend Nachfrage gibt, um einen eigenen europäischen Transporter zu entwickeln. Doch auf diesem Gebiet sind marktwirtschaftliche Überlegungen zweitrangig. Um die hohen Entwicklungskosten zu bezahlen, müssen mindestens 180 Maschinen bestellt werden; Airbus rechnet mit dem Absatz von 225 Maschinen zu einem Gesamtpreis von 20 Milliarden Euro."

Ech mengen, datt déi Analys do richteg ass, an datt een dat awer soll am Kapp behalen, datt et hei awer och ëm Geschäftemacherei geet an deem dote Kontext, an net nëmmen ëm hehre Ziele ronderëm eng europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitk, well mir wësse jo, wien alles an deem Konsortium Airbus mat dran ass. Dofir menge mer, och wa mer esou frou wéi mer waren iwwert déi Entwécklung vun deem fantasteschen zivile Fliger vun Airbus, esou onglécklech mécht et eis awer, datt gemengt gëtt, mir missten elo an deem dote Geschäftchen och nach international eist Geld an Zukunft mat verdéngen.

Ech wëll och ofschléissend soen, Här President, datt mir als Gréng eigentlech warne virun där Illusioun, déi ëmmer erëm an de Raum gestallt gëtt. Wéi dat dann oft an esou Fäll ass, wann iwwer esou Saache wéi dat hei diskutéiert gëtt, gi jo all méiglech Konflikter, all méiglech Völkermorden erbäigezunn, fir esou Saache wéi dat heiten ze rechtfäerdegen an op déi Nécessitéit haaptsächlech vun deem militäreschen Aspekt ze verweisen.

Ech mengen, datt et eng Illusioun ass, niewent dem Punkt, datt mir als Gréng och der Meenung sinn, datt et net nëmme Gutmenschen op dëser Welt gëtt an datt een e militäreschen Aarm brauch an enger Verdeedegungspolitik. Et ass awer eng Illusioun ze mengen, datt dee militäresche Volet deen ass, deen dee wichtegsten ass an der Bekämpfung vun Terrorismus oder Krisen an eiser Welt.

Mir brauche jo nëmmen eng Kéier éierlech de Bilan ze zéien, an deene Länner wou militäresch Interventiounen an deene leschte Jore gemaach gi sinn. Wann ech Afghanistan kucken: Natierlech si mer all frou doriwwer, datt den Taliban-Regime an Afghanistan net méi do ass. Mir mussen awer och esou éierlech sinn a soen, datt mer wäit ewech sinn am Moment vun der Léisung vun der innerer Kris an Afghanistan. Mir hunn an Afghanistan eng Situatioun wou ronderëm Kabul alles méi oder wéineger ënner Kontroll ass, mä de Rescht vum Land, do kann een awer nawell doriwwer diskutéieren, wéi vill do wierklech ënner Kontroll ass a wéi d'Zoustänn do sinn.

Vun der militärescher Interventioun am Irak wëll ech net schwätzen, well do d'Europäesch Unioun, a virun allem och Lëtzebuerg, jo méi eng kritesch Haltung haten, mä et ass awer och erëm e Beispill wat ee kann opzielen, an et kënnt een iwwerhaapt de Bilan emol zéien aus all deene militäreschen Interventiounen. Och wa verschiddener eiser Meenung no gerechtfäerdegt waren, haaptsächlech um Balkan, fir de Völkermord verschiddentlech ze verhënneren, dee sech do ugebaht huet, esou ass et awer esou, datt de militäreschen Apparat als solches net herno d'Kris wäert léisen oder net gëeegent ass fir d'Kris ze léisen.

Ech mengen duerfir, datt eigentlech nach ëmmer net verstane gëtt, datt awer déi zwee aner Aspekter, nämlech déi vun der Konfliktvermeidung oder der Preventioun, vill méi wichteg sinn an där doten Diskussioun wéi dee militäreschen, an datt mer eigentlech awer riskéieren der Illusioun ze verfalen, ze mengen, wa mer elo eng staark europäesch Arméi hunn, dann hätte mer schonn dat meescht gemaach.

Et kënnt een natierlech d'Ausféierungen nach méi wäit féieren an och iwwer aner Aspekter diskutéieren, déi och zum preventive Charakter gehéieren, d'Europäesch Unioun als Sozialmodell a sou weider, mä ech mengen dat maache mer an engem anere Kontext, wa mer iwwert d'Europäesch Verfassung schwätzen oder aner europäesch Debatten hei féieren. Ech wëll duerfir haut emol ofschléissen a soen, datt déi Gréng eigentlech duerfir dräi Grënn hunn, firwat se der Meenung sinn, datt dee Fliger hei eigentlech net onbedéngt déi beschten Décisioun war, déi eng Regierung kann huele fir de Bäitrag ze leeschte vu Lëtzebuerg an enger europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik.

Deen éischten ass dee wéi ech gesot hunn, mir sinn der Meenung, datt de Moment nëmmen iwwert dee militäreschen Aspekt generell diskutéiert gëtt a ganz wéineg iwwert déi zwee aner, a mir sinn doriwwer eraus der Meenung, datt et muss am Kader vun dem Bäitrag vun deenen eenzelne 25 Länner duerchweegs méiglech si fir e Land wéi Lëtzebuerg ze décidéieren, datt säi Bäitrag haaptsächlech ze gesinn ass andeem investéiert gëtt an de Volet 2 oder de Volet 3, déi ech virdrun opgezielt hunn.

Dann dee leschte Punkt, dat ass deen, datt ech awer de Verdacht net lassginn, datt et hei schlussendlech ëm Rüstungsgeschäfter geet, déi eis skeptesch maachen an där heiten Diskussioun. Aus all deene Grënn, Här President, mir sti weider zu der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik, mä mir wäerten dëse Projet hei net stëmmen a mir sinn och net der Meenung, datt dat hei e wichtege Bestanddeel ass fir Lëtzebuerg fir kënnen, wéi virdu gesot ginn ass, matzehalen an och an Zukunft kënne mat ze diskutéieren an deem dote Kontext.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren, ass schonn en historeschen Ament, well fir d'éischt an onser Geschicht soll décidéiert ginn, fir e Militärfliger ze kafen. E Militärfliger, deem säin Haaptzil et ass fir militäresch Interventiounen ze maachen, an et wier falsch, wéi och mäi Virriedner et hei scho richteg ervirgestrach huet, fir ze soen, datt dat heiten e Fliger wier, deen haaptsächlech fir humanitär Zwecker kéint gebraucht ginn.

De Käschtepunkt gëtt ugi mat 120 Milliounen Euro op der Basis vum Präisniveau vun 2001. De Kafpräis vum Fliger ass wuel de richtege Präis fir d'Joer 2001, mä et ass de falsche Präis haut am Joer 2005. De richtegen, aktualiséierte Kafpräis läit bei 133,24 Milliounen Euro. Dat sinn a Lëtzebuerger Frang eng ronn 5,4 Milliarden. Am Joer 2001 war den Eenheetspräis berechent ginn op der Basis vun enger globaler Commande vun 288 Fligere vum Typ A400M. Dat ass deen Airbus vun deem mer schwätzen. Or déi Commande ass op 180 Fligere reduzéiert ginn.

D'Entwécklungskäschte vun dem Fliger sinn awer nach ëmmer déiselwecht, sauf datt dës Käschten elo op 180 Fligeren opgedeelt ginn, statt op 288. Déi reduzéiert Produktiounszifferen erhéijen den Eenzelpräis vum Fliger. Am Budgetsbericht vum franséische Parlament fir d'Joer 2005 gëtt gesot, datt déi 50 Airbussen, déi Frankräich soll kafen, 6 Milliarden 662 Milliounen Euro solle kaschten, wat also e Stéckpräis vun 133,24 Milliounen Euro ergëtt. Dat si vill méi Suen, wéi dat am virleiende Gesetzesprojet drasteet.

Ech wëll drun erënneren, datt mer all Kéiers wann d'Chamber e Bauteprojet hei diskutéiert, dann ëmmer kucken, fir en aktualiséierte Präis virleien ze hunn, fir datt d'Chamber och genau weess, wat dann de Bau soll kaschten. Wann et awer ëm e Militärfliger geet, da gëtt dat net gemaach, da gëtt e Präis geholl, deen elo véier Joer al ass. An et ass doduerjer natierlech, datt d'Regierung deen Ablack och e Finanzéierungsplang virleet, dee falsch ass, well hei och eng hallef Milliard, well hei och iwwer 13 Milliounen Euro feelen. Mir verlaange vun der Regierung, datt se ons haut seet, wéi de richtege Kafpräis ass, an datt se och higeet an dee Finanzéierungsplang ännert an deem neie Präis upasst.

Am Kontext vum Finanzéierungsplang wëll ech och ervirsträichen, datt a Frankräich an an Däitschland gesot ginn ass, datt déi Regierung, déi esou e militäreschen Invest décidéiert, och muss kucken, datt während hirer Legislatur de Kafpräis bezuelt gëtt, an datt dat net op eng oder zwou oder dräi Regierungen eriwwer soll geluecht ginn. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net gesetzlech verankert, mä et wier awer e richtege Prinzip.

Wat een och muss festhalen, dat ass, datt de Kaf vun engem Transportfliger keng Prioritéit fir ons Arméi ass. Mir soen, datt prioritär an d'Formatioun vun eise Leit, an d'Moderniséierung an an d'Spezialiséierung vum Equipement vun eiser Arméi investéiert soll ginn, zum Beispill iwwert d'Véhicules de reconnaissance oder d'Panzerung vun eisen Humveeën. An deem Kontext hat ech iwwregens den Dezember eng parlamentaresch Ufro un eisen Arméiminister geriicht, wou de Minister huet missen dës Méssstänn unerkennen.

Ons Leit fuere gréisstendeels an ongepanzerten Humveeën dorëmmer, an dat a Krisegebidder. Et ass skandaléis, wann d'Regierung amplaz an d'Sécherheet an d'Effikassitéit vun eiser Arméi, amplaz an d'Formatioun vun eisen Zaldoten ze investéieren, et virzitt, prioritär an den Transport vun den Zaldoten, hin an zréck an d'Krisegebidder, ze investéieren! Wéi et hinnen an de Krisegebidder geet, dat ass der Regierung net esou prioritär. Do läit de Reproche, dee mir der viregter Regierung gemaach hunn. Do läit och de Reproche, dee mir dëser Regierung maachen.

Ee vun de Grënn, déi ugefouert ginn, fir an en deiere Fliger ze investéieren, ass datt onst Land misst, fir sengen internationale Verflichtunge gerecht ze ginn, méi en héije Prozentsaz vum PIB an d'Arméi investéieren. An internationale Kreeser kréie mer effektiv reprochéiert, datt mir mat 0,8% vum Bruttoinlandsprodukt wäit hannerun deenen aneren europäesche Länner wéi d'Belsch, Frankräich oder Däitschland leien, wat d'Militärausgaben ugeet. Mä et gëtt awer och e gudde Grond duerfir.

All déi Länner, déi méi investéieren, déi ganz oft dat Duebelt investéieren a militäresch Zwecker, hunn och eng militäresch Industrie, hunn och en direkten ekonomeschen a sozialen Intérêt fir dat ze maachen, fir déi Industrien um Liewen ze erhalen a fir Aarbechtsplazen ze schafen. Doduerjer gesäit een och, datt et ganz vill Kompensatiounsgeschäfter gëtt, déi europawäit vereinbart ginn. All déi Länner mat engem héije Budget hunn also en direkten oder indirekten Intérêt fir Militärausgaben ze maachen.

Lëtzebuerg huet um ekonomesche Plang guer näischt vum Kaf vun Arméimaterial oder vun engem Arméifliger. Eis Banken däerfen net emol un der Finanzéierung vu Waffegeschäfter participéieren, well mer hinnen dat iwwert d'Gesetz verbueden hunn. All aner Banken an Europa kënnen dat maachen. All Euroen, déi Lëtzebuerg a militäresch Ausgabe stécht, …

(Interruption)

… ginn un auslännesch Waffenindustrien. An dat muss och e gudde Grond sinn, fir als Lëtzebuerg e klengeren Deel vun eisem PIB an d'Arméiausgaben ze stieche wéi aner Länner, déi e wirtschaftlechen Notzen dovun hunn. A mir kënnen och ervirsträichen, datt mir Wélles hunn…

M. le Président.- Här Henckes, den Här Grethen wëllt lech eng Fro stellen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo.

M. le Président.- Här Grethen, wann ech gelift.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, ech wollt den Här Henckes froen, ob e sech bewosst wier, dass awer eng ganz Rei Lëtzebuerger industriell Betriber Zouliwwerer vun der Aviatiounsindustrie sinn a sécherlech och an deem doten Avion wäerten zum Zoch kommen, ob dat d'Rotarex ass oder anerer, déi wäerten do och hiert däerfe liwweren.

(Interruption)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Also, ech ka just nëmme soen, datt op Basis vun deem, wat bis elo feststeet, wou dee Militärfliger soll gebaut ginn, mer zum Beispill fir de Radar op d'Amerikaner wäerten zréckgräifen…

(Interruption)

…, datt alleguerten déi Donnéeën, déi hei festleien,…

(Interruption)

…an Däitschland, Frankräich an all deene Länner gebaut ginn, wou elo virgesinn ass an datt hei op jidde Fall par rapport zu engem Chiffer vu 5,4 Milliarden aler Frang,…

(Interruption)

…wa vun 133 Milliounen Euro vläicht elo eng Millioun Euro effektiv u Geschäfter géing kommen, dann ass dat op jidde Fall…

M. le Président.- Här Henckes, erlaabt Dir nach eng Kéier?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Da froen ech d'Regierung, si soll eis hei soen, wat déi ekonomesch Retombéeë fir Lëtzebuerg sinn.

M. le Président.- Här Henckes, den Här Grethen wëllt nach eng Zousazfro stellen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo.

M. Henri Grethen *(DP).*- Jo, Här President, ech wollt dem Här Henckes soen, dass zum Beispill all Kéiers dann, wann en an engem Airbus sëtzt, de Buedem aus Material hiergestallt ass, wat zu Iechternach bei Eurocomposite fabrizéiert gëtt.

Une voix.- Jo.

Une autre voix.- Très bien.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wëll dem honorabelen Här Grethen dann awer och soen, datt wann ech Transportminister gewiescht wier, hätt ech dofir gesuergt, datt Luxair soll Airbusse kafe statt Boeingen. Do hätte mer effektiv eppes gemaach.

(Hilarité et interruptions)

Vun där Militärdépense, iwwert déi mer haut diskutéieren, huet eist Land op jidde Fall ganz wéineg. De Fliger wäert vu belsche Pilote geflu

ginn, d'Wartung wäert och vu belschen Techniker gemaach ginn an de Fliger wäert och an der Belsch stationéiert sinn, wat eis och deier ze stoe wäert kommen.

Den Här Minister huet eis an der Kommissioun gesot, dëse Punkt géing awer nach mat der belscher Regierung diskutéiert ginn. Dofir meng Fro: Gëtt et nei Elementer oder ass déi nei Regierung gewëllt, déi Optioun ze iwwerhuele vum viregten Arméiminister, deen an der Chamber gesot huet, hie géing eng hallef Dose Lëtzebuerger Piloten ausbilde loossen, fir eis Maschinn ze fléien? Ech wier frou, wann de Minister eis do géing e puer Prezisioune ginn, mä fir den Ablack, gesäit et esou aus, datt alles soll an der Belsch gemaach ginn.

M. Henri Grethen *(DP).*- Vläicht 2015.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Doriwwer eraus gëtt och vun Iwwercapacitéiten am militäreschen Transportberäich geschwat an d'Fro stellt sech och, ob eise Fliger iwwerhaapt zum Asaz kënnt an ob en net einfach wäert raschte gelooss ginn.

Ech froen den Här Arméiminister gären, wéi vill Deeg am Laf vum leschte Joer oder am Laf vun de leschte Joren, militäresch Transportfligere vun der Belsch a vu Lëtzebuerg an den Asaz komm sinn a wéi vill Tonne respektiv wéi vill Zaldoten all Kéiers transportéiert goufen a firwat d'Fligere benotzt goufen.

Wéi an deem ganzen Dossier virgaang gouf, hu mir vun Ufank u kritiséiert. Ouni d'Chamber fir d'éischt iwwert d'Opportunitéit vun engem Engagement ze consultéieren, hat déi viregt Regierung sech engagéiert en A400M, e Militärtransportfliger, ze kafen. Dëst war an ass prozedural inakzeptabel.

Et kann dach net sinn, datt 133 Milliounen Euro engagéiert ginn ouni am Virfeld eng Debatt doriwwer an der Chamber ze hunn. Mir kontestéieren net de Prinzip an d'Noutwendegkeet vun Ausgaben, déi sech aus eisen internationale Verflichtungen am Kader vun der geplangter europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik erginn, awer - an dat wëlle mir als ADR betounen - et ass eis als Land net virgeschriwwen, duerch wellech Investissementer mir dëse Bäitrag solle leeschten. Wa Lëtzebuerg misst - ech soe misst - sech e militäreschen Transportfliger kafen, dann däerfe mir och iwwer eng Alternativ zum Airbus nodenken.

Ech erënnere just un d'Debatt vum 18. Dezember 2003, wou et iwwert d'Reaktivatioun vum Fonds d'équipement militaire gaangen ass.

D'Europäesch Unioun brauch strategesch Militärtransport-Capacitéit - dat ass ganz evident -, mä et ass net verständlech, datt déi Länner, déi u militäreschen Effortë participéieren aus renge Prestigegrënn och nach an d'Neientwécklung vun engem eegenen Transportfliger mussen investéieren an datt se doduerjer Iwwercapacitéite schafen. Fir d'Halschent vum Geld, dat heescht fir 60 Milliounen Euro pro Fliger, hätt datselwecht Zil erreecht kënne ginn, wann een op der Basis vum russesch-ukraineschen Antonov geschafft hätt.

Den Antonov, vun deem mir schwätzen, ass den An70, deen och mat véier Propelleren ausgestatt ass, deen iwwerall kann agesat ginn an op Piste vun nëmmen 1,5 km ka landen.

Déi ukrainesch Firma hat am Joer 2000, wéi déi éischt Debatten ugefaangen hunn, ugebueden den Antonov an Europa bauen ze loossen an och europäesch Technologien an de Bau ze integréieren.

(Interruption)

Oh, ech sinn ëmmer frou…

(Interruption)

Ech wäert herno e puer Zitater gi vun der CDU a vun der däitscher Regierung,…

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, loosst den Här Henckes schwätzen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- …wou déi Gréng och mat dra sinn, da wäert Dir gesinn, datt vun alle Säiten déi Solutioun do an der Diskussioun stoung.

(Interruption)

Am Joer 2001 huet déi däitsch Regierung festgehalen, datt den Antonov An70 operationell a wirtschaftlech dem A400M iwwerleeën ass.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech weess, den Här Glesener lauschtert no, ech maache just nëmmen en Zitat vun deem, wat déi däitsch Regierung geschriwwen huet: „Die deutsche Bewertung habe festgestellt, dass An-7X im technisch/operationellen und wirtschaftlichen Bereich der A400M überlegen sei."

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

An och fir op déi Debatt anzegoen, wéi deier dann de Fliger kascht, do huet den honorabele Rapporteur an engem Interview gesot, et wier dach vill ze vill deier, wann ee fir 140.000 Euro den Dag misst esou ee Fliger leasen. Mä en huet awer vergiess eis hei ze soen, datt wann den Airbus no de Berechnunge vun Airbusindustrie géing agesat ginn, dann ass de Käschtepunkt pro Dag bei 360.000 Euro, dat heescht dat Dräifacht, wann een d'Frais d'amortissement mat arechent.

(Interruption)

De Bundesrechnungshof huet a sengem Avis vum 14. Mäerz 2001 awer och en anere wichtige Punkt ervirgestrach, nämlech ob een iwerhaapt esou vill Transportfligere géing brauchen an ech zitéieren och do: „Für die A400M ergäbe sich mindestens eine Vervierfachung der Lufttransportleistung, für die keine nachvollziehbare Bedarfsrechnung vorliegt." A weider: „Situationsabhängige Transportflexibilität wäre durch Fixierung auf ein Flugzeug in großer Stückzahl nicht möglich, weshalb weiterhin andere Flugzeuge geleast werden müssten, während der Grossteil der Airbusflotte nutzlos am Boden steht."

An anere Wierder, Europa riskéiert mat haut 180 Airbussen Iwwercapacitéiten ze hunn a muss trotz dem deieren Invest an den Airbus awer op Antonoven oder op amerikanesch Herkulessen zréckgräifen, fir sech de jeeweilege Problemer an de Kriseregiounen unzepassen.

Datselwecht hält, iwwregens net nëmmen déi däitsch Regierung, mä och déi fransëisch Regierung an hirem Commentaire zum Budget 2005 fest. Ech zitéieren: „Le recours ponctuel à des appareils affrétés à l'exemple des opérations en Afghanistan et Congo démocratique sera poursuivi." De Fliger, deen d'Fransouse lease wëllen, ass den Antonov An124, ech hunn d'Zitater an d'Extraitë vum Budgetsrapport virleien.

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Däerf ech eng Fro stellen, Här Henckes?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Selbstverständlech, Här Rapporteur. Mat der Autorisatioun vum President.

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Wann déi dote Fligeren, déi Dir elo genannt hutt, effektiv esou wierksam sinn an esou vill besser si wéi den Airbus, da stellen ech mer awer d'Fro, firwat datt dann déi däitsch Regierung 60 där Fligere keeft a firwat d'franséisch Regierung 50 där Fligeren do keeft. Dat verstinn ech net.

(Interruption)

…nogelauschtert huet, den Här Schröder, vläicht géifen se dann déi aner Fligere kafen, mä leider Gottes hunn se lech net héieren.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här Glesener, ech erlabe mer lech herno nach e puer Zitater ze ginn, da wäert Der héiere wuefir dat geschitt.

(Interruptions)

Den Invest an den europäesche Militärtransportfliger aus purem Prestigedenken eraus mécht kee Sënn aus der Siicht vun enger europäescher Verdeedegungspolitik. Et ka keng wierklech europäesch Aussepolitik ginn, selbstverständlich, ouni datt eng Arméi déi Aussepolitik begleet wann et néideg ass. Wann et heescht Leit un de Verhandlungsdësch ze bréngen, déi eng Gefor fir de Fridden a fir d'Sécherheet duerstellen, a wann et heescht fir nees Fridden an déi Regiounen ze bréngen, wou et Krich gëtt. Et däerf een net esou naiv si fir ze gleewen, datt gutt Wierder eleng Rou a Krisenzone bréngen.

Déi europäesch Länner ginn all Joer méi wéi 150 Milliarden Euro fir hir Verdeedegung aus. Amerika dat Duebelt. Mä trotz dësen 150 Milliarde mécht d'Effikassitéit vun den europäeschen Arméien nëmmen 10% vun der amerikanescher aus. Dat heescht, mir gi vill Suen aus fir wéineg Resultater.

Déi strategesch Transportcapacitéiten, déi elo solle mam Airbus A400M opgebaut ginn, déngen an éischter Linn dem Prestigedenken nom Motto: Wann d'Amerikaner en Transportfliger hunn, muss Europa och een hunn. An anstatt eng Kooperatioun mat deem aneren europäesche Land ewéi d'Ukraine ze sichen, gëtt vun e puer Länner - ech soe wuel vun e puer Länner, dat sinn der net vill, déi un dësem Projet participéieren - e groussen Deel vum Militärbudget an e Projet vun engem neie Militärfliger gestach.

D'Resultat ass, datt zum Beispill Däitschland, mä och Frankräich, dann ebe manner Suen an aner militäresch noutwenneg Investitioune stiechen, wéi Helikopteren, Ofwierrakéiten, Panzerween. Et brauch een nëmmen de Plan pluriannuel d'investissement militaire ze kucken a Frankräich oder an Däitschland, déi Zuele weise ganz kloer aus wat hei geschitt.

Esou hëlt ee sech d'Méiglechkeet fir militäresch ouni d'Amerikaner kënnen an eng Krichsregioun anzegräifen. D'Budgets pluriannuels vun dësen zwee Länner weisen d'Resultat kloer aus.

Nëmme sechs EU-Länner, Lëtzebuerg mat agerechent, wëllen sech um Airbus-Projet bedeelegen.

Une voix.- Neen!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Italien a Portugal…

(Interruptions)

…hu sech zréckgezunn a si hate Recht. D'Türkei bedeelegt sech nëmmen um Projet, well d'EU hinne Suen dofir iwwerweist, mä déi se dann nees erëm zu engem Deel zréckkréien.

Et mécht kee Sënn fir vill Suen an den Transportfliger ze stiechen, wann een herno keng Sue méi huet fir um Terrain ze handelen a fir Zaldoten, déi a Krisegebidder geschéckt ginn, korrekt ze équipéieren.

A loosse mer virun allem deen humanitären Deckmäntelchen op der Säit, wann ee seet, dëse Fliger géing haaptsächlech fir humanitär Zwecker agesat ginn. An alle Länner, wou iwwert de Militärfliger debattéiert ginn ass, gëtt geschwat vun „flotte aérienne de transport tactique", vu Parachutisten, Missilen an esou weider, déi sollen transportéiert ginn. Dëst fir déi Wierder aus dem franséische Militärbudget ze zitéieren.

Fir humanitär Missioune ginn an all deene Länner aner Fligeren agesat a si gi souguer mam Numm genannt.

Den Invest vun e puer EU-Länner an e sou genannten europäeschen Transportfliger, eleng aus purem Prestigedenken, ass op jidde Fall net de Wee fir d'Schafe vun enger eegener europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik.

(Interruption)

Déi berühmte Force d'intervention rapide vu 60.000 Zaldote kéint dann zwar séier an d'Krichsgebidder gefléiert ginn, mä da wier et ouni d'Amerikaner séier eriwwer, well et um néidege Material géing hannen a vir feelen.

D'Sue fir en Airbus, fir e militäreschen Transportfliger, si Sue fir e grössenwahnsinnege Projet vun e puer Länner. Et sinn ewechgeworfe Suen.

Am Résumé: Den ADR wäert dëse Projet net stëmmen aus e puer Grënn:

1. De Projet ass grössenwahnsinneg an ze deier.

2. E militäreschen Transportfliger ass déi falsch Prioritéit fir ons Arméi.

3. Den Invest an en neien Transportfliger, deen nach entwéckelt muss ginn, handicapéiert déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik; a mir sinn domat d'accord mat villen anere Länner.

4. Mir gesi prioritär d'Aufgaben, déi mer musse maachen, an der Entwécklungshëllef; wat och e gudden Deel vun där Politik ass, déi fir méi Sécherheet soll déngen.

Dofir wäerte mer net dëse Projet kënne stëmmen, well dëse Projet kee Sënn mécht.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Minister Frieden. Här Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Défense.*- Här President, virun e puer Stonnen, de Moien, war ech zesumme mam Statsminister a mam Ausseminister um NATO-Sommet zu Bréissel. An un der Mauer vun deem Gebai vum Haaptquartéier vun der NATO sinn d'Fändele vu 26 Länner, déi Member si vun der NATO. Relativ an der Mëtt vun där Mauer ass de Lëtzebuerger Fändel. Ronderëm sinn d'Fändele vu villen Alliéierten; där déi nach virun zéng, 15 Joer als eng Gefor ugesi ginn, sëtzen haut mat eis zesummen um Dësch vun der NATO fir zesummen derfir ze suergen, datt do wou mir wunnen, heiheem, Fridden a Gerechtegkeet besteet. Mä net nëmmen do wou mir wunnen, iwwerall an der Welt wou mer fannen, datt mer mussen hëllefen, fir eis fir eng friddlech Welt anzesetzen.

De Fait, datt un deem Dësch Leit sëtzen a Länner sëtzen, déi sech virdrun als Gefor ugesinn hunn, ass eng grouss Errongenschaft engersäits vun der NATO an anerersäits vun der Europäescher Unioun, déi vun hirem Ufank un e Friddensinstrument war, an och d'Elargissementspolitik, déi ee muss gesinn als Friddensinstrument. Dat gëllt esouwuel fir d'NATO wéi fir d'Europäesch Unioun.

An de Moien an där Sitzung koum an engem gewëssene Moment och deen neie President vun der Ukraine an hien huet gefrot, fir datt säi Land kéint Member vun der NATO ginn, fir datt och säi Land kéint stabel ginn, datt och säi Land déi Garantië géing kréie fir kënnen an enger sécherer Welt ze liewen, fir datt d'Demokratie, d'Fräiheet, d'Mënscherechter, déi Grondwäerter, un déi mir an eisen Demokratië gleewen, sech entfale kënnen.

All déi Stats- a Regierungschefen, déi intervenéiert sinn, hu gesot, datt mer zesumme mussen déi Politik maachen. Mä wann een dat seet, da muss ee sech och duerfir Mëttele ginn. An et ass och duerfir firwat d'Europäesch Unioun, am Kader vun deenen Entwécklungen, déi de Mëtten hei vun enger Rei vun de Kolleegen in extenso beschriwwe gi sinn, sech am Kader notamment vun dem neie Verfassungsvertrag wëllt d'Mëttele gi fir eng richteg politesch Unioun ze ginn, déi och kann, wann dat noutwenneg ass, als lescht Mëttel och militäresch Mëttelen asetzen, fir Krisen an der Welt ze prevenéieren oder op en Enn ze bréngen.

Dat eent an dat anert, dat wat mer an der NATO maachen an dat wat mer an der Europäescher Unioun maachen, geet selbstverständlech Hand an Hand. De fransëische President sot de Moien a senger Interventioun, wann d'europäesch Verdeedegungspolitik virukënnt, dann hu mer doduerch eng méi staark Allianz geschafen.

An anere Wierder, an dat ass och d'Meenung vun der Lëtzebuerger Regierung, d'europäesch Verdeedegungspolitik stäerkt d'Allianz. D'NATO brauch souwuel Europa wéi Amerika, an Europa brauch et, och wann et eng europäesch Verdeedegungspolitik huet, fir d'Ëmsetzung vun deenen Ziler, déi et sech setzt, nämlech Fräiheet a Gerechtegkeet an der Welt, och déi Partner, déi déi natierlechst Partner, well se déiselwecht Wäerter vertrieden, sinn, nämlech Kanada an d'USA, déi Member vun der NATO sinn.

Déi NATO an déi Europäesch Unioun, déi Friddensinstrumenter sinn, sot ech virdrun, mussen sech selbstverständlech och d'Moyene gi fir déi Politik kënnen ëmzesetzen. An déi Moyenen, déi mer eis opgebaut hunn, an deene leschte Joren a Jorzéngten, sinn net méi déi Moyenen, déi mer haut brauchen. Well d'Realitéit vun der Welt ass eng aner ginn. Mir hunn haut aner Geforen, deene mer an d'Ae musse kucken: Gefore vun Terrorismus, vu Massevernichtungswaffen, Geforen awer och, déi duerch regional Krisen entstinn, déi haut vill méi en internationalen Impakt hunn, wéi dat fréier de Fall war.

An duerfir geet et drëm, souwuel an der NATO wéi an der Europäescher Unioun, schnell kënnen ze intervenéieren, virun allem fir Krisen ze vermeiden oder fir Krisen ze stoppen.

An deem Kontext huet och Lëtzebuerg eng Roll. Dat Bild, wat ech virdru beschriwwen hunn, wou de Lëtzebuerger Fändel tëschent deenen aneren hänkt, huet eis schonn oft an der Vergaangenheet gehollef. D'Tatsaach, datt mer d'Europäesch Unioun hunn, huet eis assuréiert, datt mer an deene leschte 50 Joer Fridden hei am Land haten, wougéint an deene 50 Joer virdrun zwee Weltkricher waren.

De Fait, datt mer Member an der NATO sinn, huet eis gehollef, datt mer eis Fräiheet nom Zweete Weltkrich erëmkritt hunn, an huet gehollef an Europa, och an deem erweiderten Europa, d'Stabilitéit ze erhalen. An dofir ass et d'Flicht vu Lëtzebuerg och seng Engagementer an der NATO an an der Europäescher Unioun ze iwwerhuelen a säi Bäitrag ze leeschten. Dat ass en Engagement, wat d'Responsabilitéit an d'Solidaritéit vun eisem Land verlaangt.

Da muss ee kucken, wat ee Land wéi eist ka maachen. Och doriwwer gëtt op europäeschem an op NATO-Plang diskutéiert. Et ass leider net esou, datt ee ka soen, mir

maache vill Entwécklungspolitik an duerfir brauche mir dat anert net ze maachen. Et ass och net esou, datt ee ka soen, mir ënnerstëtzen ee Pilier vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik an da brauche mer an deem aneren net ze intervenéieren.

D'NATO huet sech virun e puer Joer Kritäre ginn, wat d'Opérabilitéit vun den Arméie bei Interventioune soll sinn, an do ass festgeluecht ginn - ech war do net derbäi -, mä do ass festgeluecht ginn, datt ee muss 40% vu sengen Zaldote kënnen asetze bei Auslandsinterventiounen an 8% vu sengen Zaldote musse permanent agesat sinn. Da kann een net soen, mä mir maache schonn eppes an der Entwécklungspolitik, wat eng deklaréiert Politik vun dëser wéi vun der viregter an deene viregte Regierungen ass, a soen, dofir brauche mir dat anert net ze maachen.

Um leschte Conseil vun den Défenseministere vun der NATO hu sech eng Rei Länner déck beklot - och där Länner, déi iwwregens vill Entwécklungspolitik maachen - a gesot, et geet net, datt der hei um Dësch sëtzen, déi vun deenen anere profitéieren an déi net och hire Bäitrag, besonnesch a schwierege budgetären Zäiten, leeschten.

Duerfir ass et de Wëlle vun dëser Regierung fir ze kucken, wat eise Bäitrag an der europäescher Verdeedegungspolitik ka sinn - e crédibelen, proportionéierte Bäitrag zu där Politik. Dee Bäitrag muss selbstverständlech all Aspekter vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik begräifen, a mir mussen och kucken, wéi mer - notamment an deene fir mech grondleeënden Aufgabe vun der Rechtsstaatlechkeet, Rule of law missions, État-de-droit-Missiounen - och do kënnen eise Bäitrag an Zukunft leeschten. Och dat wäert net einfach ginn, well een ëmmer erëm Leit brauch, déi bereet si sech op internationale Plazen am Ausland, op schwierege Plazen ze engagéieren.

D'Iddi vun aneren Nischen, wou mir kënnen deenen anere Länner an der NATO an an der Europäescher Unioun hëllefen, si mer amgaangen ze studéieren. Et gëtt ganz sécher Beräicher, wou och kleng Arméie kënnen utilement intervenéieren an och Länner, déi keng Arméi-Industrien hunn.

Et ass gesot ginn, just déi géifen investéieren, deenen hir Ekonomie dovu kënnt direkt profitéieren. Ech hunn déi Lëscht vun deene 26 Länner gekuckt, an och wat déi aner Länner contribuéieren. Lëtzebuerg ass dat Land an der NATO, wat bei wäitem am mannste finanziell Engagementer hëlt. Mir si wéi gesot bei 0,4%, mä souguer wa mer 0,8% vum PIB deklaréieren, deen Zweetmannste sinn d'Belsch mat 1,2%. All déi aner leie wäit driwwer, y compris Länner, vun deenen ech net wéisst, datt se eng Industrie hätten, déi direkt dovunner kéint profitéieren.

Mir mussen also als crédibele Partner, a well mer vum Resultat, nämlech Fridden a Stabilitéit, profitéieren, och eis Engagementer huelen. An et ass an deem Kontext och, wou een dat Engagement vun der viregter a vun dëser Regierung muss gesinn, fir deen Transportfliger ze kafen.

Souwuel d'NATO wéi d'Europäesch Unioun hunn e Problem vun Transportcapacitéiten an et ass an deem Kontext an am Kontext vum Développement vun engem neie Fliger, deen d'Transallen an d'Herkulesfligere soll ersetzen, wou d'Iddi komm ass fir en neie Militärfliger ze entwéckelen a wou d'Länner gefrot gi sinn, un der Entwécklung vun deem Fliger deelzehuelen. Lëtzebuerg huet e Choix gemaach fir sech un deem Programm ze bedeelegen. Dat ass een Element vu villen, déi een an der Verdeedegungspolitik, wat am Fong eng Friddenspolitik ass, muss gesinn.

E Fliger, dee selbstverständlech a militäreschen an a Krisenoperatiounen agesat gëtt an deen och derniewent ka bei humanitären Operatiounen agesat ginn. Mir hunn elo nach gesi bei der Kris a Südostasien, wéi wichteg et ass, dass ee ka schnell Material a Regioune féieren. Mir hate kee Fliger, mir hu bei der Belsch ee gelount. Dat kann een och ganz gutt an exceptionnelle Situatioune maachen, mä dat geet natierlech net an engem permanenten Dispositiv, deen d'Europäer wëllen opsetzen. Et ass also net esou, datt mer aus Grössenwahn hei e Fliger kafen.

Mir kafen dee Fliger, well mer vu Fridden a Stabilitéit profitéieren, well mer gären eise Bäitrag leeschten zu enger friddlecher Welt, wou een heiansdo muss vis-à-vis vun neie Menacen, déi an der Welt sinn, och militäresch intervenéieren - als lescht Zil, do sinn ech ganz d'accord, mä einfach d'Aen zoumaachen, an ze soen, ma déi aner kënnen dat dote jo gutt maachen, a mir leeën eis zréck, dat ass irresponsabel an dat ass net d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung an och net, mengen ech, vum Lëtzebuerger Land.

D'Lëtzebuerger wëssen, datt se vill mat profitéiert hunn, an datt mer haut kënnen e fräit Land sinn, well anerer eis a schwéiere Stonne gehollef hunn, wat jo och erklärt firwat datt mer Grënnungsmember vun der NATO nom Zweete Weltkrich gi sinn.

Jo, dee Fliger ass deier. Mä déi aner Länner mussen och en deiere Fliger kafen. Dofir kafe mir jo och an deem risege Programm vun 180 Fligeren - an do kommen der héchstwahrscheinlech nach derbäi - nëmmen een. Anerer kafen der 50 bis 60. Mä wann een och rechent, datt dee Fliger iwwer 16 Joer finanzéiert gëtt, a wann een dat dann dividéiert duerch d'Zuel vun den Awunner, da gesäit een, datt dee Fliger ongefeier 20 Euro pro Awunner pro Joer kascht. Et muss een also scho gesinn, datt mer dat heiten och bezuele wäerten iwwer 16 Joer, well de Fliger gëtt jo eréischt geliwwert 2017. Dat ass nach ganz laang.

(Brouhaha général)

Mä wéi gesot, et ass d'Entwécklung vun engem neie Fliger.

An deem Kontext ass och dofir d'Fro opgehäit ginn, wéi dee Fliger géing exploitéiert ginn. Et kann een haut net am allerleschten Detail soen, wéi dat 2017 gemaach gëtt. Dat ass nach e laangen Dag. Ech hunn dann 58 Joer. Ech hu mer dat emol iwwerluecht, wéi laang dat nach ass.

(Hilarité)

Déi Décisiounen…

Une voix.- An nach net an der Pensioun.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Défense*.- Neen, ech hunn nach net wëlles dann a Pensioun ze sinn. Wann d'Gesondheet et erlaabt, da sinn ech frou, wann ech dann nach kann utilement e Bäitrag leeschten.

Zu deenen Décisiounen, déi een haut muss huelen oder an deenen nächste Joren, wëll ech ganz kloer soen, wat d'Zilsetzung vun der Regierung ass. Mir hätte gären, datt dee Fliger ënnert der Kontroll vun der Lëtzebuerger Regierung à tout moment ass. An ech hunn och a mengen éischte Gespréicher dem belschen Arméiminister gesot, datt dat fir eis och an enger Synergie mat der Belsch e ganz wichtege Punkt wier.

Dorauser entsteet och, datt et fir eis absolut noutwendeg ass, an ech confirméieren dat, wat virdrun hei gesot ginn ass, wat mäi Virriedner an deem Kontext och als Hypothees gesinn huet, nämlech datt och Lëtzebuerger kënnen, wa se sech déi Vokatioun ginn, d'Ausbildung maache fir op deem Fliger ze fléien.

Dat heescht awer net, datt mir do eng ganz Crew mat allem opbauen. Mä ech fannen, wa mer esou e Fliger kafen an et si Lëtzebuerger Jongen oder Meedercher, déi soen: Ech géif gäre Militärpilot ginn oder op esou engem Fliger technesch Fonctiounen iwwerhuelen, da sollen déi sech kënnen ausbilden. Ech hu mat de Belsch doriwwer geschwat, ech hunn awer och mat de Fransousen an den Däitschen doriwwer geschwat, a si hunn allen dräi gesot, dass si bereet wieren, wa mir esou eppes géinge maachen, fir eis bei der Formatioun an och bei der Exploitatioun vun deem Fliger wëllen ze hëllefen.

Mä wéi gesot, et bleift, datt mir wäerten an onsen Accordë mat den Nopeschlänner, wat keng formell Accordë musse ginn, dat kënnen Accorden tëschent Ministere sinn an der Formatioun - ech schwätzen elo vun deem Personal -, datt mer sécher wäerte stellen, datt de Fliger ëmmer asazbereet bleift, wann d'Lëtzebuerger Regierung dat décidéiert. Sief et fir eng militäresch Operatioun oder sief et fir eng humanitär Operatioun. Net datt mer op eemol an enger Situatioun sinn, wou mer dann awer erëm missten e Fliger loune goen.

Dofir soen ech och, datt ech mengen, datt, wat d'Maintenance ubelaangt, mer déi net ausschliesslech wäerten herno am Ausland musse maachen. Mir sinn amgaangen ze kucke mat deenen, déi am Beräich vun där Aviatioun täteg sinn, fir verschidde Maintenance-Aktivitéite vun deem Fliger och hei zu Lëtzebuerg kënnen ze maachen, fir do och grad Lëtzebuerger Betriber kënnen drun ze bedeelegen. Där Betriber gëtt et. Mir hu jo Fluggesellschaften hei zu Lëtzebuerg, déi och esou Servicer brauchen. Datt also, wa mer dee Fliger hunn, an der Exploitatioun och Lëtzebuerger Betriber kënnen dovunner profitéieren. Dat steet haut nach net alles am Detail. Dat kann ee jo och net haut alles am Detail hunn, well ech Iech gesot hunn, dat dauert nach eng ganz Rei Jore bis mer dat fäerdeg stoen hunn.

Ech hunn de Mëtteg hei mat Satisfaktioun festgestallt, datt trotz allen Nuancen - an dat ass awer eppes ganz Positives aus där Debatt vun de Mëtteg - all d'Fraktiounen sech hei fir eng europäesch Verdeedegungspolitik ausgeschwat hunn. Dat ass net evident, well wa mer kucke wéi d'Geschicht war - a verschidden Deputéierten hunn de Mëtteg hei d'Geschicht rappeléiert -, da war dat an Europa net ëmmer esou. Mä jiddferee gesäit haut an, datt d'europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik - si heescht jo bewosst esou, Politique européenne de sécurité et de défense - eng Rei Voleten huet, an ee vun deene Voleten ass de militäresche Volet.

Déi aner, do sinn ech mam Här Bausch d'accord, si gradesou wichteg. Duerfir hu mer jo och zum Beispill déi Missioun vu Rechtsstaatlechkeet a Georgien gemaach. Duerfir hunn d'Ausseministere gëschter décidéiert, eng sou genannte Lex, also och juristesch Missioun am Irak ze maachen, wou Riichteren, Polizisten ausgebilt ginn, well et ass ganz kloer, datt d'Arméi ëmmer nëmmen eng Roll huet an enger Krisesituatioun, mä datt e Stat nëmmen da fonctionnéiert wann e gutt fonctionnéierend Institutiounen huet, wou d'Kritäre vu Rechtsstaatlechkeet, vun demokratesche Spillregelen, vu Mënscherechter voll a ganz assuréiert kënne ginn, an dozou gehéieren eng ganz Rei Elementer.

Mir hunn eng Verflichtung bei all deenen Elementer matzemaachen. Mir sinn a bleiwen ee klengt Land, duerfir wäerten eis Kontributiounen ëmmer klenger sinn. Mä hei ass eng, en fin de compte eng kleng, wann een d'Kontributioune vun all deenen anere Länner kuckt, an duerfir maache mer heimadder, mat dësem Vote, e Bäitrag zu Fridden a Stabilitéit an der Welt. Dat ass eis Flicht, eis moralesch an eis juristesch Flicht, an ech si frou, datt dëse Projet schéngt an der Chamber eng ganz breet Zoustëmmung ze kréien.

Ech soen duerfir Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5394 ass ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen, 11 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marco Schank), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner) et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam (par Henri Kox), François Bausch, Felix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: Mme Vera Spautz;

M. Jean-Pierre Koepp.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5362 iwwer Eurojust. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen, nieft dem Rapporteur: d'Madame Flesch, den Här Bodry, den Här Bausch an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer!

8. 5362 - Projet de loi portant:

1. transposition de la décision du conseil du 28 février 2002 instituant Eurojust afin de renforcer la lutte contre les formes graves de criminalité, et

2. modification:

- de la loi du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

- du code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, beim Projet de loi 5362 handelt et sech ëm d'Ëmsetzung vun enger Décisioun vum Conseil vum 28. Februar 2002, déi Eurojust geschafen huet. Eurojust ass zu Onrecht eng wéineg bekannten Institutioun vun der Europäescher Unioun. Eurojust, déi gradesou wéi Europol zu Den Haag hire Sëtz huet, huet als Haaptaufgab fir d'Kooperatioun tëschent den nationalen Autoritéiten, déi fir d'Strofverfolgung zoustänneg sinn, also de Parquet an d'Untersuchungsriichteren, ze verbesseren. Dat geschitt op zwee Pläng.

Éischtens, d'Koordinatioun vu grenziwwerschreidenden Enquêten. Hei ass Eurojust de Pendant bei der Magistratur vun Europol, déi, wéi Der wësst, sech aus polizeilechen Autoritéiten zesummesetzt, an zweetens d'Kooperatioun wat déi international Commission rogatoire oder Ausliwwerungsdemanden, inklusiv also dann de Mandat d'arrêt européen, ugeet.

2004 sinn ongefeier 330 Affäre vun Eurojust verschafft ginn. Dat waren der 50% méi wéi 2002. All fënneft Affär dréint sech ëm Drogenhandel. Fraudë representéieren och 20% vun den Affären, duerno kommen Terrorismus, Blanchiment, Homiciden, mat all Kéiers 7%, de Crime organisé an den Trafic d'êtres humains all Kéiers mat 4%.

Eurojust setzt sech aus 25 nationale Représentanten zesummen, also ee pro Memberstat, woubäi déi grouss Länner och nach Adjointen oder Assistenten hunn. Säit 2002, also säit dem Ufank, ass de Lëtzebuerger Représentant den Här Georges Heisbourg, fréiere Procureur d'État zu Lëtzebuerg.

D'Décisioun vum Conseil vum 28. Februar 2002, déi also Eurojust geschafen huet, brauch am Fong geholl net ëmgesat ze ginn. Si ass schonn an all hiren Elementer bindend fir d'Memberstaten. Duerch dëse Projet de loi ännere mer awer eis Gesetzgebung wat d'Nominatioun vun eisem Représentant national bei Eurojust a seng Relatioune mat den nationalen Autoritéiten ugeet. Ier ech op déi wesentlech Aspekter vum Projet de loi aginn, wéilt ech awer nach zwou préliminaire Remarquë maachen iwwer Eurojust.

Éischtens, nodeems mer den Här Heisbourg, also de Représentant national vu Lëtzebuerg bei Eurojust, an der Kommissioun zu Gaascht haten, well dat eis och erméiglecht huet, Eurojust besser kennen ze léieren, ware mer der Iwwerzeegung, datt d'Relatiounen tëschent Eurojust an Europol kéinte verbessert ginn. En Hoken an deene Relatioune war bis viru kuerzem de Fait, datt Eurojust nach keng Dateschutzregelungen hat, wat dorobber zréckzeféieren ass, datt Eurojust eng rezent Institutioun ass.

Eurojust huet elo Dateschutzregelungen ausgeschafft an déi mussen nach vum Conseil, also vun de Ministeren, guttgeheescht ginn. Dat sollt dann esou séier wéi méiglech geschéien, well eng gutt Zesummenaarbecht tëschent Eurojust an Europol, also tëschent Magistratur a polizeilechen Autoritéiten, wéi och tëschent Eurojust an der Antifraudeverwaltung OLAF och eng méi effikass Kriminalitéitsbekämpfung erméiglecht.

Meng zweet Remarque concernéiert d'Europäesch Verfassung. Am Artikel III-274 steet an där Europäescher Verfassung, datt en europäesche Parquet soll vun Eurojust aus opgebaut ginn. Dat werft awer an eisen Ae verschidde Froen op, déi nach musse gekläert ginn.

D'Kommissioun begréisst d'Iddi an d'Institutioun vun engem europäesche Parquet. Niewent der

Fro, wou deen europäesche Parquet soll hikommen: op Lëtzebuerg, dem Sëtz vun den europäesche Geriichter, oder Den Haag, wou schonn Eurojust an Europol hire Sëtz hunn, stelle sech awer eng ganz Rei Froen, déi elo nach net gekläert sinn. Zum Beispill: Wat fir eng Kompetenze kritt deen europäesche Parquet? Sinn dat exklusiv Kompetenzen, an da wat fir eng? Oder sinn dat Kompetenzen, déi a Konkurrenz si mat deene vun den nationalen Autoritéiten, wou dann de Prinzip vun der Subsidiaritéit festleet op wat fir engem Niveau, dem nationalen oder dem europäeschen, d'Enquêtë solle stattfannen?

En europäesche Parquet brauch och en harmoniséierten, wann net uniformen Droit pénal an och prozedural Regelen. Souwuel en Droit pénal européen wéi eng Procédure pénale européenne feelen nach.

An da stellt sech och d'Fro, wat fir eng Geriichter sollen d'Enquêten, déi um Niveau vum Parquet européen gefouert goufen, ze uerteelen hunn? Sinn dat déi national Geriichter oder sinn dat europäesch Geriichter? Sinn dat déi bestehend europäesch Geriichter, den Europäesche Geriichtshaff oder den Tribunal de première instance de la Communauté européenne, déi niewebäi gesot och schonn iwwerlaascht sinn? Oder sinn dat speziell, en nach ze schafend europäescht Strofgeriicht? Dat sinn alles Froen, déi nach opstinn an nach keng Äntwert, souguer keen Ufank vun enger Äntwert, fonnt hunn.

Här President, elo zu deene wesentleche Punkte vum Projet de loi. De Représentant national muss e Magistrat sinn, ob e vum Parquet oder vun de Geriichter kënnt, ass hei egal. Erfuerdert ass awer, datt en eng Anciennetéit vun zéng Joer op d'mannst virweise kann. Dës Bedingung war vum Statsrot virgeschloe ginn. Eng Majoritéit - dës Kéier net Unanimitéit; bei deenen anere Punkten hate mer Unanimitéit, hei net - an der Kommissioun huet dëse Virschlag vun enger 10-jähreger Mindestanciennetéit vum Statsrot matgedroen, am Sënn vun enger méi grousser Effikassitéit vun der Aarbecht vum Lëtzebuerger Représentant, net nëmme géigeniwwer sengen Amtskolleegen an Eurojust, mä och a senger dagdeeglecher Aarbecht mat de Lëtzebuerger Geriichtsautoritéiten.

De Représentant national ënnerläit der Direktioun an der Surveillance vum Procureur général d'État. E gëtt fir véier Joer bestëmmt a säi Mandat ass renouvelabel.

E muss all Joers dem Justizminister an dem Procureur général d'État e Bericht iwwer seng Aktivitéiten ofliwweren. Niewebäi kënnt Der och op Internet de jährleche Bericht vun Eurojust liesen.

De Représentant national huet Zougréff, wéi de Procureur an den Untersuchungsriichter, op de Casier judiciaire a kann de Parquet oder den Untersuchungsriichteren hei zu Lëtzebuerg Informatiounen iwwert d'lafend Prozedure froen. Untersuchungsriichteren oder de Procureur d'État oder esouguer de Procureur général d'État kënnen de Représentant national och mat Affäre befaassen, déi op d'mannst zwee aner Memberstate betreffen.

De Projet de loi regelt also d'Relatiounen an den Informatiounsaustausch tëschent de Lëtzebuerger Geriichtsautoritéiten an dem Représentant national.

Natierlech ass d'Dateschutzgesetz vun 2002 a besonnesch den Artikel 17, deen d'Dateschutzregelung an Domäne vun dem Ordre public an der Sécurité publique regelt, applicabel. Ee Member vum Kontrollorgan, deen am Artikel 17 vum Dateschutzgesetz virgesinn ass an dee sech vun zwee Membere vun der nationaler Dateschutzkommissioun an dem Procureur général d'État oder sengem Delegéierten zesummesetzt, wäert och fir véier Joer bestëmmt ginn, fir um Niveau vun Eurojust Dateschutzregelungen ze kontrolléieren.

Am initiale Projet de loi war och nach eng national Kontaktpersoun fir de Représentant national virgesinn. De Statsrot, an deem senger Suggestioun hu mer Rechnung gedroen, hat virgeschloen, dëse Passus ze sträichen am Projet de loi. Elo wéi en zur Ofstëmmung virläit, ass dee Passus da gestrach ginn. Et ass keng national Kontaktpersoun fir de Représentant national virgesinn.

Dat bedeit awer net, datt dës national Kontaktpersoun iwwerflëssig ass, au contraire, dës Kontaktpersoun ass eng wichteg Hëllef, eng Stäip fir den nationale Représentant bei Eurojust.

Mä, dat bestehend Gesetz vun 1980 iwwert d'Organisation judiciaire a besonnesch d'Artikele 70 an 72 kënnen elo scho benotzt gi fir dës Kontaktpersoun ze ernennen. Eng speziell Bestëmmung an dësem Gesetz war also iwwerflëssig.

De Représentant national kann och no senger Mandatszäit zu Den Haag erëm a säi Corps d'origine réintegréiert ginn, op därselwechter oder op d'mannst op enger equivalenter Plaz.

De Représentant national, brauch ech lech net ze soen, ënnerläit dem Secret de l'instruction.

Mir hunn, Här President, dem Statsrot seng Suggestiounen all iwwerholl. De Statsrot hat awer eng Opposition formelle gemaach. Am Projet de loi initial war virgesi fir de Règlement grand-ducal vun 1976 iwwert de Casier judiciaire ze änneren. De Statsrot huet gesot, datt am Numm vun der Hiérarchie des normes e Règlement grand-ducal net kéint duerch Gesetz geännert ginn. Mir hunn dem Statsrot senger Opposition formelle Rechnung gedroen, mä net wéinst der Hiérarchie des normes, wéi de Statsrot gesot huet, mä opgrond vum Parallélisme des formes.

An der Hoffnung, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt Eurojust wäert weiderfuere fir sech fir eng effikass Kooperatioun a Kollaboratioun tëschent de Geriichtsautoritéiten aus de 25 Memberstaten anzesetzen, géif ech lech och bieden, dëse Projet de loi ze stëmmen, an der Fassung, wéi e leschte Mëttwoch an der Kommissioun mat Unanimitéit ugeholl gouf, an dobäi ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an em félicitéieren. Mir ralliéieren ons senger Analys a mir wäerten de Projet de loi, an der Form wéi e vun der Kommissioun proposéiert ass, och stëmmen. Ech wëll also net elo alles répétéieren, wat e schréftlech a mëndlech virgedroen huet, mä ech wollt op e puer Froe besonnesch agoen.

Eurojust, wéi mer jo elo gesot kruten, ass geduecht fir d'Coopération judiciaire um penale Plang an Europa ze renforcéieren. Eurojust ass eng Institutioun mat der Personnalité juridique a soll de Pendant sinn um judiciairë Plang vun Europol.

D'Europäesch Kommissioun huet verschiddentlech schonn drop higewisen, datt se sech eng besser Kollaboratioun tëschent Eurojust an Europol géing wënschen, a mir schléissen ons deem Wonsch un.

Ech hunn dann hei eng Fro un de Minister: Wéi wäit si mer, Här Minister, mat deem Accord, deen déi Kooperatioun sollt renforcéieren? Wéi wäit si mer mat der Dateschutzregelung, déi, wéi de Rapporteur virdrun ënnerstrach huet, néideg ass, fir dass deen Accord kann zum Droe kommen?

Et gëtt, wéi dat och scho gesot ginn ass, eng aner Kollaboratioun, déi onbedéngt misst verbessert sinn, an dat ass déi tëschent Eurojust an OLAF, der Antifraudeverwaltung vun der Europäescher Kommissioun, vun där a leschter Zäit jo ganz vill geschwat ginn ass, notamment och wéinst der Eurostat-Geschicht.

Den Här Heisbourg huet ons an der Kommissioun gesot, dass effektiv déi Kollaboratioun net géing klappe wéi se soll; an ech mengen dat confirméiert nëmmen dat wat mer schonn alleguerte wossten, wat relativ oft an den Zeitunge geschriwwe gëtt a wat eng Tatsaach ass. Mir hoffen also, dass et méiglech ka sinn, déi Kollaboratioun ze verbesseren, am Intérêt précisément vun enger gudder Coopération judiciaire.

D'Fro un de Minister an dësem Zesummenhank: Wat kann hien ons soen iwwert déi Kollaboratioun tëschent Eurojust an OLAF? Wat kann hie proposéiere fir déi Kollaboratioun ze verbesseren?

An der Kommissioun hate mer och eng Diskussioun iwwert d'Konditiounen, déi de Lëtzebuerger Magistrat muss erfëllen, fir an Eurojust genannt ze ginn. An ech hu mengem Kolleeg Xavier Bettel versprach, ech géing drop hiweisen, dass déi Décisioun net à l'unanimité geholl ginn ass, mä dass eng Majoritéit vun ons sech der Propositioun vum Statsrot ralliéiert huet, dass ee soll déi Konditioun vun zéng Joer festhalen. Dass awer ee Member vun der Kommissioun do war, deen der Meenung war, dass een och der Jugend bei de Magistraten eng Chance sollt ginn.

Dann d'Fro vum Correspondant national. Am Gesetz war virgesinn, dass dee soll bezeechent ginn no enger preziser Prozedur. De Conseil d'État huet gesot, senger Meenung no wär dat net noutwendeg. Esou ee Correspondant national, seet de Conseil d'État, ka bestëmmt gi vum Justizminister an Applicatioun vun den Dispositioune vun den Artikele 70 an 72 vum ofgeännerte Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire.

Mir hunn de Conseil d'État suivéiert als Kommissioun, mä mir hunn awer och, wéi de Rapporteur gesot huet, de Wonsch ausgedréckt, dass esou e Correspondant national soll vum Minister genannt ginn. Hei also meng Fro un de Minister: Ass hie gewëllt där Recommandatioun ze follegen? Kann hie sech hei engagéieren, dass hien effektiv deem Wonsch vun der Commission juridique Rechnung dréit?

Dann ee Wuert iwwert den europäesche Parquet, dee jo virgesinn ass am Artikel III-724 vum Traité iwwert d'Europäesch Konventioun. Et soll ee Parquet geschafe ginn, «à partir d'Eurojust», esou steet et am Traité. Hei stellen sech eng ganz Partie wichteg Froen, wéi dee Parquet kann an Zukunft operéieren. Se sinn hei op dëser Tribün vu mengem Virriedner schonn opgeworf ginn, ech géing nëmmen e puer Froen un de Minister stellen:

1. Wéi wäit si mer an där Fro vum europäesche Parquet?

2. Wat fir eng europäesch Juridictioun ass dozou beruff déi Affären ze jugéieren, fir déi de Parquet Kompetenz kritt, ass do schonn eng Décisioun gefall? Wann net, wéi gesäit dat ongeféier aus oder kann ee sech do schonn e Bild maachen oder ass et ze frëi?

3. Wa mer vum Siège vun europäeschen Institutioune schwätzen, da gi mir Lëtzebuerger jo ëmmer hellwaakrech. Déi Fro vum Siège vum europäesche Parquet ass nach net geregelt. Wat fir Moossnamen huet d'Regierung scho geholl oder huet se wëlles ze huelen, fir dofir ze suergen, dass deen europäesche Parquet op Lëtzebuerg kënnt, wou de Sëtz ass vun den europäesche Geriichter a wou also dee Parquet säin normale Sëtz misst hunn, och wann Eurojust an Europol de Moment schonn zu La Haye sinn? Mä de Parquet misst onser Meenung no op Lëtzebuerg kommen an dofir géing ech gäre vun der Regierung wëssen, wat do ënnerholl ginn ass, fir dass dat effektiv kann erreecht ginn.

Dat zu de Froen, Här President, déi ech wollt stellen. D'Commission juridique proposéiert ons en Text, deen all d'Modifikatiounen, déi de Conseil d'État proposéiert, iwwerhëlt. Ech notéieren en passant, dass alt erëm eng Kéier de Conseil d'État gemengt huet, e misst bei dësem Projet de loi eng Opposition formelle umellen. Dat schéngt beim Justizminister eng Gewunnecht ze ginn. Vläicht soll deen, deen ënnert de Ministeren dee misst sinn, deen am strengsten ass, mat den Texter, déi aus sengem Ministère erausginn, e bësse méi rigoureux sinn, quant au fond, a méi exigeant quant à la forme, fir dass dat em net all Kéiers an Zukunft erëm virkënnt.

Dat gesot, Här President, wäerte mir, wéi ech et scho gesot hunn, dee Projet de loi an där Form wéi e vun der Commission juridique proposéiert ass, stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Bodry agedroen. Här Fayot?

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech muss den Här Bodry entschëllegen. En ass wéinst enger urgenter Affär op Diddeleng zréckgeruff ginn, wou ee Groussbrand entstanen ass a wou en als Buergermeeschter huet misse seng Responsabilitéit huelen. Ech kann en natierlech net ersetzen, ech wollt e vertrieden andeem ech soen, dass mer selbstverständlech dëse Projet iwwer Eurojust als Fraktioun matdroen, wéi mer dat och an der Kommissioun gemaach hunn.

Ech wëll just ee Wuert soen. Ech sinn elo kee Spezialist, weder wéi den Här Bettel nach wéi den Här Santer, deen en exzellente Rapport gemaach huet, an d'Froen alleguerten opgeworf huet. Ech wollt just soen, wat den europäesche Parquet ugeet, kann ech mech un déi Diskussioun erënneren an dem Konvent, déi vun eenzelne Memberen opgeworf ginn ass, an d'Iddi war an der Haaptsaach fir en europäesche Parquet ze maachen. Dat éclairéiert vläicht e bëssen Är Lanter fir e Parquet ze maachen, an der Haaptsaach fir Froen oder Verbrieche géint d'europäesch Intérêten. Dat heescht also, dat wat och vun OLAF soll detektéiert ginn, an dat ass awer och eng Iddi gewiescht, déi bei ville Länner eigentlech net onbedéngt op Géigeléift gestouss ass, aus deenen Ursaachen, déi den Här Santer opgefouert huet, déi vill Incertituden, déi vill Froen, déi sech nach doriwwer stellen.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, ech si selbstverständlech mat der Madame Flesch d'accord. Ech hunn dat och scho vertratt, dass mer hei am juristesche Beräich sinn, dass mer ëmmer als Lëtzebuerger argumentéiert hunn, dass mer eng juristesch Haaptstad sinn, an dass dozou natierlech den Tribunal de première instance, d'Cour de Justice, an och déi annex Elementer sollten dohinner kommen, wéi zum Beispill och Eurojust an natierlech de Parquet, wann dat da wär. Esou wäit ech weess ass dee Siège vun Eurojust an Europol zu La Haye provisoresch definitiv, mä sécher wësse mer als Lëtzebuerger, dass wann eng Kéier eppes provisoresch ass a sech emol do incrustéiert huet, dass et ganz schwéier ass, dat vun do ewechzekréien, d'autant plus wou ee weess, wéi schwéier dass d'Ministeren oder e Conseil européen sech dinn, fir Décisiounen an der Fro vun Agencen a soss zu sonstegen Instituter an Europa ze huelen.

Mat deene Remarquen, Här President, a mat der Entschëllegung fir d'Absence vum Här Bodry, géif ech den Accord vun onser Fraktioun dozou ginn.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Bausch agedroen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt och ufänke mat enger Entschëllegung an zwar fir deen ze entschëllegen, deen normalerweis déi Ried hei misst halen, den Här Braz. Dee vertrëtt d'Chamber de Moment op engem Colloque iwwer Immigratioun a Spuenien an dofir kann en haut net hei sinn. Dofir liesen ech déi Ried, déi den Här Braz geschriwwen huet, hei vir, dat heescht ech schwätzen eigentlech hei am Numm vum Här Braz.

M. le Président.- Selbstverständlech am Numm vum Grupp vun deene Gréngen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Selbstverständlech, ech schwätzen am Numm vum Här Braz, an den Här Braz schwätzt am Numm vun deene Gréngen, besser gesot.

M. le Président.- Très bien. Elo hu mer et alleguer verstanen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en Espace de liberté, de sécurité et de justice ze kreéieren ass déi Décisioun, déi 1999 am Oktober den europäesche Conseil zu Tampere a Finnland geholl huet. E wesentlecht Element vun där Evolutioun ass d'Verstäerke vun der judiciairer an der penaler Kooperatioun an Europa.

Fir déi Gréng ass europäesch Kooperatioun an dëser Matière e Fortschrëtt, virun allem awer, wann dee Fortschrëtt en Equiliber hierstellt tëschent Fräiheet a Sécherheet, deen net op d'Käschte vun de Mënscherechter geet.

Zënter dem 11. September 2001 an deem schrecklechen Attentat zu New York hu mir awer scho méi wéi eng Kéier misse kritiséieren, dass d'international Zesummenaarbecht am Domän vun der Justiz zimlech eesäiteg ausfält, an dass intern Sécherheetspolitik haaptsächlech mat Polizeiinstrumenter verfollegt gëtt. Dës Ausriichtung vun der europäescher Innenpolitik ass fir eis net dee richtege Wee.

Et ass och dofir keen Zoufall, dass d'Kreatioun vun Eurojust, de judiciairë Pendant vun Europol, elo eréischt, bal op den Dag genee, véier Joer no senger éischter Sëtzung deemools nach zu Bréissel, an nach net zu Den Haag, zu Lëtzebuerg stattfënnt. Eise Justizminister an och elo Polizeiminister ass jo bekannt dofir, datt hien éischter Politike privilegiéiert, wou déi repressiv Instrumenter besser ofschneide wéi déi judiciaire Instrumenter.

D'Kreatioun vun Eurojust huet als Zweck déi grouss Kriminalitéit an Europa méi wierksam ze bekämpfen. Dozou gehéiert natierlech och den Terrorismus. Wann een d'Zuelen aus dem Joer 2004 kuckt, gesäit een awer, datt d'Terrorismusbekämpfung nëmmen zu 7% an den Aktivitéite vun Eurojust optaucht. 41% maache beispillsweis den Drogentrafic an all Zorte vu Fraude aus. Wichteg ass an eisen An awer, an dofir begréisse mer och d'Kreatioun vun Eurojust, dass d'Aarbecht vun Europol duerch eng Zesummenaarbecht mat Eurojust eng nei mënscherechtlech Dimensioun kritt.

Mir hunn och dofir eng éischt Fro un d'Regierung. De Schutz vun de perséinlechen Date muss bei der Zesummenaarbecht tëschent Europol an Eurojust respektéiert bleiwen.

No zwee Joer Aarbecht leien elo Virschléi um Dësch, déi eestëmmeg am Eurojust-Conseil approuvéiert goufe wéi de Schutz vun de perséinlechen Date kënnt assuréiert ginn. De Conseil des Ministres muss déi awer nach approuvéieren. Wéini soll dat sinn, Här Minister?

Wat de Choix vum Lëtzebuerger Membre national betrëfft, am Moment de fréiere Procureur d'État Georges Heisbourg, esou bedauere mir, datt am Gesetz nëmmen d'Konditioun vun deenen zéng Joer Beruffserfahrung festgeschriwwe ginn ass. Dee reng formelle Kritär deckt net d'Bandbreet of, déi eiser Meenung an Zukunft verlaangt ass fir Eurojust virunzebréngen. Mir hate proposéiert, fir als Konditioun anzeschreiwen, datt eng Expérience spécifique certaine verlaangt ass an dëse Matièren. D'Majoritéit huet dat anescht gesinn, mir bedaueren dat.

Eng zweet Fro, déi mir un d'Regierung wëlle stellen, ass gekoppelt un Aussoen, déi mir Gréng och scho bei den Debatten iwwer en anert Gesetz hei am Parlament gemaach hunn. D'Matière vun der internationaler Kooperatioun am Beräich vun der Justiz an der Police gëtt ëmmer méi komplex. D'Texter, déi déi Matièrë regelen, kritt ee knapps nach gezielt an d'Verweiser tëschent den Texter sinn zu esou vill, dass ee sech freet, ob et nach Leit gëtt, déi de kompletten Duerchbléck hunn; eng Aschätzung vun eis, déi de Justizminister bei den Debatte vum Benelux-Traité gedeelt huet.

Dofir eis Fro un d'Regierung: Wëllt d'Regierung op de Wee vun enger Kodifizéierung vun dëser Matière goen, a wa jo, wéini?

Eurojust ass awer och am Keim den europäesche Parquet, wéi en am Traité iwwert d'europäesch Verfassung a sengem Artikel III-274 festgeschriwwen ass. Eng Entwécklung zu engem méi groussen a méi staarke Rechtsraum hin, eng Entwécklung, déi mir Gréng ënnerstëtzen.

An deem Kontext hu mir och nach eng drëtt Fro un d'Regierung. Dës Woch ass den amerikanesche President George W. Bush an Europa. Bei dëser Visite huet Lëtzebuerg eng wichteg Roll doduerjer, dass mir d'Présidence hunn. Mir wëllen d'Regierung opfuerderen de Sujet vun der Cour pénale internationale bei de Gespréicher mam amerikanesche President opzewerfen. Déi amerikanesch Haltung an där Fro ass fir eis net haltbar; d'Welt brauch méi internationaalt Recht an d'Cour pénale internationale ass dofir onverzichtbar.

„Gëtt dës Fro opgeworf, a wa jo, a wéi engem Sënn?", froe mir d'Regierung a mir wäerten och unhand vun den Äntwerten op zum Beispill esou Froe wéi déi doten als Gréng eis Bilanz zéie vun der amerikanescher Visite an Europa.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

An der Erwaardung vun den Äntwerte vun der Regierung op eis dräi Froen, bréngen ech awer d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz an ech soen Iech am Numm vum Här Braz Merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Henckes.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, bei eis ass et och esou, datt ech a Vertriedung vun eisem mandatéierte Spriecher,…

(Brouhaha général et hilarité)

…dem Här Henckes, autoriséiert sinn, fir den Accord vun eiser Fraktioun ganz einfach zu dësem Projet de loi ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Dann huet d'Regierung d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet hei ass zu Recht qualifizéiert ginn als ee Projet, deen d'Instrument schaaft, wat de Pendant ass zu Europol. Europol ass méi bekannt, well et Europol scho méi laang gëtt, mä et huet all deenen, déi un der rechtsstaatlecher Konstruktioun vun Europa geleeën ass, wichteg geschéngt, datt een niewent dem Instrument vun engem Koordinatiounsorgan bei der Police och e Koordinatiounsorgan bei de Strofverfolgungsbehörden hätt, an dat ass Eurojust ginn. Et geet also dorëm, fir datt déi eenzel Statsanwaltschafte besser kënne matenee schaffe bei grenziwwerschreidenden Affären.

Och wann dat dem Här Bausch net gefält, well en déi Prioritéit oder déi Importenz vun dem Strofrecht net wëllt agesinn, esou muss ech him awer soen, datt Eurojust sech nun emol mat strofrechtlechen Affäre befaasst, well dat ass hir Aufgab, an dofir mengen ech, ass et och gutt, datt mer se hunn, well wann et dorëm geet Terrorismus, Drogenaffären, Fraude a Geldwäsch ze bekämpfen, da brauch een och déi Instrumenter, déi dat maachen. Ech gesinn dat guer net als negativ un, wa mer an Europa eis endlech eens gi sinn, fir eis dofir Instrumenter ze ginn. Datt ech dobäi mech ëmmer dofir agesat hunn, dofir brauch ech mech net ze schummen. Ganz am Géigendeel, well et gehéiert, e bësse wéi an där Debatt virdrun dozou, fir datt mer an enger demokratescher, fräier a sécherer Gesellschaft kënne liewen.

Mir hunn de Mëtteg schonn eng Kéier hei iwwert d'Wichtegkeet vun der Erweiderung vun Europa geschwat. Ech mengen an dësem Kontext geet et ëm d'Verdéiwung vun Europa an zu där Verdéiwung vun Europa gehéiert e Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht dozou, an Eurojust ass ee wichtegt Instrument an deem Kontext.

Eurojust funktionéiert nach guer net, wéi mir dat gären am Idealfall hätten, well nach ze wéineg grenziwwerschreidend Affäre bei Eurojust kommen. Lëtzebuerg huet an deene leschte Joren eng Rei Dossierë bei Eurojust bruecht. Et muss also net ëmmer via Eurojust goen. Et kann een och bilateral selbstverständlech zesummeschaffen, mä do, bei verschiddenen Affären, oder wou och méi wéi zwee Länner implizéiert sinn, a wou een net richteg weess, u wien ee sech soll wenden, ass et extrem utile, wann ee via de Lëtzebuerger Member bei Eurojust ka fueren.

Am leschte Joer si mir dräizéngmol vun Eurojust a grenziwwerschreidenden Affäre gefrot ginn, a Lëtzebuerg huet néngmol Eurojust an Usproch geholl, an Affären an deene Lëtzebuerg en direkten Intérêt hat.

Dat muss also nach ausgebaut ginn, gradesou wéi d'Kooperatioun mat Europol ausgebaut gi muss. Dat sinn alles Instrumenter, déi ganz um Ufank vun hirem Fonctionnement sinn.

Dofir war et och, datt Eurojust am Ufank, an déi Fro ass e puermol de Mëtteg hei gestallt ginn, souwuel vun der Madame Flesch wéi vum Här Bausch, keng Dateschutzregelen hat. D'Importenz vun deenen Dateschutzregelen hunn ech ëmmer agesinn. Dat ware schwiereg Négociatiounen. Déi Négociatioune sinn elo am Kader vun Eurojust op en Enn komm. De Conseil vun de Justizministeren, deen ech den Donneschdeg vun dëser Woch presidéieren, wäert déi Reglementatiounen unhuelen. Domadder ass also nach dës Woch déi Suerg, déi hei ausgedréckt ginn ass, och beäntwert.

Déi Dateschutzregelung, wann déi ugeholl ass, erlaabt et dann och deen Accord mat Europol ofzeschléissen. Ech hoffen, datt mer dat och geschwë kënne maachen. Op jidde Fall ass d'Lëtzebuerger Présidence frou, datt mer deen doten Accord och konnten ofschléissen.

Wann een dat nämlech huet, kann een och Eurojust an internationale Fäll nach méi asetzen. Amerika zum Beispill huet en Accord mat Europol gemaach. Wann een Dateschutzregelen huet, wann een Accorden hätt tëscht Amerika an Eurojust, géing sech och déi Kooperatioun an enger Rei vun Affäre kënne verbesseren, erëm eng Kéier am Intérêt vun enger besserer Kriminalitéitsbekämpfung.

Mat dem OLAF gëtt et eng gewëss Kooperatioun. Ech kann déi net qualitativ aschätzen; ech weess just, datt mer scho viru Joren e Memorandum of understanding tëscht Eurojust an dem OLAF ugeholl hunn. Wéi deen an der Praxis elo funktionéiert, dat kann ech hei net beäntwerten, dat kann ech awer gären nofroen.

Eurojust ass den Ufank vun engem europäesche Parquet, mä et ass net en europäesche Parquet. Eurojust huet ganz kloer eng vill méi limitéiert Funktioun, well et ass eng Koordinatiounsstell, wougéint en europäesche Parquet eng europäesch Strofverfolgungsbehörde wär. Déi ass op eng, a mengen Aen, vill ze vill zaghaft Aart a Weis an der Europäescher Verfassung festgeschriwwe ginn. D'Europäesch Verfassung gesäit nëmmen d'Basis dofir vir, mä gëtt net d'Instrument fir dat direkt kënnen a Kraaft ze setzen, dofir brauch et nach eng Kéier duerno eng unanime Décisioun vun der Europäescher Unioun.

Ech stelle mat Bedauere fest, datt, wéi mer elo viru kuerzem ënner hollännescher Présidence de Programm vu La Haye iwwert den europäesche Rechtsraum ugeholl hunn, souguer dat Wuert Parquet européen net konnt doranner stoen, well eng Rei Länner gesot hunn, wa mer dat Wuert do dran hunn, da kréie mer op kee Fall de Referendum an eise Länner duerch, dofir soen ech als Realpolitiker, datt den europäesche Parquet nach net fir mar ass. Wann d'Verfassung bis do ass, da kann een nach eng Kéier doriwwer diskutéieren. Dat brauch dann eng eestëmmeg Décisioun.

Och ass virgesi fir de Moment, an och dat huet d'Lëtzebuerger Regierung bedauert, dass nëmmen den europäesche Parquet elo virgesinn ass an der Verfassung fir Intérêts financiers de la communauté, woubäi mir gesot haten, mir géingen et besser fannen, wann et fir grave grenziwwerschreidend Affäre wär. Wéi gesot, de Parquet ass net fir haut, den europäesche Parquet ass och net fir mar, en ass vläicht fir iwwermar.

Trotzdeem datt en eréischt fir iwwermar ass, kann ech Iech hei soen, datt, wat de Siège ubelaangt, déi viregt Regierung an engem Accord festgehalen huet, datt de Siège vum europäesche Parquet op Lëtzebuerg kéim, wann en dann eng Kéier géing an d'Liewe geruff ginn.

Dat sinn also Froen, déi ronderëm déi Problematik do bestinn. Eurojust ass wéi gesot en nëtzlecht Instrument, mengen ech, fir déi europäesch Kooperatioun vun de Justizautoritéite virunzebréngen, an dofir sinn ech frou, datt et hei Zoustëmmung fënnt.

Ech géing och an deem Kontext dem honorabelen Här Santer villmools Merci soe fir säi Rapport. Ech géing mech och hei entschëllegen, datt ech beim Projet virdrun dem Rapporteur, dem honorabelen Här Glesener, net Merci gesot hat, mä dat ass, wann ee fräi schwätzt. Ech wollt dat heimat nohuelen.

Gradesou wéi ech mech virdrun am Eifer des Gefechtes verrechent hunn. Wéi de Fraktiounschef vun der CSV mer virgerechent huet, hunn ech am Joer 2017 net 58 Joer, mä eréischt 54 Joer, mä Dir erlaabt mer also déi Correctiounen an déi Entschëllegungen herno bäizeginn.

(Brouhaha général)

D'Chancen, datt ech also de Militärfliger ka gesinn, si wesentlech méi grouss. D'Chancen datt ech den europäesche Parquet gesinn, do hoffen ech net mussen esou laang ze waarden, bis datt et e Successeur vun Eurojust gëtt, mä op jidde Fall schéngt mer och elo schonn Eurojust en nëtzlecht Instrument ze sinn, an ech wär frou, wann d'Chamber dofir dee Projet hei haut kënnt unhuelen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5362. Den Text fannt Dir am Document parlementaire 5362[2].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Resultat ass dat heiten: Unanimitéit, 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Felix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi «portant approbation de la Convention européenne sur la protection des animaux en transport international, ouverte à la signature, à Chisinau, le 6 novembre 2003». Dat ass de Projet 5324. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minutten. Et hu sech ageschriwwen: den Här Goerens, den Här Schneider, den Här Kox an den Här Mehlen - an den Här Diederich fir den Här Schneider. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

9. 5324 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la protection des animaux en transport international (révisée), ouverte à la signature, à Chisinau, le 6 novembre 2003

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet mer elo bal wéi an der Schoul, owes spéit nach eng Kéier Schoul ze halen. Ech hoffen, dass et esou spannend gëtt, dass mer nach e puer Sekonnen hei beienee kënne bleiwen.

(Interruptions diverses)

Jo, ech gi mer och vill Méi.

Mir hunn et hei mat der Approbatioun vun der reviséierter Europäescher Konventioun iwwert d'Protektioun vun den Déiere während hirem internationalen Transport ze dinn. Dës Konventioun ass zu Chisinau, dat ass a Moldawien, de 6. November 2003 zur Ënnerschréft opgeluecht ginn.

Une voix.- Lauschtert dem Här Oberweis no.

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Merci villmools.

E puer technesch Detailer vun der Konventioun virewech: Si ass hei an der Chamber de 6. Abrëll 2004 déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot ass den 28. September 2004 hei erakomm, an d'Chamberkommissioun huet sech mat dem Text vun der Konventioun a mat dem Avis vum Statsrot an hirer Sëtzung vum 16. November 2004 ausernee gesat, an dat an der Presenz vum Minister. De Rapport ass an der Kommissioun den 29. November d'lescht Joer ugeholl ginn.

Wa mir an d'Geschicht vun dëser Konventioun zum Schutz vun den Déiere während hirem Transport kucken, da gesi mer déi éischt Usätz an de 60er Joren. Et ass deemools festgehale ginn, dass d'Normen am Déierentransport net méi der Wierklechkeet entsprach hunn an zum Deel guer net méi agehale si ginn. An duerfir huet dann de Conseil d'Europe verlaangt, dass eng Europäesch Konventioun ausgeschafft sollt ginn. Dat ass am Joer 1968 passéiert an den 20. Februar 1970 ass déi a Kraaft getrueden.

Zënterhier sinn erëm weider Modifikatioune virgeholl ginn. Ënner anerem mussen d'Entreprisen, déi Déieren transportéieren, an engem Register ageschriwwe sinn. D'Dauer vum Transport soll och net méi wéi aacht Stonne bedroen. Si kann awer a bestëmmte Fäll iwwerschratt ginn. Et ass och festgehale ginn, wéi vill Déiere pro Transport da beienee sollten transportéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet ass eng Refonte vun där Konventioun aus dem Joer 1970. Elo, no iwwer 30 Joer Expérience um Terrain an am Hibléck op déi wëssenschaftlech Recherchen, huet et de politesche Responsabele wichteg geschéngt, nach eng Kéier den Text ze iwwerschaffen. Dës iwwerschaffte Konventioun gëtt gedroen duerch déi moralesch Obligatioun, all Déieren ze respektéieren a sech och bewosst ze ginn, dass d'Déiere Schmäerzen emfannen.

Doriwwer si mir eis och bewosst ginn, dass d'Wuelbefanne vun den Déiere während hirem Transport e wichtegt Element duerstellt. Dës Konventioun bezitt sech awer op all Déieren, déi méi wéi 50 Kilometer transportéiert ginn. Si gëtt also ugewannt speziell wann Déieren aus engem Memberland an en Netmemberland transportéiert ginn

an och tëschent europäesche Memberlänner, wann zumindest duerch en Netmemberland transitéiert muss ginn. Et gëtt awer eng Exceptioun fir Transporter tëschent europäesche Länner; do gëtt nämlech näischt erfëllt, dat ass an der Rei esou.

Si gesäit och Virschréfte vir beim Beluede a beim Ausluede vun den Déieren. Da gesäit een also, wéi vill Saache passéiert sinn, dass extra eng Direktiv muss geholl ginn, déi beweist a beschreift, wéi Déieren agelueden an ausgelueden däerfe ginn.

Interessant och weiderhin: Et muss eng Persoun derbäi sinn, déi extra ausgebilt gëtt, fir d'Déieren ze begleede während hirem Transport. Wat dann den Outil de transport ubelaangt - de Camion oder d'Schëff, de Fliger - esou gëtt extra festgehalen, dass dee Raum, deen déi Déieren hunn, misst bestëmmt Bedéngungen hunn. Sief dat d'Aératioun, sief dat dee Fräiraum, deen déi Déiere mussen hunn. A wann en Transport méi wéi néng Stonnen dauert, da muss souguer festgehale ginn an engem Dokument, wou Plaze sinn, wou d'Déieren dann ausgeluede ginn, wou se da gedränkt ginn a wou se hir Rou kënne kréien. Fir den Transport iwwert d'Strooss, duerch d'Loft, mat der Eisebunn, iwwert d'Mier, si souguer extra Bestëmmunge festgehale ginn.

Wat nun awer d'Exekutioun vun der Konventioun betrëfft, ass festgehale ginn, dass et souguer technesch Protokolle ginn, déi eben dann no wëssenschaftleche Kritären den Déierentransport musse regelen. Am Spezielle gëtt an deenen technesche Protokolle festgehalen, wéi grouss de Raum muss sinn an och wéi vill Rouzäit jeeweils muss agehale ginn. An déi technesch Protokoller, déi kënnen op Demande vun engem Memberland ëmmer erëm a Fro gestallt ginn. Dat beweist also, do ass ëmmer d'Matière ze diskutéieren, wann een an den technesche Protokoller wëllt schaffen.

En interessante Punkt vun der Konventioun ass awer folgenden, an dat beweist den héije Geescht vun den Auteuren: Et ass festgehale ginn, wann en Différend, also e Problem entsteet, da gëtt den Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter ugeruff. Well d'Déiere jo keng direkt Parole hunn, kënnen déi Problemer bis bei de Geriichtshaff vun de Mënscherechter zitéiert ginn.

D'Situatioun vun onsem Land an der Mëtt vun Europa, och déi wuessend Suerg ëm d'Wuelbefanne vun den Déieren an dann den Transitverkéier bedéngen, dass mer dës Konventioun och solle ratifizéieren.

Dass dës Konventioun eng héich Bedeitung huet, beweist den Ëmstand, dass an Europa all Joer 17,5 Milliounen Déieren transportéiert ginn! 17,5 Milliounen Déiere ginn all Joer duerch Europa deelweis gekarrt. Wann dat net esou wier, da wier dës Konventioun net reviséiert ginn. Trotzdeem ass et interessant, dass dës Konventioun eréischt no sechs Méint a Kraaft trëtt, wa véier Länner se ratifizéiert hunn! A mir sinn eréischt bei zwee Stéck! Norwegen a Schweden hunn dat eréischt ratifizéiert. Dat heescht, et brauch elo nach Lëtzebuerg, an da musse mer nach ee Partner fannen, da kann d'Saach a Kraaft trieden.

Souguer d'Europäesch Unioun, déi hei als ee Land zielt, huet nach net ratifizéiert. Et wier also un der Zäit, dass d'Europäesch Unioun als ee Land da géif dee Schrëtt ënnerhuelen. Souguer 13 Länner vum Europa-Conseil hunn net emol ënnerschriwwen, dat heescht also, déi hu guer net emol d'Prozeduren agelaut.

Une voix.- Onerhéiert!

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- Den Article unique vun deem Projet gesäit einfach vir, ech liesen den Text hei vir, dat ass ganz einfach: «Est approuvée la Convention européenne sur la protection des animaux en transport international, ouverte à la signature, à Chisinau, le 6 novembre 2003.»

An da bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun eran a soe Merci fir déi puer Sekonnen, déi Der nogelauschtert hutt.

Une voix.- Et geet mir duer.

Plusieurs voix.- Très bien. Merci villmools.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Charles Goerens agedroen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Merci, Här President. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun fir dee Projet, deen den Här Oberweis elo hei explizéiert huet op eng flott Manéier, ganz succinct, a mir wësse wourëms et geet.

Mir enthuelen aus sengen Ausféierungen, datt mer zwar déi Konventioun fir déi 25 Memberstate vun der Europäescher Unioun net onbedéngt bräichten, well mer eng ganz Partie Texter hunn, déi schonn déi Problematik do regelen. Mä et ass haaptsächlech fir datt och aner Länner, déi der Europäescher Unioun net ugehéieren an déi Membere si vum Conseil d'Europe, sollen encouragéiert gi fir do matzemaachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et ass och e Kuriosum an där Konventioun, well d'Europäesch Unioun gëllt am Fong nëmme just als ee Memberstat. Si gëtt betruecht wéi ee Memberstat, esou datt sech d'Fro stellt bei deene véier, déi fir d'Ratifikatioun gebraucht ginn, ob et do duergeet, datt d'Europäesch Unioun si en tant que telle akzeptéiert huet. An da stellt sech nach d'Fro: Wéi ratifizéiert d'Europäesch Unioun se? Muss se déi nach eng Kéier duerch déi 25 Memberstate ginn? Oder ratifizéieren déi 25 Memberstaten se individuell wéi mir dat hei maachen, ier ee kann d'Europäesch Unioun en tant que tel als Ratificateur zielen? Dat ass eng Fro, déi ech der Regierung stellen.

Fir de Rescht, mengen ech, soll ee sech och an der praktescher Ausféierung oder Exekutioun vun esou enger Konventioun vun dem bon sens leede loossen. Et kann een effektiv net alles am allerleschten Detail regelen a mir maachen och en Appel un de bon sens vun deene Leit, déi an der praktescher Exekutioun am Alldag mat Déieren an Déierentransporter ze dinn hunn, datt déi sech vun hirer Responsabilitéit, vun hirem Responsabilitéitsgefill a vun enger gewësser Ethik, déi et och an deem dote Beräich muss ginn, guidéiere loossen, fir datt Gesetzer am Fong net musse beansprucht ginn, notamment an hirem repressive Charakter.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider agedroen.

(Interruption)

Ah, den Här Diederich, deen den Här Schneider remplacéiert. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Merci, Här President, ech wëll emol dem Här Rapporteur fir d'éischt Merci soe fir deen excellente Bericht, et ass alles gesot an all d'Detailer huet hien hei ausgeféiert. Ech wëll just soen, dass ee muss bedaueren, dass et esou laang gedauert huet, bis déi Konventioun no 35 Joer reviséiert ginn ass, fir eng ganz Rei weider Detailer dann nach ze regelen. Et ass just ze hoffen, dass déi Konventioun am prakteschen elo och nach wierklech Resultater bréngt, datt een déi elle Biller, déi een an de Medien oder um Fernseh déi lescht Jore gesinn huet, net méi brauch ze gesinn. An deem Sënn géif ech den Accord vun eiser Partei bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Ech maachen et gradesou séier. Ech wëll dann och dem Rapporteur Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Och eis Fraktioun wëllt den Accord hei ginn, mä ech wëll awer trotzdeem eng Fro opwerfen, wat den Transport vun den Déieren am Allgemenge betrëfft.

Den Här Oberweis huet virdru gesot, dass an der Europäescher Gemeinschaft extrem vill Déieren transportéiert ginn, dass mir selwer als Transitland jo net verschount bleiwe bei deem ganzen Transport an dass mer viru Joren eng ganz Rei vu Problemer och op eisem Autobunnsnetz haten.

Mir stellen eis u sech do méi grondsätzlech Froen, firwat deen Déierentransport an deem excessiven Ëmfeld nach duerchgefouert gëtt. Wann ee bedenkt, dass u sech, ech soen emol d'Schwäin, bei de Parmaschinke gefouert ginn, fir do geschluecht ze ginn an dann entspriechend d'Ham do ze reecheren, ass et dann net do méi sënnvoll fir iwwerhaapt eng Kéier doriwwer nozedenken, dass een u sech do wou d'Déiere gezillt ginn - leider - och se der Schlachtung zouzeféieren an dann dat doudegt Fleesch u sech ze transportéieren. Dann hätte mer ganz vill Problemer aus der Welt geschafen, insbesondere wat d'Ethik ubelaangt iwwert d'Déieren.

Mir gesi jo elo och duerch d'Erweiderung, déi noutgedronge komm ass, dass dat nach zu weideren Transporter wäert féieren aus deenen neie Länner, déi zougestouss kommen. Déi wäerten d'Agrare matmaachen an och hir ganz grouss Landwirtschaft wëllen an d'Europäesch Gemeinschaft erabréngen, sou dass den Déierentransport u sech nach wäert an Zukunft zouhuelen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och gläich soen, datt mir mat dësem Projet d'accord sinn an datt mer e stëmme wäerten. Mir sinn eis alleguerten eens, datt Déiereschutz muss sinn, datt de Mënsch och d'Déier als Matbewunner vun dësem Planéit muss respektéieren a senger Dignitéit, a probéieren d'Rechter vum Déier ze respektéieren, och wa mer d'Ugewunnecht hunn esou frou mat den Déieren ze sinn, datt mer se heiansdo zum Friesse gären hunn. Mä dat ass nun eemol esou mat eiser Spezies hei verbonnen. Ech mengen, dat kënne mer net ännéren an dat wäert och nach laang Zäit esou bleiwen, och wann et Leit gëtt, déi sech op de Fändel geschriwwen hunn, fir dat och nach definitiv ofzeschafen.

An dëser Konventioun, wann Der se liest, ginn eng ganz Partie Saache bis an de leschten Detail geregelt. De Rapporteur, deem ech och wëll Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, huet jo scho gesot, datt et den Transport betrëfft tëschent Länner, wann et iwwer 50 Kilometer geet, et bleift natierlech a grousse Länner, datt och nach do laang Transporter méiglech sinn innerhalb vun de Landesgrenzen. Ech denken, datt déi Länner jo dann och déiselwecht Konditiounen an hire Grenze respektéieren, wann dann en Transport méi laang soll daueren.

Lëtzebuerg - dat ass scho gesot ginn - ass en Duerchgangsland an dofir si mir eigentlech op Grond vun der Klengheet vun eisem Territoire nëmmen oder haaptsächlech duerch dee Phenomeen betraff. Et huet och kee Wäert fir hei op all Detail anzegoen, ech wéilt just dräi, véier Saache kuerz ernimmen.

Hei ass gefrot, datt dat Personal, dat esou Véitransporter mécht, sief et eng Formatioun misst maachen, sief et Experienz misst matbréngen, déi genügend wier fir kënne mat Véi ëmzegoen. Wéi dat an der Praxis gehandhabt gëtt, weess ech net. Et weess een awer, datt et bei verschiddene Leit vläicht net schlecht wier, wa géing gekuckt ginn ob déi Formatioun gemaach ass a wéi se gemaach ass.

Dat anert ass, datt - an ech liesen dee Saz vir, well wann een d'Praxis kennt, da gesäit een, datt een och muenchmol kann iwwerdreiwen - do zum Beispill gesot gëtt, datt: «Le bruit, le harcèlement et l'utilisation d'une force excessive doivent être évités pendant le chargement et le déchargement.» Also de Bruit léisst sech heiansdo net vermeiden, dat ass nach dat mannst wat ee ka maachen, fir nozehëllefen, fir datt se d'Ramp eropginn, wa se net wëllen. Wann een dat awer strikt esou interpretéiert wéi et hei steet, da gëtt et fir déi Leit, déi d'Déiere solle lueden, extrem schwiereg.

(Interruption)

Force excessive ass heiansdo - den Här Clement weess och wéi et geet -, datt zwee Mann sech d'Hänn ginn an dann hannen eng Kéier nohëllefen, fir dass d'Véi eropgeet. Wann déi Force excessive och net méi erlaabt ass…

(Interruption)

Wéi gesot, da fänkt et un an der Praxis awer wierklech Problemer ze stellen.

Da steet an engem aneren Artikel - an net nëmme fir ze weisen, datt déi Leit wierklech un alles geduecht hunn - «les femelles mammifères gestantes», déi däerfen, zum Schluss vun der Trächtegkeet, dat heescht déi lescht 10% vun där Zäit, net transportéiert ginn. Ech wëll hei soen, datt dat beim Zuchtvéi e bëssen iwwerdriwwen ass. Wann zum Beispill eng Kou, déi am leschten Zéngtel vun der Trächtegkeet ass, an engem komfortabelen Unhänger gefouert gëtt, dee gutt agestreet ass an esou weider, da kann een déi selbstverständlech féieren. Ech verstinn net, wéisou datt dat hei esou iwwerdriwwe ginn ass.

An dann, an dat ass trotzdeem vläicht e bësse fir hei fir Hilarité ze suergen nach dat hei: «Si toutes les précautions nécessaires ont été prises sur des conseils vétérinaires et au cas par cas, une exception peut être faite par l'autorité compétente pour les juments suitées enregistrées qui sont menées à l'étalon, après avoir pouliné.» Déi Leit hu wierklech ganz mënschefrëndlech oder déierefrëndlech geduecht, un all Situatiounen, well soss wier et jo um Enn net méi méiglech, datt déi Déieren sech kënnte weiderproduzéieren.

Här President, ech wëll zum Schluss datselwecht soen, wat mäi Virriedner hei gesot huet. Et ass ze bedaueren, datt duerch eng falsch europäesch Agrarpolitik nach ëmmer esou vill Déiere kräiz a quer duerch Europa lieweg gefouert ginn. Mir hu Biller gesi vu Päerd, déi aus Polen queesch duerch ganz Europa bis a Frankräich a bis a Spuenien gefouert ginn. Dat alles bräicht net ze sinn, wa verschidde Regelunge géinge geännert ginn. Mir hunn dat och an der Kommissioun opgeworf.

Den Här Minister Boden huet eis gesot, zum Beispill am Fall vun de Schwäi beim Parmaschinken, do wiere 7.000 Aarbechtsplazen, déi géingen drunhänken. Ech wëll awer och soen, datt et net aliicht, wa schonn hollännesch a belsch Schwäi geholl ginn, fir Parmaham ze fabrizéieren, wou dann den Ënnerscheed ass, wann déi Déieren iwwer, wat weess ech, 2.000 Kilometer transportéiert ginn an da geschluecht ginn oder wa se do uewe geschluecht ginn an d'Hame ginn dorower gefouert. Et muss mer een deen Ënnerscheed explizéieren. Ech hunn e bis elo net verstanen. Et wär allerdéngs gutt, wann den europäesche Ministerrot sech eng Kéier seriö géing iwwert déi Regelen do ënnerhalen an déi änneren.

An da kënnt een aneren Aspekt derbäi. Et gëtt jo Déiereschutzorganisatiounen, déi soe si missten am nächste Schluechthaus geschluecht ginn. Och dat geet natierlech aus Grënn vun der Konkurrenz net. Mä et kéint een et awer esou agrenzen, datt d'Konkurrenz tëschent de Schluechthaiser erhale bleift an datt ee géing soen zum Beispill, eent vun deenen dräi nächstgeleeëne Schluechthaiser vun do wou d'Véi fortgeet, ech mengen dann hätte mer dee Problem ee fir allemol geléist.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. D'Wuert huet elo nach d'Regierung, d'Madame Statssekretärin an der Agriculture, der Viticulture an dem Développement rural. Madame Modert, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Dann ass ee Problem hei un deem Mikro.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à l'Agriculture, à la Viticulture et au Développement rural.*- Här President, dëse Mikro schéngt awer ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wäert elo bei enger wichteger internationaler Konventioun zimlech kuerz sinn. Mä trotzdeem läit d'Ratifikatioun vun dëser Konventioun der Regierung um Häerz, ebe well den Déiereschutz eis um Häerz läit. A fir dann den Déiereschutz bei internationalen Déierentransporter kënnen ënner dezente Konditiounen ze garantéieren, ass et natierlech wichteg, datt een iwwer en Instrument vun enger internationaler Konventioun verfügt, fir dat kënnen duerchzesetzen.

Et gëtt, wéi et scho gesot ginn ass, och Texter op europäeschem Niveau, déi deelweis méi wäit gi wéi deen hei. Trotzdeem huet eng international Konventioun grad an dësem Beräich Virdeeler.

Éischtens well se vum Europarot ageleet ginn ass, dee 46 Mitgliedsstaten huet, déi zwar nach net alleguer ënnerschriwwen hunn. Fir dës Konventioun ass de Partner Europarot trotzdeem d'Garantie dofir, dass déi gréisstméiglech Zuel vu Länner matmaachen - a wann d'Konventioun bis a Kraaft getrueden ass, kënne souwisou och Drëttlänner nach derbäi sech uschléissen.

Zweetens well den Text vun der Konventioun awer ganz komplett ass. Well en all Zorte vu Wirbeldéiere viséiert, well e sämtlech Transportmëttelen an och all Aspekter a Konditioune vum Transport couvréiert, mam Zil natierlech esou wäit wéi méiglech Péng a Qual fir d'Véi iwwert dem Transport ze vermeiden, esou datt dann dës Konventioun och soll eng grouss Resonanz hunn – déi se eigentlech schonn huet, well se schonn 30 Joer laang a Kraaft ass. Quitte datt

se elo nogebessert gëtt, fir eben den neisten Erkenntnisser vun techneschem a wëssenschaftlechem Stand Rechnung ze droen. Dës Konventioun war souguer Virreider fir déi éischt EU-Texter, déi nach gréisstendeels net esou al sinn.

Et ass also e grousst Instrument, wat trotz de Schwachpunkten, déi virdrun zum Deel opgezielt gi sinn, wichteg ass. Anerersäits, wann een op verschiddene Punkte fäert, si géif ze wäit goen, esou muss een awer feststellen, datt déi Texter hei déi néideg Reaktiounen op d'Zoustänn sinn, déi heiansdo ebe just am internationalen Déierentransport vir sech ginn.

Vis-à-vis vun der Konventioun, iwwert déi mir elo hei diskutéieren, sinn et fir eis déi europäesch Regelen, déi priméieren, a si garantéieren och déi Prinziper an op d'mannst dee selwechte Standard, wéi se an dëser internationaler Konventioun drastinn.

Mir hunn op dem Plang vun den Déierentransporter innerhalb vun der Europäescher Unioun contraignant Texter, déi stänneg nach geännert ginn. Déi leschte Kéier, wou dat de Fall war, war d'lescht Joer den November/Dezember, wou no laangem Hin an Hier en neie Kompromëss fonnt ginn ass zwëschent de Länner vun der Unioun, fir deelweis nei Regelen anzeféieren besonnesch um Niveau vun technesche Konditioune vun de Gefierer a vun der Formatioun vun de Chauffeuren.

Deen Text ass eis als Lëtzebuerger Regierung net wäit genuch gaangen um Niveau vun den Transportzäiten a vun de Rouzäiten. Dat hate mer och wësse gedoen. An trotzdeem war och deen Text e Fortschrëtt, well en no laangem Hin an Hier a Verhandelen méi wäit gaangen ass wéi dat, wat vidrun do war; an och wann dat nei Reglement elo fir eng méi länger Zäit a Kraaft ass ënner daer neier Form, éiren noverhandelt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech ass et souwisou eis éischt Suerg, den Déierentransport esou wäit wéi méiglech anzeschränken oder ze vermeide, an zwar besonnesch wann et drëm geet fir d'Schluechten esou no wéi méiglech stattfannen ze loossen bäim Stall wou d'Béischten stinn, och wann et nët just dat alleréischt nobäiste Schluechthaus muss sinn.

Mä wann den Transport aus verschiddenen Ursaachen onvermeidlech ass, muss een dofir suerge fir esou optimal wéi méiglech Bedingungen ze kréien, an dofir, a well eis de Bien-être animal wichteg ass, solle mer hei zu Lëtzebuerg dës Konventioun ratifizéieren, a séier ratifizéieren! Wat mir jo lo grad hei maachen. Mir setzen e positiivt Signal domadder.

Haut, wou mir dat drëtt Land wäerte sinn, wéi et scho gesot ginn ass, dat dës Konventioun no engem décke Joer ratifizéiert, hëlt Lëtzebuerg also eng ganz kloer Virreiderroll an. An duerfir soen ech lech och Merci, datt Dir duerch Äert rapid an eestëmmegt Ofstëmmen dëst erméiglecht, fir datt mer da kënne kucken déi véiert Ratifikatioun och ze kréien, datt d'Konventioun esou séier wéi méiglech kann a Kraaft trieden.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5324 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par Mme Nelly Stein), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen (par M. Michel Wolter), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider (par M. Ben Fayot) et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Emile Calmes);

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Felix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vun der Motioun iwwert de Rapport McKinsey.

Une voix.- Neen, dat ass mar de Mueren.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Dann ass et gutt.

Ech gesinn d'Zefriddenheet op de Gesiichter, dass mer elo zéng bis siwe fäerdeg sinn an de Rapport McKinsey haut net méi diskutéieren. Da maache mer dat mar. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.49 heures)

Chamber TV

an der Stad: *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*

zu Déifferdeng: *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*

Ordre du jour

1. Communications
2. Rôle des affaires
3. Composition des commissions parlementaires
4. Question urgente 314 de M. Robert Mehlen relative à la fermeture de la fonderie VALFOND à Mersch
5. Motion de la Commission des Transports au sujet de la mise en oeuvre du rapport d'audit de McKinsey & Company sur l'organisation des autorités aéronautiques luxembourgeoises

   (Discussion générale - Vote)
6. Motion de M. Camille Gira relative au phénomène dit «Tanktourismus»

   (Discussion générale - Vote)
7. 5096 - Projet de loi relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht

   (Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5270 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, des mass médias, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Turquie, signé à Ankara, le 9 juin 2003

   et

   5287 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la recherche scientifique, des mass media, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Socialiste du Vietnam, signé à Luxembourg, le 21 mai 2003

   (Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.29 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Bis elo nach net.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

1. Communications

Dann hunn ech awer folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 22 février 2005, le projet de loi N°5444 relative aux prospectus pour valeurs mobilières

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales.

2) «J'aimerais pouvoir dire que l'Europe, aujourd'hui, ignore l'antisémitisme, la haine, l'intolérance, le mépris de la vie et de la dignité humaine. Malheureusement nous en sommes bien loin.»

Telle la constatation du Président de l'Assemblée Parlementaire du Conseil de l'Europe, Monsieur René van der Linden, faite lors de son discours à l'occasion de la cérémonie de commémoration du 60e anniversaire de la libération d'Auschwitz qui a été célébrée le 25 janvier 2005. Il a rappelé ensuite qu'«au lendemain de la guerre, l'Europe était dévastée et traumatisée. Il a fallu du temps pour que les blessures se cicatrisent et que l'espoir commence à renaître. L'objectif de notre organisation est d'entretenir et de protéger cet espoir, d'en faire une réalité pour tous les citoyens d'Europe. C'est ce que nous faisons depuis cinquante ans; c'est ce que nous continuerons de faire. C'est un devoir que nous rendons ... à toutes les victimes du nazisme. Nous sommes déterminés à réaliser le voeu de la jeune fille juive Etty Hillesum, morte à Auschwitz, qui écrivait il y a un peu plus de soixante ans: 'Si toute cette souffrance ne nous aide pas à élargir notre horizon, à atteindre un plus haut degré d'humanité en nous libérant de toutes les questions secondaires ou insignifiantes, alors elle n'aura servi à rien…'.»

Ont été présents à cette première session de 2005 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe qui s'est tenue à Strasbourg, du 24 au 28 janvier 2005, M. Marcel Glesener, Président de la délégation, Mme Lydie Err, Vice-Présidente, et M. Charles Goerens, représentants, M. Norbert Haupert et Mme Anne Brasseur, suppléants. M. le suppléant Jean Huss s'était excusé.

La première séance étant ouverte par le doyen d'âge de l'Assemblée, M. Gustavo Selva, il est procédé à la vérification des pouvoirs des nouveaux représentants et suppléants.

Après l'élection de M. René van der Linden comme nouveau Prési-

dent de l'Assemblée, sont élus les 19 Vice-Présidents, dont M. Marcel Glesener a été élu premier selon l'ordre de préséance.

M. Marcel Glesener a été confirmé dans ses fonctions de Président de la délégation. Aussi a-t-il été réélu pour la deuxième année consécutive Président de la Commission des questions sociales, de la santé et de la famille.

En dehors de la communication de M. Jan Truszczyński, Vice-Ministre des Affaires étrangères de Pologne et représentant la Présidence du Comité des Ministres, l'Assemblée a écouté

- la déclaration de M. Alcee L. Hastings, Président de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE,

- le discours de M. Viktor Iouchtchenko, Président de l'Ukraine,

- le discours de M. Mikhail Saakachvili, Président de la Géorgie et

- la communication de M. Terry Davis, Secrétaire général du Conseil de l'Europe.

M. Dragoljub Popovic, a été élu juge à la Cour européenne des droits de l'homme au titre de la Serbie-Monténégro et ce jusqu'au 31 octobre 2010.

Les principaux sujets à l'ordre du jour des huit séances étaient les suivants:

- rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente;

- le respect des obligations et engagements de la Géorgie;

- le conflit du Haut-Karabakh traité par la Conférence de Minsk de l'OSCE;

- la protection des droits de l'homme au Kosovo, avec l'intervention de M. Marek Antoni Nowicki, Médiateur au Kosovo;

- les circonstances entourant l'arrestation et l'inculpation de hauts dirigeants de Ioukos;

- le 3e Sommet avec l'intervention de M. Michel Barnier, Ministre des Affaires étrangères de la France;

- organismes génétiquement modifiés;

- avis sur le projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains;

- relations entre l'Europe et les États-Unis;

- création d'un centre européen en mémoire des victimes des déplacements forcés de population et du nettoyage ethnique;

- avis sur le projet de Convention contre le blanchiment et le financement du terrorisme;

- avis sur le Projet d'instrument juridique spécifique pour la prévention du terrorisme;

- chômage

a) Quelles solutions pour le chômage en Europe?

b) Dynamiser la cohésion sociale et l'emploi: multiplier les emplois

- Révisions des mandats des commissions de l'Assemblée et constitution de la Commission permanente.

Deux discussions selon la procédure d'urgence ont eu lieu au cours de cette première session de 2005, l'une sur «les perspectives de paix au Proche-Orient» et l'autre sur «L'Europe et le désastre du tsunami» avec l'intervention de Mme Yvette Stevens, Directeur du Bureau de la Coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (OCHA).

L'Assemblée a adopté trois avis, cinq recommandations et 11 résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

2. Retrait du Rôle des affaires

Op Wonsch vun der Regierung huet d'Presidentekonferenz sech haut de Moien dofir ausgeschwat de Projet de loi 3656 iwwert de Statsbeamtestatut vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

3. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Kompositioun vun de Commissions parlementaires ubelaangt, huet d'DP-Fraktioun virgeschloen, dass an der Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration, den Här Xavier Bettel niewent de Voleten Défense a Coopération fir de Volet Immigratioun zoustänneg gëtt.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Fir unzefänke si mer haut befaasst mat der Question urgente 314 vum Här Robert Mehlen iwwert d'Schléissung vun der Géisserei VALFOND zu Miersch. D'Regierung wäert elo op déi Fro äntwerten. Den Auteur huet fënnef Minutten Zäit fir seng Fro virzedroen an d'Regierung zéng Minutten, fir dorobber ze äntwerten.

Här Mehlen, als Auteur hutt Dir elo d'Wuert.

4. Question urgente 314 de M. Robert Mehlen relative à la fermeture de la fonderie VALFOND à Mersch

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Merci och der Regierung, datt se bereet war ganz prompt hei zur Dispositioun ze stoen, fir op déi Froen, déi ech opwerfe wëll, ze äntweren.

Här President, hei geet et, wéi Der scho gesot hutt, ëm d'Schléissung vun der Géisserei zu Miersch. Mir wëssen, datt do ronn 80 Aarbechtsplaze verschwannen, wann dee Betrib net méi weidergefouert gëtt. Et heescht, an dat schéngt och evident ze sinn, datt eng miserabel Gestioun vun deem Betrib schold wär un dëser Faillite. Mengen Informatiounen no huet et jiddefalls net un der Qualitéit vun de Produkter gefeelt, et huet och net un der Motivatioun vum Personal gefeelt an och net un de Commanden. Meeschtens hunn esou Betriber Schwieregkeeten, well et um Ofsaz feelt. Dat ass hei net de Fall gewiescht. Et ass och souguer ze fäerten, datt aner Betriber hei am Land, déi bis elo vun der exceptioneller Disponibilitéit a Flexibilitéit vun der Mierscher Géisserei profitéiert hunn, mat a Schwieregkeete kommen.

Ech wëll och soen, datt den Ausléiser vun dëser Fro vun esou engem Betrib ausgaangen ass, dee sech Suerge mécht well en d'Mierscher Géisserei als Zouliwwerer hat, an elo fäert - et ass e Betrib, deen och iergendwou ëm déi 70, 80 Leit beschäftegt -, datt e längerfristeg kënnt a Schwieregkeete kommen, well e muss relativ wäit an d'Ausland auswäichen, fir kënne beliwwert ze ginn, a wou och gefaart gëtt, datt net méi déi Flexibilitéit do ass wéi se bis elo do war.

An der Press war ze liesen, datt dëse Betrib iwwer véier Joer een Deel vu senge Lounkäschten - et ass geschwat gi vun 30% - vum Stat subventionéiert kritt hätt, verbonne mat der Obligatioun, fir de Betrib am Laf vun der Zäit ze moderniséieren. Et ass mer och gesot ginn, do wier iergendwéi en Accord getraff ginn. Do misst e schréftlechen Accord virleie, wou esouguer d'Arbeitnehmerschaft op en Deel vum Loun verzicht hätt, fir och zu där Sanéierung do bäizedroen.

Wann dat esou ass a war, Här President, da froen ech wéisou ass et méiglech gewiescht, datt de Stat während där Zäit net op de Respekt vun dëser Obligatioun insistéiert huet? Wien dréit heifir d'Responsabilitéit a wat fir Konsequenze gi gegebenenfalls aus dësem Virgang gezunn?

Eng weider Fro, an do kënnt e bëssen d'Urgence vun dëser Fro hier, ass déi: Stëmmt et, datt en ausländneschen Investor bereet gewiescht wier de Betrib ze iwwerhuelen an ze moderniséieren, allerdéngs ënnert der Viraussetzung, datt e kënnt ouni gréisser Ënnerbriechung weiderlafen? Ech hunn esou ee Gespréich gefouert. Do ass mer gesot ginn, wann d'Clientèle bis fort ass, ass et immens schwéier fir dat erëm un d'Lafen ze kréien.

Wéi et schéngt si jo do Verhandlunge gefouert ginn, an dofir ass eng weider Fro déi: Wat war d'Attitüd vun der Regierung an dëse Gespréicher, respektiv vun den zoustännege Verwaltungen an ass vergläichbar mat der ARBED - mir wësse wat fir Efforte vu Säite vun der Regierung, vum Parlament, vum ganze Land ëmmer erëm gemaach gi si fir d'Stolindustrie an der Riicht ze halen - och wierklech alles ënnerholl ginn, fir dëse Betrib ze erhalen an ze moderniséieren?

Ass zum Beispill vläicht ze vill drop gedrängt ginn, datt fir d'éischt all Oplagen, wat de Kommodo-Inkommodo ubelaangt, missten erfëllt sinn, ier et erëm däerft virugoen, wat gegebenenfalls zu deem Problem gefouert hätt, datt d'Clientèle sech anerwäerts e Fournisseur gesicht hätt an et dann erëm natierlech immens schwéier gewiescht wier fir de Betrib ulafen ze loossen?

Wéi, Här Minister, sinn d'Chancen, fir eventuell trotz allem nach esou eng Solutioun ze fannen?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Här Minister wann ech gelift.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Et ass séier gentil, Här President, ech sinn Iech och dofir dankbar.

Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen huet geschwat, dass an der Géisserei VALFOND sengen Aussoen no wahrscheinlech eng schlecht Gestioun war. Ech ginn him Recht. En huet geschwat dovunner, dass d'Qualitéit vun de Produkter gutt war, déi war noutwendeg. Et ass e Produkt wat noutwendeg ass, wat gesicht ass. Ob een elo just qualitéitsméisseg dat als e ganz héichwäertegt Produkt ugesäit, dat sief dohigestallt, mä Dir hutt zu engem gudden Deel Recht.

Wann Der sot, d'Motivatioun vum Personal wier ganz grouss gewiescht, dann hutt Der méi wéi Recht, well dat ass ganz kleng ausgedréckt, wat fir een Effort, datt d'Personal do gemaach huet. Wann Der sot, u Commanden huet et net gefeelt, da kann een Iech nach eng Kéier Recht ginn a soen, jo effektiv, et ware souguer Commanden do, an dass aner Betriber och zum Deel ofhängeg ware vun deem dote Betrib an esoufern, dass se déi Produkter kaaft hunn, och do hutt Der Recht.

Dir hätt souguer nach kënne weiderfueren, dass hei eng excellent Zesummenaarbecht emol eng Kéier war tëschent de Leit, dem Ministère, de Gewerkschaften, wat d'Gestioun vun deem Ganzen ubelaangt. Seelen hunn ech Gewerkschafte gesinn, déi mat esou engem Responsabilitéitsgefill virgaange sinn an ech kann dat nëmme beluewegend ënnersträichen. Dofir, ech ginn Iech am Ufank nëmme Recht.

Duerno stellt Der mer Froen, déi drop erausginn ze soen, ob dee Betrib um Niveau vun de Lounkäschte vum Stat subventionéiert ginn ass. Do muss ech soen: Neen. Wat ass geschitt? Mir hunn eng Regel, déi ass allgemeng, dat ass d'Aide au réemploi. Fir déi Leit, déi am Chômage sinn, erëm eng Kéier an de Betrib ze kréien, gëtt deen Ënnerscheed bezuelt. Et ass eng Aide au réemploi bezuelt gi vum 1. Juli 1998 bis zum 30. Juni 2002 fir 52 Salariéen. Firwat? Net einfach aus heiterem Himmel, mä do ass et d'Fonderie vu Miersch ginn an déi ass iwwerholl gi vu VALFOND.

Zu deem Zäitpunkt hunn d'Regierung an dee Minister, deen dofir responsabel war, fonnt, dass et noutwendeg a gutt gewiescht wier, hinnen déi Hëllefstellung do ze ginn an der Form vun deem wat d'Salariéë verséiert kréien. Elo kënnt Der mer soen, indirekt ass et eng Hëllef, mä et sinn d'Salariéen, déi ee Recht dorobber hunn. Dat ass deemools gemaach ginn. Esoufern huet déi Regierung, déi deemools d'Responsabilitéit hat, dozou gestanen, fir dee Betrib um Liewen ze halen, an déi Leit, déi do schaffen, um Liewen ze halen.

Ass hannendru gefrot ginn, dass dee Betrib d'Obligatioun hätt sech ze moderniséieren? Dat kann een net maachen, vu dass et keng Négociatioun mam Betrib war, mä et war eng Négociatioun, déi den Aarbechtsminister hat, am Fong, wann een esou wëllt, an eng Obligatioun vis-à-vis vun de Leit an net vis-à-vis vum Betrib. Dat kann d'SNCI, dat kann à la rigueur den Ekonomiesministère, dat kann net deen, deen déi Aide au réemploi do gëtt, dee kann net fuerderen, dass do soll moderniséiert ginn.

Sécherlech ass den Drock awer gemaach ginn, fir dass si solle moderniséieren, mä ech muss Iech soen: Wann et dann net geschitt, wat maacht Der dann? Wann den Aktionär refuséiert dat do ze maachen, huelt Dir de Leit déi Aide au réemploi ewech? Stoppt Dir hinnen se, maacht Dir de Betrib zou? Hei ass optéiert gi vu mengem Virgänger, vun deene Leit, déi an der Regierung virdru waren, fir dee Betrib esou wäit ewéi méiglech um Liewen ze erhalen, an der Hoffnung, dass muer een Investisseur kéim, deen dat géing iwwerhuelen.

Et muss ee soen, dass et hei un alleréischter Stell e Problem vu Sue war. Deen Aktionär, deen do war, a wat net en Industrielle war, mä en Institut financier, wollt kee Frang méi dran investéieren. An dat ass dat Éischt, wat ee muss hunn. Mir musse Suen hunn, fir dran ze investéieren. Hei hunn all Administratioune matgeschafft. Heibanne sëtzt den Environnementsminister. Wann dee seng Servicer op Miersch geschéckt hätt; wann den Aarbechtsminister d'ITM op Miersch geschéckt hätt; wa mir gekuckt hätte wéi et mat den Autorisatiounen ass, da wier dee Betrib laang zou gewiescht. Laang zou gewiescht!

Vu dass et ee Produkt ass, wat gebraucht gëtt, war ëmmer nach Hoffnung - a besonnesch, well et och een Accord zwëschent deem neien Direkter, deen et herno ginn ass, an dem Personal an de Gewerkschaften ginn ass, fir ze kucken dee Betrib erauszezéien. Dofir war et normal, dass een dann ee Moment gesot huet, komm mir probéieren alles, wat méiglech ass.

Dat ass wierklech an der Zäit geschitt, leider kenne mir awer d'Issue. Ech sinn elo grad nach enger Firma begéint, déi seet: „Bei mir stinn se ganz schrecklech an der Kräid" wéi ech gesot hunn, ech misst elo goen. Si hu weider gesot: „Mir hunn nach eng laang Lee." An et si vill därer, déi dat hunn.

Et muss een och soen, dass op eemol kee Mënsch méi wëllt eppes dran investéieren, an de Management buy out, deen ee Moment probéiert ginn ass, huet net méi réusséiert, well deen, deen et sollt maachen, fortgaang ass - trotz Hëllefstellung, déi mir him ugebueden hunn. Mä et muss awer een et bezuelen. Ech hu jo och net héieren, dass hei an der Chamber een opgestane wier, bis elo, a gesot hätt: Dir hätt dee Betrib missen als Stat kafen. Ech ka mir net virstellen, dass mir dat froen, well soss musse mir op ville Plazen dat do nach maachen.

An ech muss Iech soen, deen Emplacement, deen am Moment VALFOND huet, ass een onglécklechen. Do ass quasi matzen an der Uertschaft eng Géisserei, déi op keng Fassong an no kenge Kritären nach iergendeppes anhält. An dofir war d'Meenung, et wier dat Bescht, wann een Investisseur géing kommen an dee Betrib géing kafen an en anzwousch anescht installéiere géif. En hätt all Hëllefe kritt, déi méiglech gewiescht wiere vun eiser Säit, sief et Terrain, sief et déi normal Hëllefen, déi een an engem neien Invest kritt, mä ech muss soen, ausser e puer Interesseweisen hunn ech näischt kënne feststellen, dass wierklech een do wier, dee gesot hätt: Ech maachen dat do.

Ech mengen déiselwecht Aussoe si gemaach gi vum Curateur, deen esouguer - wat net Usus ass - an d'Zeitung geet, fir ze explizéieren, firwat dass op eemol näischt anescht méiglech war. Et muss een och soen, et huet een op eemol d'Responsabilitéit ze kucken, ob een net probéiert effektiv dann, wann näischt méi ze maachen ass, deene Leit eng nei Perspektiv ze bidde wéi déi Perspektiv, déi si do haten. Si hunn zäitweileg keng Pai kritt, si hunn zäitweileg ënnert dem soziale Mindestloun geschafft, si hu méi Stonne prestéiert wéi si hätte missen, ënner Konditiounen, déi méi erbärmlech si wéi déi, ënnert deenen si hätte schaffe missen. Da muss ee froen, ob een deem nach ka laang nokucken. Mir hunn näischt ënnerholl.

Ech mengen, d'Faillite ass gefrot ginn op eemol esouguer vun de Gewerkschafte selwer - esouguer vun de Gewerkschafte selwer! -, déi gesot hunn: Et gëtt hei nëmmen eng Issue, mir musse kucken, dass mir een neien Investisseur fannen. Mir hunn awer keen! Dir frot mech wéi d'Attitüd vun den Autoritéite war. Oppen, selbstverständlech! Et ass kee Minister, deen zu dësem Zäitpunkt net op wier, wann e Betrib a Schwieregkeete stécht - a mir hunn e puer schlecht Nouvellen a leschter Zäit gehat -, an deen net higaange wier an, fir achtzeg, nonzeg Leit ze retten, eppes gemaach hätt. Där gëtt et keen, esou domm ass keen, jiddereen hätt dat probéiert.

Dir stellt mir dann d'Fro, ob mir datselwecht gemaach hu wéi dat, wat mir bei der ARBED gemaach hunn. Ma, 1982 hu mir Gesetzer hei gemaach fir d'ARBED ze retten, eng Solidaritéitssteier an esou weider. Neen, dat hu mir hei net gemaach! Mir hunn dat effektiv net gemaach. Ech hunn Iech awer och net héiere soe bei anere Betriber, bei deene mir elo ähnlech Problemer hunn a wou nach méi Leit um Spill stinn, wat de Problem vum Chômage ubelaangt oder vum méiglechen Chômage, dass mir géingen elo nach eng Kéier datselwecht maachen, speziell Gesetzer maachen an d'Solidaritéitssteier eropsetzen op 10, voire 15 %. Dat hunn ech vu kengem héieren.

Wann Dir mech also esou frot, soen ech Iech, mir hunn effektiv net datselwecht gemaach, mä d'Situatioun war eng ganz aner. Hei war keng Autorisatioun méi, keng Assurance méi, déi eng Garantie gestallt huet, an da muss ech soen, keen Aktionär méi a keng Sue méi, da weess ech net wéi een dat hätt kënne maachen.

Mä wat d'Zukunft ubelaangt, wann Dir - an Dir hutt jo Gespréicher gefouert, éierewäerten Deputéierten - natierlech mat deem Investisseur, mat deem Dir geschwat hutt, kommt, an dee seet: Ech bréngen d'Suen fir op engem neie Site dat

do ze maachen, dat ass een interessant Produkt, da si mir op, fir dat direkt ze begleeden.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Diskussioun vun der Motioun aus der Transportkommissioun iwwert de Rapport McKinsey, déi eis iwwert de Wee vun der Conférence des Présidents erreecht huet.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que sur base d'une première évaluation des missions aéronautiques de l'Administration luxembourgeoise confiée à McKinsey & Company en 1997, la Direction de l'Aviation Civile a été créée par une loi du 19 mai 1999;

- considérant les divers travaux et initiatives parlementaires de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports de la Chambre des Députés suite à l'accident aérien de la compagnie Luxair qui a eu lieu le 6 novembre 2002;

- considérant que sur proposition de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports de la Chambre des Députés, le Ministre des Transports avait, début 2004, fait effectuer par le consultant McKinsey & Company une réévaluation de l'organisation des autorités aéronautiques luxembourgeoises;

- considérant qu'en sa séance du 11 juin 2004 le Conseil de Gouvernement a marqué son accord avec les orientations qui se dégagent des recommandations du rapport d'audit remis par le consultant le 23 avril 2004;

- considérant que lors de sa réunion du 30 novembre 2004 la Commission des Transports de la Chambre des Députés s'est à son tour, après avoir pris connaissance dudit rapport, prononcée sur le bien-fondé des recommandations du consultant qui se placent devant la toile de fond d'un cadre réglementaire européen de l'aviation civile en pleine mutation;

- confirme le Gouvernement dans sa volonté de veiller dans le domaine de l'aviation civile à une distinction nette entre les fonctions normatives et de contrôle, d'une part, et celles relatives aux prestations de service, d'autre part, tout en promouvant parallèlement le renforcement de la culture de sécurité impliquant l'ensemble du secteur de l'aviation civile;

et invite celui-ci

- à renforcer en général la supervision des exploitants aériens;

- à mettre par ailleurs en œuvre les recommandations du rapport final de McKinsey & Company du 23 avril 2004, notamment en ce qui concerne:

• l'adaptation de l'effectif affecté en particulier au sein de la Direction de l'Aviation Civile aux fonctions identifiées dans le prédit rapport,

• une séparation stricte entre les fonctions de régulation et de surveillance pour lesquelles est compétente la Direction de l'Aviation Civile, et les prestations de service aéroportuaires et aériens qui sont assumées par les opérateurs,

• une démarcation claire entre les missions de l'Administration de l'Aéroport et celles de lux-Airport,

• la structuration des fonctions déléguées au Bureau Veritas et la formalisation des relations entre la Direction de l'Aviation Civile et cet organisme, tout en analysant dans une étape ultérieure la nécessité d'une adjudication publique des travaux confiés à l'heure actuelle au prédit organisme,

• la mise en place d'un système de sanctions applicables à l'égard des opérateurs en cas d'observation défaillante des exigences de sécurité et de sûreté aériennes;

- à identifier et à réaliser les mesures requises pour améliorer la sûreté de l'Aéroport de Luxembourg.

(s.) Roland Schreiner, Camille Gira, Jean-Pierre Koepp, Roger Negri, Marc Spautz.

Dem President vun der Transportkommissioun, deene fënnef Fraktiounen an der Regierung sti jeeweils zéng Minutte Riedezäit zou. Et hu sech schonns ageschriwwen: déi Häre Spautz, Grethen a Gira. D'Wuert huet elo de President vun der Transportkommissioun, den honorabelen Här Roland Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

5. Motion de la Commission des Transports au sujet de la mise en oeuvre du rapport d'audit de McKinsey & Company sur l'organisation des autorités aéronautiques luxembourgeoises

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, no dem Fligeraccident vum 6. November 2002 ass souwuel öffentlech wéi och politesch ganz vill iwwert d'Flugwiesen hei zu Lëtzebuerg diskutéiert ginn a speziell seng Organisatioun a seng Sécherheet si ganz kritesch hannerfrot ginn an dat huet sech och bis haut nach net geännert. An zu Recht och, well de Secteur vun der ziviler Loftfahrt ass net nëmmen ee ganz kriddelechen, hien huet virun allem an deene leschte Joren och onwahrscheinlech evoluéiert um gesamteuropäische Plang, à tel point dass d'Erwaardungen an d'Erausfuerderungen un déi national Autoritéiten ëmmer méi grouss ginn a permanent no neien organisatoreschen, techneschen an och legislative Mesurë verlaangt gëtt.

Dofir war et och richteg a wichteg, dass op Ureegung vun der deemoleger zoustänneger Chamberkommissioun de fréieren Transportminister uganks 2004 en Audit maache gelooss huet iwwert d'Situatioun vun den Acteuren aus der Aviation civile hei zu Lëtzebuerg fir iwwert dee Wee de Kader ze schafen, dass och an Zukunft Lëtzebuerg sengen Obligatiounen, déi et als souveräne Stat am Beräich vun der Iwwerwaachung vun der ziviler Aviatioun huet, ka gerecht ginn.

De Büro McKinsey & Co huet dësen Audit an de Méint Februar a Mäerz 2004 gemaach a seng Recommandatiounen dem Transportminister den 23. Abrëll 2004 zougestallt. Den 11. Juni huet d'Regierung sech mat den Orientatiounen, déi sech aus dem Rapport erginn hunn, d'accord erklärt an d'Direktioun vun der Aviation civile beoptraagt déi entspriechend Initiativen ze ergräife fir déi Recommandatiounen dann och ëmzesetzen.

Als nei Chamberkommissioun ware mir awer der Meenung, dass et wichteg an och richteg wier, dass och d'Chamber d'Geleeënheet krit fir hir Meenung zu deem Rapport ze soen, eben och well um parlamentaresche Plang eng Rei vun Aktivitéiten an Initiativen an deem Dossier gemaach an ergraff goufen. Iwwert de Vote vun dëser Motioun, déi an der Transportkommissioun den 20. Januar approuvéiert gouf, wëlle mir dann och deen Débat hei an der Chamber clôturéieren.

De Rapport McKinsey mécht op alle Fall eent däitlech: Wa mir hei zu Lëtzebuerg d'Ambitioun hunn am Beräich vun der Aviatioun eng Sécherheetskultur ze promouvéieren an ee Service vu Qualitéit unzebidden, da musse mir souwuel strukturell wéi organisatoresch wéi legislativ méi maachen, wéi dat haut de Fall ass a vläicht esouguer méi maache wéi et eis duerch europäesch Direktiven imposéiert gëtt.

1997 schonn huet McKinsey eng éischte Kéier eng Evaluatioun gemaach an deemools schonn ënner anerem festgestallt, dass et zu enger Clarificatioun vun de Strukturen an de Responsabilitéiten an der Aviation civile misst kommen, wat dann och zur Schafung vun der Direktioun vun der Aviation civile gefouert huet, duerch d'Gesetz vum 19. Mee 1999.

Dann huet 1997 och schonn McKinsey festgestallt, dass d'Personaleffektiver missten ugepasst ginn, dass de reglementaresche Kader misst verstäerkt ginn, dass de Rôle och vum Kontrollbüro Veritas misst adaptéiert ginn an dass et zu enger Clarificatioun misst kommen, wat de Rôle vun dem Exploitant vum Flughafen an deem vun de Prestataires de services ugeet, wat dann och zur Schafung vun der Flughafegesellschaft lux-Airport gefouert huet. Et sinn also bis haut schonn eng ganz Rei vu Verbesserunge komm, mä villes bleift nach ze realiséieren, wa mer wëlle mat där rasanter Entwécklung, déi an deem Beräich do an deene leschte Jore stattfonnt huet an nach stattfanne wäert, Schrëtt halen.

Dofir mécht McKinsey eng Rei vun zousätzleche Propositiounen, déi an deenen nächsten dräi Joer sollen ëmgesat ginn an déi mer och an eiser Motioun relevéiert hunn. Esou soll et a muss et zu enger Adaptatioun vun den Effektiver an der Direktioun vun der Aviation civile kommen, fir hir et ze erméiglechen déi zousätzlech Aufgaben, déi se duerch d'Evolutioun vun der europäescher Reglementatioun kritt huet, ze bewältegen, an hir aktuell Kompetenzen am Beräich vun der Zertifikatioun vun den Opérateuren an der Supervisioun vun den Acteuren ze konsolidéieren.

Da muss et och endlech zu där strikter Trennung vun de Responsabilitéiten an den Aufgabe vun der Direktioun vun der Aviation civile, vun der Flughafeverwaltung an der Flughafegesellschaft kommen, fir all méiglech Interferenzen ze vermeiden, awer och fir kloerzemaachen, dass d'Kompetenzen a puncto Regulatioun a Surveillance bei der Direktioun vun der Aviation civile leien, an dass déi eigentlech Exploitatioun vum Flughafe vun de Prestataires, also Verwaltung a lux-Airport, ze assuréieren ass.

Dës strikt Trennung gëtt iwwregens obligatoresch um Enn vum Joer 2005 a soll och dozou féieren, dass d'Exploitatioun vum Flughafen aus ekonomescher Siicht méi effikass kann organiséiert ginn. Haut ass dat nach net gewährleescht. Et bestinn nach ëmmer eng Rei vun Iwwerschneidungen an deene verschiddenen Aktivitéitsberäicher a Kompetenzberäicher.

En anere wichtege Punkt ass dee vum Rôle vum Büro Veritas, de Kontrollbüro, deem seng Tâchë sech baséieren op Arrêté-ministérielen aus de Joren 1952 an 1967, déi sécher net méi den heitegen Exigenzen ugepasst sinn. Hei muss et dorëms goen, fir eng Restrukturatioun an eng Formalisatioun vun de Relatioune mat deem Büro ze garantéieren, fir an Zukunft all Formen an all Froen och vun Interessekonflikt, deen haut ganz sécher ganz oft besteet, ze vermeiden. Et muss ganz kloer ginn, dass de Büro Veritas seng Kontrollen a voller Impartialitéit am Optrag vun der Direktioun vun der Aviation civile soll maachen an dass et eng kloer Inkompatibilitéit gëtt mat eventuelle Prestatioune fir de Kont vun iergendengem Opérateur.

Da stelle mer eis an dëser Motioun och d'Fro, ob et éiweg deeselwechte Büro muss sinn, deen déi Kontrollfunktioun ausübt, an ob een net an enger zweeter Etapp soll analyséieren, fir de Wee vun enger öffentlecher Ausschreiwung ze goen, fir et och anere Büroen ze erméiglechen, déi Aarbechten do auszeféieren. Et wier ganz sécher am Sënn vun enger gréisserer Objektivitéit an och vun enger gréisserer Transparenz an deem Beräich.

Ee weidere wichtege Punkt ass dann och dee vun der Elaboratioun vun engem System vun Taxen a Redevancë fir d'Benotze vun der Flughafeninfrastruktur, mä virun allem och vun der Aféierung vu Sanktioune vis-à-vis vun den Opérateuren, déi sech net un d'Spillregelen, d'Prozeduren an d'Sécherheetsbestëmmungen halen. Déi eenzeg Sanktiounen, déi de Moment méiglech sinn, sinn déi vun der Suspensioun oder dem Retrait vun Zertifikaten, mä déi Menace ass éischter relativ. Hei soll een effektiv drun denken, fir e ganze Katalog vu Moossnamen auszeschaffen, déi ee kann asetzen entspriechend der Gravitéit vun der Verfeelung. Mir wäerten dann och kuerzfristeg mat engem Projet de loi konfrontéiert ginn, deen d'gesetzlech Basis soll schafen, fir deem dote Punkt och kënne Rechnung ze droen.

Här President, déi wichtegst Ambitioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Aviatioun kënnen hunn, ass déi vun der Stimulatioun vun enger optimaler Sécherheetskultur. Dat gëllt fir de Secteur am Allgemengen, et gëllt awer och am Besonnesche fir d'Opérateure selwer. Ech erënneren drun, dass mir vun der Europäescher Kommissioun - an dat ass nach net esou laang hier - am leschte Joer op eng Rei vu Lacunen an deem Beräich opmierksam gemaach goufen, an dass mer gutt berode wieren, esou séier wéi méiglech dës Lacunen ze stoppen.

D'Basis vun enger gudder Sécherheetskultur ass de gudde Fonctionnement vun den Tâchen, wat d'Reglementatioun ugeet, wat d'Zertifikatioun ugeet a wat d'Supervisioun ugeet. Déi Recommandatiounen, déi hei vu McKinsey gemaach ginn, droe ganz sécher dozou bäi fir dëse Fonctionnement ze assuréieren, well se virschloen déi noutwendeg Organisatiounsformen, Strukturen, Prozeduren a Ressourcen op d'Been ze stellen. Mä dat eleng geet net duer. Et ass e Prozess, dee permanent ass, evolutiv ass, an dofir ass et och wichteg, dass eng permanent Kommunikatioun tëschent der Direktioun vun der Aviation civile an tëschent deene verschiddenen Opérateure stattfënnt, fir esou lafend Schwaachstellen ze identifizéieren an déi entspriechend Verbesserungen ofzeleeden.

Här President, mat dëser Motioun wëlle mer d'Regierung an hirer Démarche ënnerstëtzen a si invitéieren all déi Recommandatiounen, déi gemaach goufe vum Büro McKinsey am Intérêt vun eisem gesamte Flugwiesen, mä awer och vun all deene Leit, déi dagdeeglech de Fliger benotzen, ëmzesetzen, verbonne mam Wonsch, no deenen dräi Joer an deenen se sollen dann ëmgesat ginn, och hei op dëser Plaz e Bilan iwwert déi Aufgaben an iwwert déi Tâchen ze zéien.

An deem Sënn wier ech frou, wann dës Motioun d'Zoustëmmung vun der Chamber kéint fannen, an ech géif dann och an engems d'Zoustëmmung zu dëser Motioun vun der LSAP-Fraktioun heimat iwerbréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, opgrond vum Fligeraccident, wéi den Här Schreiner et scho gesot huet, ass deemools eng Chamberkommissioun agesat ginn an och de McKinsey huet sech mam Rapport iwwert d'Flugsécherheet hei zu Lëtzebuerg beschäftegt. Et däerf een awer net vergiessen, dass och schonn 1997 McKinsey beoptraagt gi war, eng Analys iwwert d'Flugsécherheet hei zu Lëtzebuerg ze maachen.

Wann een elo op dat higeet vum Fligeraccident, do gëtt et verschidde Voleten. Ech mengen, et ass emol éischtens de juristesche Volet, an et ass net um Parlament fir sech do iergendwéi anzemëschen, mä do ass et un der Justiz déi néideg Prozeduren ulafen ze loossen, wat jo och amgaang ass, an dann och dorauser déi néideg Konklusiounen ze zéien.

Dann ass et dee vun der Aviation civile, an do ass et jo wou de Rapport vu McKinsey elo virläit a wou de Roland Schreiner an der Motioun drop agaangen ass bei der Virstellung vun där Motioun, a wou d'Regierung jo och schonn amgaang ass, verschidde Recommandatiounen ëmzesetzen, wéi ënner anerem och dat vum Effektiv, wou och scho Saache virgesi sinn am Budget, fir dat ze maachen.

Et muss een awer wëssen, dass et och nach aner Acteure gëtt, an dat si virun allem d'Opérateuren, déi um Flughafe sinn. An do gëtt et natierlech och nach aner Froen, déi sech opdrängen.

Wéi ass et mat der Installatioun vu Flugparameteren, wou zum Beispill et och wichteg ass, dass déi Flugparameteren, déi existéieren, och kënnen ausgewäert gi vu Leit, déi déi néideg Kompetenzen dofir hunn an déi och dofir ausgebilt sinn? A wann ech schwätze vu Flugparameteren, esou ass dat och elo schonn de Fall, dass dat an de Fligeren installéiert ass, mä dass dat net onbedéngt crashséchert Material ass, net wéi déi Blackbox, an et däerf och net domadder vermëscht ginn, mä dass do alles opgezeechent gëtt, wat während engem Fluch geschitt, an och alles festgehale gëtt, wat do gemaach gëtt.

An do ass et ënner anerem den „flight safety officer“, deen do d'Vertrauenspersoun soll sinn, deen déi Saache soll kontrolléieren. Mä et gëtt awer och nach eng aner Persoun, déi sech dorëm soll bekëmmeren, an dat ass den „accountable manager“, deen och laut den internationale Konventioune virgesinn ass, a wou ee sech muss d'Fro stellen, ob dat net och muss e Mann vum Fach sinn, net nëmme wéi den „flight safety officer“, mä dass och den „accountable manager“ ee muss sinn, deen eppes vu Loftfahrt versteet an deem Sënn, dass hien och vläicht e Piloteschäin huet, dass och hie weess, wat an all deenen Donnéeën enthalen ass a firwat dat an där enger oder anerer Richtung zu deenen eenzelne Punkte konnt féieren.

Et ass och wichteg, dass mer et do fäerdeg bréngen, dass bei den eenzelnen Opérateuren, déi um Marché sinn, och hei zu Lëtzebuerg déi Saachen hierarchesch kloer sinn an dass do déi néideg Regelunge festgeluecht ginn, fir déi Kontrolle kënnen ze maachen. Fir dat fäerdeg ze bréngen, brauch een awer och en internen Dialog. Do muss et méiglech sinn, dass bei deenen Opérateuren en Dialog fonctionnéiert, dass doriwwer och kann diskutéiert ginn, ouni dass direkt ëmmer d'Damoklesschwäert iwwer engem hänkt wann deen een oder deen aneren eng eenzel Remarque mécht.

Dofir ass et wichteg - an dat ass och virun allem am Intérêt vun der Lëtzebuerger Loftfahrt an och am Intérêt vun all den Usagere vun den eenzelnen Opérateuren -, dass och do déi néideg Regelunge kommen. Do ass et net un de politesch Responsabelen, fir deene Virschrëften ze maachen, mä et ass wichteg, dass déi international Konventiounen, déi do sinn, mus-

sen agehale ginn an dass do och op déi néideg Leit zréckgegraff gëtt.

Mir wëssen, dass d'Lëtzebuerger Opérateuren héich a gutt qualifizéiert Personal hunn, mä et ass och wichteg, dass een da kann op déi zréckgräifen, an dass et net nëmmen dann heescht, da mussen déi Postë mat Auslänner besat ginn, mä dass et och wichtig ass, dass do Lëtzebuerger sinn, déi wësse wat dat heescht, en Dialog am Modell Lëtzebuerg, dass déi och wëssen, dass wann eppes virgedroe gëtt, dass ee sech dann och mat de Begebenheete vun eisem Land kann ofginn.

A wa mir dat fäerdeg bréngen, an ech mengen dat do si jo alles Punkten, déi den 1. Abrëll 2004 an der Tripartite deemools festgehale gi waren, dass dat och alles misst kommen, dass och do déi Partner, déi deemools an der Tripartite waren, wat esouwuel d'Regierung war, wat och en Opérateur war, dass déi Saachen all ëmgesat ginn, dass dann och d'Lëtzebuerger Loftfahrt fit a flott ass fir d'Zukunft an deen haarde Konkurrenzkampf, dee kënnt, och net brauch ze scheien.

Ech op alle Fall wëll am Numm vun der CSV d'Zoustëmmung ginn zu dëser Motioun. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den Här Henri Grethen. Dir hutt d'Wuert Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt haut fir d'éischt eigentlech, well ech d'Chance hat fënnef Joer als Transportminister mat enger motivéierter a kompetenter Equipe ze schaffen, besonnesch haut ënnersträichen, dass ech déi Aarbecht, déi an der Direction de l'aviation civile gemaach ginn ass, respektéieren an dass ech och vollt Vertrauen an d'Kompetenz vun där Equipe hunn, déi eng ganz kleng Equipe ass an déi eng ganz komplizéiert Aarbecht muss maachen, an dat ganz besonnesch zënter deem grujelegen Accident, dee mer kannt hunn an dee bedauernswäert ass, an déi elo an engem ganz komplizéierten Ëmfeld musse schaffen.

Duerch dat Accident sinn eng Rei vun Initiative geholl ginn, ënner anerem déi fir McKinsey ze beoptragen nozekucke wéi d'Ëmsetzung vun deene Propositiounen ass, déi si 1997 gemaach hunn. An déi Propositiounen, déi Etüd, déi ass eben Ufank 2004 gemaach ginn an d'Konklusioune leie jo och der Chamber vir.

Här President, ech wéilt awer gläichzäiteg d'Kolleegen an der Chamber drop opmierksam maachen, dass d'Tatsaach mat engem Consultant ze schaffen eng ganz delikat Operatioun ass. A jiddfereen, dee sech fir dee Sujet interesséiert, deem géif ech hei d'Lektür vun dem Buch „Dangerous company: The Consulting Powerhouses and the Businesses They Save and Ruin" vum James O'Shea an dem Charles Madigan recommandéieren. Dofir muss een, wann ee mat engem Consultant schafft, mat där néideger Virsiicht virgoen an ech wäert nach dorobber zréckkommen.

Mir hunn op alle Fall an der viregter Regierung de Mandat vun deem Consultant ganz prezis festgeluecht - Dir fannt dat am Rapport vum McKinsey op de Säiten 13 a 14 erëm, wou déi Ambitiounen, déi mir eis fixéiert haten, nach eng Kéier festgeluecht sinn. Mir hunn, wéi gesot, den 23. Abrëll 2004 - dat ass schonn ënnerstrach ginn - dee Rapport kritt, mir hunn en am Ministère mat eisem Mataarbechter studéiert an ech sinn den 11. Juni mat deem Rapport a mat deene Konklusiounen, déi ech als deemolegen Transportminister aus deem Rapport gezunn hunn, an d'Regierung gaangen an d'Regierung huet déi Konklusiounen, déi ech proposéiert hunn, och guttgeheescht.

An déi Propositiounen, Här President, fannen sech erëm - zum Deel wéinstens, anescht geschriwwen, e bëssen ëmschriwwen - an där Motioun, déi elo der Chamber proposéiert gëtt.

An hätt ech d'Chance gehat, Här President, den 13. Januar an der Transportkommissioun ze sinn - eng Chance, déi ech net hat, well gläichzäiteg d'Conférence des Présidents war, ech konnt also net an d'Transportkommissioun kommen -, dann hätt ech an der Transportkommissioun gesot, dass ech esou eng Motioun als iwwerflësseg ugesinn, well dass d'Chamber néng Méint, nodeem d'Regierung eppes décidéiert huet, an enger Motioun soll d'Regierung opfuerdere genee dat ze maachen, wat d'Regierung den 11. Juni 2004 décidéiert huet, dat ass total iwwerflësseg.

Et sief dann, Här President, d'Majoritéit hätt kee Vertrauen an den aktuellen Transportminister a géif éiere gleewen dee wéilt dat, wat déi viregt Regierung décidéiert hat, net ëmsetzen an duerfir missten se him nach eng Kéier déi Motioun do - wéi soll ech soen - ënnerbreeden.

(Interruptions)

An aus där Ursaach eraus, Här President, verstitt Dir jo, dass ech Schwieregkeeten hu mat esou enger Motioun, wou ech selwer géif d'Regierung opfuerderen dat ze maachen, wat ech virdru schonn décidéiert hunn a wat arrêtéiert ass. An duerfir verstitt Dir, Här President, dass ech a meng Kolleege bei dëser Motioun eis wäerten enthalen, well mir mengen et soll een awer net esou wäit goe wéi dat elo gaangen ass.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Dir schéngt méi Vertrauen an d'Regierung ze hu wéi d'Majoritéit.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports*.- Dir hutt vill Vertrauen a mech, merci.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, ech hu vill Vertrauen an eenzel Membere vun der Regierung mat deenen ech gutt an deene leschte fënnef Joer zesummegeschafft hunn.

(Hilarité)

Dat heescht, dat wëll ech awer elo net op d'ganz Equipe bezéien. Ech ginn awer och dovun aus, Här President, dass et an der Regierungsaarbecht eng gewëss Continuitéit gëtt, an ausser et géif een expressis verbis décidéieren, et géif een eppes net maachen, dass et da weidergeet.

An ech huele jo och un, well dee Rapport McKinsey jo och virgesäit, dass a fënnef Phasen iwwer eng Zäitperiod vun 30 Méint déi Recommandatioune sollen en place gesat ginn, do ginn ech dovunner aus, dass no néng Méint awer scho relativ vill geschitt ass. Ech hoffen net, dass vum August d'lescht Joer u bis haut an där Matière hei näischt gemaach ginn ass. An et wier vill méi interessant d'Transportkommissioun géif sech domat ausernee setzen, wat da schonn an deenen éischten néng Méint vun deene Recommandatiounen ëmgesat ginn ass a wat mer bis Enn 2006 nach alles mussen ëmsetzen.

Mä, Här President, da wier et och interessant ze wëssen - an do wollt ech d'Geleeënheet haut notze fir den Transportminister ze froen -, huet de Mann démissionéiert, ass en démissionéiert ginn, ass en entlooss ginn, huet e schonn e Bréif, ass e geschriwwen…

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- En ass geflunn.

M. Henri Grethen *(DP)*.- …ass e geflunn - wéi och ëmmer, dat ass elo an dësem Kontext net esou wichteg -, mä ech hunn héieren den Transportminister hätt op der Televisioun am Kader, am Kontext vum Licenciement oder wéi een et och ëmmer nenne ka vum fréiere Generaldirekter oder vum aktuelle Generaldirekter vun der Luxair, gesot, dat wier och op Basis vun enger Rei vun Audite geschitt an ech mengen ze wëssen, dass esou Auditen oder Rapporten oder Etüde vum McKinsey gemaach gi sinn.

An do ass et fir d'Chamber an och fir déi Leit, déi bei der Luxair schaffen, interessant ze wëssen, wat fir eng Konklusiounen dann aus deem Rapport gezu ginn. Ech kéint mer zum Beispill mat deem néidege Mësstraue virstellen, well ech déi Consultantë kennen, dass ee géif soen, et misst een e Splitting maachen zwëschent dem Fluggeschäft an dem Cargohandling zum Beispill; de Cargohandling, deen d'Mëllechkou ass an der Luxair, am Fluggeschäft gëtt wéineg verdéngt - fir ganz héiflech ze sinn. Ech kéint mer virstellen, dass dat esou ass.

Ech kéint mer virstellen, dass de Consultant géif op déi Iddi kommen, et soll een déi Strecken astellen, déi kee Benefiss maachen. Do gëtt et der vill, do muss ee sech awer iwwerleeën, ob dat am Intérêt vum Land ass. Wann de Consultant géif soen, et misste Strecken ofgeschaf ginn, da misst ee jo och wësse wa keng nei agefouert ginn - an ech wéisst net wat fir eng -, da si Leit ze vill, da sinn Avionen ze vill, da misst een also och e Sozialplang do virgesinn.

All dat, Här President, si Froen, déi d'Leit dobaussen interesséieren, déi d'Chamber och sollten interesséieren a wou ech hoffen, dass mer Äntwerten op déi Froe kréien. Mä dat, wat mer haut hei proposéiert kréien an dëser Motioun, do sinn ech iwwerzeegt, dass dat scho laang amgaangen ass ëmgesat ze ginn.

An duerfir, Här President, brauche mer eis och dorëms net ze këmmeren. Dir verstitt, dass mir als Fraktioun bei där Motioun do eis wäerten enthalen, déi, wéi gesot, iwwerflësseg ass.

Merci.

M. le President.- Merci, Här Grethen. Den Här Gira ass nach ageschriwwen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter ass public ginn, dass de Procureur général a sengem Réquisitoire zum Luxairsaccident och d'Responsabilitéit vun der Direction de l'aviation civile opwërft. Domat ass d'Chance grouss, dass niewent dem Onglécksпilot an der Luxairsdirektioun, vläicht nach aner Leit, mä awer och den Direkter vun der DAC vum Untersuchungsriichter mat ugeklot ginn.

Spéitstens elo weist sech wéi Recht déi Gréng haten, wéi se am November 2003 en Audit vun der Direction de l'aviation civile gefuerdert hunn. En Audit, deen den deemolegen Transportminister Grethen duerch de Büro McKinsey duerchféiere gelooss huet an op deen sech dës Motioun vun haut berifft.

Spéitstens elo weist sech wéi berechtegt, Här President, eis Fuerderung no enger Spezialkommissioun am Fréijoer 2004 war, fir ze kucken, wéi wäit eventuell och politesch Responsabilitéiten direkt oder indirekt am Kontext mat der Luxair do waren.

Leider, muss ech soen, war déi deemoleg Majoritéit net bereet dëser Fuerderung Rechnung ze droen.

Spéitstens elo awer och, Dir Dammen an Dir Hären, erweist sech, wéi berechtegt déi Fuerderungen an der Motioun, déi mer haut ofstëmmen, sinn an dass se op kee Fall iwwerspëtzt sinn, am Géigendeel.

Ech wëll awer och betounen, dass ech dat Gefill hunn, dass den Här Grethen se schéngt net ganz gelies ze hunn, well et ass selbstverständlech, e gudden Deel vu Recommandatiounen oder Fuerderungen un d'Regierung beruffen sech op de Rapport McKinsey, mä et ass ee ganz wichtegen Tiret, zwar nëmmen ee ganz klengen, nämlech deen alleréischten, deen awer a mengen Aen eppes Wesentleches, souguer a mengen Aen dat Allerwesentlechst am Kontext vun der Aviation civile zu Lëtzebuerg, mä och am Kontext mam Luxairsaccident seet, nämlech: «à renforcer en général la supervision des exploitants aériens».

An dat steet net am Rapport McKinsey. Dat sinn eis eege Konklusioune vun der Transportkommissioun, an ech kommen nach drop zréck, wéi wichteg dës Konklusioun a mengen Aen op jidde Fall, an den Ae vun deene Gréngen am Kontext Aviation civile en général an am Luxairsaccident am Spezielle sinn.

Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

M. le Président.- Här Gira, den Här Grethen wëllt eppes soen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, ech wollt dem Här Gira soen, ech hu mech bezunn op déi Konklusiounen, déi d'Regierung den 11. Juni 2004 am Regierungsrot zréckbehalen huet an déi wäit iwwert dat eraus ginn, wat McKinsey proposéiert huet.

Fir dass kee Malentendu ass, doranner ass och deen éischten Tiret mat dran.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dat kann awer d'Chamber net wëssen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Jo, mä ech hunn Iech et gesot. Dofir zitéiert mech net mat eppes, wat net richteg ass.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dat kann awer d'Chamber net wëssen.

Ech menge schonn, dass dat do de sprengende Punkt ass an ech wäert Iech schonn erklären, Här Grethen, a wéi enger Hinsicht dass deen och grad fir Iech als fréieren Transportminister eventuell eng Kéier ganz relevant ka ginn.

Well, Här President, jo, déi Gréng sinn der Meenung, dass et och politesch Responsabilitéiten am Dossier Luxairsaccident gëtt; jo, an eisen Ae sinn déi jeeweileg Regierungen zumindest indirekt mat schëlleg un där nationaler Katastroph.

Si si mat schëlleg, well si hirer Opsichtsflicht an engem ganz sensibele Secteur net nokomm sinn. Si si mat schëlleg, well si déi responsabel Verwaltung net mat deem néidege Personal an deem néidegen Know-how équipéiert hunn. A si si mat schëlleg, well dat totaalt Feele vu Kontrollen a Sanktiounen zu engem geféierleche Laxismus an de Cockpitter gefouert huet, vläicht net an alle Cockpitter, mä a ganz ville Cockpitter.

Wéi konnt et dann iwwerhaapt zu esou enger Situatioun kommen?

Här President, ech kann net an där kuerzer Zäit am Detail d'Evolutioun vum Lëtzebuerger Flughafen a vum Transportministère maachen. Ech probéiere ganz kuerz awer duerzeleeën, wou menger Meenung no déi spréngend Elementer sinn.

Ech menge bis Enn der 70er Jore kann ee behaapten, dass Lëtzebuerg en absolute Provënzflughafe war, mat internationale Mouvementer, ëm déi 20.000 pro Joer, mat knapp 700.000 Passagéier, mat enger nationaler Fluggesellschaft, déi praktesch eleng do war, déi fënnef Fligeren hat, déi moies op Paräis, Frankfurt a London geflu sinn, a bis déi erëmkomm si war et relativ roueg do uewen um Findel. Et konnt een eemol dës Dags d'Icelandair huele fir an Amerika, an de Weekend sinn och nach déi eng oder aner Caravellen op Palma gefuer. Dat war d'Situatioun bis Enn der 70er Joren.

An dunn ass an den 80er an 90er Joren eng rasant Entwécklung geschitt. Esouwuel d'Mouvementer wéi d'Zuel vun de Passagéier si ganz rapid an d'Luucht gaangen, mä och - an dat ass scho gesot gi vum President vun der Transportkommissioun - déi international Erausfuerderungen un d'Aviatioun si vill méi grouss ginn, d'Technik ass ëmmer méi sophistikéiert ginn a virun allem sinn enorm legislativ Contrainten op d'Länner alleguerten zoukomm.

An ech ginn dat Gefill net lass, dass déi jeeweileg Regierungen dës Entwécklunge verschlof hunn. Ech hunn et um eegene Leif als fréiere Mataarbechter vun enger staatlecher Verwaltung misse materliewen, dass d'Regierungen net verstanen haten, dass do e Qualitéitssprong an dësem wirtschaftleche Sektor geschitt ass. Oder fannt Der et normal, dass eigentlech d'Statsbeamten hu misse streiken an aner Aktioune maachen, fir iwwerhaapt modern Aarbechtsinstrumenter ze kréien.

Dat ass déi eng Säit vum Ausdrock vun engem Netupassen un eng Evolutioun um Flughafen. Déi aner Säit, déi absolut Netexistenz vu Kontroll a Sanktiounen ass deen anere Volet vun engem Verschlofe vun Entwécklungen do uewen um Findel.

Här President, Lëtzebuerg war an der Tëschenzäit en internationale Flughafe ginn, deen awer weider mat Methoden aus der Provënz géréiert ginn ass, an zu esou Methoden aus der Provënz gehéiere bekanntlech akute Mangel u Personal an un techneschem Know-how, inkompetent Leit op wichtege Plazen, Vetternwirtschaft a Klüngelei a Leit mat verschiddene Kapen um Kapp, déi eigentlech net matenee kompatibel sinn.

Dir musst Iech virstellen, léif Kolleegen a Kolleeginnen, bis 1999, also ier opgrond vum éischte McKinsey-Rapport dat iwwerhaapt geschaf ginn ass, ware ganzer véier Leit am Transportministère fir dee ganze Sektor responsabel. An dann ass et kee Wonner, dass mer bis haut nach ëmmer net definitiv wëssen, ob dann elo den Onglécksпilot am Ufank vu senger Carrière eng gülteg Lizenz hat. Dann ass et kee Wonner, dass kee Mënsch Zäit hat, déi Verträg mat Veritas, déi aus de 50er Jore komm sinn, unzepassen. Da war et kee Wonner, dass keng Kontrollen à l'improviste do waren. An da war et och kee Wonner, dass keen Zäit hat fir Sanktiounen opzesetze mat Gesellschaften an déi ze sanktionéiere wa se sech net u Prozedure gehalen hunn, respektiv d'Piloten.

Stellt Iech vir, et wier keng Police op der Strooss, wat da lass wier am Verkéier. Abee, ähnlech Zoustänn hate mer, wéi d'Onglécksпiloten ugefaangen hu mat fléien. Déi Zoustänn hunn zu engem groussen Deel och nach existéiert wéi et zum Ongléck komm ass, an déi Zoustänn existéieren och zu engem Deel nach haut.

Dofir, Här President, an eisen Ae besteet akuten Handlungsbedarf fir d'Sécherheet an d'Sécherheetskultur an der Aviation civile ze verbesseren. Et muss endlech eng seriö Supervisioun agefouert ginn a konstant adaptéiert a verbessert ginn. An d'DAC mussen nach méi Leit a méi kompetent Leit kommen.

Mir perséinlech wieren der Meenung, dass een direkt misst kucken d'Kontrakter mat Veritas ze kënnegen, well se menger Meenung no wierklech a kenger Hinsicht méi dem 21. Jorhonnert entspriechen.

Mir si fir eng strikt Trennung vun den Aktivitéite vun der DAC, der Flughafegesellschaft an der Flughafeverwaltung. Mir sinn och der Meenung, dass weder Verantwortlecher vun der DAC an iergendee Conseil d'administration vun enger nationaler Fluggesellschaft gehéieren nach si mer der Meenung, dass Leit, déi fréier bei enger Fluggesellschaft ganz wichteg Posten haten, nach haut solle fir de Ministère an iergendenger Form schaffen. Schlussendlech gëtt et héich Zäit, dass e Katalog, wéi de President vun der Transportkommissioun gesot huet, vu Sanktiounen, fir d'Fluggesellschaften an d'Piloten ze sanktionéieren, mëttelfristeg ausgeschafft gëtt.

Här President, mir brauchen net méi an net manner wéi eng Loftfahrtpolizei an e Punkteführerschäi fir d'Piloten.

Mir sinn der Meenung als Gréng, dass de Luxairsaccident net däerf ëmsoss geschitt sinn. E muss op d'mannst derzou bäidroen, dass mer endlech zu Lëtzebuerg eng Sécherheetskultur an der Aviation civile kréien, déi internationale Standarden entsprécht. Ech hunn dat Gefill, dass do fir den neien Transportminister nach ganz vill Aarbecht virun em läit.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Zousätzlech huet sech nach den Här Mehlen ageschriwwen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, datt déi Diskussioun hei virun der Toile de fond vum Accident vun der Luxair vum 6.11.2002 stattfënnt. An et wär och wahrscheinlech net déiselwecht Diskussioun, wann dat net passéiert wär.

Ech muss soen, ech hunn dee Rapport vu vir bis hanne gelies an do hunn effektiv d'Hoer mer zu Bierg gestanen, wann ee gesäit wéi verschidde Saachen do ofgelaf sinn. Esou hunn ech mer et jiddefalls net virgestallt, wa Regelen etabléiert sinn, déi mussen agehale ginn. Dat weist, datt do am Cockpit e relative Chaos war. Dat ass jo och eng vun de Constatatioune vun den Experten.

Här President, wann Accidenter geschéien, da sinn et meeschtens zwou Ursaachen, déi un der Origine sinn. Meeschtens ass et mënschlecht Versoen - meeschtens -, heiansdo ass et technescht Versoen, wat eventuell net ze vermeide war. Dat war eng Kéier de Fall mat engem Embraer, well e Propeller en techneschen Défaut hat an du gebrach ass an herno sech dat ganzt Triebwierk détachéiert huet, an dat ass zu Hesper an de Wisen erëmfonnt ginn. D'Saach war awer gutt ausgaang.

Dat kënnt awer relativ rar vir. Meeschtens ass et mënschlecht Versoen, an dofir si mir och d'accord wa gesot gëtt, datt ee misst op zwee Niveauë virgoen. Engersäits muss eis Législatioun an deene Punkten adaptéiert ginn, wou et noutwenneg ass, awer op där anerer Säit - an dat ass e Faktor, deen ass schwéier an de Grëff ze kréien - muss ee kucken, datt déi Séparatioun, déi gewënscht ass, institutionell, administrativ, och um Niveau vum Personal, wou do deen een deen anere soll kontrolléieren, tatsächlech funktionéiert.

De Stat ass hei eigentlech an duebeler Funktioun, dat däerf een och net vergiessen: En ass engersäits Aktionär bei der Luxair, déi en Opérateur ass um Flughafen, en ass awer op där anerer Säit, an dat ass seng allerwichtegst Funktioun, de Garant vun der Sécherheet, de Garant vun der Sécherheet esouwuel vun de Passagéier, déi sech der Fligerei uvertrauen, wéi och vun de Leit dobaussen.

Et ass tragesch gewiescht, wéi déi Fokkermaschinn erofgefall ass, mä et muss een awer och op där anerer Säit soen: Et war vill Chance dobäi. En hätt zu Nidderaanwen och kënnen an d'Haiser eragoen. Wann et kee Fokker gewiescht wär, an et wär zum Beispill e Jumbo beim Starten iergendwou an e grousst Wunngebitt eragefall, ech mengen, da wäre mer nach mat ganz anere Fakte konfrontéiert ginn.

(Brouhaha général)

Duerfir ass et absolut noutwendeg, datt hei déi néideg Konklusiounen doraus gezu ginn.

Dee wichtegste Punkt schéngt eis ze sinn, d'Séparatioun vun der Surveillance vun der Direktioun vun der Aviation civile vun deene verschiddenen Acteuren, ob dat de Flughafen ass oder ob dat déi verschidden Opérateuren um Flughafe sinn - dat ass an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg extrem wichteg.

An, Här Spautz, ech muss Iech soen, ech hunn Iech opmierksam nogelauschtert, déi Attitüd, datt et gutt wär, wann iwwerall Lëtzebuerger wären - mir wësse wéi kleng, datt d'Land ass, a wéi gutt datt een deen anere kennt -, déi kann ech net deelen.

Et ass zwar fein, wann ee sech kann a senger Heemechtssprooch ënnerhalen, mä hei schéngt et awer - an do deelen ech dem Här Gira seng Aschätzung -, no allem wat ech gelies hunn, manifestement dorunner geleeën ze hunn, datt vläicht d'Leit sech ze vill gutt kannt hunn an ze vill duerch d'Fangere gekuckt ginn ass, wat an engem klenge Land effektiv de ganz grousse Problem duerchstellt. Esouguer dann, wann d'Législatioun an d'Reglementer esou sinn, wéi se solle sinn.

Op där anerer Säit muss ech soen, Här Gira, ech deelen och d'Meenung, datt déi Administratioune personalméisseg musse genügend ausstafféiert sinn. Wann awer hei d'Lizenz vun deem Pilot net soll an der Rei gewiescht sinn, da kann ech et zwar och net acceptéieren, wa gesot gëtt, dat wär op Personalmangel zréckzefëieren. Ech mengen, wat kontrolléiert muss ginn, dat muss kontrolléiert ginn.

Et ka jo net sinn, datt een eng Lizenz homologéiert kritt einfach esou, well dee betreffende Beamten, deen d'Kontroll soll maachen, keng Zäit gehat hätt fir dat uerdentlech ze kontrolléieren. Ech sinn awer d'accord, an dat muss een da vu Fall zu Fall kucken, well mir jo eng Tendenz hu fir all Administratiounen ëmmer nëmmen auszebauen an opzeblosen, datt een natierlech muss kucken, wat vu Personal gebraucht gëtt, mä datt een awer och op där anerer Säit do net soll an däerf iwwerdreiwen.

Wat eis wichteg schéngt ze sinn, dat ass jo d'Fro vum Büro Veritas - vum Contrôleur. Do steet ëmmer d'Fro vun deem, deen de Contrôleur soll kontrolléiren, hannendrun. An duerfir steet jo d'Fro am Raum, ob dat net soll ausgeschriwwe ginn. Et ass evident, datt, wann ëmmer deeselwechten deeselwechte kontrolléiert, dat ni gutt ass.

Ech kënnt mer virstellen, datt eng Affär BCCI hei zu Lëtzebuerg net stattfonnt hätt, wann eng Obligatioun bestanen hätt, all dräi Joer de Contrôleur ze wiesselen. An dat ass, mengen ech, e Prinzip, deen ee sech och muss zu eege maachen. Duerfir sti mir och där Iddi, fir dat auszeschreiwen - woubäi een natierlech och d'Qualitéit vun der Prestatioun muss kënne kontrolléieren -, ganz positiv vis-à-vis.

Et däerf ee vläicht och hannendrop d'Fro nach opwerfen, wéi wäit datt een d'Cour des Comptes, déi jo all méiglech Kontrollen ausféiert, net och soll domat beoptragen hei eng aktiv Roll dran ze spillen, fir ze kucken, datt och wierklech alles dat respektéiert gëtt.

Dat gesot, Här President, eist Vertrauen an d'Regierung ass net esou grouss wéi dat vum Här Grethen, duerfir wäerte mir d'Motioun stëmmen, well ech gesinn dem Här Lux zwar of, datt e ganz positiv gestëmmt ass fir dat hei alles ëmzesetzen, mä et ka jo awer näischt schueden, wann e vun der Chamber e bësse Réckhalt kritt.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech denke virun allem, dass déi Debatt vun de Mëtteg an déi fënnef Riedner, deenen ech Merci soen, der Regierung an och dem Transportminister den Optrag an de Mandat fir déi nächst Wochen a Méint, vläicht Joren, nach méi kloer an däitlech mécht, fir dat ëmzesetzen, wat engersäits an den Audit, anerersäits an der Motioun haut, an och an der Décisioun vun der Regierung, déi mäi Virgänger schonn ernimmt huet, dra gesat ginn ass.

Ech sinn och wéi hien der Meenung, dass et an dësem Dossier ganz klorerweis eng Kontinuitéit gëtt, déi sech scho méi laang zitt, fir effektiv op eisem Flughafen an an der gesamter Flugsécherheet besser Regelen, méi a méi seriö a méi konsequent Kontrollen ze kréien, an iwwerhaapt déi Sécherheetskultur ze ënnermaueren, déi mer brauchen, fir dass Serenitéit herrscht.

Ech sinn awer virun allem, an dat ass dann nach vläicht eppes, wat een a 15 Joer hei an der Chamber awer geléiert huet, der Meenung gewiescht - wéi och d'Regierung -, dass d'Chamber hei, mengen ech, zu Recht gefrot huet, fir eng Aarbecht, déi se ugefaangen huet och kënne bis zu Enn ze féieren.

Duerfir war ech vun Ufank un der Meenung an hunn och, mengen ech, selwer d'Initiativ Ufank September geholl, fir eng Commission parlementaire vum Transport hei ageruff ze kréien, fir eng Kéier iwwert den Audit ze diskutéieren, dee schlussendlech awer duerch eng Aarbecht an eng Initiativ vun der Chamber entstanen ass. An ech mengen, wann een awer wëllt eng gutt Aarbecht bis zu Enn féieren, da sollt een der Chamber, den Deputéierten d'Geleeënheet ginn, fir no deene Sëtzungen, déi mer haten, déi ganz gutt waren a ganz konstruktiv waren, eng Kéier iwwert deen Audit ze diskutéieren a fir dat dann hei am Plenum transparent, och fir d'Öffentlechkeet transparent, ofzeschléisse mat där Motioun an domadder mat där Décisioun, déi d'Chamber da weidergëtt un d'Regierung, dat ofzeschléissen.

Ech mengen, dat war de Wëllen, dee richteg war, fir och no deenen trageschen Evénementer, déi mer haten, an déi jo dach awer munch Froen, munch Douten an der Öffentlechkeet provozéiert hunn, fir hei eng propper Aarbecht zu Enn ze féieren. Domadder ass et kloer, an ech mengen do huet et och an der Zwëschenzäit keng Paus ginn, dass d'Regierung a virun allem den Transportministère a säi Minister hei e kloren Optrag hunn, fir an deenen nächste Jore weiderzefueren.

Eng zweet Suerg ass déi, déi ech och de Mëtteg wëll ausdrécken: Ech kann net esou schnell zu Jugementer komme wéi se de Kolleeg Gira de Mëtteg hei gemaach huet. Déi Wierder vu Klüngelei a vu Vetternwirtschaft, politescher Responsabilitéit, dat si grouss Wierder. Et muss ee wëssen an deem Beräich, wou mer hei sinn, wat ee seet.

Ech géing haut de Mëtteg datselwecht soen, wat de Kolleeg Grethen gesot huet, nämlech dass meng Confiance an d'Servicer esouwuel vum Ministère wéi och an déi ronderëm ganz grouss ass. Dass et sécherlech u personeller Verstäerkung, un Instrumenter, och legalen, gesetzlechen, reglementaresche Reglementer nach feelt, fir d'Aarbecht besser ze maachen - Sans aucun doute! -, mä ech géif awer, mengen ech, net wëllen esou wäit goen.

Ech géing dann awer wierklech de Mëtteg och drëm bieden, dass dat heiten dann awer och net nëmme fir d'Regierung a fir den Transportministère, mä fir jiddfereen en Appel soll sinn e bëssen och Vertrauen ze hunn an e bësse Serenitéit erëmzekréien, fir dass mer aus deem Esprit an aus deem Klima vun Douten a vu Virwërf a vu Polemiken erauskommen. Déi Responsabilitéit brauche mer da vu jiddferengem, och vun de politesche Responsabelen, och vun den Deputéierten, och vun der Regierung, fir ze kucken, dass mer aus deem Accident, an net nëmmen aus deem Accident, mä aus villen Diskussiounen eng Léier zéien.

Ech ka mech erënneren Ufank September hate mer eng Polemik vun der franséischer Pilotevereenegung, déi déi onméiglechst Virwërf gemaach huet un d'Direktioun vun der Direction de l'aviation civile. Déi Virwërf hu sech opgeléist wéi Seefeblosen, well näischt konnt bewise ginn. Alles wat do gesot ginn ass, wéi d'Bradéiere vu Lizenzen, dat mer géife maachen, a sou virun, alles dat hu mer nogekuckt. Et huet sech näischt erwisen, wat do wouer dru wier.

Dofir sollte mir och alleguerten hei zu Lëtzebuerg mat dofir Suerg droe fir déi Serenitéit erëmzefanen, fir dee Calme erëmzefannen, well mir dinn domadder, mengen ech, der gesamter Sécherheetskultur an deem Esprit, dee mer brauchen douewen, di mer net gutt, an ech mengen, mir schueden op där anerer Säit och ekonomesch deenen Opérateuren an iwwerhaapt dem Gedeihe vun eisem Flughafen, dee fir eis Ekonomie enorm wichteg ass, immens.

Dofir, näischt géint berechtegt Virwërf, näischt géint berechtegt politesch Aarbecht, déi noutwendeg ass, mä ech mengen, jiddferee soll awer och vun de Mëtteg un déi Serenitéit erëmfannen, fir besonnesch - wann ech dat däerf soen - och um Niveau vun deene juristesche Prozeduren, déi amgaange sinn, déi ech beileiwe net kommentéieren, an et géing mech den Däiwel reide fir déi ze kommentéieren, och déi sollte mer, mengen ech, bis zu Enn brénge fir ze kucke wat d'Geriichter da schlussendlech u Responsabilitéiten zréckbehalen a fir Décisiounen huelen.

Wat den drëtte Punkt ubelaangt, deen ech wollt soen, dat ass, jo, Laxismus ass e Wuert wat e bëssen an der Luucht läit, huet mat personelle Ressourcen oft ze di gehat, huet vläicht och mat Connivencen ze dinn, huet mat der Tatsaach ze dinn, dass mer effektiv heiansdo ze vill kafen, wou een deen anere kontrolléiert huet a gläichzäiteg dann awer erëm zesummesouz an zesumme Responsabilitéiten op anere Plaze gedroen huet.

Ech wäert alles druginn - an dat wëll ech der Chamber hei mat där Motioun de Mëtteg soen -, fir duerfir ze suergen, dass mer virun allem och déi Séparatioun vun de Rôlen, personell an organesch, esou wéi et an der Motioun steet, strikt wäerten duerchsetzen. Dat ass dat Éischt wat elo ze geschéien huet, fir dass mer do e Klima erëmfanne vu Rou a vu Kloerheet an de Missiounen, an de Kompetenzen, déi jiddfereen huet.

Da musse mer weiderfueren um Niveau vun der personeller Verstäerkung. Mir hu fir 2005 - de Kolleeg Spautz huet dat nach eng Kéier gesot - jo weider Décisioune geholl fir erëm eng Kéier zwee Ingenieuren, zwee Responsabeler anzestellen. Mir hunn eis d'Méiglechkeet ginn am Budgetsgesetz fir och op auslännesch Kräften zréckzegräifen, wa mer déi Qualifikatiounen hei duerch d'Lëtzebuerger Nationalitéit net fannen. Ech mengen dat war wichteg, dass d'Chamber eis déi Autorisatioun ginn huet fir déi Verstäerkung och op deem Niveau ze maachen.

Mir hunn drëttens an der Kommissioun kloergemaach, dass mer an den Diskussioune mam Büro Veritas amgaange si fir ze kucken - an ech menge mäi Virgänger huet an der Kommissioun oft zu Recht gesot, et gëtt där Büroe keng honnertdausend mat deenen een do ka fueren. Et ass net wéi wann een eng Soumission publique hei mécht an da sinn der 23, déi sech mellen.

Esou ass et jo net, duerfir mengen ech hu mer jo eng Formulatioun och fonnt, déi eis d'Méiglechkeet gëtt dat emol ze studéieren, net formell ze soen dat muss elo sinn, mä ze studéieren awéiwäit dass een dee Marché opmécht, fir dass een net sech engem ganz eleng verkeeft, wann ech dat esou däerf soen, deen och gläichzäiteg - an dat ass jo och e Problem hei an deem Zesummenhang - fir eng Rei vun Opérateure schafft. Do kënnt jo dann erëm eng Kéier de Problem vun der klorer Opdeelung vun de Rôlen, dee sech do stellt am Zesummenhang mam Büro Veritas, an ech mengen dat musse mer da kucken.

Mir hunn och dann d'Ëmsetzung ze maachen, an ech mengen et war de Kolleeg Spautz, deen dat gesot huet, vun den Diskussiounen, déi den 1. Abrëll waren an där deemoleger Tripartite am Zesummenhang mat dem Accident. Ech mengen, dass d'Luxair, a virun allem hire President vum Conseil d'administration enorm Effortë gemaach hunn, déi ech wierklech hei wëll ervirsträichen, fir d'Ëmsetzung vun deem Accord vum 1. Abrëll duerchzefëieren, sech ganz vill Méi ginn hunn, sech ganz staark involvéiert hunn, fir an der Fro zum Beispill vum Sort vun de Piloten zu gudde Konklusiounen ze kommen.

Mir sinn eis och virun dräi Wochen eens ginn, dass mer eng Relecture maache vun dem Rapport vun der Commission d'enquête technique, eng Relecture mat de Pilote maachen, mat den Hollänner, mat den Däitschen, fir eng Rei vu Formulatiounen ze kucken. Duerfir soen ech Relecture, net Réouverture. Ech mengen dat war dat wat den Henri Grethen och versprach hat den 1. Abrëll, dass mer déi Relecture maachen. Dat ass vun alle Säiten och akzeptéiert ginn, sech zesummenzesetzen an domadder och dozou bäizedroen, dass mer dee Klima vu Confiance erëmgewannen, vun allen Acteuren, déi do uewe schaffen, fir dat fäerdeg ze bréngen.

Ech mengen also, an den éischte Punkt ass gesot ginn, vum President haaptsächlech, dem Kolleeg Schreiner, dee kloergemaach huet, dass mer e Renforcement an allen Hisiichten, personell awer och an de Käpp brauchen. Mir haten déi Enquête vu Bréissel gehat iwwert d'Sécherheetsbestëmmungen do uewen. Déi war net ganz gutt ausgefall. Och do mengen ech hu mer eng ganz Rei vu Moossnamen an der Tëschenzäit schonn ergraff, déi natierlech op d'Droit-acquisë falen.

Leit, déi der Meenung sinn, dass se op d'ganz Liewen, à durée indéterminée, ëmmer déi Parkingsplaz zegutt hunn, déi sech awer an der Enceinte ofspillt, wou et scho Sécherheetsproblemer gëtt, all déi Saache mussen an d'Käpp vun de Leit eragoen, dass dee Laxismus muss eriwwer sinn, dass do jiddferee sech ganz prezis un déi Rôlen ze halen huet. Duerfir hëlleft eis déi Motioun hei, déi Aufgaben an deenen nächste Wochen a Méint nach méi kloer ëmzesetzen.

Ech wëll zum Schluss op eng Fro agoen, am Zesummenhang mat der personeller Décisioun um Ni-

veau vun der Luxair vun der leschter Woch, déi de Kolleeg Grethen mer gestallt huet. Ech menge gesot ze hunn op der Televisioun - dat kënne mer nach eng Kéier nokucken -, dass déi Décisioun, déi hei geholl ginn ass tëschent der Entreprise Luxair an hirem Generaldirekter, net op der Basis gefall ass vun deenen Auditen an Etüden, mä am Kader vun den Diskussiounen, déi mer doriwwer ze féieren haten ënner Aktionären. Ech mengen den Audit McKinsey an alles dat wat an der Entreprise a Klausurtagungen am September, Oktober, November diskutéiert ginn ass. An deem Kader, net op där Basis, mä an deem Kader stellen sech natierlech dann all Froen.

Wann ee schonn amgaangen ass, alles op den Dësch ze leeën, op de Métier ze leeën, stellen sech déi Froen och, an aus deenen Diskussiounen eraus ass am Konsens vun allen Aktionären Unanimitéit gewiescht, fir och déi Diskussioun do ze féieren, déi zu enger gemeinsamer Décisioun, déi jo matgedeelt ginn ass, gefouert huet, an iwwert d'Resultater vun der Entreprise selwer wat hir Auditen ubelaangt.

Da géing mech fir d'zweete Kéier den Däiwel reiden, wann ech hei dozou Aussoe géing maachen. Duerfir sinn déi Responsabel vun der Luxair do, fir der Öffentlechkeet ze soen, wat se mat deenen Auditen, ënner anerem McKinsey, an Zukunft fir hir Entreprise maachen. Méi mengen ech ass vum Aktionär Stat zu där Décisioun, déi do geholl ginn ass, net ze soen.

Mir war wichteg, dass d'Aktionären sech alleguerten, well dat och wichteg ass fir d'Entreprise an der Zukunft, unanime erëmfannen, fir eng Zäsur ze maachen an no vir ze goen, well och do wäerten niewent deene villen Efforten, déi mer um Niveau vun der Flugsécherheet a vum Flughafen ze maachen hunn, och bei der Entreprise Luxair, an deenen nächste Méint erëm ganz vill Effortë vu jiddferengem verlaangt ginn, fir dat - dat ass kee Schëff - fir dee Fliger do an déi Fligeren do an eng gutt Zukunft ze bréngen. Och déi wäerten néideg sinn. Och do wäert den Aktionär Stat seng Responsabilitéit huelen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun.

Ass e Vote électronique gefrot oder e Vote par main levée?

Une voix.- De Vote électronique.

Vote

M. le Président.- D'Motioun ass ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Marie-Josée Frank), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Nelly Stein), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Roger Negri, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Här Camille Gira senger Motioun iwwert den Tanktourismus. Dem Auteur vun der Motioun, deene fënnef Fraktiounen an der Regierung sti jeeweils fënnef Minutte Riedezäit zou. Här Gira, Dir hutt also elo d'Wuert.

6. Motion de M. Camille Gira relative au phénomène dit «Tanktourismus»

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Woch ass Kyoto a Kraaft getrueden, e wichtege Schrëtt fir d'Problematik vun der Klimaveränerung an de Gréff ze kréien. E wichtegen, awer nëmmen een éischten, ganz klenge Schrëtt. Bal all Wëssenschaftler an déi meescht Politiker, ausser vläicht den Här George Bush, si sech eens, dass no 2012, also no där éischter Kyoto-Period an no deem éischten, ganz klenge Schrëtt nach eng ganz Rei riseg Schrëtt mussen nokommen.

Den Här Chirac schwätzt vu minus 60% CO_2-Emissioune fir déi industrialiséiert Länner, den Här Tony Blair souguer vun 80% bis d'Joer 2050. Anerer schwätzen dovunner - dat wier eigentlech dee Modell, dee méi gerecht wier -, dass iergendwéi eng Kéier all Äerdebierger a -biergerin nëmme méi dräi Tonnen CO_2 pro Joer däerf an d'Atmosphär ausstoussen.

D'Lëtzebuerger sinn haut bei 20 Tonne pro Kapp a pro Joer, a Lëtzebuerg wäert mat grousser Sécherheet seng éischt Kyoto-Engagementer bis 2012 net kënnen anhalen andeem et se heiheem selwer realiséiert, mä et ass elo schonn ofzegesinn, dass mer eis zu engem gudden Deel musse fräikafen.

Schold dorun sinn net nëmmen, awer virun allem, den Transportsecteur am Allgemengen an den Tanktourismus am Speziellen. Et ass also an eisen Aen héich Zäit, dass mer eis endlech intensiv mat dësem Phenomeen Tanktourismus beschäftegen. Mir hu scho während Joren drop higewisen. Dat hei ass mäin drëtten Essai fir eng Motioun an dësem héijen Haus duerchzekréien.

Ech si frou, dass ech an der Tëschenzäit e bësse Schützenhëllef kritt hat vum leschtjährege Budgetsrapporteur, och vun anere Leit. Ech sinn och frou, regelméisseg elo an der Press ze liesen, dass awer nach aner Leit mengen, dass et héich Zäit gëtt, dass mer net nëmmen déi Suen akasséieren, déi iwwert dee Phenomeen erakommen, mä dass mer eis och seriö Gedanke maache wéi et soll weidergoen an Zukunft.

Här President, ech sinn der Meenung, dass et héich Zäit gëtt, dass d'Chamber, mä och d'Öffentlechkeet, genee gewuer ginn, wat dann iwwert de Wee vum Tanktourismus an d'Statskeess erakënnt. Et héiert een ëmmer erëm nei Chifferen, de Budgetsminister huet hei am Kader vun de Budgetsdiskussioune vun enger Milliard Euro geschwat. D'lescht Woch hunn ech gelies, dass de Statec der Meenung ass, et wiere 600 Milliounen Euro. Dat ass jo nëmmen een Ënnerscheed vu 400 Milliounen Euro, dat si jo Kinkerlitzche fir eise Statsbudget, just fir lech ze soen, wat vu staatlecher Säit ënnerschiddlech Zuelen avancéiert ginn, ganz ze schweige vun anerer Säit.

Et ass awer och héich Zäit, dass mer op där anerer Säit d'Käschte berechnen, wat dësen Tanktourismus eis kascht a wat en eis eventuell eng Kéier kaschte kënnt. Mir mussen Zeenarioen entwéckelen, wann et eng Kéier esou wäit kënnt, dass mer bis 2050 eventuell mussen op minus 80% vun eisem CO_2 vun 1990 reduzéieren. Mir mussen Zeenarioen entwéckelen, wat dat bedeit, wann eng Tonn CO_2 10 Euro kascht, wéi et vläicht haut um Maart ass, mä awer och wat et eis kascht wann de Präis eng Kéier 50 Euro d'Tonn kascht an och vläicht Zeenarioen, wou mer landen, wann esou eng Tonn iergendwann eng Kéier ëm d'Joer 2050 vläicht 100 Euro ka kaschten.

Mir mussen awer och aner Käschte mataberechnen, wéi d'Infrastrukturkäschten, déi mer wéinst dem Tanktourismus musse bereetstellen. An ech mengen net, dass et an Europa eng Autobunn gëtt, wou de Belag esou dacks muss erneiert gi wéi deen tëscht Sterpenich an Diddeleng. Ech mengen och net, dass ee kann déi Autosaccidenter, déi direkt an indirekt duerch dësen héijen Trafik geschéien, mat kann ausser Betracht loossen.

Mir mussen och déi indirekt Käschte matarechnen, wéi d'Erniddregung vun der Liewensqualitéit a ville Beräicher, d'Grenzuertschafte vun eisem Land, de Kaméidi, dee verursaacht gëtt, an och déi Stauen, déi duerch déi enorm Zuel vu Camionë virun allem op eise Stroosse sinn.

A schlussendlech si mer dës Woch gewuer ginn, dass mer och mussen eng Ernidderegung vun der Liewenserwaardung duerch d'Loftverschmotzung matabezéien. Et wäert deemnächst eng detailléiert Etüd publizéiert ginn, wou erauskënnt, dass zu Lëtzebuerg all puer Joer - a lauschtert gutt - 282 Leit stierwe wéinst der Loftverschmotzung. Do ass selbstverständlech net de Verkéier, a scho guer net den Tanktourismus, exklusiv dru schold, mä sécherlech awer och ee ganz gudden Deel vun dëser Minderung vun der Liewensqualitéit a Liewenserwaardung huet domat ze dinn.

A mir wäerten, Här President, deemnächst e ganz anere Problem kréien am Beräich Loftverschmotzung. Vum 1. Januar un ass eng nei Direktiv iwwer Loftverschmotzung a Kraaft, wou eng Rei Grenzwäerter fir eng Rei Polluanten dra sinn, déi eng Rei Deeg am Joer net däerfen iwwerschratt ginn. Dir hutt vläicht scho matkritt, dass éischt Répercussioune vun dëser Direktiv déi sinn, dass an Italien eng Rei Stied schonn hu misse Fahrverbot deklaréieren, well se soss schonn direkt am Ufank hir Deeg verbraucht gehat hätten.

Ech froen lech, Kolleegen a Kolleeginnen: Muss et wierklech esou wäit kommen, dass mer sonndes zu Lëtzebuerg en allgemengt Fahrverbot dekretéieren, well wiertes ze vill hollännesch a belsch Camionë bei eis tanke kommen? Ech mengen net, dass dat et wäert ass.

Mir musse wierklech Schluss maache mat der Navigation à vue am Kontext Tanktourismus an ech si frou, dass - an dovunner ginn ech aus - no den Debatten an der Ëmweltkommissioun, dës Regierung endlech bereet ass, zumindest dofir ze suergen, dass mer emol uerdentlech Chifferen op den Dësch kréien. Dann ass et u jidderengem heibannen op Grond vun Zuelen, op Grond vu Chifferen le pour et le contre ze maachen an Zeenarioen ze entwéckelen, wéi mer an deem doten Domän an an der Klimaschutzpolitik am Allgemenge weiderfueren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi den Här Gira dat hei gesot huet, ass et richteg, datt et net fir d'éischt ass, datt mer eis iwwert déi Motioun hei ënnerhalen. Schonn den 23. Oktober 2001 hu mer eis am Kader vun der Ratifizéierung vun der Kaderkonventiouun vum Kyoto-Protokoll heiriwwer ënnerhalen.

Oft gëtt gemengt, mir hätten eréischt Enn d'lescht Joer de Kyoto-Protokoll ratifizéiert. Dat ass net richteg. Dat war 2001, nodeem de Kyoto-Protokoll 1997 ënnerschriwwe ginn ass. Dat, wat mer dat lescht Joer hei ratifizéiert hunn, war den Allocatiounsplang vun den Emissiounsrechter, deen op Grond vun enger europäescher Direktiv am Kader vum Burden sharing geholl ginn ass. Ech wëll just hei dorunner erënneren.

Richteg war awer och schonn deemools, datt déi Motioun hei an d'Ëmweltkommissioun verwise ginn ass. Ech war deemools President vun där Ëmweltkommissioun an et huet mech och net gestéiert iwwert déi Motioun ze befannen. Ech hunn allerdéngs awer an deenen anere Kommissioune sengerzäit kee schrecklech offent Ouer konnte feststellen, fir dat hei gemeinsam ze diskutéieren, sou datt et u sech net zu enger offizieller Diskussioun vun där Motioun hei komm ass. Richteg ass awer, datt déi Motioun hei net eleng vun der Ëmweltkommissioun kann diskutéiert ginn, well se och en Impakt a Konsequenzen u sech huet op aner Beräicher, virun allem um Niveau vun de Finanzen, virun allem um Niveau vun der Wirtschaft an och virun allem um Niveau vum Sozialen.

Tatsaach ass, datt mer bedéngt duerch d'Comptabilitéit, déi d'Kyoto-Konventiouun mat sech bréngt, dee Bensin oder dee Spritt, deen hei am Land verkaaft gëtt, ugerechent kréien, och wann en net hei am Land émettéiert gëtt. Datt déi Situatiouun esou ass, dofir ka keng Regierung hei zu Lëtzebuerg. Ech mengen, dat ass am internationale Kader festgehale ginn an ech ka mer net virstellen, datt Lëtzebuerg sech jee hätt do kënnen duerchsetzen, fir datt dat hätt anescht kéinte gerechent ginn. Et wäert och an Zukunft net änneren, well wann déi Diskussiounen do erëm frësch opgemaach ginn, da kommen och aner Länner mat anere Rechnungen an da komme mer zu kengem Enn.

Dofir, mengen ech, soll ee kenger Regierung e Reproche hei maachen, datt d'Situatiouun déi ass, déi mer haut hunn. Gradesou mann mer awer och deene Gemenge solle Reprochë maachen, déi op de Grenze leien, wéi zum Beispill déi Gemengen, déi méi no bei Arel leien, wou dann hallef Arel dohinner tanke geet oder eng Gemeng, wéi am Norde vu Land, wou hallef Baaschtenech dohinner tanke kënnt oder ganz einfach d'Gemeng Réiser, déi zoufälleg eng Tankstell - déi gréissten an Europa - op hirem Territoire huet, well déi zoufälleg op der Autobunn läit.

Do soll een oppassen, wann een hei de schwaarze Péiter verdeelt, well et riskéiert een deen och kënne virunzereechen; zumools déi Gemengen och nach do am Klimabündnis sinn a guer net dofir kënnen, dass d'Situatioun déi ass, wéi se dann eben ass.

Mä well dat hei net eleng en Ëmweltproblem ass, mä och e Finanzproblem, e Wirtschaftsproblem, en Aarbechtsproblem an e Sozialproblem, wat och ëmmer, mengen ech, fält et net eleng an de Beräich vun der Ëmweltpolitik. Mä ech mengen, dass mer och schonn dës Motioun an déi Etüd, déi sech u sech heirauser ergëtt, am Sënn vun der Nohaltegkeet solle kucken.

Mir hunn am Joer 2002 hei e Rapport diskutéiert iwwert d'Nohaltegkeet wou mer soen, datt all Aktivitéite musse gläichméisseg behandelt ginn, souwuel am wirtschaftleche Sënn, wéi am sozialen, wéi awer och am ëmweltpolitesche Sënn, an dat solle mer och an deem Domän hei maachen.

Datt den Tanktourismus haut e ganz groussen Impakt huet op de Budget, zwëschen 20 a 60 Milliarden, jee nodeem wéi een dat rechent, dat heescht wann een déi direkt Einnahmen hëlt, da läit ee wahrscheinlech bei ëm déi 30 Milliarden, mä wann een déi indirekt Akommesse mat bäihëlt, déi nach heiduerch generéiert ginn, da gëtt natierlech deen Impakt vill méi grouss a kann ënner Ëmstänn bis zu engem Véirel ausmaachen. A kee ka sech virstellen, dass zu dësem Zäitpunkt eise Budget kéint opgoen, ouni datt do och nach, mengen ech, wat déi Etüd wäert erausginn, eng Partie Niewewierkungen entstinn. Et ass nämlech mat deene Recetten do, wou mer Aarbechtspolitik, Wirtschaftspolitik, awer och op där anerer Säit Sozialpolitik maachen.

Et ass awer esou, datt et richteg ass, datt een den Impakt vum Tanktourismus zu Lëtzebuerg, esou wéi en haut ass, am Sënn vun der Nohaltegkeet kuckt, a speziell fir muer an och iwwert d'Joer 2012 eraus, einfach ze kucken, ob den Tanktourismus eis net op eemol op de Kapp fält, jee nodeem wéi de Präis vun der CO_2-Tonn sech hei zu Lëtzebuerg entwéckelt an datt mer ënner Ëmstänn de Risiko lafen, datt de Benefiss, dee mer haut aus dem Tanktourismus erauszéien, fleete geet, a mer eis an eng Ofhängegkeet erabewegen, déi mer zu engem gewëssenen Zäitpunkt net méi meeschtere kënnen.

Dofir, Här President, wëll ech zum Schluss soen, datt mir als Fraktioun där Motioun hei eisen Accord wëlle ginn. Wéi gesot, zu enger Etüd, déi am Sënn vun der Nohaltegekeet d'Situatioun haut kuckt an dann awer, jee nodeem wéi vill déi CO_2-Tonn wäert kaschten, verschidden Zeenarioen entwéckelt, wéi datt een hei kann erausgoen.

Wéi gesot, déi Motioun ass e bëssen anescht wéi déi aus der Vergaangenheet. Ech géif den Auteur och vläicht bieden déi Motioun an deem Sënn ëmzeänneren. Am drëtte Punkt vum Considérant schreift hien: «considérant que le Luxembourg fait figure de pays grand producteur d'émissions de gaz à effet de serre». Wann een dat mat Amerika vergläicht, dann ass dat awer nach wéineg. Et misst ee vläicht schreiwen, datt dat par tête d'habitant ass, soss ass dat net richteg.

Dir hutt och d'Wuert geännert vun där leschter Kéier: «considérant que la consommation de carburants a une influence importante». Virun enger Rei vu Jore war et nach «disproportionnée» an ech mengen, et ass haut och nach ëmmer «disproportionnée», an ech mengen och deen Term soll ee bäibehalen.

Da schreift Dir am leschte Saz vum Invite: «à élaborer une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2012». Do géif ech awer vläicht schreiwen, datt opgrond vun deene Konklusioune vun deene Strategien, déi entwéckelt ginn, een da soll déi Strategie hei maachen. Ech hunn dat hei formuléiert. Ech ginn dem Här President dat, da kënnt Der dat vläicht kucken an an Är Motioun afléisse loossen. Et ännert absolut näischt um Sënn vun der Motioun, an da wollt ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Nach ageschriwwen ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, dee Sujet hei ass en immens sensibele Sujet an e beréiert eng vun deene schwieregste Froen, déi mer hei am Lëtzebuerger Land ze diskutéieren hunn; vläicht nach méi wéi déi, déi de Moment d'Gemitter héichdreift, wéi déi vum Fëmmen an de Restauranten.

Mir hunn engersäits, den Här Gira huet dat hei duergeluecht, natierlech immens héich Recettë fir de Stat. Et ass och e ganze Wirtschaftssecteur, deen drunhänkt, mat villen Aarbechtsplazen, mat villem Commerce, déi parallell lafen. Op där anerer Säit sinn d'Belaaschtungen do. Et ass evident, mir musse fir d'Emissiounsrechter bezuelen. Mir mussen an Zukunft wahrscheinlech ëmmer méi dofir bezuelen. Iergendwann eng Kéier ass de Schnëttpunkt erreecht, wou et net méi interessant ass. Et ass ganz kloer, datt eis Stroossen doduerch belaascht ginn, datt d'Gesondheet vun de Leit an d'Liewensqualitéit beeinträchtegt sinn.

Mir musse wëssen, datt am ganze Kyoto-Zeenario, fir eis Emissiounen ze reduzéieren, den Transport dee wichtegste Secteur duerstellt, datt do dat gréisste Réductiounspotenzial ass an datt et dofir och normal ass, datt ee sech seriö Gedanken driwwer mécht, wou een do den Hiewel kann usetzen. Dofir ass dës Diskussioun immens wichteg, och am Hibléck op déi weider Verkéiersplanung, am Hibléck op déi weider Infrastrukturplanung, Planung vum Ausbau vum bestehende Stroossennetz an d'Planung och vun neie Stroossen.

Här President, de Lëtzebuerger Stat léisst net wéineg Etüde maachen. Wann ee gesäit wat alles studéiert gëtt, da muss een ohne Weiteres dermat d'accord sinn, datt och hei an dësem wichtege Secteur eng Etüd gemaach gëtt. Wann déi Etüd da virläit, da kann ech mer net virstellen, datt do eng ganz kloer Recommandatioun drasteet, wéi een dann elo soll virgoen. Da sti mir als Politiker duerno awer an der Verantwortung fir Konklusiounen ze zéien, an dat wäert ganz sécher an där Situatioun, wéi de Lëtzebuerger Stat steet, an där Politik vun Ausnotzung vun Nischen, déi mer bis elo ëmmer meeschterhaft praktizéiert hunn, do gëtt dat sécherlech eng ganz schwiereg Diskussioun.

Spéitstens da wäert eis kloer ginn, datt et zwar vläicht clever war fir eis öffentlech Finanzen, fir dee Secteur do esou ze développéiere wéi dat nun eemol geschitt ass, mä datt et op där anerer Säit awer och de Revers vun der Medail gëtt, an deen ass datt et extrem gefëierlech ass, a vläicht wäerten eis dann d'Ae mol richteg opgoen, a wat fir eng Ofhängegkeet, datt mer eis an deem Secteur do beginn hunn.

Här President, mir kënnen dës Motioun am Prinzip stëmmen, mä ech hunn och eng Remarque ze maachen. Dat Éischt: «à faire une étude d'évaluation», do hu mer kee Problem. Dat Zweet ass vläicht e bësse generell formuléiert: «à élaborer une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2012».

Grondsätzlech ass dat jo ëmmer richteg, datt mer permanent alles maache fir d'Consommatioun u Carburanten ze bremsen. Do gëtt et vill Hiewelen, déi ee kann usetzen. Dat ass d'Transportpolitik generell. Dat ass eng Politik, déi een och ka bedreiwe fir déi Autoe steierlech ze favoriséieren, déi manner Spritt brauchen, manner émettéieren op 100 Kilometer, déi gefuer ginn, an esou weider. Mä wéi gesot, dat ass eng ganz wäit Strategie.

Mir kënnen dat matdroen an deem Sënn wou et net schonn d'Konklusioune vun der Diskussioun, déi eréischt soll gefouert ginn, virewechhëlt. Ech schloen elo keng aner Formulatioun vir, mä mir interpretéieren et awer net esou, wéi wann een elo scho quasi d'Konklusioun géing virewechhuelen, éier d'Etüd iwwerhaapt um Dësch läit.

Dat gesot, wëll ech soen, datt mir och natierlech als Fraktioun dës Motioun ënnerstëtzen.

M. le Président.- Elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports, Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Mir hunn an der Kommissioun vum Environnement, un déi dës Motioun jo verwise ginn ass, ech mengen am Dezember an der Kyotosdiskussioun - effektiv an der Direktiven-Diskussioun, déi mer haten, net d'Ratifizéierung - doriwwer diskutéiert a sinn zur Konklusioun komm, dass een innerhalb vun der Regierung déi dote Saach soll diskutéieren.

Zwee Riedner hunn hei uewen zu Recht gesot, et sinn net nëmmen ëmweltpolitesch Parameteren, ëm déi et hei geet; hei geet et ëm ekonomescher, hei geet et ëm sozialer, hei geet et virun allem och ëm finanzpolitescher, budgetärer. An dofir hu mer an der Regierung diskutéiert dodriwwer an ech wëll soen, dat, wat den Här Mehlen hei gesot huet, ass u sech richteg. Mir maachen hei zu Lëtzebuerg iwwer vill manner wichteg Problematiken an Défië fir eist Land Auditen, Etüden, Zeenarien an Diskussioune wéi iwwert dat heiten. Dat hei huet esou vill wichteg Répercussioune fir d'Zukunft vun eisem Land, mengen ech, dass een do net sollt de Kapp an de Sand stiechen, mä dass een offensiv a fräi un déi Fro sollt erugoen.

Dofir géif och d'Regierung der Chamber proposéieren déi Motioun unzehuelen, well mer menge mir sollten déi Zeenarien en vue vun 2012 och diskutéieren. A wéi ech dem Kolleeg Gira nogelauschtert hunn, ass mer och bewosst ginn, dass et jo net duergeet, dass eist Land an dëse sechs Méint während der Présidence op Bréissel an op aner Plaze grouss Rieden hale geet iwwert d'Réductiounsstrategien an der „Post-Kyoto 2012"-Period, wou mer diskutéieren, bis 2020 tëschent 15 an 30%, bis 2050 tëschent 60 an 80%, a sech net bewosst ze si wat dat da fir d'Lëtzebuerger Land heescht.

Wann een also e bësse kohärent mat sech selwer wëllt sinn, an dat wat mer zu Bréissel zielen a wat mer an der Présidence vun deenen anere gären hätten - an ech kann lech soen, dass et net ganz einfach ass fir iwwert déi Post-Kyoto-Period do d'Länner, alle 25, ënnert een Hutt ze kréien, fir dat wat do gewollt soll sinn -, da mengen ech sollt een och zu Lëtzebuerg kucke seng Hausaufgaben ze maachen.

Wann een d'Zuele kuckt, an ech hunn dofir nach eng Kéier schnell mer d'Zuelen ugekuckt, déi lescht, déi eis an deem Zeenario vun 2002 virleien. Ech wëll lech déi awer net virenthalen, fir eng Kéier d'Importenz - ech wëll net soen d'Gravitéit - vum Sujet ze soen.

Mir haten 2002 insgesamt 10.537.317 Tonnen CO_2-Emissiounen, déi sech zesummesetzen aus der Industrie, aus den Haushalter a virun allem aus dem Transport. Aus dem Beräich vum Transport vum Tanke sinn eleng fir den Tanktourismus, dat wat also net vun de Résidenten, vun deenen Autoen, déi also immatriculéiert sinn hei zu Lëtzebuerg, consomméiert gëtt, do sinn 3.880.457 Tonnen CO_2-Emissiounen eleng aus deem Beräich festzestellen.

(Interruption)

Dat ass also een Drëttel.

Een Drëttel vun allen Emissioune ginn, opgrond vun dem IPCC-Modell, hei zu Lëtzebuerg ugerechent. Wougéint, wann een de Résidentëverbrauch hëlt, fir deen och nach ze soen, dee läit bei 1.516.000 Tonnen.

Dat weist d'Importenz. Dat weist se an der Verschmotzung vun der Atmosphär, iwwer eis Grenzen ewech, natierlech. Dat weist se awer natierlech och dann a budgetäre Répercussiounen, Finanzrépercussiounen, ekonomesche Répercussiounen, Aarbechtsplazrépercussiounen, vu dass forcément déi Bedeitung do a Chifferen och déi Bedeitung an all deenen anere Parameteren erëmgëtt.

An dofir ass et richteg an dofir ass déi Propositioun, déi ech der Chamber géif maachen an der Motioun, a virun allem dem Auteur vun der Motioun, fir hinzegoen - an ech hu kee Problem domadder - a bei deem Considérant «par tête d'habitant» ze soen. Ech weess net, ech schwätzen elo hei fir den Auteur, dat steet mer net zou, mä ech mengen, dass dat u sech kee Problem ass.

Ech mengen, dass mer an dem „invite" un d'Regierung jo och eng Décisioun geholl hunn, déi vum Dezember u leeft, dass mer am Rahme vun dem Allocatiounsplang an am Rahme vun der Direktiv, déi mer hei gestëmmt hunn an an nationaalt Recht ëmgesat hunn, jo eng Aufgab hunn, fir eng Minderungsstrategie um Niveau vun den CO_2-Emissioune fir déi nächst Period auszeschaffen.

De Professer Ewringmann, mat deem déi viregt Regierung schonn zesummegeschafft huet an der Ausaarbechtung vum Allocatiounsplang, huet déi Aufgab kritt, a mir waren duerfir an der Regierung der Meenung, dass et richteg wär, dat heiten am Rahme vun där doten Etüd mat eranzehuelen. Ech hunn och mam Professer Ewringmann doriwwer am Januar diskutéiert, fir seng Etüd ze preziséiere mat deenen Elementer hei.

Duerfir géife mir folgende Wuertlaut proposéieren: «invite le Gouvernement à faire, dans le cadre de l'étude visant à identifier les potentiels de réduction des émissions de CO_2 dans les différents secteurs pour la période Kyoto 2008-2012 une évaluation des conséquences économiques, écologiques et financières du phénomène dit ‚Tanktourismus'». A fir dann zréckzekommen op dat, wat eenzel Riedner och hei gesot hunn, dann hannendrun net direkt ze soen «à élaborer une stratégie», well effektiv sollt een net virgräifen. Mir géinge proposéieren - ech mengen dat kënnt e bëssen op dat eraus, wat de Kolleeg Calmes och gesot huet - «à élaborer, le cas échéant, une stratégie».

Ech mengen, da seet een, mir waarden déi Etüd of, mir kucken se, a wa se eis erweist, dass mer Zeenarië mussen ausschaffen, ech mengen da solle mer et maachen. Ech mengen, dass och den Auteur, mat deem ech virdrun doriwwer diskutéiert hunn, mat deene Virschléi kënnt liewen. An deem Sënn géife mer der Chamber proposéieren, fir déi Motioun esou ëmgeännert unzehuelen.

Merci.

M. le Président.- Här Gira, et sinn am Fong geholl e puer Ännerungen, déi virgeschloe sinn. An den drëtte Considérant kéim drastoen «considérant les émissions élevées au Luxembourg de CO_2 par tête d'habitant». Domadder wiert Der jo averstanen?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Jo.

M. le Président.- Domadder hätt Der kee Problem?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Ech wollt, fir lech d'Saach ze vereinfachen, soen, dass ech weder mat de Proposë vum Här Calmes nach mat deene vum Transportminister Lux e Problem hunn. Mir kënnen déi abauen an dann d'Motioun, esou wéi se dann ausgesäit, stëmmen.

M. le Président.- Jo, et ass an der Rei, Här Gira. Wat mer just feelt, dat ass dem Här Minister säin zweeten «invite le Gouvernement à élaborer». Neen, deen hunn ech. An dem éischten «invite», do hutt Der gesot, «à faire, dans le cadre de l'étude», an do hutt Der nach e ganze Saz hannendru gesot. Wann Dir eis dee wéilt eraginn, fir datt mer dee kënnen dobäisetzen.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports, Ministre de l'Environnement.*- Okay.

M. le Président.- Bon, da wier doriwwer d'Diskussioun ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung vun dëser Motioun.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant les objectifs de la convention-cadre des Nations Unies signée à Rio de Janeiro en 1992 et ratifiée en 1993 par la Chambre des Députés ainsi que les objectifs du Protocole de Kyoto;

- considérant la responsabilité historique des pays industrialisés et notamment européens face au problème des émissions de gaz à effet de serre (cf. les émissions élevées de CO_2 par tête d'habitant);

- considérant les émissions élevées au Luxembourg de CO_2 par tête d'habitant;

- considérant que la consommation de carburants a une influence importante disproportionnée sur nos émissions;

- considérant que la majorité de la consommation de carburant n'est pas imputable à la flotte véhiculaire du Luxembourg mais qu'elle est le résultat du phénomène dit du „Tanktourismus";

- considérant que le plan d'allocation national part de l'hypothèse que le Luxembourg va rater ses engagements de réduction de 3 millions de tonnes de CO_2;

- considérant que les droits d'émissions supplémentaires devraient le cas échéant être achetés sur le marché international;

- considérant que dans la stratégie pour atteindre l'objectif contraignant de Kyoto un des axes consiste à freiner la tendance à l'augmentation intense du trafic routier et de la consommation de carburants d'ici 2012;

invite le Gouvernement

- à faire, dans le cadre de l'étude visant à identifier les potentiels de réduction des émissions de CO_2 dans les différents secteurs pour la période Kyoto 2008-2012 une évaluation des conséquences économiques, écologiques et financières du phénomène dit «Tanktourismus»;

- à élaborer, le cas échéant, une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2012.

(s.) Camille Gira, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Henri Kox.

Plusieurs voix.- Deen ale Wee.

M. le Président.- Kënne mer déi Motioun nom ale Wee ofstëmmen?

Plusieurs voix.- Jo.

Vote

M. le Président.- Deem ass esou. Da bieden ech ëm Handzeechen.

Ass een dergéint?

Dat ass net de Fall. Dann ass déi Motioun à l'unanimité ugeholl.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5096 iwwert d'SuperDrecksKëscht.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo den Här Rapporteur Marc Angel, deen zéng Minutte Riedezäit huet. Här Rapporteur Marc Angel, Dir hutt d'Wuert.

7. 5096 - Projet de loi relative au fonctionnement et au financement de l'action Super-DrecksKëscht

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Objet vun dësem Projet de loi 5096, dee mer de Mëtteg diskutéieren, besteet aus dräi Elementer: Éischtens geet et dorëms fir de Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht ze assuréieren, zweetens soll d'SuperDrecksKëscht eng Base juridique kréien, an drëttens kritt de Stat d'Autorisatioun fir d'Aktioun kënnen ze finanzéieren.

Dëse Projet ass an der Sitzung vum Regierungsrot vum 6. Dezember 2002 approuvéiert ginn. Dee viregten Ëmweltminister huet de Projet de 5. Februar 2003 hei an der Chamber déposéiert.

Erlaabt mer e kuerzen Historique vun der SuperDrecksKëscht ze maachen. Am Ufank vun den achtzeger Joren huet jo hei am Land d'Gestioun vun den Décheten ugefaang sech ze organiséieren. Ökologesch Kritäre si mat a Betruecht gezu ginn. Vun dësem Moment u sinn och déi éischt Sammelsystemer entstanen. Vun 1985 un huet dunn den Ëmweltministère d'Collecte sélective vun de problemateschen Offäll installéiert. Deen deemolegen Objektiv heivunner war d'Détoxificatioun vun den Haushaltsoffäll. D'Kollekt vun dëse problemateschen Offäll ass als SuperDrecksKëscht bezeechent ginn.

Am Zesummenhang mat den Haushaltsoffäll muss een awer bemierken, dass d'Kollekt vun deenen normalen Haushaltsoffäll ënnert d'Kompetenze vun de Gemenge fält. Am Joer 1985 sinn dunn déi problematesch Offäll heivunner derogéiert ginn, an dëst aus folgende Grënn: Zu dëser Zäit haten nämlech d'Gemenge keen Intérêt fir déi problematesch Offäll aus den Haushaltsoffäll ze sënneren, an zweetens wier et, duerch déi verschidde Systemer wéi d'Gemengen den Haushaltsmüll sammelen, net duerchféierbar gewiescht, fir e kohärente System um ganzen Territoire vun eisem Land op d'Been ze setzen.

Och muss bemierkt ginn, dass d'Kollekt vun de problemateschen Offäll net nom Prinzip vum «pollueur-payeur» konnt fonctionnéieren. Esou eng Praktik wär zu deem Zäitpunkt kontraproduktiv gewiescht. D'Leit hätte nämlech da weider dee problematesche Müll bei hiren Haushaltsmüll gehäit. Esou ass et dunn zu der Kreatioun vun der SuperDrecksKëscht komm. D'Fraisën heivu goufen aus de Kreditter vum Fonds pour la protection de l'environnement gedeckt.

Mat de Jore sinn, nieft der SuperDrecksKëscht fir d'Bierger, nach zwou aner Aktioune kreéiert ginn. Dat ass d'SuperDrecksKëscht fir d'Betriber an dann nach d'SuperFreonsKëscht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer nach e puer Detailer iwwert déi dräi verschidden Aktiounen, déi d'SuperDrecksKëscht ausmaachen, ze erläuteren.

Déi éischt, déi bekanntst bei de Bierger dobaussen ass natierlech d'SuperDrecksKëscht fir d'Bierger. Si sammelt a ganz Lëtzebuerg schadstoffhalteg Offäll vun de Privatleit, an dëst gratis. Si ass do, fir datt all Bierger d'Méiglechkeet hunn, hir ëmweltbelaaschtend a gefëierlech Déchete vum Hausmüll

kënnen ze trennen a separat ofzeginn.

Verschidde Sammelsystemer bidden de Leit d'Méiglechkeet, hir Problemoffäll ëmweltgerecht ze entsuergen. Déi agesammelt Stoffer ginn an de Sammelstelle virsortéiert a sécher verpaakt. Am Logistikzentrum vun der SuperDrecksKëscht zu Kolmer-Bierg erfollegt dann déi endgülteg Sortéierung a Verpakung fir den Transport zu all den Offallempfänger.

Fir d'Auswiel vum Endtraitement zielt, d'Verwäertung huet absolute Virrang. Nëmme wann dëst net méiglech ass, erfollegt eng ëmweltgerecht Entsuergung a gëeegenten Anlagen, zum Beispill Héichtemperaturbehandlung. 70% vun deene gesammelte Stoffer kënnen ëmmerhi ganz oder zumindest deelweis verwäert ginn.

Eng aner Aufgab vun der SuperDrecksKëscht fir d'Bierger ass natierlech d'Informatioun an d'Berodung, virun allem a Bezuch op en ëmweltgerecht Verhalen an der Offallvermeidung. Mat verschiddenen Aktivitéite fir Jonk an Al, an de Schoulen, duerch Ausstellungen, mat ëmfangräichem Informatiounsmaterial, gëtt probéiert, d'Leit zu engem ëmweltbewossten an ëmweltgerechte Verhalen ze motivéieren.

Bei der SuperDrecksKëscht fir d'Betriber ass et esou: Am Kader vum nationalen Offallwirtschaftsplang an dem nationale Plang vun der nohalteger Entwécklung si mer alleguer gefuerdert, eis fir eng ëmwelt-, energie- a ressourcëschounend Wirtschaftsweis anzesetzen. Dëst ass och de But, deen den Ëmweltministère an d'Handwierkerkummer schonn deemools am Joer 1993 haten, wéi si dës SuperDrecksKëscht fir d'Betriber an d'Liewe geruff hunn. Dëst soll all d'Betriber bei enger ëmweltgerechter Offallwirtschaft ënnerstëtzen.

Den Ëmgang mat Offall stellt hautdësdags héich Ufuerderungen un den Offallerzeuger. Dëst betrëfft déi uerdnungsgemäss Sammlung, den Triage, d'Lagerung vun den Offallstoffer, d'Sich no gëeegente Verwäertungs- an Entsuergungsweeër, d'Notze vu Vermeidungspotenzialer souwéi d'Anhale vun alle gesetzleche Virschrëften, virun allem d'Offallwirtschafts- an d'Vermeidungsgesetz vun 1984.

Et sinn awer virun allem déi Kleng-a Mëttelbetriber, déi heibäi iwwerfuerdert waren. D'Berodung vun der SuperDrecksKëscht fir Betriber ënnerstëtzt dës Kleng- a Mëttelbetriber bei der Opstellung vun engem Offallwirtschaftsplang an och vun engem Vermeidungskonzept an hëlleft hinne soumadder, Ekologie mat Ekonomie ze verknäppen.

Vläicht ass et och nach wichteg, d'Berodung an d'Hëllef vun der SuperDrecksKëscht fir Betriber op de Baustellen, op de Chantieren ervirzesträichen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Och dat ass eng wichteg Aufgab.

Da gëtt et deen drëtten Aspekt vun der SuperDrecksKëscht, dat ass d'SuperFreonsKëscht. Heibäi geet et virun allem dodrëms fir Deeler vun ale Frigoen ze verwäerten an de Rescht uerdnungsgemäss ze entsuergen. Dës eeler Frigoen, also virun allem déi eeler Frigoen enthale verschidde Schuedstoffer wéi Killmëttele mat ozonschiedlechem FCKW. Och am Isoléierungsschaum ass vill FCKW virzefannen.

Fir déi méi nei Frigoen, déi sou genannten FCKWfräi Frigoen, muss awer och opgepasst ginn, well an deene Frigoe fënnt een ätzend Ammoniaken a klimaschiedleche Pentan. Doniewent besteet e Killgerät awer och aus wäertvolle Réistoffer, all déi Metaller, déi dora verschafft sinn, an och de Plastik, deen natierlech recycléiert ka ginn.

De System vun der SuperFreonsKëscht ass geneesou ee groussen Erfolleg wéi d'SuperDrecksKëscht fir d'Bierger an d'SuperDrecksKëscht fir d'Betriber. Op deene verschiddene Sammelstellen uechter eist ganzt Land gi Killgeräter ugeholl an no strenge Kritäre sécher gelagert.

Als Rapporteur vun dësem Projet de loi wëll ech am Numm vun der Ëmweltkommissioun all de Vertrieder vum Ëmweltministère a vun der Ëmweltverwaltung Merci soe fir hir Bäiträg zu deene verschiddenen Diskussiounen an der Kommissioun.

Ech wollt awer och mengem Frënd, dem Roger Negri, dem President vun eiser Kommissioun Merci soen, dass hien et eis erlaabt huet mat der Kommissioun op Kolmer-Bierg de Logistikzentrum besichen ze goen. Dat war ganz interessant. Mir konnten eis déi ganz Anlagen ukucken a mir konnten och do feststellen, dass all d'Aktivitéiten vun dësem Zentrum ISO 14001 certifiéiert sinn an dass vill extern Auditen a Kontrolle regelméisseg do stattfannen.

Ech hunn Iech also elo kuerz den Historique an de Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht erläutert. Elo kann ee sech d'Fro stellen: Ma firwat musse mir dann haut ee Gesetz doriwwer stëmmen, wann dat Ganzt jo scho säit 1985 fonctionnéiert? Dat kënnt doduerch, well am Joer 2000 de Contrôle financier sech géint d'Weiderfuere vun deenen deemoolege Forme vu Finanzéierung vun der SuperDrecksKëscht ausgeschwat huet.

Dës Oppositioun huet besonnesch zwee Punkte betraff. Dat Éischt war d'Durée vun de Kontrakter zwëschent dem Stat an der OSL, der Öko Service Lëtzebuerg, an den zweete Punkt, mat deem de Contrôle financier Problemer hat, war de Montant vum finanziellen Engagement betrefflech dem Kontrakt zwëschent dem Stat an der OSL.

Fir dësen Oppositioune gerecht ze ginn, hätt een einfach déi Kontrakter fir d'SuperDrecksKëscht all dräi Joer erneieren an all Kéier e Finanzéierungsgesetz stëmme kënnen. An deem Fall hätt d'Ëmweltverwaltung, fir all deenen europäeschen Dispositioune bezüglech der Publikatioun vun engem Avis de marché, der Auswiel vu Kandidaten op Basis vun engem Cahier des charges gerecht ze ginn, an och fir d'Offeren ze kontrolléieren an ze evaluéieren, ee permanenten an ee risegen administrativen Opwand gehat, an ech mengen dës Verwaltung wier fir dës Aufgaben och am Moment net outilléiert gewiescht.

Eng Erneierung all dräi Joer vun de Kontrakter hätt och de Risiko mat sech bruecht, dass all dräi Joer den Exploitant vun der SuperDrecksKëscht hätt kënne wiesselen. Dëst wier net am Intérêt vun der Kontinuitéit vun der Gestioun vun der SuperDrecksKëscht gewiescht, an hätt och d'Bäibehale vun deem ganz héije Qualitéitsniveau vläicht a Fro gestallt.

Fir eng Solutioun ze fannen, gouf am Joer 2000 ee Comité d'accompagnement permanent pour les actions de la SuperDrecksKëscht geschaf, an dee Comité hat als Missioun d'Ausschaffe vun dësem Gesetz ze suivéieren. En huet dunn och e Rapport gemaach, an op Basis vun deem Rapport huet d'Regierung, also déi viregt Regierung, dann décidéiert ee Gesetzesprojet auszeschaffen, fir eis eben ze erlaben éischtens d'Finanzéierung vun den Dépensë vun der SuperDrecksKëscht iwwer Kreditter vum Fonds pour la protection de l'environnement lafen ze loossen, an zweetens d'Méiglechkeet ze ginn, fir ee Marché de gré à gré fir eng Dauer, déi méi laang ass wéi dräi Joer, anzegoen, an déi bis zu 20 Joer kéint lafen.

An der éischter Fassung vun dësem Projet de loi stoung am Artikel 3 Paragraph 3, dass d'Kontrakter kéinte fir 20 Joer ofgeschloss ginn. An dës laang Durée war och dann eng vun den Haaptkritiken, déi de Statsrot a sengem Avis den 2. Mäerz 2004 gemaach huet. De Stat huet proposéiert déi Durée ze réexaminéieren. D'Regierung huet dunn duerch Amendementer déi Durée op zéng Joer begrenzt. Eng Period vun zéng Joer ass also justifiéiert vum ekonomesche Standpunkt aus, well zéng Joer der Period entspriechen, fir dem Amortissement vun den Investissementer gerecht ze ginn.

Zum Ofschloss wollt ech Iech nach e puer Zuelen nennen. Haut si scho 1.400 Betriber un d'SuperDrecksKëscht rattachéiert. Dës 1.400 Betriber representéiere 35% vun der Totalitéit vun de Salariéë vun eisem Land. Eleng am Joer 2004 hunn 250 Betriber ugefrot, fir bei der SuperDrecksKëscht fir Betriber ugeschloss, also affiliéiert ze ginn.

Vläicht kann een och ervirsträichen, an dat ass och an de Kommissioune gesot ginn, dass Lëtzebuerg am Verglach mat aneren europäesche Länner Spëtzereider ass, wat d'Gestioun vu problemateschen Offäll ugeet; 3,6 Kilo pro Awunner waren dat am Joer 2001.

D'Nettogesamtkäschte fir d'SuperDrecksKëscht fir d'Bierger waren - ech zitéieren Iech e puer Zuelen - am Joer 2003 4,8 Milliounen Euro; d'Nettokäschte fir den Ëmweltministère fir d'SuperDrecksKëscht fir d'Betriber waren am Joer 2004 1.024.000 Euro.

Dëst alles gesot, wollt ech zum Ofschloss nach den Accord vun der sozialistischer Bänk hei am Haus zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Angel. Als éischte Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt meng Interventioun domadder ufänken, dem honorabele Kolleeg Marc Angel Merci ze soe fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport. Dat mécht mir d'Saach elo wesentlech méi einfach.

Här President, et sinn 20 Joer hier, datt d'SuperDrecksKëscht insgesamt an d'Liewe geruff gouf. Et war 1985, wou dann als éischt Aktioun d'SuperDrecksKëscht fir Bierger hir Dieren opgemaach huet, an dat war also wéi gesot déi éischt SuperDrecksKëscht, déi geduecht war fir problematesch Offäll aus de Stéit ze sammelen, an net nëmmen dat ze maachen, virun allem awer och d'Leit dobaussen ze informéieren, ze sensibiliséieren am Kontext vun deenen Offäll, fir eben och ze soen - an dat ass ee wichtege Punkt, op deen ech nach herno wollt zréckkommen -, fir och déi Offäll ze vermeiden, wat, mengen ech, e ganz wesentleche Prinzip muss sinn.

Virun 1985, wou et ebe kee Centre de collecte gouf, sinn déi Saachen op en normalen Tipp gehäit ginn, ob dat Frigidairen, Batterië waren, ob dat Léisungsmëttel waren, ob dat esouguer Reschter vu Planzeschutzmëttel waren, alen Uelech war an esou weider - ouni ëmzekucken. Déi Offäll do sinn eben op Grond vun hirer chemischer Zesummesetzung ganz gefäierlech Substanzen, déi natierlech dann de Buedem, d'Loft a virun allem och d'Waasser belaascht hunn, an dat natierlech elo wesentlech manner maachen, nodeem datt et 20 Joer laang d'SuperDrecksKëscht gëtt.

Här President, wa mir gär eis déi lescht Statistiken ukucken an och d'Evolutioun vun der SuperDrecksKëscht, also vun deenen dräi Aktiounen, da stelle mir fest, datt dat selbstverständlech net vu Muttwëll war. Wichteg war och, datt ee gewësse Moment déi mobil SuperDrecksKëscht agefouert gouf, dat heescht, datt si op den Terrain gaangen ass, bei d'Leit, déi problematesch Offäll sammelen, wat och gratis ass. Dat war am Fong de Start fir déi Success-story, déi déi SuperDrecksKëscht dann ass.

Wann 1985 just 52 Tonne vu problemateschen Offäll aus de Stiet gesammelt goufen, da waren dat schonn zéng Joer méi spéit 934 Tonnen an 2004 huet déi Zuel sech verduebelt. Mir leie bei net manner wéi 2.050 Tonnen, wat ronn 4,5 Kilo pro Awunner ausmécht. De Rapporteur huet gesot, do leie mir effektiv un der Spëtzt am europäesche Verglach.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht besteet, wéi gesot, awer net nëmmen aus der éischter Aktioun, aus der Dreckskëscht fir d'Betriber, mä dono ass d'SuperFreonsKëscht dobäikomm. D'Zil vun där Aktioun war eben d'Sammele vu Killgeräter, fir déi fachgerecht ze entsuergen. Dat war och erëm nach eng Kéier gestäipt op Informatiouns-, Sensibiliséierungscampagnen - dat ass wesentlech. Och déi Aktioun, mengen ech, huet ganz vill Erfolleg gewisen. Am Joer 1991 goufe 6.647 Apparater gesammelt, an 2003 waren dat der schonn net manner wéi ronn 15.500.

Dann, Enn vun den 80er Joren, ware vill vun de Kleng- a Mëttelbetriber mat deem Problem konfrontéiert, fir hir Problemoffäll lasszeginn, se entsuergt ze kréien. D'Konsequenz war, mengen ech, och ganz dacks, datt dat eben illegal geschitt ass. Duerno koum dann déi drëtt Aktioun, nämlech d'SuperDrecksKëscht fir d'Betriber. Hei geet et - dat ass och wichteg - net nëmmen ëm d'Entsuergung vum Problemmüll, mä d'SuperDrecksKëscht beréit och d'Betriber an der Gestioun an nach eng Kéier an der Préventioun vun hire problemateschen Offäll.

Och do si ganz frappant Zuelen. Wann et 2003 1.260 Betriber waren, déi matgemaach hunn, da sinn et der haut schonns ronn 1.600.

Déi dräi verschidden Aktiounen, déi elo skizzéiert goufen, och vum Rapporteur, hunn natierlech dee Wehmutstropfen, datt si ganz kräfteg an d'Geld schloen. Dee gréissten Deel bleift do un der öffentlecher Hand hänken. Wann een deen totale Käschtepunkt kuckt, wat déi dräi Aktioune kaschten, déi duerch den OSL, also den Öko Service Lëtzebuerg, duerchgefouert ginn, eng Société anonyme, da louchen déi am Joer 2001 bei net grad 5,9 Milliounen Euro. Dat si vill Suen. Mir sinn awer der Meenung, datt déi Suen am Fong eng ganz gutt Verwendung fannen.

Zënter 1985 fonctionnéiert d'SuperDrecksKëscht. Am Joer 2000 huet du souwuel d'Chambre des Comptes wéi och d'Cour des Comptes gemengt, datt de Finanzement net méi konform zu der bestehender Gesetzgebung wier. Dat ass gesot ginn, well éischtens d'Käschten de Seuil vu 7,5 Milliounen Euro iwwerschratt haten, an zweetens d'Dauer vun de Kontrakter mat der OSL déi gesetzlech Maximaldauer vu jeeweils dräi Exercicen iwwerschratt hat. Duerfir misst dee Problem geléist ginn, fir laangfristeg de Finanzement an och de Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht ze assuréieren.

De Regierungsrot huet dem Comité d'accompagnement d'Aufgab ginn, fir no adequate Léisungen ze sichen. Dat ass geschitt. Schlussendlech gouf schonn am Juli 2002 festgehalen, datt de Finanzement vun der SuperDrecksKëscht an Zukunft net méi iwwert de Statsbudget leeft, mä am Kader vum Ëmweltfong iwwerholl gëtt. Ausserdeem war de Regierungsrot dann dee Moment och d'accord mat enger Solutioun fir eben ze légiféréieren, fir e Marché de gré à gré ze maache mat enger Durée iwwer dräi Joer, jeeweils ënnert der Autoritéit vum Ëmweltministère an och, wéi gesot, iwwert den Ëmweltfong.

Duerno gouf op Basis vun deenen Décisioune vum Regierungsrot de Projet de loi ausgeschafft. Den Text gouf och nach eng Kéier amendéiert, dat ass scho gesot gi vum Rapporteur, a mir hu schlussendlech och deen Text zréckbehale wéi en elo am Detail explizéiert gouf. Ech brauch also net dorobber zréckzekommen.

Ech wollt awer nach op zwee, respektiv dräi Aspekter ganz kuerz agoen.

Éischtens huet d'Kommissioun och eng Entrevue mat der FLEA gehat, d'Federatioun vun den Entreprises d'assainissement, an do hunn d'Membere vun der FLEA och hir Angscht ausgedréckt, datt duerch de Vote vun dësem Gesetz eng Situatioun vun deloyaler Konkurrenz kënnt entstoen. Ech weess och net, ob d'Kommissioun hir Crainten all konnt ausraumen. Op jidde Fall war d'FLEA awer frou doriwwer, datt eng Reduktioun vun der Durée festgeschriwwe gouf op zéng Joer. Urspréinglech ware jo 20 Joer geplangt. Doriwwer eraus waren si eigentlech och frou, datt d'Attributioun vum Marché am Aklang mam Gesetz iwwert d'Marchés publics géif erfollegen.

Da wollt ech nach eppes soen, mir hate jo d'Méiglechkeet, dee Site kucken ze goen, quitte datt ee vläicht scho virdrun eng Kéier do war, mä et konnt een eng Rei Froe stellen, an et sinn och déi eng oder déi aner méi kritesch Froe vun de Kommissiounsmemberen, virun allem am Kontext vun der Facturatioun a vun der Refacturatioun, gestallt ginn. Mir hunn do geléiert, ënner anerem, datt d'SuperDrecksKëscht keng Influenz huet op d'Facturatioun vun de Betriber vis-à-vis vum Client, an datt hei eben de fräie Maart spille gelooss gëtt.

Dat heescht am Kloertext, datt d'Konkurrenz vun der SuperDrecksKëscht ënner Ëmstänn méi bëlleg schafft. E Beispill: Bei Autosbatterien, bei Pneuen oder aneren Autosoffäll gëtt et Entsuergungsentreprisen, déi engem Garagist déi Artikele gratis ewechhuelen, - bei der SuperDrecksKëscht kascht dat awer eppes - trotzdeem awer zertifiéieren, datt eng fachgerecht an eng agréiert Entsuergung geschitt.

Mir hunn dann och nach eng Kéier preziséiert kritt bei där Visite, datt - an dat ass wichteg - déi éischt Funktioun vun der SuperDrecksKëscht fir d'Betriber d'Berodung duerstellt, an déi zweet Funktioun éischter als Accessoire ugesi gëtt, nämlech d'Kollekt vu klenge Quantitéiten. Wichteg ass a mengen Aen, datt déi zwou Funktiounen däitlech vunenee getrennt sinn, an datt dës Trennung och um Niveau vun der Kontabilitéit de Fall ass. Dat krute mer dann och op eis Froen hi confirméiert, a mir kruten och assuréiert vun der Ëmweltverwaltung, datt regelméisseg Kontrollen iwwert d'Produktivitéit an iwwert d'Effikassitéit vun der Société OSL stattfannen.

Dann, mäi leschte Punkt, nach ee Saz zur Vermeidung vu problemateschen Offäll. Ech mengen, dat ass e ganz kruziale Punkt: Et muss ee kucken, datt déi Villfalt vu méigleche problemateschen Offäll op wéineg Zorte reduzéiert gëtt. Dat kann een op vill Manéiere maachen, zum Beispill och mat Recherche, op déi ech elo net aginn.

Mä et kann een dat awer och maachen duerch Campagnen, an ech hu mer soe gelooss, datt och d'SuperDrecksKëscht verstäerkt wëllt esou Campagnë weider maachen; zum Beispill dréche Batterien, fir just dat ze ernimmen, gëtt et der nach ëmmer vill ze vill an eisem Haushaltsmüll, déi jo net dohinner gehéieren, a wann een d'Zuele kuckt - ech hunn elo keng Zuele fir Lëtzebuerg - iwwert déi 15 al EU-

Memberlänner, da géifen ëmmerhin nach 45% vun den dréchene Batterien am Hausmüll landen. Dat heescht, datt se dann deponéiert, respektiv an der Verbrennung landen, wou een dann effektiv misst Effortë maachen.

Et gesäit esou aus wéi wann dat awer zu Lëtzebuerg kéint besser sinn. Wéi gesot ech hunn do keng Zuelen. Am Kloertext heescht dat, mir brauche Campagnë fir de Konsument, och an deem Sënn, datt se hinne soen, hei kaaft Chargeuren, fir déi Zort Problemmüll ze évitéieren. Dat gëllt och fir aner Fraktiounen am Kontext zum Superdreck.

(Interruption)

Voilà.

Selbstverständlech gëtt et keng Alternativ zu der SuperDrecksKëscht, zu deenen dräi Aktioune vun der SuperDrecksKëscht, och wann dat Sue kascht, an duerfir wollt ech op dëser Plaz zum Ofschloss den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes. Dir hutt d'Wuert, Här Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och dem Rapporteur, och wann en elo fortleeft, ze félicitéieren…

(Hilarité)

…fir säi gudde Rapport, deen en hei gemaach huet, iwwer ee Gesetz wat jo scho vun där viregter Regierung ausgeschafft ginn ass. Dat féiert mech dann och direkt dozou, den Accord vun eiser Fraktioun hei ze bréngen, well dat muss jo dann och e gutt Gesetz sinn.

De Rapporteur huet op déi zwanzegjähreg Traditioun vun der SuperDrecksKëscht higewisen. Hien huet drop higewisen, datt an den achtzeger Joren en Ëmdenken hei komm ass fir den Dreck net méi egal wéi ewechzegeheien, mä fir ze differenzéieren an déi méi problematesch Offäll dach awer net méi an den Hausmüll, respektiv an de Sperrmüll ze geheien, an drop higewisen, datt zu deenen Zäiten dann d'Leit geléiert gi sinn, den Tri vun den Décheten ze maachen, a virun allem drop higewisen, datt deemools de Stat an net d'Gemengen - dat muss een och hei ënnersträichen - intervenéiert ass, fir bei de Stéit déi problematesch Offäll anzesammelen.

Hien huet och drop higewisen, datt an den nonzeger Joren d'SuperDrecksKëscht fir d'Betriber komm ass an och d'SuperFreonsKëscht, fir d'Frigidairen anzesammelen. Alles dat huet net un Aktualitéit verluer an ass haut och nach Bestanddeel vun der Offallpolitik an deem Sënn, datt och viru kuerzem an deem nationalen Offallplang festgehale ginn ass, datt déi verschidde SuperDrecksKëschten och an Zukunft nach wäerte Bestanddeel huelen.

Et muss een awer vläicht drop hiweisen, datt, esou luewenswäert déi Initiativ SuperDrecksKëscht och ass, een dach awer, mengen ech, Bedenke muss umellen, souwuel op där enger Säit, wat den Tri vum normalen Hausmüll ugeet, souwuel wat Glaspabeier ugeet a wat och d'SuperDrecksKëscht ugeet, wat jo nach ëmmer op fräiwëlleger Basis hei erfollegt. Et wier emol vläicht eng Kéier interessant, déi Chifferen ze kenne vun deene Matbierger, déi heivu Gebrauch maachen, a vun deenen, déi net Gebrauch maachen. Ass et een Drëttel, déi matmaachen, zwee Drëttel, déi net matmaachen? Wat ass de Chiffer? Ech weess et och net.

Méiglecherweis gëtt et Statistiken doriwwer, mä ech ka mer virstellen, datt eis Matbierger net alleguer esou gewëssenhaft sinn, datt se do gär matmaachen. Datselwecht, mengen ech, gëllt fir d'Betriber, an do kënne mer et jo un de Chiffere liesen. An der Zwëschenzäit sollen et ëm déi 1.500 Betriber sinn, déi un d'SuperDrecksKëscht ugeschloss sinn, vun am Ganze 5.000, déi géifen a Fro kommen, gëtt eis gesot. Et muss ee sech d'Fro stellen: Wat maachen déi 3.500 aner Betriber mat hirem problemateschen Offall? Gëtt et parallell Filièren niewent der SuperDrecksKëscht, wou dee Stoff dann entsuergt gëtt? Doriwwer kéint vläicht een eis hei Äntwerten och ginn.

Et muss een awer fairnesshallwer soen, datt dat hei méi ee Finanzprojet ass, dee sech a sech opgedrängt huet an och urgent ass, doduerch bedéngt, datt d'Chambre des Comptes d'Rechnungen net méi wollt bezuelen, doduerch datt - esou wéi de Rapporteur dat jo och scho gesot huet - déi Kontrakter hei iwwer dräi Joer erausgelaf sinn, respektiv datt mer hei mat Chifferen ze dinn haten, déi iwwert dat erausginn, wat d'Marchés-publics-Gesetz hiergëtt.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Aus deem Grond ass jo eng Kommissioun zesummegesat ginn, déi da proposéiert huet, einfach emol dee liichte Wee ze goen an e gesetzleche Kader hei ze schafen, mat deem emol dee finanzielle Problem da geléist wier, respektiv wou dann och festgehale gëtt, wéi datt déi SuperDrecksKëscht ze funktionéieren huet, a finalement och datt dat Ganzt iwwert de Fonds pour la protection de l'environnement soll bezuelt ginn.

Et hat kee Bedenken hei derbäi, ausser d'Chambre de Commerce, déi a sech keen Heel doraus gemaach huet an op d'Problemer a sech vun der Rechtméissegkeet vun deem Gesetz hei higewisen huet am Kader vun den europäeschen Direktiven. Déi och gemengt huet, hei géif d'Marchés-publics-Gesetz net respektéiert ginn, déi och mengt, datt déi SuperDreckskëscht sech just soll ëm d'Gestioun bekëmmeren an net ëm Kollekten, an déi och mengt, de Fonctionnement vun der SuperDreckskëscht wier nach net am leschten Detail geregelt. Wann een dat emol esou roueg liest an et mécht ee sech ganz vill Gedanken driwwer, da kann een zum Deel déi Befierchtunge vun der Chambre de Commerce och deelen.

Ech mengen, et soll een hei awer och an Zukunft nach um Volet SuperDreckskëscht schaffen, fir da vläicht nach u Verbesserungen drun deelzehuelen. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen, dat Gesetz hei ze stëmmen, fir eis dann emol um finanzielle Volet an Uerdnung ze bréngen.

An ech sinn der Iwwerzeegung, datt mer ëmmer méi wäit ewechrécke vum Zil a sech, wat mer eis 1994 hei ginn haten, wéi mer d'Gesetz iwwert d'Préventioun - an dat huet och esou geheescht „Prévention et gestion des déchêts" - hei gestëmmt hunn, wou am éischten Artikel Punkt 1 d'Préventioun uewe stoung an am zweeten Deel vum éischten Artikel war dann d'Réductioun, déi sollt antrieden, am drëtte war et d'Valorisatioun an am véierten eréischt d'Eliminatioun.

Ech mengen, datt déi zwee lescht Punkte Valorisatioun an Eliminatioun vun den Décheten iwwerhand geholl hunn, an dat ass zu engem Zäitpunkt geschitt, wou senger Zäit dat sou genannte Plastikfläschegesetz buede gaangen ass, well mer eis doriwwer net konnten eens maachen, bedéngt duerch den Drock, deen op d'Geschäfter komm wier vun eisen Nopeschlänner.

Mä egal wéi, an esou vill mer vermeiden, valoriséieren a reduzéieren, do wou geschafft gëtt, wou gehuwwelt gëtt, fale Spéin un an et ass normal an enger Ekonomie, wéi mer se haut hunn, datt mer mat problemateschen Déchête confrontéiert ginn. An ech mengen dach, datt mer awer sollen alles maachen, fir datt dës Déchête fachgerecht entsuergt ginn. An dozou ass d'SuperDreckskëscht, egal a wat fir enger Form, e gëeegent Mëttel an dofir wäerte mir dann och eis Zoustëmmung zu deem Gesetz hei ginn.

An da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gira ageschriwwen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng si schlecht dru bei deem Gesetz hei.

Plusieurs voix.- Ohhh!

Une voix.- Dat deet eis awer Leed.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, dat ass e Gewëssenskonflikt.

(Interruptions)

Dat hei ass nämlech e Gesetz, wou mer iwwert de Fong dovu ganz frou sinn, wou mer eis awer mat der Form, wéi dann dëse Fong elo ëmgesat gëtt, net ufrënne kënnen.

Déi Gréng sinn natierlech frou, dass d'SuperDreckskëscht endlech - et muss een awer och soen no 20 Joer - eng legal Basis kritt. Mir si selbstverständlech och frou, dass ëmmer méi Quantitéite vu Sondermüll an den Haushalter a vu Betribsmüll - wann ech et emol esou däerf nennen - bei de Betriber gesammelt gëtt. Mir sinn och frou, dass ëmmer méi Betriber ugeschloss sinn a ginn, obwuel een awer muss feststellen, dass bei 1.500 der nach méi net ugeschloss sinn, wéi der ugeschloss sinn a mir sinn och frou, dass de politesche Wëlle besteet, fir de System auszebauen.

Mir sinn awer net frou doriwwer, dass elo alles soll a Privathand bleiwen, besonnesch de Beräich Berodung. Dofir gëtt et e puer Grënn, dass mer net frou sinn, wann ee kuckt, wat dat awer kascht, dann ass dat awer net bëlleg. Ech wëll d'Kolleegen an d'Kolleeginnen hei awer mol eng Kéier drun erënneren, dass reng fir den zweete Volet, nämlech d'Berodung vun de Betriber, pro Joer ëmmerhin 1,2 Milliounen Euro ufalen, a wann een dann nofreet, firwat datt dat ass, da gëtt ee gewuer, dass déi Firma, déi deen Optrag do huet an och soll kréien, awer OAI-Tariffer fir Ingenieure ka verrechnen. Do ass awer d'Fro erlaabt, ob dat eng effizient Ëmgoensweis mat öffentleche Gelder ass.

Deen zweete Grond, firwat dass mer domadder net frou sinn, ass, dass mer awer fäerten, dass eng gewëssen Neutralitéit an där Berodung feelt. Wann e Betrib dat do kritt, dann ass deem Betrib säin éischt Zil kloer an däitlech, esou vill wéi méiglech Geld mat där Aktioun do ze verdéngen. Dat ass bis auf Weiteres esou an der fräier Maartwirtschaft an dat wäert och am Kontext vun där privatiséierter SuperDreckskëscht gradesou gutt de Fall sinn, wéi am Rescht vun der fräier Maartwirtschaft op der Welt.

Ech mengen, dass dat awer net ganz glécklech ass an et féiert schlussendlech dozou, dass während zéng Joer vun engem Privatbetrib héichqualifizéiert Leit, ech mengen zu engem gudden Deel wäerten et Ingenieure sinn, dem Stat zur Verfügung gestallt ginn. An do ass den Haaptpunkt wou mer eis awer dru stéieren. Als fréiere Member vun der Spezialkommissioun „Dysfonctionnementer an der Santé" hunn ech déi Konklusiounen, déi deemools gezu gi sinn, awer nach relativ kloer virun Aen.

An dat, wat mer hei maachen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, geet awer ganz kloer géint d'Recommandatiounen, déi deemools déi Kommissioun gezunn huet, nämlech fir ze soen, dass et net an der Rei ass, dass wann de Stat Personal eigentlech bräicht an Aufgaben do sinn, déi Joer fir Joer an iwwer Jorzéngten ëmmer nees erëmkommen, dass en dat do einfach privatiséiert a sech vun enger privater Firma deen Know-how - wann ech et emol esou däerf soen - zur Verfügung stelle léisst.

Ech wëll och soen, dass mer mat där Meenung do, déi deemools vun der ganzer Spezialkommissioun gedeelt ginn ass, och haut nach e gudden Alliéierte fonnt hunn, nämlech d'Cour des Comptes. Si huet, zwar net an deem heite Kontext, mä an zwee verschiddene Kontexter, zweemol hir kloer Meenung gesot, eng Kéier beim Ausschreiwungsgesetz, wéi iwwert d'Durée vun de Kontrakter Rieds gaangen ass, an och eng Kéier zum Budgetsgesetz.

Wéi dann d'Regierung wollt iwwert den Ëmwee vum Budgetsgesetz d'Ausschreiwungsgesetz änneren, huet d'Cour des Comptes an deem hei Kontext gesot: «Évitez que la mise à disposition par des bureaux d'études de personnel au profit de l'administration centrale n'acquière un caractère permanent, auquel cas il serait notamment porté atteinte aux dispositions légales dites numerus clausus, qui règlent les conditions de recrutement de personnel au service de l'État.»

Mir sinn als Gréng der Meenung, dass dat hei awer genee dat ass, wat mer hei maachen, a mir hätte vill léiwer e Modell gehat, wou mer de ganze Volet Berodung, souwuel fir déi privat Leit wéi fir d'Betriber an d'Administration Environnement integréiert hätten an dann hätt déi Administratioun dee ganze Secteur organiséiert a mir hätten dann iwwer Adjudication publique - an déi hätt een dee Moment kënne maachen - d'Kollekt, den Traitement, de Stockage an d'Entsuergung kënne privatiséieren.

Dee Moment hätt een an der Ëmweltverwaltung e ganz wichtege Service vu Berodung kënne maachen. A wann Dir Iech virstellt, wéi vill Statsbeamten een awer fir 1,2 Milliounen Euro d'Joer kann astellen, dat sinn der net wéineg. An dann hätte emol endlech fir dës Verwaltung d'Moyenë gehat, déi bis auf Weiteres nach ëmmer un de Pranger gestallt gëtt, well se de schwaarze Péiter kritt, well se am Kommodoskontext ëmmer oder dacks muss nee soen, well se ganz oft muss Betriber drop hiweisen, dass se sech net u Kommodosgenehmegungen halen; fir aus där Verwaltung och emol e Beräich ze maachen, dee positiv gewiescht wier, deen am Virfeld bei d'Leit hätt kënne goen, bei d'Betriber hätt kënne goen, an zwar och eng Berodung ze maachen.

Mir hätten och - an dat feelt eis an deem heite Fall, dat geet hei verluer - kënnen eng integrativ Berodung vun de Betriber maachen, nämlech zur gläicher Zäit, Energie, Waasser an Offall kënnen thematiséieren. Esou hu mer dat Gefill, dass fir déi zwee éischt Beräicher fir de Moment nach iwwerhaapt näischt existéiert, dass zwar elo fir 1.500 Betriber eppes geschitt am Beräich Offall, mä ech mengen awer, hei ass eng gutt Geleeënheet verpasst ginn, fir eis endlech do e positiven Image an deem Beräich ze ginn.

Mir sinn eis wuel bewosst, dass eigentlech duerch eng illegal Situatioun - dat muss ee franchement esou soen - iwwer 20 Joer hei eng Situation de fait entstanen ass. Mir sinn eis och bewosst, dass aus där Situation de fait et net einfach war an och net einfach ass erauszekommen. Mir mengen awer, dass hei elo eng Solution de facilité gesicht ginn ass a mir mengen och, dass, wann eng schwiereg Situation de fait ass, et keng Léisung ass mat enger schlechter Léisung weiderzefueren.

An dofir si mer, wéi ech gesot hunn, e bësse schlecht drun. Op där enger Säit si mer frou, dass endlech hei eng Base légale geschafe gëtt, mir sinn och frou, dass déi Aktioun esouguer nach soll ausgebaut ginn, mä mir sinn awer net frou iwwert de Wee - wéinstens deelweis -, dee gesicht ginn ass. An da verstitt Dir vläicht, dass mer an deem Hin an Hier gerappt sinn tëscht frou an net frou, de Projet net kënne stëmmen a mir eis leider wäerten enthalen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Et ass scho gesot ginn, dee Projet, dee mer hei diskutéieren, ass eigentlech méi e finanztechnesche Problem, wéi datt et een ass, dee sech direkt op d'Ëmweltpolitik bezitt. An trotzdeem kënnt een net derlaanscht fir ze soen, datt déi modern Ekonomie ëmmer méi problematesch Offäll produzéiert, wou een dann eng spezifesch Strategie muss entwéckelen, fir déi Offäll och kënne fachgerecht ökologesch ze entsuergen.

Wat passéiert, wann een dat net mécht, wann een nëmme just drop lass produzéiert an d'Chargen der Ëmwelt iwwerléisst, ech mengen dat hu mer alleguer an de fréieren Ostblockstate gesinn, wou plazeweis katastrophal Situatiounen entstane sinn; dat wär dat allerlescht wat een hei wëllt hunn.

Den Här Calmes huet et scho gesot, ech rappeléieren et awer nach eng Kéier, datt eist Offallgesetz, wat eigentlech Direktive gëtt, d'Linnen zeechent wéi mer solle virgoen, d'Vermeidung als den ieweschte Prinzip dohinner setzt - dat gëtt och Sënn -, dann d'Reduzéierung, duerno eréischt d'Verwäertung oder d'Eliminatioun. Dat betrëfft souwuel privat Persounen, privat Ménagë wéi och Betriber.

Déi ganz Affär huet, wéi ech gesot hunn, en ökologeschen Aspekt. Mir sinn alleguer beméit eis Ëmwelt esou wäit wéi méiglech propper ze halen. Se huet awer och, wann een hei iwwer Käschte schwätzt, op där anerer Säit en ökonomeschen Aspekt. Dat ass dee vun der sënnvoller Verwäertung vun enger ganzer Partie Offallstoffen, Substanzen, déi an der Zäit als eng Belaaschtung ugesi ginn, mä wou een awer gesäit, wann ee sech op eng intelligent Aart a Weis domat ausernee setzt, datt ee ganz villes kann zréckgewannen an erëm an de Circuit erafëieren. Och dat ergëtt an enger Situatioun, wou mer eis op verschiddene Secteure lues a lues ëmmer méi mat Rohstoffmangel konfrontéiert gesinn, absolut Sënn.

A leschten Enns huet sech do och e Secteur opgebaut, deen enger Partie Leit Aarbecht gëtt; och dat soll ee sech virun Aen halen, wann een hei iwwer Käschte schwätzt.

Här President, d'SuperDrecksKëscht - dat ass och scho gesot ginn - funktionéiert op dräi Niveauen, engersäits d'privat Haushalter, dann d'Betriber an dann ass eng Spezialsektioun, dat ass déi vun der Entsuergung vun de Geräter, déi mat Fréon funktionéieren; mir wëssen alleguer aus wat fir engem Grond.

De Volet, deen am wichtegsten ass an deem ganze Kontext, dat ass dee vun der Informatioun. Hei geet et ëm eng ganz spezifesch Matière. Net all Betriber, ganz besonnesch déi kleng Betriber, kënnen sech et leeschten, sech selwer dat Wëssen ze erschaffen, et sichen ze goen, selwer spezialiséiert Leit an-

zestellen, déi sech domadder ofginn. Grouss Betriber kënnen dat ganz sécher vill méi einfach wéi kleng Betriber. Dofir ass dat hei och virun allem e Service fir déi Kleng- an déi Mëttelbetriber. Et ass och net vun Zoufall, datt déi Saach an Zesummenaarbecht mat der Chambre des Métiers opgebaut ginn ass.

Wichteg ass, wéi gesot, déi richteg Informatioun, fir och déi ganz Strategie vu Vermeidung, Reduzéierung, Verwäertung richteg unzewennen, d'Berodung an d'Begleedung, a mir konnten eis och iwwerzeegen, datt dat wierklech mat ganz vill Asaz gemaach gëtt.

Déi ganz Saach ass, wann een se kuckt vum Volume hier an och vun der Zuel vun de Betriber hier, déi matmaachen, eendeiteg eng Success-story. An da kënnt een op d'Kärfroen, déi sech dann iergendwann eng Kéier stellen, déi jo och dëse Moment da gestallt ginn, wat mäi Virriedner elo grad opgeworf huet: Si mer dee richtege Wee gaangen oder ass et Zäit fir dat Ganzt nei ze iwwerdenke vum Opbau hier, vun der Struktur hier? Wär et besser de Stat soll dat maachen oder ass et awer besser, et bleift a privater Hand?

Et iwwerrascht keen heibanne wann ech soen, datt mir déi gréng Meenung net deelen, esouguer wann een dat vläicht iwwerdeiert fënnt, dat misst een dann emol enger seriöer Analys ënnerzéien, well et kann awer ganz gutt sinn, datt déi privat Firma ënner Ëmstänn dann nach eng besser Prestatioun mécht, wéi wann alles reng a staatlecher Hand wär. Meng Fraktioun huet traditionell do e bësse méi eng virsiichteg Approche.

(Interruptions)

Ech wollt mech, Här President, hei ganz fein ausdrécken, a meng Bedenken hei zum Ausdrock brëngen, an dann héieren ech hei vum Här Bausch, dee jo awer wëllt eisem Premier heiansdo d'Waasser reechen, mir wäre ganz einfach primitiv géint d'Statsbeamten.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dat ass och esou.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech loossen dat esou am Raum stoen, wéi den Här Bausch et gesot huet.

(Interruption)

M. le Président.- Den Här Mehlen huet ganz eleng d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Ech iwwerloossen him d'Responsabilitéit fir seng Wuertwahl, déi och e gewëssent primitiivt Denken an der Aschätzung vun der Situatioun erkenne léisst; eppes wat een nëmme bedauere kann.

Här President, wann ee kuckt wéi d'Käschten evoluéiert hunn, da gesäit een, datt et vum éischte Joer un, wou et ugelaf ass, mat ronn 8 Milliounen Euro, dunn erofgaangen ass, relativ stabil, an de Moment zitt et ganz e bëssen un, mä generell ass de gesamte Käschtepunkt zimlech stabil bliwwen, esouguer vun 8 Milliounen op 6 Milliounen Euro erof.

(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)

D'Käschte pro Betrib, do gesäit een awer, datt déi eendeiteg a staark erofgaange sinn, wat sech natierlech och ergëtt, wann e Betrib bis am System dran ass, dann ass et evident, datt dann och déi Berodungskäschte lues a lues erofginn, quitte datt ëmmer erëm nei Saache mussen enseignéiert ginn an an de Betrib erabruecht ginn.

D'Ursaach - dat ass jo och hei scho gesot ginn - ass effektiv, well de Contrôle financier gesot huet, dat do geet net méi, wéi deen neie Contrôle financier komm ass. D'Cour des Comptes huet sech deem ralliéiert.

Dann hu mer d'Diskussioun, soll een de Marché all dräi Joer ausschreiwen. Normalerweis géing ee soe Jo, dat ass eng richteg Approche, mä ech muss awer och soen, bei der Visite, déi mer zu Kolma-Bierg haten, hunn ech mech iwwerzeege gelooss, datt dat hei dach awer eng speziell Matière ass an datt et wahrscheinlech schwiereg wär fir all dräi Joer, vu den Investissement an d'Personal an och verschidden Installatiounen a sou weider, datt et awer wierklech problematesch wär, all dräi Exercicen dat frësch auszeschreiwen.

Et kéint een driwwer diskutéieren, ob een dann an deem Secteur vläicht zwee Opérateuren niewenteneen hätt kënne funktionéiere loossen, déi sech hätte kënne Konkurrenz maachen, och wat d'Qualitéit vun der Prestatioun ubelaangt. Ech weess net, ob dat hätt kënne funktionéieren an ob eist Land och grouss genuch ass, fir zwee Opérateuren niewentenee Plaz duerfir ze bidden.

Et liest een och, datt d'Regierung seet, den administrativen Opwand fir déi Ausschreiwung, Cahier des charges an alles wat hannendrun hänkt, wär eigentlech ze grouss fir dat wat et op där anerer Säit géif bréngen.

Ech wëll grondsätzlech hei soen, datt mir fir de Prinzip vun der Konkurrenz sinn, och bei esou Marchéen, déi schwiereg sinn. Duerfir begréisse mer et, datt déi Durée erofgesat ginn ass op zéng Joer. D'Fro, déi awer weiderhin am Raum stoe bleift, dat ass, ob een an esou enger spezifescher Matière, wann dann déi nächst Ausschreiwung kënnt, da wierklech och Konkurrente fënnt, déi do seriö matmaachen, oder ob et nëmmen eng Fortschreiwung vun deem ass, wat da bis elo gelaf ass.

Ech widderhuelen nach eng Kéier, datt déi Visite vum Site ganz nëtzlech war. Ech si selwer een, dee se gefrot hat, well ech nach net do uewe war, an ech muss soen, do gëtt wierklech - dat ass meng Impressioun - eng gutt Aarbecht gemaach an et kann een déi Leit tatsächlech félicitéiere fir dat wat do geschitt.

Et muss een an deem Zesummenhang zwar drop hiweisen, datt et hei - dat war meng Befierchtung e bëssen - eng monopolistesch Geschicht wär, wou keen aneren dru kéim. Dat ass jo manifestement net de Fall, well praktesch jiddferee seng Décheten dohinner ka liwweren, wou e mengt, datt en am beschte géing bedéngt ginn. Dat schéngt mer op jidde Fall ganz wichteg ze sinn.

Een anere wichtege Punkt, dat ass fir mech awer mat ausschlaggebend, dat ass deen, datt déi ganz Saach dem Contrôle vun der Cour des Comptes ënnerworf ass an do misst een dann, ech menge mir hu jo d'Méiglechkeet, well mer permanent Rapportë mat der Cour des Comptes hunn, iwwert d'Kommissioun vum Contrôle de l'exécution budgétaire, dofir suergen, datt do och seriö kontrolléiert gëtt, wat de Rapport Qualité-prix ass. A wa sech - ech géing dem Här Gira dat gäre soen - géing erausstellen, datt dat Hong op eng Kéier géing ufänke gëllen Eeër ze leeën, da wär et allerdéngs Zäit, fir ze soen: Esou geet et awer net!

Déi Fro vum Präis, déi Dir opgeworf hutt, hate mir och an der Diskussioun. Do ass awer gesot ginn, dat wär net esou, vun deem Tarif, deen do géing ugewannt ginn.

Här President, dat gesot, mengen ech, bleift eis näischt aneschters iwwreg, wéi dee Projet hei ze stëmmen, fir datt dat esou ka virulafen an datt mer de legale Prescriptiounen, déi mer eis selwer ginn hunn, Rechnung droen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert.

Här Minister Lux, Dir laaft net esou schnell.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Wat ass dat ee laange Wee!

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier de Mëtteg fir d'éischt emol dem Rapporteur an der Kommissioun Merci fir déi schnell Beaarbechtung vun dësem Projet.

Ech wäert vun Ärer Zäit net abuséiere fir elo nach eng Kéier en long et en large iwwer - dat Wuert huet mer gutt gefall - déi Success-story anzegoen, déi an deene leschte Joren opgebaut ginn ass. Ech wëll just awer vläicht och deene virun allem an der Ëmweltverwaltung e Merci ze soen, déi sech vill Méi gemaach hunn, fir an engem wichtege Beräich vun eiser Offallwirtschaft dee Pilier do an deene leschte Joren opzebauen.

Dat hei ass - dat ass richtegerweis gesot ginn - éischter e finanzpolitesche Dossier, dee mer haut traitéieren op Grond vun de Remarquen, déi déi fréier Chambre des Comptes gemaach huet an zu Recht gemaach huet. Do muss een natierlech oppassen!

Här Gira, mir si jo dysfonctionnementsgeschiedegt aus der fréierer Zäit vun den Aarbechten, déi deemools an der Kommissioun gemaach gi sinn. Dir hutt se zu Recht nach eng Kéier hei rappeléiert. Trotz allem mengen ech, sollt ee bei dësem Projet virun allem awer oppassen, dass een déi néideg Flexibilitéit huet, déi mer hei brauchen. Ech mengen, et ass de Memberë vun der Kommissioun virun allem bei der Visite kloer ginn, dass een déi Flexibilitéit hei awer muss oprechterhalen an awer muss kloer gesinn, dass och all aner Kollekteren, privater, déi hei op deem Marché matmaachen, dat ouni Weideres kënne maachen, an dass, wa se dann déi néideg Konditiounen erfëllen, och de Label dozou kréien.

Hei gëtt jo keen op d'Säit écartéiert. Ech mengen, jiddferee kann hei, wann ech esou däerf soen, säi Match maachen, woubäi mer awer där nationaler Responsabilitéit, déi mer hunn, och am Rahme vun dem nationalen Offallwirtschaftsplang, musse gerecht ginn.

Ausserdeem, mengen ech, misst ee bei där Zuel vun 1,2 Milliounen Euro, déi hei genannt ginn ass fir Berodung, awer och richtegerweis soen, dass et hei bei deem Chiffer net nëmmen ëm Berodung geet. Innerhalb vun deem Chiffer läit déi ganz publicitaire Aufgab, déi gemaach gëtt, fir nei Entreprisen an de System eranzekréien, an déi ganz Marketingsaarbecht, déi fir deen Zweck gemaach gëtt. Et läit virun allem déi ganz Formatioun, heiansdo vu ganzen Entreprisen, déi gemaach gëtt, an deem Chiffer verstoppt.

Also, an deem Chiffer verstoppt sech awer nach méi, mengen ech jugéieren ze kënnen, wéi nëmme reng eleng déi Fro vun der Berodung. Do gëtt et eng ganz Rei vun aneren Aktivitéiten, déi gemaach ginn.

Dieu sait dass ee sech da kann iwwerleeën, wann een dat elo vu staatlecher Säit géing maache mat alle Problemer, déi mer hunn, wa mer dann iwwert den Numerus clausus schwätzen, fir dofir ze suergen, wa mer eng Extensioun vun Aktivitéiten an Initiative wëllte maachen, fir da grouss Problemer ze kréien. Sou dass ech mengen, dass sech déi Flexibilitéit trotzdeem hei an deem Beräich argumentéiere léisst.

Ech mengen, et ass vu mengem Virriedner zu Recht gesot ginn: Et ass net nëmmen de generelle Coût, mä och de Coût par entreprise, natierlech besonnesch dann, wa mer méi Entreprisen an de System erakréien. Wat mer der méi erakréien, wat natierlech fir d'Entreprisen de Präis méi interessant gëtt. Déi Courbe ass eis jo awer gewise ginn, déi ganz kloer weist, dass mer do den Entreprisen eppes kënnen ubidden, wat am Laf vun de Joren och vun dem Kosten-Nutzen-Prinzip sech besser ugesäit wéi virdrun.

Dofir denken ech, dass mer hei bei aller Virsiicht, déi ee muss walte loossen, flexibel muss sinn. Ech mengen, et ass virdru gesot ginn, och vum Kolleeg Schank, dass Kontrollen effektiv noutwendeg sinn. D'Cour des Comptes huet hei d'Méiglechkeet dat zu jiddfer Zäit ze maachen, esou dass mer, mengen ech, awer als Regierung an och Dir als Chamber, d'Geleeënheet hunn, fir zu all Moment ze kucken, dass dat heiten net an iergendwellech Richtung negativ ausaart.

Do derniewent géif ech mengen, dass et elo esou lues un der Zäit ass, fir eis un eng Reform oder eng Revisioun vum nationalen Offallwirtschaftsplang ze maachen. Fënnef Joer, mengen ech, ass déi Durée, déi hei gutt ass, an deementspriechend, mengen ech, steet eng Aufgab un, wat elo de Fong ubelaangt, déi mer an nächster Zäit musse maachen.

Mir hunn, wann een déi Zuelen dach awer kuckt, bei de Bierger an der Tëschenzäit en Degré erreecht, dass un dem System vun der SuperDrecksKëscht fir d'Bierger, do - mir hunn eng Héichrechnung gemaach - 160.000 Stéit vu ronn 175.000 Stéit matmaachen. Mir gesi bei de Batterien - en anere Punkt, dee genannt ginn ass -, dass mer op en Taux de couverture ongeféier komme vun 85%. Dat heescht, hei ass wierklech a ville Beräicher dach an deene leschte Joren eppes erreecht ginn. Et ass richteg, dass niewent där Funktioun do effektiv déi Campagnë - wéi et hei vun eenzelne Riedner gesot gëtt -, déi Berodung an déi Formatioun e wichtege Bestanddeel musse si vun enger insgesamt vernetztener Politik, déi mer am Déchetsberäich musse maachen.

Mir kréie jo an nächster Zäit och vun europäescher Säit aus duerch eng Rei vun Direktiven, déi mer an deene leschte Conseilen ofgeschloss hunn, an nach amgaange sinn ze diskutéieren, och bei de Batterien, bei den Accumulateuren, mat Sécherheet nei Missiounen dobäi. Mir hunn nach Direktiven an der Ëmsetzung do leien, an anerer kommen op eis zou, esou dass mer do net wäerte stoe bleiwen, fir dofir ze suergen, dass mer an engem wichtege Politikberäich vun dem gesamten Environnement, also an deem vun den Décheten, dach awer och an nächster Zäit eis Aufgaben erfëllen.

En fin de compte, et deet mer e bësse Leed, dass mer hei net en unanimë Vote kënne maache fir eppes, wat awer wierklech an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg e ganz grousse Succès hat an e ganz grousse Pilier an eiser Ëmweltpolitik war. Ech mengen, dass déi Bedenke vun der grénger Fraktioun nëmmen zum Deel berechtegt sinn, awer virun allem drop bauen, dass mer hei an engem ganz spezifesche Beräich sinn, wou mer och spezifesch Léisunge brauchen.

Wichteg ass, dass mer d'Kontroll esouwuel als Regierung wéi als Cour des Comptes, wat jo Är Institutioun vun der Chamber ass, behalen, a wéi gesot och de Coût am Gréff behalen. An deem Sënn wär ech frou, wann d'Chamber trotzdeem massiv iwwer hire Vote déi heiten Initiativ géing weider ënnerstëtzen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5096. Den Text steet am Document parlementaire 5096[6]. D'Ofstëmme fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi SuperDrecks-Këscht ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Marie-Josée Frank), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

A mir kommen op den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vun de Projeten 5270 an 5287, kulturell Ofkommesse mat der Türkei a mam Vietnam. Déi zwee Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass zweemol nom Basismodell festgeluecht. Mir hunn et hei mat zwee Rapporteuren ze dinn, dem Här Lucien Thiel fir de Projet de loi 5270 an duerno den Här Marcel Oberweis fir de Projet de loi 5287. Ech ginn also elo dem Här Rapporteur Lucien Thiel d'Wuert.

8. 5270 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, des mass médias, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Turquie, signé à Ankara, le 9 juin 2003

5287 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation,

de la recherche scientifique, des mass media, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Socialiste du Vietnam, signé à Luxembourg, le 21 mai 2003

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture du projet de loi 5270

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollen haut eis Zoustëmmung zu zwee Accordë ginn, sou genannt Accords culturels, mä dat gräift e bësse kuerz, well déi Accorden decke ganz vill Felder of. Ech wollt Iech deen éischte vun deenen zwee virstellen, dat ass deen iwwert d'Türkei, dee sech areit an déi laang Serie vun Accorden, déi mer schonn ofgeschloss hunn.

Do vläicht virof direkt eng kritesch Bemierkung: Heiansdo misst ee sech emol Gedanken driwwer maachen, wat de Suivi vun deenen Accorden ass, wat iwwerhaapt mat hinne geschitt. Et huet een d'Impressioun, wéi wann net ëmmer all Accord och wierklech duerno mat Liewen erfëllt géif ginn; mä dat eben als Randbemierkung.

Lo zum Accord mat der Türkei. D'Türkei huet vill Besonneschkeeten, mä eng dovun, déi kennt Dir alleguerten aus dem Geographiescours. Et ass, mengen ech, dat eenzegt Land op der Welt, dat op zwee Kontinenten zugläich läit. Dat mécht et just pittoresque, dat huet awer soss net vill Bedeitung.

Op där anerer Säit, wa mer et mat Lëtzebuerg kucken, da gesi mer och eppes, wat ganz oft an deenen Accorden do geschitt: Do koppele sech der zwee, déi zimlech ënnerschiddlech gestiwwelt sinn. D'Türkei huet 150 Mol méi Awunner wéi Lëtzebuerg a si ass 300 Mol méi grouss wéi Lëtzebuerg.

Do gesäit ee schonn, datt déi Koppel zimlech ongläich ass. Mä op där anerer Säit huet d'Türkei e Bruttosozialprodukt pro Kapp, deen nëmmen een Aachtel vun eisem ausmécht. Net well mer domat wéilte kompenséieren, mä dat weist, datt do nach gewëssen ekonomesch Retardë sinn. Et ass virun allem en Agrarland. 40% vun de Leit schaffen do an der Landwirtschaft an hire Bruttosozialprodukt staamt och zu 12% aus der Agriculture. Wann Der vergläicht, bei eis sinn et nach 0,5%. Also, Dir gesitt, mir sinn do nach an zwou verschiddene Welten.

Allerdéngs däerf een net vergiessen, wann een d'Türkei kuckt, datt et e Land mat enger ganz grousser Geschicht ass - enger beweegter Geschicht an enger ganz grousser Geschicht. Ganz grouss war se schonn an der Antik. Vläicht huet deen een oder deen aneren net geschlof an der Geschichtsstonn a weess, datt zur Zäit vun de Réimer d'Türkei - oder zur auslafender Zäit vun de Réimer - d'Stad Byzanz, déi mer haut als Istanbul kennen, d'Haaptstad vun där enger Halschent vum Réimesche Räich war. Anerer behaapten, et war dat éischt chrëschtlecht Räich, well de Konstantin, no deem déi Stad jo och eng Zäit benannt war, do säi Siège geholl huet.

An déi Zäit falen och ganz vill Aktivitéiten, déi zur Kultur bäigedroen hunn an deem Land, wat duerno eng ganz aner Herrschaft kritt huet. Dat war d'Herrschaft vun den Osmanen. Déi sinn esou ëm 1200, 1300 komm a waren net grad esou beléift wéi d'Réimer bei hiren Noperen; besonnesch net bei den Europäer, well se ëmmer erëm probéiert hunn den Europäer der an d'Akaul ze ginn. Wien eng Kéier zu Wien war, deen huet bestëmmt sech déi Plaz ugekuckt, wou de Prënz Eugen d'Türke gestoppt huet. D'Türke koumen deemools bis viru Wien, a si waren also réputéiert als zimlech giereg a si hunn dann och dat Osmanescht Räich entspriechend ausgebaut.

Déi nächst Phas war déi vum 20. Jorhonnert. En abrupte Sprong vum Osmanesche Räich, wat ënnergaangen ass mam Éischte Weltkrich, well d'Türken op der Säit vun de Preise waren. Du koum en Ëmschwonk op eng Republik. Déi Republik ass ausgeruff ginn deemools vun engem Mann, vun engem Generol, deen e grousse Vollekshéld gi war, an dee sech Mustafa Kemal genannt huet, deen Der alleguerte kennt als Atatürk. Atatürk heescht Papp vun allen Türken. Dat war de Bäinumm, deen hien du kritt huet, duerch dat wat hien do gemaach huet.

Hien huet - relativ erstaunlech fir dat Land - et ganz séier an d'Neizäit gefouert an hien huet Reformen duerchgefouert, déi nach haut erstaunen, wann Der wësst, datt an der Türkei déi moslemesch Relioun ass, an Dir wësst awer op där anerer Säit, datt den Atatürk d'Droe vun de Schleiere verbueden huet, datt hien de Fraen d'Wahlrecht scho ginn huet, kuerz nodeem datt mir et agefouert haten, an nach vill aneres. Dat erkläert dann, firwat hien nach haut zimlech vénéréiert gëtt, obschonn datt no him en zimlechen Duerjerneen erëm eng Kéier an deem Land entstanen ass.

Ech mengen, et ware véier oder fënnef Militärcoupen duerno. Dat Land ass am Fong eréischt elo déi lescht Zäit plus au moins zur Rou komm. Zum Deel awer och, well et selwer net ëmmer sech ganz koscher beholl huet, notamment an der Zypernfro, déi eis jo nach haut nogeet. Déi Deelung vun Zypern huet och eppes mat den Türken ze dinn. Da war d'Behandlung vun hirer gréisster Minoritéit, där vun de Kurden, och net ëmmer ganz, ech kann net soe kathoulesch, mä déi war net ëmmer ganz an der Rei.

Op där anerer Säit ass den Türke munches nogelooss ginn oder duerch d'Fangere gekuckt ginn, well dat Land eng wichteg strategesch Roll während dem Kale Krich hat. Well et den ënneschten Deel oder dee leschten Deel vun dem Südfligel vun dem Westen war, huet jidderee gemengt d'Türkei missen ze stäerken - notamment d'NATO. Et war am Fong d'Südflank vun der NATO. Dat erkläert och, firwat vläicht munch Saache vun den türkesche Regimer toleréiert gi sinn, déi soss anere vläicht net duerchgaange gelooss gi wären. Wéi gesot, d'Türkei ass Member vun der NATO säit 1952 a gehéiert domat plus au moins an de westleche Camp.

Dat ass dat eent. Dat anert ass d'Kultur vun deem Land. Erëm eng Kéier e bësse Geschicht. Eng vun de Wéie vun eiser Zivilisatioun louch an deem Eck. Et muss ee wëssen, datt Klengasien - dat ass d'Türkei vun haut, oder en Deel dovun ass d'Türkei vun haut - en Deel vun eiser Kulturwéi ass.

Ech brauch net déi Stied opzezielen, déi zu där Zäit Weltgeschicht geschriwwen hunn, ënner anerem Troja, dat seet jidderengem eppes. Et sinn aner Stied, déi vläicht net esou vill soen. Op alle Fall ass do ganz vill an der Antik passéiert, souwuel am Beräich vun der Philosophie, am Beräich vun den Naturwëssenschaften, am Beräich vun de Rechtswëssenschaften. Also, et ass schonn e Kulturnascht gewiescht, an dat wier eigentlech schonn e gudde Grond, firwat mir eis kulturell sollten deem Land méi no bréngen. Net onbedéngt, well mer esou gutt Erënnerungen hu wéi déi vum Michel Lucius, deen do seng éischt Spore sech verdéngt huet als Geolog, mä och well mer nach haut vun där Kultur kënnen zieren. Dat ass deen ee Grond.

Deen anere Grond, an ech mengen, deen ass op d'mannst esou wichteg - quitte datt mer elo näischt däerfe matenee vermëschen -, dat ass deen, datt dat Land wëllt onbedéngt Member vun der Europäescher Unioun ginn. Et ass e Bäitrëttskandidat. Mir wëssen, datt se scho laang bei eis freie kommen. Mir hu laang gebraucht, bis datt mer bereet waren, emol esou eng hallef Verlobung mat hinnen anzegoen. Déi ass elo virun engem hallwe Joer geschitt. Ech mengen, wann ee schonn dee Wee beschreit, da muss een och kucke sech besser kennen ze léieren. An dat ass fir mech den entscheedende Grond, fir datt mer e Kulturofkommes, an net nëmmen e Kulturofkommes, mä en Ofkommes wat vill méi ofdeckt - inklusiv den Echange vu Jugendlechen, inklusiv Studentenaustausch, a virun allem och sportlech Aktivitéiten - sollen ofschléissen.

Dat alles beinhalt deen Accord, dee virun zwee Joer vun eisem Premierminister mam Här Erdoğan ënnerschriwwe ginn ass, wéi eise Premierminister do ënnen op Besuch war. Si hunn deemools zwee Accorden ënnerschriwwen. Deen ee war een Duebelbesteierungsofkommes - wat een eigentlech net esou däerf nennen, et ass eigentlech en Accord fir d'Duebelbesteierung ze verhënneren. Deen ass deemools ënnerschriwwe ginn. Doniewent ass dann dëse sou genannte kulturellen Accord ënnerschriwwe ginn, deen ech am Numm vu menger Fraktioun wëll hei ënnerstëtzen an dat net nëmmen, well de Kleeschen aus deem Eck kënnt, iwwert deen ech elo geschwat hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den zweete Rapporteur ass den Här Oberweis. Dir hutt d'Wuert, Här Rapporteur.

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture du projet de loi 5287

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Madame Statssekretärin, mir hunn elo just eng Rei vun Informatioune kritt aus dem éischte Vertrag iwwert d'Türkei, e Land, dat am Weste vun dem asiatesche Kontinent läit, um Schwaarze Mier an um Mëttelmier. Ech hunn d'Chance elo deen zweete Vertrag virzestellen, an ech huelen Iech mat e puer Stonnen no Osten an de Vietnam, e Land um Pazifik.

Une voix.- Dat ass wäit!

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- Dat ass ee Stéck fueren, dat ass wouer!

Et geet hei ëm e Vertrag mat Lëtzebuerg a mat der Sozialistescher Republik Vietnam. Den Accord - fir vläicht e puer Detailer virewech ze schécken - ass den 21. Mee 2003 hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn an den 19. Januar 2004 an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis eragereecht den 30. Mäerz 2004. D'Chamberskommissioun huet sech an hirer Sëtzung vun dem 28. Oktober d'lescht Joer mat dem Text vum Accord an dem Avis vum Statsrot ausernee gesat an de Rapport den 23. November d'lescht Joer ugeholl.

Wa mir e kuerze Bléck zréckwerfen, da gesi mir an dësem Zesummenhang d'Visite vun onsem Premier am Vietnam am Oktober 2000. Duerno hate mer de Géigebesuch hei vum Premierminister aus dem Vietnam am September 2002, an duerch d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges ass et dunn zum Grondsteen komm vun der Zesummenaarbecht, während hirer Visite a Vietnam am Oktober 2002.

Dir gesitt also, dëse Kooperatiounsvertrag huet schonn eng kleng Geschicht. Den Accord selwer weist eng Rei vu Beräicher op, wou mer eng enk Zesummenaarbecht sollen zesummen ausschaffen. Esou an der Kultur, an der Ausbildung vu jonke Mënschen oder der wëssenschaftlecher Fuerschung, awer och an de Beräicher vun de Massemedien, vun der Jugend an an dem Sport sollen enk Kontakter geknäppt ginn. Et sinn also eng ganz Rei vun Elementer an engem Vertrag, an ech wëll der e puer hei beliichten.

Éischtens, am Beräich vun der Kultur soll ënner anerem eng Kooperatioun gesicht ginn um Gebitt vum Theater, vun der Musek, der Oper an dem Ballett. Do sinn d'Asiate jo relativ gutt. Den Austausch vun Experten am Beräich vum Kino ass e weideren interessante Pilier, gradewéi eng interessant Zesummenaarbecht mat Artisten a mat Museker.

En zweete Volet: Am Beräich vun der Ausbildung soll et zum Austausch komme vun Enseignanten, vu Schüler an och vu Studenten. A grad hei gëtt vill Wäert op d'berufflech Ausbildung geluecht, speziell an der Tourismusbranche, well Vietnam e Land ass, dat eng grouss Zukunft an deem Beräich nach wäert kréien.

Den drëtte Pilier ass de Beräich vun der wëssenschaftlecher Fuerschung an der Technologie. A grad do ass dann déi nei Lëtzebuerger Universitéit och mat agebonnen. Den Austausch vun akademeschem Personal, vu Studenten, vu Fuerscher soll hei am Mëttelpunkt stoen, an derniewent steet d'Organisatioun vu Kongresser mat Caractère international op der Agenda vun der Zesummenaarbecht.

Ee véierte Volet ass de Beräich vun de Massemedien. Do gëtt de Fernseh, de Radio an och d'Press agebonnen. Et soll do extra dozou ausgeruff ginn, den Opbau ze maachen an hinnen ze hëllefen, duerch d'Kooperatioun méi staark an de Massemedien ze wierken. Mir sollen si da besser kenne léieren a si och ons.

En interessante Beräich op alle Fall ass de Beräich vun der Jugendaarbecht, an hei speziell am Sport. Et sollen hei Sportsévénementer opgebaut ginn an Austausch vu Sportgruppen iwwer eng relativ wäit Distanz, fir dass ons Jugend an Europa hei déi jonk Leit aus deem Eck vun der Welt kenne léiert, déi an engem esou interessante Beräich vum Pazifik wunnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Vietnam huet genau wéi Lëtzebuerg eng ganz mouvementéiert Geschicht hanneru sech. Ech wëll déi eenzel Elementer vun där Geschicht guer net opzielen, mä op alle Fall ass zënter 1995 déi sou genannte Sozialistesch Republik Vietnam och Member vun der ASEAN, dat heescht enger wichteger regionaler Organisatioun an deem Deel vum pazifesche Raum. Vergiesse mer net, dass Vietnam e Land ass mat 80 Millioune Mënschen, mat deem esou e klengt Land wéi eist hei, mat enger hallwer Millioun, e Kooperatiounskontrakt wëllt ënnerschreiwen.

Mir gesinn also, mir ginn eng Zesummenaarbecht a mat engem Land, dat an der globaliséierter Welt no bei de Mouvementer vun haut ass, dem chinesesche Raum, dem indesche Raum. Mat Vietnam huet Lëtzebuerg an de vergaangene Jore schonn eng ganz Rei vu Relatiounen opgebaut, an dat op wirtschaftlechem an och op touristeschem Plang.

Awer besonnesch ee Punkt wëll ech eraushiewen hei, dat ass de Beräich vun der Entwécklungsaarbecht. Do huet Lëtzebuerg scho ganz villes geleescht. Notamment ass Vietnam dee wichtegste Partner vun eise Pays cibles. D'Land weist ee Pro-Kapp-Akommes op vun nëmmen 1.200 Euro pro Joer. Dat heescht, dat Land brauch nach Laangzäithëllef vun dobaussen, fir op sengem wirtschaftlechen Entwécklungswee nach munches op d'Been ze setzen. Duerfir huet onst Land hei a sengem Budget fir 2005 9 Milliounen Euro Entwécklungshëllef virgesinn, an dat haaptsächlech an de Beräicher vum Gesondheetswiesen, vun der Erzéiung, vun der Entwécklung vum ländleche Raum, an do speziell de Bewässerungsproblemer, déi an deem Land herrschen.

D'Investitiounen an der Lutte géint den Honger sinn och Investitiounen an de Käpp vun de Mënschen. Dat ass dat beschte Rezept fir iwwerhaapt de Wuelstand vun engem Land an d'Luucht ze hiewen. A wann ech de Rapport vun der FAO vu Roum dierf kuerz zitéieren, dee gesot huet: All Euro, dee mir investéieren an d'Gesondheet a géint den Honger vun engem Mënsch, dat ass eng Plus-value an e Rendement vum Fënnef- bis zum 20fachen. Dat beweist also - mir sinn hei um richtege Wee -, dass mer an der Kooperatioun och d'Entwécklungshëllef fir dat Land net sollte vergiessen.

An deem Zesummenhang muss een deene Leit Merci soen, déi scho virdrun hei esou vill sech engagéiert hunn, fir d'Kooperatioun mat Vietnam virunzedreiwen. Ech denken hei ganz speziell un de Lycée hôtelier Alexis Heck vun Dikrech, deen eng ganz gutt Aarbecht do geleescht huet.

Dee virleiende Kooperatiounsaccord mat Vietnam wëllt dës Iwwerleeungen op de richtegen Niveau an engem bilaterale Geescht bréngen. An e ganz speziellt Element dovun ass ganz einfach d'Ouverture vun engem Bureau de la coopération zu Hanoi am August 2003.

Grad am November 2003 konnte mer schonn den 30ste Gebuertsdag feiere vun de Relatioune mat dem Land Vietnam. De 17. November an deem Joer hu mer eng Kommissioun agesat, déi de Partenariat vun där Kooperatioun verdéiwe soll. Fir awer an dësen Accord elo nach weidert Liewen eranzebréngen an, wéi mäi Virriedner sot, och emol ze kucke wat bréngen esou Kooperatiounsverträg, ass gesot ginn, mir grënnen duerfir e Comité conjoint, wou all Land dann déiselwecht Unzuel vu Membre kann drasetzen, fir eben de Suivi ze maache vun dëser Kooperatioun.

Grad dëse Comité soll probéieren, nei Pläng opzebauen, nei Relatiounen op d'Been ze setzen. Well et gëtt jo gefrot, mir solle gemeinsam Projete maachen an e puer Voleten, da musse mer do e Suivi kënnen asetzen. A wann dee Comité fënnef Joer getaagt huet, da gëtt ënnersicht, wat an deene fënnef Joer geschafft ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Accord mat der Sozialistescher Republik vu Vietnam wëllt Lëtzebuerg ganz einfach e bescheidene Bäitrag leeschten an enger globaliséierter Welt fir eng méi schéi Welt hierzestellen. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Als éischt Riednerin ass d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och den zwee Rapporteure Merci soen. Wéi mer gëschter décidéiert hunn, mir géingen déi zwee Projeten zesummen diskutéieren, hu mer et zwar och erwähnt, dass et deeselwechte Contenant, souguer deeselwechte Contenu wär, dee mer géingen diskutéieren, mä mir géingen awer ons mat zwee verschiddene Partenairë beschäftegen.

An dat ka seng Wichtegkeet hunn, mengen ech, am Kontext vun

deem, wat déi zwee Rapporteure gesot hunn. Dat heescht, dass en Accord culturel ëmmer nëmmen e Kader ass, dee Geleeënheet bitt, Aktivitéiten ze organiséieren am Intérêt vun der kultureller Zesummenaarbecht tëschent den zwee Partenairen zum Accord, mä dass et net mam Kader duergeet, dass et duerno och néideg ass, dee Kader mat Liewen ze erfëllen. An do kann ech mer virstellen, dass et vläicht an deem enge Fall méi einfach wäert sinn, wéi an deem aneren.

Ech wëll net, Här President, op déi Envoléeë geographescher, historescher an identitär-kultureller Natur zréckkommen, déi déi zwee Rapporteure virgedroen hunn. Ech wëll awer festhale beim Accord mat der Türkei, dass effektiv d'Türkei e Land ass, wat deelweis europäesch ass. Et schéngt mir, dass et net dat eenzegt Land ass, wat op zwee Kontinenter ass. Wann ee vill iwwerleet, da kann ee sech vläicht drun erënneren, dass Russland am selwechte Fall ass. Mä mäi Gott, bon. Et ass also deelweis en europäescht Land.

Et ass och, an dat schéngt mer enorm wichteg, Member vun der NATO, an ech mengen, de Fait, dass d'Türkei Member ass vun der NATO, seng geographesch Positioun a seng geopolitesch Importenz sinn d'Ursaach woufir Kontakter tëschent der Europäescher Unioun, oder der Europäescher Gemeinschaft fréier, an der Türkei scho ganz laang lafen. A wann elo décidéiert ginn ass, dass mer Adhésiounsgespréicher géinge mat der Türkei ufänken, dann ass dat eng Suite vu Verspriechen, déi am Laf vun de Joren ëmmer erëm den Türke gemaach si ginn, an ech mengen, mer sollen ons un déi Verspriechen halen, déi gemaach gi sinn.

Selbstverständlech sinn déi Négociatiounen décidéiert ginn a sollen zu Enn gefëiert ginn, ënnert der Konditioun dass déi Kritären, déi zu Kopenhagen festgehale gi sinn, fir dass e Land kéint der EU bäitrieden, effektiv och vun der Türkei erfëllt ginn. An deem Zesummenhang bleiwe bei der Türkei nach Efforten ze maachen. Mä ech menge just an deem Zesummenhang ass en Accord culturel e gutt Instrument fir d'Kooperatioun mat deem Land ze förderen a si dann och dozou ze bréngen ëmmer méi no un Europa an un déi europäesch politesch Normen erunzekommen.

Bei Vietnam hu mer et mat engem asiatesche Land ze dinn, wat - wéi de Rapporteur et gesot huet - ee vun den zéng Pays cibles vun onser Kooperatiounspolitik ass. Also och en asiatescht Land mat deem mer besonnesch enk Relatioune scho säit enger gewësser Zäit hunn. Net nëmme sinn do schonn eng ganz Partie wichteg Visitë vu politesche Vertrieder vun deenen zwee Länner gemaach ginn, mä et ass och schonn an der Kultur eng gewëssen Aktivitéit développéiert ginn. Virun enger Rei Joren, et ass nach net laang hier, hate mer eng kulturell Woch, eng Vietnam-Woch hei zu Lëtzebuerg, déi et de Vietnamesen erlaabt huet en Deel vun hirer Kultur de Lëtzebuerger virzestellen, an ech mengen déi Aktivitéit war ee Succès an ech géif mer wënschen, dass mer an Zukunft nach méi kéinten op deem Plang maachen.

Wat mech frappéiert huet bei deem Projet iwwer Vietnam - an déi Bemierkung huet éischter en anekdoteschen, wéi een anere Charakter -, dat ass, dass souwuel den Exposé des motifs vum Projet de loi, wéi och de Rapport vun der Kulturkommissioun ënnersträichen, dass Vietnam e Member ass vun der Agence de la Francophonie, där mir och ugehéieren, an dass awer dann den Text vum Accord op englesch ass. Et hätt ee sech kënne virstellen, dass zwëschent zwee Länner, déi Member si vun der Francophonie, een den Effort gemaach hätt, fir dass een dee Standardaccord - well et ass jo ëmmer deeselwechten Text bei den Accords culturels - hätt kënnen op franséisch iwwersetzen. Domadder hätt een da vläicht een Zeeche gesat.

Ech hunn notéiert, dass den Artikel 1 ënner anerem ënnert f) vum Accord seet: „The Contracting Parties shall encourage: cooperation between their relevant institutions to carry out researches into their respective language, literature, culture and history".

Kann d'Madame Statssekretärin ons soen, wéi sech déi Kooperatioun um linguistesche Gebitt soll exerzéieren a ka se vläicht bei där Geleeënheet och soen, ganz allgemeng, wéi se de Rôle vu Lëtzebuerg an der Agence de la Francophonie gesäit a wéi se mengt, dass een do kéint en utilë Bäitrag leeschten?

Ech wëll heibäi direkt soen, dass ech fir mäin Deel à l'égard vum Englesche kee Komplex hunn. Ech mengen, mir komme ganz gutt zurecht zu Lëtzebuerg mam Lëtzebuergeschen an an Europa mam Franséischen, an ech mengen och net, dass mir dozou opgeruff sinn, déi gréisste Kämpfer ze si fir déi franséisch Sprooch. Mä nach si mir e Land «qui a le français en partage» an ech wier frou, wann d'Statssekretärin ons do kéint e bësse soen, wéi si an Zukunft d'Politik an deem Domän gesäit.

Dat doten ass eng Fro, déi huet net direkt mam Accord mat Vietnam ze dinn, mä et ass eng Fro, déi ech mer ebe stellen, well drop higewise ginn ass, dass si wéi mir Member sinn an der Agence de la Francophonie. Also sans préjudice vun där Fro, Här President, wéilt ech d'Zouso vun onser Fraktioun bréngen, souwuel zum Accord mat Vietnam, wéi och zum Accord mat der Türkei.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Madame Statssekretärin, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Flesch schonns richteg bemierkt huet, handelt et sech ëm zwee verschidde Partneren an dofir géing ech mer dann och erlaben, déi zwee separat ze behandelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1952 ass d'Türkei der NATO bäigetratt. Zënter 1963 si se mat der EU, deemools nach d'Europäesch Wirtschaftsgemeinschaft, associéiert an an der Präambel vun deem Ofkommes stoung deemools schonn als Zweck an ech zitéieren: „später den Beitritt der Türkei zur Gemeinschaft erleichtern soll".

1987 huet dëst Land du gefrot, fir Vollmember vun der EU ze ginn an 2004 schwätze mer dann elo vun de Bäitrëttserklärungen. Fir d'Türkei a seng ronn 70 Milliounen Awunner war et ee laange Wee bis heihinner.

Iwwert d'Türkei ass jo an der leschter Zäit hei an der Chamber scho méi oft diskutéiert ginn, an d'Türkei ass och en Thema an anere Chamberskommissioune gewiescht an ech nennen hei nëmmen de Projet de loi 5341 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Turquie en matière de sécurité sociale.

De Rapporteur Lucien Thiel ass a sengem excellente mëndlechen a schréftleche Rapport jo och schonns op villes agaangen an ech wëll dann och net méi alles hei nach eemol widderhuelen, mä just vläicht e puer supplémentaire Reflexiounen hei erabréngen.

Dësen Accord de coopération, dee mer haut wäerte stëmmen, soll jo notamment Folgendes realiséieren, an ech zitéieren aus dem Avis vum Statsrot: «Aussi des programmes d'échanges de toutes sortes sont-ils prévus pour faciliter les contacts entre les ressortissants des deux pays et encourager les actions de formation et de perfectionnement…». Dës Wierder, mengen ech, soen alles.

D'Türkei ass op dem Wee an d'EU. Si hu vill Effortë musse maachen a si wäerten der nach eng ganz Rei musse maachen, fir prett ze sinn. Dat hu mer jo schonns an eisem Débat iwwert d'Türkei Mëtt November hei an der Chamber diskutéiert. Ech maachen nëmmen op d'Gläichberechtegung zwësche Fra a Mann opmierksam, déi endlech an hirem Gesetz verankert ginn ass oder awer och op hiert neit Strofgesetzbuch. Dëst alles si Schrëtt um richtege Wee, därer awer nach eng ganz Rei anerer wäerte mussen nokommen, an dëst ebe speziell och bei der Situatioun vun de Fraen, fir eben nëmmen een Aarbechtsfeld hei erauszeplécken.

Fir awer deem eenzelne Bierger bei eis oder awer och an der Türkei entgéintzekommen, ass dëse bilateralen Accord culturel wichteg, well heimat bidde mer den Türken d'Geleeënheet ee klengen Deel vun der grousser europäescher Famill, nämlech Lëtzebuerg a seng Awunner, besser kennen ze léieren a sech och e Bild vun der europäescher Realitéit an hirem Alldag ze maachen. Gläichzäiteg awer bidde mer och eiser Populatioun d'Chance d'Türkei mat senger räicher, méi wéi dausend Joer aler Kultur - an ech mengen do ass de Rapporteur jo och schonn am Detail drop agaangen - besser kennen ze léieren an och ze schätzen.

Ech mengen an enger Zäit, wou d'Türkei heefeg d'Nummer eent an de Schlagzeile vun de Medien ass, ass dëst ëmsou méi wichteg. Et ass ebe wichteg déi richteg Informatiounen ënnert d'Leit ze bréngen an net duerch Populismus Viruerteeler opzebauen.

Dofir ass dësen Accord - där mer jo iwwregens och mat verschidden aneren extracommunautäre Länner schonns hunn - richteg an e kënnt dann och, menger Meenung no, zum richtegen Zäitpunkt. Dofir géif ech dann och zu deem Accord elo schonns den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Beim Projet 5287 ass de Rapporteur Marcel Oberweis a sengem excellenten an och explizite mëndlechen a schréftleche Rapport drop agaangen, datt et bei esou bilateralen Ofkommessen, där Lëtzebuerg der schonn eng ganz Partie ënnerzeechent huet, eigentlech dorëms geet deen anere mat senger oft friemer an zum Deel och onbekanntener Kultur, Sprooch, Relioun an och senge Coutumë kennen ze léieren.

Fir mech ass dëse Wee, genausou wéi op engem aneren Niveau d'Jumelagen an de Gemengen, e Wee fir Viruerteeler ofzebauen a Meenungen iwwer e Land a säi Vollek ze iwwerdenken. An ech sinn och dovunner iwwerzeegt, datt dëst zu manner Rassismus a Friemenhaass ka féieren.

E Land wéi Vietnam ass friem, net eleng well et wäit ewech ass, mä well een am Alldag och net allze vill iwwert dëst Land héiert. Vietnam ass awer - an do sinn de Rapporteur, genausou wéi d'Madame Flesch och schonns drop agaangen - e mannegfaltegt Land wat munches ze bidden huet, och wann nach vill Problemer bestinn. An ech maache just op déi héich Aarbechtslosenzuelen, 25%, respektiv och déi héich Kannerstierflechkeet, 30 Doutgebuerten op 1.000 Lieweggebuerten, opmierksam.

A Lëtzebuerg ënnerstëtzt jo och zënter enger Rei Jore Vietnam am Kader vu senger Kooperatiounspolitik an dëst a verschiddenen Domänen, wéi och zum Beispill an der Santé, mä awer och an der Educatioun. Datt dës Ënnerstëtzung och bluttnoutwenneg ass, dovunner konnten sech jo eise Minister vun der Kooperatioun an och mäi Fraktiounskolleeg Marc Angel am November bei hirem Besuch op der Plaz iwwerzeegen.

Ech perséinlech sinn dovunner iwwerzeegt, datt dësen Accord de coopération, dee mer haut wäerte stëmmen a wou ech dann och elo wéilt den Accord vu menger Fraktioun abréngen, dozou bäidréit, datt Vietnam weider op deem Wee geet, deen et ageschloen huet, nämlech an nëmme 15 Joer den Taux de pauvreté ëm ëmmerhi méi wéi d'Halschent erofzesetzen. A wa mer mat dësem Accord och nëmmen e bëssen dozou bäidroe fir de Wuelstand, de Wëssensstand an awer och d'Gesondheet vun der vietnamesescher Bevölkerung ze verbesseren, a gläichzäiteg awer och eise Matbiergerinnen a Matbierger dëst interessant an och besichenswäert Land méi no ze bréngen, dann hu mir eist Zil domat erreecht.

An domat Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. Et huet sech nach ageschriwwen den Här Mehlen. Dir hutt d'Wuert, Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President, ech maachen et kuerz. Mir hunn hei zwee kulturell Accorden. Kultur échangéieren, dat heescht sech géigesäiteg kenne léieren. Wann ee sech géigesäiteg kenne léiert, da léiert een och sech géigesäiteg verstoen. Dat féiert dann och vläicht derzou, datt een deen aneren e bësse méi besiche geet a Verständnis derfir entwéckelt, wéi deen aneren denkt a wéi e lieft.

D'Geschicht huet ëmmer erëm bewisen, datt et nach ni eppes geschuet huet, wann ee sech um kulturelle Gebitt échangéiert huet, wann een deen anere besser kenne geléiert huet, wann een d'Geleeënheet hat Viruerteeler, déi ee vläicht hat, ofzebauen.

Kultur, dat ka ganz villes sinn. Mir hu jo hei schonn e puer Beispiller héieren. Ech wëll, fir e bëssen eng méi lëschteg Note hei eranzebréngen, op de kulinareschen Deel hiweisen. Mir gesinn hei bei eis - dat huet awer elo net direkt mam Vietnam ze dinn, niewendru läit China -, mir hu vill chinesesch Restauranten, et sinn och vietnamesesch Restauranten, d'chinesesch Restauranten hu vietnamesesch Menüen op de Kaarten. Mir gesinn, datt och d'türkesch Kichen hei Fouss faasst, dat ass gutt esou. Dat bréngt eis och d'Liewensweis vun deene Völker vun deene Länner méi no. D'Léift geet duerch de Mo, gëtt ëmmer gesot. Dat ass och hei esou. Wann ee sech mat deem Kascht ugefrënnt huet, da léiert een och d'Leit vläicht e bësse besser kennen.

Mä dat soll „ein Geben und Nehmen" sinn, an domadder kommen ech zu menger humoristescher Iwwerleeung. Mir hunn elo grad héieren, wéi kleng datt mir si vis-à-vis vun deenen zwee Länner, bevölkerungsméisseg, an natierlech och territorial. Da géing ech hoffen, datt et eis géing geléngen, eng kleng kulinaresch Offensiv an déi Länner ze starten an eist national kulinarescht Wahrzeechen, de Kachkéis, awer net nëmmen deen, vläicht och de Museléwäin, Madame Statssekretär, dann emol an deene Länner bekannt ze maachen.

(Hilarité)

Dat ass déi méi humoristesch Note. Ech wollt och nach méi eng eescht hei ubréngen, déi net direkt eppes domat ze doen huet, mä, Här President, ech wollt d'Geleeënheet net laanschtgoe loossen.

Den Här Thiel huet zu Recht hei drop higewisen, datt do ënnen an der Türkei, an deem ganze Raum Kleinasien eigentlech, d'Wéi vun eiser Zivilisatioun läit, datt do ganz villes um archeologesche Plang nach am Buedem läit, an datt dat iergendwéi zu eiser kultureller Entstehung, zu eise kulturelle Wuerzele gehéiert.

Ech wollt hei just vun der Geleeënheet profitéieren, de Moment, wou den amerikanesche President Bush eng Visite hei an Europa mécht, mäin Entsetzen doriwwer auszedrécken, wéi d'amerikanesch Truppen do ënnen am Irak virgaange sinn, wéi alles geschützt ginn ass, wat mat Uelech ze doen hat, Quellen, an den Uelechministère ofgeséchert war bis zu Lescht, an obschonn datt jiddfereen, dee mat Archeologie a Kultur ze doen hat, gefuerdert hat, si sollten déi kulturell Wäerter, d'Muséeën an d'Sitë protégéieren, datt dat net geschitt ass an datt onheemlech Verloschter, grouss Zerstéierungen do entstane sinn, datt schrecklech vill verschwonnen ass, wat méiglecherweis ni méi optaucht.

Ech wollt hei bei där Geleeënheet menger Roserei doriwwer Ausdrock ginn an ech géing hoffen, datt iwwer esou kulturell Accordë wéi deen heiten och iwwerall d'Verständnis fir dat, wat eis iergendwéi alleguer gehéiert, well hei ass effektiv d'Wuerzel vun der Zivilisatioun, datt mer alleguer léieren, iwwer all Grenzen ewech dat ze respektéieren an ze schützen. Dat gesot, selbstverständlech, wäerte mir och dës zwee Projete stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo komme mer zur Regierung. D'Regierung huet d'Wuert. Madame Statssekretärin, wann ech gelift.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kultur verbënnt d'Völker, gëtt ëmmer gesot, a wat kann ee besser ufëieren hei bei dëse Kooperatiounsaccorden a verschiddene Beräicher, vun der Kultur, Educatioun, Wëssenschaft, Medien, Jugend bis zu Sport an aneren, wéi hei schonn esou flott ugefouert ginn ass? Wéi och all Riednerinnen a Riedner betount hunn, sinn dat hei Instrumenter, déi ganz wesentlech dozou bäidroen, datt Länner a Völker sech kënne méi no kommen a besser verstoen.

Mir hunn an dësem Fall mat zwee Länner ze doen: op där enger Säit d'Türkei, op där anerer Säit de Vietnam, mat och all Kéiers verschiddenen Hannergrënn.

Op där enger Säit d'Türkei : e Land wat geographesch gesinn net esou wäit ewech vun eis läit. E Land, wat an der lescht natierlech hei an Europa relativ vill am Gespréich war, aus deenen Ursaachen, déi mer wëssen, an zwar d'Adhésiounsdemande, déi se gemaach hunn, fir an d'Unioun kënnen anzetrieden, a bei där Geleeënheet sinn en Deel Appréhensiounen entstanen, oder einfach nëmmen zum Ausdrock komm, déi vläicht virdru schonn do waren. Sécherlech ass grad dofir e Kulturofkommes dee richtege Wee, fir esou Ängschte kënnen ze entschäerfen, ofzebauen, a virun allem awer d'Völker op deem dote Wee méi no kënnen ze bréngen, virun, driwwer eraus oder och ouni Adhésiounsaccord.

Op där anerer Säit hu mer Vietnam, mat deem mer och ganz vill Verbindungen hunn - wéi iwwregens bei deenen zwee Texter, esouwuel op dem Punkt vun der Türkei wéi op dem Projet vum Vietnam, déi zwee Rapporteuren dat excellent hei exposéiert hunn -, besonnesch um Niveau vun der Kooperatiounshëllef, wou ganz vill gemaach ginn ass vu Lëtzebuerg a weiderhin och leeft a geschitt, an och schonn um kulturelle Plang Saache bestinn; an do deelweis och mat der Türkei.

Esou datt een nëmme ka concluéieren, wat d'Nëtzlechkeet an d'Wichtegkeet an d'Richtegkeet ass, fir hei dës zwee Accorden ofzemaachen, ze ënnerschreiwen, ze ratifizéieren an och herno mat Liewen ze erfëllen.

Déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass vun deenen zwee Rapporteuren, huet am Fong schonn alles exposéiert wat ee misst dozou soen. Dat wat zousätzlech do derzou nach vun deenen anere Riednerinnen a Riedner gesot ginn ass, huet d'Bild complétéiert, esou datt een net hei weider nach muss dorobber agoen.

Här President, dat hei sinn net déi zwee éischt Kulturofkommessen, déi Är Chamber ratifizéiert, well regelméisseg kommen der ëmmer erëm hei vir, an iwwerall konnt ee gesinn, datt völkerverbannend geschafft ginn ass. Neier wäerten nokommen, neier sinn amgaange schonn dru geduecht ze ginn an et gëtt der, wou dru geschafft gëtt. Mir wäerten also regelméisseg ëmmer erëm hei kënnen dës Operatioun mat engem flotten Austausch vu Gedanken a vun Exposéë widerhuelen.

Ech wollt Iech Merci soe fir déi Mataarbecht, déi Der hei gemaach hutt, a Merci fir Är Ënnerstëtzung.

Der Madame Flesch wollt ech soen, datt vläicht de Punkt vun der Francophonie e bëssen de Kader géif sprenge vun dësen zwee Accorden an, wa se d'accord ass, mer dat géifen an enger anerer Rumm eng Kéier maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5270. Den Text steet am Document parlementaire 5270[2].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5270 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5270 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5287, deen am Document parlementaire 5287[2] steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5287 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5287 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Ali Kaes) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung. Et geet weider mar um hallwer dräi.

D'Sitzung ass elo opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.42 heures)

JEUDI, 24 FÉVRIER 2005

23E SÉANCE

Présidence: M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le plan d'action 2000-2004 élaboré par le bureau du coordinateur national „Drogues“

   (Discussion générale - Motion - Vote)
3. 5312 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 décembre 1975 créant un établissement public dénommé Centre hospitalier de Luxembourg groupant la maternité Grande-Duchesse Charlotte, la Clinique pédiatrique fondation Grand-Duc Jean et Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte et l'hôpital municipal

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
4. Résolution de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2003 de la Cour des Comptes

   (Vote)
5. Demandes en naturalisation
6. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 23 février,

- le projet de loi n°5445 portant approbation du Protocole sur les registres des rejets et transferts de polluants, signé à Kiev, le 21 mai 2003;

- le projet de loi n°5446 portant approbation du deuxième Amendement à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, signée à Espoo (Finlande) le 25 février 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à la Convention, tenue à Cavtat (Croatie) du 1er au 4 juin 2004 (Décision III/7);

- le projet de loi n°5447 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Bulgarie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 1er décembre 2004.

Haut de Mëtteg huet d'LSAP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert den Drogenaktiounsplang ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 78-2 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn 10 Minutten zou; déi aner Fraktiounen hu jeeweils 5 Minutten an der Regierung gehéiert eng Véirelsstonn.

Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Dokter Stein, den Här Bettendorf, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet dann elo den Här Marc Angel als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun. Här Angel, wann ech gelift.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le plan d'action 2000-2004 élaboré par le bureau du coordinateur national „Drogues“

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer als Aféierung all de Leit, déi am Gesondheetsministère, an all deene Mataarbechter a Bénévolë vun den ONGen, déi um Terrain schaffen, Merci ze soe fir hir Aarbecht, a Merci awer och fir de Bericht 2004 RELIS vum Här Origer iwwert de Stand vum Phenomeen Drogen zu Lëtzebuerg, aus deem ee vill Informatiounen eraushuele kann.

Deen éischte Plan d'action drogues ass iwwert d'Joren 2000-2004 gelaf, e puer Eckdate si bekannt an dokumentéieren d'Efforten, déi an deene leschte Joren an deem Beräich gemaach goufen.

Dank dësem Aktiounsplang ass de Budget fir de Beräich vun 1999-2004 vun 1,270 Milliounen eropgaang bis op 5,8 Milliounen Euro, dat ass eng Steigerung vun 360% an dat ass ze begréissen. Och sinn d'Effektiver vum Personal, wéi de Minister eis an der Kommissioun gesot huet, staark gestigen, dräianenhalleftmol.

Dat si grouss Efforten, déi mer all appréciéiere sollen, mä de Problem ass awer bei Wäitem net aus der Welt geschaf, mä en ass awer och net vill méi grouss ginn.

Här Minister, Dir hutt an der Santéskommissioun vun enger Stabilisatioun geschwat. Wat sécher ass, ass d'Tatsaach, dass ouni den Drogenaktiounsplang 2000-2004 d'Situatioun sech wesentlech verschlechtert hätt.

Dat wat ech elo gesot hunn, soll d'Situatioun awer net dédramatiséieren. De Problem vun den Drogen ass nämlech haut vill méi visibel, wéi dat nach virun e puer Joer war.

Weider ass gewosst, datt méi wéi 80% vun de Mesuren an Aktiounen, déi am éischten Drogenaktiounsplang virgesi waren, ëmgesat goufen. En suspens sinn, souwäit ech richteg informéiert sinn, zwou Saachen; dat ass éischtens de Programm fir eng kontrolléiert Distributioun vu gewëssenen Drogen an zweetens d'Ariichte vun enger sou genannter Fixerstuff.

Oft focaliséiere sech d'Diskussiounen an der Öffentlechkeet an och an de Medien op dës zwee Punkten a réckelen aner Mesurë wéi d'Therapie an d'Préventioun an de Schiet. Eng Fixerstuff an och e Programm fir eng kontrolléiert Distributioun vun Drogen u Schwéierstofhängeger sinn awer wichteg, an ech wär frou ze héieren, wéi et an dësen zwee Dossiere weidergeet.

Wichteg Progrèsë goufe gemaach, ënner anerem och nach bei den nidderschwellegen Opfangstrukturen, am posttherapeutesche Beräich, am Beräich vun de Substitutiounstherapien, mä och an der primärer Préventioun.

D'Steigerung vun de finanzielle Moyenen am Beräich vum Aktiounsplang Drogen ass wuel impressionant. Mä et ass kloer, dass se batter néideg sinn an dass nach méi Efforten néideg sinn, wann ee bedenkt datt Lëtzebuerg, eist Land, wéi dat am Fachjargon heescht, eng vun den héchste Prevalenzen huet vun den «usagers problématiques de drogues» an der Europäescher Unioun.

An allen ënnerschwellege Strukturen an och bei de Substitutiounstherapië sinn d'Zuele vun de Leit, déi dës Offeren notzen, an d'Lut gaangen. Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Zuel vun de Sprëtzen, déi échangéiert ginn; iwwer 300.000 Sprëtze sollen dat gewiescht sinn, an dovunner si bal 90% erëm agesammelt ginn.

Och hätt d'Drogenzeen sech verännert. Um Marché wier méi Kokain a virun allem méi schlechte Kokain disponibel. Vill vun deene fréiere klasseschen Heroinkonsumente sprëtze sech elo dëse schlechte Kokain, wat méi e schwieregt a virun allem e vill méi aggressiivt Verhale bei hinne provozéiert.

Loosse mer awer och eng positiv Note nach ervirsträichen, an dat ass, dass an deene leschte Joren d'Zuel vun den Drogendoudegen erofgaangen ass a besonnesch och dass d'Zuel vun den Infektioune mat verschiddene Krankheete wéi zum Beispill AIDS bei de Consommateure vun den haarden Drogen och erofgaangen ass.

All dës Feststellunge féiere mech dozou, dem Här Gesondheetsminister eng Rei konkret Froen ze stellen. Wéi eng Konklusioune mussen aus deem éischten Drogenaktiounsplang gezu ginn a wat fir Konsequenzen ergi sech dorauser fir den Aktiounsplang fir déi nächst Joren, dat heescht 2005-2009? Wat sinn d'Haaptzich vun dësem neien Aktiounsplang? Wëssend, dass en op zwee Pilieren opgebaut ass; eng Säit d'Reduktioun vun der Offer an dann d'Reduktioun vun der Demande. A wëssend och, datt, obwuel dat e wichtege Volet ass, d'Aktioun sech net eleng op d'Réduction des risques limitéiert.

Deen neien Drogenaktiounsplang ass, wéi mer wëssen, duerch de Regierungsrot gaang. Dobäi schéngt et kloer, dass d'Ëmsetzung vun deem Plang weider Efforten a Mëttele verlaangt. Wéi gesäit et mat deene budgetäre Mëttelen aus?

Et gëtt jo och nach de Fonds de lutte, aus deem vill vun deenen néidegen Infrastrukture finanzéiert ginn, mä awer normalerweis keng Posten. Bleift Dir do bei dëser Politik oder kann een eventuell och virgesi verschidde Posten, dat heescht Leit, déi um Terrain schaffen, dorauser ze finanzéieren? An an deem Fall, mengen ech, misst ee wahrscheinlech d'Statute vun dësem Fong änneren.

Eng Fro, Här Minister, och nach zu der Dezentralisatioun vun Opfangstrukturen, wuelwëssend datt ee verschiddener vun dësen net ka wäit vun der Zeen organiséieren. Mir hu jo eng Zeen hei an der Haaptstad, mä doniewent och nach eng am Süden an och nach eng am gewëssenen Ausmooss am Norde vum Land. Gesitt Dir do nach ee weideren Ausbau vun dezentrale Strukture vir?

Dir als Gesondheetsminister hutt jo virun allem d'Responsabilitéit bei der Bekämpfung vun der Demande. Aner Ministere si jo och méi concernéiert wat d'Reduktioun vun der Offer ugeet. Do wollt ech froen: Wéi ass hei d'Zesummenaarbecht um Niveau vun deene concernéierte Ministèren an zoustännege Stellen? Kann dës Zesummenaarbecht nach méi koordinéiert ginn? Sidd Dir net och der Meenung, dass mer eis gréisser Gemengen oder Stied mat an déi Koordinatioun missten abezéien? Gëtt deen neien Aktiounsplang, wann en elo offiziell virgestallt ginn ass, och um Internetsite vum Ministère publizéiert? Gëtt am Fall, wou an der Drogenzeen oder um Marché, déi jo permanent evaluéieren, wou gréisser Changementer kommen, dëse Plang adaptéiert?

Wéi wëllt Dir an der Zukunft dësen Aktiounsplang evaluéiere loossen? Soll dat eng intern oder eng extern Evaluatioun sinn? An ech géing et perséinlech wichteg fannen, wa bei enger Evaluatioun och d'ONGen an d'Zivilgesellschaft mat ugezu géifen.

De Plan d'action drogues 2005-2009 schreift sech jo och an den europäesche Kader an. Et soll jo elo Uganks 2005 ee neien Draft vun der EU-Kommissioun erauskommen iwwert een neien europäeschen Aktiounsplang. Kënnt Dir eis vläicht soen, wéini dëse Plang steet? Soll dëse Plang an Zukunft och méi streng vu Bréissel kontrolléiert an evaluéiert ginn?

Ech mengen, wa mer aner Domäne kucke wéi aner europäesch Aktiounspläng, sief et am Ëmweltberäich oder am Wirtschaftsberäich, do sinn d'Kontrolle vu Bréissel an och d'Evaluatioun vill méi streng.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo méi Zäit hätt, kéint ech och nach op aner Sujeten agoen. Zum Beispill den Tubak an den Alkohol. Et gi Länner, wou dës an déi national Aktiounspläng agebonne ginn. Och kéint een iwwert d'Legaliséierung vu verschiddene sou genannten Drogues douces diskutéieren.

Dat ass awer eng ganz schwiereg Diskussioun, well mer alleguer ëmmer erëm kontradiktoresch Etüden dozou liese kënnen. Déi eng soen, déi douce Droge wären den Astieg an déi haart Drogen; an déi aner soen, doduerch dass et keng Trennung vum Marché gëtt, kommen déi eng mat deenen aneren a Kontakt.

Perséinlech fannen ech, wann een dee Sujet wëll diskutéieren, datt dat nëmmen um europäesche Plang geet, besonnesch an esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, fir datt een net iergendwou an Europa kleng Insele schaaft.

De Mëssbrauch vu verschiddene Medikamenter kéint een och nach an dëse Kader bréngen.

Zum Ofschloss wëll ech nach soen, dass d'Drogebekämpfung nach ganz vill aner Politikberäicher ugeet, besonnesch d'Kooperatioun an d'Entwécklungshëllef.

Ech war dëse Weekend op enger Konferenz vun der NATO-Assemblée, wou mir en hallwe Moie laang ee Bericht kruten iwwert d'Situatioun an Afghanistan a wou haaptsächlech iwwert d'Drogen diskutéiert ginn ass, dass do ëmmer méi Felder vu Mohn entstinn an dass dat e Problem ass. Do misst een um internationalen an um europäesche Plang kucken, wéi ee fir déi Baueren do Alternative schafe kann, fir dass déi aner Saache kënnen ubauen.

Et ass awer och wichteg, dass d'international Communautéit an esou Länner fir Rechtsstaatlechkeet suergt, well mir krute gesot, dass do virun engem Mount 143 sou genannte Leit festgeholl gi sinn, déi do am Drogenhandel involvéiert sinn; si si festgeholl ginn, mä 142 dovu sinn den Dag drop nees fräi gelooss ginn. Och do mussen um internationale Gebitt Effortë gemaach ginn, fir déi Offer vun den Drogen ze reduzéieren, fir dass mir hei an Europa an anere Plaze vun der Welt net iwwerschwemmt gi mat dëse schiedlechen a schlëmme Produkter.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech freeë mech op d'Äntwerte vum Här Minister. Merci.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Stein-Mergen agedroen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Merci, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

Matzen an der Preparatiounsphas vum neie Strategieplang 2005-2009 géint Drogen an Toxicomanie solle mir haut also e Bilan zéie vun deem Plang, deen d'Regierung sech fir déi vergaange Jore gesat hat, e gëeegente Moment also, fir d'Aktiounen an d'Strategië kritesch ze hannerfroen.

Fënnef Minutte sinn eng kuerz Zäit fir esou ee villschichtegen Thema och nëmmen unzebehandelen. Ech hoffen, dass mir méi Zäit hei wäerten hunn, wann et drëm geet, deen neien Aktiounsplang ze diskutéieren. Ech wëll mech also haut drop beschränken e puer punktuell Remarquen ze maachen.

Ech hunn d'Leit aus der Zeen, Professionneller an Toxicomane gefrot, wat hinne spontan zu dësem Thema afält an ech wëll Iech e puer vun dëse Reaktiounen net virenthalen. Zum Beispill, ee vu menge Confrèren, e Psychiater, huet grondsätzlech bemierkt, et géif am Gesondheetsplang kaum een anert Thema, wou sou vill Moyenen dragepompelt ginn an esou wéineg d'Resultater hannerfrot ginn.

Elo weisen effektiv déi plakeg Chifferen aus - an den Här Angel huet se scho gesot -, dass an de vergaangene Joren 3,6-mol méi Gelder an dës Politike gefloss si wéi virun 2000. Dat heescht 5-mol méi Moyenen, 3,5-mol méi Personalausgaben. Entspriechen d'Resultater dëse remarquabelen Efforten?

A Wierklechkeet hu mir um Terrain keng ze vill gutt Resultater, mir hu méi a méi jonk Éischt-Consommateuren, mir hu méi problematesch Consommateuren, mir hu méi Saisië vu Rauschgëft a mir hunn nach ëmmer méi Hépatites C. Gott sei Dank net am Verhältnis mat der Majoratioun vun de Moyenen, mä dës Chiffere kann een net ënnert den Dësch kieren.

Ass schonn eng Kéier eng Etüd gemaach ginn, firwat grad eist Land esou schlecht Statistiken huet? Firwat huet Lëtzebuerg 3-mol méi iv-Süchteger, wéi déi aner europäesch Länner? Sou wéi de Gesondheetsminister et an der Kommissioun gesot hat, ass den Aktiounsprogramm 2000-2004 zu 80% realiséiert ginn. Ee vun deene Punkten, deen net realiséiert ginn ass, ass d'Fixerstuff. Wourunner hänkt et?

Ech wëll d'Gewiicht vun eiser Institutioun, déi eigentlech nëmmen en Detail an der ganzer Strategie ass, an och nëmme vun engem klengen Deel vun den Toxicomane wäert benotzt ginn, net iwwerbewäerten. Et geet hei drëm eng Plaz zur Verfügung ze stellen, wou d'Fixer sech kënnen e Schoss setzen. Betraff sinn déi, déi keng Méiglechkeet hunn dat bei sech doheem ze maachen.

Or, dës Leit sinn de Moment am Dag am Abrigado an nuets an der Nuetseil. Wier et also net dat Einfachst an enger Annex vun dëse Strukturen - och wann et nëmme Containere sinn - hinnen dës Méiglechkeet ze ginn? Well hei ass d'Funktioun méi wichteg wéi d'Faarf vun de Rideauen.

Feelt et zum Schluss um politesche Courage, fir dee lescht Schrëtt ze maachen? Um Budget dierft et jiddefalls net hänken.

Kontrolléiert Ausdeele vun Heroin u schwéierst Ofhängeger ass déi aner Mesure, déi net realiséiert ginn ass. D'Poste fir dës Aarbecht ze maache solle budgetiséiert sinn. Ech stellen also och hei d'Fro no dem leschte Rescht politescher Konsequenz. Och hei ass nëmmen eng Minoritéit vun den Toxicomane betraff, mä fir si ass dës Moossnam wichteg.

Anert Stéchwuert „structures bas seuil", dat sinn déi Strukturen, wou een Toxicoman kann Hëllef sichen, oft sozial Hëllef, oft praktesch Hëllef. Mä firwat heesche se bas seuil?

Hei solle si net ënner Drock gesat ginn, zum Beispill fir Sevragen ze maachen, fir schaffen ze goen. A wéi sinn hei d'Resultater? Och hei eng Meenung vum Terrain, déi een awer an de wëssenschaftleche Publikatiounen a leschter Zäit ëmmer méi erëmfënnt: Am Abrigado zum Beispill, do hänken dee ganzen Dag eng 40 Leit erëm an nuets leie si dann an der Nuetseil. D'Gerücht geet, dass dat zum Deel Leit sinn, déi en Haus, en Doheem hunn, déi awer owes „ze midd" sinn, fir en Zuch oder e Bus ze huele fir sech dohinner ze bewegen.

Dat kann et bei chronesch Süchtegen dach net sinn. Wier et net sënnvoll ze iwwerleeën, ob gewësse Regelen a Konditiounen net verschiddener vun hinne géif zu enger Reaktioun animéieren, zum Beispill fir trotz RMG stonneweis schaffen ze goen?

Eis Meenung ass: Hëllefen ouni Konditiounen: O.K., mä dat kann awer nëmmen eng Iwwergangsléisung sinn. Wat geschitt mëttel- a laangfristeg mat dëse Leit?

Anert Stéchwuert: Substitutioun. An der Etüd Brunet et alii vun 2003, déi am RELIS-Rapport publizéiert ginn ass, fënnt een déi positiv Resultater erëm, déi ee sech eigentlech erwaart. Déi Patienten, déi an engem Traitement sinn, stabiliséieren hir sozial Situatioun, si ginn am Laf vun der Zäit manner oft vun der Police interpelléiert a si sinn an engem bessere Gesondheetszoustand.

Dëst schéngt mer ee vun deene wesentlechen Acquisë vun deene leschte fënnef Joer ze sinn a ganz sécher ee Wee an een Zoustand, wou deen een oder aneren am Stand ass, iwwer säi Stand a seng Zukunft nozedenken.

Mä an eisem Land drëpselt déi Saach awer esou bësselchen dohin. En fait sinn déi Moosnamen, déi am Arrêté grand-ducal sollten d'Substitutioun regelen, net um Terrain a Kraaft. D'Methadon-Kommissioun konnt sech zum Beispill an deene leschten zwee Joer net eens maachen, ënner wat fir enger Form d'Patienten an en zentrale Register sollen agedroe ginn. A mir sollen och drun denken, dass an dësem Zesummenhank déi speziell Rezeptbléck, déi sollten deenen Dokteren zur Verfügung stoen, déi eng extra Formatioun an der Substitutiounstherapie gemaach haten, hinnen och nach ëmmer net zur Verfügung stinn.

Mir sollen och am Zesummenhang mat der Politoxicomanie iwwerleeën, ob et net ubruecht wier, Restrictioune fir d'Verschreiwung vu Benzodiazepinen ze iwwerleeën. Wëssenschaftlech ginn d'Indikatioune fir dës Medikamenter ëmmer méi ageschränkt. Dir kritt se op der Gare ze kafen, mä wéi komme se an d'Hänn vun de Süchtegen?

Ech wéilt och ee Wuert iwwert d'Situatioun am Prisong verléieren. Et ass en traurege Fait, dass ëmmer nach, trotz den Efforten, déi vun allen Acteuren do gemaach ginn, den Heroin eng Issue schéngt ze si fir d'Prisonéier; ëmmer nach setze sech Leit am Prisong den éischte Schoss. Och hei gëllt et ouni Virueerteeler ze ënnersichen, ze erfuerschen, wat fir dës Populatioun, déi et jo eigentlech misst besser wëssen duerch hiren deeglechen Ëmgang, déi en direkten Accès zu medizinescher, psychologescher a psychiatrescher Prise en charge huet, an dat all Dag an der Woch, den Impuls ass, an hir schonn oft traureg Existenz och nach Rauschgëft anzebezéien.

Mäi lescht Stéchwuert fir haut ass dann dat vun de legalen Drogen: Alkohol an Tubak. Wann een d'Carrièrë vun de Konsumente vun haarden Drogen ënnersicht, da gesäit een, dass si d'Astiegsdroge par excellence sinn. Den niddrege Präis vun dëse Substanzen an den einfachen Accès fir Jugendlecher sinn also wichteg Punkten, op deenen och an dësem Zesummenhank - an de Marc Angel hat dat och scho gesot - muss geschafft ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, D'RELIS-Rapporte sinn excellent Instrumenter a mir sollte se dofir och benotzen, fir d'Politiken ëmmer erëm a Fro ze stellen an ze adaptéieren.

Achsen a Pilieren, Reduktioun vun der Offer, Reduktioun vun der Demande a vun de Risiken, sinn e ganze Programm, si sollen awer net Mëttel zum Zweck ginn, nëmmen agefuere Schinnen ze fueren. Ech sinn iwwerzeegt, dass et eis géing gutt doen, déi ganz grondsätzlech Iwwerleeungen ëmmer erëm eng Kéier ze féieren a soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

(Interruptions)

Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech begréissen d'Demande fir dës Heure d'actualité vum Här Angel, well ech hat scho gefaart, fir dës Regierung wier d'Drogeproblematik zu Lëtzebuerg keen Thema méi.

Une voix.- Oh!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Mir hu keng spezial Drogekommissioun méi an an der Santéskommissioun war dat bis haut och nach keen Thema.

Une voix.- Très bien.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ënnert dem DP-Minister Carlo Wagner goufe richteg Akzenter gesat, wat schonn eleng aus de Moyenë virgeet, déi zur Verfügung gestallt gi sinn. Plus 360% an de vergaangene fënnef Joer, dat ass exceptionell a verdéngt Unerkennung an et ass ze hoffen, dass déi Efforten och am neie Plang bis 2009 weidergefouert ginn.

Iwwer 80% vum Plan d'action 2000-2004 goufen ëmgesat, d'Fixerstuff ass net gebaut ginn. D'Pläng ware fäerdeg, mä et gouf kee Konsens iwwert d'Plaz wou se sollt gebaut ginn. D'Stad Lëtzebuerg huet grouss Effortë gemaach fir Opfangstrukturen zur Verfügung ze stellen, an d'Stad Lëtzebuerg kann net eleng zoustänneg si fir d'ganzt Land. Och zu Esch an an der Nordstad brauche mer Opfangstrukturen. De Minister wär gutt beroden, op d'Stad Lëtzebuerg ze lauschteren, wou d'Fixerstuff soll realiséiert ginn.

Här President, d'Drogesituatioun zu Lëtzebuerg ass bäi wäitem net brillant. 300.000 ausgedeelte Sprëtze soe genuch. Dat ass schonns dramatesch. Allze laang sinn d'Droge banaliséiert ginn an nach haut gëtt de Cannabis banaliséiert. Nach net allze laang huet den heutegen däitsche gréngen Ausseminister Joschka Fischer gefuerdert, Cannabis sollt de legale Suchtstoffer gläichgestallt ginn. D'Suchtpotenzial vum Cannabis gouf an d'Lächerlechkeet gezunn a gläichgestallt mat lesse vu Lakritzen!

Gott sei Dank koum et do zu engem Ëmdenken an haut ass gewosst, dass d'Cannabiszeen sech an de leschte 25-30 Joer dramatesch verännert huet. Et ass eise politesche Responsabelen nëmmen ze recommandéieren, un internationale Symposien deelzehuelen a sech an d'Bild ze setzen. D'Cannabisplanz ass haut och nach déiselwecht wéi 1.400 Joer viru Jesus Christus, mä den THC, dee synthetesch hiergestallt gëtt an deen irréparabel Schied am Gehir vu jonke Leit hannerléisst, ass haut mat enger 25%eger méi héijer Konzentratioun um Maart, an domat ass d'Diskussioun „liicht Drogen, haart Drogen" hifälleg ginn.

Wat katastrophal ass, dat ass datt ëmmer méi Jonk ëmmer méi oft ëmmer méi verschidde Formen an ëmmer méi héich Dose consommëieren! Do muss den Hiewel ugesat ginn. Mir mussen eis staark maachen, fir eng Gesondheetspromotioun bei der Jugend: staark sinn, fir ze léieren, staark sinn, fir ze schaffen, staark sinn, fir ze spillen, normal kënne liewen ouni Drogen. Mat Droge ginn déi beschte Virsätz iwwert de Koup gehäit. E Jonken, dee freides gedronk a gehascht huet, dee schafft och samschdes a sonndes näischt. Am Géigendeel, hie brauch erëm seng Drogen, a PISA léisst gréissen.

Och mir als Demokratesch Partei hunn den Ënnerscheed gemaach tëschent liichten an haarden Drogen, souguer nach an eisem leschte Wahlprogramm, mä mir hunn awer och duerfir plädéiert, datt mer missten zu enger europäescher Regelung kommen, déi absolut noutwendeg ass.

Och eis Noperen hu begraff, datt den hollännesche Wee mat fräiem Verkaf an de Coffeeshoppen net dee richtegen ass. Souguer d'Hollänner dréinen d'Rad erëm. Vun iwwer 2.000 Coffeeshoppe gëtt et der haut nach 800, déi aner si schonns alleguerten zougemaach ginn, well d'Mafia do Här a Meeschter war an och all aner Zorte vun Drogen do ëmgesat huet.

Här President, wann et awer zu kengem europäeschen Accord kënnt, da musse mer nach eng Kéier och no 2002 hei zu Lëtzebuerg légiféréieren. Droge consomméieren ass kee Crime. Mir si jo och net kriminell wa mer drénken oder fëmmen. Mir mussen also aner Weeër fannen, wéi mer déi Jonk vun den Drogen ewechhalen. Als méi Alen heibanne verstinn ech et net esou richteg, datt et an de Schoulen net soll méiglech sinn, fir richteg Akzenter ze setzen.

Une voix.- Très bien!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Brauche mer zousätzlech Educateuren, déi sech um Terrain mat der Jugend beschäftegen? Hunn d'Professeren an d'Direkteren haut keen Afloss méi op dat wat an de Schoule geschitt?

D'Anne Brasseur hat an de Schoule fir „Toleranz zéro", null, plädéiert. Ass do da wierklech näischt ze

maachen? Genau wéi am Prisong - et ass schonn ugeschwat ginn. Sinn déi Responsabel ohnmächteg? U Geld feelt et net. Den „Fonds de lutte contre le trafic des stupéfiants“ huet 20 Milliounen Euro op de Konte stoen an hie gëtt d'Geld net Meeschter.

Meng fënnef Minutte sinn eriwwer. Ech wollt nach just soen, gedronk a gehascht zesumme ka 15-mol méi schlëmm si wéi nëmme just gedronk. Dat ass och eng vun den Ursaache vun de villen Autosaccidenter. Ech froe just nach, wéi ass et mat menger Proposition de loi vun 2003, wat den Dépistage vun den Drogen um Steier ubelaangt, oder mam Henri Grethen sengem Projet de loi, wou meng Propositioun dran agebonne gouf?

Här President, eng Gesellschaft, déi hir Kanner net protégéiert, déi geet zugrond! Mir sinn déi politesch Responsabel fir dës Gesellschaft. Un eis ass et ze reagéieren an u kengem aneren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnef Minutte Riedezäit zur Drogesituatioun an zum neien Aktiounsplang dozou erlaben et natierlech net, méi grondleeënd Iwwerleeungen unzestellen iwwert de Phenomeen Sucht an Drogen hei zu Lëtzebuerg an an Europa. Dofir am Telegrammstil just e puer Remarquen a Virschléi.

Éischtens, de Problem vu Sucht an Drogen, ob legal oder illegal Stoffer, bleift grad och zu Lëtzebuerg e realen, net ze ënnerschätzende Problem vun der Santé publique. Zweetens, et war, et ass an et bleift awer eng Illusioun ze mengen, et kéint een iwwer eng haart, reng repressiv Antidrogepolitik de Problem an de Gréff kréien. Drëttens, sou séier wéi mer all effizient Mesurë vun Informatioun a Prévention ënnerstëtzen, och iwwert dës Mesurë kréie mer de Phenomeen Sucht an Drogen ni ganz an de Gréff.

Et gëtt an et wäerte bis op weideres ëmmer Grënn ginn, sozial Grënn, psychosozial Grënn, kulturell Grënn oder Zukunftsängschten, firwat bestëmmte Leit, jonk oder al, aus hire Problemen oder Malaisen eraus menge missen ze flüchten, déi eng an déi sou genannte legal Drogen, Alkohol, Tubak, Psycho- a Gléckspëllen an esou virun, déi aner an den illegale Beräich vu Cannabis, Ecstasy, Kokain oder Heroin.

Véiertens, ënnert dem viregten Aktiounsplang sinn eng Rei vu positiven Initiativen a Saachen Informatiounscampagnen, Therapieplazen oder psychosozial Entzéiungs- a Betreiungsstrukture geschaf ginn. En Taux de réalisation vu ronn 80% gëtt gesot, an dës Effortë sollen an deem neien Aktiounsplang nach verstäerkt a weiderentwéckelt ginn. Mir als Gréng wäerten natierlech all budgetär Efforten an deem Sënn an am Sënn vun enger sozialer Reintegratioun vun deene Leit ënnerstëtzen.

Fënneftens, mir sinn an dësem Kontext awer der Meenung, datt endlech a courageiert Neel mat Käpp musse gemaach ginn a Saache Sécherheet a Gesondheetsschutz am Ëmgang mat der Heroinproblematik; Stéchwuert Ariichtung vu sou genannte Fixerraim an och déi kontrolléiert Distributioun vun Heroin. Et kann an et däerf net sinn, datt do weiderhi just de Kapp an de Sand gestach gëtt! Courageiert regional Léisunge mussen endlech realiséiert ginn.

Sechstens, Stéchwuert Cannabis, wou ech mam Här Bettendorf, mengem Virriedner, net d'accord sinn, well mer der Meenung sinn, datt mer do endlech eng méi realistesch Approche brauchen. Als Gréng triede mir weiderhin dofir an, datt eng Dépénaliséierung, dat heescht eng öffentlech kontrolléiert Reglementéierung vum Cannabis, wéi se an der Proposition de loi vun der Madame Renée Wagener virgeschloe gouf a wéi se deelweis a munchen europäesche Länner fonctionnéiert, déi realisteschst Léisung wier.

Cannabis, Dir Dammen an Dir Hären, ass sécherlech net onproblematesch fir d'Gesondheet. Et ass also net esou, dass ee Reklamm sollt dofir maachen. Mä d'Fakten an d'Zuele sinn awer do. Trotz Illegalitéit oder deelweis souguer vläicht grad dowéinst gëtt et Dausende vun haaptsächlech jonke Leit, déi Cannabis benotzen.

Siwentens, Fakt ass an deem Zesummenhank awer och e Problem vun der Glafwierdegkeet. Wéi glafwierdeg sinn nämlech Erwuessener oder och Politiker, déi selwer regelméisseg Alkoholkonsumente sinn, vun deene ronn een Drëttel selwer nikotin- an zigarettenofhängeg ass an iwwert d'Passivfëmmen déi aner zwee Drëttel an hirer Gesondheet belaascht? Wéi glafwierdeg sinn Erwuessener oder Politiker, déi selwer Dag fir Dag Prozac oder ähnlech Gléckspëlle schlécken, nëmme fir kënnen ze fonctionnéieren, an déi op där anerer Säit wëllen de Cannabiskonsum kriminaliséieren?

Nach eng Kéier: Aus Gesondheetsgrënn keng Reklamm, kee Plädoyer fir de Cannabiskonsum, mä endlech méi en éierlechen Ëmgank domadder. Cannabis en tant que tel ass keng Astiegsdrog, Cannabis en tant que tel ass net méi gesondheetsschiedlech wéi Tubak. An, Dir Dammen an Dir Hären, souguer wann haut de prozentuale Gehalt un THC um Cannabismarché insgesamt méi héich ass wéi fréier, dat stëmmt, sou ass dat awer an eisen Ae keen Argument géint eng Dépénaliséierung, mä éischter en Argument fir eng Dépénaliséierung, well nëmmen iwwer staatlech Kontroll an eng staatlech kontrolléiert Distributioun wier et méiglech, och dëse Problem, zumindest gréisstendeels, an de Gréff ze kréien.

Aachtens, als Gréng ënnerstëtze mir selbstverständlech d'Campagnë vum Gesondheetsminister a Saachen Alcopops an och a Saache Campagne a legislativ Mesurë géint den Tubakkonsum, wann et ëm de Schutz an öffentleche Raim vum Personal wat do schafft an och vun den Netfëmmerte geet. Wann d'Passivfëmme wëssenschaftlech elo nogewise gesondheetsschiedlech a Kriibs erregend ass, dann héiert de Spaass op, da missten déi Nikotinsüchteg - ech nenne se sou! - eigentlech vum selwen drop kommen, hiert Verhalen ze änneren!

Néngtens, a Saache Gebrauch a Mëssbrauch vu Psychopharmaka, wat no Statistike vun der UCM grad och hei zu Lëtzebuerg säit längerem schonn ee vun deene gréisste Sucht- an Ofhängegkeetsproblemen duerstellt, fuedere mir als Gréng endlech eng breet an Ursaachen orientéiert öffentlech Debatt iwwert dës Problematik.

Zéngtens, eis Konklusioun: A Saache Sucht an Drogeproblematik brauche mer manner Hypokrisie, a manner Repressioun op deene falsche Plazen. Mer brauche méi Éierlechkeet, méi Transparenz, méi Realismus a méi Verantwortung. Repressioun géint wierklech Drogekrimineller a géint mafios Geschäfter - jo, awer Realismus a Schuedensbegrenzung par rapport vun de Suchtkranke selwer, fir Ofhängegkeeten a Gesondheetsschied ze verhënneren oder ze begrenzen. Éierlech Informatioun och iwwert d'Risike vun allen Drogen, ob legal oder illegal Drogen, an Informatiouns- a Préventiounscampagnen op allen Niveauë vun eiser Gesellschaft.

Fir de Rescht, Dir Dammen an Dir Hären, sollte mer versichen eis politesch Hausaufgaben op deem Gebitt uerdentlech ze maachen a mer sollte versichen de Kanner an de Jugendlechen, mä och deenen Erwuessenen, déi schlecht drop sinn, ënnert d'Äerm ze gräifen an hinnen nei Perspektiven ze weisen.

Merci.

M. le Président.- Den Här Bettendorf huet nach d'Wuert gefrot, Här Jaerling.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, ech wollt just dem Här Huss soen, dass mer net wäit ausernee leien an enger Saach. Ech hu gesot, dass wa mer keng europäesch Léisung géife fannen, da misste mer hei zu Lëtzebuerg nei légiféréieren. Ech hu gesot, een dee fëmmt, een deen drénkt, een deen hascht, dat ass kee Kriminellen. Domadder mengen ech, wa mer nei géife légiféréieren, dass mer mussen dat Kriminellt ewechkréien an dass mer de Leit mussen hëllefen. Dofir hunn ech gesot nei légiféréieren, a fir soss guer näischt.

M. le Président.- Den Här Jaerling ass als leschte Riedner ageschriwwen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, virop mol Merci un d'Regierung, dass se eis grousszügeg fënnef Minutten zur Verfügung gestallt huet, fir iwwer esou ee wichtege gesellschaftleche Problem ze schwätzen.

(Interruption)

Une voix.- Dat war d'Chamber selwer!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Oh mei, dat ass jo nach schlëmmer.

(Hilarité)

M. le Président.- D'Chamber gëtt sech hiert eegent Reglement.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech géif mengen, wann ee wierklech déi Problematik hei seriö hätt wëllen ugoen, dann hätt een och kënnen eng Interpellatioun maachen.

Bon, d'Fro, déi sech stellt, an dat esouwuel am Plan de lutte contre la drogue 2000-2004 wéi 2005-2009, ass: Wat wollte mer erreechen? Wat hu mer erreecht? Oder besser gesot: Hu mer iwwerhaapt eppes erreecht? Den Objektiv, dee mer eis gestallt hunn an och nach weider stellen, ass, esou vill wéi méiglech Mënsche vum Drogekonsum ewechzehalen.

Eisen Objektiv muss an deem Zesummenhank awer onbedéngt sinn, fir deenen, déi gestrauchelt sinn, hiert Liewen ze retten. Wéi awer kënne mer dat erreechen? Si mer iwwerhaapt à même dat mat eisen traditionelle Methoden ze erreechen? Fanne mer an deem neie Strategiepabeier 2005-2009 nei Elementer erëm, déi eis kënnte gleewe loossen, datt mer déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, iergendwann eng Kéier kënnen erreechen? Do soen ech kloer neen. Et fënnt ee keng nei Elementer erëm an och d'Resultater vum Plan 2000-2004 beweisen, datt sech net allze vill beweegt huet.

Et gesäit éischter wéi en Alibidokument ënnert dem Motto aus „Je voulte bien, mais je poufte point“. Et geet schonn u mat der Terminologie: «Lutte contre la drogue». Lutte ass e Kampf; Kampf ass gläichbedeitend mat Gewalt, Rücksichtslosegkeet, Muechtdenken, Gewannen ëm all Präis, Kompromësslosegkeet an esou weider. Beim Thema Droge kann een awer ausser Mënschen näischt bekämpfen. Et gëtt keng Honnert-Prozent-Léisung, wat d'Suchtverhale vum Mënsch betrëfft, mä et kann een d'Problemer op e Minimum reduzéieren, fir datt se fir d'Konsumenten a fir d'Gesellschaft akzeptabel sinn. Dat heescht also e Kompromëss sichen. Well eng suchtfräi Gesellschaft gouf et nach ni an et wäert och ni eng ginn; däers musse mer eis endlech bewosst ginn.

Dofir wier et vläicht ubruecht, dat Wuert Lutte ze ersetzen duerch Réduction des drogues et des toxicomanies. Dofir ass och de Begréff Antidrogue net grad déi richteg Terminologie. Mir sinn alleguer süchteg; déi eng méi, déi aner manner. Dofir hu mir och net d'Recht fir anerer ze verdamen, well se en anert Suchtverhalen hu wéi mir.

Här President, am Strategiepabeier geet et ënner anerem ëm d'Préventioun an d'Reduktioun vun der Demande um Schwaarzmaart. Dat sinn déi zwee wichtegst Aspekter, déi intensivéiert musse ginn. D'Préventioun an d'Opklärung mussen eng absolut Prioritéit hunn, well do geet nämlech d'Reduktioun vun der Demande un. Dofir musse se och vu kompetente Leit gemaach ginn an net einfach esou niewebäi.

An dës Initiative sollte menger Meenung no éischter vum Centre de prévention an de Wee geleet ginn, an do solle Fachleit um Terrain agesat ginn. Do kënnten och wéi an anere Länner ehemoleg Toxicomane mat erugezu ginn, déi wëssen, vu wat dass se schwätzen.

D'Police ass fir mech op kee Fall déi richteg Instanz fir kënnen dës Aufgab ze iwwerhuelen. D'Police soll sech ëm déi Problemer këmmere fir déi se do ass.

Dann zur Reduktioun vun der Offer. Fir do eng Reduktioun ze erreechen, gëtt nach ëmmer stur un der Répressioun festgehalen, an dat souguer och op UN-Niveau. Kee kann awer beweisen, datt d'Répressioun effektiv dozou bäigedroen huet, datt d'Offer erofgeet. Mir hunn elo a kuerzer Zäit iwwer 600 Persounen inculpéiert, déi um illegalen Drogemaart täteg sinn. Dëst deit jo dann awer guer net drop hin, datt d'Offer erofgeet, an et deit scho guer net drop hin, datt d'Demande erofgeet.

Répressioun eleng bréngt also guer näischt. Mir mussen nei Weeër goen. An dat kënne mer nëmmen, wa mer endlech agesinn, datt mer dem illegale Maart d'Konsumenten ewechhuele mussen, andeem mer de Süchtegen eng staatlech kontrolléiert Wuer ubidden, déi et de Süchtegen erlaabt mat hirer Sucht ëmmer ënner manner geféierleche Bedingungen zumindest weiderzeliewen, an déi et der Gesellschaft erlaabt de Kontakt zu deene Mënschen onbedéngt oprecht ze halen, an domadder och de Wee opzeloossen, fir se laangfristeg gesinn erëm an d'Gesellschaft ze integréieren, aus där se souwisou ni eraus waren, well se gehéieren zu eis. Si si just ëmmer nëmmen an den Abseits gestallt ginn a marginaliséiert ginn.

D'Regierungserklärung deit jo hei nei Weeër un. D'Fro, déi sech stellt, ass: Sinn déi eescht gemengt oder bleiwe se just um Pabeier? Wéi zum Beispill d'Fixerstuff; dës Initiativ ass en suspens. Et freet ee sech firwat. Si soll agefouert ginn. Déi, déi se betreien, an déi, déi se benotzen, sinn awer an enger prekärer Situatioun, well se sech normalerweis illegalen Aktivitéite schëlleg maache mussen. Déi eng, well se am Besëtz vun illegalen Droge si fir sech sprëtzen ze goen, an déi aner, well se nokucke wéi een aneren eng Illegalitéit mécht. Eng Fréckmillchen also, déi onbedéngt duerch eng Gesetzännerung muss behuewe ginn.

Ass d'Regierung bereet, déi hei néideg gesetzlech Upassunge virzehuele fir déi Leit aus där prekärer Situatioun erauszekréien? A wa mer schonn deen éischte Schrëtt wëlle maachen, firwat si mer dann net konsequent an zéien et voll duerch? Firwat iwwerhuele mer net déi Methode vu kontrolléierter Ausgab vun Drogen, déi am Ausland säit zéng Joer bestinn a gutt Erfolleger opweisen?

Wa mer wierklech wëllen d'Demande um Schwaarzmaart bremsen, respektiv de Schwaarzmaart ganz verschwannen doen, wa mer kräischen, datt elo anstatt 10% THC am Cannabis bis zu 25% enthale sinn, fir d'Konsumente méi séier süchteg ze maachen, ass dat net en Argument fir och dës Wuer als haart Drog unzegesinn a se ënnert der staatlecher Kontroll fräi erauszeginn? Well Kokain an Heroin ginn och ëmmer méi als schlecht Wuer verkaaft a ginn ëmmer méi geféierlech fir déi Leit, déi se konsuméieren.

M. le Président.- Här Jaerling, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech si gläich fäerdeg. Ech hunn nämlech nach eng Motioun, dann huelen ech déi Zäit.

Här Président, wann de Wëlle bei der Regierung do sollt si fir nei Weeër ze goen an och déi Weeër ze versichen, déi ech elo hei opgezielt hunn, dann dierft et jo sécherlech kee Problem si fir déi Motioun ze stëmmen, déi ech hei am Numm vum ADR deponéieren; eng Motioun, déi d'Regierung opfuerdert, endlech déi Mesuren anzesetzen, déi se sech selwer ginn huet, an déi se bis elo a suspens gehalen huet. Domat wëll ech elo déi Motioun dann areechen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

D'Volleksvertriederkummer

- stellt fest, datt den Drogekonsum schwéier anzedämmen ass;

- stellt fest, datt a verschiddene Länner nei Usazpunkte fir d'Bekämpfung vun der Drogenofhängegkeet gesicht ginn, dorënner d'Schwäiz;

- stellt fest, datt mat der sou genannter „heroingestützte Behandlung” Erfolleger ze verzeechne sinn;

- ass der Meenung, datt dëse Programm d'Palette vun de Méiglechkeeten, den Drogekonsum mat Erfolleg ze bekämpfen, vergréissert;

- stellt fest, datt esou e Programm och hei zu Lëtzebuerg virgesinn ass, mä bis elo a suspens gehale ginn ass;

- stellt fest, datt d'Virbereedung fir esou e Programm zënter 2002 leeft, fir e Programm, deen am Ausland scho säit 1994 mat Erfolleg ugewannt gëtt;

- ass der Meenung, datt net nach méi Zäit verluer sollt ginn;

fuerdert d'Regierung op

- alles an d'Weeër ze leeden, fir dëse Programm esou séier wéi méiglech ulafen ze loossen.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Gesondheetsminister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools Merci fir déi gutt Interventiounen zu engem ganz eeschten Thema. Dir hutt et gesot, mir probéieren haut de Mëtteg a kuerzer Form den Drogeplang 2000-2004 ze bilanzéieren, an de Bolz ze fillen, wat den Drogeplang 2005-2009 ugeet.

Ech hunn den Echange mat der Chamber an der zoustänneger Kommissioun zu engem fréien Zäitpunkt gesicht, an ech war frou, dass et zu deem heitegen Echange konnt kommen, ier mer den Drogeplang offiziell wäerte presentéieren.

Ech sinn och frou, dass déi Diskussioun de Mëtteg net parteipolitesch ausgedroe ginn ass, mä dass se an der eeschter Suerg ëm d'Problematik um Terrain gefouert gouf. Bei allen Efforten, déi gemaach gi sinn an deene leschte Joren - an déi ware grouss, Dir hutt et héieren, finanziell Mëttele mol fënnef, perso-

nell Mëttele mol 3,5 -, bleift den Drogeproblem am Verglach zu aneren europäesche Länner grouss, an et gëtt keng Ursaach fir d'Efforten nozeloossen.

Et ass ënnerstrach ginn, dass den Drogeplang 2000-2004 zu engem groussen Deel konnt realiséiert ginn. Zu 80% seet den zoustännege Koordinator. Dat ass en zolidd Ergebnis, an och wann zwou Moossname bis elo net realiséiert gi sinn, da kann dat näischt dorun änneren, dass gutt Aarbecht um Terrain geleescht ginn ass, an do ass vum Marc Angel drop insistéiert ginn. Hei si motivéiert Associatiounen am Asaz op engem Terrain, deen net liicht ass a wou ee vill Motivatioun brauch, well ee méi mat Mësserfolleger konfrontéiert ass wéi mat gräifbaren Erfolleger, wéi dat op anere Plaze méi oft de Fall ass. Et muss een also e ganz seriöen Engagement hunn.

Ech wëll mech och net op déi zwou Moossnamen, déi bis elo net konnte realiséiert ginn, focaliséieren, well ee sech de Gefalen an der Drogeproblematik soll maachen, net nëmmen déi méi publikumswierksam Saachen erauszegräifen, mä wann ech gelift probéiere fir d'éischt sech eens ze ginn iwwert déi allgemeng Problematik, wou ganz oft d'Meenungen déiselwecht sinn.

D'Fixerstuff ass geplangt gewiescht. Et ass gefrot gi vun der Madame Stein, firwat dass se nach net realiséiert ginn ass, och vun anere Riedner, ob se dann elo schnell géif realiséiert ginn. Ech kann Iech do soen, Jo. Si gëtt schnell realiséiert an den Accord de principe mat alle Partner ass do, esou dass mer ganz schnell kënnen déi Struktur operationell maachen.

Deen zweete Punkt, dee bis elo net konnt realiséiert ginn, mä wou awer de Rapport do ass, dat ass eng medezinesch iwwerwaachten Ofgab vun Drogen u schwéier Ofhängeger. Déi Moossnam ass net realiséiert. Si fënnt sech awer am Regierungsprogramm vun dëser Regierung erëm a mir wäerten och zesummen un deem dote Projet schaffen. Deen ass net fir muer, mä deen ass fir iwwermuer. Da wa mer déi Struktur, déi mer elo amgaange sinn opzebauen, hunn, wa mer d'Erfahrungen do gesammelt hunn, fir da mat där nächster Etapp weiderzefueren.

Et soll een also wann ech gelift an der Drogeproblematik net alles op Fixerstuffen, déi souwisou kontroverséiert sinn, kontrolléiert Ofgab vun Drogen, Legaliséierung, Dépénaliséierung focaliséieren, mä kucke wou een um Terrain konkret ka schaffe fir d'Demande erofzesetzen. An dat ass d'Prioritéit vun dësem Projet, fir kënnen d'Schied, déi den Drogekonsum verulasst, an de Gréff ze kréien, fir eng beschtméiglech Koordinatioun tëschent den Acteuren um Terrain ze kréien, well där sinn et der vill, niewent dem Gesondheetsministère, der Justiz, der Famill an an an, sinn et eng ganz Rei vu staatlechen Instanzen, vu privaten Acteuren, déi mussen hei agräifen.

Dat sinn d'Haaptprioritéite vun eisem Programm, deen elo direkt wäert ulafen, well am Budget 2005 si schonn éischt Akzenter virgesi fir dësen neie Programm.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträichen, dass wa mer d'Diskussioun iwwert Droge féieren, dass ee vun den Haaptuleiessen, déi mer hunn, den Uleies ass fir d'Gesondheet vun Affer, an do handelt et sech bei den Drogenofhängegen ëm Affer, fir déi Gesondheetsrisiken esou minim wéi méiglech ze halen, a wann ech gelift, egal wat fir eng Drogesubstanz, där legaler oder där net legaler, den Effekt net ze banaliséieren.

Wann een als Kand drénkt, wann een als Kand fëmmt, wann een als Kand Cannabis hëlt, oder iergendeng aner Substanz, dann huet dat ganz dramatesch Konsequenzen, an dat soll een net banaliséieren, an och déi Kolleegen, déi ganz gutt gemengt fir eng Liberaliséierung plädéieren, och déi mengen ech plädéieren net dofir, dass eng Liberaliséierung esou wäit däerf goen, dass een och Jugendlechen a Kanner géif Zougank zu deene Substanze ginn.

An déi, déi eng Legaliséierung vu verschiddenen Droge fuerderen, missten duerch d'Hannerdier erëm Verbueter aféiere vis-à-vis vun deene Kanner a Jugendlechen an dann hätte mer de Schwaarzmaart awer erëm eng Kéier net ofgeschaaft.

Dofir, déi ganz einfach Solutiounen, déi gëtt et am Drogeberäich net, well wa se fonnt wären, da géif een se applizéieren. Si sinn alleguer scho probéiert ginn, an alleguer déi Saachen, déi probéiert gi sinn, hunn net nëmmen Avantagen, si hunn och Désavantagen. Holland gëtt heiansdo als Beispill geholl. Holland ass an eenzelne Beräicher um Réckmarsch. Anerer hu probéiert Efforten ze maachen.

Also wéi gesot, déi allgemeng gëlteg Solutioun gëtt et net, an dofir hu mer déi verdammte Flicht fir alles ze probéieren, fir de Schued vun deene Betraffenen ewech ze halen.

Den Aktiounsplang vun 2000-2004 huet ganz kloer dozou bäigedroe fir d'Risike fir déi Betraffen ze reduzéieren, well Strukture geschaaft gi sinn, nidderschwelleg Strukturen, héichschwelleg Strukturen, Wunnstrukturen. Dat huet dozou bäigedroe fir déi Leit besser kënnen ze betreien, fir se besser kënnen ze beroden, fir hinnen Alternativen ze bidden. Et gouf och ganz ville gehollef fir entweder erauszekommen, oder mat hirer Ofhängegkeet besser ze liewen. D'Substitutiounsprogrammer erlaben dat.

Den Drogeplang 2005-2009 wäert déi doten Effortë weiderféieren, intensivéieren. Bei den niddersch wellege Strukture si mer am Moment gutt équipéiert. Bei den Therapiestrukture gëtt et Besoinen, bei de Posttherapiestrukture gëtt et Besoinen. Bei dem Empfang, bei der Betreiung vun deene ganz Jonke gëtt et Besoinen, well wann een déi ganz Jonk, déi déi éischte Kéier a Kontakt mat den Droge kommen, zum richtegen Zäitpunkt ze pake kritt, da verhënnert ee vläicht, dass se méi staark erofrutschen. Dat ass extrem wichteg.

D'Préventioun, dat ass virdu gesot ginn, ass e wichtege Pilier vun der Drogepolitik. Mir hunn do ganz gutt Partner. Mam Drogepréventiounszentrum hu mer en excellente Partner op dee mer kënnen zréckgräifen, deen eng excellent Aarbecht um Terrain leescht, an och do wäerten nei Akzenter kommen.

Déi Approche, déi mer hunn, ass eng integréiert multisektoriell Approche. Dofir ass et extrem wichteg, dass d'Koordinatioun tëschent deenen eenzelnen Acteure verbessert gëtt. Dir wësst, dass mer en nationalen Drogekoordinator hunn, den Alain Origer, wat en excellente Mann ass, an Dir wësst, dass mer eng interministeriell Kommissioun hunn, wou déi verschidde Ministèren zesummeschaffen. Déi Kommissioun brauch en neien Elan. Déi Kommissioun gëtt nei zesummegesat a muss eisen neie Programm begleeden.

Déi Iddi vun enger externer Evaluatioun ass net vun der Hand ze weisen. Ech mengen, mir mussen e „benchmarking" maachen, wa mer elo fënnef Joer oder méi hannerun eis hunn, fir ze kucke wéi effikass dass eis Approche vis-à-vis vun aneren Approchen ass, och wann eis Approche ofgestëmmt ass mat auslänneschen Erfahrungen. Och wa se sech ganz gutt areit an déi europäesch Programmer, musse mer awer kënne kucken, awéifern dass mer effikass sinn.

Et ass virdru gesot ginn, wat huet et bruecht? Ech kann Iech soen, bei engem ganz dynamesche Maart, bei dem Problem, deen néierens méi kleng ginn ass, hunn alleguer déi Efforten dozou bäigedroen, dass mer 2000 nach mat 26 Drogendoudeger konfrontéiert waren, am Joer 2003 mer der nach 13 haten. Dat sinn der 13 ze vill, mä ëmmerhin ass d'Zuel halbéiert. Ech schwätzen elo net vun deenen, déi indirekt un de Folge vum Mëssbrauch vun Droge stierwen. Do kënnt ee facilement nach eng Kéier op déiselwecht Zuel, esou dass een, wann ech gelift, net de Feeler soll maachen, dass ee seet, alles dat huet näischt bruecht.

Dach, et huet Mënscheliewe gerett. Et huet dozou gefouert, dass déi, déi ofhängeg sinn, ënner bessere Konditioune kënne liewen, an ech mengen, d'Mënscheliewe kann een net mat Milliounen ofweien; och dat solle mer dofir net maachen.

Ech wëll Iech just kuerz nach soen, wéi déi nei Tendenze sinn, an déi sinn esou, dass ee sech ganz grouss Suerge mécht. Virdrun ass gesot ginn, mer veruerteelen oder mer bréngen esou vill Leit viru Geriicht, déi mat Droge gehandelt hunn. Den Drogemaart, den Drogekonsum ass näischt Statesches, de Konsum wiesselt, d'Konsumgewunnechte wiesselen an d'Réseaue wiesselen. Am Moment si mer mat engem ganz volatilë Réseau konfrontéiert, wou ganz vill Leit mat klenge Quantitéiten handelen, an do muss ee sech drop astellen.

Och den Drogekonsum ass näischt Statesches. Och do hunn d'Gewunnechte sech geännert vun dem Heroin a Richtung Kokain an, an ech hunn Iech dat virdru gesot, déi jonk Leit kommen ëmmer méi jonk a Kontakt mat Drogen.

Elo kann ee soen, jo, dat ass vläicht nëmmen - nëmmen „tëschent Guillemets" - Cannabis, mä ech fannen, an ech soen Iech do éierlech meng Meenung, dass et schlëmm genuch ass, och wann et nëmme Cannabis, och wann et nëmmen Tubak, och wann et nëmmen Alkohol ass, dass 12- bis 13-Jähreger domat konfrontéiert sinn an ofhängeg do dervu ginn. Ech fannen dat dramatesch an do gëtt et, wann ech gelift, keng Banaliséierung a keng Bagatelliséierung.

D'Mady Delvaux huet mer gesot, dass et déi Efforten an der Schoul och wäert weider féieren, och sech wäert konzentréieren op déi Alterskategorie, déi am meeschten am Viséier ass vun deenen, déi Kanner oder Jugendlecher wëllen ofhängeg maachen, zesumme mat der Polizei, zesumme mat der Santé.

Dann zum Cannabis. Dee Cannabis, vun deem mer haut héieren, dat ass net méi dee Cannabis, dee mol virun 20 oder 30 Joer am Ëmlaf war. Deemools war dat den „schwaarzen Afghan"; haut komme Stoffer op de Maart, déi sinn 2- oder 3-mol esou staark ewéi déi, déi deemools zirkuléiert hunn. A wann do e Kuchemännchen, fir dat mol sou auszedrécken, mat deem a Kontakt kënnt, da läit en um Réck; an och dat, mengen ech, soll een a seng Diskussiounen eranhuelen.

Mir si ganz kloer net um Enn vun eisen Efforten. Mir musse ganz grouss Effortë weider maachen. Am Programm fir 2005-2009 gëtt de Schwéierpunkt op zousätzlech Therapieplaze gesat, op Désintoxicatiounsméiglechkeeten, och virun allem fir Jugendlecher, Aktualiséierung, Revision vun de Substitutiounsprogrammer, Verstäerkung vun de Logementsstrukturen. Nuetseil an Abrigado hunn eng ganz gutt Aarbecht gemaach an déi Suggestioune vun der Madame Stein falen net op onfruchtbare Buedem.

Ech hunn Iech gesot, dass déi sou genannte Fixerstuff, an dat Wuert gefält mer net, well do dat Wuert „Stuff" dran ass. Dat ass keng Stuff am klassesche Sënn. Et soll kengem e Gefalen domat gemaach ginn, mä d'Sécuritéit soll verbessert ginn.

Mir hate ganz gutt Diskussiounen an haart Diskussioune mam UNO-Beoptragten, dee gesot huet, esou Strukture kommen net a Fro.

Dat heescht, mir mussen d'Aen zoumaache vis-à-vis vun deene Problemer, déi mer haut hunn, a vis-à-vis vu Leit, déi ënner schreckleche Konditioune stierwen, a vis-à-vis vu Problemer a Saache Sécherheet, mat deene mer konfrontéiert sinn, an och déi Leit, déi ronderëm sinn, hunn e Recht fir hir eege Sécuritéit. An dofir däerfe mer d'Aen net zoumaachen a mer mussen esou Strukture schafen, wéi en Drockraum oder en Drogekonsumraum, wéi een déi ëmmer nennt; dat ass keng Stuff.

D'Alternativ dozou ass, dass déi Betraffen an de Garagenentréeë leien a sech e Schoss setzen oder a Lifter oder ech weess net wou, op Spillplazen a Parken, an dofir - an ech mengen den Här Wagner wénkt mam Kapp - ass dat d'Motivatioun fir an déi dote Richtung ze goen. Net fir engem Toxicoman e Gefalen ze maachen, mä fir vläicht dat eent oder dat anert Liewen ze retten.

Datselwecht gëllt fir d'medezinesch kontrolléiert Ofgab vun Drogen.

Ateliers thérapeutiques si geplangt, Rechercheprogrammer si geplangt, de Programm vun dem Echange vu Seringuë wäerte mer weider féieren.

Ech wëll Iech just soen, just opgrond vun deem dote Programm „Seringues" - ech sinn direkt fäerdeg, Här President, ech sinn direkt fäerdeg -, just bei deem dote Programm vum Echange vun de Seringuen, do zirkuléieren an der Zwëschenzäit 400.000 där Seringuen am Joer. 95% kommen erëm zeréck. Wat war den Impakt do dervun?

Ma ech wëll Iech soen, wat den Impakt dovunner war. Et fënnt een haut quasi keng Toxicomane méi erëm bei den HIV-Infizéierten, bei den AIDS-Infizéierten. Fréier war dat eng Majoritéit, haut sinn et nach 1 oder 2 vu 60; vill ze vill déi 60, mä et ass net méi de Phenomeen vun den Toxicomanen. Do kann ee soen, duerch den Echange vu Seringuen huet een dat doten erreecht.

Ech hoffen elo, dass ech net ze vill Froen ausgelooss hu vun de Kolleegen, déi sech vill Méi gemaach hunn.

D'Dezentraliséierung vun de Strukturen: Jo, ganz kloer, et ass net eleng d'Stad Lëtzebuerg, déi d'Problematik vun de schwéieren Drogenofhängegen huet. Déi gëtt et och op anere Plazen. An déi Leit op deenen anere Plazen, Här Huss, ech mengen, déi sinn och bereet Verantwortung an där doter Saach ze iwwerhuelen.

D'Koordinatioun mat de Stied geschitt ganz kloer iwwert den Drogepréventiounszentrum. D'Stied an d'Gemenge si selwer Membere vum Drogepréventiounszentrum, an ech mengen domat wär ech um Enn.

Ausser dass ech nach wëllt drop hiweisen, dass eis de politesche Courage net feelt, fir déi dote Mesuren duerchzesetzen. Ech menge mir maachen eis keng Frënn do dermat, mä et sinn Noutwendegkeeten an et muss een och heiansdo noutwendeg Saache maachen, well se ebe Liewe kënne retten.

Ech wollt der Chamber een häerzleche Merci soe fir déi éischt Diskussioun. Mir wäerte weider driwwer diskutéieren. A wa mer déi Strukture schafen, och mol Kritik kréien, a wa mer och mol mam Ouer gezu gi vun deem engen oder aneren, deen dat net esou richteg versteet, wann ech gelift, ënnerstëtzt eis, stäipt eis de Réck.

An och zum Schluss nach e ganz grousse Merci un déi Instanzen, déi mer gebraucht hunn, Polizei, Justiz, Parquet, fir déi dote Froen, déi nach am Raum waren, ze klären.

Dat gesot, géif ech mengen, dass déi allgemeng gehale Motioun vum Här Jaerling eigentlech oppen Dieren arennt. D'Regierung wäert dat selbstverständlech maachen, wat hei an där Motioun steet, a si brauch dofir net nach eng Kéier extra dofir opgefuerdert ze ginn.

Ech wëll just soen, dass e Budget mol 5, d'Personal mol 3,5, wuel dat beschte Beispill dofir sinn, dass d'Regierung et eescht mengt, wa se seet, dass se sech ëm d'Drogeproblematik këmmert.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Här Minister, den Här Jaerling huet nach eng Fro.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här Minister, et ass nach eng Fro, déi op bleift, an dat ass déi am Zesummenhang mat de Fixerstuffen. Wa mer déi aféieren, gëtt et eng ganz prekär Situatioun, déi ech virdun erklärt hunn, an dat ass dass deejéinegen, deen an eng Fixerstuff erageet - wa mer se mol esou wëllen nennen -, sech mol fir d'éischt seng Drog muss beschafen, dann an der Illegalitéit ass, a wann en era geet, dass déi Leit, déi dobanne sinn, sech dann och an der Illegalitéit befannen. An do hunn ech gefrot ob d'Regierung bereet ass, do eng gesetzlech Ännerung ze maachen, fir déi prekär Situatioun ofzeschafen.

Dat anert wat ech mat der Motioun wëll soen, dat ass: Wisou gi mer hin a mer trennen déi zwou Saachen, Fixerstuff a kontrolléiert Ofgabe vun Drogen? Wär net grad déi Struktur déi richteg Plaz, ob mer se elo fixe oder ambulant maachen, fir déi zwou Saache mateneen ze verbannen an dann do ze kucken, déi Leit, déi an enger prekärer Situatioun sinn, deenen hir Wuer ze ginn, fir dass se kënne mat engem e bësse méi gesonde Stoff um Liewe behale bleiwen a se op dee Wee och ënner Kontroll behalen an op deem Wee och un der Gesellschaft, fir ze probéieren erëm an d'Gesellschaft eran ze goen?

Dat heescht, ech sinn der Meenung, dass een déi zwou Saache kënnt matenee verbannen, mä dofir misst een awer fir d'éischt de Problem vun de Fixerstuffen, wa Leit dohinner komme fir sech ze sprëtzen, léisen.

M. le Président.- Här Minister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President. Just ee Wuert dozou.

Déi jëtzeg Rechtslag erlaabt eis fir deen Drogekonsumraum anzeriichten. Et ass awer esou, Här President, dass all déi betraffen Instanze sech zesumme gesat hu fir déi praktesch Konsequenzen dovun ze duerchliichten. An ech mengen d'Praxis an de Realismus a Pragmatismus op dem Terrain bréngen heiansdo méi wéi ganz am Detail geregelt Punkten iwwer e Gesetz. Kommt mir ginn där doter Struktur eng Chance, fir sech ze beweisen.

Wat dat zweet ugeet, do wier et selbstverständlech gutt, wann een ëmmer alles matenee kéint maachen. Mä mir hunn hei e ganz brisante Problemberäich a mir sollen net alles iwwert de Knéi briechen. Mir solle fir d'éischt déi Erfahrunge mat där heiter Infrastruktur sammelen an da weiderfueren, net parallell näischt maachen, mä dat anert am Detail preparéieren.

Ech hunn Iech gesot, et läit en Avant-projet do, a mir mussen deen Avant-projet, gradsou wéi deen anere vum Drogekonsumraum, mat alle Betraffenen duerch-

diskutéieren an eng praktesch Solutioun preparéieren, wou mer eis net d'Genéck direkt briechen, well dann hu mer alles futti gemaach wat op deem doten Terrain kann opgebaut ginn.

M. le Président.- Domat ass dëse Punkt ofgeschloss. Mir kommen dann zum nächste Punkt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- D'Motioun ass sans objet.

Motion 1

M. le Président.- Stëmme mer direkt iwwert d'Motioun of?

Une voix.- Jo.

(Interruptions)

M. le Président.- De Vote électronique schéngt mer gefrot ze sinn?

Une voix.- Jo.

(Interruptions diverses)

Vote

M. le Président.- D'Motioun 1 ass mat 38 Nee-Stëmmen an 21 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Nelly Stein), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner).

Mir kommen dann zum zweete Punkt vum Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 5312 iwwert d'Schafung vun engem Établissement public Centre hospitalier de Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Frank, déi Häre Wagner, Huss a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

3. 5312 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 décembre 1975 créant un établissement public dénommé Centre hospitalier de Luxembourg groupant la maternité Grande-Duchesse Charlotte, la Clinique pédiatrique fondation Grand-Duc Jean et Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte et l'hôpital municipal

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 14. Juli 2003 gouf am Kader vun enger feierlecher Zeremonie d'Convention de collaboration hospitalière tëschent der Fondation Nobert Metz an dem CHL ënnerschriwwen. Et war deemools eng Kollaboratioun, déi schonn eng ganz laang Geschicht hat an un déi ech wëll kuerz erënneren op dëser Plaz.

Ugaangen ass dës Zesummenaarbecht tëschent dem CHL an der Eecher Klinik am Joer 1992 mat engem Rapport d'expertise vum Gesondheetsministère - deemools nach ënnert dem Minister Johny Lahure - iwwer méiglech Synergien.

Den 18. Abrëll 1994 hunn dunn d'Vertrieder vum CHL an der Eecher Klinik hir éischt Convention de collaboration hospitalière ënnerschriwwen.

Am Februar 2000 gouf et en neien Accord, wou scho festgehale war, dass ee sech bannent den nächste fënnef Joer wéilt eng gemeinsam Gestioun an Exploitatioun ginn.

Dunn d'Konventioun vum Oktober 2001, wou eng enk Zesummenaarbecht an de logisteschen an administrative Beräicher virgesi gouf an och sollten d'Kompetenzen an enger Rei vun Domäner zesummegeluecht ginn - op déi ech elo net wëll am Detail agoen.

Ganz wichteg och deemools: D'Schafe vun engem Comité de gérance, dee sollt e gemeinsame Projet médical ausschaffen, d'Garde organiséieren an de Statut vun den Dokteren definéieren. Grad déi Fro vum Statut war jo keng einfach, well d'Dokteren am CHL jo bekannterweis Salariéë sinn, iwwerdeems déi an der Eecher Klinik ënnert dem liberale Statut schaffen.

Dëse Projet de loi, vun deem mer elo schwätzen, ass also eng logesch Konsequenz vun der Konventioun vun der Kooperatioun tëschent dem CHL an der Eecher Klinik. De Projet adaptéiert dofir och d'Zesummesetzung vun der Commission administrative vum CHL, an deem Sënn dass och d'Fondation Norbert Metz, déi d'Eecher Klinik exploitéiert, an där Kommissioun vertrueden ass.

Bei där Geleeënheet an op Propositioun vum Statsrot wäert d'Union des Caisses de Maladie net méi an där Kommissioun vertruede sinn, an dat fir eng Confusion de pouvoirs ze vermeiden. Ëmmerhin ass et jo d'UCM mat där de CHL all Joer muss säi Budget négociéieren; wat jo keng Quantité négligeable ass. D'Santéskommissioun war dofir och averstane mat deem Argument an huet dës Propose vum Conseil d'État esou iwwerholl.

Eng weider Neierung um Text geet och op de Statsrot zréck: Nämlech d'Prezisioun, dass kee Fonctionnaire dierf Member vun der Commission administrative ginn, wann e gläichzäiteg duerch seng Fonctioun de CHL soll kontrolléieren. Dat ass de Problem, wann ee sou wëllt, mat deene verschiddene Kapen, déi mer jo oft och an anere Kontexter hunn, déi verschidde Fonctionnairë kéinten hunn oder an der Vergaangenheet haten, wa se verschidden Obligatiounen erfëllen.

De Statsrot war, wat den Textpassage ugeet, ganz kategoresch, sou wéi dat iwwregens och scho bei anere Gesetzer de Fall war; an dat ass och richteg esou. D'Santéskommissioun ass dofir och d'accord gewiescht, dass dat Fonctioune sinn déi net kompatibel sinn - also souwuel an deem Gremium ze sinn, wéi och eng Kontrollfunktioun ze iwwerhuelen -, an huet dofir dësen Ännerungen och zougestëmmt a se tel quel iwwerholl.

Fir dass d'Zuel vun de Membere vun der Commission administrative eng ongrued bleift, gouf d'Zuel vun de Vertrieder vum Stat vu siwen op sechs erofgesat an d'Gesamtzuel vun de Membere bleift also bei 13 - doranner abegraff sinn dee Moment zwee Vertrieder vun der Fondation Norbert Metz.

Doriwwer eraus schreift de Projet de loi eng sou genannten Disposition transitoire fest, wat de Statut vun den Dokteren - ech hunn et schonn erwähnt - vun der Eecher Klinik ugeet. D'Doktere vum CHL sinn also, fir dat nach eng Kéier ze widderhuelen, de Statute vum Spidol no Salarié; déi vun der Eecher Klinik hate bis ewell de liberale Statut an d'Disposition transitoire gesäit vir, dass déi Dokteren, déi virum 31. Dezember 2003 bei der Fondation Norbert Metz agréiiert waren, och weider ënnert dem liberale Statut am CHL dierfe praktizéieren.

Dëse Projet, respektiv d'Zesummenaarbecht tëschent dem CHL an der Eecher Klinik, ass ze gesi virum Hannergrond vum Spidolsplang, sou wéi en am Règlement grand-ducal vum 18. Abrëll 2001 festgehale gouf, an deem am ganze sechs Hôpitaux généraux definéiert sinn. No de Kooperatiounen an Zesummeschlëss, déi schonn effectuéiert sinn oder an der Tëschenzäit gemaach goufen, gesäit dat elo esou aus:

- Am Süden: de Centre hospitalier Emile Mayrisch, en Zesummeschloss tëschent dem Escher Spidol an dem Diddelenger Spidol mat zesumme 410 Better, an den Hôpital Princesse Marie-Astrid zu Déifferdeng mat 202 Better.

- Am Norden: den Hôpital St. Louis mat am Ganzen 260 Better.

- An am Zentrum: d'Spidol vum Kirchbierg mat 337 Better, d'Zithaklinik mat 226 Better an de CHL, deen zesumme mat der Eecher Klinik insgesamt 579 Better huet.

Well d'Eecher Klinik duerch de Spidolsplang als Hôpital de proximité aklasséiert war, war dës Zesummenaarbecht mam CHL ëmsou méi sënnvoll.

D'Avantagë sinn evident. Déi enk Zesummenaarbecht tëschent de Spideeler an d'Synergien, déi dorauser entstinn, sinn am Sënn vun enger besserer medezinescher Grondversuergung, well d'Servicer sech méi spezialiséiere kënnen a well d'Moyenë méi rationell agesat a genotzt kënne ginn. Dat ass jo och ee vun den Objete vun der ganzer Operatioun. Dat Ganzt geet och dofir an d'Richtung vun enger méi héijer Qualitéit vun der Medezin, vun de Gesondheetsservicer an einfach vun der medezinescher Grondversuergung vun der Populatioun.

Dann en Zitat: «Sur base du plan hospitalier et de la charte sanitaire, le programme de modernisation des infrastructures hospitalières sera poursuivi dans un esprit de complémentarité et en évitant des situations de double emploi.» Esou ass et am Koalitiounsprogramm respektiv an der Regierungserklärung festgehalen. A weider: «L'État tâchera d'encourager, aussi d'un point de vue financier, les synergies, reconversions et fusions.»

D'Integratioun vun der Eecher Klinik an de Centre hospitalier gliddert sech deemno an an d'Gesamtbestriewe vun der Regierung, fir iwwer Synergien a Komplementaritéit de ganze Spidolssecteur besser ze organiséieren a fir esou och d'Käschten ënner Kontroll ze halen, oder an Ugréff ze huelen, fir se besser ze géréieren - wat der budgetärer Situatioun vun de Krankekeesen natierlech och zegutt kënnt, wat och an dëser Diskussioun jo leider keng Quantité négligeable ass - an iwwert dee Wee da weider eng qualitativ héichwäerteg medezinesch Versuergung fir all Bierger ze garantéieren.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Dat bitt mer och eng wonnerbar Geleeënheet fir ofschléissend den Accord vun eiser ganzer Fraktioun zu dësem Projet de loi mat op de Wee ze ginn an hei Merci ze soen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci villmools. Als éischte Riedner ass d'Madame Marie-Josée Frank agedroen. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Zäite vu stänneg medezineschem Fortschrëtt a permanent wuessende Käschten ass et onverzichtbar ginn doriwwer nozedenken, datt d'Kliniken op déi verännert Ufuerderungen Äntwerte fanne mussen. Dat geet nëmmen duerch eng koordinéiert Spezialiséierung. Et ass ganz wichteg fir d'Zukunft, well d'Finanzéierungsspillraim méi enk gi sinn. Nëmmen eng verstäerkt Vernetzung am Gesondheetswiese séchert d'Zukunft a ka Käschte reduzéieren.

Ech si frou, datt ech haut d'Geleeënheet kréien, zu dësem Projet de loi kënnen ze schwätzen, well ech an den 80er Joren als Infirmière an der Klinik zu Eech geschafft hunn. Fir d'éischt wëll ech awer e bëssen an de Geschichtsbicher vun deene concernéierte Klinike bliederen.

D'Geschicht vum Eecher Spidol geet zréck an d'Joer 1854, wou an de Metz&Co-Fabriken zu Eech eng Infirmerie implantéiert war. Um heitege Site gouf 1873 e Spidol, de sou genannten Hôpital Saint-Joseph ageweit. Dëst Spidol war net nëmmen eng einfach Klinik, neen, si huet och Weesekanner ugeholl. D'Verwaltung louch an den Hänn vu verschiddenen Dammen aus der Famill Metz. D'Witfra vum Norbert Metz huet spéiderhin d'Klinik opkaaft a se enger Fondatioun iwwerdroen, déi no hirem Mann genannt ginn ass, nämlech d'Fondation Norbert Metz.

D'Madame Metz huet d'Fondatioun 1892 dem Lëtzebuerger Stat geschenkt. Si gehéiert nach bis haut dem Lëtzebuerger Stat a gëtt vun engem Conseil d'administration verwalt, wou de Stat, d'Arcelor, d'Famill Metz an d'Kierch vertrueden sinn. Och mat der Fusioun vun der Eecher Klinik mam CHL gëtt dës Fondatioun net opgeléist, well nëmmen d'Klinik ass Bestanddeel vun dëser Fusioun.

D'Eecher Klinik war am Laf vun hirer Geschicht e puermol Virreider, hat als éischt Spidol gewëssen Innovatiounen an der Lëtzebuerger Medezin agefouert. Ech erënneren nëmmen drun, datt déi éischt staatlech Infirmièresschoul an och den éischte Service de neurochirurgie zu Eech waren.

D'Gebailechkeete vun der Eecher Klinik sinn am Laf vun der Geschicht öfters ëmgebaut a vergréissert ginn, wat och haut erëm de Fall ass. Esou baut d'Fondation Norbert Metz laanscht d'Nationalstrooss en Dokteschhaus, e sou genannten „Domus medica", wou déi liberal Dokteren hir Praxis installéiere kënnen, esou datt de Wee tëschent hirer Praxis an den Zëmmere vun hire Spidolspatienten op e Minimum reduzéiert gëtt. Zur Säit vun der Uelzecht gëtt en neien Trakt gebaut, wou d'Offer vun Ee-Bett-Zëmmere vergréissert gëtt, ouni datt awer d'Gesamtzuel vun deenen duerch de Plan hospitalier autoriséierte Better vun 152 verännert gëtt.

Déi alehrwürdeg Eecher Klinik ass elo mat enger neier, relativ jonker Lëtzebuerger Spidolsinfrastruktur zesummegesat ginn, nämlech mam CHL. Dëse Centre hospitalier gouf duerch d'Gesetz vum 10. Dezember 1975 geschafen. Zum Centre hospitalier gehéieren deemno elo d'Maternité Grande-Duchesse Charlotte, déi 1936 ageweit ginn ass, d'Kannerklinik, déi 1966 hir Dieren opgemaach huet, den Hôpital municipal, dee jo 1976 offiziell inauguréiert ginn ass, an zënter dem Arrêté grand-ducal vum 3. Oktober 2003 dann och elo d'Eecher Klinik.

D'Eecher Klinik an de Centre hospitalier si keng natierlech Partner. Neen, et gëtt fundamental Ënnerscheeder, déi ech kuerz ernimme wëll. De Centre hospitalier huet eng sou genannte Mission de recherche et d'enseignement, dat heescht e Fuerschungsoptrag. Am Contraire zu anere Kliniken hei am Land waren a bleiwen d'Dokteren am Centre hospitalier eng Zort Statsdokteren, well si gi vun der Verwaltungskommissioun vum Centre hospitalier mat engem Aarbechtsvertrag agestallt. Si kréie fir hir Aarbecht e Forfait, eng Pai, an duerfen hir Dokteschtätegkeet nëmmen am Centre hospitalier ausüben an net nach dernieft an enger privater Praxis. Duerfir kréie si am Centre hospitalier Raimlechkeeten an och e Sekretariat zur Verfügung gestallt.

Här President, 1992 stoung e Rapport d'expertise iwwert d'Synergiemëiglechkeeten, deen den deemolege Gesondheetsminister Johny Lahure an Optrag ginn huet. Den 18. Abrëll 1994 ass déi éischt Convention de collaboration hospitalière tëschent dem Centre an Eech ënnerschriwwe ginn. Dës Konventioun hat schonn eng Annex mat engem Projet fir eng Opdeelung vun de spezialiséierte medezinesche Servicer. En neien Accord tëschent Eech an dem Centre ass dunn den 11. Februar 2000 ënnerschriwwe ginn. Dësen Accord huet virgesinn, fir um Enn vun deem Prozess vu fënnef Joer eng gemeinsam Verwaltung an Exploitatioun vun deenen zwee Etablissementer ze hunn. Aner Detailer erspueren ech lech elo, well eis Rapportrice dat scho gemaach huet.

Eng normal Fusioun tëschent zwee Spideeler wier normalerweis mat dësem Arrêté grand-ducal ofgeschloss, wéi zum Beispill beim Centre hospitalier Emile Mayrisch, awer net an deem heite Fall Eech-Centre. Firwat?

De Centre hospitalier ass jo duerch d'Gesetz vum 10. Dezember 1975 geschafe ginn. An dësem Gesetz war jo d'Zesummesetzung vum Conseil d'administration vum Centre virgeschriwwen. Fir awer eng fair Fusioun duerchzezéien, solle jo d'Vertrieder vun der Fondation Norbert Metz an dëse Conseil d'administration opgeholl ginn. A genee duerfir wëlle mir haut d'Gesetz ëmänneren. Och sollen déi liberal Dokteren, déi nach zu Eech praktizéieren, e gewësse Bestandschutz kréien.

Här President, am Virfeld vun dësen Debatten ass et Opreegung bei den Doktere ginn, wéinst hirer Vertriedung am Conseil d'administration vum Centre. Nom 75er Gesetz setzt sech de Conseil d'administration aus 13 Memberen zesummen, dovunner véier Dokteren. Deemno waren 30,77% vun de Memberen Dokteren.

Opgrond vu vläicht enger Schnapsiddi am Gesondheetsministère hat den Avant-projet de loi nëmmen nach een Dokter bei 15 Membere virgesinn, wat natierlech beim Collège médical hefteg protestéiert ginn ass. Ech zitéieren: «Il semble donc que dans l'administration d'une institution aussi importante que prestigieuse que le CHL la profession médicale n'a plus grand-chose à chercher voire que sa présence serait même encombrante. Le collège médical est choqué par l'hypocrisie de l'exposé des motifs.»

A weider: «Le collège médical ne peut accepter que dans une matière aussi sensible que la santé publique les principaux acteurs, à

savoir les médecins, soient de plus en plus écartés des organismes décideurs.»

Dunn huet de Gesondheetsminister Carlo Wagner reagéiert, an de Projet de loi, deen hei am Haus déposéiert ginn ass, huet du bei 15 Memberen am Conseil d'administration dräi Doktere virgesinn, wat also 20% vun de Memberen entsprécht.

An der Santéskommissioun hu mir décidéiert de Vertrieder vun der Krankekeess aus dem Conseil d'administration erauszehuelen. Ech fannen dat och ganz normal, well et net korrekt war, dass d'Krankekeesenunioun bis elo op deenen zwou Säite bei de Budgetsverhandlungen tëschent dem Centre an der UCM souz, an duerfir ass et gutt, datt si erausgeholl ginn ass. Well heiduerch stäerke mir d'Onofhängegkeet engersäits vum Centre an anerersäits awer och vun der Krankekeesenunioun selwer.

Dernieft krut de Stat nach e Vertrieder am Conseil gestrach. Doduerch hu mer wéi bis elo 13 Memberen. Dat heescht, duerch d'Fusioun mussen net méi Jetons de présence ausbezuelt ginn. Et ginn och do Käschten agespuert, well statt deenen zwee Conseilen nëmmen nach een ass.

Här President, wéi gesäit d'Zukunft vun der Eecher Klinik aus? Profitéiert d'Eecher Klinik vun der Fusioun oder verléiert si hire spezielle Charakter, hir speziell familiär Identitéit an der Lëtzebuerger Spidolslandschaft?

Eech ass haut duerch d'Fusioun 1. op de Service vun der Orthopedie-Traumatologie, 2. ORL, 3. d'Ophtalmologie, also d'Aemedezin, spezialiséiert, a 4. huet d'Eecher Spidol eng nei Kompetenz kritt, en eenzegaartege Service hei zu Lëtzebuerg: de Centre de l'appareil locomoteur, de médecine du sport et de prévention - am Volleksmond Sportsmedezin genannt. Hei gi global internistesch-kardiologesch wéi sport-orthopedesch Ënnersichungen, wéi zum Beispill bei Lëtzebuerger Spëtzesportler virgeholl, awer och sportaartspezifesch Belaaschtungstester op engem Vëlo-Ergometer. Hei gëtt de Bluttdrock a Belaaschtungssituatioune getest, wéi och déi kierperlech Belaaschtungsfäegkeeten. Et kënnen och Trainingsrecommandatiounen ugebuede ginn. Also, e ganz modernen a performante Service.

Här President, vergiesse mer awer hei net dat implizéiert Personal. Ech hat mer Zäit geholl a war nees zréck op meng al Aarbechtsplaz, fir mat de Leit um Terrain iwwert d'Konsequenze vun der Fusioun an eben och iwwert d'Evolutioun vun deene leschte 15 Joer ze schwätzen. Do kann ech nëmme soen: Vill trauere där aler gudder Zäit no, well fréier hate mer einfach vill méi Zäit fir beim Patient ze sinn, well haut den administrativen Opwand enorm grouss ginn ass, an dat bedauert d'Fleegepersonal enorm, an deem kann ech och nëmmen zoustëmmen. Ech kommen awer nach eng Kéier drop zréck.

Am Ufank vum Fusiounsprozess war d'Personal extrem skeptesch. Dat war och nach normal, well si sinn net genuch agebonne ginn. D'Personal huet gefaart, d'Eecher Spidol géif am Fusiounsprozess all Kompetenzen ofgeholl kréien an eventuell an e Fleegeheim ëmstrukturéiert ginn. Déi eng hu gemengt, de CHL géif Eech schlécken. Och sinn Ängschte vu Personalofbau duerch d'Haus zirkuléiert. Wéi an alle Beruffsbranchen ass et och wichteg am Spidolswiesen, datt ee mat de Leit schwätzt, well Informatioun, Kommunikatioun an nach eng Kéier Informatioun abannen ass ganz wichteg.

Här Minister, mir hate virgëschter d'Geleeënheet zu Mondorf op der Journée hospitalière ze sinn, wou ganz interessant Suggestioune gemaach gi sinn. Do ass zum Beispill geschwat ginn, datt ee misst Motivatiounsformen ausschaffe fir d'Personal méi ze sensibiliséieren, datt misst dat engagéiert Personal identifizéiert ginn, datt ee misst op dee Wee goe fir méi Leeschtung ze bezuelen. Well nëmmen d'Spideeler am Wettbewerb si sënnvoll fir d'Zukunft.

Här Minister, duerfir wier et interessant ze wëssen, ob schonn eng Kéier eng Analys vun der Informatiounspolitik am Kader vun deene sëlleche Fusiounsprozesser am Gesondheetswiese virgeholl ginn ass.

Mä et däerf net nëmmen un d'Informatiounspolitik un d'Personal geduecht ginn. Et ass och wichteg, datt d'Informatioun un de Patient weidergereecht gëtt. An ech hat d'Geleeënheet vu verschiddene Patiente verschidde Kloen ze héieren, an dovunner zitéieren ech nëmmen een: Zum Beispill e Chimiospatient, deen zu Eech a Behandlung war, gëtt an de Centre hospitalier transféréiert. Hien hat zu Eech eng éischt Klass. E kënnt net méi erof, well e muss do uewe bleiwen, an dann ass hien natierlech net zefridden, well en dann, wéi dat am Centre ass, keen Éischt-Klass-Zëmmer méi kritt. Wann de Patient am Virfeld informéiert gi wier, da wier e sécherlech net esou erféiert gewiescht.

Da si verschidde Patienten op Eech komm mat hirer Wallis, well se gemengt haten, hir Bauchchirurgie krite se do gemaach. Dunn hu se gesot kritt an der Réceptioun: Neen, Dir musst an de Centre goen, well hei gëtt keng Bauchchirurgie méi geleescht.

Dat alles, Dir Dammen an Dir Häre, mengen ech féiert dorop zréck, datt mer beim Informatiounsfloss nach verschidde Problemer hunn.

Dann erënneren ech drun, datt de Spidolsplang an eisem Land jo an dräi Regiounen opgedeelt ginn ass: den Norden, den Zentrum an de Süden. Schued ass et, datt den Osten ausbliwwen ass, well fréier hate mir am Osten och nach zwou Kliniken; zu Iechternach an zu Gréiwemaacher. Mä de gudden Osten ass eidel ausgaangen. D'Eecher Klinik ass also Hôpital de proximité an der Spidolsregioun…

(Interruption)

M. le Président.- Madame Frank, erlaabt Der dem Här Wagner eng Fro ze stellen.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Jo, ech kann der Madame Frank confirméieren, dass effectivement am Oste kee Spidol méi ass. Ech wollt hir awer d'Fro stellen, wiem seng Schold et ass, dass keent méi do bliwwen ass.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Däers sinn ech mer och voll a ganz bewosst, Här Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Wann ech gelift haart.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Mä dat soen ech och ganz haart, well d'Zäit komm war, datt Iechternach a Maacher net méi fäeg ware fir kënnen eng Klinik ze bedreiwen. Mä dat hätt awer vläicht net verhënnert, dass sech Gedanke gemaach gi wieren, datt mir iergendwou an eisem Osten eng nei Plaz geschafen hätten oder datt op där Plaz, wou elo Altersheimer entstinn, oder entstane sinn, eng Klinik hätt erëm kënnen hikommen. Sief et nëmme fir den Urgencendéngscht!

M. Carlo Wagner *(DP)*.- …wien deemools d'Santé ënnert sech hat.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Gutt, ech hunn dat just a Fro gestallt.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. le Président.- Fuert Dir weider, Madame Frank!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Also, d'Eecher Klinik ass als Hôpital de proximité an der Spidolsregioun Zentrum ageschriwwen, ähnlech wéi dat Diddelenger Spidol an d'Clinique Sainte-Marie am Süden. Vill Spideeler schaffe jo ewell zesummen oder si fusionéiert. Ech denken do nëmmen un deen neie Centre hospitalier Emile Mayrisch am Minett.

Am Zentrum gesäit dat jo elo esou aus: De Saint-François, d'Clinique Sacré-Coeur an d'Sainte-Elisabeth hu sech zesumme gedoen an hunn dat modernt Kierchbierger Spidol gebaut. D'Eecher Klinik ass jo mam Centre zesummen. Dëst ass, opgrond vun deenen historeschen a strukturellen Ënnerscheeder vun den Etablissementer, eng Entwécklung, déi ee sech fréier sécher net hätt kënnen denken.

Da bleift awer nach d'Schicksal vun der gudder Zitha-Klinik am Zentrum vun der Gare. Meng Zäit leeft fort, an duerfir, Här Minister, wier ech frou, wann Der eis och doriwwer géift e puer Erklärunge ginn.

(Interruptions)

D'Zitha-Klinik, wéi d'Zukunft vun der Zitha-Klinik ausgesäit.

Une voix.- Gutt.

(Hilarité)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Ech wier frou, Informatiounen doriwwer ze kréien.

Da wëll ech awer nach een Domän erauspicken, an dat ass dee vun der Palliativmedezin. Nieft der Formatioun vum Fleegepersonal an der Palliativmedezin gouf et bis elo am Centre an zu Eech ënnerschiddlech Approchen. Am Centre gouf et de Centre de consultation de la douleur an eng Unité mobile. D'Eecher Klinik huet op déi honorabel Aarbecht an Ënnerstëtzung vu Fräiwëllege vun Omega gesat. Am neien Trakt zu Eech ass eng palliativ Statioun mat sechs Better virgesinn - wat ech ganz staark begréissen. Weiderhi gëtt och eng Équipe volante agesat, déi déi néideg Soins palliatifs doheem beim Patient ka verriichten. An da gëtt sech och vill vun der Médecine interne polyvalente an déi palliativ Medizin versprach.

Ech wëll awer nach kuerz een Aspekt uschwätzen, an zwar de PRN. Virun zéng Joer goufe jo d'Spideeler obligéiert de PRN anzeféieren. Dat gesäit konkret esou aus, datt d'Fleegepersonal jiddfer Akt detailléiert no Minutten, et kann ee bal soen no Sekonnen, opschreiwe muss. An heibäi gëllt et nëmmen näischt ze vergiessen, well opgrond vun dësen Angabe ginn d'Fleegepersonaldotatioune festgeluecht. D'Erhiewe vun den Akter um Patient geschitt ganz minutiéis, esou datt een ëmmer méi oft Plaintë vun iwwerfuerdertem Personal héiert, heiansdo esouguer „burn out", an dat mécht mir Suergen.

Dofir, Här Minister, ech mengen d'Zäit ass komm, datt mer de PRN kënnen ofschafen, an net nëmmen ech mengen dat, mä vill concernéiert Leit um Terrain. D'Missioun ass erféllt an ech mengen, et misst een elo zu Konklusioune kommen.

De PRN war an ass nach ëmmer eng enorm administrativ Belaaschtung, eng terribel Charge fir d'Fleegepersonal, a vum Käschtepunkt net ze schwätzen. Ech mengen, mir missten haut prett sinn op déi Erfahrungen, déi mer an deenen zéng Joer gemaach hunn, dem Patient no Pathologie kënnen ze soen, esou vill Minutte brauche mer fir déi an déi Akten ze maachen, an datt mer net nach all Dag musse weider dokumentéieren.

Ech si mir bewosst, dass d'Traçabilitéit ganz wichteg ass, mä ech hunn dozou nach Froen an dat maachen ech an enger Question parlementaire.

An da wollt ech de Minister nach froen: Wéi ass et mam Dossier médical informatisé? Ech mengen och deen ass bluttnéideg fir d'Zukunft an et ass wichteg, datt mer dee geschwë kréien.

Ofschléissend, mengen ech, ass et och wichteg, datt mer iwwert d'Reform vun eisem Soignantspersonal nodenken, d'Infirmièren, d'Aidessoignantes, a wann een haut um Terrain gesäit wivill administrativ Aarbecht do muss geleescht ginn, da froen ech mech ob mer net mussen op de Wee goen, och ee vun deem Domän op enger Statioun anzestellen. Ech perséinlech sinn der Meenung, datt mer nei Instrumenter fir d'Ermëttlung vum Personalbedarf an de Spideeler brauchen. Instrumenter, déi d'Bürokratie erëm op e Minimum reduzéieren am Interesse vum Patient.

Fir dat alles ass et wichteg, datt mer erëm an Zukunft Infirmièrë kréien, déi gären hire Beruff léieren a gären exécutéieren.

Ofschléissend well ech awer der Rapportrice nach mäin häerzleche Merci soe fir hiren excellente schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt selbstverständlech der Rapportrice félicitéiere fir deen excellente mëndlechen, schréftlechen a komplette Rapport, dee se de Mëtteg hei gemaach huet.

Dee Projet de loi, dee mer haut solle stëmmen, fënnt en fait séng Origine effectivement am Plan hospitalier. En ass déposéiert ginn net méi spéit wéi den 18. Mäerz d'lescht Joer 2004 vun der viregter Regierung an huet sech opgedrängt duerch den Aboutissement vun den Négociatiounen tëschent der Eecher Klinik, déi sou genannte Fondation Norbert Metz, an dem Centre hospitalier. Et ass d'éinescht hei gesot ginn, et wiere schonn an den 90er Jore Gespréicher gelaf. Et stëmmt effectivement, dass do scho Rapprochementer versicht gi sinn, mä op alle Fall hu si ni aboutisséiert an et waren ëmmer nëmme fromm Wënsch, déi ausgeschwat gi sinn, ouni dass déi zwee Etablissementer sech awer méi no komm sinn.

Konkret opgrond vum Plan hospitalier ass et Enn 2001 ginn, wéi se sech un en Dësch gesat hunn a fir d'éischt emol gekuckt hunn, wéi eng Kollaboratioun méiglech wier, wat d'Intérêten an d'Stäerkten och vun deem een an deem anere Spidol wären. Ech mengen, si hunn alleguer déi Schwieregkeeten, déi sech bei esou engem Projet stellen, selbstverständlech richteg agemooss an et ass och vläicht doduerch, dass se sech vun Ufank un de Schwieregkeete bewosst waren, dass se schonn am Juli 2003 zu enger sou genannter Convention de collaboration hospitalière komm sinn. Déi Kollaboratioun oder Synergie ass en fait du realiséiert ginn duerch en Arrêté granducal am Oktober 2003 mat Effet op den 1. Januar 2004. Et ass also schonn iwwer ee Joer amgaangen.

Et ass d'éinescht och hei geschwat gi vun der Commission administrative, wou sech effectivement ëmmer nees nei Suerge stellen, wéi een déi opstellt, doduerch dass berechtegterweis d'Fondation Norbert Metz selbstverständlech och zwee Vertrieder an déi Commission administrative kréich, an ech mengen, dass op alle Fall d'Kommissioun vun der Santé gutt berode war, wéi se averstane war mam Avis vum Conseil d'État, fir net nees eng Kéier déi Commission administrative opzepompelen, mä ze kucken op därselwechter Zuel vu Memberen ze bleiwen an doduerch eben dem Stat ee Représentant manner ze ginn an och der UCM hire Représentant ewechzehuelen, wat och a mengen Aen eng richteg Mesure ass. Well, wéi d'Madame Rapportrice d'éinescht erkläert huet, ass et en fait e Paradox an et weess een emol net, ob et juristesch ze verteidegen ass, dass een am Conseil d'administration sëtzt, deen do Décisioune mathëlt, op där anerer Säit awer och de Pouvoir de décision huet wat d'Attributioun vum Budget un datselwecht Etablissement ubelaangt.

Et ass de Mëtteg net gesot ginn, et schéngt mer awer net onwichteg ze si fir d'Stad Lëtzebuerg beispillsweis, dass ënnert deenen dräi Représentanten an Zukunft kee Medeziner méi muss sinn. Mir wëssen, dass dat der Stad Lëtzebuerg op alle Fall méi Flexibilitéit gëtt bei hire Représentanten a mir kënnen eis erënneren, déi leschte Kéier virun engem décke Joer, mengen ech, war et, wéi sollt de Représentant médical vun der Stad Lëtzebuerg ersat ginn, dass dat zu relative Schwieregkeete gefouert huet fir een ze fannen, esou dass ech mengen, dass dat doten op alle Fall e richtege Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

Zousätzlech misst een awer och vläicht ervirhiewen, dass d'Stad Lëtzebuerg, eben doduerch well se d'Territoirë vum CHL zur Verfügung gestallt huet, an dat schonn zënter dräi Décennien, och an Zukunft kënnt de Vizepresident stellen.

Wann ech d'éinescht gesot hunn, dass effectivement déi doten Integratioun hiren Origine am Plan hospitalier huet, da wësse mer alleguer dass d'Kärstéck vum Plan hospitalier vum Abrëll 2001 justement an der Synergie tëschent deene verschiddenen Établissements hospitaliers läit, an dat haaptsächlech duerch zwou Mesuren.

Déi éischt Mesure ass déi, dass an deem Plan hospitalier sämtlech Spideeler an zwou Kategorië klassifizéiert sinn, dat heescht Hôpitaux généraux an Hôpitaux de proximité, zweetens awer och well d'Hôpitaux de proximité deem Plan hospitalier no kee Service spécialisé méi kënnen hunn.

Ech mengen, et ass och dat wat haaptsächlech d'Eecher Klinik beweegt huet fir hir Zukunft ze assuréieren, fir ze kucken dee Moment mat dem Centre hospitalier op dee richtege Wee ze goen. A wa mer Plan hospitalier schwätzen, wa mer Synergië schwätzen, Kollaboratioun tëschent verschiddenen Haiser, wëll ech hei awer och drop hiweisen, dass déi doten Integratioun vun Eech an de Centre hospitalier net déi eenzeg Realisatioune sinn, déi zënter dem Plan hospitalier effectivement komm sinn. Ech wëll drun erënneren, dass och Diddeleng zesumme mam HVEA gaangen ass, wat zum Aboutissement vun der Kreatioun komm ass vum Centre hospitalier Emile Mayrisch, wat och ze begréissen ass.

D'éinescht ass gefrot ginn hei, an ouni wëllen dem Här Minister virzegräifen, mä ech mengen, e wier awer menger Meenung do. Wat d'Zitha-Klinik ubelaangt, Ste-Thérèse: Dir hat geäntwert, där geet et gutt. Dat stëmmt och, an ech mengen och, dass do de Rapprochement tëschent der Zitha-Klinik an dem Gruppement CHL-Eech effectivement schonn zënter enger Zäitchen um gudde Wee ass, dass op alle Fall ee Rapprochement sech wäert an Zukunft och konkretiséieren, an zwar esou dass mer och do wäerten e grousse Gruppement kréien.

Ech mengen awer, mir hätten doniewent, wat d'Synergiespolitik ubelaangt, zwee Suergekanner hei zu Lëtzebuerg.

Mir kënnen eis erënneren, dass och Déifferdeng an d'Sainte-Marie versicht hunn eng Kollaboratioun auszeschaffen. Ech hunn awer d'Impressioun, dass dee Rapprochement amgaangen ass ze piétinéieren. Esou zwar, Här Minister, dass ee vläicht misst kucken, dass och déi doten zwee Etablissementer géife méiglechst schnell Léisunge fannen. Well ech bleiwen der fester Iwwerzeegung, dass beispillsweis fir de Süden ee grousse Groupement hospitalier unique déi ideal Léisung wier, wat am Sënn vun enger Optimisatioun vun de medezineschen Akte wär, dat heescht am Intérêt vum Patient.

En zweeten, méi ee schwéiere Punkt, deen hu mer am Norde vum Land. Dat heescht, zwëschent dem Ettelbrécker Spidol an dem Wolzer Spidol. Och do, Här Minister, mengen ech, misst ee kucken, dass d'Leit endlech géifen d'Zeeche vun der Zäit erkennen, an dat nees eng Kéier am Intérêt vun de Leit.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass sech mat deem Plan hospitalier net nëmmen hei zu Lëtzebuerg ganz grouss Schrëtt gemaach hunn a Richtung vu Synergien, a Richtung vu méi Efficacité médicale, mä dass dat och grenziwwerschreidend ass zënter Joren. Ech wëll drun erënneren, dass do munch Spideeler op dee richtege Wee gaange sinn. Mä ech wëll awer haaptsächlech hei ervirsträichen d'Efforten, déi déi Zäit den HVEA scho gemaach huet, an och den CHL.

Ech mengen also, dass mer do um richtege Wee sinn. Dat d'autant plus dass elo, esou wéi ech mech renseignéiert hunn, och d'EHL als Gruppement bereet ass fir mat op deen dote Wee ze goen.

Ech weess, Här Minister, dass Dir déi Politik, déi mer entaméiert hunn, wëllt weider ënnerstëtzen, an ech op alle Fall kann Iech verspriechen, dass Der mäin Appui an där doter Saach wäert kréien. Well et ass deen eenzege richtege Wee, wa mer wëllen efficacement weider mam Ausland konkurrenzéieren.

An ech mengen, mir hei zu Lëtzebuerg, mat där Politik déi ageschloe ginn ass, sinn um richtege Wee. Mir kënnen a praktesch all de Pathologië mam Ausland konkurrenzéieren, mat Ausnahm selbstverständlech vun de Maladies rares, wou mer och wäerten an Zukunft op d'Ausland ugewise sinn.

Här President, Här Minister, Kolleegen a Kolleeginnen, dat gesot, mengen ech, ass et sous-entendu, dass d'Demokratesch Partei och wäert deem heite Projet zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll natierlech och der Rapportrice vun dësem Projet de loi, menger Escher Buergermeeschterin, Merci soe fir hire kuerzen a kloere Rapport, dee se hei gemaach huet. Ech mengen…

(Interruptions)

Ganz gutt, deen ass ganz gutt.

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, datt den Objet vun dësem Projet de loi ganz kloer ass, an deem Mooss wou de CHL an d'Eecher Klinik fusionéiert hunn, do war et och kloer datt de Verwaltungsrot huet misse verännert ginn. Dat ass gemaach ginn. De Vertrieder vun der UCM ass net méi do derbäi, wat och an enger gewësser Logik ass.

Obschonn d'UCM natierlech muss interesséiert dru si wat mat de Spideeler oder wat an der Spidolslandschaft hei a Lëtzebuerg geschitt.

An ech wéilt dofir, iwwert de Projet de loi hei eraus, iwwert déi Zesummesetzung vun deem Verwaltungsrot eraus, deem mer selbstverständlech wäerten zoustëmmen, awer vläicht déi méi prinzipiell Fro opwerfen, déi iwwert dëse Verwaltungsrot erausgeet an déi am Fong de Prinzip an d'Fonctionnéiere vun de Verwaltungsréit insgesamt betrëfft. An ech wëll déi Fro hei opwerfen, well et, wann een an esou engem Verwaltungsrot sëtzt, jo heiansdo ganz schwéier ass, iwwert déi nei Investitiounen, déi heiansdo an d'Milliounen an d'Millioune ginn, oder an d'honnerte vu Millioune ginn, wierklech sachkompetent kënne matzebestëmmen. Ech wëll drun erënneren, datt mer, ech mengen am leschte Fréijoer muss et gewiescht sinn, hei nach eng Kéier fir e Projet de loi vun enger Klinik am Norde vum Land hu misse vill Suen nostëmmen, well ganz einfach bei der Planificatioun vun de Gestionnairë vergiess gi war elementar Saache matanzebezéien an d'Berechnung vun hirem Projet. Esou datt ech mengen, datt een eng Kéier misst méi eng generell Debatt féieren iwwert déi bescht méiglech Zesummesetzung vun esou Verwaltungsréit.

Déi zweet Saach ass déi, déi ech, och méi allgemeng gesinn, kuerz wëll uschwätzen, well et schonn zwee-, dräimol hei gesot ginn ass, dat ass d'Problematik vu Synergien a vu Fusiounen. Hei hu mer jo ze di mat enger Fusioun. Et si jo och aner Fusioune geschitt am Süde vum Land, an ech mengen datt dat eng Problematik ass, déi wierklech vun alle Leit seriö muss geholl ginn, well et sech wierklech ëm ganz héich Investissementer handelt.

Wann ee kuckt, wéi vill de Plan hospitalier kascht iwwert déi ganz Joren, wat fir eng Zommen datt dat ausmécht, a wann ee kuckt wéi vill iwwerhaapt d'Spideeler an dem Budget vun de Krankekeesen ausmaachen, dann ass dat jo largement iwwer 50%, an ech soe largement iwwer 50%, da muss ee jo soen, datt dat nach net duergeet, well do derbäi awer och nach d'Tariffer vun de Medeziner selwer derbäi kommen. Wéi gesot, wann een alles géif zesummerechnen, datt ee largement iwwer 60 bis 70% géif kommen, wat de Spidolssecteur an deem ganze Gesondheetssecteur kascht. A well dat gewalteg Zomme sinn, ass et wichteg, datt een do wierklech op eng seriö Aart a Weis, also op eng rationell Aart a Weis domadder ëmgeet.

An een Instrument do dervun, dat ass natierlech an der Planificatioun ze kucken, déi beschtméiglech Synergien a Fusiounen op d'Been ze bréngen. Et ass virdrun hei gesot ginn, zum Beispill an der Südregioun wier et wichteg, datt een do herno ee grousse Komplex hätt, deen alles géif ofdecken. Ech mengen och, datt dat eng sënnvoll Saach ass, an ech mengen och, datt d'Zesummenaarbecht vu Spideeler eng absolut sënnvoll Saach ass. Ënnert enger Bedéngung dann allerdéngs. Nämlech ënnert der Bedéngung, wa Leit Verträg matenee maachen, datt dann awer och déi zwee Partner sech un déi Verträg halen.

An ech hunn d'Impressioun, datt an deene leschten zwee, dräi Joer, obscho vill iwwer Synergien a Fusiounen hei am Land geschwat ginn ass, awer munch Leit dat Wuert éischter esou verstanen hunn, datt si géifen hiert Spidol oprüsten an datt déi aner hinnen d'Clientë géife schécken. Ech soen dat an enger allgemenger Form an ouni ee bestëmmten hei ze accuséieren. Mä ech mengen awer, datt Fusioun, Synergie an Zesummenaarbecht ëmmer nëmme kann op Géigesäitegkeet berouen.

An ech mengen och, Här Minister, datt Der gutt berode sidd, Iech ëm déi Problematik ze këmmeren, well mer an eisen Aen dovunner ausginn, datt de Käschtepunkt vum Spidolswiesen an deenen nächste Joren nach wäert uklammen. Mir hate Steigerungsraten an deene leschte Jore vu 7%, 8% an esou virun. Wann ee kuckt, wat investéiert ginn ass op deene verschiddene Plazen hei am Land an deene leschte Joren, dann ass ze befäerten, datt déi Steigerungsrat an zwee, dräi oder véier Joer an de Beräich vun 12%, 13%, 14% pro Joer, all Joer wäert goen, an da kréie mer Problemer an de Krankekeese vun der Finanzéierung.

An duerfir si Fusiounen a Synergien absolut noutwendeg, och am Beräich vun der interregionaler Zesummenaarbecht an der Groussregioun. Mä mir mussen dat wierklech seriö ugoen a jiddfer Partner op deene verschiddene Plaze muss da seng Responsabilitéiten huelen, fir wierklech net nëmmen d'Decken op seng Säit ze zéien, mä fir wierklech ze soen: Hei, mir hunn eng gemeinsam Decken, a jiddferee kuckt vun där Decken dann dat ze maachen, wou hie sech drop spezialiséiert, an op där anerer Säit ass een aneren, dee sech spezialiséiert. An da mussen d'Patienten hin an hier kënne geschéckt ginn an net eesäiteg, vun där enger Richtung just an déi aner Richtung.

Dat ass en allgemenge Prinzip, deen ech hei wëll soen. An ech mengen, datt dat absolut noutwendeg ass, well mer soss bei de Spidolskäschten an deenen nächsten zéng Joer a ganz gravéierend Finanzéierungsproblemer wäerten erakommen.

Bon, dat gesot, wëll ech hei awer elo ophalen, well dat heiten net d'Plaz ass fir déi doten Diskussioun ze féieren. Hei geet et just ëm de Projet Fusioun CHL mat der Eecher Klinik a mat deem neie Verwaltungsrot. Mir sinn do selbstverständlech derfir. Mä ech mengen, datt mer och déi aner Diskussioun nach eng Kéier musse féieren.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Leschten agedroene Riedner ass den Här Jaerling. Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Ech ka mech einfach net dru gewinnen, dass ech ëmmer dee Leschte sinn.

(Hilarité)

Här President, ech wëll och am Numm vum ADR dann eiser léiwer Escher Buergermeeschtesch als Rapportrice häerzlech Merci soe fir hire Rapport. Fir ze demonstréieren, dass mir Escher ëmmer zesummenhalen.

(Interruption)

Bal ëmmer!

Ech wëll just soen, dass dee Projet hei an der Kommissioun op jidde Fall laang a breet diskutéiert ginn ass. Dass mer och versicht hunn dem Statsrot senge Bedenke Rechnung ze droen, wat am Fong verschidde Problemer ubelaangt huet am Zesummenhank mat der Législatioun a mat der Exécutive. Ech mengen déi Problemer hu mer geléist kritt.

Et ass och richteg, wann ee seet, wann een déi Gelder, déi een am Krankewiesen huet, wëllt effizient asetzen, da muss een natierlech nei Moyenë sichen, an ee vun deenen neie Moyenen, déi elo eben an deene Spidolspläng scho jorelaang dra sinn, dat sinn ebe Fusiounen a Synergië vun deene verschiddene Spideeler, regional gesinn, fir effektiv ze kucken, wéi een déi Moyenen am effizientsten asetzt.

An dat huet net nëmmen e Sënn fir d'Spideeler selwer, fir d'Gesondheet selwer, mä et huet och en Impakt op de Käschtepunkt vun de Krankekeesen. Ech mengen, et ass och ganz wichteg fir dat net ze vergiessen.

Wat awer meng Bedenke sinn, dat ass natierlech, dass ee ganz gutt muss oppassen, dass bei deene Synergien a Fusiounen, wéi dat esou an der Wirtschaft üblech ass, dat net e bëssen op d'Käschte vum Personal geet. Ech mengen do huet den Här Minister mech jo an enger Äntwert op eng Question parlementaire berouegt. Mä ech, als ale Gewerkschaftler, weess jo awer wéi den Hues leeft an ech wäert lech soen, dass mer do awer ganz wuechtsam bleiwe wäerten…

(Hilarité)

…, well ech hunn nach gutt Erënnerungen un déi Zäit, wéi d'Budgetiséierung vun de Spideeler agefouert ginn ass, wat deemools do gedréint ginn ass, an dofir wëll ech lech soen: Dir hutt eis e bësse berouegt, mä mir wäerten awer wuechtsam bleiwen, dass dat och an déi richteg Richtung geet.

Et ass och richteg, dass mer mussen nei Weeër fannen, well mer och ëmmer méi nei Krankheetsbiller kréien, déi mer virdrun an eiser Gesellschaft ni kannt hunn a wou mer dann och mussen nei Moyenë sichen. An déi Krankheetsbiller kënne mer nëmme mat deene modernsten Apparater a Moyenë bekämpfen an dofir musse mer och, wéi gesot, déi Suen, déi mer hunn, effizient asetzen.

Wann ech elo dat begréisst hunn, sou wier ech dann awer frou, dass mer da géifen an där Richtung weiderfueren an da méi wäit goen. An da wëll ech un eng Rei Propose vum ADR awer erënneren am Zesummenhank mam Käschtepunkt vun de Krankekeesen an och vun de Spideeler.

Wéi zum Beispill, wa schonn déi Zesummeschlëss kommen, da wier et jo awer am Fong sënnvoll, dass een dann och géif higoen a mol endlech an eng Richtung goen, zentral Akafstell, wou een dann och mol all dat Material, wat ee brauch, méi bëlleg kënnt akafen. Oder et kënnt ee mol an d'Richtung goen, fir an de Spideeler déi Zweeklassemedezin ofzeschafen. Zum Beispill déi 66% Zouschoss an der éischter Klass, wou leider net driwwer geschwat gëtt, heiansdo e bëssen driwwer gepëspert an dann net méi driwwer geschwat gëtt, oder iergendwéi Argumenter gesicht ginn, firwat dass dat awer nach muss sinn, a wou ee sech einfach d'Fro stellt: Brauche mer iwwerhaapt esou eng Zweeklassemedezin oder musse mer net endlech op dee Wee goen, fir dass mol all Assuré gläich ass an dass am Fong déi Aarte vu Subventiounen, oder et kann ee se scho bal Cadeauen nennen, endlech ophalen an dass mer och do musse versichen e bëssen ze spueren?

Dann ass jo ugekënnegt ginn, dass d'Regierung gewëllt ass eng Aart Krankheetsakt ze maachen, sou wéi ech dat gesinn. Ech mengen, och dat ass eng Propositioun, déi a Richtung vum ADR geet, well mir einfach e Krankheetsbadge gefrot hunn, wou ee kann all d'Krankheetsdonnéeë vum Patient dropmaachen. Wat och ganz vill Geld géif spueren, fir dass net 6-, 7-mol déiselwecht Krankheetsanaylsen a Röntge gemaach ginn.

(M. Jos Scheuer reprend la Présidence)

Ech mengen, all dat si Saachen, wa mer déi elo nach cumuléiere mat deem, wat elo geschitt, mat deene Fusiounen, da si mer um richtege Wee an dann ass och de Beweis bruecht, dass, wa mer am Fong all Iddien, egal vu wou dass se kommen, cumuléieren, mer dann awer an eng Richtung ginn, wou mer méi eng effizient an och méi eng käschtegënsteg Betreiung vun de Patiente kënnen asetzen.

Dofir, wéi gesot, begréisse mir déi Initiativen hei. Mir wäerte se och voll ënnerstëtzen a mir wäerten och weider all Initiativen ënnerstëtzen, déi an déi Richtung ginn. Mä awer och an der Hoffnung, dass déi Propositiounen, déi mir als ADR gemaach hunn, an Zukunft dann och lues a lues an dee Spidolsplang an an dee Krankekeeseplang integréiert ginn, fir dass mer zesummen endlech eng effizient an eng laangfristeg Léisung fannen, fir eis Medezin sou effizient wéi méiglech a sou käschtegënschteg wéi méiglech kënnen ze garantéieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert. Här Gesondheetsminister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no deem excellente Rapport vun der Madame Mutsch brauch ech net op den Inhalt vum Projet anzegoen, deen eigentlech just d'Konsequenz ass vun der Fusioun CHL-Eech an deen de Responsabele vun Eech eng ugemiesse Représentatioun am Verwaltungsrot gëtt, deen eng Rei vun Ännerungen am Verwaltungsrot mécht, déi Sënn erginn.

Zum Beispill, dass d'UCM net gläichzäiteg verhandelt a Member ass am Verwaltungsrot. Zum Beispill, dass staatlech Vertrieder wa méiglech net där solle sinn, déi och Gelder fir deen Zentrum kënnen engagéieren. Dass d'Zuel limitéiert bliwwen ass vun de Vertrieder am Verwaltungsrot, och wann dat op d'Käschte vun der Majoritéit, déi de Stat bis elo am Verwaltungsrot hat, geet.

Mä ech mengen, just an deem dote Beräich - an ech hunn dat op anere Plaze gesinn - spillen déi Majoritéite just an de Käpp a wann et an engem Spidol bis dozou kënnt, dass eenzel Sensibilitéite Kampfofstëmmunge musse maachen, dann ass souwisou an deene Spideeler, mengen ech, net méi alles an Uerdnung an da muss ee sech aner Froe stelle wéi iwwert d'Gewiichtung vum Verwaltungsrot.

All déi Saachen, oder déi meescht Saachen, déi de Mëtte gesot gi sinn, kann ech deelen. Ech wëll ausdrécklech déi Fusioun zwëschent dem CHL an der Eecher Klinik begréissen, well dat souwuel deene Betraffene wéi och de Patienten eng Gewënnaktioun, eng Win-Win-Aktioun, bréngt, an, wann et richteg konzipéiert ass, och de Keesen. Wou awer net, mengen ech, déi éischt Zilsetzung déi ass fir onbedéngt Geld ze spueren, mä déi éischt Zilsetzunge si fir dem Patient méi Qualitéit ze bidden, fir eng méi efficace Gestioun, an dat anert ass eigentlech eng Résultante, déi doraus entsteet, well een iwwert deen heite Wee an zwee Haiser iwwer eng gemeinsam Gestioun, iwwer eng gemeinsam Akafspolitik, iwwer e gemeinsame Staff médical an eng sënnvoll Aufgabendeelung wierklech kann eng Plus-value schafen.

Et ass also ganz kloer esou, dass Fusiounen net sollen nëmmen e Prétexte si fir dass jiddereen dat ka bleiwe wat e war a fir e Spidolsplang iergendwéi kënnen ze ënnerlafen. Et ass net dat, wat hei viséiert ass, an et ass och net dat, wat vun der Regierung gewënscht ass. Et kann also net esou sinn, dass eent plus eent zwee an en hallwen oder dräi ergëtt, mä eent plus eent gëtt e Méiwäert fir all Betraffenen.

Et ass virdru schonns gesot ginn, dass et sech hei net ëm déi éischt Fusioun an déi eenzeg Fusioun handelt. Positiv ass d'Bestietnes och gelaf zwëschent Esch an Diddeleng, déi zum CHEM gefouert huet. Positiv ass och d'Zesummeleeë vun deenen dräi Stater Spideeler gelaf, déi sech am Kierchberger Spidol erëmfonnt hunn.

Dat wat vu mengem Kolleeg, dem fréiere Gesondheetsminister Carlo Wagner, gesot ginn ass a Saache regional Zesummenaarbecht am Süde kann ech ënnerschreiwen. Et ass, mengen ech, eng gutt Approche, déi vun der Regionaliséierung, an an deene verschiddene Regioune sollen déi verschidde Spideeler sech rapprochéieren an am gënstegste Fall zu engem gemeinsamen Acteur ginn.

Am Süde kënnt et zu engem Rapprochement vun deenen zwee Haaptacteuren, déi am Moment nach am Süde sinn. An d'Suggestioun, déi de Carlo Wagner gemaach huet, fir tëschent Wolz an Ettelbréck eng Schëpp unzeleeën, dat ass scho geschitt. Mir hu souwuel déi Ettelbrécker wéi déi Wolzer encouragéiert, fir zesummen ze schaffen, och wann déi eenzel Acteuren am Moment nach kënne mengen, dass si eleng géifen eens ginn, well se am Spidolsplang drastinn a well hir Servicer ofgeséchert sinn. A wa vläicht deen ee mengt, e wier méi nei wéi deen aneren an e kéint ouni deen aneren eens ginn, dann ass et awer sënnvoll, dass ee regional zesummeschafft an dass een doduerch déi Masse critique kritt, déi et erlaabt eng besser Gestioun an och méi Qualitéit unzebidden.

Well wann d'Patienten iergendwann eng Kéier mierken, dass d'Gestioun op anere Plaze besser ass, oder dass d'Qualitéit op anere Plaze besser ass, hei am Land sinn d'Distanzen esou kleng, an zënter der Collectrice an zënter dass d'Nordstrooss am Bau ass, ass déi Clientèle e bësse méi volatile. Dat heescht, et muss een an alle Regiounen optimal medezinesch Versuergung ubidden, well soss ass een net méi laang dee Staarken, deen ee mengt, dass een ass. Also déi Zesummenaarbecht ass extrem noutwendeg.

Ech hu vun der Madame Frank héieren, dass se bedauert huet, dass am Oste kee Spidol méi ass. Ech verstinn dat, dass een aus senger regionaler Approche dat seet. Mä ech wollt se awer froen, ob si der Meenung ass, dass mer sollten am Osten en neit Spidol bauen, well en anere Sënn gesinn ech an där doter Approche net. Oder ob mer sollen dozou bäidroen, dass eng gutt medezinesch Grondversuergung an där Regioun bleift, an dass am Moment d'Zäit net déi ass fir erëm eng Kéier zousätzlech Spideeler ze bauen, mä éischter d'Efforten ze cernéieren.

Ech wëll just soen, dass am Ausland éischter iwwer Schléissung vu Spideeler geschwat gëtt, net iwwer Zesummeschaffen, mä iwwer Schléissung, an ech mengen dass et awer net e Sënn géif ginn, dass mer elo bei där Spidolslandschaft, déi mer hunn, an den Oste géifen en neit Spidol baue goen.

Ech hunn och verstan, dass d'Madame Frank Problemer mat dem System vum PRN hätt. Et hunn der vill Problemer mam System vum PRN, mä am Moment gëtt et keen aneren, ausser dass d'Madame Frank géif fuerderen, dass mer de System vun den DRGe géifen aféieren. Dat ass dee vun den diagnostik- oder vun de fällorientéierte Pauschalen, déi d'Spideeler no deene gewëssene Pathologië géife kréien a wou se da mat allen Acteure missten eens ginn, fir se domat ze bezuelen.

Wann dat net de Fall ass, da géif ech awer ganz gär wëssen, wat d'Suggestioun vun der Madame Frank dann ass. Ech sinn dankbar fir all Suggestioune fir erëm e bessere System proposéiert ze kréien.

Här President, d'Madame Frank wëllt mer eng Fro stellen.

M. le Président.- Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Jo, Här Minister, ech wier frou wa mer eng Kéier an der Chamberkommissioun d'Geleeënheet géife kréien, mat Iech iwwer PRN an iwwer vläicht nei Modellen ze schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech komme ganz gär mat Iech zesumme fir iwwer PRN, DRGen an aner méi effikass Systemer mat Iech ze diskutéieren. Ech wär awer frou wann Der dann och géift mat de Kolleege vun Iech schwätzen, déi vläicht och e bëssen Erfahrungen an deenen neie Systemer hunn.

Dir hutt mech gefrot wat d'Zukunft vun der Zitha wär. Jo, d'Zukunft vun der Zitha ass eng gutt Zukunft, well et och eent vun deene Spideeler ass, déi sech selwer a Fro stellen, a wou suggeréiert ginn ass, dass et zu enger verstäerkter Zesummenaarbecht mam CHL soll kommen. Ech jiddefalls gesi keng Argumenter, déi géint esou eng méi staark Zesummenaarbecht géife schwätzen.

Dann ass och gefrot ginn, nach eng Kéier vun der Madame Frank, fir eng Reform vun der Ausbildung vum Fleegepersonal ze maachen. Ech wollt vun hir wëssen, wat se dorënner versteet: Ob mer sollen d'Ausbildung verlängeren op véier Joer, esou wéi dat vum Secteur gefuerdert ass? Wann dat de Fall ass, wär ech nawell ganz frou, wann d'Madame Frank mer dat géif soen. Ech stinn op hirer Säit!

Dann, well meng Zäit, mengen ech, zu Enn geet, wollt ech kuerz soen, dass dee Projet oder den eigentlechen Ursprong vun deem heite Projet sech absolut an déi Bestriewunge vun der viregter Regierung an och dëser Regierung areit, fir d'Effikassitéit am Spidolswiesen ze verbesseren. Eng Approche, déi sech manner duerno riicht, dass eng zousätzlech Offer eng nei Demande géif provozéieren, mä dass d'Offer soll esou wäit wéi méiglech der Demande Rechnung droen, dass mer eng optimal Qualitéit, eng optimal Aufgabendeelung, eng besser Visibilitéit vun eise Spideeler schafen, well dat ee vun den Haaptproblemer vun eise Spideeler vis-à-vis vun de Spideeler am Ausland ass.

E Lëtzebuerger, deen ee freet: Wann s du déi Pathologie hues, a wat fir e Spidol geess de am Ausland? Dee seet ganz liicht, da ginn ech dohin oder ech ginn dohin oder ech ginn dohin. Mä wann een e Lëtzebuerger freet: Wann s du déi dote Pathologie hues, wou geess de dann hei zu Lëtzebuerg? Da weess e keng Äntwert, well hei zu Lëtzebuerg ganz oft jiddfereen alles ubitt, mä net alles an där beschter Qualitéit. Ech soen dat esou kloer, och wann dat heiansdo ka polariséieren: Et däerf kee politesch Verantwortlechen nokucken, wa mer iwwerall datselwecht an net eng Aufgabendeelung maachen, wou déi Visibilitéit verbessert gëtt.

Dann e lescht Wuert, vläicht zu der Approche, déi mer mussen hunn am Spidolswiese vis-à-vis vun éischtens, der weiderer Entwécklung vun de Käschten am Spidolswiesen, an enger finanzieller Situatioun an de Krankekeesen, ëm déi ee sech muss bekëmmeren. An där doter Situatioun musse mer ganz kloer gi mat eise Partner aus dem Spidolswiesen, dass mer eis op déi Saache konzentréieren, déi mer wierklech brauchen an déi zu enger Plus-value a Saache Qualitéit vun de Soinë féieren, an net probéieren, an enger Rivalitéit, déi et net bréngt, een deem aneren d'Clienten oder d'Patienten ewechzeluchsen. Dat ass falsch.

Mir hunn et vill méi einfach als Gesondheetspolitiker wa mer feststellen, dass déi Suen, fir déi mer antrieden, fir eng Verbesserung vun der Qualitéit vun der Medezin, fir de medezinesche Fortschrëtt gebraucht ginn, amplaz dass se gebraucht gi fir effektlos, inefficace ze verpuffen. Well een deem anere säin Däiwel am Spidolssecteur ass. Wann ech d'Madame Frank richteg verstanen hunn, huet se dofir plädéiert, dass d'Konkurrenz am Spidolswiese soll bleiwen. Selbstverständlech, d'Konkurrenz am Spidolswiese soll weider bestoen, mä wann ech gelift an deem Geescht vu Komplementaritéit an net am Geescht vun double et triple emploi.

Ech soe Merci.

Une voix.- Dir iwwerzitt ëmmer, Här Di Bartolomeo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Dat ass net schlëmm.

M. le Président.- Et war minimal, et war annerhallef Minutt.

(Interruptions diverses)

Une autre voix.- Dat ass fir den Här Di Bartolomeo bal näischt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5312. Den Text steet am Document parlementaire 5312[2].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Resultat ass folgend: 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Lydia Mutsch), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes aus dem Joer 2003. Den Här Norbert Haupert huet sech ageschriwwen. Wëllt nach ee Kolleeg d'Wuert ergräifen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

4. Résolution de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2003 de la Cour des Comptes

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, erlaabt mer, datt ech dat vun der Plaz maachen, well ech bräicht méi Zäit fir dorobber ze komme wéi ech Zäit brauch fir déi Resolutioun hei ze presentéieren.

D'Chambre des Comptes huet der Commission des Comptes hir Konte virgeluecht, an d'Réviseuren hunn déi Konten och kontrolléiert a si hu fonnt, datt se no de gesetzleche Virschréften, déi hei zu Lëtzebuerg gülteg sinn, wierklech e vertrauensvollt Bild vun dem Verméigen a vun der finanzieller Situatioun vun der Cour ofginn, an dofir schléit d'Kommissioun der Chamber vir, datt mer déi Konte vum Exercice 2003 géingen approuvéieren.

M. le Président.- Mir stëmmen dann iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontrollkommissioun am folgende Wuertlaut ugeholl huet. Ech liese se vir.

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu que le réviseur des comptes de la Cour des Comptes estime dans son rapport que „les comptes annuels ci-joints donnent, en conformité avec les prescriptions légales et réglementaires en vigueur au Luxembourg, une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2003 ainsi que des résultats de l'exercice se terminant à cette date";

- vu que la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire a marqué au cours de sa réunion du 14 février 2005 son accord avec le rapport du réviseur des comptes;

approuve

les comptes de l'exercice 2003 de la Cour des Comptes.

Ass d'Chamber domat averstanen, fir par main levée iwwert déi Resolutioun ofzestëmmen?

(Assentiment)

Vote

Ech bieden ëm en Handzeechen.

Merci. D'Resolutioun ass ugeholl.

5. Demandes en naturalisation

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen, dofir schwätzen ech dann de Huis clos aus.

(Le huis clos est prononcé à 16.47 heures.)

* * *

(Le huis clos est levé à 16.52 heures.)

De Huis clos ass opgehuewen. Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 27 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech och mat siwen Ännerunge vun Numm a Virnumm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 24 février 2005

1. *DE CASTRO MENDES Domingos João, né le 27 mai 1962 à Lavos/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Esch-sur-Alzette*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MENDES Jean.

2. *DA CONCEIÇAO AZEVEDO Ana Julia, née le 18 janvier 1966 à Agualva-Cacem/Sintra (Portugal), demeurant à Esch-sur-Alzette*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de AZEVEDO Ana Julia.

3. *DORNEANU Dorel, né le 25 août 1960 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Senningen*

4. *DOS SANTOS DA LUZ José, né le 3 mars 1960 à São João Baptista/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg*

5. *GOMES BORGAS Adelino José, né le 22 mars 1972 à Huambo (Angola), demeurant à Wilwerdange*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de BORGAS José.

6. *LOPES SEQUEIRA DA SILVA Lilia, née le 23 janvier 1966 à São João de Loure/Albergaria-a-Velha (Portugal), demeurant à Wilwerdange*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de LOPES Lily.

7. *MARINESCU Cristian Florian, né le 11 mars 1967 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Imbringen*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MAAR Christian.

8. *NEDELCU Nicoleta, née le 5 avril 1969 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Imbringen*

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de NEIS Nicoletta.

9. *MONTEIRO PAULA Evanilda da Ressurreiçao, née le 11 avril 1982 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette*

10. *MUKIC Semir, né le 15 juillet 1964 à Zavidovici (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg*

11. *MUTOMBO BETU Kabasele, né le 16 septembre 1962 à Kinshasa (République démocratique du Congo), demeurant à Belvaux*

12. *NOVALIC Dzemal, né le 31 août 1978 à Lagatore (Yougoslavie), demeurant à Esch-sur-Alzette*

13. *N'DAW Marie, née le 9 octobre 1967 à Conakry (Guinée), demeurant à Luxembourg*

14. *PATWARY Mazaharul Islam, né le 21 septembre 1983 à Comilla (Bangladesh), demeurant à Luxembourg*

15. *PEREIRA DE ALMEIDA Francisco José, né le 7 mars 1971 à São Sebastião da Pedreira/Lisboa (Portugal), demeurant à Rodange*

16. *PEPRAH Kofi, né le 9 mai 1962 à Mampong (Ghana), demeurant à Schifflange*

17. *POBA MANANGA PHOLO Jean-Aimé, né le 5 septembre 1983 à Aachen (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette*

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de POBA PHOLO Jean-Aimé.

18. *SPÖRL Gisela Augusta Emma Maria, née le 2 septembre 1940 à Naila (Allemagne), demeurant à Bereldange*

19. *STELANDRE Blaise François Achille Aimé Jocelyn, né le 13 juillet 1963 à Courtrai (Belgique), demeurant à Doennange*

20. *TANASE Iulia Coralia, née le 16 février 1973 à Sibiu (Roumanie), demeurant à Sandweiler*

21. *TILLEMENT Myriam Régine Rolande, née le 18 juin 1970 à Rocourt (Belgique), demeurant à Medernach*

22. *VOLODINE Serguei, né le 2 mars 1963 à Moscou (Russie), demeurant à Blaschette*

23. *ZAREMBA née LOKSHINA Elena, née le 10 juillet 1957 à Moscou (Russie), demeurant à Blaschette*

24. *VON DER HEYDEN Iris Barbara, née le 13 août 1961 à Bruchsal (Allemagne), demeurant à Luxembourg*

25. *WEN Heping, né le 11 janvier 1953 à Xian/Shaanxi (Chine), demeurant à Strassen*

26. *WENCESLAO Amalia, née le 15 mars 1959 à Calumpit/Bulacan (Philippines), demeurant à Differdange*

27. *ZARKOV Drago, né le 22 août 1974 à Ettelbruck, demeurant à Harlange*

6. Ordre du jour

An hirer Sitzung vu gëschter huet d'Presidentekonferenz dann de Programm fir déi nächst Sitzungswoch proposéiert. D'Chamber siégéiert de Mëttwoch, den 2. Mäerz, um hallwer dräi, an den Donneschdeg, den 3. Mäerz, och um hallwer dräi, mat folgendem Ordre du jour:

Mëttwoch, den 2. Mäerz:

- eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert d'Energiepolitik;

- d'Projets de loi 5308, 5326 a 5341, sozial Konventiounen tësche Lëtzebuerg, Serbien-Montenegro, Schweden an der Tierkei - déi dräi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt;

- de Projet de loi 5393, en EU-Ofkommes iwwer Persounen, déi a Krisegebidder operéieren;

- de Projet de loi 5417 iwwert d'Privilegien an Immunitéite bei ATHENA;

- de Projet de loi 5392, en EU-Ofkommes iwwert dat militäresch an ziviilt Personal bei den EU-Institutiounen;

- de Projet de loi 5397, eng Konventioun iwwert den Asaz vu verschiddene klassesche Waffen.

Donneschdeg, den 3. Mäerz:

- de Projet de loi 5348 iwwert d'Schafung vun engem Dokumentatiounszentrum fir déi Zwangsrekrutéiert, nom Modell 1;

de Projet de loi 5407 iwwert d'Subsiden un d'Studenten, och nom Modell 1;

- de Projet de loi 5042 iwwert d'europäesch Charta vun de Regionalsproochen, nom Modell 1;

- de Projet de loi 5340 iwwert d'Post, och nom Modell 1.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert, an domat ass d'Sitzung och opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.53 heures)

MERCREDI, 2 MARS 2005

24E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications

2. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur la politique de la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la production d'énergie de sources renouvelables

(Discussion générale)

3. 5308 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Communauté d'État Serbie et Monténégro en matière de sécurité sociale, signée à Belgrade, le 27 octobre 2003

5326 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Suède sur la sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 1er décembre 2003

5341 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Turquie en matière de sécurité sociale

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

4. 5393 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne concernant les demandes d'indemnités présentées par un État membre à l'encontre d'un autre État membre en cas de dommages causés aux biens lui appartenant, qu'il utilise ou qu'il exploite, ou de blessure ou de décès d'un membre du personnel militaire ou civil de ses services dans le cadre d'une opération de gestion de crises menée par l'Union européenne, fait à Bruxelles, le 28 avril 2004

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

5. 5417 - Projet de loi portant approbation de la Décision des Représentants des Gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil du 28 avril 2004 concernant les privilèges et immunités accordés à ATHENA

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

6. 5392 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne relatif au statut du personnel militaire et civil détaché auprès des institutions de l'Union européenne, des quartiers généraux et des forces pouvant être mis à la disposition de l'Union européenne dans le cadre de la préparation et de l'exécution des missions visées à l'article 17, paragraphe 2, du Traité sur l'Union européenne, y compris lors d'exercices, et du personnel militaire et civil des États membres mis à la disposition de l'Union européenne pour agir dans ce cadre (SOFA UE), signé à Bruxelles, le 17 novembre 2003

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

7. 5397 - Projet de loi portant approbation

- de l'Amendement à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination, adopté à Genève, le 21 décembre 2001;
- du Protocole relatif aux restes explosifs de guerre à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination (Protocole V), fait à Genève, le 28 novembre 2003

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. **5448** - Projet de loi relatif aux tissus et cellules humains utilisés à des fins thérapeutiques et scientifiques

Dépôt: M. le Ministre de la Santé, le 24.02.2005

2. **5449** - Projet de loi portant modification de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Dépôt: M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire, le 25.02.2005

3) Par lettre du 1er mars 2005, M. le Député Lucien Clement a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet de la politique de gestion des crues et des inondations.

Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Energiepolitik ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 78.2 vum Chamberreglement festgehal a gesäit Folgendes vir.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Dër Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, an der Regierung eng Véirelsstonn. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Oberweis, Calmes, Scheuer a Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Henri Kox, als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur la politique de la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la production d'énergie de sources renouvelables

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Kaz ass endlech aus dem Sak, déi mat vill Spannung erwaart Reglementer iwwert d'Ënnerstëtzung vun den erneierbaren Energien an der rationaler Energienotzung sinn endlech um Dësch. Dat freet mech, dat freet eis, dat freet eis awer net eleng: Ee ganze Wirtschaftssecteur huet mat vill Gedold an Erwaardung op déi nei Hëllefe gewaart. Déi Freed huet sech awer leider schonns no engem leschte Weekend nees séier geluecht.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, erlaabt mir meng zréckhalend Freed nom klassesche Muster an zwee Deeler ze explizéieren.

Éischtens, quant à la forme. Dëst hunn ech och schonn d'lescht Woch hei op dëser Plaz gesot: Ech bedaueren - an do stinn ech bei wäitem net eleng do -, datt mir esou laang hu misse waarde bis endlech ee konkrete Virschlag um Dësch louch.

Sécherlech goufen hei eng ganz Rei vu Konsultatiounen am Virfeld vun dëser Publikatioun gemaach. Selwer war ech jo och bekanntlech bei zwou esou Réuniounen dobäi. Ech hätt mir awer gewënscht, dass do méi eng breet Zesummekunft vun all den Acteure gemaach gi wier - da wieren eng ganz Rei vun Onschlëssegkeeten hei aus deem Reglement erauskomm. Ech hoffen awer, dass mir elo an deenen nächsten zwou, dräi Wochen nach deen erwënschten Dialog mat all de Kreeser kënne féieren. Mäin Ugebot, de Gréngen hiert Ugebot steet jiddefalls, fir konstruktiv hei matzehëllefen. Eppes steet elo scho fest, mir musse schnell a konstruktiv hei schaffen, fir net nach méi Zäit ze verléieren.

Zweetens, quant au fond. Här President, Dir Dammen an Häre, leider feelt mir d'Zäit fir an den Detail vun dëse Reglementer ze goen. Ech mengen, et géif och de Kader hei sprengen, all d'Detailer ervirzesträichen. Dofir wëll ech eng Kéier kuerz déi grouss Zich an déi grondsätzlech Punkten eraushuelen.

Mir komme jiddefalls awer net dolaanscht eis mat enger Rei vun Zuelen eng Kéier ausenaner ze setzen, déi äusserst wichteg si fir ee bessert Verständnis iwwert déi ganz Problematik ze hunn. Fir d'éischt musse mir eis awer eemol eens sinn, wat mir eigentlech wëllen. Wellech Ziler wëlle mir iwwerhaapt erreechen? A wat fir Instrumenter kënne mir op de Wee gi fir déi Ziler ze erreechen?

Ech hunn nämlech staark d'Impressioun, an net nëmmen ech, datt bei der Ausschaffung vun dësem Reglement net d'Ëmwelt an déi längerfristeg positiv Auswierkungen op d'Klima an d'Aarbechtsplazen am Mëttelpunkt stoungen, mä eleng budgetär Iwwerleeungen. Dobäi ass scho laang bekannt, an do zitéieren ech gär de President vun Eurosolar International a Ko-Architekt vum däitschen Erneierbar-Energien-Gesetz, den Hermann Scheer - en ass esouguer vun der SPD -: „Die Mehrkosten für erneuerbare Energien von heute sind vermiedene Umweltschäden und niedrige Energiekosten von morgen."

Den Ëmwelt- a Klimaschutz verlaangt dofir méi ee resolut Virgoen. 64% vun der europäescher Populatioun verlaangen dëst och laut enger Ëmfro.

Dës Ëmfro, Här Lux, hutt Dir nach selwer de Freideg um Sommet de Printemps 2005 et l'Environnement en Europe, organiséiert vum europäeschen Ëmweltbüro, zitéiert. Wat sinn dann eigentlech eis Ziler, déi mir nach mussen erreechen?

Dat éischt Zil: Bis 2010 sollte 5,7% vum elektresche Stroumverbrauch aus erneierbaren Energië stamen. Et waren der emol 10%.

Dat zweet Zil, dat sou genannte Kyoto-Zil: Bis 2010 muss den CO_2-Ausstouss ëm 28% par rapport zu 1990 reduzéiert ginn. Ech wëll hei net den Artikel zitéieren, deen ech nach gëschter op der drëtter Säit an enger Lëtzebuerger Dageszeitung gelies hunn, mä mir wëssen alleguerten, dass dëst nëmme minimal Ziler duerstellen an datt mir nach vill méi misste fir eis Ëmwelt- a Klimaschutzproblematik maachen. Wann dës Ziler elo kloer a souguer verflichtend sinn, mussen déi entspriechend Instrumenter definéiert ginn.

Dat effikasst Instrument, fir dat éischt Zil - also déi 5,7% - ze erreechen, ass, jee no erneierbarer Technik, e garantéierten Aspeisetarif, deen iwwert de Stroumpräis finanzéiert gëtt; Aspeisungstariffer iwwer e längeren Zäitraum mat enger Degressioun iwwert d'Jore fir déi nei Anlagen - déi Degressioun ass de Moment net an eisem Reglement dran -; d'Zréckfuere vun der Investitiounshëllef hin zu de Produktiounshëllefen. Nëmmen da ginn déi eigentlech richteg Efforte gemaach fir d'Technik weiderzebréngen.

Een zweet Instrument, wat éischter an d'Richtung vum Kyoto-Zil schafft, ass et Ureizer ze schafen, fir an ëmweltfrëndlech, energiespuerend an energieeffizient Technologien ze investéieren, dëst esouwuel am Beräich vun der Wäermt - dat ass och erkannt ginn an dësem Reglement - wéi am Beräich vum Stroum, mä an deem Beräich feelt nach ganz vill. Besonnesch do musse mir eis Efforte maachen, well de Stroumverbrauch schéngt eis awer fortzelafen. Dës zwee Instrumenter mussen dofir an zwee getrennte Reglementer behandelt ginn, fir och no bausse kloer a verständlech Messagë kënnen ze vermëttelen.

Ech huelen nëmmen d'Fotovoltaik. D'Fotovoltaik gëtt elo iwwert de Stroumpräis finanzéiert, dëst iwwert de Wee vum Fonds de compensation, wat ech nëmme begréissen. Niewent der Fotovoltaik ass et awer och nach de Wand, d'Waasser, de Biogas an d'Blockheizkraaftwierker. Dëst Reglement ënnerläit dem Wirtschaftsminister.

Op där anerer Säit gëtt et awer och nach ëmmer dee sou genannte Bonusfrang, oder besser gesot 0,025 Cent pro kWh fir Stroum aus Waasser, Biomass, Wand, déi jo awer nach ëmmer vum Ëmweltminister bezuelt ginn. Dës Sue gehéieren och an de Fonds de compensation. Wat heescht dat dann elo fir déi Käschte vum Fonds de compensation? Hei muss awer eng Kéier ganz haart an däitlech gesot sinn, datt eleng 85% vun deene Gelder aus dësem Fong net fir d'erneierbar Energië sinn, mä fir d'Blockheizkraaftwierker. Verstitt mech hei net falsch! Ech wëll hei net géint d'Blockheizwierker goen, well et ass bekanntlech eng excellent Aart a Weis effikass Stroum a Wäermt zesummen ze produzéieren.

Mir mussen ophalen den erneierbaren Energien alles an de Schong ze geheien. Och wann dee Bonus aus dem Ëmweltministère an dee Fong iwwerholl gëtt, esou gëtt de Gesamtchiffer nëmmen onwesentlech méi grouss. Fir deen Eenzelnen, an do ass et wichteg an dorop kënnt et un, bedeit dat een zousätzleche Käschtepunkt vun 0,3 Cent pro kWh. Dorënner kënne mir eis näischt virstellen. Wat bedeit dat fir eng Famill, déi 4.000 kWh am Joer verbraucht? Fir déi sinn dat genau 12 Euro Méikäschte pro Joer, een Euro pro Mount oder eng Pizza d'Joer. Vill manner wéi dem Här Frieden säi Fliger!

De Gesamtkäschtepunkt, d'Blockheizkraaftwierker an d'erneierbar Energien, wäert sech dann an deenen nächste Jore fir eng Famill tëschent 30 a 40 Euro pro Joer apendelen. Mir sollten endlech ophalen iwwert dee Käschtepunkt ze schwätzen.

(Interruption)

Dat si knapps zwou GSM-Kaarte fir dat ze maachen. Wann een elo nach bedenkt, datt momentan just kleng Clienten an dee Fong abezuelen, déi…

(Interruption)

Pardon, Här Clement, ech hunn lech awer net héieren, mä dat soll net…

(Interruption)

Wann een elo bedenkt, dass just kleng Clienten an dee Fong abezuelen, déi d'Halschent vum Stroumverbrauch ausmaachen, esou gëtt de Chiffer nach duerch zwee dividéiert, wann och d'Industrie hei mat abezilt, wat bekanntlech jo 2006 de Fall soll sinn.

Jo, mir Gréng sinn dofir, dass d'Industrie och an dee Fong sollt abezuelen. Dat soen net nëmmen déi Gréng, mä dat seet och den Här Lorentsen, keen anere wéi den Ëmweltdirekter vun der OECD. Hien huet dat nach d'lescht Woch op deem Ëmweltforum um Kierchbierg gesot. Gläichzäiteg, an dat soe mir Gréng och, mussen awer Instrumenter geschaf ginn, fir de Betriber Hëllefstellung unzebidden, wa si an ëmweltfrëndlech Techniken investéieren.

Ganz einfacht an effikasst Instrument heifir ass a bleift eng ökologesch Steierreform. Och dat huet den Här Lorentsen nach d'lescht Woch gesot. Mä dat géif hei de Kader sprengen, wa mir och nach doriwwer misste schwätzen.

Gläichzäiteg wëll ech awer ee Punkt nach opweisen, dat, wat den Här Krecké seet, dass a sengem Reglement eng Réforme administrative ugedeit gëtt. Nämlech d'Verträg mat der Cegedel musse just nach mat der Cegedel gemaach ginn an net méi mam Ëmweltminister oder mam Ministère. Dat bréngt vill Vereinfachung mat sech an domadder bleiwen och Leit fräi fir aner Tâchen ze iwwerhuelen. Am Ëmweltministère ass dat awer net de Fall. Dat heescht, do kommen nach zousätzlech Hürden iwwert déi ganz Reglementer bäi, déi d'Saach ëmsou méi komplizéiert maachen.

Ee Punkt nach zur Fotovoltaik. Loosst dach d'Fotovoltaik op déi grouss Fläche goen, an haalt lech d'Plaz fräi vun den Eefamilljenhaiser fir thermesch Kollekteren ze maachen. Ech weess och net wou de Stat déi 9 Megawatt Fotovoltaik wëllt opriichten. Déi Sue si besser an de Spuerprogrammer. Den Här Oberweis huet nach viru kuerzem gesot, um Technikum gëtt säit 20 Joer iwwer eng Sanéierung geschwat an et ass nach ëmmer näischt geschitt, an do kënnte mer ganz vill u sech erreechen.

E weidere Punkt ass déi ganz Geschicht ëm d'Passiv- an d'Niddregenergiehaiser. Do gëtt och nëmmen halbhäerzeg ugefaangen. Et widdersprécht sech och, firwat soll e Reienhaus manner subventionéiert gi wéi ee passiv elengstehend Haus? Dat widdersprécht ganz der Logik vum IVL, wou mir dach kompakt Wunne solle propagéieren.

Ech kommen direkt zum Schluss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift a sech nach vill ze soen zu dësem Thema. Vill ass ugereegt ginn, et bleift awer ganz vill am Detail ze klären. Dofir hoffen ech, dass den Opruff, dee jo net nëmme vun eis kënnt, mä vu ville Leit dobaussen, fir sech zesummen un een Dësch ze setzen, fir konkret Virschléi nach ze maachen, opgegraff gëtt. Villes ass nach net kloer, villes feelt an deem Reglement. Hei ass en éischten Entworf. Kommt mir fänken endlech un. Ech wënschen, dass mer déi nächst Woch zesummekommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat der Fro ze dinn, wat mir an de kommende Jore fir eng méi rationell Energieverwendung engersäits a vill méi eng verstäerkten Notzung vun den erneierbaren Energien anerersäits ënnerhuele wëllen. An deem Zesummenhang musse mer eis kuerz rappeléieren, wat déi grouss Wëssenschaftler soen. Et geet einfach de Klimachangement weider, d'Temperatur vun der Äerd klëmmt un. An dat hänkt mat dem Verbrauch vun de fossilen Energien zesummen, déi mir hei monter verbrennen.

Ee ganz kuerze Bléck an d'Vergaangenheet seet eis et jo schonn. An de Joren 1973 an 1979 hate mer Äerduelech-Krisen. Wie gemengt huet deemools, mir géifen eppes draus léieren, deen ass eppes Bessere beléiert ginn. Mir hunn nämlech net ganz vill ënnerholl. Doniewent huet Lëtzebuerg awer d'Technologie vun der Kogeneratioun opgeholl a mir produzéieren haut Stroum a Wäermt mat engem héije Rendement.

Duerno hu mir eis dann awer der rationeller Energieverwendung zougewannt, a mir hunn an d'Fotovoltaik investéiert. Mir wollten domadder einfach eppes un d'Rulle bréngen.

Elo am neie Reglement gesi mer awer, dass déi Hëllefen zréckgefiert ginn. D'CSV-Fraktioun ass frou doriwwer, well elo einfach gesot gëtt, de Marché muss sech selwer droen. Et kann een et ëmmer nëmmen ukierbelen, et muss sech selwer droen. Elo gëtt d'Zäit, den Temps de retour, vu siwe Joer op 14 Joer eropgehuewen. A well ee jo weess, dass d'Fotovoltaik 20 Joer ka funktionéieren, soll dann elo eben dat gemaaach ginn.

Et schéngt eis awer net ganz logesch ze sinn, dass mer 3.000 kW fir déi Privatleit iwwerloossen, 3.000 kW fir d'Gemengen an 9.000 kW fir d'staatlech Gebaier. Dofir gëtt awer elo méi an Sonnekollektoren investéiert oder méi gehollef an d'Biomass, méi an d'Niddregenergiehaiser, méi an d'Passivenergiehaiser a ganz speziell an d'Albausanéierung, an dat iwwert dräi Joer.

Lëtzebuerg, dat wësst Der alleguerten, ass ee Land, dat seng Energie aus dem Ausland muss bezéien, sief dat Äerdgas, Bensin, Mazout, Kerosin an och elektresch Energien. Bei der elektrescher Energie maache mer scho gutt Fortschrëtter duerch ons Wandenergieanlagen, duerch eis TGV-Zentral zu Esch an iwwer eis Blockheizkraaftwierker. Elo esouguer gi mer weider an der TGV-Zentral zu Esch a mir wëllen do d'Wäermt erauskoppelen an een Nowärmenetz opbauen. Also gutt Iwwerleeungen à moyen terme.

Mir wëssen awer alleguer, dass d'Energieversuergung eng vun eisen Achillesfersen ass. Wann déi ons ewechbrécht, dann ass eist Land ganz vulnérabel. A grad dat musse mer gesi virum Hannergrond vun der Liberaliséierung vun den Energiemäert, well do gëtt et jo ganz aner Iwwerleeungen.

Wëssend awer, dass ons fossil Energien, dat ass dann eben d'Kuel, den Äerdgas an de Pëtrol, nach ëmmer haut d'Haaptlaascht mussen droen, a well mer alleguer wëssen, dass déi Reechwäite vun hinne begrenzt sinn, sollte mer haut alles ënnerhuele fir massiv den erneierbaren Energien an der rationeller Energieuwendung d'Wuert ze schwätzen. Wa mir näischt maachen, da gi mer iwwermuer de Moien iwwerrascht mat den CO_2-Zertifikater. Mir hunn eis engagéiert am Kyoto-Protokoll fir 28% erof ze goe bis 2012. Dat heescht, mir sinn an enger gewësser Bringschuld. Mir mussen elo eppes maachen, fir ganz einfach déi momentan Energieverwäertung ze erhéijen an de Verbrauch ze reduzéieren.

A mir hunn ons selwer e Goal ginn. Mir wëlle bis 2010 5,7% vun allem Stroum iwwer erneierbar Energië produzéieren. Haut si mer bei 3%, nach 2,7% leie virun ons.

Wann een elo d'Industriepartner kuckt, do muss ee soen, déi hu ganz vill ënnerholl an et dierft och schwéier falen, dass ons Industriepartner nach massiv kënne bei sech investéieren.

Doniewent awer hu mer am Verkéier nach e ganz grousst Potential an déi éischt Usätz si mer amgaang ze maachen, an de Potential am Tanktourismus. Wat awer hei muss gesot ginn, mir musse probéieren an deene 500 Projeten, déi mir hunn, d'Niddregenergie-Bauweis an d'Passiv-Bauweis ze ënnerstëtzen. Mir sinn zwar traureg, dass nëmmen an 200 Haiser soll investéiert ginn, dat ass e bësse schued, well do kënnen d'Handwierksleit villes nach maachen.

Och an den Holzschnëtzele feelt eis d'Prozedur iwwert dee Punkt. Mir stellen och fest, dass an der Annex 1 d'Copeauxen nach ëmmer als éligibel duergestallt ginn. Vläicht ass dat am Reglement en Oubli.

Da musse mer dovun ausgoen, dass mer och an der Wandenergie engersäits gesot kréien éligibel 5 Megawatt a bis esouguer 10 Megawatt. Mir wëssen awer, esou grouss Anlage kann eist Land net verdroen. Mir si jo haut schon bei 1,8 Megawatt, dat ass eng grouss Anlag.

E leschte Punkt nach, ier ech zum Schluss kommen, dat ass deen iwwert d'Universitéit an iwwert d'Schoul. Mir musse mer probéieren déi eranzezéien, well déi kënnen eis d'Weeër opzeechnen.

E leschte Saz wëll ech soen. Dat ass dee vum John Houghton, dee gesot huet, d'Konsequenze vun der globaler Erwäermung si vergläichbar mat enger Masseverniichtungswaff.

Dat seet genuch, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnef Minutte sinn effektiv net vill fir iwwert d'erneierbar Energien ze diskutéieren; meng Virriedner hunn dat schonn hei gesot. Dofir wäert ech d'Geleeënheet dann och net kréie fir op de Fong vun deene Reglementer kënnen anzegoen.

Et kann een awer am Résumé déi Reglementer an deem Sënn liesen, datt se ausgeriicht sinn op d'CO_2-Reduzéierung am Allgemengen an dat dann och am Sënn vu Kyoto. Et muss ee soen, datt déi rationell Notzung vun der Energie, déi op d'mannst awer gradesou wichteg ass, relativ kuerz kënnt an dëse Reglementer hei, an datt d'Stroumproduktioun mat erneierbaren Energië ganz verluer geet an datt mer et domadder dann och schwiereg wäerten hunn eis 5,7% ze erreechen, wat d'Stroumproduktioun ugeet, déi opgrond vun erneierbaren Energië gemaach ginn ass.

Ech wëll awer virewech eppes soen iwwert d'Manéier, wéi déi Reglementer hei zustane komm sinn an iwwert d'Approche par rapport zu där wéi se 2001 geholl ginn ass. 2001 ass dat Ganzt e bëssen aneschters gelaf. Du sinn d'Propositioune fir déi Reglementer hei vun der zoustänneger Chamberskommissioun ausgaang, der Ëmweltkommissioun, déi sech deemools an enger extraer Sitzung zu Rëmerschen zesummefonnt hat, fir der Regierung Propositiounen ze maachen, déi och praktesch sengerzäit integral iwwerholl gi sinn an duerno nach eemol diskutéiert gi sinn.

Et muss een och soen, datt déi Reglementer vun deemools ganz am Dialog mat der Chamber zustane komm sinn, an datt och all Fraktioune sengerzäit hannert deene Reglementer stoungen. Duerfir wonnert et mech a sech, wann esou eng Ëmweltorganisatioun wéi de Mouvement écologique op eemol kënnt a seet, dach, deen neien Ëmweltminister oder déi nei Regierung wier an deem Domän hei méi zougänglech, wou ech mech awer elo net kann erënneren, datt mer déi lescht fënnef Joer mat hinne keen Dialog gehat hätten. Ech kéint mech net erënneren, datt nëmmen ee Schratt gemaach ginn ass ouni mat hinne Récksprooch ze huelen.

D'Tatsaach, datt och elo eppes geschitt ass, wat eis déi lescht fënnef Joer reprochéiert ginn ass, datt de Wirtschaftsminister an den Ëmweltminister sech zesummegesat hunn, fir dann déi Saachen hei zesummen ze maachen, huet wahrscheinlech domat ze dinn, datt et iwwerhaapt ganz, ganz laang gedauert huet. Et huet wahrscheinlech och eppes domat ze dinn, datt a mengen Aen awer recht wéineg dobäi erauskomm ass, well et ganz einfach, wann déi zwee Ministèrë sech zesummesetzen, normal ass, datt hei dee klengsten Dénominateur commun jo da muss erauskommen.

Mech wonnert och, datt bei deene Reglementer hei just Rieds geet ganz einfach vun Hëllefen u Particulieren. Mir wësse ganz genau, datt de Wirtschaftsminister selwer e Gesetz ze géréieren huet iwwert d'Wirtschaftsförderungsgesetz vun der Förderung vun erneierbaren Energien, datt do nach een anere Minister ass, dee vun de Classes moyennes, deen en ähnlecht Gesetz ze géréieren huet. Dat sinn zwee Gesetzer, déi iwwerhaapt net an deem Kontext hei diskutéiert ginn. Mir wëssen iwwerhaapt net wat do leeft, wéi vill Hëllefen, datt do ausbezuelt ginn a wat den Enjeu vun deenen zwee Gesetzer ass, wou dat eent 2004 an dat anert kuerz virun de Wahlen hei geholl ginn ass.

Da geeschtert nach een anert Reglement iwwert d'erneierbar Energien doruechter, dat ass bei deemselwechte Minister wéi bei de Classes moyennes an dat ass beim Landwirtschaftsminister, wou Biogasanlage subventionéiert ginn, wat mir och alles kënne begréissen, mä doriwwer schwätzt keen. Et weess keen, wéi vill Geld datt do erakënnt a wéi vill datt dat bréngt. Alles dat gëtt hei net mat diskutéiert.

Ganz einfach wollt ech awer soen, datt dat Reglement oder déi Reglementer hei weder d'Handschrëft vum Wirtschaftsminister nach déi vum Ëmweltminister droen. Ech ka mer nämlech net virstellen, datt den Ëmweltminister et esou schlecht mat der Ëmwelt mengt an esou knausereg an deem Domän hei virgeet. Et ass ganz kloer, a meng Virriedner hunn dat schonn hei gesot, dat Reglement hei dréit ganz eleng d'Handschrëft vun der CSV a virun allem vum CSV-Budgetsminister,…

(Interruptions diverses)

…well dat wat hei erausgeflunn ass, ass dat wat effektiv Geld kascht huet, an dat wat gefördert gëtt, vun deem ass effektiv an de

leschte Joren net Gebrauch gemaach ginn, an dat wat bäikomm ass, mengen ech, féiert och net dozou, datt an Zukunft vill Gebrauch gemaach gëtt. A wann nach géif vun deene Reglementer hei Gebrauch gemaach ginn, dann ass eng Risikobrems hei agesat, déi nämlech vun den 200 respektiv de 500 Haiser. Dat hei ass kee Reglement vum Ëmweltminister an duerfir trëfft hien och net déi allergréisste Schold, mä et ass d'Handschrëft vun der CSV, déi een hei ka liesen.

Dat liest een och a sech an de Chifferen, déi ee gesäit wann een an der Ëmweltkommissioun de finanziellen Enjeu gewuer ginn ass wat dat hei soll mat sech bréngen. Mir als Demokratesch Partei haten et awer op d'mannst fäerdeg bruecht, datt de finanziellen Enjeu, wéi och ëmmer, - an doriwwer léisst sech jo diskutéieren, a mir haten déi Reglementer jo ajustéiert - op 40 Milliounen Euro eropgaangen ass. Hei fält et zréck, hu mer gesot kritt, op 5 Milliounen Euro. Ech kann Iech soen, et fält nach méi wäit zréck op ënner 2 Milliounen. Mir kommen net nëmmen hei op 1999 zréck, mä mir kommen hei op virun 1994 zréck.

D'Ambitioune waren - an dat muss een hei ganz kloer soen - net ganz grouss wéi un dee Projet hei erugaangen ass. D'Regierung - an et ass dat ëmmer wat mir an deene leschte Joren, virun allem vum Här Bodry, virgeworf kritt hunn - huet de Choix ganz kloer gemaach fir waarm Loft vu baussen ze kafen. Och dat muss gemaach ginn. Ech kéint mer allerdéngs virstellen, datt ee sech hei hätt kënnen e bësse méi afale loossen, sou zum Beispill um Niveau vun „joint implementation" oder CDMen, wou een awer och ganz flott Projete ka maachen, och wann dat dann net alles muss hei an deem Land gemaach ginn.

Mir verlaange vun de Leit dobaussen dann derniewent,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Calmes, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Emile Calmes *(DP).*- …datt si et fäerdeg bréngen, hir Mentalitéit ze wiesselen. Dee Mentalitéitswiessel muss awer bei eis selwer ugoen. Virun allem mengen ech ass en an de Gemengen ugaang. Datselwecht verlaange mer vum Stat, dee mengen ech virun allem mam gudde Beispill sollt virgoen. An do vermëssen ech ganz kloer een anere Partner, an dat ass dee vun de Bâtiments publics, well et ass do wou een immens grousst Energiepotenzial ass, wat mer iwwerhaapt net opgräifen.

Well d'Zäit elo eriwwer ass, halen ech op a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Waart Dir net an där leschter Regierung, Här Calmes?

(Brouhaha général)

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Scheuer agedroen. Här Scheuer!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnef Minutte just Zäit fir e puer Feststellungen a fir e puer Messagen.

Éischtens emol e Rappel zu deem, wat an der Regierungserklärung steet. D'Regierungserklärung dréckt sech, wéi kaum eng aner Regierungserklärung virdrun, ganz däitlech zur Energiepolitik zu Lëtzebuerg aus.

Ech zitéieren, fir emol eng Kéier deen Inventaire ze maachen: «le développement de la filière bois-énergie» soll favoriséiert ginn, dann «réaliser des économies d'énergie», «réduire les émissions CO_2», wou mer de Protokoll vu Kyoto viséieren, dann «établir un plan pluriannuel», fir d'Realisatioun vun deem Protokoll Kyoto, «une attitude critique à l'égard de l'énergie nucléaire», «promotion des énergies renouvelables», «accent supplémentaire mis sur la promotion des collecteurs solaires thermiques», «réorganisation de l'Agence de l'Énergie», «réseau de conseillers énergétiques» an «cadre normatif pour les parcs éoliens».

Dat ass e ganze Programm, an dee Programm…

Une voix.- Dat ass schwiereg ze liesen.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- …kann een net a sechs Méint realiséieren, et ass e Wee.

(Interruptions)

Wichteg ass festzehalen, datt eng Volonté politique besteet, fir dat ëmzesetzen, a wichteg ass, datt dës Regierung an all Ministèren…

(Interruption)

…eng ganz voluntaristesch Approche geholl hunn.

Mir stelle fest, datt, zweetens, d'Zesummenaarbecht tëschent de Ministèren an tëschent de Verwaltunge vun der Regierungséquipe reorganiséiert an och verbessert ginn ass. An d'Chamberskommissiounen, déi den Ëmweltminister an och de Wirtschaftsminister empfaangen hunn, konnten sech dovunner iwwerzeegen. Mir begréissen, datt och déi gutt Entente tëschent dem Wirtschaftsminister an dem Ëmweltminister zu deene Reglementer gefouert huet.

Mir stelle keng Oppositioun fest a mir ginn dovun aus, datt Interessekonflikter, déi ouni Zweiwel an d'Haus stinn, dann och op déi do Aart a Weis kënnen entschäerft ginn, duerch eng gemeinsam Strategie, déi noutwendeg ass, net nëmme wéinst dem Kyoto-Protokoll a wéinst méiglechen oder engem héijen, séchere Käschtepunkt, wann d'Normen net agehale ginn, mä awer och - an dat hunn ech vermësst bei der Interventioun vum gréngen Deputéierten - als wirtschaftleche Créneau fir d'Schafe vun Aarbechtsplazen an och fir d'Schafe vun engem neien, pousséierten techneschen Know-how.

Drëttens, mir stelle fest, datt d'Energieversuergung vu Lëtzebuerg elo op enger breeder Basis thematiséiert ginn ass, wéi dat och ni virdrun de Fall war. Vläicht ass och d'Zäit einfach zeideg fir op där breeder Basis ze diskutéieren.

Ech erënneren un d'Aarbechten an un d'Seminären, déi vun der Uni Lëtzebuerg organiséiert gi sinn. Ech erënneren un d'Interventioune vun de verschiddenen Handwierkerorganisatiounen, an ech erënneren och un déi Pabeieren, déi vum Ëmweltministère an Zesummenaarbecht mam Centre de Recherche Henri Tudor geschaf gi sinn. Deen Dialog muss bestoe bleiwen an an dësem Kontext muss och eng Kéier iwwert déi nei Roll vun der Agence de l'Énergie diskutéiert ginn.

De Plang, dee virgeluecht ginn ass, och an der Regierungserklärung an och an där Kommissioun, ass sécher diskutabel a verschiddene Beräicher, a mir si ganz bestëmmt och net iwwer alles glécklech, inklusiv iwwert déi finanziell Mëttelen, déi zur Verfügung gestallt ginn.

1992 ass en Energiegesetz geschaf ginn. An deem Energiegesetz huet jo och d'Energiespueren eng grouss Roll gespillt, d'rationell Notzung vun der Energie. Et feelt, an et huet deemools gefeelt, e Konzept fir d'Albausanéierung, a wann een da kuckt wat vun Zuelen an dësem Plang virgesinn ass a vu Geld virgesinn ass, natierlech och fir d'Sanéierung vun den eelere Bauten, da muss ee sech d'Fro stellen: Wéi effikass kann esou eng Politik sinn?

Wéi héich déi staatlech Subventionéierung misst sinn, ass eng kruzial Fro fir mech; et geet jo drëm fir e Marché ze stimuléieren, fir en Incentive ze ginn, datt ëmmer méi Leit dozou iwwerginn, fir hir eeler Gebaier an d'Rei ze setzen.

An da wollt ech zum Schluss nach eppes zu der Interventioun vun de grénge Kolleege soen. Déi hefteg Reaktioun vun hirer Säit op déi Pläng an op déi Reglementer léisst mech esou e bëssen drun zweiwelen, ob se gudde Wëllens sinn, fir am Konsens un déi nei Energiepolitik erunzegoen. Ech hunn esou d'Impressioun, wéi wa se fäerten se kréichen e bëssen d'Waasser ofgegruewen.

(Interruption)

Si klappen an dësem Kontext - an elo schwätzt just ee vun där anerer Säit, déi dat schonn e puermol gemaach hunn - op d'Industrie, se culpabiliséieren d'Industrie a se vergiesse ganz oft, datt am klenge Beräich, am private Secteur, en héicht Potenzial läit,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Scheuer, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Ech kommen zum Schluss.

…fir ze spueren an datt och grad an deem Secteur en héicht Potenzial läit, fir Aarbechtsplazen ze schafen.

Energie spueren, eng alternativ Energiepolitik, ass e Wee mat villen Etappen. Energiepolitik brauch vill Instrumenter, brauch Reglementer, déi Reglementer hunn eng begrenzt Liewensdauer a se sti ganz bestëmmt zur Dispositioun an e puer Joer, esou wéi dat ugekënnegt ass…

M. le Président.- Allez, Här Scheuer!

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- …an da wäert och méi Geld disponibel sinn, fir déi Politik ze realiséieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mehlen ageschriwwen. Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, och zwou Remarquen am Ufank. Éischtens ass et natierlech illusoresch, fir a fënnef Minutten zu där ganzer Problematik hei eng déifgoend Stellung ze bezéien. An dat zweet ass, dat Positiivt dobäi, datt mer iwwerhaapt haut de Mëtteg dru sinn, datt mer kënnen iwwert déi Problematik hei schwätzen, et hätt ee sech éierlech gesot gewënscht, datt dat méi fréi hätt kënne stattfannen.

D'Mënz gëtt méi knapps an dat ass och den Hannergrond virun deem sech déi Reglementsentwërf hei ofzeechnen. Dofir muss d'Geld méi geziilt agesat ginn, dat ass zwar generell ëmmer richteg, mä dat wäert an Zukunft ëmmer méi zielen. Wat heescht dat konkret?

Mir hunn zwou Contrainten, déi eng, dat ass déi vum Klimaschutz, dat heescht d'Reduzéierung vun eisen Emissioune generell, wou et nëmmen ze maachen ass, laangfristeg wäit iwwert dat eraus, zu wat mir eis am Kyoto-Protokoll engagéiert hunn. An déi aner ass déi vu Kyoto selwer, dat heescht wou mer eis drop konzentréiere mussen, haaptsächlech de Verbrauch vun de fossilen Energieträger - Mazout, Bensin, Kuel a Gas - zréckzefëieren.

Mir soen als Richtlinn, datt een d'Prioritéit virun allem do soll setzen, wou d'Effizienz tëscht dem Investissement, tëscht dem Geld, wat een asetzt, an der Reduktioun, déi kann erreecht ginn, am Gréissten ass.

Wann een - a leider ass eis dofir net Zäit genuch do - kuckt, wou eise Verbrauch läit, déi 10,5 Milliounen Tonnen CO_2, déi mer erausblosen, da gesäit een, datt de Verkéier, deen hei jo guer net touchéiert ass, 52% ausmécht, d'Industrie an d'Energieproduktioun 34%. Och do gëtt gesot, ass praktesch kee Reduktiounspotenzial méi oder et ass ganz kleng. An da konzentréiere mer eis op dat, wat mer haaptsächlech haut sollen diskutéieren, an dat sinn d'Haushalter an déi kleng Anlagen, dat sinn nëmme 14%.

Dat eleng seet schonn, datt mer musse riseg Effortë maachen, fir do de Maximum erauszehuelen. Do ass d'Isolatioun vun de bestoende Gebaier onbedéngt ee Créneau, dee méi muss gefördert gi wéi an der Vergaangenheet - an dat ass jo och elo virgesinn. Mir bedaueren och, datt dat sech soll op 200 Wunnenge limitéieren.

Mir froen, wou de Stat dann ass, dee jo soll mam gudde Beispill virgoen. Mir hunn eng Donnée gesot kritt, wat kënnt agespuert ginn, wann eleng de Stat emol e seriöen Effort géif maache fir a senge Gebaier ze spueren - dat ass ganz remarquabel. An da muss een awer och konsequent sinn an net nëmmen zu de Leit soen, dir musst elo eppes maachen oder mir ginn iech Suen, wann dir eppes maacht, mä de Stat selwer muss mam gudde Beispill virgoen. Ech erënnere just un d'Concertshal do uewen um Kierchbierg, wou nëmme Glas ronderëm ass, wou eng eenzel Verglasung virgesi war, wat komplett géint d'Wärmeschutzrichtlinn ass a wou een nëmmen de Kapp ka rëselen.

Mir brauche méi contraignant Virschrëfte fir nei Gebaier. Et kann ee sech natierlech - an dat ass déi fundamental Fro - all Kéiers mat dem 1.000 Euro-Billet oder 500 Euro-Billet dohinner stellen a wénken: Hei maacht eppes, da kritt der. Et kann een awer och soen, mir si schonn ee Schratt méi wäit a bei enger ganzer Partie Saachen, zum Beispill bei der Isolatioun vun de Gebaier, dem Wärmetausch an esou weider; da kann een awer d'Virschrëften e bësselchen eropsetzen, zum Beispill och - an dat ass eng Iddi, déi mer net erëmfonnt hunn - all déi Energie, déi verluer geet mam waarme Waasser, wat einfach iwwert den Egout erausgeet, ze récupéréieren.

Deen anere Volet ass dee vun der Produktioun vun erneierbaren Energien. D'Fotovoltaik, 15.000 kW Maximum, Här Minister, do ass näischt méi, bal näischt méi dran. Wann ee gesäit, de Stat eleng 9.000 - an ech zweifelen och e bëssen um gudde Wëllen, fir dat iwwerhaapt wëllen ze maachen -, da kann een ëmmerhin nach soe 15.000, mä et ass awer soss net vill hannendrun. Wéi soll een dann déi 5,7% erneierbare Stroum erreechen, wann d'Waasserkraaft ausgereizt ass a beim Wand sech an Zukunft och net méi schrecklech vill wäert doen. Do gesinn ech awer net, wéi déi Rechnung soll opgoen.

Holz, d'accord, mir brauchen ee Konzept, mir hunn dat jo och virgestallt kritt an dat muss konsequent ausgenotzt ginn. Ech wëll de Schluss vu menger Zäit huele fir de Biogas ze schwätzen, iwwert deen eigentlech kee Wuert drasteet.

Mir mussen d'Potenzial, wat d'Landwirtschaft duerstellt mat hire grousse Flächen, déi de Moment net genotzt ginn, sief et well se broochleien oder, wat gradesou widdersënneg ass, fir Iwwerschossnahrungsproduktioun agesat sinn, konsequent notzen. An et geet net duer, fir sech hannert d'Agrargesetz ze verstoppen, ech mengen, do muss och den Ëmweltminister wierklech mam Agrarminister zesummen - selbstverständlech - alles maachen, fir datt dat risegt Potenzial vun der Biomass, wat do läit, och voll a ganz ka genotzt ginn. Ech schléissen do och d'organesch Offäll mat an, déi 40 bis 45% vum ganzen Offall ausmaachen, déi de Moment gréisstendeels entweder einfach op den Tipp ginn oder an de Kompostanlage verpuffen, wat dann och näischt bréngt.

(Interruption)

Här President, ech muss zum Schluss komme gesinn ech. Et ass hei e gudden Usaz an ech widderhuelen dat, wat déi aner och gesot hunn, mä mir mussen nach vill doriwwer diskutéieren, fir datt mer et optiméiert kréien. Mir hoffen och, datt de Stat bereet ass, wa mer schonn e Fliger kafen, dee fënnef Milliarde kascht, deen net gebraucht gëtt, och méi an Zukunft an dëse Créneau ze investéieren.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Ëmweltminister Lucien Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och an där kuerzer Zäit, déi mer de Mëtten hunn, op e puer vun de Suggestiounen agoen, an der grénger Fraktioun an och de Virriedner Merci soe fir d'Geleeënheet dat vläicht hei eng Kéier méi am Groussen ze diskutéieren a sech dann eng Kéier Zäit ze huelen an der Kommissioun e bësse méi an den Detail ze goen.

Ech mengen, dass och jiddereen hei positiv un d'Saach erugaangen ass, mat Ausnahm vläicht - an dat hat ech mer net virgestallt - vum Här Calmes, deen e bësse polemesch un d'Fro erugaangen ass, an ech wëll mat deem Punkt vum Dialog ufänken.

Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint mat villen iwwert déi Fro hei, iwwert d'Ausgestaltung vun deene Reglementer, diskutéiert. A wat mech ëmmer wonnert, dat ass, dass d'Regierung eng Propositioun mécht an een dann d'Gefill huet, wéi wann domadder d'Diskussioun eriwwer wär. Fir mech ass d'Diskussioun mat dem Virleeë vun deene Reglementer hei nach guer net eriwwer, am Géigendeel, se kënnt an eng zweet Phas vun Diskussioun eran. D'Chambres professionnelles ginn opgeruff hir Avisën ze maachen an de Conseil d'État gëtt ogeruff fir Avisen ze maachen.

Wann d'Diskussioun schonn eriwwer wär, da froen ech mech, wat fir een Notzen dass dat Ganzt, déi ganz Aarbecht géif hunn, wann net d'Regierung an den Ëmweltminister hei méi speziell fir déi do Reglementer bereet wären, sech déi Avisën all unzekucken an och op all déi gutt Suggestiounen, déi do komme wäerten, anzegoen.

Op meng Initiativ hin, hunn ech de Méinden de Mëtten - schonn zwee Deeg nom Dépôt vun de Reglementer - mam Mouvement écologique a mam Handwierk iwwert déi Reglementer hei diskutéiert. Et koumen zum Deel déiselwecht Suggestioune wéi se de Mëtte komm sinn. Mir hunn ofgemaach, fir eis an engem gemeinsamen Aarbechtsgrupp zesummenzesetzen, fir virun allem d'Technicitéit an d'Praktikabilitéit vun eenzelne Saache genee duerchzekucken. Mir sinn an der Regierung absolut op, fir dann och op déi Saachen an der definitiver Fassung vun de Reglementer anzegoen.

Ech muss och soen, dass heizou jo vill aner Saache gehéieren. Niewent de Reglementer hu mer an der Chamberskommissioun och matgedeelt, datt déi Direktiv iwwert d'Energieeffizienz, déi virun allem fir déi öffentlech Bauten enorm wichteg ass, fir den 1. Januar 2006

géing virleien. Do huet de Wirtschaftsminister ugekënnegt, dass eng nei Wärmeschutzveruerdnung fir den 1. Januar 2006 géing virleien. Ech mengen, alles dat geet an dat d'Ganzt eran.

Wann den Här Calmes gesot huet, firwat hei net méi och op bilateraler Basis am Rahme vum Kyoto-Protokoll geschafft ginn ass, esou ass dat net d'Aufgab vun dëse Reglementer, mä ass dat d'Aufgab vun deem extrae Kyoto-Fong, dee mer agesat hunn. Och do kann ech de Mëtteg hei soen, dass ebe just fir eng besser Energieeffizienz mer haut scho Kontakter mat anere Länner geholl hunn, zum Beispill mat Rumänien, fir do am Rahme vu bilaterale Projeten an der Reduzéierung vun den CO_2-Emissiounen, mat deene Länner eppes ze maachen, fir finanziell ze hëllefen iwwert de Wee vu Projeten d'Energieeffizienz ze förderen. Ech mengen, dat ass eng Politik, déi net am Rahme vun dëse Reglementer gemaach gëtt, mä déi gehéiert zu deem ganze Konzept, wat mer brauchen, fir virunzekommen.

Et sinn a sech dräi Saachen, op déi ech de Mëtteg nach eng Kéier wëll agoen. Dat Eent ass dat Grondsätzlecht. Ech mengen heibannen nach eng Kéier héieren ze hunn, dass mer an der grondsätzlecher Fro eis eens sinn. Mir wëlle mat dëse Reglementer a mat där ganzer Politik déi zwou Zilsetzungen, déi mer eis gesat hunn, - 5,7% erneierbar Energië vun eiser gesamter Stroumconsommatioun, an op där anerer Säit minus 28% CO_2-Emissiounen - erreechen. Et ass dat dat fest an décidéiert Zil vun dëser Regierung, fir dat fäerdeg ze bréngen, iwwer all déi Instrumenter, déi mer do zur Verfügung hunn.

Dat maache mer net einfach nëmmen aus Spaass un der Saach, mä dat maache mer, well et richteg ass, endlech der Verschmotzung vun der Atmosphär eng Sanktioun ze ginn, a well et richteg ass dofir ze suergen, dass een déi energetesch Fro an déi energetesch Versuergung als eng vun den zentrale Froe vum 21. Jorhonnert ugesäit.

Et ass dofir noutwendeg, dorauser net nëmmen eng Veranstaltung vu Regierung a vu Reglementer ze maachen, mä eng Veranstaltung vu Mentalitéitswiessel, deen noutwendeg ass bei jiddferengem Eenzelnen an der Eegeresponsabilitéit an noutwendeg ass an der kollektiver Responsabilitéit, déi mir hei hunn als Regierung an Dir als Chamber, fir déi néideg Kaderreglementer ze schafe fir där Politik do Been ze maachen an op deem Niveau weiderzekommen.

Ech mengen, an där grondsätzlecher Fro si mer eis also eens, an ech mengen et war och richteg - a vläicht da falsch 2000 an 2001 - dee Regime hei ze begleede mat enger seriöer Studie iwwert d'Potenzialer hei zu Lëtzebuerg. Mir mussen eng Kéier ee fir allemol eis Zäit huele fir genee ze analyséieren, wat vun deem gesamten Energiemix vu Wand, vu Sonn, vu Biomass a vun Holz hei zu Lëtzebuerg dat Instrument ass, wat ekonomesch, budgetär, finanziell fir d'Leit iwwert de Stroumpräis, a vu senger Effizienz hier, dat beschtent Instrument ass.

Déi Energiepotenzial-Studie maache mer dëst Joer, geneesou wéi déi vum Professer Ewringmann iwwert d'Minderungsstrategie am Rahme vum Kyoto-Protokoll. Dofir hu mer op dräi Joer axéiert, well mer gesot hunn, unhand vun deenen Etüde soll et zu enger Weiderféierung, déi da mëttel- a laangfristeg ka goen, no dem 1. Januar 2008 kommen, woubäi ech mer jo d'Wuert ginn hunn - dat wëll ech och hei nach eng Kéier maachen -, dass et net méi däerf zu engem Lach kommen, wéi et elo den 1. Januar de Fall war.

Deen, deem dat am meeschten op d'Strëmp gaangen ass, dat war ech selwer, mä ech mengen all déi Virbereedungen, déi mer ze maachen haten, déi Berechnungen, besonnesch dat, wat d'Ëmwandele vum Stroumpräis ubelaangt, waren Operatiounen, déi net esou evident waren, well eis oft Zuele gefeelt hu fir dat schnell ze maachen. Ech mengen awer, dass mer elo eppes virleien hunn, wat mer jo retroaktiv op den 1. Januar 2005 proposéiert hunn. Dofir hoffen ech och, dass mer en fait dobaussen dat Lach, dee Gap net a Wierklechkeet kréien.

Déi zweet Fro, op déi ech wëll agoen, ass déi vun den Tauxen. Ech mengen awer hei musse feststellen, egal wat elo hei gesot ginn ass, dass deen eenzegen Taux, dee mer hei erofsetzen an deene Förderreglementer, deen ass bei der Fotovoltaik. An ech hunn éierlech d'Gefill mat ville Leit geschwat ze hunn an deene leschte Wochen a Méint, an dass dat bei der Fotovoltaik awer de facto Konsens ass. Esouguer ONGen, mat deenen ech diskutéiert hunn, waren där Meenung!

Ech erënnere mech un den Expert, deen Eurosolar aus Däitschland - ech mengen en huet Professer Lehman geheescht - heihinner bruecht huet a mat deem mir diskutéiert hunn. Deen huet am Prinzip gesot: Loosst souguer déi 15%, déi der elo nach gitt, fir d'Anlagen ze finanzéieren, loosst déi nach ewech, maacht just eppes orientéiert op d'Produktioun - esou wéi virdrun den Här Kox nach eng Kéier richteg gesot huet - maacht just dat doten, an dann hutt Der e Regime wéi dee vum Här Trittin an Däitschland, mat deem senge kann een e vergläichen, an deem säi Förderregime fir erneierbar Energien ass dee beschten Deel vu Politik, deen e gemaach huet. Dofir gëtt en esouguer vun den ONGe gelueft.

Mä ech muss soen, wat d'Tauxen ubelaangt, leie mer do par rapport zu der Bundesrepublik absolut gutt. An eenzelne Saache leie mer driwwer. Déi Iddi vum degressiven Taux ass eng Iddi, déi een nach eng Kéier soll iwwerleeën. En degressiven Taux ze maachen, dat schéngt mer definitiv net domm ze sinn, et sollt een sech wierklech nach eng Kéier iwwerleeën, ob een net an déi Richtung sollt goen.

Mä ech mengen, dann hu mer och mat deem, wat mer hei virgeluecht hunn, eng Reglementéierung, déi sech parfaitement ka weisen am Vergläich zu deene Länner, déi dobaussen awer als Virreider an als Speerspëtzt vun der Förderung vun erneierbaren Energien duergestallt ginn.

Ech mengen, dass et och wichteg ass, dach awer ze soen, dass mer fir d'éischte Kéier och hei elo am Beräich vun der Albausanéierung en neit Instrument schafen, net nëmmen also fir nei Haiser, bei Niddregenergiehaiser oder bei Passivhaiser, mä och bei bestoenden Haiser eng Méiglechkeet elo vu Subventionéierung opmaachen. Dat schéngt mer eng Ouverture ze sinn, déi wichteg ass.

Natierlech kann een dann ëmmer iwwer Tauxen diskutéieren. Et gouf ONGen, déi hunn eis gesot, si hätte gären 1.800 Euro pro gespuerten Tonn CO_2 als Förderung. Mir hunn elo 1.500 proposéiert. Bon, ech mengen, do kann een ëmmer diskutéieren. Et kann een da soen, mir hätte gären 2.000 Euro. Mir hu virdru gemengt, dass 1.500 Euro erëm eng Kéier am Vergläich, wa mer dat ronderëm kucken, eng verstänneg Marge ass, fir ze proposéieren.

Mir hunn all déi Tauxë bei Passiv- a bei Niddregenergiehaiser dach awer substanziell an d'Luucht gesat. Mir hunn déi bei den thermesche Kollekteren eropgesat, well dat vu jiddferengem virdrun - och a Schréftstécker, déi mer hunn, vun den ONGen, vum Handwierk an anere - gesot ginn ass: Maacht méi eppes a Richtung vun deem, wat eis bei der Wäermt och eppes um Niveau vun eiser CO_2-Bilanz bréngt. Dat hu mer och an d'Luucht gesat, an uerdentlech an d'Luucht gesat.

Ech mengen, dat Eenzegt, wat mer ofgebremst hunn, ass also dat bei der Fotovoltaik. Ech mengen, mir hunn och enger anerer Fuerderung vun den ONGen an och oft enger vun hei am Haus noginn, fir déi Ëmwandlung méi hin op de Stroumpräis, fir doduerch sech net ofhängeg ze maache vu budgetäre Contrainten, déi komme kënnen. Ech mengen, et ass richteg vun der Saach hier, an ech mengen, et ass och richteg vu senger Onofhängegkeet hier, déi et da ka kréien, par rapport zu där Politik, déi mer hei wëllen erreechen.

Ech denken och, dass een nach eng Kéier muss iwwert d'Holzhackschnëtzelanlage kucken. Bei eis ass dat entstanen aus der Iwwerleeung eraus, dass mer gemengt hunn, et wär noutwendeg fir eis Reglementer just op Particulieren auszeriichten. Lo mécht net een eenzelne Particulier eng Holzhackschnëtzelanlag. Meeschtens gi se zesumme gemaach. Ech soen hei, dass mer positiv op sinn, fir dat do nach eng Kéier ze kucken.

Gradesou wéi ech mengen, wann een d'Reglementer genee liest, et net onbedéngt richteg ass, ze soen, dass och Particulieren net kënnen eenzel Groussflächen zesummen notzen. Mir mengen, dass dat parfaitement esou geet wéi bei eenzelnen Entreprisen. Et war eng, déi de Präis kritt huet, beim Handwierk - d'Firma Sales, fir se net ze nennen -, déi déi Méiglechkeet vu senge Salariéë genotzt huet. Déi Méiglechkeet ass an eisen Aen an de Reglementer weiderhi méiglech. Op jidde Fall ass et eng, déi richteg ass, well effektiv d'Groussflächen engem méi Energieeffizienz ginn. Et ass jo dat, wat mer wëllen erreechen.

Den éischte Punkt ass also dat Grondsätzlecht, den zweete Punkt sinn d'Tauxen, iwwert déi een, mengen ech, net vill Kritik kënnt üben, bei deem, wat mer hei virgeluecht hunn.

Den drëtte Punkt ass deen, an do sinn ech méi skeptesch, ob mer heiansdo iwwert d'Zil erausgeschoss hunn, dat ass d'Praktikabilitéit. Ech mengen, dass een nach eng Kéier mam Handwierk an och mat den ONGe genee soll kucken. Dat hu mer de Méindeg de Mëtteg de vive voix gemaach, a mir maachen et elo och op Propositioun vun den Texter, ze kucken, ob eenzel Saachen an deem, wat mer u Kontrollen aféieren an u Resultat gären hätten, ze vill bürokratesch sinn, esou dass een do dat nach eng Kéier op de Métier hëlt.

Dat ass déi Gratwanderung, an deem een dran ass: Mir kënnen d'Leit jo net einfach esou gewäerde loossen, an d'Suen nëmmen ausbezuelen an net och effektiv kucken, dass mer Resultater hunn. Ech mengen, dass Förderung an op där anerer Säit en energetescht Resultat ze hunn a sou virun, zesummegehéiert. Mä ech mengen, mir sollten och net iwwert d'Zil erausschéissen a mir sollte Vertraue genuch hunn an d'Décideuren, och an d'Entreprisen an an d'Handwierk, fir dat heiten no deenen Normen ze maache wéi et richteg ass.

Dofir wäerte mer eis der Operatioun an der Technicitéit nach eng Kéier stellen, fir sécherzestellen, dass mer net elo uerdentlech Tauxen dohinner leeën a sou virun, mä dass kee méi dru kënnt, well mer d'Konditiounen hannendrun ze vill bürokratesch gemaach hunn. Dat soll een also nokucken.

Gleeft mer, déi, déi hei gemengt hunn, wéi de Kolleeg Calmes, dass dat heiten eng Operatioun wär, wou innerhalb vun der Regierung déi eng just un d'Sue geduecht hunn an déi aner just un d'Tauxë geduecht hunn, dass dat wierklech eng Chimère ass. Vun esou Diskussioune kënnt een nuets dreemen. Ech muss soen, dass de Budgetsminister an där Fro hei sécherlech matgeschafft huet. Ech fannen dat absolut legitim, dass een och kuckt, wat d'Politike kaschten a wéi se sech areien an dat Ganzt, mä et ass esou, dass et e grousse Konsens gouf fir ee Regime ze maachen, deen eis an d'Lag versetzt fir an deenen nächste Joren zu eisen Ziler ze kommen, déi ech am Ufank, an och aner Riedner, nach eng Kéier gesot hunn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Datselwecht géllt och fir d'Diskussioun iwwert déi 200 Haiser bei der Albausanéierung an déi 500 Passiv- an Niddregenergiehaiser. Et muss ee wëssen, dass mer bei deenen zwee leschten an deene leschte véier Joer 61 Projeten haten, Niddregenergie- a Passivhaiser. Elo ginn natierlech d'Aiden an d'Luucht. Elo géif ech mengen, dass 500 an dräi Joer trotzdeem nach eng Zuel ass. Ech wär ganz frou wa mer déi géifen erreechen, an ech mengen, dass d'Regierung, wann do wierklech e Créneau géif entstoen, deen och op där anerer Säit géing Aarbechtsplazen am Handwierk schafen, dann och bereet ass nach eng Kéier virun dem Zil sech ze iwwerleeën, fir weider ze kommen. Mä 500 Projeten an dräi Joer, wéi gesot, ech géing se gären hunn.

Och um Niveau vun der Albausanéierung, wat jo awer e finanziellen Effort vu jidderengem Eenzelne verlaangt, fir dat mat engem Resultat ze maachen, well mir soe jo net nëmmen, et geet duer wann s de deng Fassad energetesch frësch méchs. Mir soen, mir hätte gären en Zil, e Resultat, en energetescht Resultat, géif ech och mengen, dass wa mer déi 200 Projeten esou schnell kréien, a mir hunn dem Handwierk och iwwert dee Wee Aarbechtsplaze ginn, dann d'Regierung och bereet ass nach eng Kéier doriwwer nozedenken, a sech eranzegoen. Ech mengen awer, dass dat Zilsetzunge sinn, déi och en nombre et misste fäerdeg bréngen, dass mer déi Resultater erreechen, dass déi Reglementer hei dozou féieren, dass et wierklech weidergeet.

Ech wëll eng lescht Bemierkung maachen an där Minutt, déi nach bleift, dat ass déi vun deenen eenzelne Ministèren. Mir hunn eis dofir ausgeschwat, fir e Comité de pilotage effektiv ze maachen um Niveau vun den erneierbaren Energien. Et ass effektiv richteg ass, dass dat hei eng Veranstaltung ass vum Budgetsministère, Wirtschaftsministère, Ëmweltministère an dem Intérieur, fir d'Diskussioun vu ville gudde Projeten, déi an de Gemengen um Niveau vun Energieeffizienz, Energieberodung an esou viru gemaach kënne ginn, weider ze kréien.

Heizou gehéiert ouni Zweiwel och d'Agriculture, déi iwwert de Fonds agraire jo déi 55 respektiv 60% bei de Biogasanlage bäileet. Heibäi gehéieren och d'Bâtiments publics, well déi éischt, déi wäerte jiipsen ënnert där neier Direktiv vun der Energieeffizienz, wa mer déi a Kraaft setzen, dat ass de Papa Stat an d'Mama Stat selwer, déi dann dofir ze suergen hunn, fir bei den öffentleche Bauten och déi Energieeffizienz ze erreechen. Dat sinn déi éischt, déi sech mussen ëmstellen an de Käpp, fir zu deene Resultater ze kommen.

Well, fir déi Zuel nach eng Kéier hei ze soen, déi den Här Mehlen wollt an Erënnerung ruffen, wann d'öffentlech Hand am Moment 3,3 Millioune m^2 öffentlech bebaute Flächen hei zu Lëtzebuerg huet, da kascht dat eis 66 Millioune Liter Mazout, a wa mer nëmmen iwwert déi Direktiven eng energetesch Erofsetzung vu 15% hunn, da sinn dat 30.000 Tonnen CO_2-Emissiounen, déi mer kënne spueren. Ech hoffen, dass Der se elo opgeschriwwen hutt fir d'nächste Kéier.

Eleng dat weist, dass do e Potenzial ass aus deem mer eppes eraus kënnen huelen. Wann déi Veranstaltung vun alle Ministèren esou gesi gëtt, dann ass et mer net baang, dass mer déi Zilsetzungen erreechen, déi dofir do sinn, haaptsächlech fir dofir ze suergen, dass déi Atmosphär an déi Loft, déi mer haut hunn, och fir eis Kanner an déi zukünfteg Generatiounen nach esou gutt ass, wéi mer se haut hunn.

Merci.

M. le Président.- Dee Punkt ass domadder ofgeschloss. Mir kommen zur gemeinsamer Diskussioun vun de Projets de loi 5308, 5326 an 5341, Konventiounen am soziale Beräich mat Serbien-Montenegro, Schweden a mat der Türkei. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech ageschriwwen den Här Bettendorf.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen dräi Projets de loi, den honorablen Här Romain Schneider.

3. 5308 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Communauté d'État Serbie et Monténégro en matière de sécurité sociale, signée à Belgrade, le 27 octobre 2003

5326 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Suède sur la sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 1er décembre 2003

5341 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Turquie en matière de sécurité sociale

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës dräi Gesetzesprojeten: 5308, 5326 an 5341, si Konventiounen, déi Lëtzebuerg gemaach huet am Beräich vun der Sécurité sociale. Et si Konventioune mat Serbien-Montenegro a Schweden. Dat sinn eigentlech zwou Konventiounen, déi bestehend Konventioune verbesseren, mä esou ass d'Konventioun mat der Türkei eng éischt Konventioun an dëser Matière.

D'Konventioun mat Serbien-Montenegro ersetzt a moderniséiert an adaptéiert déi, déi mer mat der République fédérale vu Jugoslawien haten, eng Konventioun vun 1954. Dës Konventioun gouf de 27. Oktober 2003 zu Belgrad ënnerschriwwen. Déi mat Schweden, déi den 1. Dezember 2003 zu Bréissel ënnerschriwwe gouf, ersetzt déi Konventioun, déi bestoung virum Antrëtt vu Schweden an d'EU, also den 1.1.1995, an et war eng Konventioun vun 1985. A wéi gesot, déi mat der Türkei, déi zu Lëtzebuerg den 20. November 2003 ënnerschriwwe gouf, ass déi éischt an dëser Matière.

All Konventioune baséieren natierlech um communautäre Reglement, dem 1408/71, wat d'Rechter vun Immigranten am Beräich vun der Sécurité sociale definéiert. Dëst Reglement fixéiert als Grondbasis dräi grouss Prinzipien:

1. d'Égalité de traitement,

2. d'Exportatioun vun de Prestatiounen an

3. d'Totalisatioun vun deenen eenzelne Perioden.

Wat déi eenzel Konventiounen ubelaangt, esou erspueren ech lech e laangt an technescht Duerchféieren duerch déi eenzel Artikelen. Dësen Exercice hu mer minutiös an der Kommissioun gemaach. Ech soen der Kommissioun och dofir Merci, fir déi konstruktiv Mataarbecht an dëse Sëtzungen. Déi dräi Konventioune goufen unanime vun der Santé- a Sécurité-sociale-Kommissioun approuvéiert an och de Statsrot hat kee Problem säin Aval ze ginn.

Erlaabt mer dofir lech kuerz ze informéieren iwwert déi Haaptpunkten, déi an de Konventiounen erëmzefanne sinn. Dës Konventioune garantéieren am Beräich vun der sozialer Sécherheet deene Leit bestëmmte Rechter, déi sukzessiv oder alternativ der Législatioun vun deenen ënnerzeechnende Länner ënnerstallt waren. Si beinhalte geregelt Rechter a Prinzipien an de Beräicher vun der Assurance maladie-maternité, Assurance accidents du travail et maladies professionnelles, Alters- an Invalidepensioun, esou wéi Hannerbliwwenepensioun, awer och Chômage a Familljeprestatiounen. Ausgeschloss dovu sinn Assistance sociale a Prestatioune fir Krichsaffer.

An dem Rapport fannt Der an deenen eenzelnen Artikelen d'Detailer an d'Explikatiounen zu dësen dräi Ofkommessen.

Ofschléissend soen ech lech Merci fir Äert Nolauschteren an ech géif am Numm vun eiser Fraktioun gréng Luucht ginn, fir déi dräi Projeten hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Voilà, et ass kee Riedner ageschriwwen zu dëse Projeten, dofir si mer um Enn vun der Debatt. Wëllt d'Regierung nach eppes bäifügen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, no deem exzellente Rapport vum Här Schneider, freeën ech mech just driwwer, dass mer déi dräi Konventiounen hei an esou enger grousser Unanimitéit kënnen iwwert d'Bühn bréngen. Ech wëll lech just ukënnegen, dass mer viru ganz kuerzer Zäit ähnlech Konventioune mat Rumänien a Bulgarien ënnerschriwwen hunn an dass mer deemnächst och déi Konventioune kënne ratifizéieren, an dass eng ähnlech Konventioun geschwë wäert signéiert gi mat Marokko.

Ech soen lech Merci fir déi gutt Aarbecht, och an der Kommissioun, a méi ass dozou net ze soen.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5308.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5308 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5326.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5326 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5341.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5341 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Projet, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5393, een EU-Ofkommes iwwer Persounen, déi a Krichsgebidder operéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Goerens an den Här Fayot. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert!

4. 5393 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne concernant les demandes d'indemnités présentées par un État membre à l'encontre d'un autre État membre en cas de dommages causés aux biens lui appartenant, qu'il utilise ou qu'il exploite, ou de blessure ou de décès d'un membre du personnel militaire ou civil de ses services dans le cadre d'une opération de gestion de crises menée par l'Union européenne, fait à Bruxelles, le 28 avril 2004

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5393 gesäit d'Approbatioun vun engem Accord vir, deen déi europäesch State geholl hunn am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. Dir wësst, datt sech déi europäesch gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungspolitik an deene leschte Jore gewalteg entwéckelt huet.

Säit den Accordë vu Petersberg huet d'Europäesch Unioun sech am Kader vun der Sécherheets- a Verdeedegungspolitik dräi Missiounen operluecht: Éischtens, d'Gestioun vu militäresche Krisen an Europa, zweetens, d'Gestioun vun zivile Krisen an Europa, an dréttens, d'Preventioun vun deene Krisen. Fir dës Missioune meeschteren ze kënnen, muss d'EU engersäits iwwer autonom Aktiounscapacitéite verfügen, an anerersäits mussen déi dernieft vun enger zouverlässeger Arméi ënnerstëtzt kënne ginn.

m Europäesche Conseil vun Helsinki haten déi europäesch Stats- a Regierungschefen sech als Objektiv fixéiert, datt bis d'Joer 2003 déi europäesch State capabel misste sinn, bannent 60 Deeg eng Arméi bis zu 60.000 Mann bereetstellen ze kënnen. Haut ass d'EU an der Lag, d'Missiounen am Beräich vum Krisemanagement am Kader vun hirer gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ze meeschteren.

Dës Missioune sinn awer net ouni Risiko. D'Material, wat zum Asaz kënnt, kann derbäi beschiedegt ginn, Persoune kënnen zu Schued kommen, si kënne verletzt ginn oder souguer an de Missioune leie bleiwen. Hei stellt sech d'Fro vun der Responsabilitéit a vun der Entschiedegung.

Fir datt déi Missiounen awer esou ausgeféiert kënne ginn, ouni datt permanent ee Land dat anert op Schuedenersatz muss usichen, hunn déi europäesch Staten eng Konventioun ausgeschafft, an där se esou wäit wéi méiglech op Entschiedegungsanträg verzichten, wann et sech ëm Schied, also Accidenter handelt, déi tëschent Persounen oder Material aus Memberstaten am Kader vun dëse Missioune kënne geschéien an déi an engem Drëttland oder um Mier erlidde ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

De Prinzip vun der Konventioun ass dee vun der Renonciatioun vun esou Entschiedegungsanträg, et sief et kéint een eng grave Noléissegkeet oder en absichtleche Feeler noweisen.

Den Artikel 1 vun der Konventioun bestëmmt d'Persounen, déi duerch den Accord betraff sinn.

Den Artikel 2 definéiert de Kader an deem den Accord zoutrëfft, dat heescht d'Virbereedung an d'Ausféierung vun de Missiounen. Si mussen och ausserhalb vum Territoire vun der Europäescher Unioun stattfannen.

Den Artikel 3 hält de Prinzip vun der Renonciatioun op eng Demande op Schuedenersatz fest, mat Ausnahm, wéi schonns ernimmt, wann et sech ëm eng grave Négligence oder eng „faute intentionnelle" handelt.

Den Artikel 4 definéiert déi Fäll an deenen d'Renonciatioun spillt.

Den Artikel 5 schreift vir, datt an anere Fäll wéi déi, déi am Artikel 4 bestëmmt sinn, et zu Schuedenersatz ka kommen, datt dann d'Responsabilitéit vun dem Stat an de Betrag vum Schued duerch Négociatioun tëschent deenen zwee Länner bestëmmt gëtt. Wann de Schued méi niddereg ass wéi 10.000 Euro, verzicht de Stat op Schuedenersatz.

Den Artikel 6 reservéiert awer Drëttpersounen, déi am Kader vun engem Contrat de location oder soss engem Kontrakt engem Land fir déi Missiounen e Gefier zur Verfügung gestallt hätten...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Entschëllegt emol, ech wëll eppes soen. Et ass fir e Rapporteur relativ schwéier, wann d'Geräich vun den Handyen, d'Geraschels vun den Zeitungen an d'Gespréicher heibanne bal méi haart si wéi dat, wat de Rapporteur op der Tribün seet. Duerfir géif ech ëm e bëssen Disziplin bieden!

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Ech schwätzen awer ganz haart, Här President, esou datt ech mengen, datt jiddfereen et misst héieren. Mä ech soen lech awer Merci.

M. le Président.- Et gehéiert sech awer net!

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Voilà. Den Artikel 6 reservéiert also Drëttpersounen, déi iwwer e Contrat de location engem Land e Gefier zur Verfügung gestallt hunn, wann un dat Gefier géing iergendwéi e Schued kommen, datt déi awer d'Recht op eng Demande op Schuedenersatz hätten.

Den Artikel 7 gesäit vir, datt am Fall vun Differenzen tëschent zwee Länner den Arbitrage spillt. Den Accord gesäit keng Dispositioun vir am Fall vun enger Demande op Schuedenersatz, déi vun engem Drëttland, an deem zum Beispill d'Missiounen ausgeféiert ginn, gestallt géing ginn. D'Considérantë vun der Konventioun weisen op spezifesch Accorden hin, déi mat deene Länner missten ofgeschloss ginn.

Den Article unique vum Projet gesäit d'Approbatioun vun der Konventioun duerch de Lëtzebuerger Législateur vir.

De Statsrot mécht a sengem Avis e puer Bemierkungen zur Konventioun selwer. Hien huet awer keng Bemierkungen zum Projet gemaach. D'Kommissioun huet de Projet an d'Konventioun diskutéiert a si proposéiert dem Parlament fir dee Projet hei ze stëmmen. Ech bréngen och domat den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Den Här Goerens.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, no deem exzellente Rapport vum Här Haupert bleift mer näischt derbäizefügen. Mir si selbstverständlech och mat deem Projet d'accord.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Huet d'Regierung eppes bäizefügen? Den Här delegéierten Ausseminister, den Här Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- Här President, ech mengen de Rapport war esou exhaustiv an esou prezis, datt d'Regierung nëmme kann dem Rapporteur félicitéieren, sech och total domat averstane fillen a Merci soe fir d'Approbatioun.

M. le Président.- Merci der Regierung fir hir konzis Stellungnahm.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5393.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider et Roland Schreiner (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5417 iwwert d'Privilegien an d'Immunitéite bei ATHENA. D'Riedezäit ass och nom Basismodell festgeluecht. Et ass bis elo ageschriwwen: den Här Goerens. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot!

5. 5417 - Projet de loi portant approbation de la Décision des Représentants des Gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil du 28 avril 2004 concernant les privilèges et immunités accordés à ATHENA

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Ben Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun, Artikel 28, deen augenblécklech a Kraaft ass, sinn Ausgabe fir militäresch Operatiounen am Kader vun de Petersberg-Missiounen zu Laaschte vun den eenzelne Länner vun der Europäescher Unioun an net vum Budget vun der Europäescher Unioun, nëmmen déi administrativ Ausgabe fir esou Missioune ginn iwwert de Budget vun der Europäescher Unioun finanzéiert.

Den 23. Februar 2004 ass dofir ATHENA geschafe ginn. ATHENA ass en Instrument fir de Finanzement vun esou militäreschen Operatioune virzehuelen.

Den 28. Abrëll 2004 hunn d'Regierungsvertrieder eng Décisioun geholl, fir dësem Instrument ATHENA gewësse Privilegien an Immunitéiten zouzegestoen. Dëst, fir dass dat Instrument besser fonctionnéiere kann. An et ass dës lescht Décisioun, déi dës Chamber mat dësem Projet muss guttheeschen.

Ech wëll trotzdeem am Kader vun dësem ganz kuerze Rapport drop hiweisen, wéi schwéierfälleg esou eng intergouvernemental Prozedur ass. Si bedéngt, wéi bei all internationale Verträg a Konventiounen, laangwiereg Ratifikatiounen an all Memberland.

Si ass awer néideg, well besonnesch déi gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungspolitik Eestëmmegkeet verlaangt an trotz hirem Numm eigentlech keng gemeinsam, mä eng intergouvernemental Politik ass.

Mat dësem Projet - nach eng Kéier, fir dass dat ganz kloer ass - si mer am Kader vum bestoende Vertrag, deen aus dem Joer 1992, respektiv 1997 staamt, also aus enger Zäit wou de Wëllen, eng europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik opzebauen, nach guer net esou evident war. Säitdeem gouf et den Ustouss fir dës Politik vu Saint-Malo zwëschent Frankräich a Groussbritannien an insgesamt och de Wëlle vun der Europäescher Unioun, hir Roll fir Stabilitéit un de Grenzen am Kampf och géint den Terrorismus ze spillen.

Wann een déi nei Verfassung, déi mer jo elo amgaange sinn heibannen ze diskutéieren, kuckt, da gesäit een, dass do gewëssen Avancéeën am Hibléck op déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik drastinn.

Et steet emol fir d'éischt eng extra Sektioun 2 am Kapitel II iwwert d'Aussen- an d'Sécherheetspolitik dran; dat ass an deem bestoende Vertrag net de Fall. Déi sou genannte Petersberg-Missioune ginn och ausgeweit, niewent deene Missiounen, wéi humanitär Missiounen, friddenserhalend Missiounen, Evakuatiounsmissiounen, komme gemeinsam Missioune fir Entwaffnung, fir militäresch Berodung, Krisepreventioun, Stabilisatioun och no Konflikter an deene Länner, déi dorënner gelidden hunn. Aner Neierunge betreffen zum Beispill d'Schafung vun enger Agence fir d'Entwécklung vu Verdeedegungscapacitéiten an och eng besonnesch Zesummenaarbecht um militäresche Plang an och eng Neierung um finanzielle Plang.

Et bleift awer dat bestoen, wat elo am Vertrag ass, nämlech dass militäresch Operatiounen och nëmmen duerch d'Länner bedriwwe ginn. Dozou kënnt allerdéngs d'Méiglechkeet vun der Schafung vun engem Fong no Konsultatioun vum europäesche Parlament, fir eben e schnellen Accès zu europäesche Suen ze kréien, wa wierklech eng grouss Urgence do ass.

Mä fir den Ableck, Här President, si mer nach net esou wäit. Mir sinn hei also an enger relativ preziser Décisioun, déi mer unzehuelen hunn iwwert d'Schafung vu Privilegien an Immunitéite fir de Finanzéierungsmechanismus ATHENA. Dat gesot, als Rapporteur, wëll ech och am Numm vun der LSAP ons Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet den honorabelen Här Goerens.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass alles gesot, duerfir brauch ech nëmme just nach den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ze ginn. Ech wollt och dem Här Fayot Merci soe fir säi Rapport, gradewéi och dem Här Haupert, deem ech virdrun nach net Merci gesot hat, deem säin Dank awer och gewëss ass.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. D'Regierung, den Här delegéierten Ausseminister huet d'Wuert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Ech hu wéineg derbäizefügen. Ech deelen natierlech och déi Kritiken, déi expriméiert gi sinn. Ech mengen, dat ass effektiv e schwéierfällege Mechanismus a wéi déi Dispositiounen négociéiert gi waren, war Lëtzebuerg natierlech dofir fir esou wäit wéi méiglech iwwerhaapt generell Dépensen am communautäre Budget virzegesinn. Mä mir wëssen, datt et hei nach ëmmer ëm ganz sensibel Affäre geet, wou d'Länner ëmmer nach gären eng national Kontroll halen. De Präis dovunner ass, datt een eben esou ee Mechanismus muss virgesinn. Trotz allem remerciéieren ech och den Här Fayot fir säi Rapport an ech kann nëmme gutt fannen, datt d'Chamber dëse Projet approuvéiert.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5417.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5392, en Ofkommes iwwert dat militärescht an ziviilt Personal an den EU-Institutiounen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel.

6. 5392 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne relatif au statut du personnel militaire et civil détaché auprès des institutions de l'Union européenne, des quartiers généraux et des forces pouvant être mis à la disposition de l'Union européenne dans le cadre de la préparation et de l'exécution des missions visées à l'article 17, paragraphe 2, du Traité sur l'Union européenne, y compris lors d'exercices, et du personnel militaire et civil des États membres mis à la disposition de l'Union européenne pour agir dans ce cadre (SOFA UE), signé à Bruxelles, le 17 novembre 2003

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5392, deen ech lech hei presentéieren, gouf den 9. November 2004 vun der Regierung déposéiert. Et handelt sech heibäi ëm e Projet mat engem Article unique, deen en Accord zwëschent de Memberstate vun der Europäescher Unioun regelt, deen de 17. November 2003 zu Bréissel vun eiser Regierung ënnerzeechent ginn ass.

Erlaabt mer dofir kuerz den Inhalt vun dësem Accord ze erklären. Dësen Accord ass am Kader vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ze gesinn. Ech menge mir haten déi lescht Woch schonns hei am Haus d'Geleeënheet, wéi den Här Ben Fayot iwwert de Militärfliger geschwat huet, vill iwwert déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ze héieren. Och haut sinn den Här Haupert an och den Här Fayot an hire Rapporte dorobber agaangen.

Och de Verdeedegungsminister Luc Frieden huet eis déi lescht Woch drun erënnert, dass mir an dësem Domän Solidaritéit beweise mussen an och Responsabilitéiten hunn, well mer jo och hei zu Lëtzebuerg vum Fridden, deen et an Europa säit dem Zweete Weltkrich gëtt, profitéieren.

Ech wëll dofir net am Detail op d'Evolutioun vun der europäescher Verdeedegungspolitik agoen, ech wëll awer nëmme just e puer wichteg Punkten ervirsträichen.

D'Verträg vu Maastricht, Amsterdam an dee vun Nice gëllen als Eckdate vun enger gemeinsamer europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. Dës Politik besteet, wéi mer all wëssen, aus dräi Voleten. Den éischte Volet ass d'Gestioun vun zivile Krisen, den zweete Volet ass d'Gestioun vu militäresche Krisen an den drëtten ass d'Preventioun vu Konflikter.

Den Objet vum Accord, deen dëse Projet de loi ëmsetze soll, ass d'Schafe vun engem juristesche Kader fir Militär- an Zivilpersonal, dat vun hire respektiven Heemechtslänner détachéiert gëtt.

Et handelt sech heibäi ëm Détachementer un Institutioune vun der Unioun, u Quartiers généraux, also Haaptquartéieren, an u Sträitkräften, déi der Unioun am Kader vun der Preparatioun an Exekutioun vu Missiounen, wéi den Artikel 17, Paragraph 2 vum europäeschen Uniounsvertrag se virgesäit, zur Verfügung gestallt ginn.

Erlaabt mer, wann am Intitulé vun engem Projet de loi schonn en Artikel zitéiert gëtt aus dem Traité d'Union, da wollt ech dat kuerz zitéieren. Also den Artikel 17 vum Traité sur l'Union européenne, paragraphe 2, deen, wéi gesot, hei am Intitulé steet, seet: «Les questions visées au présent article incluent les missions humanitaires et d'évacuation, les missions de maintien de la paix et les missions de forces de combat pour la gestion des crises, y compris les missions de rétablissement de la paix.»

Dat gesot, wollt ech nach soen, dass dësen Accord iwwert deen et haut geet, aus véier Partië besteet an 19 Artikelen. Ech wollt e puer Artikele ganz kuerz erläuteren. Zum Beispill den Artikel 2 reglementéiert d'Openthaltsgenehmegung an deene respektive Länner vun dem détachéierte Militär- an Zivilpersonal. Den Artikel 4 handelt ëm d'Validitéit vun hire Führerschäiner. Den Artikel 5 definéiert d'Modalitéiten iwwert d'Droe vun den Uniformen. Ganz wichteg sinn awer dergéint d'Artikele 7 an 8, déi de Port d'armes reglementéieren an och eng juristesch Immunitéit garantéieren an der Ausféierung vun hire Missiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss wëll ech nach soen, dass de Statsrot a sengem Avis vum 23. November 2004 säin Accord zu dësem Projet de loi ginn huet, och wann hie sech gewënscht hätt, dass déi jeeweileg national Autoritéit, zoustänneg fir d'Ophiewe vun der Immunitéit, wéi den Artikel 8 Paragraph 2 se virgesäit, besser oder vläicht méi kloer definéiert gi wier.

Ech hunn an der zoustänneger Kommissioun Enn Januar de schréftleche Rapport zu dësem Projet virgeluecht, wou en unanime ugeholl gouf. Dofir bieden ech lech dëse Projet och haut hei unzehuelen an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Erlaabt mer als Ofschloss vläicht nach eng Remarque. Déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik wäert eis an Zukunft hei am Haus nach beschäftegen am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Europäesch Konstitutioun an doriwwer eraus si mer alleguer gefuerdert och dobausse bei de Biergerinnen a Bierger dëst Thema unzeschneiden, wa mer mat hinnen iwwert déi Europäesch Konstitutioun diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Angel. Wëllt een d'Wuert zu deem Projet de loi? Fir d'Regierung huet den Här delegéierten Ausseminister d'Wuert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Ech wëll hei dem Rapporteur Merci soen. Ech mengen, dat hei ass e Stéck an deem ganze Gebai, wat d'europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ubelaangt. Ech deelen och déi lescht Remarque vum Rapporteur, datt et wichteg ass mat de Bierger iwwert déi ganz Problematik vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik notamment am Rahme vun der zukünfteger Konstitutioun ze diskutéieren.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5392.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

(Interruption)

Ech hunn 59 Jo-Stëmmen hei um Tableau stoen. Mir kucken dat no. Den Här Goerens huet par procuration fir wie gestëmmt?

(Interruptions diverses)

Ech weess et net. Et sinn der esou vill heibannen, déi net ofgestëmmt hunn, an ech hunn der awer 59 hei um Tableau stoen.

(Hilarité)

Här Goerens, Dir hutt par procuration fir wie gestëmmt?

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech wollt stëmmen.

(Interruptions)

Ech konnt dat awer net feststellen.

(Hilarité et interruptions)

M. le Président.- Mir kréien elo d'Lëscht vun deenen, déi ofgestëmmt hunn am perséinlechen Numm a par procuration. Mir vérifiéieren dat, an da brénge mer déi noutwendeg Korrekturen un, déi unzebrénge sinn op Grond vun de Reklamatioune vun dem Här Fayot, der Madame Mutsch, dem Här Goerens an all deenen, déi net ofgestëmmt hunn, déi awer hei um Tableau figuréieren als ofgestëmmt ze hunn.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch,

MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5397, enger Konventioun iwwert den Asaz vu verschiddene klassesche Waffen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet nach eng Kéier den honorabelen Här Angel fir de Rapport ze maachen.

7. 5397 - Projet de loi portant approbation

- de l'Amendement à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination, adopté à Genève, le 21 décembre 2001;

- du Protocole relatif aux restes explosifs de guerre à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination (Protocole V), fait à Genève, le 28 novembre 2003

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, hei verloosse mer elo den europäesche Kader a mir beginn eis op déi international Bühn. Et handelt sech och ëm Militär, awer net méi ëm Persounen, mä ëm deen anere Volet, ëm Waffen. Wann een an de Medien an de leschte Méint vill iwwert d'Massevernichtungswaffen héiert a liest, muss een awer net vergiessen, dass déi konventionell oder klassesch Waffen nach ëmmer déi sinn, déi weltwäit am meeschte verspreet sinn an nach ëmmer déi gréisste Gefoer duerstelle fir d'Zivilbevölkerung. Dat als Introductioun.

Ech wollt Iech soen, dass et bei dësem Projet 5397 éischtens ëm d'Approbatioun vun engem Amendement vun der CCW - dat ass Convention on Conventional Weapons - geet. Dës Konventioun iwwert de Verbuet an d'Aschränkung vu klasseschen, oder besser gesot konventionelle Waffen, déi als onmënschlech agestuft ginn, gouf den 10. Abrëll 1981 vu 77 Staten ënnerzeechent. Lëtzebuerg huet se dunn den 21. Mee 1996 ratifizéiert an haut si 94 State Member vun dëser Konventioun.

Dës Konventioun besteet aus engem Kadervertrag a véier respektiv fënnef Protokoller. Beim Amendement vun der Konventioun, deen den 21. Dezember 2001 zu Genève ugeholl ginn ass, geet et drëms de Champ d'application vum Kadervertrag a vun de respektive Protokollen ze erweideren an och net international Konflikter mat anzebezéien. Bis elo huet dës Konventioun sech just op Konflikter zwëschen zwee verschiddene State limitéiert. Dës Erweiderung ass noutwendeg ginn, well zënter dem Enn vum Kale Krich ëmmer méi intern Konflikter a Länner entstane sinn.

Haut ass déi international Agenda dominéiert vu regionalen a lokale militäresche Konflikter. Wann ech e Beispill däerf ginn: 2003 an 2004 ware vun 38 krichsähnleche Konflikter an der Welt nëmmen zwee Kricher zwëschen zwee Länner. All déi aner waren also intern Konflikter.

Och nach zur Informatioun wollt ech soen, dass bis elo 29 Länner, dovun 13 EU-Länner dësen Amendement scho ratifizéiert hunn. Niewent dësem Amendement gesäit deen heitege Projet de loi 5397 och nach d'Adoptioun vun engem Protokoll iwwert déi sou genannten ERW vir, dat sinn „Explosive Remnants of War", op franséisch «restes explosifs de guerre». Et handelt sech heibäi engersäits ëm explosiv Munitioun, mat Ausnahm vun de Minnen, déi net explodéiert sinn, an anerersäits ëm explosiv Munitioun, déi abandonnéiert ginn ass.

Dëse fënnefte Protokoll vun der Konventioun gouf den 28. November 2003 zu Genève adoptéiert. Bei dësem Protokoll geet et net drëms d'Presenz vun de sou genannte Restes explosifs de guerre an engem Krichsgebitt ze verbannen. Den Objektiv vun dësem fënnefte Protokoll ass, d'Zivilbevölkerung géint d'Risike vun esou geféierleche Reschter vun explosive Waffen ze schützen. Dëse Protokoll verflicht nämlech d'Krichsparteie Moossnamen ze treffen, fir déi Risiken anzeschränken.

A sengem Avis vum 4. Januar 2005 rappeléiert de Statsrot drun, dass dës Konventioun dozou bäidréit, dass d'Leide vun der Zivilbevölkerung a Krichsgebitter tant soit peu verklengert gëtt. De Statsrot begréisst d'Amendement fir och Konflikter, déi net international sinn, an dës Konventioun eranzehuelen, an de Statsrot begréisst och d'Adoptioun vun deem fënnefte Protokoll iwwert d'Restes explosifs de guerre.

Als Konklusioun erlaabt mer drun ze erënneren, dass Lëtzebuerg bal allen internationale Konventiounen iwwer Ofrüstung bäigetratt ass. Eist Land huet och all Protokoller vun dëser Konventioun bis elo ratifizéiert an huet innerhalb vun dëser Konventioun ëmmer eng aktiv Roll gespillt.

Ech soen Iech Merci an ech ginn Iech heimadder och nach den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Wëllt eng Fraktioun nach Stellung zum Projet huelen?

(Négation)

Wann d'Regierung deem och näischt bäizeflécken huet, da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5397.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Felix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer méi frëi um Enn vun eiser Sitzung ukomm wéi d'Conférence des Présidents sech dat virgestallt hat. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.00 heures)

JEUDI, 3 MARS 2005 — 25E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
Mme Anne Brasseur, Doyen

Ordre du jour

1. 5348 - Projet de loi portant création

a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé;

b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé

(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

2. 5407 - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5042 - Projet de loi portant approbation de la Charte européenne des langues régionales ou minoritaires, faite à Strasbourg, le 5 novembre 1992

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

4. 5340 - Projet de loi modifiant certaines dispositions de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

(Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Interruptions)

Et schéngt kee Représentant vun der Regierung do ze sinn.

Mir kéimen dann zu der Diskussioun vum Projet de loi 5348 iwwert d'Schafung vun engem Dokumentatiounszentrum iwwert d'Zwangsrekrutéierung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Weiler.

1. 5348 - Projet de loi portant création

a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé;

b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Lucien Weiler *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. An deene leschte Méint huet Europa an huet Lëtzebuerg a villen, a feierlechen an zum Deel ganz bewegenden Zeremonien de 60. Anniversaire vum Enn vum leschte Krich begaang.

Dës Gedenkfeierlechkeete ware fir mech perséinlech, mä ech denken och fir vill vun Iech heibannen a virun allem fir vill vun deene méi jonken Deputéierten, eng Geleeënheet fir als Generatioun - vill vun eis sinn nom Krich gebuer -, déi vum leschte Krich just dat wëssen, wat se a Bicher gelies hunn, respektiv vun hiren Elteren oder Grousseltere gezielt kritt hunn, Momenter vu Besënnung, Momenter vun Nodenken, Momenter vun Afrostellung, och Momenter vun Angscht an heiansdo, an dat huet een a Gespréicher eraushéieren, och Momenter vu Roserei.

Roserei iwwer dat, wat mer glécklecherweis net esou intensiv bei eis heiheem, zu Lëtzebuerg, mussen erliewen, mä wat mer awer bei enger Rei vun eisen Noperen, zum Beispill an Däitschland, a Frankräich an an anere Länner op engem gewësse Bord musse feststellen. Dat erschreckt. A wann een am Kader vun esou Feierlechkeeten ass wéi därer, déi mer an deene leschte sechs Méint erlieft hunn, da stëmmt een dat dach awer bedenklech an et kann een an et muss een och rose maachen.

D'Gedenkzeremonien, déi ech ugesprach hunn, ware virun allem och Momenter vu groussem Respekt a vun Dankbarkeet.

Respekt an Dankbarkeet, selbstverständlech vis-à-vis vun den Alliéierten an hiren Zaldoten, virun allem och vis-à-vis vun deenen amerikanesche Frënn, déi komm waren, an déi mat engem beispilllosen Asaz, fir eis Fräiheet, hei an de Krich gezu sinn.

Mä awer och Respekt an Dankbarkeet fir déi Zéngdausende vu Lëtzebuerger, déi aktiv oder passiv, déi direkt oder indirekt, déi als Resistenzler, als Zwangsrekrutéiert an op aneren Niveauë sech ni konnten a wollten offanne mat deem verhaasste Regime, deen an Europa geherrscht huet, an dofir sech selwer, respektiv hir Famillje gezwongenermoossen an onfräiwëlleg a liewensgeféierlech Geforen hu musse bréngen.

Här President.

Mir ware bei ville vun deene Gedenkzeremonien dobäi. Si waren alleguerten, jiddereng op hir Aart a Weis, impressionant.

Si ware bewegend, si hunn erënnert, si hunn opgeruff, si hunn och heiansdo opgewullt.

Si waren en Appel un eis alleguerten, si waren en Appel un eis Kanner, an dat Ganzt ënnert dem warnende Motto vu „Remember“ an ënnert dem Motto „Never again“. „Erënnert Iech“ an „ni méi“, dat waren déi zwee Leitgedanken, déi bei all deenen Zeremonien dominéiert hunn. An dat war wierklech ergräifend.

Ech wëll Iech soen, Här President, vun deene villen Zeremonien, an ech wëll do se wierklech alleguerten nennen, well se all bewegend waren, mä et waren der zwou dobäi, déi mech apaart markéiert hunn. Et war éischtens déi grouss Zeremonie am Dezember um Militärkierfecht zu Hamm, wou mer un d'Rundstedt-Offensiv geduecht hunn. Ech hu mer deemools iwwerluecht, dass et u sech noutwenneg gewiescht wär, datt all jonk Lëtzebuerger, vun 10 bis 25 Joer, hätte misse bei där Zeremonie dobäi sinn, gradewéi bei enger anerer Zeremonie, op déi ech nach ganz kuerz wëll zréckkommen.

D'Zeremonie um amerikanesche Kierfecht zu Hamm, dat war eng imposant Zeremonie, et war eng, déi organiséiert war vun der Regierung a wou vill Gäscht a vill Autoritéite present waren.

Mä et war net dowéinst, firwat se esou impressionant war.

Et war och net well d'Sonnerie aux morts vun engem Profi gespillt ginn ass.

Mä se war impressionant, well d'Situatioun, esou wéi mer se deen Dag virfonnt hunn, a grad just op där Plaz virfonnt hunn, jidderengem hautno konnt an Erënnerung ruffen a sech virstelle loossen, wat et bedeit huet an deene Joren am Krich ze sinn.

Notamment war deen Dag d'Wieder esou schrecklech, et huet geschneit, et war äiskal, et ass Glëtz gefall, d'Leit souzen zu Dausenden zu Hamm virun deene ville Kräizer vum amerikanesche Militärkierfecht, se ware mat Decken zougedeckt a se konnte wierklech erliewen a spieren un hirem eegene Kierper, wéi et huet musse gewiescht sinn, deemools, an deene Jore '40 bis '45, an deene laange Wanterméint am Krich, fir vill wäit ewech vun doheem.

Aus dëse Grënn, Här President, war d'Zeremonie vun Hamm esou ergräifend, well een einfach konnt fillen, spieren a materliewen, wat et bedeit huet, deemools, wéi d'Ängschte vun den Zaldoten an deene Leit, déi am Krich waren, hu musse sinn, d'Iwwerliewensängschten an der Keelt, an der Hëlleflosegkeet, ënner extremen Ëmstänn an an der totaler Ongewëssheet.

Eng zweet Zeremonie, Här President, war fir mech och ganz aussergewéinlech. Ech war invitéiert ginn op Buerschent. Zu Buerschent um Schlass war eng bescheide Gedenkfeier fir un d'Enn vum Krich ze erënneren.

Dat war keng Gedenkfeier, déi vun Autoritéite geplangt an organiséiert gi war. Et war eng Gedenkfeier, an där hirem Mëttelpunkt d'Mënschen aus der Gemeng Buerschent, aus der Gemeng Baastenduerf an aus der Gemeng Géisdref stungen, déi sech zesummegedoen haten a soten: Mir waarden hei net op de Stat, mir waarden net op eng Gemeng, mä mir Awunner aus dëse Regiounen, mir wëllen déi dote Saach selwer an d'Hand huelen; mir wëlle selwer hei eppes organiséieren.

A si hu sech zesummegedoen, se hunn ënner anerem eng CD gemaach, ënnert dem Motto „Remember, do you remember?“. D'Musik vu Baastenduerf, de Gesang vu Buerschent, de Kannerchouer vu Géisdref. D'Leit, d'Mënsche selwer hunn d'Erënnerung un dat Schrecklecht, wat geschitt war, an d'Hand geholl, geplangt, organiséiert an eng einfach, mä ëmsou méi würdeg Gedenkzeremonie op d'Bee gestallt.

Dat war esou impressionant, dass ech mer gewënscht hätt, dass am Land méi esou Zeremonië stattfonnt hätten, wou net d'Gemengeverwaltungen oder d'Autoritéiten oder de Stat d'Initiativ geholl hätt, mä wou d'Leit selwer sech bewosst sinn, wat et heescht, sech un dat erënneren, wat geschitt war.

An dofir muss ech soen, an ech wollt dat dofir och hei ervirsträichen, datt och hei am Land d'Leit net onbedéngt ëmmer nëmmen op d'Autoritéite waarde bis eppes geschitt. Zu Buerschent waren et Männer, Fraen, Kanner, Sänger a Musikanten aus dem Vollek, déi sech zesummegedoen hunn, fir gemeinsam ze erënneren un den Trauma vun 1940 bis 1945.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen. Dës puer Remarquë wollt ech maachen als Einleitung zu deem Projet, dee mer haut hei an der Chamber diskutéieren an och ofstëmme wäerten.

Et sinn och Iwwerleeungen, déi een am Fong geholl kënnt deemnächst als eent vun den Argumenter gebrauchen, wann dës Chamber e grousse Projet ugeet, nämlech de Projet betreffend de Referendum iwwert d'Europäesch Verfassung.

Europa, d'Europäesch Unioun, an domat automatesch och déi Verfassung, déi mer eis hoffentlech gi wäerten, ass eng vu villen Äntwerten op dat, wat viru méi wéi 60 Joer geschitt ass.

An ech denken et ass déi bescht Äntwert, déi Europa, déi mir alleguerte kënne ginn op déi grausam Terrorherrschaft an op de Krich, déi Europa an aner Deeler vun der Welt an esou fuerchtbare Misär a Leed geworf haten.

Här President.

Et war am Abrëll d'lescht Joer, wou de Premierminister dee Projet hei déposéiert huet, deen als Objet d'Schafe vun engem «Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé» an engem «Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé» huet.

Et war och op Demande vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierte wou dëse Projet ausgeschafft gi war an dee praktesch identesch ass mat deem, deen et gëtt fir d'Lëtzebuerger Resistenz.

Et stellt ee sech natierlech d'Fro: Wéisou brauche mer elo Organisatioune pour le souvenir de l'enrôlement forcé, wéisou elo Organer, déi sech solle mat der Dokumentatioun a mat der Recherche iwwert den Enrôlement forcé ofginn?

Et ass esou, dass duerch d'Gesetz vu '67 d'Zwangsrekrutéierte jo d'Qualitéit als Victimes du nazisme zouerkannt kruten. D'Federatioun vun de Victimes du nazisme enrôlées de force ass allerdéngs ëmmer eng Privatorganisatioun bliwwen an et huet geschéngt, an ech menge mir sinn all domadder d'accord, dass et endlech eng offiziell Entitéit gëtt, déi d'Zwangsrekrutéierte representéiert.

Op där anerer Säit ass et jo och esou, de Krich, dat sinn elo 60 Joer hier, dat ass laang. D'Generatioun vun den Direktzeien, déi ass amgaang - an dat ass eng natierlech Saach - lues a lues auszestierwen, an dofir ass et noutwenneg, dass mer en Organ, e Gremium fannen, déi dat, wat d'Federation vun den Enrôlés de force elo während laange Jorzéngten op eng excellent Aart a Weis gemaach huet, nämlech d'Mémoire, d'Erënnerung un dat, wat geschitt ass, héichzehalen, ëmmer erëm an Erënnerung ze ruffen, wat och a spéidere Joren an a Jorzéngte kann d'Erënnerung un dat, wat geschitt ass, lieweg halen.

Da gëtt dee Centre de Documentation et de Recherche iwwert den Enrôlement forcé geschaf.

Et ass jo esou, dass d'Federatioun vun den Enrôlés de force hei net onaktiv war. Ween hir Archivë gesäit, déi ganz impressionant sinn, ween hir Bibliothéik gesäit, wou ee ganz villes erëmfënnt, ween de Périodique „Les Sacrifiés“ kennt, dee weess, datt ganz vill Aarbecht geleescht ginn ass an deene leschte Jorzéngten.

Mä et ass awer och ganz sécher esou - an dat soe si och selwer -, dass et noutwenneg ass, datt mat méi Systematik geschafft muss ginn an dass och méi Recherche muss gemaach ginn; ech kommen nach eng Kéier kuerz op dëse Punkt zréck.

Et gëtt haut jonk Studenten an der zäitgenësseger Geschicht, déi ganz interessant Etüde maachen iwwert dat, wat am leschte Krich geschitt ass, an och iwwert d'Äntwert, déi Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger ginn hunn. An deementspriechend denken ech, dass et gutt ass, dass och esou Initiative gefördert ginn. Se ginn haut gefördert vun der Federatioun, mä an Zukunft ganz sécher vun deem Centre, deen hei ageriicht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären

Zu enger vun deene ganz däischteren Zäite vun eiser Geschicht gehéiert selbstverständlech d'Schicksal vun de Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten. Ob agezunn an déi däitsch Wehrmacht oder an de Reichsarbeitsdienst oder an de Kriegshilfsdienst, et huet dozou bäigedroen, datt déi jonk Lëtzebuerger Jongen a Meedercher, déi tëschent 1920 an 1927 gebuer goufen, oft hiert Liewen, anerer en Deel - a glécklecherweis nëmmen en Deel - vun hirer Jugend, verluer hunn.

Tragesch an onerträglech Momenter ware sécherlech d'Evénementer vum Joer 1942. Dat Joer kann als e Broch duergestallt ginn, souwuel um Niveau vum Verhale vun den däitsche Besatzer, wéi och vun eiser Bevölkerung. No den éischten Défaitë vun der däitscher Wehrmacht décidéiert de Gauleiter den obligatoresche Militärdéngscht fir déi jonk Lëtzebuerger anzeféieren.

Fir d'Nationalsozialiste war de Reichsarbeitsdienst een éischte Schrëtt zum Wehrdienst. Esou huet et am Gesetz vum 21. Mee 1935 geheescht: „Die Erfüllung der Arbeitsdienstpflicht ist eine Voraussetzung für den aktiven Wehrdienst.“

A vun ufanks 1941 un, huet de Gauleiter versicht mat enger grousser Propagandaaktioun Fräiwëlleger fir dës erzéieresch Funktioun am nationalsozialistische Sënn ze fannen, mä d'Resultat war äussert enttäuschend, wat en dozou verleet huet, fir 1941 d'Reichsarbeitsdienstpflicht fir d'Lëtzebuerger tëscht 17 a 25 Joer anzeféieren. Betraff waren d'Joergäng 1920 bis 1927 an den Zweck war kloer, eng Militärausbildung an eng nationalsozialistesch Endoctrinatioun.

1943, duerch eng Veruerdnung vum 10. Februar, gouf dann dee sou genannte Kriegshilfsdienst fir d'Lëtzebuerger Meedercher agefouert. Hir Reichsarbeitsdéngschtzäit war op sechs Méint festgeluecht an duerno sinn se oft an de Krichsgebidder am Hëllefsdéngscht agesat ginn; hei ware virun allem déi Joergäng vun 1924 bis 1927 betraff.

D'RAD-Lagere vu Brahnau-Bromberg, vu Jannowitz, vu Königsberg, Wollstein a sou weider, brénge bei enger Rei vu Leit, déi haut nach do sinn an déi Zäitzeie sinn, ganz schrecklech Erënnerunge mat sech.

D'Lëtzebuerger hu sech selbstverständlech géint de Reichsarbeitsdienst gewiert.

Bei de Musterunge koum et oft zu Opstänn, an de Lageren hunn Eenzelner den Trei-Eed op de Führer refuséiert, nëmme lëtzebuergesch geschwat oder Lëtzebuerger Lidder gesongen. Verschiddener hu sech der Aberuffung entzunn, hu sech verstoppt oder si geflücht.

Op enger sou genannter Großkundgebung den 30. August 1942 an der Ausstellungshal um Lampertsbierg, huet de Gauleiter d'Aféierung vun der Wehrpflicht fir eis Jonge vun de Joren 1920 bis 1924 verkënnegt. D'Roserei vun de Lëtzebuerger - Dir kënnt Iech dat erënneren oder Verschiddener wahrscheinlech, anerer wëssen et aus der Geschicht - war grouss an d'Protestaktiounen hunn net op sech waarde gelooss. D'Konsequenzen, déi kenne mer alleguerten: den Ausnahmezoustand, d'Asetze vun engem däitsche Standgeriicht an d'Doudesuerteeler.

Dës drastesch Mesurë vun de preisesche Besatzer hunn eis Jonge jo virun en onméigleche Gewëssenskonflikt gestallt. Den Dilemma fir déi Leit war total. Wat sollten se maachen? Engersäits waren se sech bewosst, dass wa se där däitscher Opfuerderung nokomme géifen, datt se den Däitsche géifen hëllefen, datt se domadder ee Regime, deen hinnen zudéifst verhaasst war, ënnerstëtze géifen an op déi Alliéiert hu musse schéissen, an op där anerer Säit, am Fall vun der Wehrdienstverweigerung, d'Doudesstrof, d'Haftstrof, d'Konzentratiounslager erleide géifen, net ze schwätze vun de Konsequenzen an de Vergeltungschléi fir hir Familljen.

Dat war een Dilemma a wann ee sech deen haut virstellt oder emol ee vun deene jonke Mënschen, oder eis selwer, emol virun d'Fro stellt: Wéi häss du dann deemools gehandelt? Ech mengen, da bräicht méi wéi ee vun eis ganz laang Zäit, bis datt en zu enger Äntwert kéim.

Vill vun eise Jongen hu sech un d'Wierder erënnert, déi d'Grande-Duchesse hinne mat op de Wee ginn hat, wéi se gesot huet: „Wa se Iech ewechschleefen, fir géint Är Frënn ze kämpfen, da vergiesst ni, datt Dir Lëtzebuerger sidd a wat Är Heemecht vun Iech erwaart. Däitschland huet kee Recht vun Iech en Trei-Eed ze verlaangen. Wa se Iech zwéngen en Eed ze schwieren, dann ass dat keen Eed. Äert Häerz muss sech fräihale vun deem, wat se Är Lëpse schwieren dinn.“ Dës Wierder vun der Grande-Duchesse hu ville gehollef, besser mat där onméiglecher Situatioun, an där se waren, eens ze ginn.

Insgesamt goufen 10.211 Lëtzebuerger zwangsrekrutéiert, dovu koumen der 2.848 ëm d'Liewen, ongeféier 3.500 sinn desertéiert oder hu sech der Aberuffung entzunn. 1.550 Lëtzebuerger koume verletzt oder krank zréck. 3.610 Lëtzebuerger Meedercher hu mussen de Wee an den RAD an an den KHD goen, vun hinnen hunn der 58 hiert Liewe gelooss.

Virun e puer Deeg, Här President, ass e Mann u mech erugetrueden, dee mir sot, hien hätt e Bréif deen e mer gäre géif ginn an an deem beschriwwe gëtt, wéi d'Situatioun vun den Zwangsrekrutéierten un der Front war.

Dësen Zwangsrekrutéierte beschreift an deenen ergräifendsten an erschütterndste Wierder - ech liesen de Bréif net vir, Här President, mä ech leeën e bei d'Dokumentatioun fir am Compte rendu veröffentlecht ze ginn -, wat dat alles u Verzweiflung an u Misère war. An deementspriechend ass dee Respekt, dee mer an deene leschte Méint, haut an och an Zukunft zolle sollen an zolle mussen, nëmmen eng richteg an eng ugemiessen Äntwert.

Le'wt …,

Mat Ongedolt wârden ech op dei Bre'f. Haut ass et Sonndeg, mä dién Dâg ënnerschéd sech bei ons net me' vun diénen âneren. Misär a Léd ass ronderëm. D'Tre'nen lâfe mer d'Bâcken eran, wo' ech de' Zeilen hei schreiwen.

D'Kano'nen an d'Maschinegewiérer brummen an knatteren ronderöm. We' war et dach eso' sche'n dohém zu Letzeburg an dohém bei der Mamm. Wann dô mir eppes gefélt huet, go'f alles gemât fir de Schmierz ze briéchen, awer hei gët keng Rücksicht op Klengechkéten geholl. Virun ass heit t'Lo'sung, oder besser zréck, bis d'Kugel dech getraff huet. Gëschter ass mei béschten Kollég, dén ech nach hât, gefall. Eleng stinn ech elo ënnert de Preisen. Mein Offize'er ka mech net ausstoen, well ech Letzeburger sin.

Le'wt …, biéd du all Dâg e „Vaterunser“ fir mech, dass den Herrgott mech aus deser Hell befreit, an dass ech mein Hémechtsland, mei schéint Letzeburg, nach eng Ke'er erëmgesin.

…, 't ass eppes Schaureges wann é geseit, we' den Do't bestänneg ëm én ass.

Le'wt …, so menger Mamm neischt vun desem Bre'f, well hier schreiwen ech nëmmen dât béscht. Denk och hei ans dô u mech, denk u mech a biéd fir mech. Schreiw mer gleich erëm, well dât ass nach de' énzeg Fréd, de' mer an der Front hun.

Le'wt …, ech muss schle'ssen, e Panzerugréff ass gemellt an ech siche fir eng me'glechst gutt Deckong ze fannen.

De' beschte Gre'ss un dech an un all Kollégen a Frëndinnen

D'Situatioun huet sech um Enn vum Krich och net einfach duergestallt fir déi déi agezu waren. D'Lëtzebuerger Exilregierung huet deemools déi jonk Lëtzebuerger, déi an der Wehrmacht a Russland zum Asaz komm sinn, opgeruff, si sollen desertéieren, si sollen iwwerlafen. Dat hunn der vill gemaach. Mä si waren oft net begeeschtert vum Empfank, deen hinne bereet ginn ass.

D'Schicksal vun den Zwangsrekrutéierten an der Gefaangeschaft vun den Alliéierten ass eng Säit an eiser Geschicht, déi ëmmer relativ schnell ëmgebliedert gëtt. An hei si Saachen, déi opzeschaffe sinn. Ech denken, datt 60 Joer nom Krich d'Zäit komm ass, wou ee kann un déi Fro erugoen, an ech hoffen an ech wënsche mer - an ech denke mir alleguerten -, dass dee Centre de Recherche, deen hei geschafe gëtt, och hei ufänkt ze schaffen an opzeschaffen, fir ze erklären, fir ze verstoen a fir och d'Realitéiten esou duerzestellen, wéi se effektiv waren. Dat gehéiert zur geschichtlecher Wouerecht. Aus verständleche Grënn ass et vläicht bis haut net gemaach ginn. Mä den Dag ass do an d'Zäit kënnt, fir dat ze maachen.

Här President, de Projet de loi, dee mer haut hei ofstëmme wäerten, ass e wichtegen, et ass en noutwendege Projet. De Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé - 12 bis 15 Membere wäerten do drakommen - wäert am Laf vun der Zäit, noutgedrongen a lues a lues, sech der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierte substituéieren, an deem Sënn wou en d'Aarbecht an d'Aufgab, déi grouss Aufgab, déi bis ewell ge-

leescht ginn ass, weiderféiere soll, fir, esou wéi et am Text heescht, «veiller à la sauvegarde de la mémoire des Enrôlés de Force».

An, Här President, wann Der erlaabt, eng perséinlech Remarque: Ech géif mer wënschen, fir dass déi Erënnerungen och alleguerten zum Droe kommen, dass an eise Schoulen...

(Interruption)

Et gëtt gemaach, mä et gëtt awer och leider nëmme punktuell gemaach! Wësst Der, ägyptesch Mythologie, ech fannen et ass ganz wichteg, datt eis Schüler eppes wëssen iwwert d'ägyptesch Mythologie. Ech muss awer soen, ier se den Detail vun dëser Mythologie solle bäibruecht kréien, géif et mir um Häerz leien, dass se fir d'éischt emol wéissten, wat am Éischte Weltkrich an am Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, a wa se dat assimiléiert hunn an digéréiert hunn an hir Léieren dorauser gezunn hunn, respektiv erkläert kritt hunn, da kann een och zu villen anere Saache kommen.

Ech hätt léiwer, datt méi Prioritéite géifen hei geluecht ginn op dat, wat eis emol direkt concernéiert huet. Ech fannen et ëmmer traureg wann ech mat jonke Mënsche schwätzen an ech stelle fest, wéi wäit datt d'Kenntnisser awer vun deem ginn, wat sech viru 60 Joer hei zu Lëtzebuerg gedoen huet.

Wann Der d'Missioun kuckt, déi d'Regierung dem Centre de Documentation et de Recherche proposéiert ze ginn: „recenser, rassembler, archiver et conserver", alles dat, wat bis ewell iwwer laang Jorzéngte vun der Federatioun gemaach ginn ass, weiderféieren, „mettre en valeur" déi Dokumentatioun, „entreprendre et soutenir" d'Recherche historique, dat wat ech virdrun ugeschwat hunn, alles dat, denken ech, ass richteg a wichteg.

Duerfir ass dëse Projet de loi, Här President, net nëmmen e Projet, dee mer stëmme wäerten aus Respekt vis-à-vis vun deenen, déi hei concernéiert sinn, notamment den Zwangsrekrutéierten, mä dëse Projet soll och déngen als eng Zort Mahnmal fir eis a fir déi, déi no eis kommen. Duerfir géif ech denken, wënschen an hoffen, dass dëse Projet vun der Chamber eestëmmeg gestëmmt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, et ass net all Dag, dass mer erliewen, dass de President vun dësem Haus vum Perchoir erofklëmmt, fir als Rapporteur hei e Projet de loi virzedroen. Ech mengen, dat ënnersträicht de Wäert, d'Importenz vun dësem Projet de loi an och de Wäert, deen hie selwer dësem Projet de loi bäimiesst.

Ech wéilt him Merci soe fir säi Rapport, a besonnesch och fir säi mëndleche Rapport, deen hien elo hei virgedroen huet, wou en agaangen ass op eng Partie vun deene ganz schwéiere Momenter, déi d'Liewen an dësem Land an de Joren 1940 bis 1945 gekennzeechent hunn.

Wéi hien drop higewisen huet, geet et hei drëm, e Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé ze schafen an e Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé, nom Modell vun deene scho bestehende Comités directeurs pour le Souvenir de la Résistance an dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance.

De Comité directeur vum Enrôlement forcé soll engersäits d'Roll vun der Fédération des victimes du nazisme enrôlées de force iwwerhuelen a virun den öffentlechen Autoritéiten dat vertrieden, wat d'Federatioun bis elo vertrueden huet. Mä ech mengen et ass och wichteg drop hinzeweisen, dass dat net heescht, dass déi eenzel Associatiounen, déi d'Enrôlés de force vertrieden, géingen hir Personalitéit verléieren oder hir Aktivitéite misste stëllleeën, mä dass si als Associatioune weider bestinn.

De Centre de Documentation et de Recherche ass eng wëssenschaftlech Institutioun, déi soll Dokumentatioun rassembléieren, archivéieren, konservéieren an, ech menge wat besonnesch wichteg ass, se dem Publikum zur Dispositioun stellen an enger Form, déi liicht zougänglech ass. An et schéngt mer och wichteg, dass am Projet gesot gëtt, dass dat wëssenschaftlecht Institut soll mat all deene bestehende wëssenschaftlechen Organisatiounen, sief dat d'Archives nationales oder anerer, kooperéieren, an dat souwuel hei am Land wéi och am Ausland.

Ech wëll besonnesch drop hiweisen, dass den Artikel 7 vum Projet de loi ervirsträicht, dass de Centre de Documentation et de Recherche de l'Enrôlement forcé ganz enk soll zesummeschaffe mam Centre de Documentation et de Recherche de la Résistance. Dat hu souwuel d'Regierung am Exposé des motifs, wéi de Conseil d'État a sengem Avis, wéi och d'Kommissioun, ons Kommissioun hei an der Chamber, ervirgestrach.

D'Kommissioun huet déi eenzel Amendementer, déi de Conseil d'État proposéiert hat, iwwerholl, an ons Fraktioun ass sécherlech d'accord mam Projet de loi esou wéi e vun der Kommissioun elo hei virgedroe ginn ass.

Mat deem Projet de loi maache mer ee Schrëtt weider um Wee vun der Vergaangenheetsbewältegung, vun den douloureusen Evénementer aus dem Zweete Weltkrich an dësem Land. Mir maachen et an der Serenitéit, an ech wëll drop hiweisen, dass dat vläicht net onbedéngt de Fall gewiescht wär wa mer esou e Projet viru 40 Joer an dësem Haus diskutéiert hätten. Ech fannen et ass eng wichteg Saach, dass mer kënnen dee Schrëtt an der Serenitéit ënnerhuelen. Vläicht kënne mer dat och, well et an dësem Haus nëmme méi zéng Membere gëtt, déi virun 1940 gebuere sinn, an nëmme méi 16 Memberen, déi virun 1945 gebuere sinn.

Dat heescht, déi Leit, souguer wa se Kanner waren, souguer wa se jonk waren - an ech ziele mech derzou -, fir all déi ass de Krich nach en Deel vum Vécu. Mir hunn alleguerten nach Souvenire vun där enger oder där anerer Natur vun deem, wat mer deemools erlieft hunn. Fir all déi aner ass natierlech dat heite Geschicht. Mä nach ass et dofir méi wichteg, dass mer dee Schrëtt haut maachen.

An dat bréngt mech zu enger anerer Observatioun. Déi vill Zeremonien, déi am Laf vum leschte Joer a vun dësem Joer stattfonnt hunn, fir de 60. Anniversaire vum Débarquement, vun der Libératioun a vun der Libératioun aus de Campen ze markéieren, waren - an de Rapporteur huet drop higewisen - ganz émouvant, an ech mengen, d'Zeremonie iwwert d'Libératioun vun Auschwitz an den Nations Unies war wierklech en erstaunlecht Erliefnes an e markant Erliefnes, an d'Zeremonie zu Auschwitz selwer war äusserst émouvant mat den Témoignagen, déi do konnte bruecht ginn. An den Nations Unies huet mech perséinlech den Témoignage vum Elie Wiesel ganz besonnesch impressionéiert.

Déi Zeremonien haten d'lescht Joer an dëst Joer eng ganz besonnesch Ausstrahlung. Dat war gewollt, well ech mengen, mir waren ons alleguerte bewosst, dass wa mer an zéng Joer de 70. Anniversaire feieren, da ganz vill vun de Survivanten net méi do sinn. Dofir war et gutt a richteg, dass dann dëst Joer dës Zeremonien an där Form konnte stattfannen.

Mä ech mengen, dat soll ons och en Hiweis sinn op dat, wat mer solle maachen. Et ass elo de leschte Moment fir d'Témoignagë vun de Survivanten ze recueilléieren, wann dat nach net gemaach ass. An net nëmme fir se entgéintzehuelen, mä fir se ze sauvegardéieren a fir se och zougänglech ze maache fir d'öffentlech Meenung, fir de Public, fir dass d'Mémoire vun deene schrecklechen Ereegnësser aus dem Zweete Weltkrich effektiv och an de kommende Generatioune bleift a lieweg bleift.

De Film „Heim ins Reich", dee mer d'lescht Joer zu vill konnte gesinn, ass, mengen ech, e gutt Beispill, e gelongent Beispill, wéi et méiglech ass, déi kollektiv Erënnerung lieweg ze maachen a se zougänglech ze maachen och fir déi jonk Generatiounen. Et schéngt mer awer, dass mer do nach Aarbecht virun ons hunn.

De Rapporteur huet op e spezifeschen Deel vum Problem, wat d'Enrôlés de force betrëfft, higewisen. D'Dokumentatioun, déi d'Fédération des Victimes du Nazisme an d'Enrôlés de force zesummegedroen huet, ass vill manner important wéi d'Dokumentatioun, déi de Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance huet.

Ganz besonnesch missten, mengen ech, Efforten ënnerholl ginn an der Recherche fir op déi Problemer hinzeweisen, déi bei der Reintegratioun vun den Enrôlés de force opgetruede sinn, wéi se an d'Land zréckkoumen, a wat fir Schwieregkeeten se begéint hunn, wéi se zréckkoumen, genee wéi - an de Rapporteur huet drop higewisen - op d'Geschicht vun den Enrôlés de force, déi Prisonniers de guerre waren an den Hänn vun den Alliéierten. Dat ass en duebelt Kapitel an onser Geschicht, wat a mengen Aen nach net genügend gekuckt an nach net genügend diskutéiert ginn ass. Vläicht soll dat eent oder dat anert a Fro gestallt ginn, mä op jidde Fall solle mer ons deem Défi stellen an dat do och ugoen.

An ech géing drop hiweisen, dass trotz dem Räichtum vum Fong vum Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance och do nach Efforten ze maache sinn. Et gëtt mer gesot, dass de Centre de la Résistance Honnerte vu Stonne vun Audiotémoignagen huet, déi nach net opgeschafft sinn. Dat fannen ech schued. Ech mengen, et soll een déi opschaffen an et soll een déi der öffentlecher Meenung zur Verfügung stellen.

Mäi Plädoyer, Madame Statssekretärin, ass also d'Regierung ze invitéieren, esouwuel dem Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé wéi och dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance, an dëse Momenter, wou mer nach kënnen Témoignagen entgéinthuelen, wou mer nach kënne Survivantë froen, interviewen an héieren, wat si erlieft hunn - dass mer dat solle maachen -, also d'Regierung ze invitéieren, deenen zwee Centren déi Mëttelen zur Verfügung ze stellen, dass se effektiv sech där doter Flicht kënne stellen.

Schliesslech, Här President, eng zweetlescht Remarque. De Rapporteur huet drop higewisen, dass et enorm wichteg ass, dass an de Schoulen och déi do Evénementer genügend beliicht ginn. Ech mengen, et ass an deene leschte Joren e groussen Effort do gemaach ginn, an et gëtt eng Journée de la Mémoire, an där d'Schoulen an d'Schüler opgeruff sinn, sech ëm déi Froen, ëm déi Froestellung ze këmmeren. Esou vill ech weess, sinn och ons jonk Leit an de Schoule ganz op a ganz zougänglech fir déi Saachen. Also, dat soll op jidde Fall weidergeféiert ginn, an dat soll en Deel vum Kursus an onse Schoule bleiwen.

Schliesslech, Här President, eng lescht Remarque: Déi patriotesch Anniversairen aus de leschte Joren, aus dësem Joer, déi émouvant Témoignagen, déi mer bei deene Geleeënheete konnten héieren, mengen ech, bréngen ons dozou, an de Rapporteur huet dat och scho gesot, onsen Engagement en faveur vun engem gëeenegten Europa ze renouveléieren.

D'Grënnungsväter vun Europa, déi Leit also, déi responsabel si fir den Traité vu Paräis, deen d'Communauté Européenne du Charbon et de l'Acier geschafen huet, déi wossten dat ganz genee. Et ass keen Zoufall, wa se an der Präambel vum Traité CECA ënner anerem folgende Paragraph ageschriwwen hunn: «Résolus à substituer aux rivalités séculaires une fusion de leurs intérêts essentiels, à fonder par l'instauration d'une communauté économique les premières assises d'une communauté plus large et plus profonde entre des peuples longtemps opposés par des divisions sanglantes, et à jeter les bases d'institutions capables d'orienter un destin désormais partagé (…)»

A klorer Sprooch hunn d'Grënnungsväter vun Europa gesot an de 50er Joren: Ni méi, ni méi Krich an onsem Deel vun der Welt, ni méi Enrôlement de force, ni méi Ëmsiedlung, ni méi Konzentratiounslager, ni méi Massenexterminatioun.

D'CECA ass duerno zur Communauté économique européenne ginn, dunn zur Communauté européenne an haut zur Union européenne. D'Institutiounen hu largement dozou bäigedroen, dass mer an onsem Deel vun der Welt eng Zon vu Fridden hunn, vu Sécuritéit a vu sozialem Fortschrëtt. Et ka kee vun ons sech virstellen, dass e Krich mar géing entstoen tësche Frankräich an Däitschland. Mä nach, wa mer ronderëm ons kucken, net wäit vun ons ewech, da gesi mer wéi séier ka gekricht ginn a wéi fragile de Fridden ass.

De Fridden ass also eng Aufgab, déi sech all Dag jiddferengem vun ons erëm stellt. Mir kréien a kuerzer Zäit Geleeënheet onsen Engagement ze réaffirméieren en faveur vun engem gëeenegten, fräien an demokrateschen Europa duerch den Text iwwert de Referendum, mä ganz besonnesch duerch de Vote, dee mer mussen huelen iwwert de Projet de loi fir eng Konstitutioun fir Europa.

Mä net nëmme si mir hei an der Chamber gefuerdert: Et gëtt e Referendum. Dat ganzt Lëtzebuerger Vollek muss onst Engagement à l'égard vun Europa réaffirméieren. Mir als Demokratesch Partei sinn iwwerzeegt, dass dee Vote positiv ausgeet, mä mir wëllen ons och à fond engagéieren, fir dozou bäizedroen, dass e positiv ausgeet.

Ech mengen, dat ass d'Flicht vun ons alleguerten, déi hei an der Chamber sinn, dass mer och dobaussen dofir suergen, dass dat eegentlecht Zil vun den europäeschen Traitéen net aus den A verluer gëtt. Haut gesäit een net méi, wat gutt funktionéiert a wat Europa ons bruecht huet; et gesäit een nëmme vläicht wat hei oder do net klappt. Dat Wesentlecht vun den europäeschen Traitéen ass, dass mer säit 60 Joer an dësem Land Fridden hunn. An dofir si mer opgeruff ons an nächster Zäit ze engagéieren.

Dat gesot, wëll ech awer trotzdeem nach drop hiweisen, wat ech scho gesot hunn, dass ons Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Hären, fir d'éischt wëll ech dem Chamberspresident an zugläich Rapporteur vun dësem Projet de loi Merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll och direkt hei am Ufank kloer soen, datt meng Fraktioun dëse Projet ënnerstëtzt.

Hollerech virun 62 Joer, den 18. Oktober 1942 huet deen éischten Zuch mat lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierten d'Gare zu Hollerech verlooss. Ëm 10.000 jonk Lëtzebuerger Jonge vun de Joergäng 1920 bis 1927 sollte bis August 1944 dësem Schicksal nofolgen. Vun hinnen hunn 2.750 Lëtzebuerg net méi erëmgesinn a sinn am Krich ëmkomm oder goufe vermësst, wat oft nach méi schlëmm war, well een ëmmer nach gebaangt a gehofft huet. Dës jonk Borschten, déi hir Zukunft nach viru sech haten, waren also an der Regel net méi al wéi 24 Joer.

All dës Jongen hunn hiert Liewe misse loossen. Si sinn net gefrot ginn ob se wéilten oder net. Si sinn net gefrot ginn ob si hiert Liewe wéilte fir Hitler-Däitschland opferen. Si ware schlicht an ergräifend gezwongen.

Et gouf zu Lëtzebuerg kaum eng Famill, déi net vun dëser schrecklecher Tragédie betraff wor. Déi Jongen, déi sech geweigert hunn an de Krich ze zéien, deenen oder hire Familljen huet keng Gnod gegollt. Dofir wëll ech hei op dëser Plaz gären un déi Leit erënneren, déi sech geweigert hunn hiert Liewe fir den Hitler ze opferen.

Hellegowend am Joer 1944, deemools sinn 11 lëtzebuergesch Zwangsrekrutéiert zu Torgau an Däitschland higeriicht ginn. Si si weder op der Front gefall, nach goufen se als vermësst gemellt. Am Géigendeel. Dës 11 jonk Männer si kalbliddeg higeriicht ginn. Firwat?

Dës Männer haten sech geweigert, fir ënnert dem Banner vun Nazi-Däitschland Krich ze féieren. Si hu sech geweigert den Eed op den Hitler ofzeleeën. Si si souwuel Zwangsrekrutéiert wéi och Resistenzler, mä virun allem si si awer Helden. Dës Leit, dës bescheiden Helde sollen an däerfen net vergiess ginn.

Här President, wéi bal all europäescht Land, esou huet och Lëtzebuerg ënnert der Fuchtel vun den Nazië gelidden. Et ass wuel bekannt, datt den Zweete Weltkrich e schwaarze Fleck an der europäescher gradesou wéi an der Weltgeschicht bleift, an et ass scho bal trivial fir ze behaapten, datt e Krich ëmmer schrecklech ass, an awer ass eng Fräiheetsberaubung, eng Schicksalszerstéierung wuel alles anescht wéi banal oder trivial. Dofir kann een esou Wourechten net oft genuch soen.

Déi meescht vun eis heibanne kënnen sech net méi un déi Zäit erënneren. Ech fir mäin Deel war nach guer net gebuer. Esou Evénementer kennt een aus der Schoul oder vun den Elteren, beziehungsweis vun de Grousselteren, an awer kann een et net oft genuch betounen: Datt esou eppes méiglech war an ass an ëmmer erëm méiglech ka sinn, do dergéint musse mir antrieden. An aus deem Grond sinn ech houfrech fir zu dësem wichtege Sujet haut hei schwätzen ze kënnen.

Wann och keng Gefor méi vun eisem Noper ausgeet, esou ass d'Fräiheet vum Mënsch ni 100% reservéiert.

Déi europäesch Konstruktioun huet eis et erlaabt säit iwwer 60 Joer ouni Krich ze sinn, mä bis dohi war et e laange Wee. An dëse Wee muss an de Käpp vun eis all, vun eise Kanner, gradesou wéi vun eisen Enkele lieweg bleiwen.

Duerch d'Gesetz iwwert de Conseil National de la Résistance aus dem Joer 1967, beziehungsweis duerch

d'Reform vun dësem Gesetz virun zwee Joer, hu mir e Schratt an déi richteg Richtung gemaach.

D'Kreatioun vun engem Centre de Documentation et de la Recherche iwwer Zwangsrekrutéiert ass eng weider wichteg Etapp an dësem Prozess, nämlech de Prozess vun der Opschaffung vun eiser Vergaangenheet. De Film „Heim ins Reich", dee virun e puer Wochen an eise Kinoe gelaf ass, gradesou wéi de Film „Der neunte Tag" war ee weidere Steen an dësem Mosaik. Esou dass sech lues a lues e Bild aus deene klengen Elementer formt. Leider wäert et awer nach eng Zäit dauere bis et esou wäit ass, well d'Geschichtsfuerschung vun den 30er a 40er Joren iwwer Lëtzebuerg ass kontrovers a muss weidergedriwwe ginn. Ëmsou méi ass dëse Centre e wichtege Bäitrag zu der nationaler Geschichtsschreiwung.

(M. Lucien Weiler prend la Présidence)

Duerch dëse Centre gëtt séchergestallt, dass d'Leed vun den Zwangsrekrutéierten, déi esou vill zur Identitéit an zum Iwwerliewe vun eisem Land bäigedroen hunn, net an de Vergiess geréit. Genau aus deem Grond hunn ech mech beméit fir mat eemolegen Zwangsrekrutéierten a Kontakt ze kommen. An ech muss Iech soen, datt déi Leit mech zudéifst impressionéiert hunn. Hire Liewensmutt, hir Liewenskraaft an hir Liewensfreed kënnen nëmmen ee Beispill fir ons alleguer a fir déi kommend Generatioune sinn. Alleng aus deem Grond, géint d'Vergiessen, ass dësen Dokumentatiounszentrum wichteg.

Här President, ech wëll Iech en Ofschnëtt aus de perséinlechen Erënnerunge vun engem lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierte vum Joergang 1925 virliesen, esou wéi hien et mir selwer virgedroen huet:

„Am Joer 1944, ee Mount nodeem déi Alliéiert de 6. Juni an der Normandie gelant waren, sinn d'Joergäng 1925 bis 1927 an den „Reichsarbeitsdienst" agezu ginn. Mir sinn ongeféier zu honnert Lëtzebuerger am Arbeitslager „Bismarckhügel" an Ostpreussen ukomm, wou schonns däitsch Rekruten op ons gewaart hunn. All Moien déi obligatoresch kal Dusch dobaussen, marschéieren a Rei a Glidd, militäreschen Drill a Sport. No dräi Wochen Ausbildung mam Gewier mat Schéissübungen, duerno mam Vëlo a Gepäck an den Aussendéngscht."

Dat war den Ausgangspunkt vun dësem jonke lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierten. Wéi et dunn awer ëm d'Kämpfe goe sollt, do waren dës jonk Lëtzebuerger net bereet fir hiert Liewe fir Hitler-Däitschland op d'Spill ze setzen. D'Reaktiounen op dëse Prozess beschreift de Mann wéi folgt:

„Mir hu missen direkt an ons Baracken zréck, et ass ofgespaart ginn an eng Bewaachung koum virun d'Dier. Een nom aneren ass zu engem kuerze Verhéier ofgefouert ginn an ass net méi zréckkomm. De Generol perséinlech huet mir d'Fro gestallt, ob ech wéilt mäin Déngscht an der Wehrmacht untrieden.

Ech hunn dem Här Generol gesot, datt hie kee Recht hätt fir Lëtzebuerger an d'Wehrmacht ze zwéngen an datt direkt hien als Generol och wéisst, datt de Krich fir Däitschland esou gutt wéi verluer wier. Ech sinn direkt an e spezielle Raum ofgefouert ginn, wou schonns etlech Komerode waren. Schlussendlech si mir zu 24 als sou genannten Rädelsführer isoléiert ginn. Eise Reichsarbeitslagerführer huet ons opmierksam gemaach, datt op Meuterei d'Doudesstrof stéing an hien huet ons proposéiert, nach eng Kéier iwwer ons Entscheedung nozedenken. No deeglaangen Diskussiounen an no engem geheime Vote hu mir zu 24 Komerode beschloss, de battere Wee an d'Wehrmacht unzetrieden. Mir waren net bereet fir esou jonk ze stierwen."

Esou Liewensgeschichten a grausam Schicksaler dierfen net an de Vergiess geroden. Et ass wichteg fir eis Identitéit, datt mir eis mat der Vergaangenheet ausernee setzen. Eis Kanner solle wëssen, wat deemools geschitt ass, wéi et deemools wierklech war. Nëmme wann et eis geléngt, fir déi donkel an déi manner donkel Säite vun eiser Geschicht ze duerchliichten, kënne mir eis Zukunft onbefaange gestalten. Mir däerfen net fäerten der Vergaangenheet an d'Aen ze kucken. Datt mir derbäi och op onkammoud Äntwerten a Wouerechte wäerte stoussen, dat soll eis net dovunner ofhalen.

De Maquillage ass keen Outil vum Historiker. D'Erfuerschung vun eiser Geschicht, fir déi mer een oppenen a kritesche Geescht brauchen, kann nëmmen am Intérêt vun eis all sinn; an dat parteieniwwergräifend. Nëmme wa mir ee Konsens an där Fro hunn, wäerten eis Kanner an Enkele vun Onwouerechte befreit bleiwen. Ligen, Verfälschungen a falsch Legende sinn hei feel op der Plaz.

D'Erfuerschung vun der Geschicht kann eis dobäi hëllefen. Zesummenhäng vun der Géigewaart mat der Vergaangenheet kënne mir mat hirer Hëllef erkennen.

Nëmmen een, deen d'Vergaangenheet ze deite weess, kann d'Zukunft prägen. An dësem Sënn ass dësen Institut e wichtegen Outil am Ëmgang mat der Vergaangenheet, mä virun allem awer am Ëmgang mat der Heldeleeschtung vun deene Leit, déi deemools ënnert den Nazie gelidden hunn.

Ech wëll nach eng Kéier op dee Mann zréckkommen, deen ech uewe schonn zitéiert hat. Wéi ass et virugaangen? D'Schicksal vu sengem Asaz als lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierten an der Wehrmacht schildert de Mann esou:

„Ech hu mech mat engem Begleitbréif an der Pionéierskasär zu Königsberg virgestallt. No enger kuerzer Ausbildung vun dräi Woche stoung ech op enger Lëscht fir direkt mam Bataillon 154 an de Frontasaz ze kommen. Ech si schlussendlech alleng als Lëtzebuerger am Schëff vu Pillau aus um Brückenkopf Memel mat Honnerten däitschen Zaldoten ukomm. E puer Deeg drop ass de Brückenkopf Memel opgeléist ginn an déi ganz Arméi ass an engem Gewaltmarsch - honnert Kilometer laang a bis zu dräi Kilometer breet - vun zwee Deeg ënner russesche Fligerugréff erëm an eng nei Stellung zum Asaz komm.

All Dag hunn d'Preise sënnlos Géigenugréffer probéiert, déi virun de russesche Linnen zesummegefall sinn. Ech hu mech alt ëmmer als leschten um Ugréff bedeelegt, si matgelaf ouni e Schoss ofginn ze hunn, bis den 31. Januar 1945 géint zéng Auer moies, wou et beim Réckzuch vun engem Ugréff eng Kéier geblëtzt huet. Wéi ech erëm zou mer komm sinn, ronderëm Doudeger, kee Mënsch méi wäit a breet. Ech loung tëschent de Linnen a konnt net méi opstoen, Splitter uewen am lénke Been, zwee Splitter riets an der Ham, ee Splitter an der Schëller an am lénken Aarm, a mat mengem lénken Aen hunn ech näischt méi gesinn. Et loung héije Schnéi, zéng Grad ënner Null a vill Loft." De Mann huet zwar glécklecherweis iwwerlieft, mä säin A, gradewéi säi Been, ware fir ëmmer verluer.

Mir mussen eis als Chamber dofir asetzen, datt esou traureg Schicksaler net - an och nimools - vergiess ginn. Dësen Zentrum ass gläichzäiteg och eng Unerkennung an eng Gedenkstätt. An nimools solle mir vergiessen, wat dës Leit fir eis, fir Lëtzebuerg, mä och fir Europa, vollbruecht hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir mat dësem Centre de Documentation e sënnvolle Bäitrag zu eiser Geschicht bewierkstellegen.

Gläichzäiteg wëll ech awer och drop hiweisen, datt d'Beméie fir d'Geschicht vun eisem Land während der Nazi-Zäit keng Selbstverständlechkeet ass. Schliesslech fält een net nëmmen derbäi op Heldenerzielungen. Muncheree wäert sech d'Fro stellen, ob et net sënnvoll wier dës investéiert Sue fir aner Zwecker ze verwenden; fir eng Schoul oder e Spidol? Schliesslech, wat mécht et fir e Sënn an ale Wonnen ze bueren, déi dach nëmme selwer schwéier verheelen?

Dës Vue wier falsch a gefäierlech. D'Vergaangenheet ass wichteg an d'Vergaangenheet betrëfft eis alleguer. Dofir sinn dës Sue laangfristeg gutt investéiert Geld. Wéi e Vollek mat senger Vergaangenheet ëmgeet, ass een Zeeche vu politescher Maturitéit.

An nëmmen eng onverfälschte Siicht nom Prinzip vum däitschen Historiker Ranke „Wie es wirklich gewesen war?" ass enger Demokratie wierdeg.

D'Resistenz am Zweete Weltkrich ass a bleift en extrem wichtegt Kapitel an der Lëtzebuerger Geschicht an huet ouni Zweiwel zur Festigung vun eiser nationaler Identitéit bäigedroen.

D'Stäerkung vun enger Lëtzebuerger Identitéit ass och als Element am Kader vun der Uni Lëtzebuerg am Regierungsprogramm festgehale ginn, esou dass sech dëse Centre de Documentation et de la Recherche perfekt an d'Ëmsetzung vun dësem Zil aschreift.

Dëse Centre de Documentation et de la Recherche gëtt eis awer och eng Chance, eng Chance fir falsch Viruerteeler aus dem Wee ze raumen, fir enger neutraler Geschichtsvirstellung Plaz ze schafen.

Éischtens däerf d'Geschicht vun der Nazi-Zäit kriddelech Aspekter vun der Vergaangenheet net ausblenden.

Zweetens dierfe mir eis dobäi näischt virmaachen, och wann am September 1944 d'amerikanesch Zaldote vun de Lëtzebuerger als Befreier gefeiert gi sinn, esou wëll dat awer net bedeiten, datt jidderee bei eis e Resistenzler war. Mir kënnen als klengt Ländchen zwar stolz sinn, dass eis Pappen a Mammen, eis Grousselteren et gewot hunn e Generalstreik ze organiséieren a sech esou net nëmme verbal géint déi preisesch Besatzung gewiert hunn, mä all dës positiv Elementer dierfen awer de Bléckwénkel net veränneren.

Esou muss ee kloer an däitlech soen, dass deemools net jidderee Resistenzler war. Et soll net verschwiege ginn, dass eng Rei vu Leit de leschten Zuch fir „Heim ins Reich" verpasst haten. Jo, Kollaborateuren, Matleefer a Gielemännercher sinn et och hei zu Lëtzebuerg ginn.

Nom Krich war d'Roserei am Vollek iwwert d'Kollaborateure grouss. Wéi a sou ville Länner hunn och d'Lëtzebuerger hir Wut un hinnen ausgelooss. An der éischter Roserei goufen den 10. an den 11. September 1944 véier Kollaborateuren erschoss.

D'Fraleit, déi sech mat de Preisen agelooss haten, kruten de Kapp geschuer. Anerer goufe gebeetscht - an net ze knapps. Et huet sech zu Lëtzebuerg eng Lynchjustiz breetgemaach, déi oft a gäre verschwiege gëtt.

Deemools si Saache geschitt, déi an engem Rechtsstat net geschéien däerfen. Nach ëmmer ginn et Perioden, Evénementer a Kapitelen, déi net vun der Geschichtsforschung ënnert d'Lupp geholl gi sinn. Wat wësse mir iwwert déi sou genannte „Putschaffär"? Wat war deemools wierklech geschitt? Wou sinn all déi Dossieren, déi zënter der Affär verschwonne sinn? Sou Froe sinn nach ëmmer net gekläert.

„Resistenz - Ass d'Wouerecht dat, wat bleift?", sou huet d'Theaterstéck geheescht, dat am Mäerz 2002 vum Escher Meederchers-lycée opgefouert ginn ass. Ech wëll hei net op de Contenu vum Stéck agoen, mä alleng den Titel „Resistenz - Ass d'Wouerecht dat, wat bleift?" ass de Beleg dofir, datt et héich Zäit gëtt, fir Liicht an déi deemoleg Geschichtsperiod ze bréngen. Mä virun allem ass et e Versuch, fir dëst Kapitel vun eiser Geschicht iwwert d'Zäit ewech ze erhalen.

Dofir ass et wichteg, dass d'Gremien an d'Fonctionnairen, déi elo am Centre zum Asaz kommen, zesumme mat der Uni Lëtzebuerg an déi richteg Richtung recherchéieren, am Sënn vun der gréisstméiglecher Objektivitéit.

Här President, am Joer 2002 huet eise Statsminister, den Här Jean-Claude Juncker, hei an der Chamber am Kader vun der Reform vum Gesetz iwwert de Conseil national de la Résistance gesot: „Et gëtt keng Geschicht ouni Virgeschicht, an et gëtt keng Virgeschicht mat Geschicht ouni eng Geschicht duerno." An deem Sënn halen ech et fir noutwendeg, fir och déi Virgeschicht ze kucken.

Esou fänkt d'Resistenz, laut offizieller Duerstellung, zwar den 10. Mee 1940 un, mä scho laang virdrun hu sech courageiert Leit, Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, dofir agesat, de Faschismus an der Welt ze bekämpfen. An dat ass notamment a Spuenien geschitt. Et waren iwwer honnert Lëtzebuerger, déi tëschent 1936 an 1938 zu Murcia, Madrid oder Guernica gekämpft hunn.

Ausser enger klenger Medail hunn dës Leit ni eng Entschiedegung oder soss iergendeng Unerkennung vum Lëtzebuerger Stat kritt. Leit, jonk Borschten, déi hiert Liewen am Numm vun der Demokratie a vun der Fräiheet riskéiert hunn, sinn ofgespeist gi mat enger scho bal lächerlecher Medail.

Meng Parteikolleegen Alex Bodry a Mars Di Bartolomeo hate schonn 1999 mat enger Proposition de loi op dësen Zoustand opmierksam gemaach. Et ass bedauerlech, dass deene Leit ni eng wierklech Unerkennung zoukomm ass. Entretemps ass et spéit, scho bal ze spéit. Vun dësen „Resistenzler vun der éischter Stonn" lieft haut nëmmen nach een, mat deem ech och selwer geschwat hunn.

Här President, ech wëll nach eng Kéier meng Ënnerstëtzung an déi vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ënnersträichen. Mäi Respekt gëllt deene Leit, déi hiert Liewen, hir Jugend an hir Kraaft fir eis Zukunft hu misse loossen. Deene Leit wëll ech aus déifstem Häerz Merci soen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Felix Braz agedroen. Här Braz.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bréngen direkt agangs d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet mat deem mer e Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé an och e Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé schafen.

Ech wëll Iech och, Här President, Merci soe fir Äre Bericht, net nëmmen dee schréftlechen, mä och a virun allem dee mëndlechen, well Der fir meng Begréffer mat richtegen, an awer och mat einfache Wierder d'Situatioun an och de Projet konnt beschreiwen an en och konnt zum Deel an de Kontext vun haut setzen. Ech denken och, dass dat zumindest zur Halschent Objet vun dësem Projet ass, net nëmmen no hannen ze kucken, mä och ze probéieren, duerch dëse Projet no vir ze kucken.

Dir hutt, Här President, an Ärer Ried gesot, dass am Kader vun den Erënnerunge vum 60. Anniversaire vum Enn vum Krich dat Wuert „remember" eent vun de wichtege Wierder war. Ech denken och, dass dat richteg war, dat Wuert hei ze ënnersträichen: erënneren un déi Zäit, awer och erënneren un déi Zäitzeien, déi Leit, déi haut tëschent 77 a 85 Joer al sinn.

Mä ech mengen, dass et nach zwee aner Wierder gëtt, déi richteg sinn. „Remember" war jo dat éischt. En zweet Wuert, wat am Kader vun dësem Projet muss genannt ginn, ass d'Wuert „verstoen". Verstoen, wat deemools geschitt ass, dat bedéngt, dass een Informatiounen huet, dat bedéngt, dass ee vill Informatiounen huet, dass een déi Informatiounen och ka sech iwwerschneiden doe mat aneren Informatiounen. Dat bedéngt och, dass ee Leit huet, déi déi Aarbecht op deenen Informatioune maachen, an dass déi Leit och kënnen déi Informatiounen interpretéieren; net nëmme fir déi Leit, déi deemools vum Enrôlement forcé betraff waren, mä och fir hir Familljen, fir déi Leit, déi no hinne komm sinn, an och fir déi Generatioune vun haut.

Ech mengen, dass et och wichteg ass haut ze soen, dass dat heiten eng Aufgab ass vun der Wëssenschaft. Net nëmme fir no hannen ze kucken, mä och erëm eng Kéier fir no vir ze kucken. Et ass och eng wëssenschaftlech Aufgab, déi mer mat dësem Projet verfollegen. Et ass och eng historesch Aufgab, déi mer verfollegen, wéi och mam Vote vum Projet virun e puer Joer vun deeneselwechte Strukturen a Gremië fir eis Resistenzler.

Mir mengen och, dass wann ee seet, dass d'Wuert „verstoen" wichteg ass, een dann och muss all déi Informatiounen an déi Analysen an déi Erkenntnisser esou maachen, dass se accessibel gi fir jiddfereen, net nëmme fir déi Leit, déi betraff si vun deemools, net nëmme fir déi Leit, déi op deenen Informatioune schaffen, mä dass se accessibel gemaach gi fir all déi Leit, déi sech schonn haut dofir interesséieren, a fir all déi Leit, déi sech vläicht an den nächste Joren a Jorzéngte mat där Matière wëlle beschäftegen, well se erausfannen, dass se wichteg ass, och fir sech, an net nëmme fir d'Geschicht.

Een drëtt Wuert wat wichteg ass no „remember" an „verstoen" ass och d'Wuert „hëllefen". Ech mengen, dass mer mat dësem Projet deene Leit hëllefen, déi déi Zäit matgemaach hunn, well se duerch dëse Projet och fir d'éischt eng offiziell Unerkennung zu Lëtzebuerg kréien. Si si wuel am Gesetz vun 1967 als Affer vun der Nazi-Zäit unerkannt, mä déi Strukturen, déi d'Enrôlés de force zënter dem Krich opgebaut hunn, wou se hiert Uleies virgedroen hunn, ware privatrechtlech Strukturen, déi vun hinnen aus komm sinn. Duerch dëse Projet kréien déi Leit fir d'éischte Kéier och eng offiziell Struktur, déi eng offiziell Unerkennung fënnt, an dat 60 Joer nom Enn vum Krich.

Ech mengen och, dass dat deene Leit dofir hëlleft, dass mer dëse Projet haut stëmmen. Et ass fir si, mengen ech, eng wichteg Saach, déi haut hei geschitt, an ech mengen och, dass dat deene Leit hëlleft par rapport zu hirer Famill, par rapport zu hire Nokommessen, an ech mengen, dass dat och soll ënnerstrach ginn am Kader vun deem heite Projet.

Mä mir mengen awer och, dass dat Wuert „hëllefen" eng ganz grouss Bedeitung huet fir Leit, déi bis haut nach net alles wëssen iwwert d'Leit, déi am Zweete Weltkrich Enrôlés de force waren. Déi gréng Fraktioun huet de 17. Februar eng

Motioun abruecht gehat, déi sech domadder beschäftegt huet, dass am Zweete Weltkrich ganz vill Leit, och Lëtzebuerger, verschwonne sinn, vun deene bis haut net gewosst ass, wat mat deene Leit schlussendlech geschitt ass. Et ass wichteg fir hir Familljen, eng Kéier erauszefannen a méi genau ze wëssen, wat mat deene Leit geschitt ass. Déi Leit wëllen net nëmme wëssen, wat geschitt ass, si mussen och vläicht gehollef kréien, wa se haut géinge bestëmmten Informatiounen erausfannen.

Déi Motioun war deemools gestëmmt ginn an der Chamber, si huet sech bezunn haaptsächlech op d'Archivë vun der russescher Arméi zu Moskau, Archiven, déi zënter e puer Joer schonn op sinn an déi Dossiere vun iwwer 1.300 Lëtzebuerger beinhalten, déi déplacéiert gi sinn oder Enrôlés de force waren oder Krichsprisonnéier waren, wou mer bis haut nach net all d'Informatiounen hunn.

D'Chamber huet am Februar 2004 d'Regierung opgefuerdert, sech mat där Saach ze beschäftegen, an d'Fro, déi ech wéilt un d'Regierung stellen, un d'Statssekretärin, d'Madame Modert, wier, ob si eis ka soen, wéi eng Suiten dass d'Regierung där Motioun, déi d'Chamber de 17. Februar 2004 gestëmmt huet, ginn huet. Et ass sécher, dass mer mam Vote vun dësem Projet en Deel vun där Motioun an der Struktur kënnen ëmsetzen.

Déi Aarbecht ass natierlech net gemaach, déi wäert vum Comité a vum Centre misse gemaach ginn. Mä an der Motioun waren och nach aner Saache gefrot, an d'Fro dofir un d'Regierung, wéi eng Suiten dass d'Regierung bis haut där Motioun ginn huet. An et wär och dofir vläicht hëllefenswäert, wann d'Regierung géing nolauschteren, wann ech hir dat soen. Dat ass net de Fall.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- De Riedner freet, ob d'Regierung hei géif lauschteren, wann e géif Froe stellen.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt d'Regierung just nach eng Kéier froen, wéi eng Suiten dass Der där Motioun vum 17. Februar, déi hei eestëmmeg ugeholl ginn ass, ginn hutt, ofgesi vun dësem Projet de loi. Do sinn aner Saachen nach gefrot ginn, déi am Zesummenhang notamment mat den Archivë vun der russescher Arméi stinn, déi zënter e puer Joer zu Moskau opleien a wou Donnéeë vun iwwer 1.300 Lëtzebuerger draleien. Do wär et gutt, net elo direkt, Madame Statssekretär, um Enn, wann Der d'Wuert hutt, wann Der eis géift dorobber äntwerten.

Een nächst Stéchwuert, just fir ze soen, dass mer haut mat der Kreatioun vum Centre a vum Comité fir d'Enrôlés de force sécher och als Land en Deel Unerkennung ginn, eng Unerkennung, déi d'Resistenzler scho viru méi kuerzer Zäit zougestane kritt hunn, eng Unerkennung, déi et a ganz ville Gemenge scho méi laang gëtt. Ech verweisen op d'Stad Esch, déi zënter laange Joren souwuel eng „Place de la Résistance" wéi och eng „Place des Sacrifiés" huet.

Wichteg ass awer och déi Unerkennung elo op dësem Niveau, duerfir elo zwou Strukturen, déi wäerten, esou gesäit den Artikel 7 vum Gesetz et vir, zesummeschaffen, hoffentlech vill a gutt zesummeschaffen, well och wa mer zwou Strukturen hunn, menge mer awer, datt se eigentlech nëmmen een Optrag hunn, nämlech een Optrag fir d'Geschicht an déi Evénementer aus där Zäit lues mä sécher zesummenzedroen aus dem spezifesche Bléckwénkel vun der Resistenz a vum Enrôlement de force; och well deen een Optrag fir vill Lëtzebuerger Familljen aus där Zäit oft nëmmen eng Realitéit duergestallt huet.

Et war net esou, dass d'Familllje getrennt waren, där, déi den Enrôlement de force hu missen erleiden, an där anerer, déi mat der Resistenz méi no geschafft hunn. Ganz oft war dat an de Familllje béides; eng eenzeg Realitéit. Duerfir hoffe mer och, dass déi zwou Strukturen, déi et elo duerch d'Gesetz gëtt, deen een Optrag an déi eng Realitéit wäerte lues mä sécher zesummeféieren iwwert déi nächst Joren a Jorzéngten.

Wann een als Véierten zu esou engem Projet muss Stellung huelen, dann ass et oft net ze évitéieren, dass een sech widderhëlt. An deem heite Fall mengen ech awer, dass déi Widderhuelung net iwwerflëssig ass, au contraire.

Ech gi gären och op dat an, wat d'Madame Flesch virdru scho gesot huet, et ass wichteg an noutwendeg, dass een esou ee Projet probéiert an de Kontext vun haut ze setzen an em och e Sënn ze ginn.

Ech denken, dass et net iwwerflëssig ass ze widderhuelen, dass mer am Kader vun der europäescher Zesummenaarbecht, am Kader vun deem Referendum, deen den 10. Juli hei zu Lëtzebuerg stattfënnt, alleguerten déi, déi wëlle Jo soen zu deem Referendum an zu deem Traité, de Projet vum Traité wuel net reduzéieren op déi Aspekter vun der Geschicht, op d'Aspekter vum Fridden, mä dass mer alleguerten awer och sollen am Kader vun deenen doten Debatten eis net scheien ëmmer nees ze widderhuelen, dass och de Volet vun der Friddenspolitik, de Volet vum Fridden an Europa e wesentlechen ass.

A wann dëse Projet haut, och fir déi méi jonk Generatiounen e supplementare Sënn kann doranner fannen, dass mer zum Beispill am Kader vum Referendum vum 10. Juli eis heirun erënneren, wa mer bei der Urn stinn, dann huet och dëse Projet haut net nëmmen ee Sënn mä zwee.

An dofir wäerte mir Gréng och mat Jo stëmmen an ech soen Iech Merci, dass Der nogelauschtert hutt.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wëll lech fir d'éischt Merci soe fir Äre Rapport, deen Der virbruecht hutt, och fir dee mëndleche Rapport, wou Der ons alleguer aus dem Häerz geschwat hutt. Ech sinn och frou, datt Dir als President, als éischte Bierger vum Land, dëse Rapport wollt unhuelen, fir domadder op d'Importenz vun dësem Gesetz hinzeweisen.

Virun 62 Joer hunn déi éischt Lëtzebuerger missen déi verhaassten Uniform undinn an d'Waffen huele géint déi Leit, déi en fait do woren, fir géint den Nazi-Regime ze kämpfen a fir Lëtzebuerg an Europa ze befreien. Et ass fir alleguerten déi Leit, déi betraff woren, eng ganz, ganz schwéier Décisioun gewiescht, fir dee Schratt ze goen an déi däitsch Uniform ze droen, well de Choix wär ganz dramatesch fir si an hir Famill gewiescht, wa se refuséiert hätte fir déi Uniform ze droen.

Et wor fir vill Leit, fir all déi Leit, déi hu missen dee Choix treffen, eng ganz, ganz grave Décisioun. De Krich huet dozou gefouert, datt vill vun deenen Zwangsrekrutéierte gefall sinn, anerer sinn a Gefaangenschaft geholl ginn, notamment a russesch Gefaangenschaft an et ass och ze verzeechnen, datt e groussen Deel vu Leit zu Tambow Prisonnéier gewiescht sinn. Ech wëll drop hiweisen, datt den 12. Juni 1945 déi éischt Lëtzebuerger vun Tambow rapatriéiert gi sinn. Du sinn den 3. August 1945 305 krank Jongen entlooss ginn an den 29. September 1945 ass de grousse Convoi zu Tambow fortgefuer mat 594 Jongen, déi deen Dag aus dem Lager entlooss gi sinn.

Et ass oft bedauert ginn, datt et esou laang gedauert huet. D'Historiker diskutéieren haut nach a wäerten och nach laang driwwer diskutéieren, ob d'Regierung deen Ablack all Effortë gemaach huet fir d'Jongen esou séier wéi méiglech zréckzezéien. Et gesäit een un dësem Beispill wéi komplizéiert et war, wéi d'Debatte woren a wéi vill Leit, wéi vill Misär duerch déi Zwangsrekrutéierung op d'Lëtzebuerger an op hir Familljen zréckgefall ass.

Den Zweete Weltkrich huet och gewisen, datt Lëtzebuerg insgesamt an allen Ecken a Fronte gewisen huet, datt et näischt vum Nazi-Däitschland wollt wëssen. Déi eng hunn dat gewisen duerch hir Aktivitéiten an der Resistenz, anerer hu Jonge verstoppt, Drëtter hunn all Méiglechkeete genotzt fir an déi alliéiert Arméien agezunn ze ginn, fir mat de Waffen nees erëm ze hëllefe Lëtzebuerg ze befreien. Mir hunn Deportéierter gehat, Leit, déi an allméigleche Konzentratiounslageren a Prisonnéierlageren ëm d'Liewe komm sinn.

Et wor eng ganz dramatesch Situatioun a mir mussen all Effortë maachen, fir deem Martyrium, deen onst Land an ons Leit deemools matgemaach hunn, ze gedenken.

De Centre de Recherche an de Comité iwwert den Enrôlement de force, déi solle geschafe ginn, wäerten dozou bäidroen. Dofir ass et eng gutt Initiativ, datt och gekuckt gëtt fir an deem Centre déi néideg Informatiounen erauskommen an d'Ouverture vun den Dossieren a Russland, also der fréierer Sowjetunioun, wäerten op jidde Fall e gudden Deel dozou bäidroen.

Mir soe mat dësem Vote och, datt mer eppes wëllen zum Ausdrock bréngen, dat ass, datt et ni méi däerf zu engem Krich an Europa kommen. Europa huet säin Deel dozou bäigedroen, mä Europa huet och d'Verflichtung aus senger Vergaangenheet eraus, aus dem Souvenir eraus, dee mer alleguer nach hunn, vun eisen Elteren aus, vun onse Grousselteren, déi ënnert deem Krich ze leiden haten, datt mir och alles maache fir als europäesch Natiounen, datt et net méi an anere Länner zu Kricher kënnt, datt mir déi kënne verhënneren oder zu engem gudden Enn bréngen, wann der leider entstane sinn.

Här President a Rapporteur, Dir hutt en Appel un d'Chamber geriicht fir dësem Projet de loi eestëmmeg zouzestëmmen. D'ADR-Fraktioun wäert dësem Opruff nokommen an dem Projet de loi och dofir seng Zoustëmmung ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. D'Regierung huet elo d'Wuert, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Viru 60 Joer ass den Nazi-Regime mat sengem Terror endlech esou lues op en Enn komm: an Europa an hei zu Lëtzebuerg. An zënter September d'lescht Joer commémoréiere mir dee 60. Joresdag vun den Haaptévénementer vun deemools, mat hire Momenter voller Freed, wéi d'Befreiung vum Land an der Stad de September 1944, an de Réckschléi wéi d'Evakuatioun an d'Ardennenoffensiv, an all Momenter voller Trauer a Betraffenheet, wéi d'Gedenken un d'Befreiung vun de KZer a Lageren, un d'Ëmsiedelung, wou mer och e Sonndeg erëm beim Hinzerter Kräiz enger bewegender Erënnerungszeremonie bäigewunnt hunn.

A besser wéi de Rapporteur a Chamberspresident kann een déi Emotiounen net ausdrécken, déi ee spiert, wann een drun denkt, wat d'Leit an där Zäit hu missen matmaachen, vläicht net méi erëmkoumen, hoffentlech nach erëmkomm sinn. 60 Joer duerno, d'Zäit ass vergaangen, mä ouni datt dës tragesch a schwéier Zäit fir eist Land soll an däerf vergiess ginn an all hiren Aspekter an och an der Wichtegkeet fir eis Geschicht an d'Bestoe vun eisem Land. Mir mussen d'Erënnerung waakrech halen.

Déi historesch Wichtegkeet brauche mer net méi ze beleeën: Si ass bekannt, mä déi Aarbecht kann allerdéngs nach ausgebaut ginn. Wa mer soen Erënnerung an all sengen Aspekter: D'Nazi-Occupatioun hat fir Lëtzebuerg, dat an d'däitscht Räich incorporéiert gi war, vill grujelech Säiten a Konsequenzen iwwert dee politesche Plang eraus am Alldag vun de Lëtzebuerger an deenen, déi hei gewunnt hunn. Lues a lues ass Widderstand entstanen. Et huet sech eng villschichteg Resistenz entwéckelt, ee Widderstandskampf ewéi och an anere Länner, déi vun de Preise besat waren.

Et ass de Lëtzebuerger awer och 1942 op eemol eppes geschitt, wat et an deenen anere Länner net ginn ass, ausser just an zwee Gebidder, nämlech deene vum Elsass an der Moselle, an zwar de Phenomeen vun der Zwangsrekrutéierung, eng nei Akesselung duerch den Nazi-Terror, wou d'Occupatioun zousätzlechen Ekel a Widderstand ervirgeruff huet, onwidderrufflech uerchtert d'ganz Bevölkerung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Resistenz an Zwangsrekrutéierung sinn déi zwou Haaptcharakteristike fir d'Lëtzebuerger Land a seng Awunner an der Zäit vum Zweete Weltkrich an der Nazi-Occupatioun. No 60 Joer ass d'Zäit komm, fir déi zwee Phenomeener gläichwäerteg ze considéréieren an ze behandelen. An d'Unerkennung fir d'Leiden op deenen zwou Säiten, mat deenen zwou Facetten, mat ville Facetten, fir d'Erënnerung un déi ganz Zäit mat hire schwaarzen, wäissen a groe Säite waakrech ze halen, dat musse mir eis vun elo u virhuelen.

D'Zwangsrekrutéiert hunn een Dilemma erlieft - dat Wuert, Här Chamberspresident, hutt Dir selwer och gebraucht -, si hu sech missen entscheeden, fir entweder hir Famill net Exactiounen auszesetzen, an da mussen déi preisesch Uniform unzedoen oder net agezunn ze ginn an hir nächst Noperen a Frënn groussen an ongewëssene Geforen auszesetzen. Een Dilemma, wéi mir et haut eis wuel net méi kënne virstellen, Gott sei Dank, well mir d'Chance hunn ni virun esou zerräissend Décisioune gestallt ginn ze sinn, well mir d'Chance hunn, datt Europa an d'Europäer aus der däischterer Zäit vun deemools Léiere gezunn hunn: Ni méi Krich! Mir sollen an deem Kontext och ni vergiessen, datt Europa ee Friddensprojet ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Rei vun Texter sinn an deene leschte puer Joer hei an der Chamber adoptéiert ginn, déi ëm d'Thematik vum rietsextremen Terror aus der Zäit vum Zweete Weltkrich dréinen. Dat war d'Abrogatioun vum Gesetz vun 1937 iwwert d'Spueniekämpfer respektiv iwwert d'Verbuet fir dohinner géint d'Franco-Truppen halen ze goen. Dat war awer och ee Gesetz wat viru just méi wéi zwee Joer hei an Ärer Chamber gestëmmt ginn ass iwwert d'Schafung vun dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance an dem Comité directeur du Souvenir de la Résistance. Dat war den Nofolger vum Conseil national de la Résistance vun 1967; an dës Ëmwandlung war entstanen op Wonsch vun de Resistenz-Organisatiounen an hire Vertrieder selwer.

Ee gutt Joer duerno huet d'Regierung ee Gesetzesprojet ausgeschafft, deen der Zwangsrekrutéierung genau déiselwecht Strukture gëtt. Och hei war ee Wonsch vun de concernéierten Organisatiounen ausgeschwat ginn. Domadder hunn d'Zwangsrekrutéiert elo een offiziellt Organ, fir si virun den Autoritéiten ze vertrieden, een offiziellt Organ niewent hire Strukturen, déi associatiounsméisseg bei hinne gebilt gi sinn an déi vill Aarbecht gemaach hunn. Och een offiziellt Organ, wat eng Unerkennung ass fir hiert Leiden, een offiziellt Organ niewent engem Dokumentatiouns-a Forschungszentrum, dat hir Geschicht kann a soll festhalen iwwer individuell Réciten eraus, fir wéi gesot d'Erënnerung liewen ze loossen an ze erhalen. Dat gëllt fir déi zwou Strukture vun deenen ech elo geschwat hunn - Resistenz souwuel wéi Zwangsrekrutéierung.

Mir däerfen effektiv ni vergiessen - Ni däerfe mir vergiessen! -, wat Terror, Haass a Gewalt vu Leed a Misär iwwert d'Mënsche bréngen, wéi esou monstruéis Regimer Leit zu Déiere maachen, wa si hir Matmënsche wëlle wéi Véi behandelen. Dofir musse mir strukturéiert Geschichtsfuerschung maachen a fir déi nofolgend Generatiounen all Lektiounen erhalen a si léieren doen, ni esou ze handelen, ni an esou Reaktiounen eranzerutschen, ni eis Matmënschen, net emol eventuell Géigner, onwürdeg ze behandelen, geschweigs dann ze bekrichen, an dat och net am Alldag.

Dofir musse mir net nëmmen d'Erënnerung erhalen, mä se viruginn un déi Jonk, a wéi ee bessert Mëttel gëtt et natierlech wéi dat iwwert d'Schoul ze maachen oder an der Schoul ze maachen? Dat ass virdrun hei ugeschwat ginn. Déi viregt Regierung huet ënnert der Madame Brasseur an zesumme mam Statsminister virun e puer Joer d'"Journée de la Mémoire" agefouert an de Schoulen, mat de Schoulen, ronderëm d'Schoulen, mat de Resistenz- an Zwangsrekrutéiert-Organisatiounen, mat dem Centre de Documentation de la Résistance. Déi Journée gëtt ronderëm den 10. Oktober organiséiert, fir deene jonke Generatiounen ze weisen, virunzeginn, wat et bedeit huet déi Saache musse matzemaachen.

Eng Rei aner Opschaffungsmethodike sinn och schonn agesat ginn. Dacks ass elo schonn de Film „Heim ins Reich" genannt ginn, deen effektiv ee ganz gudden, éischte kompletten Iwwerbléck iwwert déi fënnef bis sechs Joer vum Zweete Weltkrich, wou d'Lëtzebuerger ënnert den Nazië gelidden hunn, weist, fir kënne virunzeginn ënner historesche Begebenheeten an als eng faktuell Erzielung, wat dat alles bedeit huet a wat een dorauser muss léieren. Och d'Commémoratiounsévénementer, déi mir all Joer beginn, droen zu der Erënnerung bäi an zu dem Virundroe vu Gedenken, a sécherlech kann een och do mat der Zäit nei Gedanken zesummebréngen an afléisse loossen.

Resistenz an Zwangsrekrutéierung, dat sinn zwou Säite vum Liewen an de schrecklechen Erfahrunge vun de Lëtzebuerger am Zweete Weltkrich. Si hunn allen zwou eis Natioun geprägt a stelle charakteristesch d'Schicksal an

d'Leide vun de Generatioune vun eise Virfahren duer. Mir mussen et viruginn un déi nächst Generatiounen.

Elo kann ee sech vläicht froe firwat grad ech hei als eent vun deene Jéngsten heibannen zu dësem Projet fir d'Regierung schwätzen. Dat ass awer gradesou richteg a grad esou, wéi et soll sinn. Well et si mir, déi Jonk, déi nach dovun erzielt kritt hunn, vun eisen Elteren, vun eise Grousselteren, déi de Krich selwer erlieft hunn, matgemaach hunn, vläicht hu missen agezu ginn, vläicht an der Resistenz waren, déi dat musse viruginn, déi am beschte kënnen den Iwwergank bidden an duerbidde fir weiderliewen ze loossen, wat d'Erliefnesser vun deene Generatiounen sinn, déi am Zweete Weltkrich gelidden hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vill Matière ass nach opzeschaffen hei. Individuell Erfahrungen, déi niddergeschriwwe gi sinn, individuell Erfahrungen, déi ee ka siche goen, déi ee ka recueilléieren, wat an deene leschte Joren ëmmer méi geschitt ass, wat een awer nach ka weider maachen.

Et sinn och geschichtlech Fakten an Zesummenhäng nozesichen, ze erfuerschen, opzeschaffen, zesummenzeschreiwen a virun allem wëssenschaftlech auszewäerten. Et gëtt vill Aspekter, et gëtt vill Facetten, et gëtt vill Saachen zesummenzedroen, ze beschreiwen, a wéi gesot auszewäerten an dësem Kontext, fir een ëmfaassent Bild ze ergi vun de schwaarze Säiten, vun de groe Säiten, vun de wäisse Säiten, vu Resistenz, vun Zwangsrekrutéierung, vu Matleefertum, där es och do war, fir datt mir eemol e ganz ëmfaassent Bild kréien.

Dëst Gesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gesäit dofir, gradesou wéi dat parallellt Gesetz fir d'Resistenz, d'Schafung vun engem Centre de Documentation et de Recherche vir, fir déi Aufgabe wouerzehuelen.

Wann ech vläicht just kann ee Wuert dorop äntwerten, wat den Här Braz gefrot hat a senger Interventioun, also op déi Motioun zréckkommen, déi am Februar d'lescht Joer hei gestëmmt gi war iwwert déi russesch Archiven iwwert d'Zwangsrekrutéiert a russescher Gefangeschaft, sou kann ech soen, dat war éischtens emol eng Etüd, déi gemaach ginn ass an der éischter Halschent vun den 90er Jore vun der Regierung, mat Regierungshëllef an och mat Regierungsbezuelung, op Bedreiwe vun den Enrôlés de force an hirer Federatioun, an déi Etüd ass hinnen och iwwerreecht ginn.

U sech war d'Regierung der Meenung, datt et eng Etüd war - well si op Bedreiwe vun der Zwangsrekrutéierte-Federatioun gemaach ginn ass -, déi och hinne géif gehéieren an et hinnen och fräisteet mat där Etüd ze maachen, wat si wëllen a wéi si dat fir richteg fannen um Niveau vun enger Publikatioun.

Zweetens ass et awer esou, datt mir parallell dozou d'accord waren, datt jiddfereen, deen Informatioune wëllt kréien iwwer Leit aus senger Famill, respektiv déi Betraffe selwer nofroe kënnen op Basis vun engem bestëmmtenen Numm bei eis an der Regierung, beim Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance, well do leien se de Moment a si komme sécherlech och an deen anere Centre. Do kann ee konkret nofroen, wat fir eng Renseignementer iwwer e bestëmmten Numm dran enthale sinn.

Da muss ee soen, datt an der Etüd dat erauskomm ass a confirméiert konnt ginn, wat eigentlech scho virdru vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten zesummegedroe gi war. U sech ass alles bestätegt gi wat si virdru scho wossten. Nei Nimm an nei Informatioune si kaum dobäikomm, well si esou komplett an hirer Aarbecht virdru waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëssenschaftlech Auswäertung, domadder wäerten an der nächster Zäit déi zwee Centres de documentation sech ofginn a weider viruschaffen un där Aarbecht, déi scho geleescht gi war, déi aner Leit geleescht hunn, wou si selwer drun amgaange sinn a wou se dorunner viru wäerte fueren.

Dëst Gesetz gesäit dofir och e ganz enkt Zesummeschaffe vir zwëschent deenen zwee Centres de recherche et de documentation. Dat ass wichteg an néideg, fir esou vill Synergië wéi méiglech ze schafen. Gläich Considératioun zwësche Resistenz an Zwangsrekrutéierung, keng Segregratioun zwëschent deenen zwou Strukturen, keng separat Geschichtsforschung a -schreiwung. Et ass eng gemeinsam Vergaangenheet, et ass e gemeinsaamt Leiden, et ass e Stéck oder besser e Ganzt vun eiser Geschicht an am Endeffekt eng Viraussetzung fir eist heitegt Liewen a Fridden an a Wuelstand an deem gëeenten Europa.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann Iech haut hei soen, et ass der Regierung hire Wonsch, datt déi zwou equivalent Strukture mat der Zäit ëmmer méi enk beienee kommen an zesummewuessen.

Loosse mer ni vergiessen!

Merci fir Är eestëmmeg Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. D'Diskussioun ass domadder definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5348.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5348 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5407 iwwert d'Subsidien un d'Studenten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur, d'Madame Dall'Agnol, den Här Adam an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

2. 5407 - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer d'Gesetz den 22. Juni 2000 gestëmmt hunn, do ware mer all frou, well mer d'Aide financière fir d'Héichschoulstudente substanziell eropgesat haten. An als Kommissioun ware mer ganz besonnesch houfrech, dass déi deemoleg Héichschoulministesch Madame Hennicot och nach dem Amendement vun der Kommissioun Rechnung gedroen huet. Mir hunn eis vill Zäit an der Kommissioun geholl fir dëse Projet, esou datt ee ka soen, en ass net iwwert de Knéi gebrach an och net duerchgebaatscht ginn, och net an engem Wahlkampf.

An dach, fënnef Joer méi spéit, musse mer nobesseren, an dat bedéngt duerch eng Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff, där mer onbedéngt Rechnung mussen droen. Ganz kuerz elo den Historique.

De Projet ass de 26. November vum zoustännegen Héichschoulminister François Biltgen an der Chamber deponéiert ginn. De 17. November 2004 ass de Projet un de Statsrot gaangen, deen de 4. Januar vun dësem Joer e favorablen Avis ofginn huet.

An der Kommissiounssëtzung vum 3. Februar 2005 huet d'Kommissioun mech als Rapporteur bestëmmt a gläichzäiteg hu mer de Gesetzestext an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. De schréftleche Rapport gouf an der Sëtzung vum 16. Februar 2005 ugeholl.

Ëm wat geet et elo? Den Artikel 2 vum Gesetz vum 22. Juni 2000 iwwert d'Aide financière definéiert, ween an de Genoss vun der staatlecher Hëllef ka kommen. Dat si véier Kategorië vu Studenten: Lëtzebuerger, EU-Bierger, politesch Flüchtlingen a Bierger aus Drëttstaten.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Haut wëlle mer eis just am Kader vun dësem Projet mat deenen zwou éischte Kategorië beschäftegen, dat heescht mat de Lëtzebuerger a mat den EU-Bierger.

Fir d'Lëtzebuerger geet d'Nationalitéit duer, mä d'EU-Bierger mussen hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, an, an dat ass wichteg, si mussen ënnert d'Artikele 7, respektiv 12 falen, aus dem Reglement n° 1612/68 iwwert déi fräi Circulatioun vun Aarbechter an der Communautéit.

Ech wéilt kuerz drun erënneren, dass den Artikel 7 virgesäit, datt en Aarbechter aus der EU um Territoire vun alle Memberstaten net dierf anescht behandelt gi wéi en einheimeschen Aarbechter. Dëst bezitt sech virun allem op d'Aarbecht, op d'Rémunératioun, d'Konditioun vun engem Licenciement an op d'Réintégratioun um Aarbechtsmaart, am Fall wou een an de Chômage fält. E kënnt doriwwer eraus an de Genoss vun deeneselwechte staatlechen a sozialen Avantagë wéi een nationalen Aarbechter. Den Artikel 12 bezitt sech op d'Kanner vun deene Leit, déi am Artikel 12 viséiert sinn.

Här President, déi jëtzeg Législatioun mécht also en Ënnerscheed tëscht de Lëtzebuerger Statsbierger an de Ressortissanten aus der EU, déi supplementare Konditiounen ënnerworf sinn. D'Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff gesäit awer an dësen zousätzleche Konditiounen e Verstouss géint d'Gemeinschaftsrecht, andeems se feststellt, datt et net erlaabt ass fir engem Bierger aus engem aneren EU-Memberstat eng Wunnklausel opzëerleeën, déi sech op den Territoire vun deem Stat bezitt, deen d'Studienhëllef ausbezilt. Et ass doriwwer eraus net erlaabt, datt en EU-Bierger ënnert d'Reglement 1612/68 fale muss, während dës Konditioun fir de Lëtzebuerger ewechfält.

Wat dëse Punkt ubelaangt, si mer der Meenung, et sollt een déi Konditioun, also ënnert d'Reglement 1612/68 falen, am Gesetz loossen. An iwwregens, an deem Punkt huet och den europäesche Geriichtshaff nach net säi lescht Wuert geschwat.

De Projet, mat deem mer hei befaasst sinn, imposéiert dem Lëtzebuerger Student säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg ze hunn, dat heescht also, datt de Lëtzebuerger, dee selwer am Ausland wunnt, oder wou d'Elteren am Ausland wunnen, net méi finanziell vum Stat gehollef ka kréien. Hei sief awer preziséiert, datt et sech net ëm all eis Studenten handelt, déi am Ausland studéieren. Déi Studente behale jo hire Wunnsëtz hei zu Lëtzebuerg. Et handelt sech och net ëm d'Kanner vun den Diplomaten, déi jo och hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg behalen.

Déi Studenten, déi elo net méi an de Genoss vun esou enger staatlecher Hëllef komme wäerten, sinn déi, déi guer kee Lien méi mat Lëtzebuerg hunn. Do gëtt et zum Beispill ee Student, deen an Amerika gebuer ass, do lieft, e japanesche Papp huet, eng lëtzebuergesch Mamm, en huet awer guer kee Lien méi mat Lëtzebuerg, en huet awer d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Dee gëtt also no dësem neie Gesetz eliminéiert. Datselwecht fir ee Student, deen am Ausland lieft, ee Lëtzebuerger Papp huet, an och d'Lëtzebuerger Nationalitéit nach huet, mä deen am Ausland lieft. Dee kann och net méi berücksichtegt ginn.

Doduerch datt mer elo den Artikel 2 ofänneren an eng Residenzklausel fir d'Lëtzebuerger afëieren, hiewe mer d'Diskriminatioun op. De favorablen Avis vum Statsrot erlaabt mer, direkt op d'Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun iwwerzegoen, wou mer iwwregens eng ganz konstruktiv Diskussioun haten a wou de Minister eis konnt e puer interessant Donnéeë liwweren.

Esou sinn op den 1. Februar 2005 fir dat akademescht Joer 2004-2005 net manner wéi 6.886 Demandë fir eng Studienhëllef agaangen, wouvunner der 40 no der neier Législatioun net méi kënne berücksichtegt ginn, well dës Studenten hire Wunnsëtz net zu Lëtzebuerg hunn. Déi concernéiert Studenten - do gesitt Der wéi mënschlech mer hei zu Lëtzebuerg sinn, mat eise Lëtzebuerger nach ëmmer - hunn awer d'Méiglechkeet, fir hir wunnlech Situatioun ze régulariséieren, fir weider vun der Finanzhëllef profitéieren ze kënnen.

De Ministère huet och an Aussiicht gestallt, datt déi concernéiert Studenten eventuell kéinte kontaktéiert ginn, fir hinnen nozeleeën, datt se sollten hir Situatioun regulariséieren. De Minister huet de Memberen aus der Kommissioun weiderhi verséchert, datt den zoustännege Service am Ministère gewëllt ass, fir e Maximum u Pragmatismus bei der Gestioun vun de concernéierten Dossiere walten ze loossen.

Et ass och zu Recht drop higwise ginn - an dat ass dat Wichtegst, firwat mer et musse maachen -, datt den Enjeu vun de Studienhëllefe grouss ass, well et geet jo drëm, fir d'Mobilitéit vun de Lëtzbuerger Studenten ze promouvéieren. Hei muss och gesot ginn, datt eise System vun der Aide financière, ee vun deenen avantagéisten aus Europa ass.

Erlaabt mer heizou e puer Zuelen. Am akademesche Joer 1999/2000, also nach virum A-Kraaft-Triede vum neie Gesetz, hu 4.412 Studente vun der Aide financière profitéiert, am Joer drop waren et der 5.017 an am Joer 2003/2004 waren et der 6.723. 2003/2004 huet de Stat eng global Zomm vun 8,2 Milliounen Euro als Bourssen iwwerwisen an 38,6 Milliounen Euro u Prêten accordéiert. Wann een dat an al Lëtzebuerger Frang ëmrechent, da kënnt ee bal op zwou Milliarden aler Lëtzebuerger Frang, wat jo awer wierklech net näischt ass.

Eis Aide financière ass awer och avantagéis, well se transférabel ass. Dat heescht, datt se net un d'Studieland gebonnen ass. Eis Studente kënnen hir Aide financière an déi ganz Welt mathuelen, wat awer net de Fall ass fir Studenten aus eisen Nopeschlänner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Minister preziséiert doriwwer eraus, datt d'Konditioun vun der Non-transférabilité vun de Studienhëllefen, sou wéi et vum auslännesche Gesetzgeber virgesinn a vum Gemeinschaftsrecht erlaabt ass, eng vun den Ursaache vum limitéierte Succès vum Erasmus-Sokrates-Programm duerstellt. De Minister plädéiert dofir, fir eise System, deen eben déi Transférabilitéit huet, net ze hypothekéieren.

Mat der Législatioun geet et och drëm, fir e Subsidentourismus ze vermeiden, dee riskéiert ze entstoen, wann de Krees vun deenen, déi an de Genoss vun enger finanzieller Hëllef kommen, iwwert d'Zuel vun de Studenten, déi zu Lëtzebuerg wunnen, eraus erweidert gëtt. Et ass nach drop higewise ginn, datt et u sech net méiglech ass, fir Studienhëllefe vun zwee oder méi Länner ze cumuléieren.

An der Kommissioun ass Kritik opkomm, well verschidde Membere bedauert hunn, datt d'Regierung bis haut gewaart huet, fir déi bestoend Législatioun ofzeänneren, bis datt eng Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff virloung.

Des Weideren ass drop higewise ginn, datt sech d'Generositéit vun de staatleche Studienhëllefen aus dem Artikel 23, Abschnitt 4, aus der Verfassung ergëtt. Den Artikel seet, datt all Lëtzebuerger fräi ass seng Studien an deem Land an op där Uni ze maachen wou hie wëllt.

Sou wäit fir mäi mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt Iech alleguerten e bësse vun der Wichtegkeet vun dësem Projet iwwerzeegen a géif Iech och bieden de Projet ze stëmmen. Op jidde Fall ginn ech den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Stein huet elo als Rapportrice an hirer gewinnt gudder Manéier all Detail vum Gesetzesprojet duergeluecht, esou dass ech dat net méi brauch ze maachen an iwwert d'Adaptatioun vun eisen Texter ze schwätzen, déi néideg sinn, fir dass eist Gesetz iw-

wert d'Studiebäihëllefen an Aklang ass mam europäesche Recht.

Wann een also net méi brauch an den Detail vun dësem Projet de loi anzegoen, sou wëll ech dach awer e puer Remarquen zu der Diskussioun bäidroen.

Mir hunn e ganz generéise System vu Studiebäihëllefen, dee generéisten an Europa an héchstwahrscheinlech och souguer weltwäit. Dat ass och gutt esou, well eis Studenten - zu engem groussen Deel - musse jo nach wie vor an d'Ausland studéiere goen, wat mat ganz héije Käschte verbonnen ass, sou dass mer dee System och solle bäibehalen.

Déi Ënnerstëtzung ass weiderhin néideg a souguer nach méi noutwendeg wéi jee, wa mer wëllen an eng Wëssensgesellschaft goen. A mir wësse jo, dass den Taux vun den Universitairen zu Lëtzebuerg wierklech geréng ass, sou dass mer dat weider mussen ënnerstëtzen. Op jiddfer Fall däerfen d'Sue keng Barrière sinn, fir dass e jonke Mënsch ka weider studéieren.

Mir mussen awer oppassen, dass eise generéise System net zu engem Studien- oder engem Subsidentourismus féiert, net dass mer Leit op Lëtzebuerg unzéien, déi sech hei pro forma op d'Universitéit androen, déi hei och wunne kommen, mä deenen hir Haaptaktivitéit mat Sécherheet d'Studium net ass. Dat wier net gutt fir de System, mä dat wier och net gutt fir de Standuert Lëtzebuerg a virun allem géing dat der Réputatioun vun der Uni kee Gudds bréngen. Dofir musse mer do vigilant sinn an d'Zuelen am A behalen, wéi staark sech an Zukunft d'Demande vu Bäihëllefen wäert entwéckelen.

A Frankräich ass viru kuerzem eng Etüd gemaach ginn am Optrag vum franséischen Educatiounsminister, et ass iwwregens e Lëtzebuerger, deen déi Etüd gemaach huet, an dee koum zur Konklusioun, dass d'auslännesch Studenten a Frankräich 40% manner Réussite hunn an den Unisexamen an dass ee sech misst a Frankräich iwwerleeën, ob een net soll Quoten aféieren, fir auslännesch Studenten a Frankräich zouzeloossen.

Dat stoung onnuancéiert esou an der Press an ech weess, dass et sech net kann ëm europäesch Studenten handelen, well dat wier contraire zum Droit européen. Mä ech hat doropshin eng Fro un den zoustännege Minister, den Här Biltgen, gestallt, andeem ech hie gefrot hunn, ob en dat awer net wéilt op en Ordre du jour setze vun engem europäesche Conseil un den zoustännege Ministeren. Op déi Fro krut ech keng Äntwert. A meng zweet Fro war, wéi den Taux de réussite da vun de Lëtzebuerger Studenten a Frankräich wier. Och dat huet de Minister net beäntwert, hien huet mer just gesot, ween alles Primë kritt, wéi vill dat der sinn en nombre brut, mä awer net wéi d'Verhältnis ass vum Taux de réussite vun de Lëtzebuerger par rapport zu de Fransousen.

Ech sinn awer der Meenung, dass mir dee Chiffer musse kënne kréien. Wann d'Fransouse kënne soe wéi vill Auslänner op hiren Unie réusséieren, musse mir dach awer och kënnen erausfanne wéi vill Lëtzebuerger do drënner sinn, oder net? Ech hunn nämlech d'Gefill, mä ech kann et net beweisen, an ech wollt dat awer héieren, dass d'Lëtzebuerger besser ofschneiden, wéi déi aner Auslänner op de franséischen Unien. An déi Informatiounen, déi ech hunn, dass d'Lëtzebuerger och besser ofschneiden en moyenne, wéi d'Fransouse selwer, si wierklech e positiivt Zeeche fir ons jonk Leit. Mä leider konnt ech dorop keng Äntwert kréien.

Onst Subsidegesetz, d'Basisgesetz vun 2000, gesäit vir, dass ee keng Abusë ka maachen an dass eng gewëss Studienzäit virgesinn ass; et däerf een ee Joer méi laang brauche wéi d'Studienzäit, sou laang kann een ënnerstëtzt ginn.

Ech wollt d'Donnéeë mol kucken, wéi vill dat der wieren, ob och Subside géingen ënnerbrach ginn. An dunn hunn ech mech wollte schlau maachen um Site vum Enseignement supérieur um Internet.

Grouss war mäin Erstaunen, Här President, dass et kee Site gëtt vum Enseignement supérieur an dofir wollt ech d'Madame Statssekretär froen, ob ech esou schlecht gekuckt hunn oder ob deen esou onzougänglech ass, dass et ganz schwiereg ass, en ze fannen? Ech hunn ënner Gouvernement gekuckt an dann de Ministère a wann een dann do drop klickt, da kënnt een op de Ministère de la Culture, deen e Site huet, dee guer net ausgesäit, wéi d'Sitë vun deenen anere Ministèren. Ech hunn do weider probéiert Informatiounen ze kréien iwwert de Ministère de l'Enseignement supérieur, dat ass mer net gelongen.

Dat Eenzegt, wat ech fonnt hunn, dat ass e Rapport d'activité vum Centre de Documentation et d'Information, also vum CEDIES, an do stinn och d'Donnéeën iwwert d'Subsiden dran. D'Madame Stein huet déi och elo grad nach rappeléiert. Mä et ass awer schonn erstaunlech, dass ech kee Site vum Enseignement supérieur fonnt hunn. Do géing ech dem Här Biltgen awer wëllen un d'Häerz leeën - hie war jo an der viregter Regierung zoustänneg fir d'Kommunikatioun - fir déi nei Technologien, wierklech awer ze kucken, dass dee Ministère och elo esou dotéiert gëtt, dass en en eegene Site huet, wou ee sech kann dokumentéieren.

A wat ech och net fonnt hunn, dat ass de Rapport d'activité vum Ministère de l'Enseignement supérieur vum Joer 2003. Och do hunn ech nëmmen d'Dokumentatioun fonnt vum Ministère de la Culture. Télefonesch hu mer nogefrot, an dunn ass am Ministère gesot ginn, si géingen dann emol kucken a wa se dee Rapport géinge fannen, da kréich ech dee matgedeelt. An ech menge wa mer vun eGovernment schwätzen, an den Här Biltgen hat sech jo dat ganz grouss a säin eegene Programm geschriwwen, dann ass et wierklech un der Zäit, dass den Här Biltgen och kuckt, dass dat am Ministère vum Enseignement supérieur an d'Praxis ëmgesat gëtt.

Eng Fro, déi ech wollt stellen, déi ass am Zesummenhang mat de Prêts remboursables. Et muss ee jo zéng Joer no der Studienzäit déi Suen, déi ee geléint kritt, zréckbezuelen, zu engem nidderegen Taux. Wat ass virgesinn, Madame Statssekretär, wann déi net zréckbezuelt ginn? Sinn do Sanktioune virgesinn? Oder wéi wierkt dat sech aus? Dee Prêt remboursable gëtt et jo net eréischt säit dem Joer 2000, soss hätte mer nach keng Experienz dran, mä dee gëtt et scho méi laang. Gëtt et Studenten, déi insolvabel waren an net konnten zréckbezuelen, a wat ass an deem Fall virgesinn?

Ech wollt lech nach, Här President, op eppes opmierksam maachen, dat ass de Règlement grand-ducal vum 5. Oktober 2000, deen huet d'Ausféierungsbestëmmunge vum Gesetz vun 2000 virgesinn. Dee Règlement grand-ducal muss selbstverständlech adaptéiert ginn, well do sinn och nach verschidden Dispositiounen dran, déi en Ënnerscheed maachen tëschent Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, an dat ass jo da konträr zu deem neien Text. Dofir wollt ech froen, ob den Text vum Règlement grand-ducal prett ass, fir dass dëst Gesetz dann och kann adaptéiert ginn. Dat leeft jo da fir déi nächst Demandes de subside, dass de Règlement grand-ducal dobäi net vergiess gëtt.

Ech brénge selbstverständlech zu dësem Text den Accord vun der Demokratescher Partei, vu menger Fraktioun, mä ech wëll awer nach op eppes opmierksam maachen, an d'Madame Stein huet et ugeschnidden, dat ass, dass duerch déi nei Dispositiounen elo 40 Lëtzebuerger Studenten net méi kënne vun deene Subsiden oder Bourssë profitéieren. Dat ass e Präis, dee mer musse bezuelen, an et steet jo och am Rapport, dass ee géing no pragmatesche Léisunge sichen.

Et ka sinn, dass an Zukunft d'Zuel vun deene Studenten, Lëtzebuerger Studenten, déi net kënnten heivunner bénéficiéieren, an d'Luucht géing goen duerch méi Mobilitéit vun den Elteren. D'Grenze ginn ëmmer méi op, d'Leit loossen sech am Ausland nidder, d'Kanner liewe mat hiren Elteren dann am Ausland, hunn awer d'Lëtzebuerger Nationalitéit, hunn nach all Liene mat Lëtzebuerg. Dofir géing ech bieden, dass een dat soll am A behalen an d'Evolutioun vun deenen Demandë kucken, net dass déi eidel ausginn. Dat war jo och net de Sënn vun deem, wat mer hei wollte maachen, mä mir hunn dësen Text missen adaptéieren, well den Droit communautaire dat esou virgesäit.

Mat deene Remarquen, Här President, wollt ech dann nach eng Kéier ënnersträichen, dass ech der Madame Rapporteur wëll félicitéieren an dass ech den Accord vun der DP-Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci, Här President. Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol Merci der Rapportrice fir hire kompletten an exzellente Rapport. Si huet jo elo just hei mëndlech, awer och am schréftleche Bericht déi wichtegst Punkten, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, erëmginn, an dofir keng Angscht, ech erspueren lech dann eng Widderhuelung vun deem Ganzen. Datselwecht gëllt och fir de System vun de Subsiden am Allgemengen, vu datt meng Virriednerin jo och am Detail heirop agaangen ass.

Wéi ech perséinlech de Projet de loi 5407 gelies hunn, du koume mer awer direkt e puer Froen, an ech hunn du profitéiert, via Question parlementaire, direkt, nach ier mer et um Ordre du jour vun der Kommissioun haten, d'Äntwerten heirop gewuer ze ginn.

Et waren dat d'Chifferen, dat heescht: Wéi vill Studenten a Studentinne sinn iwwerhaapt betraff vun dëser Ëmännerung? Wéi ass et mat deene Studentinnen a Studenten, déi elo schonns amgaang sinn ze studéieren ënnert dem Regime vum Gesetz vun 2000? Wéi geet et mat deene weider? A schlussendlech huet mech och nach interesséiert, wéi mer deene Studentinnen a Studenten, déi dann elo eben direkt vun dësem Projet de loi géinge betraff ginn, hëllefen, hir Studien ënnert deene gudde finanzielle Konditiounen, déi mer hinne jo awer am Ufank versprach haten, zu Enn ze féieren.

Au contraire zu menger Virriednerin hunn ech dann och d'Äntwerten op meng Froe kritt. Dat heescht am Kloertext, meng Fraktiounskolleeginnen a -kolleegen…

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Dir hat méi Chance wéi ech.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat hänkt vun der Partei of. Si ass besser ugesi wéi Dir.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Dat kann eng Erklärung sinn, Här Bodry.

Dat heescht am Kloertext, meng Fraktiounskolleeginnen a -kolleegen esou wéi ech selwer hunn eben net nëmmen duerch déi schréftlech Äntwerte vum Minister, mä och komplementar - an d'Madame Stein huet et gesot - duerch d'Diskussiounen an der Kommissioun, déi Der jo an deem schréftleche Rapport och erëmfannt, alleguerten déi néideg Informatioune kritt.

Et ass och an der Press an de leschten Deeg méi wéi genuch op dëse Projet de loi agaange ginn, esou datt eben och d'Populatioun am Virfeld informéiert konnt ginn. An och hei sinn déi Äntwerten, déi ech dann op meng Question parlementaire kritt hunn, alleguerten erëmkomm, nämlech datt et sech vun deene 6.886 Studentinnen a Studenten, fir prezis ze sinn, am Total op 40 géing beschränken, déi da vun dësem Projet betraff géinge ginn.

De Ministère selwer wëllt sech jo dann och mat deene Concernéierte perséinlech a Verbindung setzen, fir mat hinnen no Léisungen ze sichen, fir datt eben esou keng Härtefäll géifen entstoen. Domat waren eis Bedenken zu deem Projet de loi beseitegt, an ech géing da vun der Geleeënheet profitéieren, fir den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen der Madame Stein Merci fir hiren exzellente Rapport. Déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet och stëmmen. Ech rappeléieren nach eng Kéier, et ass am Fong geholl just e Gesetz mat engem eenzegen Artikel, dee mer stëmmen. Et ass eng Upassung, déi ebe vun där europäescher Gesetzgebung aus gefuerdert ginn ass.

Déi lëtzebuergesch Ënnerstëtzung vun de Studenten ass eng ganz grousszügeg. Dat fanne mir gutt, dat ass wonnerbar. Et wier vläicht awer och flott, wann eis Beméiungen oder d'Beméiunge vun der Regierung géingen an d'Hisiicht goen, fir méi eng grouss europäesch Konformitéit ze kréie vun alleguerten deenen Hëllefen, déi do sinn. Lëtzebuerg ass exemplaresch, eis Bourssë kënne mat an d'Ausland geholl ginn, wat jo logesch ass. Mir hunn eréischt ganz kuerz eng eegen Uni, eis Lëtzebuerger Studente mussen och kënnen an d'Ausland goen. Et wier ganz flott, wann eis Nopeschlänner och géinge Beméiunge maachen, datt hir Bourssë gradesou transférabel gi wéi eis.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och direkt der Rapportrice, der Madame Stein, Merci soen. Si huet hei ganz detailléiert d'Problematik opgeworf, déi mer hu missen iwwert de Wee vum Gesetz léisen, an domadder wëll ech och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Mä erlaabt mer awer, Här President, an e puer Wierder ze verriichte wéi eng Problemer net duerch d'Gesetzgebung geléist sinn a wou mer musse kucke fir eng Léisung ze sichen. Ech ginn zwee Beispiller un: déi Leit, déi Pilot wëlle léieren, an déi Leit, déi an Eliteschoulen, an Haute-Écolë wëlle goen.

D'Piloten, wann ee wëllt esou Studië maachen, da läit d'Aschreiwungstax pro Joer bei 50.000 Euro. Dat ass eng considérabel Zomm an dat gëtt net als Études universitaires ugesinn, obwuel all Kéiers eng Première gefrot gëtt, an et gi keng Hëllefen d'aucune sorte beim Lëtzebuerger Stat fir dee Problem do unzegoen. Or, mir brauchen awer Piloten, mir brauchen awer Leit, déi sech an deene Saachen ausbilden, an do gëtt et keng staatlech Hëllef.

Datselwecht gëllt och fir déi Leit, déi an Hautes écoles oder an Eliteschoule ginn. Dat sinn déi Schoulen, déi alleguerte meeschtens privat sinn, mä wou eng ganz staark Selektioun ass. Ech weess vun enger Schoul, wou tëschent 7.000 an 8.000 Kandidate sech mellen. Si huelen der 250. Mir hunn do regelméisseg ee bis zwee Lëtzebuerger derbäi. Déi Schoule sinn haaptsächlech a Frankräich, an Däitschland, an England an och an Amerika, fir och nëmmen déi ze nennen, an déi Frais d'inscription annuels leie bei 10.000 bis 20.000 Euro d'Joer, an och do gëtt et keng spezifesch Hëllef, fir deem entgéintzetrieden.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Do ass dann du versicht gi fir iwwert de Wee wéinstens vum Abattement pour charges extraordinaires iwwert de Steierwee kënnen deem Rechnung ze droen. Or, do huet d'Steieradministratioun gesot a geschriwwen, datt d'Regierung gesot huet, dat wier net méi eng Charge extraordinaire an datt dat doten also net méi dierf steierlech déductibel sinn.

Ech muss soen, do verstinn ech et net méi. Dee steierlechen Abattement betrëfft natierlech nëmmen déi Leit, déi Steiere bezuelen, mä et schéngt mer awer wichteg ze sinn, datt wéinstens dee Moyen do kënnt iwwer en einfache Bréif un d'Steieradministratioun geléist ginn, datt esou Chargë misste wéinstens vun de Steieren déductibel sinn. Datselwecht gëllt och fir d'Piloten.

Dat hëlleft natierlech deene Leit net, déi keng Steiere bezuelen oder wéineg Steiere bezuelen. An dofir mengen ech, misst sech d'Regierung iwwerleeën, ob se do net iwwert de Wee vun engem Gesetz oder iwwer aner Weeër - och nach de Wee vum Subsid, dat heescht vun enger Allocatioun - kënnt nosichen. Do besti Problemer. Ech wollt op déi Saach opmierksam maachen, well eng etlech Lëtzebuerger Familljen an eng etlech Lëtzebuerger dann domadder Schwieregkeeten hunn.

Deen zweete Punkt, deen ech wollt ugoen, dat ass d'Problematik vun de Prêts remboursables. Wéi d'Gesetz iwwert d'Prêts remboursables fir d'éischte Kéier festgehale ginn ass, ass gesot ginn, d'Taux interbancaires louche bei 5% an et ass gesot ginn, mir huelen den Taux interbancaire plus eng Marge vun 0,15%. Dat war och deen Ablack esou richteg. An der Tëschenzäit sinn d'Tauxë gefall. D'Tauxë leien elo bei 2% an eppes plus déi Marge, déi de Banken als Marge bénéficiaire a fir d'Frais administratifs ze decken zougestane gëtt, an de Stat spuert also, wann een dat kann esou soen, eng ronn 3% op dem Taux global, deen e muss remboursëieren.

An d'Fro, déi ech gestallt hat an op déi ech leider vum zoustännege Minister eng negativ Äntwert kritt hunn, dat ass fir ze soen, datt et net richteg wier fir elo d'Gesetz ze änneren an et misst bei deene Montantë bleiwen. Ech mengen awer, datt ee vläicht misst op den Null-Prozent-Taux erofgoen. Woufir? Well mer gesinn, datt eng etlech Studentinnen a Studenten awer d'Prêten an d'Montanten an de Prêten accumuléieren, haaptsächlech déi, déi Medezinsstudente sinn, déi also eng sechs, néng, zwielef Joer studéieren. Do muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Reglementatioun net sollt revidéiert ginn.

Ech géing och do d'Regierung bieden, datt se sech där Saach nach eng Kéier soll unhuelen, ob se net vläicht verschidde Modalitéite wéinstens sollt virgesi fir déi Leit, déi gréisser a länger Studië musse maachen, dass net herno eng Zomm sech accumuléiert, déi fir de Remboursement laang Joren dauert an déi ganz vill Schwieregkeete fir déi Studentinnen a Studente bedeit.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. D'Wuert huet elo fir d'Regierung d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi muss een d'Studéieren an d'Héichschoulstudien am europäesche Kontext gesinn. Dat ass och den Hannergrond vun deem Gesetz, wat mir elo diskutéieren.

(Nuisances sonores)

Och d'Schafung vun der Uni Lëtzebuerg fënnt hir Ursaach an dësem Ëmfeld, wou et jo fir Lëtzebuerg gegollt huet souwuel sech ze positionnéieren, wéi och Säint dozou bäizedroen zu der Wëssensgesellschaft, vun där mer alleguerte schwätzen an déi mer gären hei an Europa mat méi Liewe fëlle géifen.

An dësem europäesche Kader also gesi mer des Ännerung vum Gesetz iwwert Héichschoulbäihëllef, iwwert dat mer haut diskutéieren, an zu deem ech der Madame Rapporterin villmools Merci wëll soe fir hir Aarbecht, gradesou wéi och fir d'Bäiträg vun deene Riedner, déi no hir komm sinn.

Wa mir soen europäesche Kader fir dëst Gesetz, da sinn et eigentlech dräi Prinzipien, déi mer dozou afalen an déi dobäi wichteg sinn. Dat ass éischtens d'Mobilitéit vun de Studenten. Dat ass zweetens d'Portabilitéit vun de Bourssen an de Studiëbäihëllefe vun engem Land an dat anert. An dat ass drëttens natierlech, an deem Kontext hei ëmsou méi, dee communautäre Prinzip vun der Gläichbehandlung an der Gläichstellung vun allen europäesche Bierger.

An duerch dee Prinzip hu mer missen eng Residenzklausel aféiere fir jiddfereen, Lëtzebuerger sougutt wéi Auslänner, an eist Gesetz vun de Studiëbäihëllefe mat sengem generéise System, fir weiderhin esou wäit wéi méiglech eise generéise Regime vu Subsidebäihëllefen, Bourssen, Prêten, Aschreiwungskäschten - well déi ginn nämlech och zu engem Deel doriwwer subsidiéiert - fir Héichschoulstudië kënne bäizebehalen.

De Beweis, datt mer weiderhi generéis sinn, wëlle bleiwen an och kënne bleiwen, dat ass, datt vun deene mëttlerweil bal 7.000 Bénéficiairë vun eisem Gesetz aus dem Joer 2000 iwwert d'Aides financières pour études supérieures knapps 0,5% ewechfalen duerch déi nei Bedéngungen. Déi Leit wäerten awer alleguer, wéi et scho gesot ginn ass, systematesch kontaktéiert ginn.

Déi zweet Bemierkung, déi ech dozou muss maachen, ass, datt am Ausland a bal sämtlechen europäesche Länner d'Bourssen net portabel sinn. Dat heescht, et kann een net, wann een an engem Land wunnt, souguer d'Nationalitéit vun deem Land huet - heiansdo ass esouguer dat erfuerdert -, seng Bourse, déi een do géif kënne kréien, mathuelen, wann een dann an een anert Land géif studéiere goen.

Dee System vu Portabilitéit, dee mir hei zu Lëtzebuerg hunn, dee sech bei eis selbstverständlech erklläert an dee mir och weider wëlle bäibehalen, deen hunn nach just déi nordesch Länner plus Irland. Allerdéngs hunn déi dofir och eng Clause de résidence ageschriwwen an hiert Gesetz.

Firwat ass eist Gesetz esou generéis? Mä et ass scho gesot gi virdrun, well héich, ganz héich Beträg dra sti fir d'Bäihëllefen. Mir wëlle weiderhin et erméiglechen, Studien am Ausland kënnen ze maachen, gradesou wéi et eis onbedéngt um Häerz läit, datt vill Leit kënne studéiere goen. Eis Bäihëllefe sinn héich. Mä si sollen awer net iwwerméisseg héich sinn. Mir si wahrscheinlech dat Land an Europa, wat déi héchste Beträg virgesäit. Derbäi kënnt nach e System, wou ee kann d'Frais d'inscription iwwerholl kréien, zu 50% Bourse an zu 50% Prêt, bis zu engem bestëmmtene Betrag, well hei kann een awer net iwwerméisseg iwwert gewësse Plafongen erausgoen. Mir leie schliesslech schonn extrem héich.

Zweetens si mer generéis, wéi ech et scho gesot hunn, well mer d'Transférabilitéit, d'Portabilitéit vun de Boursse virgesinn. Een, deen hei am Land wunnt - mir maachen also net eng Fro vun Nationalitéit, mä eng Fro vu Résidence dran -, dee ka seng Bourse mat virunhuelen an egal wéi ee Land e studéiere geet an och egal a wéi vill Länner noeneen hie studéiere geet. Dat gëtt et soss néierens! Mir hunn also missen dëse Punkt e bëssen änneren, fir weiderhin esou grousszügeg kënnen ëmzegoe mat dësem Gesetz.

Wann een haut vun europäeschem Wëssensraum a Wëssensgesellschaft schwätzt, da muss een an deem Kontext hei natierlech de Prozess vu Bologna uschwätzen. An an dësem Prozess ass eng ganz wichteg Komponent, wat sech dann erëm op dëst Gesetz hei bezitt, nämlech déi vun der Mobilitéit vu Studenten, déi mer generell wëlle förderen.

D'Studente musse kënne sécher sinn, datt wa se vun engem Land an dat anert studéiere ginn, si och déi jeeweileg Studienzyklen unerkannt kréien. Fir d'Mobilitéit vun de Studenten ze förderen ass natierlech e wichtegt Element dat vun der Transférabilitéit vun de Bourssen, wou mir och wëlles hunn ze probéieren, dat weidergedriwwen ze kréien ënnert eiser Présidence um Niveau vun den Héichschoulministrë vun de 40 Memberlänner vum Bologna-Prozess.

(Nuisances sonores)

Mir hunn trotzdeem ëmmer fonnt, datt europäesche Raum och en Esprit d'ouverture muss bedeiten an datt mer dat dofir esou hunn.

Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, si mer hei mat engem eenzelnen Artikel an engem Text, dee vläicht méi restriktiv kléngt wéi en am Endeffekt ass, op ee Wee gaangen, fir kënnen esou héich wéi méiglech weiderhin dozou bäizedroen, datt d'Studenten et erméiglecht kréien, hir Universitéitsstudien ouni Schwieregkeeten net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och a besonnesch am Ausland kënnen ze absolvéieren.

Mir wäerte selbstverständlech d'Entwécklung am A behalen, iwwert déi nächst Joren hin, fir ze gesinn, ob aner Dispositiounen néideg sinn.

(Nuisances sonores)

Mä d'Regierung fënnt et och normal, datt e Lien mat Lëtzebuerg muss bestoen, fir dee Student, deen de Benefiss vun eisen Héichschoulhëllefen ufreet.

Déi Leit, déi guer net méi hei wunnen, déi mussen natierlech iergendwéi akzeptéieren, datt se net grad nëmmen de Virdeel vun hiren zwou Situatioune kënnen huelen. Mä déi Fro do stellt sech sécherlech net an deenen nächsten zéng, fofzéng Joer.

Selbstverständlech wäerte mer och de Règlement grand-ducal zu deem Text hei adaptéieren. Wann d'Gesetz elo gestëmmt ass, huele mer eis deen direkt op de Leescht. Domadder wëll ech Iech Merci soen, datt mat dësem Text e Bäitrag konnt gemaach gi fir weiderhin eng héich Qualitéit vu Studien an Héichschoulstudien zu Lëtzebuerg. Mir wëllen net attraktiv sinn, well mer héich Bourssen hunn, mä mir wëllen attraktiv sinn, well mer gutt qualifizéiert Studenten hunn oder well mer eng gutt Uni hunn, an dofir soen ech Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5407.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Sauber), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Fred Sunnen), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5042, d'Diskussioun iwwert déi europäesch Charta vun de Regionalsproochen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo d'Madame Brasseur an déi Häre Fayot, Adam an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

3. 5042 - Projet de loi portant approbation de la Charte européenne des langues régionales ou minoritaires, faite à Strasbourg, le 5 novembre 1992

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Charta, mat där mer befaasst sinn, ass de 5. November 1992 ënnerzeechent a bis haut vun enger ganzer Partie Länner aus der EU ratifizéiert ginn. Dorënner falen ënner anerem Finnland, Ungarn, Holland, Däitschland, Dänemark, Spuenien, Éisträich, Slowenien, dat Vereent Kinneksräich an d'Slowakei. Et sinn zum Deel déi Länner, wou niewent der offizieller Amtssprooch nach aner Sprooche geschwat a geschriwwe ginn. Als Beispiller zitéieren ech dat Baskescht an dat Katalanescht a Spuenien, russesch a schwedesch a Finnland, déi däitsch Sprooch, déi zum Deel am Süde vun Dänemark geschwat gëtt oder déi walisesch Sprooch an England.

Déi europäesch Charta iwwert déi regional a minoritär Sprooche vun 1992 gesäit eng ganz Partie Mesurë vir fir de Gebrauch an d'Unerkennung vun dëse Sproochen am öffentleche Liewen ze förderen, dat heescht an de Verwaltungen, bei Déngschtleeschtungen, am Enseignement, an der Justice, am Medien- a Kulturberäich, am wirtschaftlechen a sozialen Ëmfeld a bäi grenziwwerschreidenden an zwëschestaatleche Kontakter.

Wéi definéiert den Text elo eng regional oder eng minoritär Sprooch? Eng regional oder minoritär Sprooch ass eng Sprooch, déi sech vun der offizieller Sprooch vun engem Land ënnerscheet an déi vun enger Communautéit an enger bestëmmter Regioun praktizéiert gëtt, déi zueleméisseg méi kleng ass wéi de Rescht vun der Bevölkerung. Dialekter vun der offizieller Sprooch falen net ënnert dës Kategorie.

All Stat, deen d'Charta ënnerschriwwen huet, ass opgefuerdert, fir dës Sproochen an déi betraffe Regiounen ze definéieren a fir konkret Protectiounsmoossnamen an d'Weeër ze leeden. De Lëtzebuerger Kontext gëtt duerch de virleiende Projet net beréiert, well dat Lëtzebuergescht de Kritären aus dem Artikel 1 vun der Charta net entsprécht.

Op där anerer Säit si weder déi franséisch, nach déi däitsch Sprooch regional oder minoritär Sproochen, oder Sproochen, déi manner verbreet sinn. D'Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 gebraucht den Ausdrock Langue officielle net, mä seet, datt d'Lëtzebuergescht déi national Sprooch vun de Lëtzebuerger ass, datt déi legislativ Texter op franséisch opgesat sinn an datt um Niveau vun de staatleche Verwaltungen souwuel déi Lëtzebuerger, wéi och déi däitsch a franséisch Sprooch benotzt kënne ginn. Well d'Lëtzebuergescht am ganze Land geschwat gëtt a quasi d'Mammesprooch vun där ganzer Bevölkerung ass, kann een net behaapten, datt eis Nationalsprooch an enger défavoriséierter Situatioun par rapport zum Däitschen oder Franséische steet.

Eise Sproochekontext ass een anere wéi a verschidden anere Staten an Europa, wou déi regional oder minoritär Sproochen e wichtege kulturelle Facteur beim Identitéitsfanne vun enger Regioun duerstellen a weiderhin zu kontroversiérten Debatte féiere wäerten. Trotzdeem ka Lëtzebuerg d'Objektiver vun där Charta ënnerschreiwen.

De Gesetzesprojet, deen eis haut beschäftegt, ass de 25. Oktober 2002 vun der deemoleger Ausseministesch Lydie Polfer an der Chamber abruecht ginn. De Statsrot huet a sengem favorabelen Avis vum 30. Mäerz 2004 gréng Luucht ginn. An der zoustänneger Kommissioun gouf de Projet an zwou Sitzunge vum 28. Oktober 2004 respektiv vum 3. Februar 2005 analyséiert. De schréftleche Rapport ass de 16. Februar eestëmmeg adoptéiert ginn. An der Kulturkommissioun ass dëse Projet op keng gréisser Oppositioun gestouss. Ech géif Iech dofir also bieden, esou wéi ech dat heimat fir meng Fraktioun maachen, dem Text Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Anne Brasseur ageschriwwen.

Discussion générale

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet elo grad gesot, wa mer hei d'Approbatioun ginn, dann huet dat awer fir Lëtzebuerg keng Bedeitung, well Lëtzebuerg ass vun dësen Texter net betraff, well mir hei zu Lëtzebuerg laut Definitioun vum Conseil de l'Europe keng Langue minoritaire hunn.

Mir stëmmen also dësen Text oder mir ginn ons Approbatioun dozou aus Solidaritéit mat all deenen anere Länner, wou Problemer bestinn, wat d'Langues minoritaires ubelaangt. Ech mengen, dat ass och gutt esou an et ass och wichteg, well d'Sprooch e Lien ass mat der eegener Identitéit; d'Sprooch ass d'Instrument, d'Ausdrocksweis vun enger Kultur an dat däerf net verluer goen. An dofir musse mer all déi Ustrengungen, déi an dësem Kader geschéien, och ënnerstëtzen.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer eng extra Situatioun, well mer jo dräi Sproochen an onsem Gesetz definéiert hunn, an et ass richteg, esou wéi et souwuel am Exposé des motifs steet wéi och am Rapport vun der Kommissioun, dass mer hei zu Lëtzebuerg lëtzebuergesch als Ëmgangssprooch hunn. Allerdéngs muss ee sech d'Fro stellen, wann d'Evolutioun esou virugeet wéi mer dat bis elo hunn, an déi Diskussioun hate mer mam Här Minister an der Kommissioun, dass mer mussen oppassen, dass mer net zu Îlotë komme vu Leit, déi sech ofgrenzen duerch d'Sprooch. Well d'Sprooch muss d'Verbindungssteck sinn tëschent all deenen, déi un enger Société deelhuelen, an d'Sprooch ass d'Instrument vun der Integratioun.

Dunn ass an der Diskussioun sech d'Fro gestallt ginn, ob dann net eng Kéier d'Sprooche vun den Immigranten, déi hei ausgeschloss sinn, mä wa se an der Zäit esou evoluéieren an den Impakt esou grouss gëtt, ob déi dann net géingen heidrënner falen?

Ech stelle mer eng aner Fro: Wann d'Lëtzebuergescht eng Kéier géif minoritär ginn op onsem Territoire, ob d'Lëtzebuerger Sprooch dann net misst protégéiert ginn aux termes vun deenen heiten Texter?

Ech wëll hei net den Däiwel un d'Wand molen, mä mir mussen drop oppassen, dass d'Lëtzebuerger Sprooch, an dat ass eng Obligatioun fir ons all, erhale bleift an dass dat wierklech d'Kommunikatiounssprooch tëschent ons ass. An net nëmmen tëschent ons als Lëtzebuerger, mä dass et d'Haaptkommunikatiounssprooch ass vun all deene Leit, déi hei liewen, a vun all deene Leit, déi hei schaffen.

Well wa mer dat net maachen, dann hu mer ëmmer méi en Niewenteneen, och eleng bedéngt duerch d'Sproochen, an dat ass net gutt fir d'Entwécklung vun onser Société. Dat ass net gutt fir d'Kohesioun, well fir eng Cohésion sociale ze kréien, muss ee sech verstännege kënnen, an d'Verständnegung geet nun eemol iwwert d'Sprooch.

Mä mir sinn nach net op deem Punkt wou lëtzebuergesch dann als Langue minoritaire géing ugesi ginn, an dofir musse mer all Ustrengunge maachen an déi si jo och amgaang, fir dass Lëtzebuergesch als Sprooch weider diffuséiert gëtt duerch Coursen, déi organiséiert ginn. An am Centre de Langues beispillsweis sinn déi Coursen heiansdo ausgebucht gewiescht. Et sinn och Ustrengunge

gemaach fir ausserhalb vun onse Grenze Coursë vu lëtzebuergesch unzebidden, am noe Grenzgebitt, well eng ganz Partie vun onseren Noperen et als Avantage gesinn, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren, fir dann domat kënnen hei op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Och dat muss een ënnerstëtzen, wéi een och muss all déi Betriber ënnerstëtzen - an et gëtt eng Partie grouss Betriber, déi dat maachen -, déi hire Leit hëllefe fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren, fir ënnerenee kënnen ze communiquéieren, mä awer och fir mat de Clientë kënnen ze communiquéieren.

Déi puer Iwwerleeunge wollt ech am Kader vun der Diskussioun bäidroen an ech wëll selbstverständlech den Accord brénge vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi, ee Projet de loi, dee mer aus Solidaritéit mat all deenen aneren haut stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, an enger Zäit vu sproochlecher Gläichmaacherei an och oft sproochlecher Negligenz ass dës Charta vun de regionalen a minoritäre Sproochen eng wichteg kulturell Entreprise vum Conseil de l'Europe. Mir begréissen dat. Besonnesch och well ee gesäit, wann een déi Rapportë vun den eenzelne Länner kuckt, déi mussen en vertu vun där Charta gemaach ginn, wéi grouss dee Räichtum vu Sproochen an Europa ass, vu minoritäre Sproochen, vu regionale Sproochen, déi sollen erhale bleiwen. A well mir eben dës Entreprise vum Conseil de l'Europe wëlle mat ënnerstëtzen, wäerte mer och dës Charta matstëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Adam. Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun ginn ech och eis Zoustëmmung. E bëssen erstaunt sinn ech perséinlech, datt mer déi Charte schonn 1992 ënnerschriwwen hunn an datt et dann ebe bis haut gedauert huet, wou mer se ratifizéieren.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dir wäert nach des Öfteren erstaunt sinn, Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Ech ginn dovunner aus. Merci, Här Fayot. Mä ech hu jo nach laang Zäit fir mech dann eben drop anzestellen an dat dann och ze verstoen. Ob ech et gutt fannen, dat ass dann eng aner Fro.

Op alle Fall, haut stëmme mer de Projet. Et ass ëmmer drop higewise ginn, datt de Projet eigentlech keng Bedeitung huet fir Lëtzebuerg, well en eis net direkt betrëfft. Et ass awer trotzdeem e ganz interessante Projet a mir sinn och als klengt Land mat enger eegener Sprooch drun interesséiert, datt mer eben an deem zukünftegen Europa déi Sproochendiversitéit, déi als Räichtum hei an der Charte definéiert gëtt, och ze schätze wëssen a schützen.

Interessant ass ze wëssen, datt zum Beispill Frankräich zwar d'Charte ënnerschriwwen huet, se awer net ratifizéiert, well se sech schwéier di mat hire méi klenge Sprooche wéi Bretonesch, Katalonesch. Däitschland huet manner Problemer domadder. Déi hunn dat gestëmmt an och schonn '98 ratifizéiert. Op alle Fall, déi Gréng wäerten dee Projet matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Dee leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wëll och den Accord vun…

M. le Président.- Här Henckes, Dir sidd fir zéng Minutten ageschriwwen. Wann Der esou laang schwätzt, géif ech Iech bieden no vir ze kommen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Neen, neen. Ech war ageschriwwen, awer net fir zéng Minutten, Här President. Éischter fir eng Minutt, dat wier méi richteg gewiescht.

Ech wollt just nëmmen den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen, awer och drop hiweisen, datt, wat d'Sproochen ugeet, an der Europäescher Unioun maltesesch elo als europäesch Sprooch unerkannt ass, mä d'Lëtzebuergescht net. Ech géif och d'Regierung biede fir déi Leit, déi d'Lëtzebuergescht schwätzen an der belscher Regioun, net wäit vun onse Grenzen, fir déi, déi och de Plattried, wéi et am Lothrengesche genannt gëtt a wat lëtzebuergesch ass, fir dat och nach mat ze ënnerstëtzen. Déi viregt Regierung hat sech op deem Wee engagéiert. Ech géing also déi jëtzeg Regierung bieden, och déiselwecht Effortë weiderzeféieren an ze ënnerstëtzen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Regierung huet d'Wuert. Madame Statssekretärin Octavie Modert.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just soen, lëtzebuergesch ass keng regional a keng minoritär Sprooch, mä et ass eis Nationalsprooch. Wuel huet si dee Status kritt an ass erhuewe ginn an dee Status duerch ee Gesetz, wat mëttlerweil méi wéi 20 Joer al ass. Eenzel Leit soen, dat wier och nëmme per Gesetz wou mer dat géifen dekretéieren, mä ech mengen awer net, datt dat de Fall ass. Dat entsprécht ganz einfach der Realitéit vun eiser Sprooch, déi mir am Alldag gebrauchen, zwëschent eis gebrauchen, doheem gebrauchen - fir déi meescht vun eis heibannen -, mat all deenen anere gebrauchen déi hei am Land wunnen an ëmmer méi en Integratiounsfaktor gëtt. Mä dat ass awer net den Objet vun eiser Debatt haut.

Ech wëll dat just direkt soen, well plazeweis eben deen Amalgam gemaach ginn ass (an dat ass och d'Erklärung dofir, firwat mer 1992 ënnerschriwwen hunn an elo eréischt ratifizéieren hei an der Chamber), een Amalgam, datt et mat dësem Gesetz géif erschénge wéi wa mir eng „Langue minoritaire" oder „régionale" wieren, wat net de Fall ass.

An och wann ech hei mat Iech schwätzen op eng Aart a Weis, wou Eenzelner vläicht d'Tendenz hätten ze mengen et wier de Fall, esou ass awer en Ënnerscheed zwësche Sprooch an Dialekt, an ech sti ganz kloer zu mengem regionalen, wann net souguer lokalen Dialekt; dat ass evident. Och dat ass net den Objet vun eisem Gesetz hei.

Mä dëst Gesetz ass ganz einfach d'Konsequenz dovunner, datt mir eng international Charta ratifizéieren, déi mer ënnerschriwwen hunn, an déi mer ënnerschriwwen hunn doduerch, well mer Member si vum Conseil de l'Europe. Dat ass also net nëmmen en „Acte de solidarité", dee mer heimadder maachen, mä dat ass eng ganz normal Konsequenz vum Droit international, datt mir dat hei ënnerschreiwen. Gläichzäiteg ënnerstëtze mer allerdéngs och déi Prinzipien, déi an der Charta stinn, déi vun der „Diversité culturelle": net ënnerdrécken, mä förderen.

Mir hunn hei am Land, wéi gesot, keng regional oder minoritär Sproochen, an déi Tatsaach, mat all hire Konsequenzen, ass vu menge Virriedner gutt a richteg ervirgestrach ginn, an ass och dat wat de Rapporteur gesot huet, deem ech villmools Merci dofir soen. Si ass en Integratiounsfaktor a wahrscheinlech ass grad eis Sprooch dofir, well mer där aner Sproochen esou vill hei hunn a well mer eis Sprooch als Integratiounsfaktor gesinn, méi séier amgaang sech ze entwéckelen, vläicht méi perméabel ze sinn zu anere Sproochen. Eenzelner wäerte vläicht fäerten, ze vill.

Trotzdeem ass dat Gesetz hei keng Gefor fir eis Sprooch, mä ganz am Géigendeel. Et ass d'Förderung vun der kultureller Diversitéit, vun der Sproochevillfalt an Europa, där mer eis guer net kënnen a wëlle verschléissen, an ech wëll Iech dofir Merci soe fir Är Ënnerstëtzung.

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5042.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Felix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

M. le Président.- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5340 modifiant certaines dispositions de la loi modifiée vum 10 August 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo den Här Spautz, den Här Grethen, den Här Kox an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry.

4. 5340 - Projet de loi modifiant certaines dispositions de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et also ëm eng Ëmännerung vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Schafung vun der Entreprise vun der Post an den Telekommunikatiounen. Also knapps 13 Joer nodeems hei iwwert de Gesetzeswee Mutatioun gemaach ginn ass vun der aler traditioneller Statsverwaltung Post an en öffentleche Betrib, ginn hei iwwert dëse Gesetzeswee e puer Froe vum Aarbechtsrecht a vum Statut vum Personal preziséiert.

Dës Interventioun elo vum Législateur ass noutwendeg ginn, doduerch dass haaptsächlech iwwer eng Rei vun Uerteeler, iwwert d'Jurisprudence also vun eisem Verwaltungsgeriicht, et esou komm ass, dass eigentlech déi initial Absichte vun den Auteure vun der Reform vun 1992 sech net méi 100% an der Ausleeung vun den Texter erëmfonnt hunn. D'Ausleeung, déi de Gesetzestext vun 1992 duerch eis Geriichter kritt huet, huet an eenzelne Punkten eigentlech net méi der Grondiddi vun der Reform vun 1992 Rechnung gedroen. Dobäi wëll ech d'Schold net onbedéngt op d'Geriichter leeën, mä dat huet sécherlech och domat ze dinn, dass an eenzelne Punkten déi Texter vun 1992 net eendeiteg waren, an do also relativ grousse Spillraum gelooss hu fir Interpretatiounen.

Wat war d'Grondiddi vun der Reform vun 1992, wat de Statut vum Personal ugeet? Eng Iddi - dat wëll ech direkt ervirsträichen -, déi haut, zumindest fir d'Majoritéit hei am Haus, nach ëmmer gëllt an déi nach ëmmer richteg ass. D'Iddi war fir bei der Reform ze berücksichtegen, dass weiderhin d'Agente vum Post- an Telekommunikatiounsbetrib sollten den öffentleche Regime, also ee Regime vum öffentleche Recht, bäibehalen; also am Kloertext, dass d'Personal weiderhi sollt bestoen aus Statsbeamte respektiv Statsaarbechter.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Dëse Prinzip ass allerdéngs fënnef Joer méi spéit - am Joer 1997 - iwwer ee Gesetz vum 31. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatioune liicht moduléiert ginn, doduerjer dass en Zousaz mat iwwerholl ginn ass an d'Postgesetz, wou d'Post ewell autoriséiert ass, also zënter där Zäit, fir och qualifizéiert Mataarbechter an engem Privatstatut ze rekrutéieren. Mä de Prinzip bleift deen, dass also d'Agente vum öffentleche Betrib vun der Post an den Telekommunikatiounen an der Regel e Statut vum öffenleche Beamten oder vum Statsaarbechter hunn.

Wann een d'Zuele kuckt op den 1. Januar vun dësem Joer, da stellt ee fest, dass dat och effektiv esou respektéiert ginn ass. Zu deem Zäitpunkt waren, vun deenen insgesamt 2.766 Agente bei der Post, der 97, déi an engem Privatbeamtestatut waren, déi also rekrutéiert gi waren iwwert déi Méiglechkeet, déi am Gesetz vum 21. Mäerz 1997 geschafe ginn ass. Dat maachen eppes Klenges méi wéi 3% aus vum Gesamtpersonal vun eiser Post.

Wat een och muss soen, dat ass, dass trotz alle Kritiken an Ängschten, déi 1992 hei geäussert gi si bei den Debatten iwwert d'Reform vun der Post an déi sech och am Virfeld an den Avisën erëmgespigelt hunn, de Postbetrib mat deem neie Statut, an ouni dass fundamental gerüttelt gi wier um Statut vum Personal, sech konnt gutt behaapten an engem konkurrenziellen Ëmfeld. Trotz där méi schwiereger Situatioun, trotz deem Ëmstellen, wat dat fir d'Post bedeit huet, déi elo kommerziell Aktivitéiten entwéckelt huet nieft der Erfëllung vun Aufgabe vum Service public, schreift d'Post nach wie vor schwaarz Zuelen. An et besteet och haut - an do sinn ech därselwechter Meenung wéi d'Majoritéit an der Kommissioun - keen zwéngende Grond eng Ännerung vum Statut vum Postpersonal virzehuelen. Mir sinn der Meenung, dass dat, wat sech aus dem Gesetz vun 1992 ergëtt, mat deem Zousaz vun 1997, nach wie vor eigentlech genügend Flexibilitéit bréngt, fir dass, wat de Statut vum Personal ugeet, den öffentleche Betrib vun der Post an den Telekommunikatioune ka weiderhin an engem konkurrenziellen Ëmfeld bestoen.

Wann ech dat gesot hunn, dass de Prinzip deen ass, dass u sech de Gros vun den Agente vum Postbetrib ënnert den öffentleche Regime falen, da wëllt dat net heeschen, dass einfach dee vum Stat tel quel géif voll spillen.

An dem Betrib vun der Post an den Telekommunikatiounen ass 1992 festgeluecht ginn, dass eigentlech wéinst Grënn vu Flexibiliséierung, wéinst Grënn vu Vereinfachung vun de Prozeduren, sollt eng gewëssen administrativ Autonomie kënne spille vun deem neien öffentleche Betrib par rapport zu deem, wat virdrun an der Statsverwaltung Post gegollt huet an dass also d'Suerg war, dass sollt Schluss si mat onnéidegen administrative Prozedure bei Astellunge vu Leit oder respektiv bei disziplinareschen Instruktiounen, respektiv bei Revokatioune vu Leit. An dass ee wa méiglech dee schwéierfällege Wee iwwert déi klassesch Prozedur beim Fonctionnaire sollt vermeiden, fir also esou méi schnell kënnen ze handele bei Nominatiounen, bei disziplinareschen Instruktiounen an och bei noutwendegerweis Resiliatioune vun Aarbechtsverhältnisser.

Dat huet dozou gefouert, dass zënter 1992 de System esou ass, dass do wou fréier, oder wou haut nach, am klasseschen Deel vun der Administration gouvernementale beim Stat de Regierungsrot oder de Minister zoustänneg ass, dat net méi sollt de Fall sinn, mä dass eigentlech déi Kompetenze vum Pouvoir de nomination iwwerdroe gi sinn un den Direktiounskomitee, un de Komitee vun der Entreprise des Postes et Télécommunications.

D'Entreprise huet also eng beschränkten, mä awer eng reell Autonomie erhalen. A Personalfroen, déi sech iwwregens och zum Beispill op den Numerus clausus erstrecken, leet d'Post haut eigentlech fräi fest, wéi vill Leit si wëllt pro Joer rekrutéieren an dat fält net ënnert déi allgemeng Bestëmmunge vum Numerus clausus beim Stat eran; dat waren nach alles déi Erliichterungen, déi Vereinfachungen, déi sengerzäit 1992 an deen neie Statut vun dem Betrib Post ageschriwwe gi sinn.

Et geet also drëm ze erreechen, dass op Grond vun deenen eenzelne Fäll, deenen Interpretatioune vum Text vun 1992, déi sech erginn hunn, dat dote sollt erhale bleiwen an déi Flexibilitéit, déi Vereinfachung an alle Fäll sollt kënnen an Zukunft och spillen.

Déi zweet Ursaach, firwat dass ënnert der viregter Regierung schonn eng Initiativ geholl ginn ass an dës Regierung dës Initiativ weiderféiert fir den Text ze preziséieren, dat ass déi, dass, ech géif bal mengen, net opgepasst gi war am Joer 2003, also ënnert der viregter Legislaturperiod, well do jo bei der Fonction publique u sech en neie Regime, nei Prozedure festgehale gi sinn, notamment beim Disziplinarrecht a bei den Instruktioune vun Disziplinaraffäre beim Stat, wou et zu enger gewësser Zentraliséierung komm ass vun deenen Instruktiounen an der Persoun vun engem Regierungscommissaire. En neie Pos-

ten, deen 2003 geschaf ginn ass an iwwert dee praktesch sämtlech Disziplinarinstruktioune beim Stat lafen.

Du war net dru geduecht ginn, eigentlech d'Entreprise des Postes et Télécommunications vun deem dote System auszeklammeren. Zënter 2003 ass d'Post also net méi esou autonom wéi se war, mä si ass eigentlech gehale fir elo iwwert deen doten zentrale staatleche System erëm eng Kéier ze fueren, wat d'Instruktioun vun den Disziplinarverfahren ugeet, an dat géif e gudden Deel vun där Vereinfachung erëm futtimaachen, déi gewollt war wéi den neie Statut vum Postbetrib 1992 festgehale ginn ass.

Et geet also dorëm, dass mer deen Oubli hei korrigéieren, deen ënnert der viregter Mandatsperiod geschitt ass, an also kloerstellen, dass deen zentrale System do fir de Stat eigentlech net applikabel bei der Post ass, mä dass do no deenen übleche postinternen Instruktiounen d'Disziplinarrecht eigentlech kann zum Droe kommen. Am Detail heescht dat doten, dass et an dräi verschiddene Punkten zu Ännerunge kënnt iwwert deen heite Gesetzesprojet.

Éischte Punkt, dat ass eng Reaktioun op eng Jurisprudenz vum Verwaltungsgeriicht, wou gemengt gi war, wann et sech ëm Froe vun Zouloossung zum Stage bei der Post handelt, dass et an deem Fall esou wär, dass do misst den allgemenge System, dee beim Stat gëllt, dat heescht den allgemenge Règlement grand-ducal, deen d'Froe vun Zouloossung zum Stage oder Revokatioun vun engem Stage regelt, dass deen och géif spille fir d'Stagiairë bei der Post. Dat ass d'Interpretatioun vun de Geriichter gewiescht. Dat kann net esou sinn.

Do gëtt also hei elo iwwert deen neien Text d'gesetzlech Basis geschaf, dass iwwer en anere Règlement grand-ducal d'Regierung ka spezifesch Regele festleeë bei dem Stage bei der Post, a logescherweis geet d'Regierung dann an déi Richtung fir ze soen, dass do och d'Kompetenz vum Comité vun der Entreprise des Postes et Télécommunications misst spillen, fir dass et net zu onnéidege Komplikatioune kënnt, an dass do weider déi administrativ Autonomie vum Postbetrib a Personalfroen, och beim Stage, bei der Zouloossung, bei der Revokatioun vun de Stagiairë bei der Post, misst kënne spillen.

Zweete Punkt, dat ass dee vum Changement d'administration, wat eng normal Saach jo och innerhalb vum Statsservice ass, dass ee kann u sech seng Verwaltung änneren. Do war et esou, och no den Texter, respektiv no der Interpretatioun, déi vun de Geriichter vun den Texter gemaach ginn ass, dass eigentlech eleng de Minister vun der Fonction publique zoustänneg gewiescht wär fir esou e Changement d'administration ze décidéieren, an dass do eigentlech déi Aktiounsorganer, de Comité vun der Entreprise des Postes et Télécommunications, näischt ze soe gehat hätten.

Dat ass sécherlech och net am Sënn vun den urspréngleche Absichte vun den Auteure vun der Reform vun 1992, an och do ass et eigentlech logesch, dass elo déi Instanz, déi de Pouvoir de nomination bei de Postagenten huet, dat heescht also de Comité vun der Entreprise, muss am Virfeld net nëmme gefrot ginn, mä och säin Accord ginn, ier esou e Changement d'administration ka stattfannen. Et muss ee jo feststellen, dass bal all Changements d'administration an deem dote Beräich à sens unique sinn, dat heescht eigentlech nëmmen an déi Richtung ginn, dass Leit an der Regel wëllen aus der Entreprise des Postes et Télécommunications erausgoen an an eng aner Statsverwaltung, an d'Administration gouvernementale erakommen.

Duerfir ass et, mengen ech, normal, wann och dee Betrib, deen awer d'Leit ausgebilt huet, net wëllt no an no ausgesuckelt gi vun enger Rei vu gudde Leit, dass hien awer iwwert de Comité ganz kloer do e Vetorecht kritt a ka matbestëmmen, ob esou e Changement d'administration ka stattfannen. Och dat gehéiert, mengen ech, zu enger administrativer Autonomie vun engem öffentleche Betrib Postes et Télécommunications.

Deen drëtte Punkt - an dat ass deen, dee vläicht am meeschten an den Avisën och diskutéiert ginn ass - betrëfft d'Disziplinarrecht a wat fir eng Regelen eigentlech en matière de discipline applikabel sinn. Do hat d'Regierung eng löblech Absicht. Si war an hirem urspréngleche Projet an déi Richtung gaangen, fir duerfir ze suergen, dass et eigentlech sollt zu enger Ausdehnung komme vun de Prinzipie vum öffentlechen Disziplinarrecht op déi Leit, déi ënnert dem Statut vum Privatbeamte beim Postbetrib schaffen.

Dat ass awer eppes wat, mengen ech, zu Recht Kritiken a Reserven ervirgeruff huet, besonnesch och vum Conseil d'État, deen dorop opmierksam gemaach huet, dass wierklech tëschent deenen zwee Statuten, dem Droit commun vum Droit du travail, d'Gesetz also vun 1989 iwwert den Aarbechtsvertag, deen applikabel ass fir déi Leit, déi am Privatbeamtestatut sinn, an dann dem ganze Statut vun der Fonction publique, deen applikabel ass fir déi Leit, déi an engem öffentlech-rechtleche Statut sinn, den Ënnerscheed fundamental ass.

Do sinn esou vill Differenzen, besonnesch och wat d'Sanctions disciplinaires ugeet, an deem engen an an deem anere Fall, esou dass de Statsrot gesot huet: Zumindest wann Der net den Text ännert wat d'Sanktiounen ugeet, wou Der musst eng kloer Differenzéierung maachen tëschent deenen zwee Statuten, kënnt vun eiser Säit eng Opposition formelle.

Mir hunn déi dote Fro an der zoustänneger Chamberskommissioun diskutéiert a mir si schlussendlech, vläicht och mat Bedaueren, zur Konklusioun komm, dass déi eenzeg am Moment logesch Léisung déi ass fir ze soen, mir fänken net un ze piddelen an deenen eenzelne Statute wéinst där Fro vum Disziplinarrecht, mä mir halen eis eigentlech un déi normal Regelen.

Dat heescht, mir féieren elo e spezifeschen, op d'Post zougeschneiderten disziplinaresche Regime an, wat d'Prozeduren ugeet, net wat d'Sanktiounen ugeet. Deen ass dann applikabel fir all déi Leit, déi bei der Post schaffen ënnert engem öffentleche Regime, öffentleche Statut, wou dann u sech postintern de Comité elo zoustänneg fir d'Disziplinarrecht ass, mat den Inspekteren, déi dann d'Instruktioun maachen an där disziplinarescher Matière.

Op där anerer Säit fir déi Leit - mir wëssen, dass dat nëmmen 3,5% si momentan -, déi bei der Post schaffen, déi an engem Privatbeamtestatut sinn, do gëllt dann den Droit commun vum Privatsecteur, mat deene Regelen, déi do üblech sinn, mat deene Sanktiounen, déi sech erginn aus dem Gesetz vun 1989, respektiv eventuell aner Sanktiounen, déi an deem eenzelnen Aarbechtsvertrag ausgehandelt gi ware mat deem Privatbeamten, dee bei der Post schafft.

Dat heescht, mir hunn d'Ambitioun an der Kommissioun opginn, fir fir all Leit, déi bei der Post schaffen, een eenheetleche Regime an der disziplinarescher Matière ze hunn, mä mir hu gesot, mir halen eis einfach un eng logesch Opdeelung: Déi Leit, déi am öffentleche Regime sinn, hunn e Regime, deen deem ugepasst ass, an déi Leit, déi am privatrechtleche Regime beim Postbetrib schaffen, déi falen dann ënnert déi Bestëmmungen, déi fir déi Leit och am Privatsecteur gëllen, mat den Zoustännegkeeten natierlech bei dem Comité vun der Entreprise.

Voilà, dat sinn déi dräi wesentlech Punkten, déi heimadder ofgeännert ginn. Wéi gesot, dat ass kee Changement vun der Grondoptik, déi zënter 1992 beim Statut vun dem öffentleche Betrib Postes et Télécommunications hei zu Lëtzebuerg spillt. Et ass eng Adaptatioun vun den Texter ouni d'Prinzipien a Fro ze stellen.

Dee Rapport hei ass an der Kommissioun mat grousser Majoritéit ugeholl ginn. Ech wëll och ausdrécklech den Accord vu menger Fraktioun zu deem heiten Text bréngen an ech hoffen, dass en och mat därselwechter grousser Majoritéit vun der Chamber wäert gestëmmt ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien.

Mme le Président.- Den éischte Riedner ass den Här Marc Spautz. Ech ginn dem Här Spautz d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 1992 ass et, bedéngt duerch nei Dispositioune vun enger europäescher Direktiv, zur Reform vum Statut juridique vun der Administration des Postes et Télécommunications komm. Zoustännege Minister war deemools den Alex Bodry, deeselwechten Alex Bodry, deen haut Rapporteur vum Gesetz ass, an deem ech wëll Merci soe fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Bericht.

Am Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Kreatioun vun der Entreprise des Postes et Télécommunications gouf schlussendlech de Statut public fir d'Post zréckbehalen, wat eng gutt Entscheedung war fir d'Personal. Ausserdeem gouf sech no langen Diskussiounen och drop gëeenegt, dass de Statut vun deem bei der Post ugestallte Personal deeselwechte géif bleiwen an dat souwuel fir dat aktuellt Personal wéi fir dat Personal, dat künfteg géif agestallt ginn.

Dëst Gesetz ass duerch d'Gesetz vum 21. Mäerz 1997 ëm een Artikel erweidert ginn, wat virgesäit, dass d'Entreprise des Postes et Télécommunications selwer ka qualifizéiert Mataarbechter rekrutéieren, déi net ënnert de Statut public falen, mä ënner Konditiounen engagéiert ginn, déi fräi zwëschent de Partner verhandelt, also négociéiert ginn. Duerch d'Artikele 5 a 6 vum 1992er Gesetz ginn d'organisatiounsintern Strukturen definéiert a besonnesch d'Attributioun vum Conseil d'administration a vum Comité de direction festgeluecht. Deen Éischten huet d'Missioun d'Politique générale ze bestëmmen, ze iwwerwaachen, ze autoriséieren, deen Zweeten huet d'Funktioun fir d'Entreprise ze dirigéieren.

Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi mir alle-

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz
An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng *um*
Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

guerte wëssen, gesinn d'Gesetzer an d'Reglementer iwwert de Fonctionnaire an iwwert d'Statsbeamten, wéi och déi kollektivvertraglech Bestëmmunge vun de Statsaarbechter verschidden administrativ Akter vir. Et si verschidden Dispositiounen, déi nëmme kënnen de Grand-Duc, d'Regierung oder d'Ministeren exekutéieren, an am Gesetz vun 1992 gouf festgehalen, dass d'Ausféierung vum Statut vum öffentlechen Déngscht vun der Direktioun vun der Post iwwerholl gëtt.

Den Artikel 6 definéiert, dass et de Comité de direction vun der Post ass, deen d'Aufgab huet d'Entreprise ze dirigéieren. Nom Artikel 24 Paragraph 2 vun deemselwechte Gesetz ass et de Comité de direction, dee sech ëm déi intern Ëmsetzung vum Statut vum öffentlechen Déngscht ze këmmeren huet. All administrativ Akten iwwer Personal vun der Post leien a senger Kompetenz.

Ausserdeem huet hien de Pouvoir de nomination; dat heescht, hien trëfft d'Entscheedungen d'Statsbeamten an d'Fonctionnairen ze nominéieren, an dat no de Bestëmmunge vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut vum Statsbeamten. D'Ausféierung vum Statut vun der Fonction publique fir d'Postpersonal gouf deemno un de Comité directeur delegéiert. Dat war dat, wat deemools 1992 virgesi war an ofgemaach ginn ass.

Wat awer elo aner Entscheedungen iwwert de Recrutement, d'Modalitéiten an d'Admission vum Stage, esouwéi d'Ausriichtung vun der Formation professionnelle betrëfft, esou ass d'Formulatioun vum Text vun den Artikele 6 a 24 net ganz kloer, an et gouf verschidde Jurisprudenzen - den Alex Bodry huet et scho gesot - dofir geholl, déi eis obligéieren dat ze änneren. Mä dass dës Décisiounen ënnert de Kompetenzberäich vun der Regierung falen, ass dat gutt bei enger Entreprise, déi net ee privatrechtleche Statut huet, mä déi no privatrechtleche Kritäre soll schaffen?

Am Fall vun der Entreprise vun der Post ass et esou, dass elo de Comité de direction d'Autoritéit vun der Nomination ass, awer en huet keen Afloss op d'Prozedur vum Recrutement, der Ausriichtung vum Stage an och vun der Formation professionnelle. Dat ass natierlech eng onglécklech Situatioun fir d'Post, déi sech Dag fir Dag der internationaler Konkurrenz muss stellen, an deemno ganz genau weess, wéi ee Personal si recrutéiere muss fir kompetitiv ze bleiwen, an dat awer elo net ka maachen, well dee Choix net méi bei hir läit.

Madame Presidentin, fir dëser Problematik entgéintzesteieren, stëmme mir haut de Mëtteg dëse Gesetzesprojet, dee virgesäit d'Kompetenze vum Comité de direction ze komplettéieren an ze erweideren. Verschidden administrativ Akter an der Décision d'exécution, déi am Kader vum Gesetz a Reglementer iwwert d'Fonctionnairen a Statsbeamten esou wéi iwwert de Kollektivvertrag vun de Statsaarbechter ze huele sinn, gi fir d'Personal vun der Post dem Comité de direction vun der Post zougedeelt. Prezis heescht dat, dass et de Comité de direction ass, deen zoustänneg ass fir d'Personal vun der Post, d'Dispositioune vun de Gesetzer a Reglementer, déi geholl musse gi beim Recrutement an och bei der Formation professionnelle.

Déi verschidde Modalitéiten an Dispositiounen an dëse Beräicher fir d'Personal vun der Entreprise des Postes et Télécommunications ginn duerch groussherzoglech Reglementer preziséiert, an zwar a Konformitéit mat den Dispositioune vum Statut général des fonctionnaires de l'État.

Net nëmmen d'Décisioun am Kader vum Recrutement oder dem Accès an de Stage ginn dem Comité directeur zougedeelt, och d'Ausféierung vum Gesetz am Beräich vun der Fixatioun vun de Carrièren, der Unzuel vun den Aarbechtsplazen an deene verschiddene Carrièren an Designatioune vun den Aarbechtsplaze vum Cadre fermé an och vun de Postes hors cadre, ginn un dee Comité directeur delegéiert.

All dës Ännerunge wäerten et der Entreprise des Postes et Télécommunications an Zukunft erlabe méi flexibel an hirem eegenen Intérêt agéieren ze kënnen an an engem konkurrenzbetounte Marché kompetitiv ze bleiwen. Ee Beispill, de Marché vun der Telekommunikatioun ass a stänneger Bewegung. Et vergi seele méi wéi e puer Méint bis nei Technologië sech um Marché duerchsetzen. Ob dat elo an deene leschten zwee Joer dat enormt Opkomme vum DSL war, oder an Zukunft deen neie mobile Funkstandard UMTS, eis Post muss ëmmer op der Héicht vun den Technologië sinn an deementspriechend Personal hunn, dat sech mat dësen Technologië beschtens auskennt.

Duerch dës nei Dispositioune kann d'Post elo geziilt qualifizéiert Mataarbechter recrutéieren oder adaptéiert Formatiounen ubidden, déi hire Bedierfnisser Rechnung droen; dat heescht eegen Décisiounen huelen ouni mussen iwwert de Pouvoir exécutif ze fueren.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, deen aneren Objet vum Gesetzesprojet ass d'Schafung vun engem onofhängege Régime disciplinaire fir d'Entreprise vun der Post.

D'Post ass eng Entreprise, déi Dag fir Dag muss oppassen, dass hire Post-, Telekommunikatiouns-, an - dat gëtt oft vergiess - Banksecret geschützt ass. An der Zäit ass et der Post gelongen duerch eng intern Disziplinarprozedur hiert Personal effektiv ze kontrolléieren. Duerch d'A-Kraaft-Triede vum Gesetz vum 19. Mee 2003 iwwert de Statut général vum Fonctionnaire, huet d'Post dëse Pouvoir disciplinaire verluer an de Comité directeur konnt dat net méi maachen. Dëse Pouvoir gouf un e Regierungscommissaire transféréiert, dee mat der Instruction disciplinaire chargéiert gouf. Ausserdeem ass och nach ee Conseil de discipline agesat ginn, deen all Entscheedungspouvoir besetzt.

Dësen Transfert huet mat sech bruecht, dass de Comité directeur net méi déi néideg Mëttelen hat, fir eegestänneg Entscheedungen an Disziplinarfroe kënnen ze treffen. Et ass schwiereg un dëser Situatioun festzehalen, well d'Responsabilitéit bei der Post läit, awer den Entscheedungspouvoir vun enger anerer staatlecher Verwaltung ofhänkt.

Fir dass de Pouvoir disciplinaire erëm an d'Hänn vun der Post soll kommen, huet den initiale Gesetzesprojet virgesinn, ee Régime disciplinaire commun fir all Mataarbechter vun der Post ze schafen, dee souwuel fir d'Statsbeamten, d'Privatbeamten an d'Aarbechter géif zielen. De Statsrot war a sengem Avis géint dës Mesure, fir dat ganzt Personal vun der Post - dat heescht och déi Leit, déi ënnert dem Privatstatut engagéiert ginn - engem Régime disciplinaire ze ënnerwerfen, dee sech op de Modell baséiert wéi en an der Fonction publique üblech ass. Dëst hätt zur Konsequenz gehat, dass fir d'Privatbeamten Disziplinarstrofe kéinte geholl gi wéi an der Fonction publique, an datselwecht gëllt fir d'Aarbechter.

Elo bleift et awer, dass et éischtens bei de Statsbeamten de Regime ass iwwert dee mir elo grad geschwat hunn, bei de Privatbeamten d'Gesetz vun 1989 a bei den Aarbechter d'Ofmaachung am Statsaarbechterkollektivvertrag, nodeem déi Aarbechter, déi bei der Post sinn, bezuelt ginn.

D'Kommissioun huet do och schlussendlech décidéiert, dass d'Dispositioune vum neie Régime disciplinaire sech nëmmen op d'Fonctionnairë bezéien, déi bei der Post engagéiert sinn. Och wann de Statsrot sech net negativ géint dës Propositioun geäussert huet, sou gëtt en dach och mat Recht ze bedenken, dass et net gutt ass, wann an engem Betrib ënnerschiddlech Disziplinarprozeduren zur Uwendung kommen. Esou laang et awer e puer Statute bei der Post gëtt, muss ee sech och un d'Ofmaachung, déi d'Gewerkschafte mat der Direktioun a mat deenen zoustännege Stelle gemaach hunn, halen, an och deementspriechend déi Regimer esou berücksichtegen an esou behandelen.

Och wann dat Ganzt elo net „das Ei des Kolumbus" ass, esou ass dat hei déi beschte Léisung am Interesse vum Personal, wat bei der Post schafft, an et ass och déi beschte Léisung am Intérêt vun enger kompetitiver Entreprise des Postes et Télécommunications.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech heimadder d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Ech soen Iech Merci.

Mme le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Merci, Madame Presidentin. Well ech selwer den Dépôt vun dësem Text gemaach hunn als zoustännege Minister, a well de Rapporteur dee ganze Projet mat den Amendementen op eng magistral Aart a Weis der Chamber ausernee geluecht huet, mengen ech, dass ech elo net fir d'drëtt misst soen, wat den Inhalt vun dësem Projet ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wollt Iech just soen, dass d'Demokratesch Partei selbstverständlech wäert hiren Accord zu dësem Projet ginn, deen si selwer initiéiert hat. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Als nächste Riedner ass et um Här Kox.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci an ech schléisse mech mengem Virriedner un. Ech mengen, déi exzellent…

(Nuisances sonores)

Mäi Mikro ass e bësse futti.

…mä och deenen zwee Rapporteure praktesch vu virdrun, déi hunn dat jo alles en long et en large erkläert - ech menge mäi Mikro ass futti.

M. le Président.- Schalt en aus, Här Kox, mir héieren Iech awer.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Da schwätzen ech méi haart, also och ech ginn den Accord vu menger Fraktioun. Mir sollten do derfir stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Très bien. Merci, Här Kox. Dann hu mer nach als leschte Riedner den honorablen Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, ech wäert mech och hidden de ganze Projet nach eng Kéier vu vir bis hannen erduerchzehuelen. Ech wëll dem Rapporteur trotzdeem Merci soen. En huet ganz explizit hei d'Problematik duergeluecht.

Dee Projet, dee mer de Mëtteg hei hunn, ass kee Projet, deen e fundamentale Changement bréngt, mä et ass eigentlech e Reparaturprojet oder e Projet, deen dat ausbessert, wat initialement net komplett genuch war, loosse mer emol esou soen.

Wéi den 9. Juli '92 dee Projet hei gestëmmt ginn ass, hunn d'CSV, d'LSAP an d'DP e gestëmmt, meng Fraktioun huet deemools dergéint gestëmmt. An ech mengen, d'Entwécklung, an do sinn ech anerer Meenung wéi meng Virriedner, huet gewisen, datt mir Recht haten.

Eng Entreprise wéi d'Post, déi sech laut EU-Recht an engem liberaliséierte Maart muss behaapten, awer an hire Strukturen, respektiv dem Statut vun hirem Personal - a mir hunn d'Zuele gesinn -, dem allergréissten Deel vun hirem Personal no, weider e Statsbetrib ass a bleift, dat ass eng Zwittersituatioun, déi à la longue net gesond ass an déi och, wéinstens zum Deel, à l'origine vun deene Problemer ass, déi mer haut solle léisen.

D'Chambre de Commerce war deemools och guer net mat der Ausriichtung vun deem Projet d'accord. Si huet an hirem Avis geschriwwen: «La Chambre de Commerce se demande comment on peut parler sérieusement d'un établissement autonome nommé 'entreprise', lorsque sur douze membres effectifs du Conseil d'administration six représentent l'État et sont nommés par le Gouvernement et que le président du Conseil, désigné par le Gouvernement, dispose d'une voix prépondérante en cas d'égalité des voix.» Also e Statsbetrib. An dann: «En réalité, une fois de plus, il manque le courage pour s'attaquer à ce qui dans notre pays s'appelle 'droit acquis'.»

Dat ass och e bëssen den Hannergrond, woufir deemools net mat e bësse méi Courage dru gaange ginn ass.

Och de Conseil d'État war deemools mat där Ausriichtung net d'accord. Ech wëll och do en Zitat huelen: «Pour sa part, le Conseil d'État (…) ne saurait dans cette logique approuver que soit maintenu, d'une façon absolue, irréversible et invariable» - an dat erliewe mer jo elo erëm - «le statut de fonctionnaire public au profit du personnel de l'entreprise des postes et télécommunications. Dès lors, si le Conseil d'État approuve que les droits tant des agents en activité que de ceux qui sont à la retraite ne soient pas affectés par la réforme des postes et télécommunications,» - do ware mer eis all doriwwer eens - «il estime en revanche que cette situation ne devrait pas se perpétuer, les futurs agents des postes et télécommunications, après la restructuration de cette entreprise, ne pouvant à aucun titre invoquer pour eux le maintien de droits qu'ils n'ont pas acquis.»

Mäi Kolleeg Gibéryen, deen deemools zum Projet geschwat huet, huet och deemools mam Fanger dodrop gewisen an huet gesot, mir musse wëssen, datt mer dann awer zwou Klasse vu Leit op der Post kréien, wou haut de Mëtteg gesot ginn ass, datt een dat onbedéngt misst vermeiden. D'Gefor ass reell do, datt déi op engem aneren Niveau kënnen an d'Post erakommen.

Zu dësem Projet seet de Conseil d'État a sengem Avis complémentaire: «En limitant la procédure disciplinaire prévue dans la loi aux seuls fonctionnaires et employés de l'État au service de l'entreprise, le projet de loi, tout en obéissant aux considérations juridiques à la base de l'avis récent du Conseil d'État, consolide néanmoins la disparité entre les deux régimes dans une même entreprise, ce qui n'est également guère satisfaisant à la longue.»

Här President, ech hunn déi Zitater hei geholl fir ze weisen, datt mer mat eiser Logik net esou falsch leien. Ech wëll och soen, datt mer eis Meenung zënterhier net geännert hunn. Mir sinn der Meenung, datt een déi, déi am Statut waren, hätt sollen am Statut dra loossen, dat awer auslafe loossen, awer alleguer déi Nei am private Statut hätt sollen astellen, mat alle Contrainten, déi dat natierlech och mat sech bruecht hätt. D'Problematik wär awer opgedaucht, dat erkenne mer ganz gären un.

Et muss een och drop hiweisen, datt d'Pensiounsreform - déi ëmstridden - iwwregens och no dësem Prinzip virgeholl ginn ass, nämlech datt déi, déi nei an de Statsdéngscht erakommen, och an den neie Regime kommen.

Dat wat mer haut maachen ass eng Korrektur, dat ass de Problem erëm eng Kéier no hanne verlagert. Mir sinn der Meenung, datt een iergendwann eng Kéier scho wäert erëm drop zréckkommen an dat do maachen. Mir wären haut schonn 13 Joer, an dat ass praktesch den Drëttel vun enger normaler Carrière, méi wäit, wann dat deemools gemaach gi wär.

D'Geleeënheet gëtt och dës Kéier erëm verpasst, fir dat ze maachen. Dofir kënne mir aus deene fundamentalen Erwägungen eraus dësem Projet eis Zoustëmmung net ginn. Well awer, wéi ech elo grad gesot hunn, de Problem vun deenen zwee Statuter niewenteneen, an déi Problemer, déi sech doraus erginn hunn, an der Praxis och hätt misse geléist ginn, stëmme mer net dergéint. Dat heescht, mir wäerten eis enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss an da kritt d'Regierung d'Wuert. Den Här Minister Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, Merci.

Ech wëll mech entschëllegen, dass ech e bëssen ze spéit war, mä zu Bréissel huet eng Direktiv, déi, mengen ech, där Chamber hei um Häerz läit, eng nei Nues kritt, nämlech déi iwwert d'Servicer, an ech si leider net fortkomm. Den zoustännege Commissaire mécht sech Suergen, wéi dann elo de Conseil dorop reagéiert e Méindeg, an dofir entschëllegt mech, wann ech e puer Minutten ze spéit war.

Ech hunn awer vollt Vertrauen, a mäi Vertrauen, hunn ech gemierkt, war och richteg placéiert, a mäi Kolleeg Alex Bodry, als Rapporteur, huet, wéi Dir an och anerer et schonn ugedeit hunn, am Detail u sech dee Projet hei duergeluecht, dee kee fundamentale Changement mat sech bréngt an der Ausriichtung. Déi Leit, déi sech dozou geäussert hunn, mengen ech, hunn och keng weider Kritik, mat Ausnahm vum leschte Riedner vläicht, gëlle gelooss.

An dofir mengen ech och, bei där grousser Eintracht hei, an denken, dass Der och net nach eng Kéier wëllt héieren, wat alles an deem Projet ass, nodeem dass de Marc Spautz an den Alex Bodry dat gemaach hunn, géing ech Iech Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi Der op dësem Dossier gewisen hutt. Deen Dossier, deen u sech als Projet de loi vun der viregter Regierung deponéiert ginn ass, do wier ech frou wann Der dee massiv géingt stëmmen, an ech ginn dovun aus, dass dat dann och de Fall ass.

Här President, Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir sinn net béis, datt Der ee Moment ze spéit komm sidd. Mir hätten Iech och entschëllegt, wann Der zu Bréissel zréckgehale gi wäert. Wësst Der, d'Madame Modert huet haut de Mëtten d'ganz Regierung vertrueden a se huet dat esou gutt gemaach, datt et eis emol net opgefall war, datt déi aner net hei waren. Esou datt et…

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Ech hu scho bal gestéiert, wann ech richteg verstinn.

M. le Président.- Nee, nee, nee. Mir sinn ëmmer frou, Här Minister, wann Der bei eis kommt.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5340 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Michel Wolter), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marcel Sauber), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass virgesi fir de 15. Mäerz um dräi Auer. Den Ordre du jour gëtt Iech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.42 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 207

Admission à la retraite du Président de la Cour des Comptes page 207

5433 - Proposition de loi de M. Felix Braz relative à la modification de l'article 29 de la loi du 29 juin 2004 portant sur les transports publics;

5436 - Proposition de révision des articles 9, 51(7), 52 et 53 de la Constitution de M. Felix Braz;

5438 - Proposition de loi de Mme Colette Flesch portant modification de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

et

5441 - Proposition de loi de M. Aly Jaerling ayant pour objet de modifier la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain page 207

Rôle des affaires page 207

Ordre du jour pages 207-208

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°19 du 22 février 2005 de Madame Marie-Josée Frank relative au remboursement par les caisses de maladie d'un appareil médical d'électrostimulation TENS et les électrodes respectives, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 208

- Question N°20 du 21 février de Madame Anne Brasseur relative au «Neie Lycée» et à sa présentation sur le site Internet, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle page 209

- Question N°21 du 21 février 2005 de Monsieur Fernand Diederich relative au virus de la grippe, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 209

- Question N°22 du 21 février 2005 de Monsieur Jean-Pierre Klein relative au bilan au niveau de la psychiatrie et les démarches futures du Gouvernement, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (Art. 78-1) page 209

5394 - Projet de loi autorisant l'acquisition d'un avion de transport militaire A400M pages 210-216

5362 - Projet de loi portant:

1. transposition de la décision du conseil du 28 février 2002 instituant Eurojust afin de renforcer la lutte contre les formes graves de criminalité, et

2. modification:
- de la loi du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,
- du code d'instruction criminelle pages 216-218

5324 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la protection des animaux en transport international (révisée), ouverte à la signature, à Chisinau, le 6 novembre 2003 pages 218-220

Communications pages 220-221

Rôle des affaires page 221

Composition des commissions parlementaires page 221

Question urgente 314 de M. Robert Mehlen relative à la fermeture de la fonderie VALFOND à Mersch pages 221-222

Motion de la Commission des Transports au sujet de la mise en oeuvre du rapport d'audit de McKinsey & Company sur l'organisation des autorités aéronautiques luxembourgeoises pages 222-225

Motion de M. Camille Gira relative au phénomène dit «Tanktourismus» pages 225-226

5096 - Projet de loi relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht pages 226-229

5270 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, des mass médias, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Turquie, signé à Ankara, le 9 juin 2003

et

5287 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la recherche scientifique, des mass media, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Socialiste du Vietnam, signé à Luxembourg, le 21 mai 2003 pages 229-232

Communications page 232

Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le plan d'action 2000-2004 élaboré par le bureau du coordinateur national „Drogues“ pages 232-236

5312 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 décembre 1975 créant un établissement public dénommé Centre hospitalier de Luxembourg groupant la maternité Grande-Duchesse Charlotte, la Clinique pédiatrique fondation Grand-Duc Jean et Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte et l'hôpital municipal pages 236-239

Résolution de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2003 de la Cour des Comptes page 239

Demandes en naturalisation pages 239-240

Ordre du jour page 240

Communications page 240

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur la politique de la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la production d'énergie de sources renouvelables pages 240-243

5308 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Communauté d'État Serbie et Monténégro en matière de sécurité sociale, signée à Belgrade, le 27 octobre 2003;

5326 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Suède sur la sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 1er décembre 2003

et

5341 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Turquie en matière de sécurité sociale pages 243-244

5393 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne concernant les demandes d'indemnités présentées par un État membre à l'encontre d'un autre État membre en cas de dommages causés aux biens lui appartenant, qu'il utilise ou qu'il exploite, ou de blessure ou de décès d'un membre du personnel militaire ou civil de ses services dans le cadre d'une opération de gestion de crises menée par l'Union européenne, fait à Bruxelles, le 28 avril 2004 pages 244-245

5417 - Projet de loi portant approbation de la Décision des Représentants des Gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil du 28 avril 2004 concernant les privilèges et immunités accordés à ATHENA page 245

5392 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne relatif au statut du personnel militaire et civil détaché auprès des institutions de l'Union européenne, des quartiers généraux et des forces pouvant être mis à la disposition de l'Union européenne dans le cadre de la préparation et de l'exécution des missions visées à l'article 17, paragraphe 2, du Traité sur l'Union européenne, y compris lors d'exercices, et du personnel militaire et civil des États membres mis à la disposition de l'Union européenne pour agir dans ce cadre (SOFA UE), signé à Bruxelles, le 17 novembre 2003 pages 245-246

5397 - Projet de loi portant approbation

- de l'Amendement à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination, adopté à Genève, le 21 décembre 2001;

- du Protocole relatif aux restes explosifs de guerre à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination (Protocole V), fait à Genève, le 28 novembre 2003 page 246

5348 - Projet de loi portant création

a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé;

b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé pages 246-251

5407 - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures pages 251-253

5042 - Projet de loi portant approbation de la Charte européenne des langues régionales ou minoritaires, faite à Strasbourg, le 5 novembre 1992 pages 253-254

5340 - Projet de loi modifiant certaines dispositions de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications pages 254-257

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live *an* **integral**
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 6 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
0150	M. Xavier Bettel	Attribution du permis de travail aux chercheurs étrangers
0155 cf. 0246	Mme Anne Brasseur	Implantation d'une deuxième École européenne à Mamer
0162	M. Jean-Pierre Koepp	Reconstitution de la route nationale 27 entre Michelau et Erpeldange
0163	M. Marc Angel	Installation provisoire d'un centre d'accueil pour réfugiés à Marienthal
0183	Mme Françoise Hetto-Gaasch	Carrefour dangereux à la hauteur de Consdorf et Bech
0185	M. Jacques-Yves Henckes	L'État luxembourgeois en tant que locataire
0196	M. Ali Kaes M. Marco Schank	Avenir de la ligne ferroviaire "Rivage - Gouvy - Luxembourg" respectivement "Luxembourg - Liège"
0198	M. Marco Schank	Instauration d'un ascenseur dans le château de Vianden
0202	M. Robert Mehlen	Régime d'aides concernant la protection de l'environnement et de l'entretien de l'espace naturel
0204 cf. 0232	M. Ben Fayot	Adaptation du statut général des fonctionnaires
0206	M. Xavier Bettel	Mise en place d'une Centrale de mobilité
0207	M. Ali Kaes M. Marco Schank M. Jean-Paul Schaaf	Amélioration de la sécurité du contournement d'Ettelbruck
0209	Mme Claudia Dall'Agnol	Alimentation des personnes âgées
0211	M. Marcel Oberweis	Suppression de plusieurs passages à niveau sur le réseau ferroviaire luxembourgeois
0214	M. Jacques-Yves Henckes	Médecins pratiquant l'acupuncture ou l'homéopathie
0215	Mme Lydie Err	Passeport pour étrangers
0216	M. Jacques-Yves Henckes	High Mobility Multipurpose Wheeled Vehicle
0217	M. Camille Gira	Régime d'aides pour la promotion rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergies renouvelables
0219	M. Camille Gira	Primes d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire, de la biomasse et du biogaz
0220	M. Robert Mehlen	Prisonniers de guerre de Tambow
0221	M. Xavier Bettel	Situation des Ministères de la Santé et de la Sécurité sociale au cours de la législation précédente
0222	M. Robert Mehlen	Marque nationale du vin luxembourgeois
0223	Mme Viviane Loschetter	Les études et la profession de l'éducateur gradué
0224	M. Xavier Bettel	Situation actuelle au Centre hospitalier neuropsychiatrique
0225	M. Jean Huss	Stratégie européenne en matière d'environnement et de santé: mesures concrètes du Luxembourg
0226	M. Gast Gibéryen	Cotisation à charge des sociétés
0229	M. Emile Calmes	Système de subventionnement de certaines dépenses communales
0230	M. Emile Calmes	Réglementation communale d'urbanisme relative à l'installation de panneaux solaires

Question 0150 (28.10.2004) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant l'**attribution du permis de travail aux chercheurs étrangers:**

L'éditorial de la plus récente édition du «Merkur», organe officiel de la Chambre de Commerce, fait apparaître l'élimination d'obstacles dans l'attribution de permis de travail et de séjour pour chercheurs étrangers comme une des conditions préalables pour faire du Luxembourg un lieu de rencontre entre chercheurs et un «havre de recherche».

Cette réflexion m'inspire à poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi qui est également Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:

- Monsieur le Ministre partage-t-il l'avis exprimé dans ledit éditorial?

- Monsieur le Ministre voudra me renseigner sur le nombre de permis de travail délivrés et refusés pour des travailleurs originaires de pays tiers et des nouveaux pays de l'Union européenne depuis le 1er mai 2004.

- Combien de demandes émanant de chercheurs étrangers ont été enregistrées, accordées et refusées depuis cette date?

- Quelles sont les motivations entraînant un refus du permis de travail pour un chercheur?

- Enfin, quelle est actuellement la durée moyenne de la procédure pour l'attribution d'un permis de travail à un chercheur étranger?

Réponse (20.1.2005) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*:

En se référant à la stratégie dite de Lisbonne visant à faire de l'Europe jusqu'en 2010 «l'économie de la connaissance la plus compétitive et la plus dynamique du monde», l'auteur de l'éditorial visé indique les conditions nécessaires afin de répondre sur le plan national à cet objectif. Tout en rappelant que l'action politique doit se concrétiser dans une multitude de domaines d'intervention, il se concentre dans son analyse sur l'apport possible de la recherche en la matière et définit les conditions préalables et démarches nécessaires, selon lui, pour que cet apport se réalise.

Il est évident que l'objectif ambitieux de Lisbonne ne pourra être atteint que si nous disposons des ressources humaines hautement qualifiées en nombre suffisant. Selon l'analyse de la Commission, l'Europe aura besoin d'ici 2010 de 700.000 chercheurs supplémentaires et à elle seule elle ne sera pas à même de répondre à ce besoin; elle devra donc s'ouvrir vers l'extérieur en vue d'attirer et de retenir en Europe les chercheurs les plus talentueux du monde entier. Ce constat vaut a fortiori pour le Grand-Duché.

Il n'existe pas de statistiques sur le nombre des demandes de permis de travail introduites pour chercheurs ressortissants d'un pays tiers. En effet, ces personnes, jusqu'à maintenant soumises à l'obligation d'un permis de travail, figurent dans les statistiques parmi celles ressortissantes d'un pays tiers sollicitant un permis de travail pour accéder au marché de l'emploi luxembourgeois. Par ailleurs les entreprises introduisent leurs demandes sans spécifier dans la déclaration d'engagement que la personne engagée l'est au titre de sa qualité de chercheur. Ceci va probablement changer suite à la nouvelle directive prévoyant une procédure spéciale pour l'admission de ressortissants de pays tiers aux fins de recherche, directive qui facilite la délivrance de permis de séjour aux chercheurs, alors qu'ils n'auront plus besoin de permis de travail.

Jusqu'à aujourd'hui seuls les organismes de recherches proprement dits font venir, à des intervalles réguliers, des chercheurs sur le territoire luxembourgeois, souvent dans le cadre d'un stage. Sans pouvoir renseigner sur le nombre des permis délivrés à ces stagiaires, nous n'avons pas connaissance d'un refus. La durée normale pour l'obtention d'un permis de travail est de trois mois.

Question 0155 (3.11.2004) de **Mme Anne Brasseur** *(DP)* concernant l'**implantation d'une deuxième École européenne à Mamer:**

Le Gouvernement précédent ayant décidé la construction de l'École européenne de Luxembourg II à Mamer et le lauréat du concours d'architectes venant d'être proclamé, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Travaux publics ainsi qu'à Monsieur le Ministre du Trésor et du Budget:

- Est-ce que le projet de loi prévoyant la construction de l'École européenne de Luxembourg II est en train d'être élaboré?

- Dans l'affirmative, quand est-ce que le projet de loi afférent sera déposé?

- Enfin, est-ce que les terrains nécessaires ont été acquis?

Question 0246 (13.1.2005) de **M. Roger Negri** *(LSAP)* concernant la **construction de l'École européenne Luxembourg II:**

Un élément clé pour garantir la présence future des institutions européennes au Grand-Duché de Luxembourg est d'encadrer les fonctionnaires européens de manière adéquate, notamment en ce qui concerne la scolarisation de leurs enfants. L'élargissement de l'Union européenne vient d'accentuer la nécessité d'une deuxième école européenne dans notre pays. Étant donné que le Gouvernement précédent avait décidé la construction de l'École européenne de Luxembourg II à Mamer et que le lauréat du concours d'architectes a présenté son projet de construction il y a quelques semaines, les premiers pas dans la bonne direction sont faits. Or, jusqu'au jour où les premiers élèves européens pourront fréquenter la nouvelle enceinte, de nombreux travaux restent à effectuer.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Travaux publics:

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer sur l'avancement des achats des terrains nécessaires pour réaliser la construction de la deuxième école européenne à Mamer?

- Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur les délais de l'évolution future du projet de construction en question, notamment en ce qui concerne:

- le dépôt du projet par la Chambre des Députés;

- le commencement définitif des travaux en construction;

- l'achèvement des travaux de construction et la finalisation du bâtiment;

- le début de la première année scolaire dans le nouveau bâtiment?

Réponse commune (28.1.2005) de **M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics* et de **M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget:*

Le projet de loi relatif à la construction de l'École européenne de Luxembourg II est en train d'être élaboré par les services compétents. Le concours d'architectes a été lancé en juin 2004 et la remise des projets a eu lieu en septembre 2004. La proclamation du lauréat à l'issue de ce concours s'est dégagée lors des dernières séances de délibérations du jury qui se sont tenues les 26 et 27 octobre 2004.

Il y a lieu de noter que le Gouvernement n'a pas encore réussi à acquérir tous les terrains nécessaires dans le périmètre alors que quelques propriétaires n'ont pas encore accepté à ce jour les conditions de prix.

Dans le cadre de sa politique visant à freiner l'explosion des prix des terrains, le Gouvernement estime nécessaire de ne pas offrir des montants qui pourraient conduire à la spéculation et à une hausse générale des prix. Il est toutefois entendu que l'offre de l'État constitue une indemnisation juste des propriétaires tenant compte entre autres de la classification des terrains et des prix réellement payés pour des objets similaires dans le passé.

Finalement il est difficile de préciser dès à présent des dates fixes tant pour le dépôt du projet de loi que pour le début de la construction étant donné que celles-ci dépendent des délais nécessaires aux procédures préalables.

Question 0162 (9.11.2004) de **M. Jean-Pierre Koepp** *(ADR)* concernant la **reconstitution de la route nationale 27 entre Michelau et Erpeldange:**

Bei der Exploitatioun vun der Steekaul Schou-Walch tëschent Méchela an Ierpeldeng ass et de 6. Juli 1997, längs der Nationalstrooss 27, zu engem Äerdrutsch komm, bei deem eng ganz Rei vun décke Fielsbrocken op d'Strooss gefall sinn. Opgrond vun dësem Tëschefall ass de 7. Juli 1997 duerch den zoustännege Minister d'Steekaul zougemaach an d'Strooss gespaart ginn.

Verschidden Expertisë goufen an der Suite gemaach a fir d'Fréijoer 2002 sollt mat den Opraumaarbechten ugefaange ginn; esou ze liesen an enger Äntwert vum 9. August 2001 vum zoustännege Minister op eng parlamentaresch Ufro N°1143 mat Datum vum 15. Mee 2001 *(cf. compte rendu N°20/2000-2001)*. Bis haut hunn dës Aarbechten awer nach net ugefaangen.

Des Weideren hat de Bauteminister am Januar 2001 en Affekot beoptraagt fir d'Käschten, déi dem Stat bis elo duerch dësen Tëschefall entstane sinn, bei der Bedreiwerfirma vun der betraffener Steekaul anzekloen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Firwat ass bis elo nach net mat dësen Opraumaarbechten ugefaange ginn?

2) Besteet e konkreten Zäitplang fir wéini dës Aarbechte sollen an Ugrëff geholl an ofgeschloss ginn?

3) Wéi héich sinn d'Käschten, déi dem Stat bis elo duerch dësen Äerdrutsch entstane sinn, a wou ass déi betreffend Geriichtsaffär fir d'Réckerstattung vun dëse Käschten drun?

Réponse (20.1.2005) de **M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics:*

1) D'Opraumaarbechte konnte bis elo nach net ugefaange ginn, well den Terrain net dem Stat gehéiert. Den Terrain gehéiert dem Entrepreneur, mä deen ass virun dräi Joer Faillite gaangen.

2) Et besteet de Moment nach keen neien Zäitplang wat d'Duerchféierung vun den Aarbechten ugeet, well fir d'éischt muss gekläert ginn, wat fir eng Aarbechte genau sollen duerchgefouert ginn. Dofir leeft elo eng Etüd, déi soll vergläichen, ob et méi bëlleg géif ginn d'Carrière an d'Rei ze setzen duerch d'Ofdroe vum gerutschte Material an dem Stabiliséiere vum ganze Site, oder déi momentan Ëmleedung mat deenen zwou provisoresche Brécken an eng definitiv Ännerung vum Tracé mat zwou neie Brécken ëmzewandelen.

3) D'Käschten, déi dem Stat duerch deen Äerdrutsch enstane sinn, belafe sech op iwwer 30.000.000 al Lëtzebuerger Frangen. Duerch d'Faillite vun der betreffender Entreprise den 3. Juli 2001 war et dem Stat net méi méig-

lech, d'Réckerstattung vun deene virgenannten entstanene Käschte geriichtlech anzekloen.

Question 0163 (9.11.2004) de **M. Marc Angel** *(LSAP)* concernant l'**installation provisoire d'un centre d'accueil pour réfugiés à Marienthal:**

Est-il vrai que des unités modulaires provisoires pour réfugiés sont prévues à l'emplacement d'une ancienne terrasse des jardins historiques du Marienthal (actuellement pré de pâturage et verger abandonné qui fait partie d'une zone habitat et qui a été classé à titre de monument historique)?

Dans l'affirmative, qu'en est-il de l'autorisation préalable de la part du Ministère de la Culture et de celle du Ministère de l'Environnement eu égard au fait qu'une étude d'impact doit être réalisée au niveau des zones habitat?

Étant donné que le site projeté pour l'installation provisoire du centre d'accueil pour réfugiés est isolé par un cran boisé épais et qu'il ne bénéficie d'aucune isolation directe au cours des mois d'hiver (fin octobre - début mars), ne serait-il pas plus opportun d'envisager un site plus accueillant et plus salubre, moins isolé et moins sensible du point de vue de son éminent intérêt écologique, archéologique, historique et esthétique à l'intérieur de la même commune de Tuntange ou, le cas échéant, à l'intérieur des communes faisant partie du projet Leader „Äischdall Plus" pour la revalorisation de la Vallée de l'Eisch?

Dans ce contexte quelles sont les initiatives concrètes et les projets envisagés par le Gouvernement pour sauver et revaloriser l'extraordinaire patrimoine culturel et naturel de Marienthal, Ansembourg et Hollenfels?

Réponse commune (20.1.2005) de **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration* et de **M. François Biltgen,** *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:*

Il est vrai que le Ministère de la Famille et de l'Intégration prévoit l'implantation d'unités modulaires pour demandeurs d'asile à Marienthal sur la terrasse historique située près de l'ancien chemin de Mersch et surplombant les bâtiments conventuels sécularisés en 1783. Le plan dressé par le géomètre Vesqué quelques années après la suppression du monastère montre que le plateau artificiel faisait partie des jardins des religieuses.

Du point de vue historique et archéologique l'endroit présente incontestablement un grand intérêt. Voilà pourquoi l'ensemble du site de Marienthal a été classé monument national le 13 septembre 2002. Le 21 mai 2004, Madame la Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a néanmoins donné son accord pour le projet.

En effet le Gouvernement tient à développer des infrastructures d'accueil pour demandeurs d'asile. Malheureusement les communes intéressées sont très rares. D'aucuns mettent bien entendu en avant toute sorte d'arguments, certainement justifiés, tendant à éviter la création de tels centres.

Le Ministère de la Famille et de l'Intégration tient à insister sur le fait qu'il s'agit d'unités modulaires démontables qui seront disposées sur le site de telle manière à ce que cette ancienne terrasse des jardins historiques reste intacte.

Monsieur le Député signale à juste titre «l'extraordinaire patrimoine culturel et naturel de Marienthal, Ansembourg et Hollenfels». Ce patrimoine est en plus situé dans une des plus belles régions du Luxembourg dont les visiteurs tant étrangers qu'autochtones n'ont cessé de faire l'éloge depuis le 19e siècle. Or, les monuments qui y sont implantés présentent en grande partie un aspect désolant et abandonné. Faute de crédits suffisants, le Ministère de la Culture a dû se contenter jusqu'à présent d'intervenir d'une manière ponctuelle pour des travaux de première urgence, par exemple pour des ponts historiques ou des toitures en train de s'écrouler. Il a pu subventionner des travaux de conservation entrepris par des propriétaires privés, notamment à Ansembourg. Le jardin du grand château, accessible au public, est un monument historique unique sur le plan national et grâce à l'initiative privée il a pu retrouver une partie de sa splendeur.

Un autre propriétaire privé, détenteur d'un fonds d'archives de la plus haute importance et d'une bibliothèque ancienne plus que remarquable, est disposé à mettre ces biens à la disposition de la nation dans le cadre d'une fondation à condition que l'État aménage sur place les lieux indispensables à leur conservation et à leur consultation. Jusqu'à présent il n'a malheureusement pas été possible de trouver un accord.

Question 0183 (18.11.2004) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant le **carrefour dangereux à la hauteur de Consdorf et Bech:**

Il n'est pas nouveau que la E27 reliant Luxembourg à Echternach génère un trafic quotidien énorme en provenance et vers les communes des cantons de l'Est du Luxembourg et de la région allemande aux abords de la frontière germano-luxembourgeoise. Un carrefour particulièrement dangereux est celui à hauteur de Consdorf et de Bech où de nombreux accidents ont eu lieu et continuent à avoir lieu avec issue souvent mortelle, ce qui relance toujours le débat autour d'un éventuel tunnel en dessous du carrefour afin de désamorcer les risques d'accidents potentiels. Ce sont surtout les habitants de la région qui sont particulièrement préoccupés par cette situation.

Pour ces raisons j'aimerais poser les questions suivantes au Ministre des Travaux publics:

- Est-ce que vous voyez un moyen pour établir un tunnel au carrefour précité?

- En cas de réponse négative, quels sont les moyens à pouvoir être mis en œuvre pour réduire les risques d'accidents à cet endroit dangereux?

Réponse (20.1.2005) de **M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics:*

Le carrefour de la route d'Echternach (N11) avec la route assurant la liaison entre Bech et Consdorf (CR137) est connu comme point noir du fait que les usagers venant de Bech ou de Consdorf pour s'insérer dans la route N11 ou pour traverser cette route ont du mal à apprécier correctement la vitesse des voitures circulant sur la route principale. Ce problème peut uniquement être résolu à l'aide d'un carrefour dénivelé.

Quatre solutions ont été élaborées et sur base d'une concertation étroite avec les communes concernées la préférence a été donnée à la variante prévoyant un échangeur dénivelé réalisé sous forme d'un passage souterrain du CR137 sous la N11 et son raccordement à la N11 à l'aide de rampes hollandaises disposées en losange. En date du 25 mai 2004 Madame la Ministre des Travaux publics a demandé que soient entamées les études d'exécution pour cette variante la moins dévoratrice en terrains vierges.

Question 0185 (22.11.2004) de **M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)* concernant l'**État luxembourgeois en tant que locataire:**

An der Froestonn un d'Regierung vum 16. November 2004 wor vum Här Innenminister gewuer ze ginn, datt 80.000 m² Wunnengen an der Stad Lëtzebuerg als Büroe genotzt ginn. Dës Mëssuechtung vum Wunnraum ass bedauerlech a wërft sécherlech eng ganz Rei vu Froen op. Besonnesch schlëmm ass dobäi d'Tatsaach, datt de lëtzebuergesche Stat zu de gréisste Locatairë gehéiert déi Wunnraum als Büroe benotzen.

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill m² Büroe si vum lëtzebuergesche Stat, an dozou gehéieren all öffentlech Verwaltungen, Ministèren, Établissements publics, Gesellschafte vum öffentleche Recht, um private Sektor gelount?

2) Wéi vill Wunnhaiser a privat Appartementer ginn esou dem Wunnengsmarché hei am Land entzunn?

3) Wéi vill Wunnhaiser a privat Appartememer huet de Stat kaf fir se fir Büroszwecker ze notzen?

Réponse (21.2.2005) de **M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget:*

1. L'État a loué pour les différents services étatiques dans tout le pays 275.025 m² de bureaux et autres objets immobiliers.

À Luxembourg-ville, la Commission des Loyers gérait au 31.12.2004 118 adresses avec une surface totale de 199.506 m². Les surfaces louées se trouvent dans des immeubles de bureaux ou dans des immeubles mixtes qui, selon le Plan Général d'Aménagement de la Ville de Luxembourg, se trouvent dans des zones où ces activités de bureaux sont permises à l'exception de 6 adresses représentant 1.581,34 m².

2. Vu la pénurie en surfaces de bureaux disponibles dans les années 80 et 90, l'État a été obligé de prendre en location des surfaces destinées initialement à l'habitation et transformées en bureaux par les propriétaires. Dans le contexte de la politique domaniale du gouvernement, un des objectifs de la Commission des Loyers consiste notamment à abandonner les locaux susceptibles de servir à l'habitation, objectif que la Commission a poursuivi continuellement dans la dernière décennie par le relogement et le regroupement des services étatiques concernés. Après 1996, aucun nouveau contrat n'a été établi à Luxembourg-ville pour la location d'un immeuble qui avait servi d'habitation avant la conclusion du contrat de bail.

En ce qui concerne d'autres immeubles sis dans des zones d'habitation, les surfaces louées se trouvent dans des immeubles pour lesquelles la Ville de Luxembourg a établi une autorisation pour l'aménagement de bureaux.

3. À partir de 1996, l'État n'a procédé à Luxembourg-ville à aucune acquisition d'immeubles destinés à l'habitation pour les transformer en bureaux dans l'intention d'y loger des services étatiques.

Question 0196 (30.11.2004) de **MM. Ali Kaes** et **Marco Schank** *(CSV)* concernant l'**avenir de la ligne ferroviaire „Rivage - Gouvy - Luxembourg" respectivement „Luxembourg - Liège":**

Q 52

Selon des informations contenues dans un article du 8 septembre 2004 du journal quotidien belge „Le Soir", il est prévu de fermer à partir de 2006 pour le trafic voyageur un certain nombre de lignes ferroviaires non rentables dans la Province du Luxembourg, dont notamment la liaison «Rivage - Gouvy - Luxembourg». À rappeler dans ce contexte que le Gouvernement luxembourgeois a participé au financement du projet d'électrification de cette ligne qui a été finalisé en mai 2000. Une telle décision de fermeture aurait certainement des conséquences négatives pour la liaison «Liège - Luxembourg» ce qui pourrait mettre en cause l'avenir de la ligne de chemin de fer du nord de notre pays.

Da geet et awer dorëm fir Neel mat Käpp ze maachen, well mir kënnen och net jorelaang doriwwer debattéieren, mä ech denken, dass déi éischt Aufgab, déi mir eis musse ginn, ass, d'Niveaue vu Kompetenze festzeleeën, an da geet et drëm d'Programmer dorobber ze adaptéieren, well mir jo scho laang ee Konsensus hunn heibannen an och dobaussen, dass mir eigentlech eis Programmer iwwerlueden an dass mir parallel dozou d'Schoulzäit reduzéieren.

Ech mengen, et brauch ee kee grousse Schoulexpert ze sinn, fir ze wëssen, dass, wann ee manner Zäit huet an ee méi an e Programm drécke wëllt, dat net opgeet, esou dass dat d'Aarbecht ass vun deenen nächsten annerhallef Joer fir do weiderzekommen.

Fir mech ass et wichteg, dass mir déi Kompetenzen definéieren a mir mussen och - an dat mengen ech geet wéi ee Leitmotiv duerch all Aktioun - der Schoul e Sënn ginn; mir mussen eise Schüler, eisen Enseignanten ee Sënn ginn, firwat dass een enseignéiert a léiert, wat d'Objektiver sinn, a firwat dass een dat soll maachen, well ech gleewe jo dorunner, dass d'Motivatioun kënnt, wann een agesäit, firwat ee sech soll druginn, firwat ee soll schaffen, an dass dat dee gréisste Stimulus ass, fir gutt Resultater an och gutt Kompetenzen ze kréien.

Och do huet dee PISA-Questionnaire, deen do mat ausgefëllt ginn ass, eis am Fong gesot, dass d'Lëtzebuerger Schüler par rapport zu all de Schüler an der OECD-Moyenne manner Sënn an der Schoul gesinn, dass nëmmen d'Halschent fënnt, dass dat, wat si an der Schoul léieren, hinnen am Liewen nëtzlech ass, während an der Moyenne vun den OECD-Länner et iwwer 70% sinn. Dat sinn Indicateuren, déi ee musse bedenklech maachen an dofir soen ech: Dat Wichtegst ass der Schoul Sënn ginn, deene Leit, déi an der Schoul sinn, kloermaachen, firwat si do sinn, fir dass si Performancë kënne bréngen an der Schoul.

Mir hunn eng Rei Chantieren am Ministère ënnerwee. Ech zielen se ganz kuerz op. Deen éischten ass - ech zielen e fir d'éischt, net well et dee wichtegste wär, mä well a leschter Zäit ganz vill doriwwer geschwat ginn ass - den „Neie Lycée", dat ass eng Ganzdagsschoul. Dee Projet de loi ass déposéiert, mir wäerten nach Geleeënheet hunn hei am Haus iwwer eng Ganzdagsschoul mat engem pedagogesche Konzept ze schwätzen, wou den Akzent natierlech op d'Zäit geluecht ass, d'Zäit, déi ee sech gëtt fir mat de Schüler, mat den Enseignanten zesummen ze léieren an ze schaffen.

Et ass en Enseignement, dee pluridisciplinaire, fächeriwwergräifend also zesumme fonctionnéiert. Et ass wichteg vun den Intérête vun de Schüler auszegoen, fir alles, wat am Programm ass, awer ze touchéieren, ebe just fir dem Léieren dee Sënn ze ginn. Et geet drëm fir d'Leit zesummeschaffen ze loossen, d'Schüler zesummeschaffen ze loossen, well den Equipëgeescht jo ëmmer méi wichteg ass, mä awer och Enseignanten zesummeschaffen ze loossen, an et gëtt eng Form vun Autoevaluatioun agefouert a Form vu Portfolio, fir dass een de Progrès vun de Schüler kann dokumentéieren.

Vläicht sollt ech kloerstellen, dass dat e Lycée pilote ass. Dat ass eng Offer an der Schoul, déi esou séier wéi méiglech soll ugoen, fir dass mer och kënnen evaluéieren, wat déi eenzel Elementer dovunner bréngen. Et ass net geduecht d'ganzt Land a Ganzdagsschoulen ze verwandelen. Ech wollt dat eng Kéier hei soen, well ech net mengen, dass dat eng Offer ass fir alleguerten d'Kanner, mä et ass sécher eng Offer, déi an der öffentlecher Schoul muss do si fir déi Kanner an déi Elteren, déi dat wënschen.

Aner Elementer, déi am Lycée pilote elo ausprobéiert ginn, begleet ginn, evaluéiert ginn, déi kënnen natierlech transposéiert ginn an d'öffentlech Schoul, wann et sech dann erausstellt, dass dat sech bewährt huet.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Deen zweete Chantier ass dee vun dem Règlement grand-ducal iwwert d'Critères de promotion, op deen ech elo hei am Detail net wëll agoen, well et eng ganz komplizéiert Matière ass, mä dat wichtegt Element doranner ass deen Akzent, dee mir leeën op d'Remédiatioun.

Dat ass schonn agefouert ginn an der leschter Regierungsperiod, fir ze soen, wann e Schüler Schwieregkeeten huet, soll en direkt an den Appui goen. Et ass deelweis evaluéiert ginn, wat deen Appui bréngt, an d'Konklusioune sinn, dass een eigentlech méi en individuellen Appui muss offréieren a méi schnell intervenéiere bei de Schüler esoubal wéi ee Schwieregkeeten detektéiert.

Et geet och drëm fir déi staark Punkte vun de Schüler en valeur ze setzen, well mir jo e Schoulsystem hunn, traditionell, wou een eigentlech kengem eng Schwächt erlaabt, et muss een iwwerall d'Moyenne kréien. Dat bréngt mat sech, dass d'Schüler am Fong schaffen op hire schwaache Punkten, fir do d'Moyenne ze kréien an doriwwer hir staark Punkte vernoléissegen. De Wee hei soll sinn, dass een de Schüler eng Schwächt am Schoulsystem kompenséiere léisst, à condition dass e gutt Nummeren an deene Fächer huet an deenen e gutt ass. Et geet also drëm fir vun där Mentalitéit ewechzekommen, dass 30 duergeet, an dohinner ze kommen, dass d'Leeschtung och an deene Fächer, an deenen ee gutt ass, sech lount an dass een domadder eng Schwächt ka mat duerchzéien.

Deen drëtten Dossier ass dee vun der Evaluatioun, net vun den eenzelne Schüler, mä vun eisem Schoulsystem. Ech mengen, et ass e Leitmotiv, deen och ëmmer erëmkomm ass, dass mir eis mussen Indicateure ginn, fir eis Performancë vum Schoulsystem ze moossen. Dat ass wichteg, besonnesch wann een de Schoule méi Autonomie gëtt, a mir si jo ënnert der viregter Regierung op dee Wee gaangen, deen ech och fir richteg halen, fir de Schoule méi Autonomie ze ginn. Dat implizéiert awer och, dass ee muss dann eng Evaluatioun doniewent stellen.

Dëst Joer gëtt dann elo fir d'éischt, wat mer nennen „de Rapport Lycée" diskutéiert an de Schoulen. Dat heescht all Lycée kritt seng Donnéeën, esouwäit wéi de Ministère se huet, an dat ass emol éischtens natierlech wéi vill Schüler en huet, d'Origines socioprofessionnelles vun de Schüler, wéi vill Moyenen agesat ginn, mä awer och d'Resultater vun den Épreuves communes an d'Resultater vu PISA, fir ze kucken: Wou situéieren ech mech dann? Sinn ech gutt? Wou hunn ech Schwächten?

An déi Evaluatioun ass jo och net geduecht fir ee Ranking ze maachen a fir ze soen, wien dee Beschten ass, well mir wësse jo, dass d'Resultater, de Placement an esou engem Ranking jo ganz vill vun der sozialer Origine vun de Schüler ofhänkt. Et gëtt Schoulen, an deenen et vill méi einfach ass gutt Resultater ze kréien, an et si Schoulen, do ass d'Population scolaire esou vill méi komplizéiert, dass een natierlech vill méi Moyenë muss drastieche fir zu gudde Resultater ze kommen.

Déi Rapporte si geduecht, fir dass mir mat de Lycéeën zesummen diskutéieren, wat si kënne maachen a wou si hir Moyenë sollen asetze fir besser Performancen ze kréien. Also, d'Evaluatioun ass a mengen Aen net eng Strof fir d'Schoulen, mä ass do als Hëllefsmëttel fir hinnen deen Outil ze ginn, dee si brauchen.

Ech wëll dee System vu „Rapport Lycée" och da weiderféieren an der Primärschoul. Do si mir nach ganz an den Ufanksschong, well mir lues a lues all Statistiken am Scolaria zesummekréien, déi mir brauche fir och de Primärschoulen an och de Gemengen déi Informatiounen zoukommen ze loossen, wéi vill Moyenen, wéi vill Mënschen, wéi vill Appuië si asetzen, fir wéi eng Resultater ze kréien.

Ech mengen och, dass dat een interessanten Outil ass, fir kënnen d'Schoul ze pilotéieren, well mir stelle fest, dass et immens grouss Ënnerscheeder gëtt no de Gemengen. Déi eng offréieren hire Klasse vill Appui, déi eng hu kleng Effektiver an de Klassen, an aner Gemengen hu manner Appui, aner Gemengen hu grouss Effektiver an de Klassen. Dat hänkt natierlech bei de klenge Gemengen oft of vum Zoufall, wéi grouss d'Klasse kënne sinn, mä bei grousse Gemenge spillt dat Argument jo awer net.

An ech mengen, dass dat hëllefräich wier fir e bëssen ze gesinn, ob déi Moyenen, esou wéi mir se asetzen, dann och déi Resultater bréngen, déi mir erhoffen. Dat ass also nach ee ganz interessanten Dossier, dee mir awer nach musse creuséiere fir weiderzekommen.

Dee véierten - elo hunn ech dann d'Transitioun gemaach -, dat ass d'Gesetz vun 1912, wou mir wëlle Cyclen aféieren. Firwat Cyclen? Also amplaz, wéi et jo och probéiert ginn ass, d'éischt, d'zweet Schouljoer kënnen an dräi Joer ze maachen, Cyclen anzeféieren. Do gëtt et verschidde Modellen, iwwert déi ee muss diskutéieren, wat fir een och do déi bescht Resultater bréngt. D'Iddi vun de Cyclen ass jo fir déi ze generaliséieren am Primaire an eventuell ze kucken, ob mir dat och kënne weiderféieren am Postprimaire.

Et geet éischtens dorëmmer, fir dass déi Kanner, déi méi lues sinn, méi Zäit hunn, fir sech déi Kompetenze kënnen unzëeegnen, déi si brauche fir kënnen an der Schoul weiderzekommen. Well mir stelle jo fest, dass et Kanner gëtt, déi ganz laang am zweete Schouljoer sëtzen an dann op eemol op Septième an de Préparatoire kommen, a si hunn awer näischt dozwëschent geléiert.

Et huet jo kee Sënn e Kand esou laang an der Schoul sëtzen ze loossen. Et geet also dorëm fir de Rhythmus vum Kand ze respektéiere bei deene Luesen, mä et geet och dorëm fir deene schnelle Schüler d'Méiglechkeet ze ginn, méi schnell duerch den Zyklus ze kommen, well déi zweet Kränkt vun eiser Schoul - mengen ech - ass, wann d'Kanner sech langweilen an der Schoul, well si scho méi wäit si wéi d'Moyenne. Dat ass oft ganz décourageant, well mir stelle jo och fest, dass Kanner mat engem ganz héijen Intelligenzquotient keng gutt Schoulresultater hunn, well si sech ebe langweilen an der Schoul an net richteg stimuléiert ginn. Dat ass och eng Aufgab, déi - mengen ech - besonnesch an der Primärschoul muss méi eescht geholl ginn.

Ee fënneften Dossier ass ee ganz komplizéierten, dat ass d'Reform vun der Beruffsausbildung. Do si mir amgaang mat de Chambres professionnelles eis ze consultéieren. Och dat geet net ouni Definitioun vu Kompetenzen, an dat ass allerdéngs, muss ech soen, fir d'Beruffsausbildung nach vill méi komplizéiert wéi fir den Enseignement général, well et jo eng ganz grouss Offer gëtt vu Beruffsausbildung. Mä dat wäert ee wichtegen Dossier sinn.

Ech ginn zou, ech perséinlech entdecken d'Beruffsausbildung. Et ass ee Secteur, deen ech net esou gutt kannt hunn, deen ech awer ganz spannend fannen an och vun enger héijer Qualitéit. A wann ech gesinn, wéi gutt eis jonk Leit, déi op europäesch Meeschterschafte ginn, op Weltmeeschterschaften am Handwierk ginn, sech do klasséieren, da mengen ech, dass mir hei an der Chamber dat misste méi appréciéieren a méi valoriséieren, dass dat eng formidabel Ausbildung ka sinn, a si net ëmmer e bësse lénks leie loossen a soen, dat geet eis näischt un.

Da kënnt ee sechste Punkt, dee mir ganz wichteg schéngt, dat ass d'Participatioun vun den Elteren an der Schoul, well all d'Etüden an d'Literatur weisen, dass d'Kanner do erfollegräich sinn an och déi Schoulsystemer Succès hunn, wann d'Elteren enk associéiert sinn un d'Liewe vun der Schoul.

Mir hu keng Traditioun oder wéineg Traditioun an der Participatioun vun den Elteren an der Schoul. Dat läit u villen Ursaachen. An deem Gesetz iwwert d'Lycéeën ass jo een éischte Schrëtt gemaach, fir dass Elterecomitéen an de Schoule sinn an am Conseil d'éducation vertruede sinn.

Strukture schafen ass gutt, et muss een och d'Strukture mat Liewe fëllen. Dat ass eng Aufgab, déi natierlech och déi eenzel Partnere musse maachen, an déi och net an engem hallwe Joer geléist ass. Ähnlech Strukture musse mir eis - mengen ech - och gi fir d'Primärschoul, fir och do d'Eltere mat de Schoulen, mat de Schoulmeeschteren, mat de Joffere méi zesummenzebréngen, dass och net déi Angscht besteet, vun deenen enge par rapport zu deenen aneren oder déi Barrière, well ee Kand ass eent, dat ass net een anert, wann et mueres an d'Schoul geet a wann et mëttes doheem ass. D'Schoul huet aner Aufgabe wéi d'Elterenhaus, mä si mussen zesummeschaffe fir den Erfolleg vum Kand.

Dann hu mer ee siwente Punkt, dee mir och ganz vill um Häerz läit, dat ass: Wéi repêchéiere mir déi vill Kanner, déi fréizäiteg eis Schoul verloossen? Mir hunn den Inventaire gemaach, ganz prezis, vun deene Kanner, déi 2003-2004 an

enger Lëtzebuerger Schoul ageschriwwe waren, postprimaire, an déi den Hierscht 2004 net méi an engem Fichier vun der Schoul waren, an eise Fichieren, an dat sinn der 1.982, déi mer also net méi am Fichier hunn. Dat heescht net, dass se net méi an der Schoul sinn.

Mir sinn amgaang mat aneren, déi Donnéeën do ze verfeineren. Vu dass mer jo hei Matriculen hunn, kënne mer eigentlech all Kand nogoen, fir eng Enquête ze maachen, och wou se higaange sinn, a wann se net méi an der Schoul sinn, firwat se net méi an der Schoul sinn, fir eis eben och do eng Strategie ze ginn, fir deene Kanner eng nei Chance ze ginn, fir se sichen ze kommen.

Éischtens ass dat jo ee perséinlecht Drama, zweetens ass et een Drama fir eist Land an drëttens hu mer eis jo och d'Objektiv ginn, dat wat mer nennen d'Early-School-Leaveren, also déi, déi ze fréi aus der Schoul fortginn, ëm d'Halschent ze reduzéieren. Dat ass eent vun de Lissabon-Ziler an ech denken, dass mer vill Schwieregkeeten hunn, fir dat ze erfëllen. Dozou kann ech Iech also haut net méi soen, wéi dass mer amgaange sinn d'Ursaachen ze identifizéieren, firwat se erausgaange sinn, an erauszefannen, wou se sinn.

Da bleift dee leschte Punkt, an deen, mengen ech, ass ganz wichteg, dat ass d'Qualitéit vun den Enseignanten, well mir hale keng Schoul ouni Enseignanten. Dat wollt ech als leschte Punkt hei ervirhiewen. Mir kënnen hei Strukturen décidéieren, mir kënnen Apparater dohinner setze fir ze evaluéieren, fir ze beroden, mä ouni gutt Enseignanten an ouni motivéiert Enseignante kënne mir keng Schoul halen; d'Enseignante sinn de Pivot vun der Schoul.

Dofir, fannen ech, sinn d'Ausbildung an och d'Weiderbildung vun den Enseignante wichteg Punkten, well haut gëtt net méi Schoul gehale wéi virun 30 Joer, d'Welt ass méi komplizéiert ginn, d'Schoul also och. Dat ass also een Dossier, deen eis permanent beschäftege muss: Wéi stäerke mer d'Enseignanten, fir dass se där schwéierer Roll, déi se an der Schoul hunn, kënne gerecht ginn? Et gëtt onheemlech vill Enseignanten, déi ganz motivéiert sinn. Et geet drëm, fir déi ze stäerken an ze stäipen, an déi, déi emol passagèrement manner motivéiert sinn, fir déi esou ze motivéieren, dass se déi Aarbecht esou kënne maachen, dass se am Intérêt vun der Schoul a vun de Kanner ass.

Fir ze resüméieren, Här President, ech menge mir sinn eis alleguerten eens, dass PISA sécher keng helleg Kou ass, dass et awer e gudden Ustouss ass, fir een Débat ze féiere wéi een d'Qualitéit vun der Schoul verbessere kann. An eist Objektiv ass et - an ech denken dat gëtt gedeelt vu jidderengem heibannen -, dass mer gären all Schüler een Niveau méi héich qualifizéieren an dass mer gäre méiglechst vill Schüler op den héchsten Niveau vu Qualifikatioun an eiser Schoul bréngen. Dat kënnt souwuel den auslänneschen, wéi de Lëtzebuerger Kanner zegutt.

Dofir musse mer der Schoul Objektiver, Ziler fixéieren a mir mussen natierlech evaluéieren, fir ze moossen, ob déi Ziler och erreecht ginn; a wa se net erreecht ginn, wat mer da mussen als Hëllefsmëttel zur Verfügung stellen, fir dass se erreecht ginn.

A fir dat alles fäerdeg ze brénge brauche mer motivéiert Leit, déi ee Sënn an hirer Aarbecht gesinn, well nëmmen duerch d'Motivatioun bréngt een eng gutt Leeschtung an erreecht een eng héich Kompetenz an der Schoul.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Ministesch. Als éischte Riedner ass den Här François Maroldt agedroen. Här Maroldt, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. François Maroldt *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'PISA-Etüd als solch suergt schonn zënter längerem hei am Land fir Gespréichsstoff. Haut befaasse mer eis virun allem mat PISA 2003.

No PISA 2000 ass et schonn déi zweete Kéier, datt eis Schüler sech dësem Test hu missen ënnerzéien. Déi offiziell Resultater leien zënter enger gewësser Zäit vir, deemno kann ech dovunner ausgoen, datt Der am Virfeld vun dëser Debatt lech dës Tester selwer ugekuckt hutt, a brauch also net weider dorop anzegoen.

Ech wëll trotzdeem, well ech mech esou vill mat dësen Texter ofginn hunn, versichen dëst an enger éischter Approche duerch de Brëll vum Mann vum Terrain ze gesinn an lech meng Erfahrungen ze vermëttelen.

Wat dës Kéier aneschters war, dat war virun allem d'Astellung an den Oflaf vun dësem Test. Den Test ass net méi an engem groussen anonymë Sall geschriwwe ginn, mä an der familiärer Atmosphär vum Klassesall. Dës Kéier woussten souwuel d'Schüler wéi d'Enseignanten, wat op si duer géif kommen. Se hu sech also méi Gedanke gemaach an alles méi eescht geholl. Den Test ass organisatoresch besser preparéiert a méi eescht geholl ginn, wat net heescht, datt e systematesch duerchorganiséiert gi wär.

D'Resultater leien also um Dësch a mir sollte versiche roueg a besonnen dozou Stellung ze huelen a mir mussen eis iwwerleeën, ob dëst éischter e Boxestopp soll sinn oder e komplette Kurswiessel.

Dës Etüd däerf awer op kee Fall e Selbstzweck ginn. Mir kéinte fuddelen an eis Resultater sécherlech verbesseren andeem mer ganz geziilt op dësen Test géifen hischaffen, mä dëst wär an eisen Aen nëmme Maquillage a géif kee realistescht Bild vun eiser Lag ginn. A wann och eng ganz Rei vu Leit fannen, datt mer dës Kéier bei PISA 2003 net esou schlecht ofgeschnidden hätten, da bleiwen dach awer fir déi meescht d'Resultater besuergniserreegend. Dofir kënne mer eis net erlaben an eng Standby-Positioun ze verfalen an alles emol esou weiderlafen ze loosse wéi bis elo.

Mir kënnen dës Etüd net ignoréieren oder bagatelliséieren andeems mer behaapten, dass dës Etüd einfach net genuch dem lëtzebuergesche Schoulsystem Rechnung géif droen, an dofir keng Aussokraaft hätt. Nëmme wann ee sech regelméisseg a Fro stellt a bereet ass Ännerungen unzehuelen, kann ee virukommen. Dofir si mir, ech an och meng Partei, weiderhin iwwerzeegt vun der Utilitéit vun esou Etüden. Mir musse bereet sinn, de Verglach mam Ausland unzegoen.

Ech hunn eng ganz Rei vu Ministeren erlieft, jiddereen hat seng eege Virstellungen, c'est de bonne guerre, an zesumme mat de Kolleegen hu mer versicht, mat beschtem Wëllen a Loyautéit Reformen an Instruktiounen ëmzesetzen. Mir sinn eis awer haut bewosst, datt et net duergeet, fir Fléckaarbecht ze maachen.

Mir brauche grondleeënd Reformen, déi laangfristeg ugesat ginn, déi iwwer Joren hir Wierkung erreeche sollen. Wat mer net brauchen, dat ass een Zickzackkurs, wou mer all fënnef Joer an eng aner Richtung seegelen. Mir brauche Reformen, déi eise Schoulsystem als ee Ganzt gesinn a wou déi eenzel Mesuren ëmmer op hiren Impakt op de ganze Schoulsystem ausgeriicht sinn.

D'Aussoe vu PISA bezéien sech nämlech net eleng op annerhalleft Joer Lycée, mä sinn och d'Resultat vun all deene Jore Préscolaire a Primaire. Wëlle mer also eppes un de PISA-Resultater änneren, da musse mer eise ganze Schoulsystem iwwerdenken. Mir mussen d'Missioun an d'Objektiver vun eisem Schoulsystem nei definéieren, well iwwert d'Objektiver si mer eis haut leider ëmmer nach net eens. Nëmme wa mer wëssen, wat mer wëllen, wou mer histeiere wëllen, kënne mer eis Methodik änneren an domat och eis Resultater verbesseren.

Här President, dës Einleitung ass fir mech wichteg, well ech wëll verhënneren, datt déi Reflexiounen, déi ech am Numm vu menger Fraktioun wäert an d'Diskussioun abréngen, falsch verstane ginn. Och wa mer dës Etüd kritesch liesen, esou sti mer dach voll a ganz hannert hir, well mer hire Sënn a Wäert erkannt hunn.

Ech wëll mech a menger Interventioun, no dëse generellen Aféierungen zu PISA, op e puer Aspekter konzentréieren, wéi beispillsweis d'Evaluatioun, d'Reformen am Primaire, de Profil vun eise Schüler, de Verglach vu Lëtzebuerg zu deene Länner, déi am beschten an der PISA-Etüd ofgeschnidden hunn, d'Autonomie vun eise Schoulen, d'Infrastrukturen an d'Reforme bei der Methodologie.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, firwat den Test maache mat 15-Jährege? D'Äntwert läit op der Hand, mat 15 Joer huet ee säin normale Schoulofschloss. An deene meeschte Länner huet de Choix vun dëser Altersklass keng besonnesch Inzidenz, net awer fir Lëtzebuerg. Et gëtt kaum een anert Land, wou de Sproochenunterrecht esou een Impakt op den Horaire vun de Schüler huet. Am Verglach zu Finnland, 4 bis 5 Stonnen, kënnt zu Lëtzebuerg e Cinquième-Schüler op 15 Stonnen, dat si genee 50% vu sengem Horaire. Bedéngt duerch eis geographesch Lag hu bei eis d'Sproochen en iwwerduerchschnëttlecht Gewiicht.

D'Diskussioun vum Wäert vun esou engem extensive Sproochenunterrecht géif hei ze wäit féieren, mä trotzdeem musse mer wësse wat mer wëllen. Esou leien d'Prioritéiten am Secondaire technique anescht wéi am Classique. Mä eng vun eise Stäerkten an der Vergaangenheet war, datt ee Lëtzebuerger Student no senger Première sech fir egal wat fir ee Land konnt décidéieren, fir seng Unisstudien unzefänken. Dat war gutt esou an dat soll och esou bleiwen.

D'Fuerderung ass schonns opkomm, eng ähnlech Etüd am Kader vun der Première bei eise Schüler duerchzezéien. Ech géif mengen, dat wär interessant, well no de Réckmeldungen, déi mer regelméisseg aus dem Ausland kréien, sinn eis Schüler net esou schlecht a sinn duerchaus à même, am Ausland hire Wee ze goen.

Et gëtt och oft gesot, de Lëtzebuerger Student géif schreiwen, mä e kéint sech net expriméieren. Dat mag deelweis stëmmen, mä gehéiert dat net zu eiser Natur? Et feelt eis all u Selbstvertrauen, mir hunn Angscht e Feeler ze maachen, eis lächerlech ze maachen. An dofir hale mer léiwer eise Mond.

Déi wéinegst vun eis gebrauche Lëtzebuergesch fir offiziell Bréiwer ze schreiwen a gräifen duerfir léiwer op Franséisch oder Däitsch zréck. Mä well dës net eis Mammesprooche sinn, feelt et oft un der néideger Sécherheet. Ze grouss ass d'Angscht, et kënnt jo een e Feeler entdecken. Wat dropgeet ass d'Spontanitéit an d'Fäegkeet fir d'Kommunikatioun.

An do si mer schonns, Här President, bei engem vun den Haaptpunkten ukomm, der Penalisatioun. Eise Schoulsystem penaliséiert vill ze vill amplaz ze encouragéieren.

England a Lëtzebuerg, eng komplett aner Approche, ech hunn dëst selwer erlieft a vun anere Kolleege bestätegt kritt. Wann s de hei zu Lëtzebuerg en Essay zréckkriss, da léingst de herno um Buedem. An England par contre huet de Proff ugefaangen, all déi Punkten opzezielen, déi an dengem Essay gutt waren, du hues dech à l'aise gespuert an duerno huet en eng ganz Rei vu Kritike schéin agewéckelt bruecht. Du hues et iwwerlieft an de Message trotzdeem verstan. A méi wichteg an nach besser, du waars motivéiert fir déi nächste Kéier et nach besser ze maachen.

Och zu Lëtzebuerg wier et ubruecht, datt sech dës Philosophie méi géif duerchsetzen. D'Angscht, och wann et kee generellen Zoustand bei eise Schüler duerstellt, grasséiert weiderhin an eise Schoulen, an déi musse mer mat alle Mëttele bekämpfen. Schüler an Eltere sinn hautdësdags vill méi kritesch an akzeptéieren och net méi en allmächtegen Enseignant, deen eleng fir seng Klass responsabel ass.

Am Kontext vum Test hunn och eng ganz Rei vu Schüler bemängelt, datt se an der Klass net dat idealt Aarbechtsklima géife virfannen an datt dat hir Leeschtung géif beaflossen. Disziplin am Klassesall ass immens wichteg, well nëmmen esou kann uerdentlech geschafft ginn. Méi Disziplin erreecht een net duerch Drock an Terror, mä duerch Kompetenz, eng gutt Presenz, e gudde Kontakt mat de Schüler a virun allem en interessante Cours.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, wa mer bei Jugendleche vu 15 Joer gutt Resultater wëllen, da musse mer den Hiewel scho fréi usetzen. Ech hunn heinsdo d'Impressioun, datt de Fait, datt d'Etüd am Secondaire gemaach ginn ass, eis generell dozou verleet, de Reformäifer op de Secondaire ze beschränken, mä musse mir eis net d'Fro stellen, wat mer à la base vun eisem Schoulsystem, dat heescht an de Jore vum Primaire besser kënne maachen? De Primaire ass de Sockel op deen eis Schüler hire professionelle Werdegang opbauen.

De Koalitiounsaccord gesäit eng Reform vum 1912ter Gesetz vir, wou virun allem versicht soll ginn, den Échec scolaire op e Minimum ze reduzéieren. Fir de Primaire gesäit de Koalitiounsprogramm beispillsweis d'Aféierung vu Cycles d'apprentissage vir. Doduerch kënne Kanner mat Léierschwieregkeete besser gehollef kréien an douéiert, esouguer iwwerdouéiert Kanner kënne besser gefuerdert ginn. Doraus ergëtt sech d'Méiglechkeet vum Team-teaching an d'Organisatioun vu Moduler. Dëst bréngt eng gréisser Flexibilitéit mat sech, well wa mer méi geziilt op d'Kanner wëllen duergoen, da musse mer déi rigid Opdeelung a Klasse lassloossen.

Mir däerfen dobäi allerdéngs net vergiessen, an ech hunn et virdru scho gesot, datt dës Mesuren och hiren Impakt op de Secondaire mussen hunn. Mir kënnen et eis net erlaben, hei zu Lëtzebuerg zwou grondsätzlech verschidden Approchen ze hunn.

An der Debatt ëm PISA ass oft drop higewise ginn, wéi wichteg et ass, datt esou vill wéi méiglech Schüler eise Schoulsystem normal duerchlafe missten an e Schoulofschloss missten hunn. Geschwat gëtt vu Verloscht vu Stonnen a virun allem finanzielle Moyenen, deen den Échec scolaire eis Gesellschaft kaschte géif. Mä méi wichteg ass d'Tatsaach, datt den Échec scolaire haut virun allem eng Délégation de responsabilités ass. Dofir fanne mir et och richteg, datt an Zukunft de Conseil de classe opgewäert gëtt a méi responsabiliséiert gëtt.

Et ass nun emol eng Tatsaach, datt Lëtzebuerg am Ranking vun den Échecs scolaires ganz uewe läit. Eng vun de Konsequenzen dovun ass, dass eng beträchtlech Zuel vu Schüler hir Scolaritéit am Ausland ofschléissen. Ass dat de richtege Wee?

Wa mer am Primaire mat der Aféierung vun de Cycles d'apprentissage nei Weeër wäerte goen, déi sécherlech en Impakt op den Échec scolaire wäerten hunn, esou musse mer am Secondaire d'Promotiounsreglementer iwwerdenken. Remédiatioun a Kompensatioun sinn en Diskussiounsthema, däerfen awer net zu Exzesser verleeden. E Schüler, dee keng Basis an engem Fach huet, kann onméiglech an dësem Fouss faassen. D'Kompensatiounsméiglechkeete sollen och weiderhi begrenzt bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Häre, och an Zukunft sollen eis Schüler reell gefuerdert ginn, net nëmme well international Experten um Leeschtungsprinzip festhalen, mä well mer eis bewosst sinn, datt mer als klengt Land näischt geschenkt kréien.

Här President, een Element, dat ech an der Diskussioun ëm PISA vermësst hunn, ass dee vum Profil vum Lëtzebuerger Schüler. Bedéngt duerch eis gesellschaftlech Entwécklung, ass de Schüler 2005 kaum nach mat dem Schüler aus de 70er Joren ze vergläichen. En fin de compte, wéi schneit en of am Verglach mat dem Klasseprimus?

D'PISA-Etüd gëtt eis d'Geleeënheet, fir déi Länner erauszefannen, déi besonnesch gutt bei dëser Etüd ofgeschnidden hunn. Mir sollen hir Methoden analyséieren an objektiv beuerteelen; wat fir eis opportun ass a wat mir fir eise Schoulsystem sollten a kënnen iwwerhuelen.

Finnland ass bekanntlech de Klasseprimus, an domadder déi international Referenz. Fir eis erschéngt et wichteg erauszefannen, a welche Punkte mir eis vun hinnen ënnerscheeden. Ech hu schonns de Sproochenunterrecht ugeschwat, dobäi kënnt de Problem vun den Auslännerkanner.

Net manner wichteg, Här President, ass den Degré d'autonomie vun deenen eenzelne Schoulen. A Finnland eng Selbstverständlechkeet, ass se bei eis nach an de Kannerschong. D'Autonomie vun eise Schoulen, a wat domat verbonnen ass, bleift weiderhin eng vun eise Bestriewungen.

D'Autonomie ass gekoppelt u méi Transparenz an eng regelméisseg Bewäertung vun deem Geleeschtenen. Am Ufank vum Joer ginn d'Finalitéiten zesummen definéiert an um Enn vum Joer muss kontrolléiert ginn, ob dës Ziler erreecht gi sinn a wéi wäit d'Schüler e bestëmmt Wëssen a Savoir-faire erreecht hunn. Fir de Secondaire bedeit dat de sou genannte „rapport lycée". Net nëmmen den eenzelne Schüler, mä och d'Schoul als solch, ka sech da besser situéieren.

Och d'Direktioune si gefuerdert, mä si mussen awer och d'Moyenë kréien, fir datt se hir Roll als Begleeder vun all dëse Moossnamen duerchféieren a gegebenenfalls intervenéiere kënnen.

Eng gutt Gestioun vun de Schoulen ass wichteg, fir datt ënner optimale Konditioune ka geschafft ginn. Dofir erkenne mir als CSV och d'Wichtegkeet vun engem Directeur d'école fir eenzel gréisser Schoulen oder Verbänn vu klenge Gebaier un. D'Ufuerderung vun engem modernen Enseignement, organisatoresch Tâchen an de Partenariat mat den Eltere maachen dëse Schrëtt noutwendeg. De Schouldirekter an den Inspekter sollen als Team zesummeschaffen a sech géigesäiteg ergänzen.

Mir kënnen eis hei zu Lëtzebuerg kaum virstellen, datt eng Schoul iwwer Ausschreiwunge Personal rekrutéiert. Mä och dat ass Autonomie. Wat dat mat sech bréngt, kann ee sech liicht virstellen. Mir hu weiderhin eng Carrière plane fir eis Enseignanten a schwätzen doriwwer, wéi mer d'Motivatioun vun eise

Schüler kënne verbesseren. Wa mer Leeschtung vun eise Schüler verlaangen, däerfe mer datselwecht vun eisen Enseignantë verlaangen.

Den aktuelle Système de recrutement, de mutation et d'affectation bréngt haut mat sech, datt am Classique eng ganz Rei vu Schoulen amgaang sinn ze vergreisen, sou läit d'Moyenne d'âge villeruerts bei iwwer 50 Joer. An e puer Joer kann dem Fernand Boden seng Superpromotioun aus den 80er Joren, deemools waren et ëm déi 110, déi mateneen agestallt gi sinn, mateneen a Pensioun goen.

Si mer awer dorobber virbereet? Am Moment hu mer eng Pénurie a verschiddene Fächer wéi Däitsch a Mathematik, hunn awer och weiderhi Problemer fir Auslänner anzestellen. Am Ausland dogéint ass d'Astellung vun den „native speakers" gang und gäbe. Mir wäerten also och an Zukunft nach eng ganz Rei vun neien Enseignante brauchen.

Seelen hu jonk Kolleegen eng Chance an deem Gebai d'Nominatioun ze kréien, wou se hir Formatioun kritt hunn a wou si mat vill Engagement gutt Aarbecht geleescht hunn. Dëst dréit net ëmmer zur Motivatioun bäi. Liberalisatioun an Autonomie de gestion op där enger Säit, a rigide staatlechen Dirigismus op där anerer. Also wa mer eis mat anere Länner vergläiche wëllen, da musse mer och bereet sinn, fir nei Weeër op dësem Gebitt ze goen.

Léif Frënn, de Profil vum Enseignant muss den neien Ufuerderungen ugepasst ginn. Net nëmmen déi éischt Formatioun ass wichteg, mä dauernd muss sech deenen neie Standarden ugepasst ginn. Esou wéi d'Schoulen sech um Enn vun all Schouljoer evaluéiere sollen, esou soll och den eenzelnen Enseignant sech an dësem Kontext situéiere kënnen. Villes wäert op déi nei Kolleegen duerkommen, vill Asaz a Begeeschterung si gefuerdert, mä dofir mussen si awer och d'Gefill hunn, datt dësen Engagement dobaussen honoréiert gëtt. D'Eltere selwer wëssen, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir Kanner ze erzéien, an dofir sollten si och den Enseignant als hire wichtegste Partner gesinn, zesummen an net géintenaner schaffen.

Här President, am Verglach mam Ausland si mer stolz op eis Infrastrukturen. Déi nei Gebaier, déi an deene leschte Joren hir Dieren opgemaach hunn, loossen sech weisen. Allerdéngs betrëfft dëst virun allem déi nei Gebaier. De Jenker zu Déifferdeng ass nämlech keen Eenzelfall a weist wéi laang et heiansdo dauert a wéi schwéierfälleg de Stat sech oft deet, fir déi néideg Kreditter fir absolut noutwendeg Astandsetzungen, virun allem wat d'Sécherheet ubelaangt, vun ale Gebaier zur Verfügung ze stellen.

Am Fall vun enger Schoul, déi mer besonnesch no steet, ass der Communauté scolaire 1997 versprach ginn, datt endlech eppes ënnerholl géif. Well d'„mise en conformité" ze deier géif ginn an trotzdeem net all Problemer géif léisen, ass décidéiert ginn, datt den Déplacement pur et simple déi beschte Léisung wär. Zënterhier waart d'Schoulcommunautéit op d'Konkretiséierung vun dëse Pläng. Déi ufänglech Opbrochstëmmung, déi bei der Ukënnegung vun dëse Pläng ze verspiere war, ass verflunn a Resignatioun huet sech breet gemaach.

Mir wëllen eng Schoul, wou d'Schüler méi Zäit hu fir hir Studien an Aktivitéiten, déi se interesséieren, mä dofir brauche mer Infrastrukturen, déi deem och ugepasst sinn. Nieft de Klassesäll brauche mer Openthaltsraim, Bibliothéiken, déi net an engem däischtere Keller sinn, Turnsäll, déi e bësse méi grouss si wéi e Volleyballsterrain. En délabréiert a verwahrloost Gebai hëlleft net e gutt Aarbechtsklima ze schafen.

Futtis Miwwel a vergammelt Klassesäll provozéieren éischter wéi datt se géife motivéieren. Si sinn e gudden Nährbuedem fir Vandalismus an Aggressivitéit. Mir brauche keng Paläst, mä Gebaier, déi propper sinn a wou eis Schüler sech wuel fillen. Nëmmen esou kënne mer hinnen och de Respekt fir hiert Ëmfeld bäibréngen. Mir erwaarde vun den Enseignanten, datt se méi disponibel solle sinn, mä da brauchen och si eng Plaz, wou se schaffe kënnen, an dat ass am Moment net virgesinn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi schéinst Infrastrukturen eleng ginn net duer, mir mussen och an der Methodik nei Weeër aschloen. Mir kënnen esou vill Geld wéi mer wëllen an eis Schoule stiechen, an dach gi si net besser, wann d'Leit, déi an dëse Schoule schaffen, an hiren Aarbechtsmethoden net à la hauteur sinn. Dat kann een iwwregens op déi verschiddenste Schoultypen applizéieren: Gesamtschoul, Ganzdagsschoul, oder eis traditionell Lycéeën. Mat all dëse Schoultype kann ee gutt oder schlecht Resultater erreechen. Wat zielt ass d'„stratégie d'apprentissage", d'„teaching method", an déi Leit, déi se uwenden.

Mir musse vun eiser konservativer Didaktik ewechkommen. D'Schoul däerf net langweileg sinn, an dofir muss de Schüler andauernd d'Gefill hunn, nei Erkenntnisser vermëttelt ze kréien. Ze vill Widderhuelung langweilt. Net all Eenzelnen däerf seng eegen Zëppche kachen, och wa se excellent ass. D'Enseignante vun enger Klass sollten openeen zougoen a gemeinsam Programmer ausschaffen. Pluridisziplinaritéit mécht e Cours interessant.

Wat ee virun allem net aus den Ae soll verléieren, ass déi praktesch Uwendung vun all deem, wat ee geléiert huet. Eis Schüler kennen oft hir Grammaire an hir Regelen, wësse se awer leider oft net unzewenden. All puer Joer wiessele mer d'Schoulbicher oder d'Programmer. Dës nei Schoulbicher sinn all op eng eege Methodologie opgebaut oder leider och heiansdo op iwwerhaapt kenger. Dës Methodologie solle mer applizéieren, soss brauche mer se net.

D'Auteure vun dëse Schoulbicher liwweren och meeschtens en Typ vun Testaufgabe mat. Et kann ee se uwenden oder et kann ee sech par contre drop beschränken, „tests made in Luxembourg" ze ginn. Da leien an der Moyenne d'Punkte bis zu zéng Punkte méi déif. Och mat dëser Tatsaach musse mer eis ausenaner setzen. Et geet net duer, datt en auslännesche Professer seet, „that's perfectly correct English", an datt dann de Lëtzebuerger äntwert, „but it's not the English we are used to in Luxembourg".

(Hilarité)

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech zum Schluss kommen. Och mir kënnen net an engem Mëtteg eis Schoul reforméieren. Et bleift villes ze soen, et bleift villes ze maachen. An enger Dageszeitung ass de Statsminister mat folgende Wierder zitéiert ginn: „Mir mussen dës Froen ouni Scheiklappen, ouni ideologesch Barrièren, ouni virgefaasste Meenung diskutéieren." Ech ka mech deem nëmmen uschléissen. Kommt mir fänken domadder un!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Maroldt. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur. Dir hutt d'Wuert, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, „kommt mir fänken domadder un" waren dem Här Maroldt als Spriecher vun der CSV seng lescht Wierder elo hei op der Tribün. Ech hunn em ganz andächteg nogelauschtert an ech deelen zu engem ganz groussen Deel seng Analys. Hien huet bemängelt, dass all fënnef Joer e Kurswiessel an der Éducation nationale kënnt. Et kënnt een dat soe vun deene leschte fënnef Joer, mä do virdun hat d'CSV, mat just enger Interruptioun vu fënnef Joer, den Unterrechtsministère 50 Joer laang. Da stellen ech mer haut d'Fro: Firwat ass dann net virdrun ugefaange ginn?

Wa mir haut iwwert d'PISA-Resultater hei debattéieren,…

(Interruptions diverses)

…dann ass dat jo d'Folleg vun enger Educatiounspolitik, déi zu Lëtzebuerg konstant iwwer Jorzéngte gemaach ginn ass, wou eng Partei federführend war, an da muss een och dat a Fro stellen. Dat wat ech dann hei constatéieren ass, dass dem Här Maroldt seng Analys an déi Aussoen, déi en elo hei gemaach huet, eng Afrostellung ass vun all deenen CSV-Educatiounsministeren, déi virdrun do waren.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et soll een am Fong nëmmen dat moossen, wat moossbar ass, an et soll een dat vergläichen, wat vergläichbar ass, an nach nëmme wann et sënnvoll ass. A bei der PISA-Etüd muss ee sech déi Fro awer stellen, ob déi zwou Viraussetzungen, dat heescht, ass alles moossbar, wat gemooss ginn ass, an ass alles vergläichbar, wat verglach gëtt, geschafe sinn.

Wéi soll een d'Finne vergläichen an hirem Schoulsystem, wou se beispillsweis 2% Auslänner an der Schoul hunn, wou mir hei zu Lëtzebuerg awer 40% Schüler hunn, déi net Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn. Wéi soll een e Schoulsystem vergläichen, bei deem an engem Schoulsystem 600 Schoulstonne pro Joer enseignéiert gëtt, an engem anere Land sinn et 1.200 Schoulstonne pro Joer.

D'Ganzdagsschoul, dat ass e Schlagwuert ginn, an ech kommen duerno drop zréck, mä Ganzdagsschoul bedeit ganz Verschiddenes an deene verschiddene Länner. Finnland schwätzt vu Ganzdagsschoul, mä do ginn d'Kanner schonn um zwou Auer mëttes heem. Dat heescht ons Schüler gi méi laang an d'Schoul wéi zum Beispill déi kleng Finnen. An Däitschland awer ass nëmme moies Schoul an déi schwätze vu Ganzdagsschoul. Wa se dat hätten, wat mir elo hunn, da wier dat an hiren Aen eng Ganzdagsschoul. Och do gëtt et Begréffsverwirrungen.

Et gëtt och dann - an d'Madame Minister huet dat an hirer Ausféierung gesot - Schoulsystemer, wou ganz wéineg vun uewen erof diktéiert, fixéiert ass, wéi beispillsweis a Finnland. An England dergéint awer si relativ grouss Virschréfte virgesinn, wellech Kompetenze sollen erreecht ginn. Béid Länner schneiden awer gutt an der PISA-Etüd of. Et gëtt Länner, déi hunn e ganz fräien Erzéiungssystem, et gëtt aner Länner, déi hunn eng Schoul wou enorm Disziplin ass, wéi beispillsweis a Korea, wou bis zu 50 Kanner an enger Schoulklass sëtzen.

Et ass och net d'Gréisst vun der d'Schoulklass, déi déterminant ass. Wéi mer och aus der PISA-Etüd wëssen, gëtt et Länner mat héije Klasseneffektiver, déi gutt ofgeschnidden hunn, a Länner mat niddregen Effektiver, déi keng gutt Resultater hunn.

D'Aart a Weis wéi Schoul gehale gëtt, d'Methodologie, d'Approche schéngt och net ausschlaggebend ze sinn, well a Finnland - konnt ee liesen - gëtt et ganz vill Klassen, wou nach e Pult op engem Podium steet a wou een och d'Bänken net kann zesummestelle fir Gruppenaarbecht ze maachen. Et handelt sech also hei ëm ganz verschidden Usätz jee no Land an dat huet eppes mat den Traditiounen ze dinn, déi gewuess sinn. Wann een da soll do Vergläicher opstellen, da muss een awer ganz virsiichteg si mat den Interpretatiounen.

Dat mierkt een och bei de Responsabele vun der PISA-Etüd selwer. An enger Konferenz, déi organiséiert war vum Educatiounsministère den 28. Februar, huet den Här Andreas Schleicher, dee responsabel ass bei der OCDE fir d'PISA-Etüd, PISA folgendermoossen definéiert: „PISA ist der Versuch ein kompetenzbezogenes Modell zu testen." Et geet also drëm fir e Modell ze testen, an dat soll ee sech virun Aen halen, wann een iwwert d'Resultater vun der PISA-Etüd schwätzt. D'Resultater däerf een also net iwwerbewäerten, mä mir sollen se awer och net ënnerbewäerten an ëmmer eng Excuse fir all schlecht Resultater hunn.

Et däerf een awer virun allem net falsch Konklusiounen aus der PISA-Etüd zéien. Den Här Baumert, deen an Däitschland responsabel ass fir d'Duerchféierung vun der PISA-Etüd, huet 2002 Folgendes gesot: „Ich fürchte mich am meisten vor den Personen, die jetzt genau wissen was zu tun ist." Allerdéngs musse mer ons virun deenen an Uecht huelen!

Ech wollt domat soen, dass sech net alles verknäppe léisst, dass sech net alles vergläiche léisst an dass et net eng Method gëtt, déi mer kënnten importéieren, wou mer géinge soen: Dat brauche mer bei eis am Schoulsystem.

Wann ee falsch Konklusiounen zitt a falsch verknäppt, da kéint een zum Beispill zum Schluss kommen, dass e gutt Ofschneiden an der PISA-Etüd zu héijer Jugendaarbechtslosegkeet féiert. Wann een d'Statistike kuckt am Oktober 2004, hat Finnland beispillsweis, verglach mat deene 15 Länner vun der EU, déi mat 21,1% héchste Jugendaarbechtslosegkeet an Europa bei Jonken ënner 25 Joer. Si schneiden awer gutt am PISA-Test of! Ech wëll just domat soen, dass een net alles ka matenee vergläichen an net déi falsch Schléss zéien, an dat solle mer och net maache bei der PISA-Etüd hei.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn dës Virbemierkunge gemaach fir drop hinzeweisen, dass een d'Resultater vu PISA mat ganz villen Nuancë muss kucken an interpretéieren. Déi Verantwortlech vu PISA selwer si jo och virsiichteg bei hiren Aussoen. Dat konnte mer feststellen, wéi mer beim Här Schleicher an där Konferenz waren den 28. Februar, an dat konnten déi Deputéierten och feststellen, déi bei der OCDE zu Paräis waren, wou d'PISA-Resultater presentéiert gi sinn. Wann ee konkret Froe gestallt huet, da krut een awer keng konkret Äntwert dorobber. Mir däerfen also net maachen, wéi wann déi PISA-Etüd, déi Resultats bruts wierklech dat wieren, u wat mer ons misste festhalen, mä mussen dat mat Nuancë gesinn.

Et muss ee sech also d'Fro stellen, wat de Stellewäert ass vun dëser Debatt. „Ech wëllt hei awer och soen, dass d'Chamber hir Aarbecht an dësem Dossier net gemaach huet. Et läit kee Rapport hei vir zu esou engem wichtegen Débat."

Här President, dat sinn net meng Wierder. Dat sinn d'Wierder vun der Spriecherin vun der LSAP, den 29. Januar 2003 - der Madame Mady Delvaux! D'Madame Mady Delvaux huet déi Zäit d'Chamber kritiséiert, well d'Chamber selwer kee Rapport gemaach huet. Laang erklärt dann d'Madame Delvaux, wat hätt missen an deem Rapport vun der Chamber stoen. Wéi ass et haut? Haut ass d'Madame…

Une voix.- Et ass nach ëmmer keen do.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Haut ass d'Madame Delvaux Educatiounsminister. Et ass awer nach ëmmer kee Rapport do, also huet d'Chamber hir Aufgab net gemaach.

Virun der Debatt 2003, wëll ech awer soen, dass ënnert der Presidentschaft vun der Madame Durdu an der Educatiounskommissioun 19 Associatiounen eng Prise de position ofginn hunn op Grond vun engem Questionnaire, deen deemools d'Kommissioun ausgeschafft huet. Et ass en Hearing hei organiséiert ginn, a mir kruten eng ganz Partie Prises de position, déi als Document parlementaire erauskoumen. Et sinn Elterenassociatioune gehéiert ginn. Et ware Syndikater derbäi, Chambres professionnelles, Vertrieder vun Auslänner an esou virun.

Wat ass dann elo haut an der Kommissioun geschitt? Et sinn zweemol Experten aus dem Ministère respektiv dem Script gehéiert ginn, déi gutt Explikatioune ginn hunn. Duerno war eng Entrevue mat de Professere Baumert a Köhler, an domat hat et sech. Et sinn och…

(Interruption)

Et si fënnef Deputéierten, ee vun all Fraktioun, op Paräis gaangen. Ech muss awer soen, dass déi Visite zu Paräis bei der OCDE fir mech ganz enttäuschend war a wierklech net opschlussräich.

Dat war also d'Aarbecht, déi d'Chamber dës Kéier gemaach huet. Virun eppes méi wéi virun zwee Joer sinn ech ganz vill vun der Oppositioun kritiséiert ginn an haaptsächlech vun der LSAP. Ech sinn esouguer an d'Lächerlecht gezu ginn, ech géing elo d'Educatiounspolitik resüméieren op fënnef Wierder - Moien, Äddi, Pardon, wann ech gelift a Merci -, well ech effektiv eng Kéier gesot hat, et wier wichteg, wann d'Kanner dat als Bagage mat op de Wee kriten. Du sinn ech wierklech lächerlech gemaach gi wéinst där doten Ausso, zu där ech awer nach ëmmer stinn. Ech weess och, dass dat net duergeet, mä et ass awer den Ufank fir all dat anert.

Wann ech haut kritiséieren, dann ass et bestëmmt net, well ech d'Politik wëll lächerlech maachen, déi d'Madame Delvaux haut praktizéiert. Ech géing dat och net maachen, well ech vill ze vill Respekt virun der Madame Delvaux als Persoun hunn an ze vill Respekt vis-à-vis vun deem Amt, wat se ausféiert.

Ech kann lech awer soen, Här President, et ass eng spannend Lecture, wann een d'Debatte vun deemools zréckliest. D'Madame Delvaux huet deemools esou Froen opgeworf - an ech zitéieren: „ Wéi ass et da mat der Reform vun der Ausbildung vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen?" Déi Fro stellen ech och haut, well do schénge se sech jo net ganz eens ze sinn an der Regierung! Ech hunn och doriwwer eng Question parlementaire gestallt.

Da seet d'Madame Delvaux och: „Da muss ech nach eng Kéier soen," - et ass d'Madame Delvaux, déi schwätzt - „dass ech et lamentabel fannen, datt zwee Ministèrë sech déi Kompetenzen deelen." Et geet also ëm d'Formation supérieure. Also fënnt d'Madame Delvaux et haut lamentabel, dass si mam Här Biltgen déi Kompetenzen deelt an dann och nach d'Madame Modert als Statssekretärin derbäi ass. D'Madame Delvaux wénkt jo mam Kapp! Si ass also an enger Regierung, wou d'Kompetenzopdeelung lamentabel ass, no der Opfaassung vun der Madame Delvaux, a si ass do mat mer d'accord. Weider…

(Interruption)

…zitéieren ech d'Madame Delvaux, déi seet: „Mir bräichten awer ee Minister als Kapitän, ee Pilot, deen d'Richtung ugëtt." Ass d'Ma-

dame Delvaux dann elo dee Kapitän, dee Pilot, no deem si virun zwee Joer verlaangt huet?

An enger Motioun vun deemools hunn d'Sozialiste verlaangt, dass an der Primärschoul d'Betreiung vun de Kanner no der Schoulzäit a während der Schoulzäit ënnert d'Kompetenz vun deemselwechte Ministère fält. Iwwert dee Sujet hat den Här Mars Di Bartolomeo och souguer eng Interpellatioun gemaach. Wéi ass et haut? Et ass nach ëmmer, souwäit och weess, d'Madame Delvaux, déi zoustänneg ass fir d'Schoul, fir d'Betreiung ass et de Familljeministère - d'Madame Jacobs!

Weider ass deemools an enger Motioun gefrot ginn, d'Regierung soll de Projet de loi iwwert d'Privatschoulen zréckzéien. Dee Projet de loi ass net zréckgezu ginn. Dat Gesetz ass gestëmmt ginn, an elo hunn ech näischt méi gelies an der Regierungserklärung, ech héieren och näischt méi dovun, also schéngt et net esou ze sinn, dass d'LSAP dat Gesetz elo wéilt änneren.

Wann een d'Debatte vun deemools liest, wéi den Här Scheuer zweete Spriecher war, da fënnt een och interessant Saachen eraus. Den Här Scheuer huet fonnt, dass deen Hearing, deen deemools gemaach ginn ass, net wäit genuch gefächert war. Et ware jo 19 Prises de position zwar do. Ech zitéieren den Här Scheuer: „Vill Gremien, vill Institutioune waren net derbäi. Ech froen Iech mol: Wou war d'Beruffswelt? Wou war d'Ekonomie? Wou waren déi, déi un der Integratiounsdebatt deelgeholl hunn? Wou waren d'Chambres professionnelles? Wou ware virun allem déi, déi d'Kultur hei zu Lëtzebuerg representéieren, déi aktiv d'Kulturliewen hei zu Lëtzebuerg prägen an déi domadder fir mech och responsabel si fir de Begréff Enseignement général mat Liewen a Contenu ze fëllen. Wou waren se, déi netstaatlech Institutiounen?

(Interruptions diverses)

Fir mech hätt déi Diskussioun missen d'Basis gi vun enger reeller Bildungsoffensiv. Déi Diskussioun ass an engem Cercle fermé virbereet ginn." Souwäit den Här Scheuer am Januar 2003.

Haut ass den Här Scheuer President vun der Educatiounskommissioun. Huet hien dann all déi Leit gehéiert, no deenen hie verlaangt huet virun zwee Joer? Ech mengen net. Hien huet déi kaum kontaktéiert. Wat huet den Här Scheuer dru gehënnert, déi Initiativ ze huelen? Firwat ass net consultéiert ginn?

Här President, wann een hei en Débat féiert iwwert déi PISA-Etüd, da muss een natierlech och soe wat ons Äntwerte sinn op d'Resultat vun der PISA-Etüd, an et kann net sinn, dass een dat mat engem Slogan ofdeet, d'Schoul misst Spaass maachen an da kréich een d'Affär an de Grëff. Dat weess d'Madame Delvaux selwer an och, dass mussen Adaptatiounen an der Schoul kommen, a si huet elo hei an hirer Prise de position jo och ugeféiert wat déi Chantiere sinn, déi een elo misst ugoen. Si huet och an hirer Prise de position écrite, déi mer d'lescht Woch kritt hunn, fënnef Ziler fixéiert, mat deenen ech kann d'accord sinn.

Dat éischt Zil ass, dass d'Zuel vun deenen, déi d'Schoul fréizäiteg verloossen, muss erofgesat ginn. Zweetens, d'Zuel vu Jonken a Sparte wéi der Mathematik oder den neien Technologië muss eropgesat ginn.

(Interruption)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech staunen elo, well dat dote sinn déi Ziler, déi d'europäesch Unterrechtsministeren zesumme festgeluecht hunn am Joer 2003, a souwäit ech weess war d'Madame Brasseur deemools Lëtzebuerger Unterrechtsministerin. Also huet si do mat an Europa déi doten Ziler festgeluecht. An ech widderhuelen déi just fir ze soen, dat dote sinn d'Engagementer, déi d'Lëtzebuerger Regierung am Kader vun der Lissabon-Strategie mat ënnerschriwwen huet, dass dat d'Objektiver sinn. Duerfir, dat sinn der elo net, déi ech erfonnt hunn, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Ech hu jo och gesot, ech wier mat deenen Ziler d'accord. Dir hutt mech gläich ënnerbrach, well ech wollt soen, well dat déi Ziler sinn, déi vun der Unioun…

(Interruption)

Ech wollt se just rappeléieren, well Dir an Ärer Dokumentatioun, déi Der ons zur Verfügung stellt, déi ënnersträicht, an zu Recht ënnersträicht: D'Zuel vu Jonken a Sparte wéi der Mathematik an der Technologie misst eropgesat ginn, d'Zuel vu Jonken, déi de Cycle supérieur de l'enseignement secondaire sollen erreechen, déi soll een erhéijen.

Dat véiert Zil ass dat, d'Zuel vun de Schüler, déi schlecht liesen, misst een erofsetzen, an dee fënnefte But ass, dass ee méi Erwuessener dozou bréngt, Apprentissage tout au long de la vie ze maachen. Ech sinn also nach wie vor och mat deenen Ziler d'accord an ech si frou, dass d'Madame Minister déi nach eng Kéier rappeléiert huet.

Grouss Suerge maachen ech mer allerdéngs iwwert déi Ausriichtung, déi d'Madame Minister ugedeit huet a verschiddenen Interviewen oder verschiddene Pabeieren, déi diffuséiert gi sinn. Et sinn zéng Punkten.

Éischtens, d'Ausso: keng Hausaufgabe méi. Ech weess net wéi ee soll eng Matière léieren, wann een se net widderhëlt, nodeem et an der Schoul erklärt ginn ass, ee geléiert huet et ze applizéieren, an dat kann een nëmme léieren andeem een et übt. An übe muss een eben ausserhalb vun der Schoulzäit maachen, an et geet keen Apprentissage um Widderhuele laanscht. Duerfir gehéieren och Hausaufgaben dozou.

Zweetens, wat ech vermëssen am Discours vun der Madame Delvaux, dat ass dat Wuert Effort. Dat Wuert Effort schéngt net méi zum Vocabulaire vun der Educatioun ze gehéieren. Mir mussen et dach awer fäerdeg bréngen, de Kanner de Goût vum Effort mat ze vermëttelen, mat op de Wee ze ginn. Ouni Effort geet et op kengem Gebitt, a bestëmmt net beim Apprentissage. Mir mussen de Kanner och weisen, dass Leeschtung eppes Positives ass, dass een dofir muss schaffen an dass een dann dofir ka belount ginn. Mir si fir d'Schoul vum Effort an net fir d'Schoul vum Confort. De Confort erreecht een eréischt duerch den Effort. Et muss ee sech deen erschaffen.

Drëttens, eng Ausso, déi an engem Reflexiounspabeier stoung: No-exame géingen ofgeschaaft. Dat war e falscht Signal.

Véierte Punkt, d'Ganzdagsschoul. D'Ganzdagsschoul, wat eng gutt Saach ass wann et sech ëm eng Offer handelt, déi d'Kanner ugebuede kréien, déi ganzdags betreit ginn nieft der Schoul. Mir wäerten och nach d'Geleeënheet kréien, doriwwer ze diskutéieren, a muer de Mëtteg ass jo och eng Educatiounskommissioun iwwert dee Punkt aberuff ginn. Mir haten, den Här Meisch an ech, scho méi laang gefrot, mir sollen doriwwer an der Kommissioun diskutéieren. Déi Diskussioun fënnt dann elo muer statt.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Deen neie Lycée awer, esou wéi en an onsen Aen elo virgesinn ass, ass eppes ganz aneschters wéi eng Ganzdagsschoul. Do gëtt déi Ganzdagsschoul als Deckmantel geholl fir nei pedagogesch Weeër ze goen. Et soll ee sech net neie pedagogesche Weeër verschléissen, mä ech hunn awer wierklech hei d'Impressioun wéi wann dat en ideologesche Wee wier, eng alternativ Pedagogie. Wéi zum Beispill wann ech liesen, dat wier eng Schoul wou et keng Schoulbicher méi géing ginn. Ech muss Iech soen, dass ech mech dann awer nëmme ka wonneren. Wann ech dann och nach liesen, dass an där doter Schoul d'Kanner solle mat Aktivitéite beschäftegt ginn, wéi Gaardenaarbecht oder Zirkus, da stellen ech mer wierklech d'Fro, wellech Aart vu Schoul mer dann do développéieren?

Mir brauche pedagogesch Erneierungen. Dat ass ganz kloer. Allerdéngs, dëse Wee, deen elo d'Regierung wëllt goen, net dee vun der Ganzdagsschoul, mä besser gesot deen neie Lycée, ass a mengen Aen eng Utopie, wou den Elteren och eppes virgegaukelt gëtt, an da sinn d'Kanner duerno déi Leidtragend. Wann ech dann och nach héieren, dass verlaangt gëtt, dass esou e Modell soll op d'Primärschoul ausgeweit ginn, da wërft dat méi wéi eng Fro op.

Fënneftens, d'Gesetz vun 1912 soll reforméiert ginn. Am Januar 2003 hat ech hei an der Chamber en Dokument ënnerbreet, dat zustane koum no Consultatioune vu ganz ville Schoulpartner, an ech hat gebieden, dass d'Fraktioune mer sollen hir Propositiounen iwwert d'Reform vum 12er Gesetz ginn. Ech krut zwou Réckmeldungen an ech hat zwou Entrevuen. Dat eent war mat der CSV-Fraktioun an dat anert war mat der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Déi aner Fraktiounen hu sech leider net gemellt, an duerno hunn ech meng Responsabilitéit als Minister geholl an ech hunn de Projet de loi ficeléiert, e mat op den Instanzewee ginn an en déposéiert.

Elo héieren ech, dass dat Gesetz erëm ganz soll op de Métier geholl ginn an dass eng ganz Partie Neierunge sollen do erakommen. D'Primärschoul soll dann eng ganz Rei nei Aufgabe kréien, niewent hirer essenzieller Missioun. Et gi Psychologen, Educateuren a Pedagogen do agestallt, déi sécherlech noutwendeg sinn an onsem Schoulsystem an déi d'Kanner sollen encadréieren. Et muss een awer dovir warnen, dass ee soll elo eng Schoul schafen, wou Psychologen, Pedagogen an Educateuren zu engem Elterenersatz ginn. Dat ass nämlech eng Mainmise vum Stat op all Erzéiungsfroen an eng Déresponsabiliséierung an eng Entmündegung och vun den Elteren, an domat kann een op kee Fall d'accord sinn.

D'Schoul däerf och net e Lieu de vie ginn, wou et wéi an engem Club Méditerranée ausgesäit, wou den Enseignant an den Educateur de gentil Organisateur ass, deen d'Kanner vu moies bis owes bei Laun hält a wou de Kanner dann nach heiansdo eppes bäibruecht gëtt.

(Interruptions diverses)

D'Schoul däerf keng Institutioun ginn, wou een op eemol d'Impressioun huet - wann een dat iwwerspëtzt formuléiert -, dass een d'Kanner moies schonn um siwen Auer kënnt do ofginn an dass een se owes am Pyjama, gewäsch a gefiddert, um hallwer aacht erëm kënnt ofhuelen. Dat ass einfach dat falscht Signal an an déi Richtung däerfe mer net goen.

(Interruptions)

Sechste Punkt. Suerge mécht mer d'Tatsaach, dass mer bis elo wéineg héieren hu vun der Beruffsausbildung. D'Madame Minister huet et elo grad selwer gesot, dat wier eppes wat se elo géing entdecken. Si wier bis elo mat der Beruffsausbildung net esou konfrontéiert gewiescht.

(Interruptions diverses)

Da ka se dat also och nach nohuelen, well d'Beruffsausbildung ass fir mech eent vun de wichtege Standbeener vun onser Ausbildung. Si ass wichteg fir déi jonk Leit, déi iwwert dee Wee kënnen zu enger Qualifikatioun kommen. Si ass awer och enorm wichteg an onser Ekonomie, wéi mer och nach de leschte Sonndeg bei der Meeschterdiplomiwwerreechung konnten héieren.

Siwente Punkt. Am Moment verloossen ze vill Schüler ons Schoul ouni Qualifikatioun. Dee Constat maache mer all an dat ass och inakzeptabel. Et ass gutt festzestellen, dass et zu enger Verbesserung komm ass. 79,8% vun de Schüler haten eng Qualifikatioun virun e puer Joer. 2003 waren et ëmmerhin 82,8%. D'Tendenz ass also steigend.

Mä dat geet awer net duer. Allerdéngs ze soen, mir musse kucken, dass jiddfereen zu engem Diplom kënnt, däerf awer net douzou féieren, dass en Examen eng Aart Braderie gëtt, well doduerch dévaloriséiere mer den Examen an domat dévaloriséiere mer och de Stellewäert vun der Schoul. Méi Qualifikatioune fir jiddereen, jo, mä mir mussen ons bewosst sinn, dass net jiddfereen déiselwecht Qualifikatioun kann erreechen.

Aachte Punkt. Ech kann net domat d'accord sinn, dass an der Primärschoul, wéi dat elo virgesinn ass, am éischten Zyklus et keng Zensure méi solle ginn. Ech sinn nämlech wierklech der Meenung, dass d'Kanner Emulatioun brauchen an dass d'Kanner och frou sinn sech ee mat deem aneren ze moossen.

Néngte Punkt. Ech kann net domat d'accord sinn, dass de Sproochenunterrecht am klassesche Lycée soll moduléiert ginn. D'Sprooche wore fir ons ëmmer en Atout an et muss en Atout bleiwen.

Am technesche Secondaire ass et natierlech eppes anescht, well do d'Finalitéit och eng aner ass oder eng aner ka sinn, an dofir sinn déi Efforten, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn, luewenswäert.

Déi Etüd, déi d'Madame Delvaux an Optrag ginn huet beim Conseil de l'Europe, fir ze kucke wat een an de Sprooche muss kënnen, do däerfe mer awer net vergiessen, dass och ons Situatioun net mam Ausland ze vergläichen ass. Well mir hunn hei zu Lëtzebuerg nieft onser Mammesprooch nach zwou Sproochen, wat Sproochen an onsem Sproochesystem sinn, dat ass Däitsch a Franséisch. An dofir sinn déi Exigenzen, déi mir brauche fir déi Sproochen ze maîtriséieren, awer wuel anerer, an dofir sinn ech gespaant op d'Conclusioune vun der Etüd.

Ech weess och, dass d'Madame Delvaux eng Enquête oder e Questionnaire un d'Betriber verschéckt huet, fir emol ze wësse wéi d'Kultur vun de Sproochen do ass.

Mä ech wëll nach eng Kéier soen: Am klasseschen Unterrecht, wou d'Basis eng humanistesch Approche muss sinn, ass et dach enorm wichteg, dass een déi zwou Sproochen, Däitsch a Franséisch, nieft dem Engleschen an enger véierter Sprooch, gutt beherrscht, fir och Zougank zu deene Kulturen ze kréien, déi een net kritt, wann een dat net kann. Besonnesch virun der Ofwäertung virun der franséischer Sprooch wëll ech hei warnen.

An dann den zéngte Punkt, deen, wou ech mer Froe stellen, dat ass dat iwwert d'Kompenséierung. D'Kompenséiere muss dach eng Ausnahm bleiwen. Wann ech awer elo d'Madame Minister héieren hunn, seet se, et muss een op d'Stäerkte vun de Schüler tablléieren. Dat ass ganz richteg, a wann ee sech do ganz gutt dru gëtt, da kann een och eng ganz Partie Schwächte kompenséieren.

Et ass awer nun emol esou, dass et eng Partie Saache gëtt, déi muss ee mathuelen, déi muss ee mat op de Wee kréien. Dat muss een och kënnen. Et geet net drëm d'Lat erofzesetzen. Mir mussen dann de Kanner hëllefe besser ze trainéieren, dass se d'Lat nawell packen.

Kompenséieren ass gutt fir ee momentanen Ausrutscher eng Kéier wettzemaachen. Mä dat däerf awer net d'Regel ginn. Et däerf keng Prime à la paraisse ginn, well soss mécht een e Minimum vun Effort.

Här President, dat sinn déi zéng Punkten, wou ech wollt soen, dass ech net ka mat der Approche vun der Madame Unterrechtsminister d'accord sinn. Si hat elo eng Rei Méint am Ministère, wou éischter Diskretioun virgeherrscht huet, wat ech och verstinn. A si geet déi Tâche, déi se huet, déi sécherlech schwéier ass, mat enormem Elan un. Ech sinn awer der Meenung, dass an enger Partie Punkten déi Richtung, déi si ageschloen huet, duerch déi Aussoen, net an déi richteg Richtung ginn. Well wa mer hei zu Lëtzebuerg wëllen déi Virdeeler halen, déi mer am Moment hunn, da musse mer einfach besser si wéi d'Noperen, mir sinn net zu vill.

Et kann also nëmmen esou sinn, déi Virdeeler ze halen, wa mer ons méi dru ginn. Mir si jo net méi intelligent wéi d'Noperen, wéi déi ronderëm eis. Also gëtt et nëmmen ee Wee, dat heescht besser ze sinn, an da muss ee soen, dass ee sech méi muss dru ginn, och wann dat net ëmmer Spaass mécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, haut féiere mer den Débat iwwert d'Resultater vun der PISA-Etüd, bei där Lëtzebuerg besser ofschneit wéi bei der éischter PISA-Etüd. Mä d'Resultater sinn nach laang net gutt. An dees musse mer ons bewosst sinn an dat musse mer ons virun Aen halen, an dofir musse mer ons weider dru ginn.

Mir féieren awer och déi Debatt haut am Kader vun der Lissabon-Strategie. Mä och do muss een d'Fro opwerfen, ob déi Ziler, déi gesat gi sinn, realistesch sinn. Ech hu virdrun déi fënnef Ziler ernimmt, an déi Ziler sinn u sech luewenswäert. Mä wann een och do Vergläicher mécht, da muss ee sech Froe stellen.

Et gëtt dann esou ee Benchmarking gemaach, an do ass zum Beispill ee Land, dat huet en Educatiounssystem, wou 96% de Cycle secondaire supérieur erreechen. Et muss ee sech d'Fro stellen, wat ass dat da Wäert, dee Cycle secondaire supérieur, wa 96% vun de Kanner deen erreechen? Dat ass bestëmmt eppes anescht wéi bei eis. Dofir muss een och fir d'éischt do eng Begréffsdefinitioun maachen, éier een do Vergläicher uschneit.

Et ass nämlech e Schwindel, wann een all Mënsch en Diplom gëtt, wou eng héich Qualifikatioun drop steet, mat där een duerno awer näischt kann ufänken. Et kann een nun net jiddferengem en Diplom an d'Wéi leeën. Dee muss ee sech erschaffen. Mir mussen ons bewosst sinn, dass mer net jidderee kënne fir deen allerhéchsten Niveau qualifizéieren.

Wat mer brauchen, dat ass eng Schoul an där all Kand dat mat op de Wee kritt, wat him no senge Capacitéiten et erméiglecht, sech aktiv un der Gesellschaft, un der Entwécklung vun onser Gesellschaft ze bedeelegen. Wa mer dat fäerdeg bréngen, dann hu mer ons Missioun erfëllt, a fir dat kënnen ze erreechen, gëtt et awer nëmmen eppes: Kommt, mir ginn ons drun!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir

Hären, dat Wuert PISA-Etüd ass zu engem Reizwuert ginn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä bal weltwäit. D'PISA-Etüd klasséiert d'Leeschtunge vun engem nationale Schoulsystem, an dat op der Basis vun Tester, déi inhaltlech identesch sinn.

PISA 2000, 31 Länner hu matgemaach. Lëtzebuerg klasséiert sech op der 29. Plaz, viru Mexiko a Brasilien. Katastroph, Skandal, Faillite vun eisem Schoulsystem!

PISA 2003, 40 Länner hu matgemaach. Lëtzebuerg klasséiert sech op de Plazen 23 bis 29, jee no Kategorie. Mir leien nëmme méi knapp ënnert der OECD-Moyenne. Et ass besser gaangen.

Gepréift ginn ass dës Kéier virun allem d'Culture mathématique. Et ass e ganz ongewinnt Wuert. E Wuert wat ech net kannt hunn, Culture mathématique. Derniewent awer och nach d'Kompetenzen am Liesverständnis an a wëssenschaftleche Beräicher méi allgemeng d'Fäegkeet, fir Problemer ze léisen.

Sinn eis Schüler elo vu 15 Joer, aus alle Schoultypen, aus alle Gebaier, am Laf vun dräi Joer besser ginn? Si se méi intelligent, méi kompetent? Gouf eise Schoulsystem maassgeblech geännert? Si mer méi performant, fir datt dat Produkt Schüler u Qualitéit gewonnen huet? D'Äntwert ass neen.

Mir si schonn e bësselchen houfrech, datt mer net méi um Schluss vun der standardiséierter Leeschtungstabell stinn. Dës Kéier si mer awer net kal erwëscht ginn. Mir ware virbereet. Mir, dat sinn d'Elèven, d'Professeren, d'Betreier, de Ministère och. Mir hunn eis formal a mental seriö op den Test agestallt gehat. Mir hate geléiert an d'Resultat ass besser ginn.

Mä e puer Wourechte bleiwe bestoen. A wann d'Madame Brasseur vun engem Hearing geschwat huet, deen déi lescht Kéier stattfonnt huet op enger ganz breeder Basis, dann hat ech, wéi déi hei Diskussioun ugaangen ass, a wéi d'PISA-Etüd erauskomm ass, d'Impressioun, wéi wann en neien Hearing näischt, keen neit Element géif bréngen.

Et bleift allerdéngs d'Fro no der Ekonomie, déi déi lescht Kéier net gehéiert ginn ass.

D'Kultur, ech hat net un d'Kultur geduecht. Dat gestinn ech zou.

Mä d'Ekonomie, déi kënnt eran an déi ass virgesinn. Wa mer eis un d'Kompetenzen halen, un d'Definitioun vun de Kompetenzen, da musse mer déi Debatt mat der Ekonomie féieren. An et läit schonn eng Demande do, fir datt d'Educatiounskommissioun, zesumme mat der Commission de l'Économie, sech mat deem Problem befaasst.

D'Problemer, déi Wourechten, déi bestoe bleiwen, an d'Problemer, déi wichtegst, wëll ech emol folgendermoossen oplëschten:

Éischtens, ee vun den deierste Schoulsystemer vun der Welt bréngt Resultater, déi ënnert der Moyenne vu 40 anere Länner leien.

Zweetens, ee Land mat deem héchste PIB pro Awunner ass net emol Mëttelmooss, wat d'Leeschtung vum Schoulsystem ugeet.

Dann drëttens, fir mech ganz wichteg, ee Wuert zu de Randsegmenter: D'Leeschtungsspëtzt an eise Lycéeën ass net esou breet wéi dat an deene meeschte Länner de Fall ass; an anere Wierder, mir hu manner excellent Schüler wéi aner Länner. A virun allem dann och nach: Dee Segment, deen ënnert dem Duerchschnëtt läit, ass breet, deen ass ze breet. Ee vun den Experten huet gesot, datt ronn 25% vun de Kanner a Jugendlechen domadder zu enger Risikogrupp kënne gerechent ginn, a wuertwiertlech sot hien - et war de Professor Baumert - zu enger „sozialer Risikogrupp". Mir iwwerdroen d'sozial Problemer an eise Schoulsystem.

Véiert Remarque. Nëmmen niewebäi wollt ech eng punktuell Remarque zur Mathematik maachen: Déi gestallte Froen an der Mathematik ware konkret Problemer, déi mech erënnert hunn un déi Problemer, déi mir an der Arithmetik, an der gudder aler Arithmetik geléist hunn. Ronn 80% vun den Elèven hunn Däitsch als Hëllefssprooch geholl, an net Franséisch, an där si Mathematik léieren. Ech wollt einfach d'Fro un d'Mathematiksprofessere riichten, firwat d'Elèven dee Switch zur däitscher Sprooch gemaach hunn, wéi si mathematesch Problemer ze léisen haten an net op op Franséisch gespäichert Wëssen zréckgegraff hunn, dat si hunn, fir a Formelen un d'Mathematik erunzegoen.

Dat féiert eis natierlech zur Sproocheproblematik, mat där mäi Kolleeg Fernand Diederich sech wäert ofginn. Ee Wuert zur Villsproochegkeet, déi bestëmmt net perfekt ass. Dat ass an dësem Fall garantéiert bei der Mathematik een Handicap gewiescht. Iwwerhaapt ass, fir d'PISA-Etüd esou ze bestoe wéi anerer, eis Villsproochegkeet bestëmmt keen Avantage.

Dann e Wuert zum Integratiounsprozess vun den Netlëtzebuerger, virun allem vun de Primo-arrivants, dat heescht vun deenen, déi net hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn. Déi Integratioun ass awer nëmmen ze bewältegen duerch déi Villsproochegkeet vun eise Schoulen an an eise Schoulen, also musse mir si bäibehalen, also musse mir de Sproochenunterricht upassen un d'Besoinë vun den Elèven an un d'Exigenzen aus dem Beruffsliewen an un d'Exigenzen vun der Gesellschaft.

Wien d'Froen, d'Texter an d'Problemer kuckt, déi am PISA-Text gestallt gi sinn, fir dee steet fest, datt si sech ëmmer oder bal ëmmer am Kontext vum alldeegleche Liewe bewegen, datt si sech orientéieren un enger gewësser Aktualitéit, datt si net an d'Kategorie anzeklasséiere si vun dem Art pour l'art.

An da si mir bei de Lerninhalter vun eisem Schoulsystem a mir si bei der Definitioun vu Kompetenzen a bei der Revisioun vu Lerninhalter. Mir si bei de Programmer, bei de Programmer, iwwert déi Matière geléiert muss ginn, gewosst muss ginn, a Programmer, déi zu Kompetenze féieren, an et ass ee kompetent, wann een dat, wat ee geléiert huet, uwende kann.

D'Schoul muss de Courage hunn, an d'Fachkonferenzen, d'Programmkommissiounen - dat hat ech och déi leschte Kéier gesot - mussen sech décidéiere fir d'Relevanz vun hiren Inhalter ze préiwen, ze iwwerpréiwen, fir ewechzeloossen, fir ze vereinfachen, fir ze erneieren, mat Kritären, déi vu villen Interesséierten un engem gudde Schoulbetrib da mussen erschafft ginn, fir zu där Revisioun ze kommen. Déi Interesséiert fanne mir am Wirtschaftsberäich, mir fanne si am Sozialberäich a mir fanne si am Kulturliewen.

Ech hat déi leschte Kéier och gesot, d'Schoul muss zur Dispositioun stoe fir iwwert se ze debattéieren. Si muss eraus aus engem Filet, an dee si sech selwer agesponnen huet. Upassung vun Inhalter an de Choix vun Unterrichtsmethode kënnen net vun der Politik décidéiert ginn oder octroyéiert ginn. Virun allem och d'Schoulmeeschteren an d'Professere mussen dohannert stoen a musse selwer hëllefen se ze entwéckelen.

Ech menge vun der Dynamik vun eisem Corps enseignant hänkt all Reform am Schoulwiesen of. Ech erwaarde mir, dass d'Gewerkschaften aus dem Unterrechtsecteur mat op een neie Wee ginn, op een innovative Wee, datt si de Message aus de PISA-Tester an - Etüde richteg interpretéieren.

Fait ass zum Beispill, dass 18,9% vun den Immigrantekanner sech am Enseignement secondaire erëmfannen; Fait ass, dass déi meeschte Kanner am EST aus Netlëtzebuerger Kreeser kommen. D'Zuele ginn auserneen, méi wéi 50% op jidde Fall, 57% schéngt de Minimum ze sinn - och dat muss ze denke ginn.

D'PISA-Etüd gëtt dann eng Serie vun Informatiounen, déi wuel esou interessant si wéi dee Ranking vun de Schoulleeschtungen. Déi Informatioune stinn um Schluss vun der Etüd. Et sinn Informatiounen iwwert den Impakt vum soziale Milieu a vun der Famill op d'schoulesch Carrière vun den Elèven. Plakeg Zuele weisen, datt Kanner deenen hir Elteren d'schoulesch Carrière net begleede kënnen, sech méi oft wéi anerer um ënneschten Enn vun der schoulescher Leeder zréckfannen, vu wege Chancëgläichheet hei zu Lëtzebuerg, a bestëmmt och an deenen anere Länner.

Remèden oder Remédiatioun, dat heescht eng besser organiséiert Hëllef ass gefrot an déi muss hëllefen de sozialen Déséquiliber duerch d'Elterenhaiser, an den Elterenhaiser ze équilibréieren, opzehiewen, esou wäit ewéi méiglech. Ech mengen, datt de Projet Ganzdagsschoul, wat ee Projet pilote ass, eng Äntwert drop ass, wahrscheinlech déi radikaalsten Äntwert dorop ass, mä et ass ee Projet pilote, aus deem ee ganz ganz vill Konklusiounen zéie kann, an et ass ee Projet pilote mat ganz ville Facetten. Ech si gespaant op d'Organisatioun an ech sinn och gespaant, wa mir déi éischt Evaluatioun maachen.

Wichteg am PISA-Rapport sinn awer och déi Remarquen, iwwert déi mir praktesch net diskutéiert hunn, och hei nach net, vun de Schouldirekteren zum Beispill, déi behaapten, et géing u qualifizéiertem Personal an eise Lëtzebuerger Schoule feelen. Wichteg ass fir mech och folgend Ausso - et ass fir mech déi schockéierendst Ausso an där ganzer Etüd - vu 49% vun de 15-jähregen Elèven, déi soen: „L'école n'a pas fait grand-chose pour me préparer à la vie adulte."

An déi Ausso eleng muss Ursaach genuch sinn, fir d'Programmer an d'Methoden ze reforméieren, a fir och eng Ambiance an de Schoulen ze schafen, fir iwwer ee Milieu scolaire nozedenken. Och dat ass ee wichtege Facteur an dëser Beuerteelung duerch d'Elèven.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

De Schluss vun der PISA-Etüd 2003 an deem excellente Rapport, deen dem Ministère seng Beamten erstallt hunn - ech ka si nëmme félicitéieren - weist Pisten op, op deenen een ouni u Programmer ze goen, ouni och u Methode souguer ze goen, eis Schoul nettement méi de Kanner entgéintbrénge kann, an ech mengen och esouguer méi agréabel maache ka fir d'Enseignanten.

Konklusioun: Keng Regierung a kee Schoulminister kann Tabula rasa maachen, wann hien nei untrëtt. No fënnef Joer sinn nei Iddie gefrot, wann d'Regierung wiesselt. Dat ass esou, an déi nei Iddien tabléieren op enger bestëmmter Basis an déi Basis muss ee festhalen. Villes un eisem Schoulsystem ass gutt. Eise Schoulsystem ass dee Schoulsystem, deen trotzdeem ee Maximum vun auslänneschen Elèven integréiert, ouni datt hien elo déi berühmt Chancëgläichheet vermëttelt.

Mir hunn eng Motioun gemaach, an ech wollt Iech déi iwwerreechen, Här President.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que dans son rapport international sur l'étude PISA 2003, l'OCDE recommande au Luxembourg non seulement de cibler ses efforts sur des groupes particuliers d'élèves, mais d'élever le niveau de formation et de compétences de l'ensemble de ses élèves;

- considérant que les conclusions de l'étude PISA 2003 confirment les résultats de l'étude PISA 2000, à savoir que l'enseignement luxembourgeois néglige trop l'application des savoirs qu'il dispense;

- considérant que la motivation des élèves de l'école luxembourgeoise est inférieure à celle de la moyenne des élèves des pays de l'OCDE, alors qu'il ressort de l'étude PISA que la motivation constitue un élément expliquant la bonne performance de certains systèmes scolaires et que par ailleurs elle constitue le fondement de l'apprentissage tout au long de la vie;

- considérant que les écarts de performance entre enfants de différents milieux socioculturels sont importants et que le maintien de la cohésion sociale dépend aussi de la capacité de l'école de donner à chaque enfant, quelle que soit son origine, une chance maximale de réussite scolaire;

- considérant que le nombre d'élèves quittant l'école sans avoir obtenu un certificat est très élevé;

invite le Gouvernement

à réaliser en sus des mesures prévues par le programme gouvernemental les actions suivantes:

- procéder à une révision des programmes scolaires en vue d'un ciblage sur les besoins et les objectifs des différents types d'enseignement;

- définir dans une démarche coordonnée des socles de compétence pour les différents cycles de l'enseignement primaire et de l'enseignement postprimaire;

- mettre en place un système de suivi afin de documenter les compétences individuelles de l'élève;

- mettre en œuvre une évaluation et une orientation fondées sur les points forts de l'élève et sur une progression des acquis en organisant notamment des épreuves communes au niveau national;

- veiller à ce que les élèves en difficulté se voient proposer des aides scolaires et que par conséquent, un dispositif de remédiation soit mis en place dans chaque école et dans chaque lycée;

- mettre à disposition des élèves, sur le site Internet de l'école luxembourgeoise, des banques de données permettant d'acquérir à titre individuel des compétences en langues et en mathématiques par le biais de cours, d'exercices et d'items d'évaluation accessibles en ligne et y assurer l'accès par la mise à disposition d'ordinateurs au sein de l'école;

- offrir une deuxième chance de formation pour les élèves qui ont quitté prématurément l'école sans avoir obtenu une qualification;

- scolariser chaque élève étranger arrivant au pays en fonction de ses capacités et l'insérer le plus rapidement possible dans le cursus normal, notamment par la mise en place d'un accueil et d'un suivi centralisés et étudier l'opportunité d'introduire une formation secondaire spécifique pour les plus performants de ces élèves;

- faire pour chaque voie de formation l'inventaire systématique des obstacles qui entravent la progression normale des élèves et y remédier tout en garantissant le maintien de la qualité de la formation;

- étudier la possibilité d'étendre l'organisation de l'enseignement par cycles à l'ensemble de l'enseignement primaire et aux premières années de l'enseignement postprimaire afin d'adapter la durée des études aux capacités individuelles des élèves;

- mettre en place un dispositif d'évaluation et d'accompagnement sur base d'un rapport annuel auquel chaque établissement et chaque école peut recourir pour élaborer un plan de développement de l'école et d'amélioration de la qualité de son enseignement;

- introduire l'obligation pour les écoles et les lycées d'informer les parents de l'élève des progrès scolaires de leur enfant, des possibilités d'études ultérieures qui s'en dégagent ainsi que des mesures de remédiation pour pallier les difficultés scolaires;

- associer l'élève et ses parents par l'information, le conseil et la prise en considération de leur avis, à chaque fois qu'une décision d'orientation ou de réorientation est à prendre;

- veiller à la mise en place d'un authentique partenariat dans les écoles;

- professionnaliser le travail des enseignants de manière à ce que les enseignants puissent collaborer au sein d'une équipe pédagogique, recourir au conseil et à l'appui de leurs pairs et participer à l'évaluation de la qualité de l'enseignement de leur école;

- créer un centre de formation continue pour enseignants;

- valoriser le travail du personnel enseignant qui prend en charge les élèves qui ont le plus de difficultés et le plus de besoins;

- réaliser, en collaboration avec l'Université du Luxembourg, une étude quantitative et qualitative sur le poids des origines sociales et des origines culturelles dans les performances scolaires, l'évaluation, la sélection et l'orientation des élèves;

- mettre en place, en collaboration avec l'Université du Luxembourg, un dispositif d'indicateurs servant à évaluer le système scolaire luxembourgeois.

(s.) Jos Scheuer, John Castegnaro, Fernand Diederich, François Maroldt, Nelly Stein.

Et ass eng Motioun, déi een Aktiounsprogramm duerstellt, een Aktiounsprogramm, deen net am Detail ausgezeechent ass an deen elo konkretiséiert gi muss. An deen ouni Zesummespill vun deene ville Schoulpartner sech net oder nëmmen deelweis ka realiséieren.

Dee Programm kann och nëmmen ausgeschafft, applizéiert an ausgewäert ginn, wann d'Regierung, de Législateur, d'Léierpersonal, mat den Direktioune vun de Gebaier a mam ganze Personal, wat un d'Gebaier attachéiert ass, an awer och, an dat hu mer an der Motioun geschriwwen, d'Uni Lëtzebuerg, eise Schoulsystem op villen eenzelne Punkten un d'Bedürfnisser vun de Kanner, vun de Studenten, vun der Gesellschaft a vun der Ekonomie upassen.

Dës Motioun déterminéiert verschidden Interventiounsniveauen.

1. Iwwerschaffe vu Programmer, awer op der Basis vu Kompetenzen, déi am Virfeld mussen déterminéiert ginn.

2. Reform vun der Evaluéierung, Ënnerstëtzung vun den Elèven, déi Hëllef brauchen an e Suivi vu schoulesche Leeschtungen, deen iwwert d'Ausstellung vun Zensuren erausgeet.

3. Organisatioun vun engem Partenariat tëschent Schoul an Elteren.

4. Organisatioun vun der Formation continue vun dem Léierpersonal a Schafe vun Equipen, déi sech ëm d'Elèvë këmmeren.

5. Opfänke vun Elèven, déi d'Schoul ouni Diplom verlooss hunn, an ech gebrauchen zwee Termen, deen een ass zum Schlagwuert ginn, Ecole de la deuxième chance, oder nenne mer et Pédagogie de la deuxième chance. Erënnert lech un déi 25% vu Jugendlechen, déi riskéieren duerch de Filet vum Aarbechtsmaart ze falen an zur Risikofraktioun gehéieren.

6. Mir wëlle profitéiere vun der Uni Lëtzebuerg, fir eise Schoulsystem

ze iwwerwaachen, awer och fir en ze guidéieren.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, op der Regierungsbänk sëtzt d'Ministesch vun der Educatioun. Schoulpolitik gëtt awer och mat anere Ministèrë gemaach, a bestëmmt net ouni aner Ministèren, an d'Qualitéit vun eisem Enseignement, a virun allem dee leschten Deel, deen an der PISA-Etüd déterminéiert gëtt, wou d'Motivatioun vun de Schüler an och d'Motivatioun vun den Enseignanten e bëssen analyséiert gëtt, deen ass ofhängeg vum Ambiente an engem Schoulgebai.

Mir brauchen ee Konzept, dat de Bauteminister erstelle muss, fir séier Schoulraimlechkeeten ze bauen. A mir brauchen och Schoulraimlechkeeten, déi enger moderner Schoul würdeg sinn.

Mir brauchen natierlech och de Familljeminister, oder d'Familljeministesch, déi hir Responsabilitéit hëlt fir de para- a périscolairë Beraich, vum Précoce iwwert de Primaire bis erop an de Secondaire.

A mir brauche ganz bestëmmt och de Wirtschaftsministère mat de Chambres professionnelles, déi och hiert Wuert zur Ausriichtung vun der Schoul ze soen hunn.

D'Madame Delvaux huet Äntwerten op vill Froen, déi duerch d'PISA-Etüd sech stellen, virgeschloen, vill Sujeten och ugeschnidden, déi wäit iwwert de Kader vun der PISA-Etüd erausginn. Si mécht Propositiounen, déi dann am Konsens mat der Schoul, awer och mat der Politik mussen ofgeklappt ginn an duerno ëmgesat ginn. Mir sinn um richtege Wee, fir aus eiser Schoul ee Betrib ze maachen, dee sech lues awer sécher verbessert.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Adam. Dir hutt d'Wuert, Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleegen a Kolleeginnen, mat Interesse hunn ech menge Virriedner nogelauschtert. D'Madame Minister huet eng Rei Punkten opgeworf, déi zum Deel och an deene Motioune vu menger Partei erëmzefanne sinn. Aus der Madame Minister hirem Mond huet dat allerdéngs ëmmer e bësselche wéi fromm Wënsch geklong an net esou vill wéi Neel mat Käpp.

Den Här Maroldt huet am Numm vun der CSV gesot, d'CSV wier bereet dee ganze Schoulsystem ze iwwerdenken a grondleeënd Reforme matzedroen; dat freet mech. En huet awer dunn och direkt d'Brems gezunn an ech si gespaant, wéi wäit seng Partei dann elo wierklech ee System wëllt änneren, dee si jorzéngtelaang geprägt huet.

D'Vertriederin vun der DP huet sech beklot, datt hir Unterrechtspolitik an der Vergaangenheet op fënnef Punkte reduzéiert ginn ass, an elo reduzéiert si der aktueller Ministesch hir Politik op „back to lustigs"; wat ech e bësse schued fannen.

(Interruption)

Mam éischte Saz vun deem Dokument, dat d'Madame Minister eis fir eisen Débat de consultation vun haut de Mëtten zougestallt huet, hunn ech meng Problemer. Do steet nämlech: «Les résultats de l'enquête PISA 2003 montrent que le Luxembourg a amélioré sa performance globale.»

Jo, dës Kéier waren d'Schüler an d'Proffe méi motivéiert, PISA 2003 ass vun de Schüler a vun de Proffe seriö geholl ginn, mä et ass och liicht un der Stéchprouf gedréint ginn. D'Europaschoul koum bäi, mat ëmmerhi 4,9% vun der Schülerpopulatioun, mir hunn e bësse beim Modulaire gekierzt, alles a begrentztem Mooss, sou datt et vun der OECD akzeptéiert gouf, mä ëmmerhin.

D'Duerchféiere vum Test gouf geännert. D'Schüler konnte bis kuerz, iert se ugefaang hu mat schaffen, d'Sprooch vum Test wielen. An der Mathé war net, ewéi am Joer 2000, Franséisch obligatoresch. D'Schüler konnten d'Sprooch fräi wielen an, den Här Scheuer huet et och scho gesot, iwwer 80% hunn Däitsch gewielt. Hei gesinn d'Experten och d'Haaptursaach vun de Verbesserungen an dat ass och d'Ursaach, firwat datt d'OECD kloer an däitlech seet, d'Resultater vun 2000 a vun 2003 kéinte fir d'Land Lëtzebuerg net matenee verglach ginn.

Et ass bestëmmt richteg, all Test kritesch ze kucken. Dozou gehéiert och sech Gedanken driwwer ze maachen, ween dann iwwerhaapt den Auteur vun deem Test ass a wat seng Ziler sinn.

PISA ass net vun engem Veräin vu Literaten, Philanthropen oder Philatelisten ausgeschafft ginn, mä vun enger Organisatioun, déi Interesse un der Entwécklung vun enger globaliséierter Wirtschaft huet. Dat mécht mësstrauesch, léisst sech Schoul op Mathé, Sproochen a Sciencë reduzéieren? Wéi wichteg si sozial Kompetenzen, musesch Fächer, Ethik an esou weider fir eis Schüler an an eise Schoulen?

Wann een allerdéngs liest, wéi d'OCDE déi verschidde Fächer, déi an der PISA-Etüd gepréift ginn, definéiert, da stellt ee fest, datt et ganz vill ëm Verstoen an Applizéiere vu Wësse geet. Et geet Rieds vu jonken, konstruktiven, engagéierten an denkende Bierger, déi aktiv um gesellschaftleche Liewe sollen deelhuelen.

Wann ee weess, datt d'OCDE sech selwer als Optrag ginn hat ze kucken, ob déi Jugendlech vun haut prett sinn, an der Wëssensgesellschaft vun haut a vu mar kënnen ze bestoen, wann een dann och nach vun der Geleeënheet profitéiert hat, deene verschiddenen Experten: Baumert, Köller, Schleicher a Mc Gaw nozelauschteren, wéi si net nëmmen d'Resultater, mä och de Seriö vun der Planung an Duerchféierung vum Test erkläert hunn, da schéngt et mir kloer, mir kënnen eis net rausrieden, mir mussen eis de Resultater stellen a Konklusiounen zéien an ëmsetzen.

De Lëtzebuerger Schoulsystem ass mat enger Situatioun konfrontéiert, wéi et se soss a kengem Land gëtt. A kengem anere Land musse Kanner a Jugendlecher dräi offiziell Sprooche kennen, a kengem anere Land ass de Prozentsaz vun auslännesche Schüler esou héich wéi bei eis. Déi Leit, déi elo mengen, mir missten einfach eis auslännesch Schüler aus de Resultater eraushuelen, da wieren se méi richteg, déi iere sech. Och wa mer eis auslännesch Schüler erausrechnen, sinn eis Resultater nach extrem mëttelméisseg. Dat ass och gemaach ginn, op der Säit 88 vum Rapport national.

Déi 40% auslännesch Schüler sinn eng Realitéit. Si sinn an eise Schoulen, si sinn zu engem groussen Deel zu Lëtzebuerg gebuer, hu Rechter a Flichten an dësem Land a wäerten och zum allergréissten Deel hei wunnen a schaffe bleiwen. Dës Schüler erausrechnen heescht de Kapp an de Sand stiechen. D'Lëtzebuerger Schoul huet Verflichtunge vis-à-vis vun all hire Schüler, an net nëmme vis-à-vis vun engem Deel vun hinnen.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- An der Schoul gëtt virun allem mat Sprooch geschafft. An d'sproochlech Viraussetzunge sinn an eise Schoulen denkbar komplizéiert. Mir hunn och zu Lëtzebuerg reagéiert.

Mir sinn dat eenzegt Land an Europa, an ech géing souguer mengen op der ganzer Welt, wou d'Schoulflicht schonns mat véier Joer ugeet. Mir hu Strukture vun enger schoulescher Fréierzéiung opgebaut, wou et allerdéngs nach vill Ënnerscheeder iwwert d'Land gëtt. Dat alles mam Zil vun enger méiglechst gudder, sozialer a sproochlecher Erzéiung.

Mir haten hei an der Chamber een Débat d'orientation sur l'école d'intégration den 29. November 2000, an hei an der Chamber gouf am Kader vun dëser Debatt eng Motioun mat 24 Punkten ugeholl. D'Importenz an d'Komplexitéit vun der Scolarisatioun vun auslännesche Schüler huet an der lescht net ofgeholl, mä éischter zougeholl. An duerfir, Här President, wëll ech lech eng éischt Motioun iwwerreechen, wou mir méi Moyene froen, fir d'Integratioun vun deenen auslännesche Schüler an eise Schoulen ze begleeden.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- considérant la situation démographique spécifique luxembourgeoise;

- considérant les conclusions du débat d'orientation sur l'immigration de novembre 2000;

invite le Gouvernement

- à augmenter considérablement les moyens mis à disposition pour accompagner la scolarisation des enfants étrangers.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Merci, Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Ënner anerem misst dee Service am Ministère de l'Éducation nationale, «qui a pour mission d'accompagner la scolarisation des enfants étrangers», ausgebaut ginn. Déi gutt Aarbecht vun deene verschiddene Médiateuren, déi hir Déngschter am schoulesche Kader ubidden, soll och nach vill méi e breede Raum kréien. All Schoulsystem ass e komplexen an och e schwéierfällegen Apparat.

Vu déi schlecht Resultater an déi speziell Situatioun zu Lëtzebuerg erlaben ech mer, Här President, lech och nach eng zweet Motioun - an dat geet esou weider, et sinn der zéng am ganzen - am Numm vu menger Fraktioun ze iwwerreechen.

(Interruptions)

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- convaincue que l'évolution de nos écoles doit être accompagnée par des efforts permanents d'études et de recherches;

invite le Gouvernement

- à procéder à l'affinement des missions et au renforcement en personnel du SCRIPT en vue d'un saut qualitatif dans l'analyse du système scolaire et dans l'élaboration de mesures visant l'amélioration de la qualité de l'enseignement;

- à augmenter considérablement les crédits mis à disposition de la Faculté des Lettres, des Sciences humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation de l'Université du Luxembourg afin de stimuler des études poussées concernant la situation linguistique du Grand-Duché et les conséquences qui en résultent pour notre enseignement.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

An där Motioun froe mir fir am Service de coordination, de la recherche et de l'innovation pédagogique et technologique, dem SCRIPT, d'Personal ze verstäerken an d'Missioune vum SCRIPT méi kloer ze ëmräissen. Mir schreiwen an eiser Motioun vun engem „affinement des missions (…) du SCRIPT". Mir mengen net, datt zurzäit eppes um Gesetz vum 7. Oktober 1993, wou de SCRIPT geschaf gouf, misst geännert ginn. Dem SCRIPT seng Missioune sinn allerdéngs mat der Zäit ëmmer méi grouss ginn - ech denken zum Beispill un de Volet „Formation continue" -, esou datt et bestëmmt derwäert ass, en neien Organigramm opzestellen a verschidden Aufgabeberäicher nei ze ëmräissen.

Et wier bestëmmt och un der Zäit iwwer een „Institut de la Formation continue des enseignants" nozedenken. Mir sinn och der Meenung, datt déi pedagogesch Fakultéit vun der Uni Lëtzebuerg misst méi Mëttelen zur Verfügung kréien, fir déi spezifesch Analysen a Grondsazfuerschungen duerchzeféieren, déi nëmmen hei zu Lëtzebuerg kënne gemaach ginn, well se enk mat eiser sproochlecher Situatioun zesummenhänken.

D'Resultater vun eise Schüler bei der PISA-Etüd si mam OECD-Duerchschnëtt verglach mëttelméisseg. Am europäesche Verglach si se ganz einfach schlecht. Aus der PISA-Etüd geet ervir, datt vill Länner, déi virun 30, 40 Joer weltwäit e Virsprong hate wat d'Bildung an d'Ausbildung vun hiren Awunner ugeet, d'USA a Westeuropa, amgaange sinn, dëse Virsprong ze verléieren oder scho verluer hunn. Haut sinn niewent Finnland Länner wéi China, Südkorea, Japan, Kanada déi Länner mat deene performantste Schoulen.

Elo wier et jo dann eigentlech un der Zäit fir d'Lissabon-Strategie mat hirer Fuerderung no allerbeschte schoulesche Leeschtungen ze beméien. Dobäi wosste mir scho virun der Lissabon-Strategie, datt d'Wëssen déi wichtegst Ressource an eisem Land ass. Wie sech deen héchste Liewensstandard, dat beschte Sozialsystem, déi performantste Wirtschaft leeschte wëllt, dee muss och dee beschte Bildungssystem hunn.

Eise Schoulsystem ass ee vun deenen deiersten, dat schéngt mer normal ze sinn an engem vun deene räichste Länner vun der Welt. De Prozentsaz vum PIB, dee mir an eis Schoulen investéieren, läit awer mat 4,1% däitlech ënnert deem vun eisen Nopeschlänner. Dat ass allerdéngs erëm haaptsächlech dorop zréckzefëieren, datt eis Uni nach eréischt am Opbau ass an an der Année de référence - dat sinn Zuele vun 2003 - nach inexistent war. Och wann an der Schoul bestëmmt net all Problem mam Scheckheft ze léisen ass, musse mir an Zukunft nach méi an eis Schoulen investéieren.

Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, erëm eng Kéier dorun ze erënneren, datt, wa mer hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Schoulen an eis Université du Luxembourg schwätzen, mir och eng Kéier iwwert d'Bildung am Allgemenge solle schwätzen an net ëmmer nëmme vun Exzellenz, Nischen a Carrièrë beim Stat. Wann zu Lëtzebuerg 20% vun de Schüler a Schülerinnen absolut ongenügend Kenntnisser a Mathematik an a Sciencen hunn, da musse mer eise Schoulsystem a Fro stellen.

Am Rapport national zu PISA 2003 steet op der Säit 18: „Dans les conclusions qui doivent servir de base à la prise de décision politique (…) PISA 2003, avec la culture mathématique comme domaine majeur d'évaluation, permet de dégager des conclusions directement applicables à divers aspects du programme scolaire." Dat huet eis dozou verleet, eng drëtt Motioun ze verfaassen.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que les mathématiques constituent un langage universel pour accéder au savoir scientifique et que sciences et mathématiques sont des domaines de compétences incontournables dans le monde moderne;

- convaincue que l'apprentissage des mathématiques et des sciences méritent des mesures particulières afin d'améliorer les performances de nos élèves;

invite le Gouvernement

- à analyser l'opportunité de changer la langue véhiculaire de l'enseignement des mathématiques à l'enseignement secondaire et à l'enseignement secondaire technique, afin d'assurer éventuellement cet enseignement en langue allemande;

- à entreprendre une analyse critique des objectifs, des programmes et des méthodes de l'enseignement des mathématiques et des sciences, ceci en vue de l'identification de faiblesses dans le transfert des matières théoriques enseignées vers les applications pratiques ultérieures.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Bei PISA 2000 hunn d'Schüler d'Mathésaufgaben op Franséisch misse maachen, 2003 hu se dierfte wielen an 80% hunn déi däitsch Sprooch gewielt. D'Resultater si vu 446 op 493 Punkten eropgaang, 47 Punkte méi, haaptsächlech duerch de Sproochgebrauch ze erklären. Mir froen an eiser Motioun, datt ënnersicht gëtt, wat derfir a wat dergéint schwätzt, de Mathésunterrecht am Secondaire op Däitsch ofzehalen. Weider froe mir, datt de Mathés- an de Sciencenunterrecht mussen ënnersicht ginn op déi Verloschter, déi festgestallt gi sinn, wann eis Jonker hir theoretesch Kenntnisser sollen an d'Praxis ëmsetzen.

D'Resultater an der Lesefertegkeet sinn nach manner gutt wéi déi an der Mathé an an de Sciencen. 22,7% vun eise 15-jährege Schüler leien op esou enger déiwer Wëssensstuf, datt se no der Definitioun vun der OECD fir den „lifelong learning"-Prozess riskéiere verluer ze goen. Wann een awer weess, datt d'schoulesch Bildung de Schlëssel fir op den Aarbechtsmaart an och déi beschte Profilax géint Aarbechtslosegkeet ass, da mussen dach bei esou Zuele sämtlech Alarmluten a sämtlech Alarmsirenen ugoen.

An eiser véierter Motioun verlaange mir d'Ausschaffe vun engem konkrete Konzept wat d'Léiere vun de Sproochen ugeet, e Konzept, dat souwuel vum Wësse vum een-

zelne Schüler wéi vun den Exigenze vun deene verschiddene schoulesche Filièren, wéi vun den Ufuerderungen, déi vu verschiddene Beruffer kommen, ausgeet. Et wier un der Zäit eis Schüler fir hire Sproocheräichtum ze belounen an net ëmmer ze bestrofen. Mir hu Kanner a Jugendlecher, déi dräi, véier oder nach méi Sprooche kënnen, a mir bestrofen se, well si net an all dëse Sproochen op e Stadium vun Exzellenz kommen. Déi véiert Motioun, Här President.

M. le Président.- Merci.

(Interruptions)

Motion 5

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- convaincue que l'apprentissage des langues est un des principaux défis posés à nos élèves et que cet apprentissage est responsable pour la réussite ou l'échec d'un grand nombre d'élèves dans tous les ordres d'enseignement luxembourgeois;

invite le Gouvernement

- à élaborer un concept concret en vue de la différenciation de l'apprentissage des langues, concept qui tienne compte d'une part du niveau de développement individuel des élèves et de l'autre des profils spécifiques requis par les différentes filières scolaires et professionnelles ainsi que des débouchés professionnels visés par les élèves en fin de scolarité;

- à poursuivre ce concept dans une révision des objectifs, des programmes et des méthodes de l'enseignement des langues, ceci en collaboration étroite avec des personnes compétentes et responsables du terrain, notamment des commissions des programmes et du SCRIPT.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- An deene leschte Jorzéngten huet d'Schoul et net verpasst - elo kommen ech vläicht op déi Fro, Här Mehlen, wéi et fréier war - aus all gesellschaftleche Problem och e schouleschen ze maachen. Jiddferee klappt an der Schoul un, fir säin Uleies och nach ënnerdaach ze kréien. An do sinn extrem wichteg Saachen derbäi, dat wëll ech guer net ofstreiden, zum Beispill: gesond Ernährung, Sécherheet am Verkéier, Drogeproblematik, Gläichberechtegung mussen sech niewent Sproochen a soss Unterrecht quëtschen. Och déi traditionell Schoulfächer, déi soi-disant Basics, si mat de Jore gewuess.

An eiser fënnefter Motioun froe mer eng kritesch Evaluatioun vun de Quantitéiten, déi enseignéiert ginn. An dëser Motioun, déi sech méi allgemeng mat der pedagogescher Praxis an eise Schoule befaasst, froe mir och d'Schafung vun engem Centre de documentation des projets pédagogiques. Dat gëtt et jo schonns zum Deel um SCRIPT. Mir mengen allerdéngs, esou e Centre misst vill méi aktiv op d'Schoule kënnen duergoen, Reklamm maache vu Projeten, déi gutt fonctionnéieren, warne viru Saachen, déi riskéiere vill Energie ze kaschten a kee Rendement ze hunn.

Wann zu Déifferdeng innovativ geschafft gëtt, da weess zu Schëfleng kee Mënsch wat leeft. Zu Rodange, zu Recken, zu Housen, zu Miersch, iwwerall gëtt et Leit an eise Schoulen, déi engagéiert an innovativ schaffen. Kommt mir vernetzen si! Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Lycéeën. Eis fënneft Motioun, Här President.

Motion 6

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- convaincue que la pratique pédagogique dans nos écoles mérite d'être continuellement améliorée;

invite le Gouvernement

- à faire une évaluation critique des surplus quantitatifs des matières enseignées et à en tirer les conséquences;

- à instituer un «Centre de documentation des projets pédagogiques» comme institut de documentation et de sensibilisation pédagogique, équipé pour effectuer un travail de motivation actif à l'attention des partenaires scolaires;

- à faire une analyse critique du système d'évaluation et de certification de l'école luxembourgeoise;

- à proposer des scénarios possibles pour assurer le passage du système uniforme de l'enseignement postprimaire vers un échiquier d'établissements bénéficiant d'une autonomie pédagogique aussi large que possible, mais bien cernée pour ne pas entraver l'égalité de traitement de tous les élèves dans l'école publique.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng sinn der Meenung, datt mir eise System vun Evaluatioun a Certificatioun an de Schoule mussen iwwerdenken. Et ass eng Tatsaach, datt eis Schoulklassen ëmmer méi heterogen ginn. All Kand soll an der Schoul schaffen a kee Schüler soll kënne soen, „hei langweilen ech mech zu Doud, well ech jo souwisou dat alles kann, wat mer hei maachen", an et soll och kee méi soen, „ech brauch net méi nozelauschteren, ech versti jo souwisou näischt". Een individualiséierten Unterrecht, dee klappt esou laang gutt, bis déi éischt Zensur muss geschriwwe ginn. Mir sinn och der Meenung, datt d'Schoulen op hirem Wee zu méi Autonomie solle begleet ginn a genügend Moyenen zur Verfügung gestallt kréien.

Komme mer dann zu den Enseignanten. Mir hunn am Primaire ongeféier 4.000 Leit schaffen, am Postprimaire 3.300. Huele mer dann nach d'Direkteren, d'Inspekteren, de Ministère selwer, also mir schwätzen hei vun enger „très grande entreprise" vu méi wéi 8.000 Leit. Aus eegener Erfahrung weess ech, datt de Beruff vum Enseignant e ganz schéine Beruff ass, awer och een zimlech haarden. Domat sinn ech bei menger sechster Motioun, Här President.

(Interruptions)

Motion 7

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- convaincue qu'une formation de base et une formation continue des enseignants est le meilleur garant d'un enseignement de qualité;

invite le Gouvernement

- à réformer la formation initiale des instituteurs et des institutrices de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire en prenant compte de l'évolution du processus de Bologne et en favorisant une formation de type «master» visant une étroite collaboration entre instituteurs et institutrices, patrons ou patronnes de stage et l'Université du Luxembourg;

- à proposer des mesures en vue de l'introduction de la collaboration et du travail en groupe dans la tâche des enseignants de tous les ordres d'enseignement;

- à proposer un concept visant à intégrer un volet obligatoire de formation continue dans la tâche des enseignants sans pour autant mettre en péril le bon déroulement des cours.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Mir mengen, datt déi grouss Erausfuerderungen, déi un d'Enseignantë gestallt ginn, am beschte kënnen ugeholl ginn, wa mir vum Eenzelkämpfertum erofkommen a geziilt op Kommunikatioun a Gruppenaarbecht hischaffen.

(Interruption)

Wann een déi speziell Situatioun, déi mir nun eemol zu Lëtzebuerg hunn, bedenkt - ech soen et nach eng Kéier dräi offiziell Sproochen, 40% auslännesch Schüler - da kënne mir net verstoen, datt d'Dauer vun der Ausbildung vun eise Leit am Primaire déi kierzt ass an Europa. Mir sinn der Meenung, datt eng Formatioun Master fir d'Enseignantë vum Primaire a Préscolaire hei zu Lëtzebuerg eng Noutwendegkeet ass, a mir hunn och net vill Verständnis fir dat Gespills mat engem Bachelor-Plus wat am Moment gedriwwe gëtt.

Niewent enger gudder Grondausbildung verlaange mir awer och eng gutt Weiderbildung. Aus de Statistike vum Ministère geet ervir, datt sech ëmmer méi Leit an d'Weiderbildungscoursen aschreiwen. Am Detail gesäit et dann awer net méi esou gutt aus. Aus enger Äntwert vun der Madame Minister op meng Question parlementaire vum Februar geet ervir, datt zwar 4.666 Aschreiwungen d'éischt Semester 2004/2005 waren, eng Rei Leit awer a méi wéi an engem Cours ageschriwwe waren, an dat heescht, am éischte Semester waren 1.957 verschidden Enseignanten, dat ass knapp ee Véirel, an enger Formation continue ageschriwwen. Vun deenen 323 Formatiounen, déi ugebuede goufen, sinn der 65 annuléiert ginn - dat sinn ëmmerhin 20% -, well keen Interesse do war. Déi beléiftste Coursë sinn net onbedéngt déi relevantste fir d'Schoul.

Mir bleiwen och als Gréng derbäi, datt dës Weiderbildung een obligatoresche Volet soll hunn, an deels an der Aarbechtszäit awer och ausserhalb vun de Schoulstonne soll sinn. D'Formation continue kann a Form vu Coursen a Seminäre funktionéieren, si kann awer och, an dat ass mir ganz wichteg, am Kader vun engem Projet pédagogique, engem Groupe de travail oder engem Projet de recherche oflafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och scho virun der PISA-Etüd wosste mir: Eis Schoul ass sozial ongerecht. Kanner aus sozial benodeelegte Milieuen hu weltwäit méi Problemer an der Schoul wéi Kanner aus der sou genannter Uewerschicht. Zu Lëtzebuerg ass déi Benodeelegung e bësse méi kleng wéi an eisen direkten Nopeschlänner, awer signifikant méi grouss wéi a villen anere Länner, zum Beispill Finnland, Kanada, Island.

Schwätzt mat de Servicer, schwätzt mat den Enseignanten: Et gëtt eng ganz grouss Zuel vu sprachlose Kanner, déi an eis Schoule kommen. Auslännesch Kanner, déi kee Lëtzebuergesch kënnen, wa se an d'Spillschoul kommen, Lëtzebuerger an auslännesch Kanner, déi sech an hirer Mammesprooch extrem schlecht artikuléiert kréien.

An der Literatur gi ganz vill Beispiller ugefouert, wéi déi gesellschaftlech Entwécklung d'Kandheet verännert huet. Ech wëll Iech hei net ploe mat engem Exposé iwwert den Afloss vun Televisioun an aner Medien op Kanner, och net iwwer „Peer group", Publizitéit, Fräizäit- a Spaassgesellschaft referéieren.

Ech erlabe mer awer eng Kéier kuerz drop hinzeweisen, datt mir an eise westleche Kulture scho längst den Tugenden, déi eis Elteren a Grousselteren héichgehalen hunn, zum Beispill d'Spueren a bescheide sinn, Äddi gesot hunn zu Gonschte vun enger Ideologie vum Konsum. Eise Wuelstand berout op enger Doktrin vum permanenten, leider och nach oft ondifferenzéierte Konsum, dee vum fräie Maart gefördert a gefuerdert gëtt.

Selbstverständlech huet dat Auswierkungen op d'Sozialisatioun vun eise Kanner. An dësem Kontext wëll ech ee Saz vum Hermann Giesecke zitéieren, engem eeleren Här aus Däitschland, dee seet: „Den Markt interessiert nicht, ob etwas im pädagogischen Sinne gut für das Wohl des Kindes ist; ihn interessiert nur, was an Kinder verkauft werden kann." A wann Der nach e Beispill braucht, da ginn ech Iech och eent, fir déi Ausso ze illustréieren: Alkopops - e schiedleche Produit, dee just erfonnt gouf, fir Suen op d'Käschte vun der Gesondheet vun eise Kanner ze verdéngen.

Ech ginn Iech nach e puer Beispiller, déi aussoen, datt och hei zu Lëtzebuerg gesellschaftlech Veränneruge stattfonnt hunn, déi eng Unterrechtspolitik mat enger Back-to-Doctrine vu vireran als ineffizient qualifizéieren. Iwwert déi demographesch Veränneruge vun deene leschte Jorzéngten hunn ech genuch gesot, do kommen ech net méi drop zréck. Mä mir hunn zu Lëtzebuerg och e Wandel an de Familljestrukturen. D'Leit bestuede sech méi spéit a loosse sech méi fréi scheeden. 1900 hate mer zu Lëtzebuerg eng Scheedung op 200 Hochzäiten, 1950 eng Scheedung op 20, haut eng Scheedung op zwou Hochzäiten.

D'Zuel vun de Kanner, déi mat engem Elterendeel am Haushalt auskomme mussen, gëtt ëmmer méi grouss. D'Zuel vun den Haushalter, wou déi zwee Partner schaffe ginn, gëtt och ëmmer méi grouss, an dat gëtt jo och an der Lissabon-Strategie als richteg betruecht.

D'Schoul ass fir vill Jonker haut eppes wéi eng Salle d'attente, wou relativ wéineg passéiert a wou sech, wa se Gléck hunn, nach e puer léif Matreesender afannen. Si waarden déi ganzen Zäit drop, datt en Zuch kënnt, dee si mat op eng Plaz hëlt, wou et eppes Neies a Spannendes ze erliewe gëtt. De Problem ass, datt hinnen d'Zäit laang gëtt, a muncheree freet sech, ob dann iwwerhaapt en Zuch kënnt.

D'Schoul ka gesellschaftlech Problemer net eleng léisen. D'Schoul gëtt awer all Dag mat Problemer, déi e gesellschaftlechen Ursprong hunn, konfrontéiert, an et hëlleft näischt, dës Problemer ze ignoréieren. Esouguer wann d'Haaptaufgab vun der Schoul d'Wëssensvermëttlung ass, da muss si dat noutwendegt Klima schafen, fir iwwerhaapt d'Chance ze kréien, zur Wëssensvermëttlung ze kommen.

Dofir, Här President, ginn ech Iech d'Motioun 7 vun der grénger Fraktioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, een Netz vu Ganzdagsschoule fir déi ganz Schülerpopulatioun ze schafen; dofir ze suergen, datt an de Schoulen eng méiglechst grouss Mixitéit vu Schüler a Schülerinne vun alle soziale Milieuen an Nationalitéiten ass, an d'Servicer an d'Infrastrukturen an eise Schoule besonnesch, awer net nëmmen, am Régime préparatoire däitlech ze verbesseren.

Motion 8

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- considérant les conclusions de l'étude PISA internationale que tous les enfants issus de milieux socioéconomiques faibles sont défavorisés dans le système scolaire luxembourgeois;

- convaincue que le clivage social dans nos écoles est préoccupant et nécessite des mesures spéciales;

invite le Gouvernement

- à augmenter les capacités des structures d'accueil, à élaborer un concept pédagogique pour des écoles à plein temps et à instaurer un réseau d'écoles à plein temps pour les enfants du préscolaire, du primaire et du postprimaire;

- à mettre en oeuvre, en étroite collaboration avec les communes concernées, des moyens visant à assurer un meilleur équilibre entre élèves étrangers et luxembourgeois dans les écoles de quartier et dans les classes, le cas échéant par des modifications des cartes scolaires;

- à augmenter la présence des services psycho-socio-pédagogiques dans l'enceinte des écoles;

- à améliorer les infrastructures scolaires et parascolaires (restauration scolaire, infrastructures sportives et récréatives) des écoles du postprimaire en général et du préparatoire en particulier.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Vu déi vill verschidde gesellschaftlech Verännerungen an hir Auswierkungen op d'Schoul, schéngt et eis och richteg a wichteg ze sinn, d'Schoule fir aner Beruffsgruppen am erzéieresche Beräich opzemaachen. Dat däerf awer net zu engem Niewentenee vu verschiddene Beruffsgruppe féieren; nëmmen ee kooperatiivt Matenee vun allen neien an ale Schoulpartner kann zu enger Verbesserung féieren. Ech kommen nach eng Kéier op dëse Punkt kuerz zréck.

D'Motioun 8 léisst sech schnell resüméieren: Kommt, mer stellen eisen dräiglidderege Schoulsystem, wéi et en nëmmen zu Lëtzebuerg an an däitschsproochege Länner gëtt, a Fro. Ech gi just zwee Argumenter un, fir eis Motioun 8 ze begrënnen.

Mir trenne schéi propper, spéitstens nom sechste Schouljoer, eis Schüler op an Enseignement secondaire, Enseignement secondaire technique a Régime préparatoire. Mir maachen dat, well eis politesch Majoritéit jorzéngtelaang gegleeft huet, datt mir esou eis staark Schüler an och eis schwaach Schüler am beschte géinge förderen. Elo stelle mer

awer fest, datt mir iwwerduerchschnëttlech vill schwaach Schüler an eise Schoulen hunn, an datt eis staark Schüler op deenen héchsten Niveaux de compétence iwwerduerchschnëttlech schlecht vertruede sinn. Och wa mir eis nach selwer e Boni wéinst eisem Mammesproochendefizit an de Schoulen ausstellen - Ech halen allerdéngs näischt dovunner! -, stelle mer fest, datt et mat der Excellence an eisem Enseignement secondaire net esou faméis ass.

An zweetens, wann een dann nach gesäit, datt déi Länner, déi bei PISA vill besser ofgeschnidden hunn, sech e Schoulsystem geschafen hunn, deen net nëmme méi performant ass wéi eisen, mä och nach sozial méi gerecht ass, da ginn ech dovun aus, datt Dir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, lech net aus ideologesche Grënn géint offensichtlech begrënnte Reformen ausdrécke wäert, an eis Motioun selbstverständlech mat stëmme wäert.

Une voix.- Très bien.

Motion 9

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- considérant les systèmes scolaires qui, dans un grand nombre de pays de l'OCDE, permettent une plus grande perméabilité entre les filières scolaires ou qui offrent carrément un système d'école unique jusqu'à l'âge de 15 ans;

invite le Gouvernement

- à déplacer en arrière, de manière globale ou nuancée, la séparation des filières générale, technique et professionnelle de l'enseignement secondaire.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- A mengem leschte Punkt fir haut de Mëtteg wëll ech virun allem op de Questionnaire agoen, deen en annexe zum PISA-Test duerchgefouert ginn ass. Ouni an den Detail ze goen, stellen ech fest, datt d'Relatioun Schüler-Proffen esouwuel vun de Schüler wéi och vun de Schouldirekteren als net immens bezeechent gëtt.

Ech stellen och fest, datt eis Schüler iwwerduerchschnëttlech wéineg u sech selwer an un dat Fach, wat se enseignéiert kréien, gleewen. Ech ginn dovun aus, datt eng vun deene ganz wéinege Méiglechkeeten eng Rei Schüler aus hirer Salle-d'attente-Attitude ewechzekréien, ass, hinne méi Matgestaltung an der Schoul zouzegestoen. D'Participatioun ass eng ganz wichteg Saach an awer och eng komplizéiert Geschicht.

Eng Kultur vun Zesummentreffen an Zesummeschaffen an eise Schoulen, déi hu mir net. Mir musse schrëttweis drop hischaffen, en Dialog an eise Schoulen ze kréien. Ech weess, datt eng ganz Rei Enseignanten eng ganz engagéiert a gutt Elterenaarbecht maachen. Ech weess och, datt eng Rei Schoule ganz grouss Efforten an déi Richtung gemaach hunn. Éischt Schrëtter si gemaach, mä et bleift nach e laange Wee ze goen; dofir eis Motioun 9, wou mir eis dofir asetzen, all d'Partner vun de Schoule fir hir Aarbecht zu responsabiliséieren: d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignanten.

Motion 10

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable la qualité de l'école publique dans notre pays;

- convaincue que la culture de communication dans nos écoles doit être encouragée et développée à tous les niveaux;

invite le Gouvernement

- à responsabiliser les élèves en leur offrant des structures de participation leur permettant de s'impliquer dans les prises de décisions qui les concernent et les initier ainsi aux notions de droits et de devoirs du citoyen;

- à responsabiliser les parents d'élèves en institutionnalisant des rencontres parents/enseignants fréquentes;

- à responsabiliser les enseignants en augmentant les compétences des conseils de classe, en créant des plates-formes régulières pour un échange d'idées parmi les enseignants d'un bâtiment, mais aussi entre les enseignants des différents ordres d'enseignement;

- à insérer dans l'offre de formation initiale et continue des enseignants des cours de communication les préparant notamment aux rencontres avec les parents et au travail en équipe.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Viviane Loschetter.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. D'Viviane Loschetter schwätzt herno nach iwwer Aarbechtswelt a Schoul. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Här President. Ee Gléck, Här President, datt et PISA gëtt. Wann et dës Etüd net gi wier, da géinge mir nach ëmmer hei am Land mengen onse Schoulsystem an ons Sproochekenntnisser géingen eise Leit e reelle Virdeel bidden.

PISA 2000, esou gouf vu ville Leit gesot, war schlecht virbereet, an déi schlecht Resultater kéimen nëmmen doduerch, datt mer esou vill Immigrantekanner an onsem Schoulsystem hätten.

2003 sinn d'PISA-Tester ënner beschtméigleche Bedingungen duerchgefouert ginn, dofir seet PISA II och esou vill aus, zumools et grosso modo d'Resultater vu PISA I bestätegt.

D'Diskussioun doriwwer, firwat Lëtzebuerg sech elo op e puer Plaze verbessert huet, oder doriwwer datt Lëtzebuerg sproochlech gesinn e spezielle Fall ass, bréngt eis net weider. D'Chamber huet 2000 bei Geleeënheet vun der Debatt iwwert d'École d'intégration eng Motioun gestëmmt, wou alles sollt besser gemaach ginn. Am Mee 2004 huet déi deemoleg Erzéiungsministesch e Rapport virgeluecht, an deem se ervirgestrach huet wat alles op Basis vun där Motioun gemaach gouf.

D'Konklusioun haut: Dat wor et net, dat geet net duer, dat wor keng Reform, dat wor keng Schouloffensiv. Villes ass probéiert ginn, iwwerall ass experimentéiert ginn, mä wat sinn déi konkret Resultater? Ass et besser ginn? Wat hunn d'Expériences pilotes bruecht? Mir hu keng Resultater, well keng Resultater gemiess ginn. Wat sinn déi nei Objektiver, déi déi Reforme wollten hunn? Mir wëssen et net!

A Finnland, Kanada, Australien a Japan goufen och no PISA 2000 nei Objektiver gestach a landeswäit och nei Reformen duerchgezunn. Déi Länner hunn e puer Joer duerno Resultater konnten noweisen, datt se hiren Objektiver méi no komm sinn, a munches besser ginn ass. Kënne mir net datselwecht maachen? Haut musse mir nach eng Kéier d'Problemer, déi et ze léise gëllt, opzielen, an ech wëll dat maachen, well et ass wichteg, datt ee vun der richteger Basis ausgeet.

Wou leien déi Problemer? Dat ass déi éischt Fro, déi mer mussen ugoen. Fest steet, datt Lëtzebuerg an dëser zweeter PISA-Studie nach eng Kéier wäit ënnert dem OECD-Duerchschnëtt läit. Fir e Land, wat dat héchst PIB-Akommes pro Awunner huet a wat säin Niveau wëllt halen, kann ee sech net domadder begnüge festzestellen, datt onse Schoulsystem wäit ënnert dem OECD-Duerchschnëtt läit. Fir ee Land, wann een d'Zuele vun 2002 kuckt, wou de Coût réel moyen vun engem Diplom vu Fin d'études secondaires bei 200.000 Euro läit, am Technique bei 221.000 Euro a beim Technicien bei 226.000 Euro, dat sinn déi héchsten Zuelen an Europa an d'Resultat ass awer mies.

Fest steet och, datt 20% vun onse Schüler d'Schoul ouni Diplom verloossen. Dëst ass dat Duebelt vu Frankräich. E gudden Deel vun dëse Schüler kann een als Illettréen astufen. Bei de Jonken ouni Diplom sinn ee Véirel vun hinnen dräi Joer méi spéit am Chômage, an d'Halschent vun hinnen ass a Beschäftegungsmoossnamen. De schoulesche Mësserfolleg huet dramatesch Konsequenzen an enger Gesellschaft, wou fir eng Aarbechtsplaz de Qualifikatiounsniveau an der Moyenne vu Joer zu Joer steigt. De Jonken, deen d'Basiswëssen an d'Basiskompetenzen net huet, ass sozial gesi fir säi Liewe laang handicapéiert.

Fest steet, an dëst ergëtt sech aus de PISA-Ëmfroen, déi bei Geleeënheet vum PISA-Test bei de Schüler gemaach goufen, datt an onse Schoulen Drogen, Alkohol, Schoulschwänzen a Gewalt zum Alldag gi sinn. Lëtzebuerg ass domadder mat deeneselwechte Problemer konfrontéiert wéi seng Nopeschlänner. Mir sinn also gradesou gefuerdert ze reagéiere wéi all déi aner Länner.

Fest steet, datt bal d'Halschent vun de Schüler soen, datt d'Schoul si net op d'Liewen als Erwuessener virbereet. 9,5% Schüler, a Prozentsaz ausgedréckt, soen, d'Schoul wier reng Zäitverschwendung. Iwwert d'Halschent vun de Schüler mengen, d'Schoul géing si gutt op d'berufflecht Liewe virbereeden. Dat sinn 20% manner wéi am Duerchschnëtt vun den OECD-Länner. D'Schouldirektere bekloe sech iwwert d'verbal Gewalt vu Professere géint Schüler, an datt d'Schüler net dozou ugespornt gi fir hiert Bescht ze leeschten.

PISA 2003, wann een d'Resultater kuckt, da gesäit een, datt dat wat een déi gutt Schüler nennt, Niveau 6 a 5, datt mer nuren 13% esou Schüler hunn, 18% beim Problemléisen. 35% vun onse Schüler leien an den Niveauen 1 an 2, a kënnen also als ganz schwaach Schüler ugesi ginn, ee vun deenen héchsten Tauxen an Europa.

Fest steet, datt Lëtzebuerg a Griichenland déi eenzeg Länner sinn an deene Lycéeën d'Direkteren an d'Professere kaum Autonomie hunn, fir d'Schoul an den Unterrecht hire Schüler unzepassen. Mir hu keng Direkteren an de Primärschoulen. Alles gëtt vun uewen erof diktéiert. Vun Autonomie keng Spuer. D'Direkteren hu keng Méiglechkeet Entscheedungen duerchzesetzen a fir ze décidéieren, wat an hire Lycéeën enseignéiert gëtt a wien enseignéiert.

Dobäi steet fest, datt mat enger méi grousser Autonomie, zesumme mat wierksame Kontrollen, d'Schüler besser Resultater kréien. D'Schüler aus allen EU-Länner kommen ënnert deeneselwechte Viraussetzungen an d'Schoul. D'Lëtzebuerger Schüler sinn net méi domm wéi déi aus anere Länner. Wann also Lëtzebuerg am PISA-Test schwaach ofschneit, dann ass dat eenzeg an eleng op onsen Erzéiungssystem zréckzeféieren.

Onsen Erzéiungssystem erfëllt net méi déi Viraussetzunge fir déi jonk Generatiounen op d'Ufuerderunge vun enger Wëssensgesellschaft virzebereeden. Eng Statistik ënnermauert dëst schonns elo. 8% vun de Lëtzebuerger suivéieren d'Cours de formation complémentaire géintiwwer 19% a Finnland. D'OECD seet kloer, datt fir d'Betriber d'Diplomer wichteg sinn, mä méi wichteg ass, datt d'Leit sech awer selwer weiderbilde kënnen, datt se hir Aarbecht planifiéieren an organiséiere kënnen.

Fazit vun all deem, wat ech elo gesot hunn, mir hunn e Bildungsnoutstand zu Lëtzebuerg. Mir hunn eng Schoul vu Mësserfolleg fir eng enorm Zuel vu Schülerinnen a Schüler. Mir mussen dës Realitéit endlech zur Kenntnis huelen. Mir däerfen d'Resultater vu PISA an all déi aner Donnéeën, déi mer hunn an déi an déiselwecht Richtung ginn, net nach eng Kéier zerrieden, fir keng effektiv Reformen duerchzezéien.

Mir mussen alleguer zesummen, Madame Ministerin, an den ADR ass dozou bereet, am géigesäitege Vertrauen an engem offenen Dialog no de Léisunge sichen, fir onse Schoulsystem esou ze reforméieren, datt mir onser Jugend déi bescht Chancë ginn, esouwuel am Beruff wéi och am Liewen. Mir däerfen net nach eng Kéier soen, et ass net esou wëll, e puer Adaptatiounen a schonns geet et duer.

Dat, Här President, Madame Ministerin, ass dat Eenzegt, wou den ADR kengesfalls bereet ass matzemaachen. Eist Zil muss et sinn, aus enger Schoul vu Mësserfolleg eng Schoul vum Erfolleg ze maachen. A PISA schaaft de globalen Horizont, un deem sech eng Reform strategesch ausriichte léisst.

An onsen Ae gëtt et véier wichtegst Reformfelder.

1. Mir brauchen eng Qualitéitsoffensiv fir d'Leeschtunge vun onse Schüler ze verbesseren. Dofir musse mir nei a méi héich Bildungsziler definéieren an dëst fir all Typ vun Enseignement. Déi momentan Bildungsziler favoriséieren e rengt Fachwëssen, mä keng Kompetenzen. Fir Kompetenzen opzebaue muss den Accent op d'Basisformatioun geluecht ginn, déi Basis, déi jiddferee wéinegstens muss erreechen, an op där jiddfereen da ka seng perséinlech Kompetenzen opbauen. Et sinn d'Fundamenter, op deenen d'Haus opgebaut gëtt.

Mir mengen, datt e Conseil pour l'École oder Haut Conseil pour l'École, wéi Der et wëllt nennen, misst geschafe ginn, deen net nëmmen aus Enseignantë besteet an deen déi Ziler a Kompetenze géing definéieren.

Am Sproochenunterrecht bedéngt d'Dräisproochegkeet, datt lëtzebuergesch Schoulkanner zwar Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch kënnen, déi Sproochekenntnisser awer, wat liesen a schreiwen ugeet, beschtefalls Mëttelmooss sinn.

Och déi mëndlech Beherrschung vum Franséischen a vum Däitschen ass schwaach. D'accord, et ass immens schwéier an zwou Sproochen en Héchstniveau unzestriewen. Mir mussen dofir am Franséischen oder am Däitschen een Héchstniveau ustriewen, an dem Schüler de Choix vun der Sprooch iwwerloossen, an där hien en héijen Niveau wëllt erreechen, jee no senge Kompetenzen, bien entendu. Eng definitiv Léisung vun dëser Fro muss am Dialog fonnt ginn.

Mir mussen den Akzent och op de mëndlechen Exposé setzen. Dat ass bis elo net gemaach ginn. Haut, wann Der vun engem Primaner verlaangt, datt en en 10-Minutten-Exposé ze halen huet, dann ass en incapabel fir dat ze maachen, well en dat nimools gemaach huet. Or, mir brauchen dat ganz oft fir Tester, Opnahmexamen an den Universitéiten ze maachen, a mir orientéieren deen Ablack d'Schüler net an d'Eliteuniversitéiten, mä an aner Universitéiten, well se soss den Test net packen.

Wann een also och wëllt, do wou Geographie oder Geschicht geléiert gëtt, wann dat soll och an der Sprooch vum Enseignement gemaach ginn, dann ass dat eng wichteg Reform, mä déi däerf net nuren um Pabeier stoen, déi muss och a Realitéit duerchgesat ginn, vun de Professeren, vun de Schüler, an et muss och do bei den Elteren eng Informatioun gemaach ginn, datt et esou ass, well soss verstinn d'Elteren net, firwat datt verschidden Explikatiounen net op Lëtzebuergesch gemaach ginn, anstatt op Franséisch oder Däitsch, wéi et sech misst gehéieren.

Wat d'Mathematik an déi naturwëssenschaftlech Fächer ugeet, esou weist PISA, datt dës Fächer ze spéit am Unterrecht agefouert ginn. Et muss méi fréi ugefaange ginn, dës Matièren ze enseignéieren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Thema Kompensatioun: Si muss nure méiglech an onsen Ae sinn, wann de Schüler a senger Spezialitéit, a senge Branches fondamentales eng Note „Bien" huet. Iwwert d'Notioun vun dëse Branches fondamentales misst nogeduecht ginn, an et muss ee vläicht nei Definitioune fannen. Mä dat wat ech domadder wëll ausdrécken, dat ass, datt wann eng Persoun en Elektriker brauch an engem Betrib, da muss ee sécher sinn, datt deen net permanent Kurzschlusse mécht, mä datt en, well en den Exame gepackt huet am Franséischen an am Däitschen a vläicht och nach am Englesche gutt war, mä vum Elektreschen näischt kennt; dat däerf et net sinn.

Ech mengen, dat sinn déi Saachen, op déi et muss ukommen, do mussen d'Akzenter vläicht nei geluecht ginn a méi prezis. Well dat ass och dat, wat mer dobausse vun de Betriber héieren.

Déi zweetwichtegst Reform, déi ons schéngt misse gemaach ze ginn, dat ass déi, datt mer d'Obligation scolaire op 16 Joer mussen erop setzen. Madame Ministerin, mir wäerten och an deem Sënn eng Motioun déposéieren.

Motion 12

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement prévoit en son article 1er que tout enfant âgé de six ans révolus avant le premier septembre recevra pendant neuf années consécutives l'instruction telle que prévue par la loi;

- considérant que la France connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 16 ans et que la Belgique connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 18 ans;

- considérant que le niveau de formation est primordial pour l'insertion professionnelle;

- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire n'a plus la même valeur symbolique et donc le même sens que lors de son instauration en 1912;

- considérant qu'il s'agissait alors d'une obligation pesant sur les familles et les contraignant à faire instruire leurs enfants plutôt que d'en exploiter la force de travail;

- considérant qu'à l'époque il s'agissait pour la société d'exhausser le niveau global de formation pour développer en chacun ses capacités citoyennes et la possibilité de contribuer au développement économique et social du pays en s'assurant un niveau de vie décent;

- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire pèse davantage sur les jeunes que sur les familles;

- considérant qu'il est manifeste que l'école a bien du mal à prendre en charge un certain nombre de jeunes, surtout quand elle les a engagés, parfois depuis la première primaire, dans la spirale de l'échec, les excluant progressivement en quelque sorte de tout projet scolaire positif;

- considérant que dans l'état actuel des choses, sortir les jeunes à 15 ans de l'école revient à les renvoyer à la rue;

- considérant qu'une prolongation de l'obligation scolaire permet de former les jeunes à un plus haut niveau de qualification professionnelle;

- considérant qu'il est évident que les structures actuelles de l'école sont inadéquates, qu'il est indispensable que l'école fasse œuvre d'invention pour offrir des voies alternatives à un certain nombre de jeunes qui ne peuvent plus entrer dans un projet de scolarisation à temps plein;

demande au Gouvernement

- de prolonger l'obligation scolaire à 16 ans;

- de trouver des manières nouvelles d'accomplir l'obligation scolaire à temps partiel à partir de 13 ans;

- d'aboutir à transformer l'obligation scolaire en une obligation de la société d'amener tous les jeunes à un niveau de formation et de qualification minimum facilitant l'insertion professionnelle.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Dat steet am Projet de loi iwwert d'Schoul. Also de Projet de loi ass scho laang déposéiert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech wier just nure frou, wann et och géing elo zur Realitéit ginn. Well et ass dat nämlech, datt mer och gären hätten, datt déi Saachen duerchgezu ginn.

2. D'Schoulstrukturen an d'Enseignementsmethode mussen den Erzéiungsziler ugepasst ginn. Mir mussen den Erzéiungssystem personaliséieren an differenzéieren an de Fäegkeete vun de Schüler upassen. D'Persoun vum Schüler muss un éischter Stell stoen, an net méi d'Klass.

Dofir plädéiere mir zënter engen etleche Jore fir d'Schafe vu Schoulcyclen, zwee Schoulcyclen, wou mer déi zwee Préscolairejoren an déi zwee éischt Schouljoren als een Cycle géingen ugesinn, an als zweete Cycle vum 3. bis 6. Schouljoer. Do baséiere mer ons op e Modell, dee mer zu Genève fonnt hunn. Ech si frou, Madame Ministerin, datt Der och vu Cycles schwätzt, well et dorëmmer geet, fir ze évitéieren, datt mer dat Duerchfale behalen, datt mer de Schüler erlaben, déi Basis, op där muss opgebaut ginn, datt mer deem enge Schüler erlabe fir déi méi lues unzegoen, an deem aneren erlaben, fir e bësselche méi séier duerch de Système ze goen.

Mir mussen och en anere Problem méi konsequent upaken, dat ass d'Integratioun vun eisen Immigrantekanner. Mir wëssen, datt et ronn 40% an onsem Schoulsystem sinn; no deenen Donnéeën, déi Der ons geliwwert hutt. An dofir mengen ech, datt et wichteg wier, datt déi Classes d'accueil, déi mer a verschiddene Gemengen hunn, misste méi generell ugebuede ginn. Well et ass net gutt, datt dat net a verschiddene Gemengen de Fall ass, well se sech dat net leeschte kënnen.

Wichteg ass och, datt all Schüler minimal Kompetenze kritt. Doriwwer eraus soll ee Qualitéitsunterrecht dem Schüler et erméiglechen, méi héich Standarden unzestriewen. Déi aktuell Schoulbicher favoriséiere vill ze vill d'Vermëttele vu Wëssen an net d'Vermëttele vu Kompetenzen. Gläichzäiteg ënnerschätze vill Auteure vu Schoulbicher, wat d'Kanner wierklech leeschte kënnen.

D'Schoul vum Erfolleg muss zesumme mat den Eltere geschafe ginn. Dofir mussen d'Elteren an d'Schoul mat abezu ginn an hir Roll als éischt Erzéier muss unerkannt ginn. Dat bedeit, datt se an alle Strukture musse mat kënnen décidéieren a participéieren. Mä dat bedeit awer och, datt mer d'Elteren net aus hirer Responsabilitéit als Elteren entloosse sollen. A wann ech soen, Elteren, da mengen ech, déi zwéin Elteren, de Papp an d'Mamm, an net nuren deen een oder deen aneren, an dëst souguer wa se divorcéiert oder séparéiert sinn; an ech weess, datt dat och duerch déi Reform vun der Autorité parentale, déi den Här Mosar an ech an enger Proposition de loi proposéiert hunn, och an déi Richtung do geet.

Doniewent brauche mer eng autonom Verwaltung vu Schoulgebaier, esouwuel a pedagogescher Hisiicht wéi budgetärer oder um Niveau vun der Gestion du personnel. D'Schafe vun engem Conseil pédagogique bestoend aus Enseignantë vun engem Gebai misst den Enseignanten hëllefen, hir Aarbecht besser ze maachen.

An de Spill- a Primärschoule muss de Poste vun engem administrative Schouldirekter geschafe ginn. An dësen Direkter dierf kee Schoulmeeschter sinn. Däitschland huet mat der Schafung vun administrative Primärschouldirektere positiv Erfahrunge gemaach.

Déi pedagogesch Autonomie muss verbonne gi mat standardiséierten Tester.

D'Professere musse méi Zäit an der Schoul verbréngen, fir de Schüler méi zur Verfügung ze stoen. Si mussen hir Zäit opdeelen, tëschent dem Unterrecht an der schoulescher Begleedung. Mir ënnerstëtzen heiranner d'Regierung, déi an där Richtung Initiative wëllt huelen. Mä loosse mer nach kucke wat fir eng.

Motion 15

La Chambre des Députés,

- considérant que les résultats aussi bien de la première étude PISA, que ceux de la deuxième étude de PISA sont plus que décevants pour le Luxembourg;

- considérant qu'il faut procéder à une remise en question fondamentale des savoirs et compétences que l'école doit développer chez les enfants et les jeunes;

- considérant qu'une révision des programmes et des méthodes ainsi que l'organisation des cycles scolaires et des services d'accompagnement s'impose;

- considérant que les disparités sociales dans notre société nécessitent une approche plus active de l'État;

demande au Gouvernement

- de prévoir dans chaque établissement de l'enseignement secondaire des infrastructures pour assurer l'accueil et l'accompagnement des élèves hors des heures de classe;

- d'assurer l'accompagnement des élèves par un personnel compétent et en nombre suffisant;

- de réformer l'organisation de l'enseignement secondaire de sorte à assurer une plus grande flexibilité et perméabilité des structures.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

D'Schoulmeeschtere musse geléiert ginn, wéi ee mat Klassen ëmgeet, déi sech leeschtungsméisseg a sozial ëmmer méi differenzéieren. Do wou et Schwieregkeete gëtt, dierfen d'Schoulmeeschteren an d'Proffen net eleng gelooss ginn. Et muss hinnen iwwer eng multidisziplinaresch Hëllef déi Ënnerstëtzung zoukommen, déi si brauche fir hir schwiereg Aarbecht erfollegräich ze meeschteren. D'Erfahrunge weisen, datt d'Hëllef, déi vum SREA ugebuede gëtt, dësem Zil net ganz gerecht gëtt, an dofir muss een dat nei kucken an nei encadréieren. An d'OECD seet an dem Buch iwwer „Renforcer l'autonomie scolaire": „Les politiques de l'éducation: Le facteur principal est dans la pratique scolaire: L'école doit être exigeante et renforcer la discipline."

Ech mengen dat si Reformen, un déi mer mussen denken.

D'Orientéierung am 6. Schouljoer ass den Ament ze fréi an ech mengen do misst se zäitlech wéinstens ëm ee Joer verluecht ginn.

D'Basis, op där dat ganzt Unterrechtswiesen opgebaut ass, gëtt an der Spill- a Primärschoul geluecht. Dofir geet déi vun der Regierung geplangten Ofschafung vum Sëtzebleiwen, onser Meenung no, an déi falsch Richtung. Mir deelen d'Meenung vun den Elteren, déi soen, datt d'Sëtzebleiwen ëmmer nach besser ass, wéi e Kand op eng Voie pédagogique moins exigeante ze schécken. Den ADR schléit dofir Schoulcyclë vir, fir de Problem vum Sëtzebleiwen ze ëmgoen, an ech hunn Iech, Madame Ministerin, virdrun héieren, datt Der och wëllt elo op dee Wee do goen. Ech mengen, da solle mer eis och un dee Modell vu Genève halen, well si hunn deeselwechte Problem wéi mir, mat der Mehrsproochegkeet.

Projets pilotes musse weiderhin ënnerstëtzt ginn. Si mussen awer méi transparent ginn a virun allem muss eng seriö Auswäertung vun deenen eenzelne Projeten erfollegen. Dat geschitt bis elo net.

Mir sinn d'accord, fir op de Wee vun enger Ganzdagsschoul op fakultativer Basis ze goen. Se muss am ganze Land ugebuede ginn. Mir wäerten dëse Problem bei der Diskussioun vum Projet de loi méi eingehend beliichten. Mä mir mengen, datt d'Ganzdagsschoul awer misst am ganze Land agefouert gi während dëser Legislatur, an datt een net soll also eng Expérience pilote maachen, déi während fënnef Joer lafe loossen, bis datt déi nächst Regierung da kuckt, wat se soll maachen. Ech mengen, dat kann et net sinn. Wann och e pedagogescht Konzept do muss an deem Ganzen dra sinn, dann ass et awer net fir iwwert dee Wee elo déi ganz Schoul ënner een neit pedagogescht Konzept do ze leeën.

Ech mengen, déi Reaktioun, déi Der elo vun den Enseignantsgewerkschafte kritt hutt, weist kloer, datt dat doten net vun den Enseignantë gedroe gëtt, datt et an déi Richtung do soll goen. An et wier och déi falsch Richtung, well et ass dat wat net kéint funktionéieren.

Déi zweet Saach, Madame Ministerin, déi an deem Kontext wichteg ass, dat ass, datt wann een d'Ganzdagsschoul, wéi Dir se proposéiert hutt elo, wéilt am ganze Land duerchféieren, da froen ech mech, ob mer déi néideg Leit kéinte fannen, fir dat doten ze maachen. Mir kéinten dat héichrechnen, Madame Ministerin, mir hunn déi Leit am Grand-Duché net. An da gëtt et och déi finanziell Implikatiounen, an ech mengen, datt wann ee budgetär a personalméisseg Problemer huet, da soll een net Experienze wéi Ganzdagsschoulen ugoen, wou een am Viraus weess, datt eleng aus Personalmangel dës Reform net kann zum Droe bruecht ginn.

Drëttens brauche mir alljährlech obligatoresch Standardtester an Evaluatioune vun de Schüler. An deem Sënn gi mer och eng Motioun eran, fir datt mer an onsem Enseignement dat wat een nennt Bilan diagnostique, Bilan d'évaluation au niveau national soll duerchzéien; an d'Iddi fir eng Evaluatioun vun de Lycéeën ze maache fanne mer ganz gutt, Madame Ministerin. Mir sinn och bereet, déi matzedroen.

Mir mengen awer och, datt dat misst bei de Primärschoule geschéien, well et och wichteg ass, datt mer déi Basis, vun där mer ausginn a vun där d'Enseignantë mussen ausgoen, op déi muss am Lycée opgebaut ginn, awer och misste mat kontrolléieren, an dat ass also och de Sënn vun onser Motioun.

Motion 11

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il faut faire le point sur les savoirs et les savoir-faire des élèves à des moments clés de leur scolarité et confronter sur base d'un constat objectif les résultats de l'ensemble des élèves par rapport aux objectifs assignés au système éducatif;

- considérant que l'accord de coalition du 29 juillet 2004 retient «le maintien respectivement l'introduction d'épreuves standardisées à différentes étapes du cursus scolaire, tant dans l'enseignement secondaire que dans l'enseignement secondaire technique»;

- considérant qu'actuellement de telles épreuves standardisées ne sont réalisées qu'au niveau de la sixième année scolaire;

- considérant que ces épreuves standardisées doivent répondre à toute une série de critères objectifs et qu'elles doivent être évaluées à plus bref délai par des organismes de contrôle indépendants;

- considérant que les épreuves standardisées doivent permettre d'établir des données permettant d'évaluer le niveau de compétences individuelles non seulement des étudiants mais aussi des élèves et qu'il s'agit dès lors d'étendre les évaluations aux écoles primaires;

- considérant que des évaluations diagnostiques et des évaluations bilan doivent servir en premier lieu les enseignants mais aussi les responsables politiques pour leur permettre de déceler les limites et les manques du système éducatif et pour faciliter la prise de décisions en matière de politique éducative;

demande au Gouvernement

- de réaliser annuellement au niveau national une évaluation diagnostique devant servir d'outil professionnel aux enseignants et une évaluation bilan servant d'outil de pilotage du système éducatif afin de permettre de déceler les limites et les manques du système éducatif et de contribuer aux décisions en matière de politique éducative;

- d'étendre les évaluations des lycées telles que prévues par l'accord de coalition du 29 juillet 2004 aux écoles primaires.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

D'Evaluatioun vun de Schüler muss en fonction vun den Objektiver a vun de Kompetenzen, déi et ze erreeche gëllt, geschéien, an dëst bei all Etapp um Enn vum Schouljoer, fir ze kucken, ob et an déi richteg Richtung geet. Et kann net esou sinn, datt een eréischt d'Resultater miesst, wann een um Ofschlossdiplom den Examen ofhält. Et kann net esou sinn, wéi et elo ass, Madame Ministerin, datt den éischten Examen, deen déi meescht Schüler maachen, deen ass vum Autosführerschäin. Dat kann et net sinn.

An dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob een och net op Sixième oder Septième den Examen, den Opnahmeexamen, nees als Regel hëlt an déi psychologesch Betreiung als Ausnahm, fir datt ee wierklech de Schüler seet, datt se eng Kéier gefuerdert ginn.

Do musse Modalitéite fonnt ginn, datt mer dat méi realitéitsno maachen, méi der heiteger Gesellschaft an dem wirtschaftleche Kontext entgéintkommen, wéi dat bis elo de Fall ass. Well dee System wéi mer elo fueren ass net gutt. Et ass oft gesot ginn, datt een Examen een Dag Stress wier. Mä ech géing awer och soen, datt déi zwou oder dräi Woche psychologesch Tester an Diskussiounen, etc. och e Stress duerstellen, dee ganz schwéier ass a wou och ganz vill Diskussiounen opkommen.

Véiertens, mir brauche qualifizéiert an engagéiert Enseignanten an eng periodesch Bewäertung vun de Schoulmeeschteren, de Proffen, de Schoulen an de Lycéeën. Ons Enseignanten hunn eng eminent wichteg Roll ze spillen an der Realisatioun vu Reformen. Ouni si, ouni datt si eng Reform matdroen, ass all Schoulreform zum Scheitere veruerteelt.

D'Schafe vun engem Conseil pédagogique an all Schoulgebai soll den Enseignanten hëllefen, gradesou wéi eng Bewäertung vun hirer Aarbecht. Esou eng Bewäertung dierf op kee Fall als eng Bestrofung vum Léierpersonal mëssverstane ginn, mä als e Mëttel fir hir Aarbecht ze verbesseren an aus der Experienz vun anere Schoulmeeschteren ze léieren.

Mä wann een an onsem Land vu Qualifikatioun vun den Enseignantë schwätzt, da muss ee sech fir d'éischt awer och un déi Zuelen erënneren, déi Der ons geliwwert hutt wat de Besoin u Personal ugeet. Och do muss ee virausgesinn, well vill Leit an den nächste Joren a Pensioun ginn, datt mer do e ganz gehéierege Mangel u qualifizéiertem Personal wäerten hunn an datt een also, wéi hei de Sprecher vun der CSV et scho virdru gesot huet, muss kucken, ob een net op d'„native speakers" méi muss zréckgräifen. Well wa mer dat net maachen, da musse mer op Leit zréckgräifen, déi keng Qualifikatioun hunn.

Mir mengen och, datt mer am Enseignement mussen op de Wee goe fir wéinstens um Niveau vun de Primärschoulen en zweete Wee, eng zweet Voie de formation anzegoen, an do déposéiere mer och eng Motioun, Madame Ministerin, wou mer Iech opfuerderen, dass déi Chargé-de-coursen, déi mer elo hunn, wann déi zwee Joer oder dräi Joer - doriwwer kënnt een diskutéieren - Schoul gehalen hunn, datt dat engem Joer ISERP kéint gläichgestallt ginn an datt se sech dann zum Schluss awer missten dem Exame kënne stellen. Dat ass eng Méiglechkeet, déi a Frankräich geschafe ginn ass an déi ons géing hëllefen de Problem ze léisen.

Motion 13

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 6 septembre 1983 portant a. réforme de la formation des instituteurs; b. création d'un institut supérieur d'études et de recherche; c. modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire prévoit actuellement dans son article 1er que la préparation aux fonctions d'instituteur d'éducation préscolaire et d'instituteur d'enseignement primaire comporte un cycle de trois années d'études supérieures;

- considérant que la durée de la formation actuelle des instituteurs du préscolaire et du primaire avec 180 crédits ECTS correspond à un degré de bachelor dans le processus de Bologne auquel le Luxembourg a adhéré;

- considérant que l'Université de Luxembourg considère que 180 crédits ECTS ne sont pas suffisants pour la formation de base des instituteurs de l'enseignement préscolaire et primaire;

- considérant que les syndicats du secteur de l'enseignement partagent également ce point de vue;

- considérant qu'une prolongation de la durée de formation des instituteurs est absolument nécessaire pour permettre aux enseignants de faire face aux défis d'une société en évolution permanente;

- considérant que les enseignants doivent faire face à une grande complexité du système scolaire luxembourgeois avec son multilinguisme et les besoins très diversifiés de ses élèves face aux exigences de l'école;

- considérant qu'une formation prolongée des instituteurs du préscolaire et du primaire sera propice à la qualité de l'enseignement et de la qualité d'une recherche sérieuse en matière pédagogique;

- considérant qu'au vu des piètres résultats de nos élèves à l'échelle internationale une formation prolongée des instituteurs s'impose;

- considérant que la formation des instituteurs aussi bien de l'enseignement préscolaire que primaire doit donc comprendre une formation initiale de 240 crédits ECTS voire de 300 crédits ECTS dans une étape ultérieure;

- considérant que pour éviter un accroissement de la pénurie d'enseignants, l'extension de 180 à 240 crédits ECTS ne peut se faire que si enseignement et formation se font simultanément durant la 4e année de formation selon des modalités à définir;

- considérant que la question de la prolongation de la formation des instituteurs doit être analysée indépendamment des questions de salaires et de carrières professionnelles des enseignants;

demande au Gouvernement

- de faire le nécessaire pour aboutir à une formation initiale de 240 crédits ECTS des instituteurs des enseignements préscolaires et primaires selon des modalités à définir.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Mä och do mengen ech, datt mer nei Weeër musse goen. Mir mengen och, datt mer déi Schoulstudië vum ISERP, déi elo dräi Joer daueren, missten op véier Joer eropsetzen a vläicht souguer op fënnef Joer an datt mer dat mussen an Etappe maachen, well wa mer et op ee Coup maachen, da kréie mer ee Problem, dat ass, datt ee Joer dann deen Ablack keng Enseignanten zur Verfügung stinn.

Dofir kann et net iwwert dee Wee goen, a mir mengen, datt au contraire duerch e Mix vun Enseignement a Formatioun kënnt eng Léisung kommen, an dofir déposéiere mer och an deem Sënn eng Motioun, datt mer do op de Wee ginn, fir den ISERP, also d'Schoulmeeschteschformatioun, vun dräi op véier Joer an enger éischter Etapp eropzesetzen.

D'Formation continue muss awer och fir all Enseignant während der ganzer Carrière obligatoresch sinn, an dëst ënner ähnleche Konditioune wéi dëst scho fir d'Enseignanten an den dräi éischte Joren de Fall ass.

Motion 14

La Chambre des Députés,

- considérant la mission fondamentale qui revient à l'école publique dans l'éducation des enfants;

- considérant que face à la pénurie de personnel breveté, il a été procédé au recrutement de chargés de cours pour assurer tant des cours d'enseignement que l'encadrement des élèves;

- considérant qu'une priorité absolue doit être accordée au personnel breveté pour occuper les postes vacants d'enseignants de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;

- considérant qu'au vu de la pénurie d'instituteurs brevetés il y a notamment lieu de créer une nouvelle voie d'accès à la profession d'instituteur breveté;

- considérant que les chargés de cours pouvant faire valoir une expérience professionnelle de plusieurs années doivent pouvoir accéder à la profession d'instituteur diplômé à condition de se voir offrir des cours de formation et de réussir à l'examen d'accès à la profession;

demande au Gouvernement

- de poursuivre les efforts de recrutement de personnel breveté;

- d'organiser une formation continue permettant aux chargés de cours de parfaire leur formation et leur expérience professionnelle acquise;

- de prévoir, dans le cadre de l'élaboration d'un projet de loi portant sur la réforme de la formation des instituteurs, la possibilité d'une deuxième voie de formation permettant d'accéder à un diplôme d'instituteur.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Wann een d'Zuele kuckt wat mir u qualifizéierten Enseignantë brauchen, a speziell wann een d'Ganzdagsschoul wëllt afeieren, da muss een och iwwer eng Erhéijung vun der Tâche vun den Enseignantë schwätzen. Déi sou genannte Gagastonnen, déi dozou gefouert hunn, datt en Enseignant scho mat 35 Joer déi éischt altersbedéngten Décharge kritt, si schwéier ze verstoen. Ech weess, dëst ass e waarmt Eisen, mä et muss awer diskutéiert ginn. Well ech gesi schlecht, datt mer ouni iergendeng Reform op deem Gebitt do déi ambitiéis Ziler, déi mer ons alleguerte wëlle ginn, kënnen duerchzéien.

An dofir wëll ech och d'Madame Ministerin ganz kloer froen, ob si an dëser Legislatur wëlles huet iwwert d'Tâche vun den Enseignanten ze schwätzen. Sot mer Jo, sot mer Neen. Ech mengen do ass eng Debatt amgaangen, mä et muss een de Problem ugoen. Et ass besser mir maachen et am Ufank vun der Legislatur, wéi datt dat nach permanent hin an hier geet.

En anere Problem, Madame Ministerin, wëll ech just an engem Saz soen, dat ass dee vun de Schoulgebaier. Et ass net an der Rei, datt et bal siwe bis aacht Joer dauert. Dat ass e Problem an do muss d'Regierung sech domadder eens ginn, datt se do muss eng gehéierlech Reform duerchzéien.

Mir appeléieren un d'Regierung fir endlech ze handelen. Regéieren heescht de Risiko vun enger tatsächlecher an ëmfaassender Schoulreform unzegoen, am Dialog mat allen Interesséierten. Dëst Joer muss et nach zu esou enger Reform kommen. Do mussen d'Weiche gestallt ginn. D'Zäit drängt. Et geet ëm eis Kanner an hir Zukunft.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Castegnaro agedroen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll mech dann un deem Frontalunterrecht vun haut de Mëtteg bedeelegen, mech deem uschléissen an der Hoffnung, dass et méiglech ass dann awer déi richteg Konklusiounen ze zéien a virun allem déi dann och ëmgesat ze kréien am Interesse vun der Schoul a vun de Kanner.

Sécherlech, no PISA I ass PISA II e weidere Bestanddeel vun enger neier Gespréichsronn iwwert d'Stäerkten an d'Schwächte vun eisem gesamte Schoulsystem. Mir sollten dës Debatt awer esou féieren, dass mer déi Analys vun eisem Schoulsystem zukunftsorientéiert féieren, dat heescht net mam Bléck zréck. Dat heescht och keng Scholdzouweisungen a lamentéieren, mä de Bléck an d'Zukunft mat der Gewëssheet, dass mir als Parlamentarier eng riseg Responsabilitéit ze droen hu vis-à-vis vun eiser Jugend, mä och vis-à-vis vun der ganzer Gesellschaft, awer och eng sozial a wirtschaftlech Responsabilitéit dësem Land a senge Mënsche géintiwwer, iwwert den Thema Schoul eraus, ze droen hunn.

Dee beschte Schoulsystem ass méi wéi jee de Schlëssel zum Erfolleg, ass d'Ausgangsbasis dofir, dass Lëtzebuerg sech an der Europäescher Unioun vun de 25, mä awer och an der industrialiséierter, globaliséierter a mondialiséierter Welt behaapte kann. Och do geet et ëm d'Interesse vun de Mënschen a vun dësem Land. En Erfolleg vun der Schoulpolitik ass déi beschte Basis, awer och d'Viraussetzung fir Chancëgläichheet a fir sozial Kohärenz an eiser klenger a multikultureller Gesellschaft.

Mir si méi wéi jee, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Erfolleg verdaamt a mir hunn et hei zu Lëtzebuerg a villen anere Beräicher an der Vergaangenheet fäerdeg bruecht iwwer politesch, ideologesch a reliéis Ënnerscheeder ewech d'Erausfuerderungen unzehuelen, gemeinsam unzegoen an entspriechend Léisungen ze fannen. An de Wonsch ass deen, dass et an der Schoulpolitik och esou misst sinn.

Mir musse parteieniwwergräifend mat allen Acteuren, dat heescht och mat de Familljen, mat de Kanner, mat de Schüler, mat de Gewerkschaften, mam Patronat dëst Land zeideg maache fir d'Wëssensgesellschaft.

Dofir brauch een e staarkt Partenariat, wat kritesch awer décidéiert déi schoulpolitesch Weichestellung virhëlt, fir dass all déi, déi zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, eng Chance hunn, fir am Konkurrenzkampf mat der Wëssensgesellschaft aus anere Länner, mä och am Konkurrenzkampf, deen ëmmer méi haart gëtt, ëm déi eenzel Aarbechtsplaz, och am eegene Land, fir do eis kënnen ze behaapten. An dat ass net géint d'Grenzgänger geriicht, mä dat ass eng Fro vu Chancëgläichheet. Eis Mënsche mussen déiselwecht Chancen hu wéi all déi aner, fir kënnen ze iwwerliewen.

Mä och d'Zukunft vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ass eppes wat ee muss zesumme gesi mat der beschter Schoul-, Beruffs- a Weiderbildung, an duerfir sollte mer keng Zukunftsängschte verbreeden, mä mir sollten dat upaken a mir sollten och dat vermëttelen, wat eis Leit brauchen, nämlech keng Angscht virun der Zukunft a virum Beruffsliewen ze hunn. A mir mussen eis drusetzen, well de Wirtschaftsstanduert attraktiv muss bleiwen. Attraktiv, soen ech ëmmer erëm, duerch de beschte Schoulsystem, deen dann erëm eng Kéier héich sozial Standarde garantéiert, mä och soziale Fridden an domat eng staark a solidaresch Kohärenz duerch ebe Chancëgläichheet queesch duerch eis Gesellschaft.

A mir hunn, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, e Potenzial dofir a mir hunn d'Méiglechkeeten an d'Viraussetzungen, an déi sollte mer notzen. Mir sollten am Konsens versichen d'Léisungen ze fannen an net an der Rechthaberei oder am Géinteneen, well dat geet op Käschte vun eise Kanner. A mir sollte wëssen, dass e liewenslaangt Léieren eng Konditioun, eng Viraussetzung méi wéi jee ass, fir sécher, gutt bezuelten a konkurrenzfäeg Aarbechtsplazen ze kréien.

Mir riede jo scho laang net méi nëmmen iwwer PISA, mä mir schwätzen am Endeffekt, Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert d'Roll an de Stellewäert vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun a mir schwätze vun der Europäescher Unioun an hirem Stellewäert am Konkurrenzkampf mat anere Kontinenten a Wirtschaftsimperien.

An dat féiert mech zur Lissabon-Strategie vun 2000, an dat gëllt och fir déi ugepasste Strategie vu muer, déi weiderhin d'Wëssensgesellschaft als eng éischt Prioritéit gesäit. Och well déi 450 Milliounen EU-Bierger, an dovu 450.000 Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, deen eigentleche Räichtum an där EU duerstellen. Dat mënschlecht Kapital, wa richteg an dat investéiert gëtt, da bitt et d'Garantie fir kompetitiv ze sinn, fir innovativ ze sinn, fir qualitativ ze sinn an domat Wirtschaftswuesstum, Nohaltegkeet an Innovatiounscapacitéiten ze erméiglechen, am Beräich vun der Recherche am Allgemengen, mä och an der Ëmwelttechnologie am Besonneschen. Dat ass och eng wesentlech Viraussetzung fir d'Erëmhierstelle vun der Vollbeschäftegung.

Mir lamentéieren, kräischen zu Recht iwwert dee milliounefache Chômage an der Europäescher Unioun an och dee wuessende Chômage bei eis. Wa mer eng gutt Schoul hunn, déi bescht Schoul hunn, da brénge mer et fäerdeg bei eis an an deenen aneren europäesche Länner, d'Vollbeschäftegung erëm hierzestellen, Fridden ze garantéieren, soziale Fortschrëtt ze garantéieren. Mä mir bréngen et och esou fäerdeg, de Riets- an de Lénksextremismus ze verhënneren. An duerfir si mer alleguer gefuerdert. Dat sollte mer eis bewosst sinn, an eis och esou uleeën.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn der Meenung, dass mer all an eiser Gesellschaft de Reformwëllen, dee jo awer erkennbar ass, sollte positiv ugoen. An dat gëllt och fir déi Diskussioun, déi elo ufänkt, iwwert déi noutwendeg an iwwerfälleg Reform vum Schoulgesetz vun 1912. Dat gëllt och fir de Pilotprojet „Neie Lycée". Dat gëllt och fir déi positiv Erfahrungen, déi mer am Précoce gemaach hunn, déi menger Meenung no ze generaliséieren sinn an, firwat net, obligatoresch ze maache sinn. Natierlech mussen dann d'Rahmebedingungen och stëmmen.

Dat gëllt och fir déi bescht Ausbildung vun eisen Enseignanten, an dat op héchstem Niveau. An d'Fro sollt gestallt ginn, firwat mer net méi och iwwert den Enseignant unique schwätzen, fir dass mer wierklech op héchstem Niveau Schoul kënnen halen an dass mer an alle Schoultypen Ausbilder hunn, déi d'Garantie fir eng optimal an zukunftsorientéiert Schoul garantéiere kënnen.

Jo, d'Schoulprogrammer mussen ugepasst a moderniséiert ginn, mä ech warnen och dervir, dass dat ëmmer op Käschte vun der realer Schoulzäit geet, déi net weider kann no ënne reduzéiert ginn. Ech wëll domat soen, d'Schoulprogrammer däerfen am Endeffekt net d'Affer gi vun enger Stonnen- oder Aarbechtszäitorganisatioun an eise Schoulen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg huet a senger rezenter Vergaangenheet grousszügeg an d'Kultur, de Sport an d'Stroossen investéiert. Mir sollten nach vill méi grousszügeg si mat eisem gesamte Bildungssystem a mat all deenen, déi vun deem System betraff sinn. Et sinn dat déi richteg, wichteg an noutwendeg Investitiounen an d'Zukunft an domat och an d'Zukunft vun eise Mënschen. Dat gëllt och fir d'Erwuessenebildung, fir d'Beruffsausbildung. Dofir ass och d'Diskussioun iwwert d'École de la deuxième chance oder den zweete Bildungswee et wäert, dass se gefouert gëtt an dass mer Äntwerten dorop ginn.

Mä ech wëll een negative Punkt ervirsträichen: Zënter Wochen a Méint ginn d'Primë gestrach fir déi Leit, déi keng Chômageënnerstëtzung hunn, mä bereet sinn a sech ageschriwwen hunn an Erwuessenebildung, déi bis do ënnerstëtzt gi sinn a wou elo d'Ënnerstëtzunge gestrach gi sinn. Dat ass net de richtege Wee. Dat découragéiert déi an hëlt de Courage vun deenen, déi sech wëllen investéieren, fir och an der Zukunft eng Plaz an eiser Aarbechtsgesellschaft ze hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauchen e Wäissbuch. Ech weess, mir hu ganz vill Dokumenter, déi eis stéckchesweis soe wou mer dru sinn. Mä e Wäissbuch, wat global gesi misst Mängel, Schwächten, Réckstänn am Bildungswiesen opzeechnen. Ech mengen domat och en Inventaire betreffend déi schoulesch Infrastrukturen, mä respektiv och déi, déi feelen, oder déi, déi mangelhaft sinn. A mir brauchen eis op deem Gebitt wierklech net ze bretzen.

Mir bräichten eigentlech de Bau vun zwee Lycéeë pro Joer fir d'Capacitéiten ze kréien a fir den Nachholbedarf opgeschafft ze kréien.

Firwat maache mer net och ee Verglach mat den „best practices" an anere Länner? Mir mussen d'Rad jo net ëmmer nei erfannen. An der Privatwirtschaft gëtt de Benchmarking gemaach. Firwat kann een dat net och an der Schoul maachen? Obwuel ech weess, dass et géifierlech ass, wann Äppel riskéiere mat Bire verglach ze ginn.

Mä ëmmerhin e Wäissbuch oder en Inventaire kënnt eis prezis Opklärung ginn. Éischtens, wéi vill Schoulgebaier hu mer? Wéi vill a wéi schnell brauche mer zousätzlech Gebaier? Zweetens, wéi sécher a qualitativ sinn eis Schoulgebaier? D'Gefill vun der Sécherheet, vum noutwendege Raum, vun der Propretéit, vun der Qualitéit sinn och wichteg Deeler, wa Léiere Spaass soll sinn. De Contraire geschitt bei eis opgrond vu ville Mängel. Drëttens, wéi vill périscolaire Ariichtunge brauche mer? Ech menge Kantinnen, Crèchen, Openthaltsstrukturen. Wat däerfe se kaschten?

Wa mer den EU-Kritären, de Lissabonner Ziler wëlle gerecht ginn am Sënn vu méi „employability", dat heescht permanent den Undeel vu Fraen um Aarbechtsmaart erhéijen, mä och den Alter insgesamt, de Rentenalter erhéijen - wat ech aneschters gesinn, wéi déi Leit dat do ëmschriwwen hunn -, da musse mer déi Infrastrukture schafen, well mer am anere Fall d'Liewensqualitéit vun eise Familljen a Fro stellen, well d'Chancëgläichheet riskéiert weider reduzéiert ze ginn. Mir brauchen Opfangstrukturen, wou keng Zweeklassegesellschaft da besteet, mä wou jiddfereen eng Plaz muss fannen, wa mer all deenen anere Kritäre sollten oder misste gerecht ginn.

Véiertens, wéi vill a wat fir eng Enseignantë brauche mer? Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir stinn ëmmer an deem Bildungswiese virun engem risege Chantier, dee wuel ëmmer eng Baustell wäert bleiwen. Mä ass et dann net och esou, dass d'Familljen, dass vill Leit an dësem Land d'Gefill hunn, dass d'Schoul bei eis zënter Joren en Experimentéierfeld ass an dass eis Kanner zu Versuchskanéngercher erofreduzéiert gi sinn?

Esou mécht d'Léiere kee Spaass, esou ass d'Vertrauen an d'Schoul net do, esou kënnen d'Resultater net gutt ginn, a mir sollten eis ëmmer erëm drun erënneren, dass et ëm Mënsche geet, ëm jonker an ëm aler, ëm Meedercher a Jongen, ëm Fraen a Männer, déi an alle Phasë vum Liewen haut Schoul a Form vu Schoul, vu Beruffsausbildung, Erwuessenebildung a Weiderbildung brauchen.

Wa mer d'Zukunftschancë wëlle garantéieren, da geschitt dat éischtens iwwer Chancëgläichheet, déi den Ausgangspunkt am gesamte Bildungs-, Ausbildungsan an der gesamter Weiderbildungspolitik ass.

Mir brauchen zweetens eng Finanzpolitik, finanziell Moyenen, déi keng budgetär Aschränkungen erlaben. Natierlech huet alles e Präis oder kee Präis. Mir soen, d'Bildungspolitik, d'Schoulpolitik ka kee Präis hunn, och wa mer wëssen, dass et e Käschtepunkt duerstellt, an duerfir musse mer genausou dru schaffen, dass Effizienz garantéiert ass, dass dat Geld, wat zur Verfügung gestallt gëtt, an dat, wat mer nach brauchen, sënnvoll an nëtzlech agesat gëtt.

Drëttens, soen ech, an ech betounen dat, musse mer endlech d'Baulandspekulatioun upaken, fir dass mer déi noutwendeg schoulesch Infrastrukturen an der richteger Zäit kënnen opriichten. Kolleeginnen a Kolleegen, ouni et ze verdéiwen, et ass en Hohn, dass d'Kanner zu Lëtzebuerg a Container an d'Schoul ginn, wéi zum Beispill an der Schoul Jenkert. Dat ass en Hohn wou mer eis musse schummen, selwer musse schummen, dass et esou wäit huet misse kommen.

Véiertens, d'Qualitéit vun eisen Enseignantë muss déi bescht sinn. D'Uni Lëtzebuerg bitt hei eng Chance, déi mer net sollte verdinn.

Fënneftens, den Dialog, d'Partnerschaft mat all deenen, déi um Schoulsystem bedeelegt sinn, muss méiglech ginn. Vun de Kanner iwwert d'Elteren, d'Politiker, d'Gewerkschaften, d'Enseignanten, d'Patronen: All Acteure mussen hei gehéiert ginn a matschaffen.

Sechstens, d'Employability, d'Vollbeschäftegung, héich sozial Standarden, Kompetitivitéit, Innovatiounsgeescht, en attraktive Wirtschafts- a Finanzstanduert, alles dat setzt déi bescht Wëssensgesellschaft viraus, an et gesäit een a Länner wou dat fonctionnéiert oder besser fonctionnéiert, dass déi Investitiounen do an d'Mënschen sech fir d'Mënschen a fir déi Länner bezuelt maachen an dass d'Zukunftschancen ouni Zweifel do méi grouss sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollten duerfir méi iwwert d'Léisunge wéi iwwert d'Problemer schwätzen. Déi Problemer, déi dann optauchen, muss een dann och upaken. Mir sollten och net an de Feeler verfalen, elo schonn iwwert d'Gemengefinanzen ze lamentéieren. Wann d'Gemenge méi gefuerdert ginn, wann do méi Gerechtegkeet noutwendeg ass, och dat muss dann diskutéiert ginn. Esou wéi mat der Familljeministerin iwwert deen Deel muss diskutéiert ginn.

Mä mir mussen eis fir d'éischt en Zil, en Objektiv stellen. Wat wëlle mer erreechen? Wat musse mer erreechen? Da musse mer kucken, wéi déi Problemer, déi sech erginn, geléist kënne ginn. Alles dat féiert zu enger fundamentaler Reform, alles dat bedeit da Chancëgläichheet, a mir wëlle jo déi Chancëgläichheet. Mir wëllen, dass eis Mënschen an dëst Land eng Chance an der Zukunft behalen, an ech géing schlicht an einfach soen: Kommt mir lamentéiere manner, kommt mir kritiséiere manner, mä kommt mir paken et un!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Als nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter agedroen. Madame Loschetter!

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mäin Uleies ass et iwwert de Volet Beruffsausbildung ze schwätzen an déi wichteg Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt ze ënnersträichen. An tatsächlech ass an deem Regierungsdokument beim Titel „Les enjeux pour l'avenir" och direkt éischtens de Marché du travail, zweetens d'Cohésion sociale an drëttens déi faméis Lissabonner Strategie opgelëscht.

A genau dorëms geet et, Här President, nämlech mat deenen Ingrédienten an dësem Sous-titre Neel mat Käpp ze maachen. Mir hunn nämlech, nieft der klassescher postprimairer Schoul, wou et eng ganz Panoplie vun Handlungsfelder gëtt, déi mäi Kolleeg Claude Adam jo scho beschriwwen huet, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Zäitbomm, déi tickt, nämlech déi aus dem Ënnergrad vum Enseignement technique. An zwar bei deenen iwwer 20% vu Schüler a Schülerinnen, déi bis elo all Joers d'Schoul verloossen ouni iergendee Certificat an der Täsch ze hunn.

A wa mer wëssen, dass iwwert d'Halschent vun dëse jonke Leit Netlëtzebuerger sinn, hu mir nieft engem Aarbechtsmarchéproblem an nieft engem Produktivitéits- a Kompetitivitéitsproblem ganz kloer och e Cohésion-sociale-s-Problem. An ech géif och gären der Ministesch soen, dass wuel d'Cohésion sociale vläicht an der Primärschoul stattfënnt, mä dass se nach laang net no der Primärschoul ophält. Si fänkt eigentlech do un. Mä et ass no der Primärschoul wou et ufänkt ze hapere mat der Cohésion sociale. An dee Problem vu Cohésion sociale ass net nëmme fir d'Auslännerkanner a Jugendlecher, déi en cours de route an eise Schoulsystem erageklomme sinn, mä och fir déi Jugendlech, déi säit Joren a Jorzéngten hei am Land grouss gi sinn, siefen et Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger.

Am leschten „Rapport conjoint sur l'inclusion sociale" vun der Division Emploi et Affaires sociales vun der Europäescher Kommissioun si fir Lëtzebuerg fënnef Objektiver festgehale ginn. Dorënner och - an ech zitéiere kuerz - : „renforcement du dispositif de lutte pour l'inclusion sociale en faveur des jeunes de moins de 25 ans. Deux volets de mesures sont prévus: d'une part prévenir les ruptures professionnelles et d'autre part programmer des interventions spécifiques en faveur des jeunes confrontés à une situation de détresse." Net méi spéit wéi gëschter huet och de Rapport vum Conseil économique et social op dee Problem vun der Schoul an dem Schoulofgank higewisen.

De Facteur Cohésion sociale gëtt vill gebraucht. E gëtt oft mëssbraucht an als Alibi-Notioun an e reng ekonomesche Kontext gesat. Dëst ass méiglech an einfach ze maachen, well et net onméiglech, mä dach awer schwiereg ass, d'Cohésion sociale ekonomesch ze chiffréieren. Den Intérêt, fir do déi passend Indicateuren ze recherchéieren, ass och relativ kleng.

D'Schoul soll op d'Aarbecht an op de Beruff preparéieren. Mä d'Schoul soll virun allem op d'Liewe preparéieren. Dat ass schonn hei haut de Mëtteg des Öftere gesot ginn. An dozou gehéiert awer virun allem, dass eis jonk Matmënschen d'Schoul verloosse mat enger Tromp an der Täsch. Eng Tromp, déi hinnen déi noutwendeg Autonomie a Selbstsécherheet gëtt, fir sech esou gutt wéi méiglech duerch d'Liewen ze schloen. Mir wëssen awer, dass all Joer, säit Joren an esou och d'lescht Joer, eng ronn 2.000 Schüler a Schülerinnen ouni Certificat d'Schoul verloossen, a vun deenen all Joer eng Groziffer vu ronn 300 Schüler a Schülerinnen, déi néierens méi erëmzefanne sinn, déi doheem sëtzen oder op der Strooss sëtzen oder Gott weess wou sëtzen.

Fir esou ee Jugendlechen, dee sech aus der Schoul verdréckt, well hien do nëmmen Échecen erlieft huet, well hien do keng Zukunftsperspektiven erbléckt huet, dee sech selwer opginn huet, well eigentlech all Mënsch hie schonn opginn huet, ass et immens schwéier, fir sech dann nach aktiv op d'Sich no enger Aarbecht ze maachen oder déi Démarchen ze ënnerhuelen, fir an eng Aarbechts- oder Ausbildungsmesure eranzekommen. A wéi ech et schonns gesot hat wéi mer eben iwwert de Mindestloun heibanne geschwat haten, widderhuelen ech et och haut nach an dësem Kontext: Mir zillen eigentlech eis Mindestléiner an eise Schoulen a mir zillen och eis RMGisten an eise Schoulen.

D'Cohésion sociale erhalen, „question vitale pour notre pays" heescht et am Rapport vun der Regierung, heescht awer an eisen Aen an dësem Kontext endlech effikass Brécken ze bauen tëschent der Schoulpolitik, Aarbechtspolitik a Sozialpolitik. A mir musse feststellen, dass et grad do op dësem Niveau vun der Schoulorganisatioun ass, do wou d'Schoul hir éischt Kontakter mat der Aarbechtswelt huet, dass et dach do ass, wou d'Cohésion sociale gefährdet ass, nämlech am Ënnergrad vum Lycée technique.

D'Bröckele vun der Cohésion sociale an dëse Lycéeë gesäit een net nëmmen un hire Gebaier, dës Saach huet jo och schonn d'lescht Woch esouguer eise Premier schockéiert, wéi hien déi Biller op der Télee vun engem Schoulgebai gesinn huet, dat tatsächlech den Numm vun engem Schoulgebai net méi verdéngt.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, där Schoulgebaier gëtt et nach am Land. An duerch Zoufall ass et och esou, dass et an dëse Gebaier ass, wou de Régime préparatoire aus dem techneschen Ënnergrad ënnerbruecht ass. Op dëse Plazen deet sech eben d'Lobbyaarbecht méi schwéier. An ech muss och de Premier an allem Respekt nach eng Kéier dorun erënneren, datt hien awer un der Spëtzt ass vun där Partei, déi säit Jorzéngten den Educatiounsministère an de Bauteministère besetzt.

(Interruptions)

Do schéngt sech och d'Lobbyaarbecht, Här Mehlen, an d'Kommunikatioun schwéier ze doen.

Brécke bauen, besser koordinéieren, mä och anescht nei strukturéieren, ass haut noutwendeg fir dësen Deel vun der Schoul esou ze gestalten, fir dass se fit ass fir déi nei Erausfuerderungen. An obwuel et eng ganz Rei vu Servicer gëtt, där hir Aarbecht et ass déi jonk Leit ze begleeden, virdrun, während, oder no hirer Scolaritéit, hirer Formatioun, an enger Mesure bei engem Patron an esou weider, stëmmt et och, wéi et am Dokument vun der Regierung steet, datt dës Instanze misste besser matenee koordinéiert ginn, a munche Fäll iwwerhaapt emol matenee koordinéiert ginn.

Mir mengen, datt et doriwwer eraus noutwendeg wier, net nëmmen d'Form, mä och den Inhalt vun dësem Accompagnement ze iwwerdenken. Et feelt u Kommunikatioun tëschent der Aarbechtswelt an der Schoul. All Acteure mussen sech an eisen Aen un een Dësch setzen an zesummen déi beschte Méiglechkeeten entwerfen. Mir mussen d'Aarbechtswelt méi mat abannen an d'Ausbildung an an d'Mesurë vun de Jugendlechen a mir mussen onbedéngt Beréierungsängschten tëscht Jugendlecher engersäits an Aarbechtswelt-Acteuren anerersäits ënnerbannen.

Dozou gehéieren och méi a besser preparéiert a suivéiert Stagen, wou et kloer ass, oder wou et kloer gëtt, wie fir wat zoustänneg ass a verantwortlech ass, well oft fillen sech esouwuel de Stagiaire wéi och de Patron de stage eleng gelooss. Mir dierfen net vergiessen, datt Betriber e wichtege Partner sinn an allen Ausbildungsdémarchen. Leider kënnt e jonke Mënsch aus engem klasseschen oder aus engem technesche Lycée kaum mat der Aarbechtswelt a mat hire Beruffer a Kontakt, sief et hie muss eben, wéinst senge widderhuelten Échecen, aus der Schoulbänk réckelen a mat engem dach awer batteren Nogeschmaach oft sech fir d'éischt bei ee Patron beginn. Dat kann an dierf haut net méi de normale Wee sinn, fir de Schratt vun der Schoulwelt an d'Aarbechtswelt ze maachen.

Dofir gehéiert och zum Redressement vum schifen Tuerm vu PISA hei zu Lëtzebuerg, d'Aarbechtswelt mat der Schoulwelt mateneen an enger nohalteger an effikasser Kommunikatioun a Kollaboratioun ze verbannen. Nëmmen esou kënne mir, a mir sinn dofir heibanne verantwortlech, d'Cohésion sociale garantéieren, den Objektiver vun der Lissabonner Strategie méi no kommen, an awer last but not least all eise Jugendlechen, ob Jongen oder Meedercher, Auslänner oder Lëtzebuerger, eng beschtméiglech Ausbildung mat op de Wee ginn; engersäits eng Beruffsausbildung, anerersäits awer och eng Liewensausbildung.

Dat gehéiert och an eisen Aen zu der Aufgab vun der Schoul an dofir ginn ech dann am Numm vun deene Gréngen déi zéngt an déi lescht Motioun of, déi eng besser Kollaboratioun tëschent Schoul an Aarbechtswelt hei ënnersträicht, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Wann ech gelift.

Motion 16

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats de l'étude PISA 2000 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2001;

- considérant les résultats de l'étude PISA 2003 sur les performances des élèves de l'école publique luxembourgeoise, publiée en décembre 2004;

- considérant le nombre élevé des jeunes qui quittent l'école sans diplôme ni certificat et souvent sans autre alternative que celle de se retrouver seul face à l'organisation de leur vie «post-scolaire»;

- convaincue que des mesures efficaces et cohérentes s'imposent pour améliorer d'une façon durable le passage des jeunes, souvent en difficultés, du monde de l'école vers le monde du travail;

invite le Gouvernement

- à rassembler toutes les initiatives existantes ayant comme mission de conseiller et d'accompagner les jeunes filles et les jeunes garçons en formation professionnelle ou voulant entrer dans une mesure de formation professionnelle afin de restructurer l'offre de suivi et de coordonner leurs services;

- à inclure les chambres professionnelles dans ce processus de restructuration, notamment en améliorant la communication entre patrons de stage, conseillers à l'apprentissage, personnel enseignant et personnel socioéducatif, les jeunes concernés ainsi que leurs parents;

- à instaurer une instance responsable de la restructuration de l'offre de suivi des jeunes en formation par une supervision efficace et régulière des actions menées à tous les niveaux pour garantir un accompagnement des jeunes filles et des jeunes garçons du monde de l'école vers les premiers pas dans le monde du travail.

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Diederich agedroen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer just no mengen zwee Virriedner vun der Fraktioun nach kuerz op e puer Punkten anzegoen.

Zum Thema Hausaufgabe wëll ech soen, dass zu deem wat no der Schoul nach muss erleedegt ginn, do däerf de Schüler, deen aus diverse Grënn doheem keng Hëllef ka kréien, net eleng gelooss ginn. Et däerf net sinn, datt déi Hëllef, déi e brauch, ofhängeg ass vun der Zäit, déi seng Elteren disponibel sinn, vun hirem eegenen Niveau de formation oder vun hire finanzielle Moyenen.

Wann ee bei dësem Thema ëmmer erëm héiert, datt d'Elteren d'Verantwortung op deem Gebitt fir hir Kanner hunn, esou ass dat sécher ze begréissen a vill Eltere kommen dëser Flicht och no. Wou dat awer net de Fall ass, sinn d'Kanner bestëmmt déi lescht, déi fir dës Situatioun kënne verantwortlech gemaach ginn. Datselwecht gëllt, wat elo grad gesot ginn ass, vu gesellschaftleche Verännerungen an de Familljestrukturen, Problemer an der Konsumgesellschaft, och do sinn d'Kanner, géif ech soen, wéinstens net eleng ze culpabiliséieren.

Une voix.- Iwwerhaapt net!

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Iwwerhaapt net.

Et ass d'Missioun vun der Politik, vum Ministère de l'Éducation nationale, fir an der Schoul an no der Schoul, am Appui a bei der Hausaufgabenhëllef, déi beschtméiglechst Konditiounen ze schafe fir alle Kanner hir Chance ze ginn, hir eege Potenzialitéiten ze valoriséieren, dëst am Sënn vun enger méiglechst grousser kultureller a sozialer Equitéit. Dëst bedéngt awer och, datt iwwert d'ganzt Land méiglechst déiselwecht Servicer kënnen ugebuede ginn, och an deene Gemengen, déi net esou finanzkräfteg sinn oder net iwwert déi néideg Masse critique verfügen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Wat de Sproochenunterrecht ubelaangt, esou musse mer déi besonnesch lëtzebuergesch Situatioun als en Atout gesinn, eise Schüler ee Maximum u sproochleche Kompetenze mat op de Wee ginn, déi fir si vu groussem Virdeel kënne sinn, wa si iwwer eis Grenzen eraus ginn, awer och heiheem am Kontakt mat ëmmer méi auslännesche Mataarbechter oder Matbierger.

D'Ufuerderungen an de Sproochen däerfen awer keen Obstakel sinn op dem Wee vun der berufflecher Qualifikatioun. Wann am Secondaire classique eng gutt Allgemengbildung ouni Zweifel och nach haut ganz wichteg ass, sou kéint awer ee Réajustement op eenzelne Sektiounen ubruecht sinn. Ech mengen domadder zum Beispill, mir hunn héieren, mir ware méi schwaach an de Sciencen an an der Mathematik, a keng Universitéit verlaangt herno, dass mer an deenen dräi Sproochen eist Unisstudium viruféieren. Ech mengen déi meescht Studente vun eis ginn an enger Sprooch virun, an dat ass och eng Kéier emol vläicht nei ze iwwerdenken.

Am Secondaire technique ass et nach méi wichteg, ech mengen do

och déi Dräistufung vum Technique op den Technicien an de Professionnel, do gëllt et eng ganz Rei nei Réajustementer ze maachen. Ech wëll ee Beispill zitéieren, ech hat virun zwee Joer ee Schüler op enger Techniciens-Klass, ech kann Iech soen, de Jong huet déi éischt Stonn zu mer gesot, wéi ech e puer Saache gefrot hunn - an d'Treizième war dat -: Ech ka kee Franséisch. De Schüler hat jo awer du scho wéinstens zéng Joer Franséisch gemaach. Hien hat Problemer wierklech dat Elementaarst ze soen oder och kënnen ze schreiwen. Do vir läit d'Buch, ech hunn et matbruecht. Ech wier frou wann iergendee vun Iech vun deem Buch géif emol e puer Säite liesen, wat mer an deem Joer an zwou Stonne mat deene Schüler hu misse maachen, déi wierklech, wéi gesot d'Kompetenzen - ee wichtegen Thema, wat mer elo diskutéiert hunn haut - an deene Joren net konnten erreechen.

De Schüler hätt missen, wéi gesot, déi Kompetenzen hunn; déi waren awer wéinstens zur Halschent net emol erfëllt.

An deem Fall geet d'Motivatioun natierlech flöten, an de Jong hat wéi gesot Schwieregkeeten, déi zwee Joer nach duerzehalen. En ass eng Kéier duerchgefall an e konnt am zweete Joer mat vill Efforten dann awer seng Treizième Technicien packen.

Um Niveau Professionnel musse mer iwwerleeën, ob mer mussen op déi zwou Sprooche weider virubeharren. Ech ginn Iech ee Beispill: Déi meescht Schüler, Lëtzebuerger, sinn op deem Niveau, datt fir si d'franséisch Sprooch als Friemsprooch considéréiert muss ginn, an och bei de Francophonen ass d'Däitscht als Friemsprooch ze considéréieren, an ech kenne Fäll wou Jongen doduerch hiren CATP ratéieren, wougéint dann Ausländer mat enger Sprooch hei bei eis an d'Land kommen an um Aarbechtsmaart do eng Aarbechtsplaz fannen.

Sécher ass, am Sproochenunterrecht och d'Gewiichtung tëschent dem Ecrit an dem Oral ze iwwerdenken an nei ze definéieren. Wann den Oral och an eise Schoulen agefouert ginn ass, esou geschitt d'Sélectioun an de Sproochen awer gréisstendeels iwwert d'schréftlech Epreuven. Wann een awer weess, datt op villen Aarbechtsplaze während acht Stonnen d'Fäegkeet, sech mëndlech an enger oder zwou Sproochen auszedrécken, méi wichteg ass, esou muss dëser Tatsaach och an der Ausbildung méi Rechnung gedroe ginn.

Eng grouss Erausfuerderung besteet doranner, d'Qualitéit vun eisem Enseignement ze verbesseren, méi Schüler op engem héijeren Niveau ze qualifizéieren, wéineger Schüler ouni Qualifikatioun aus dem Schoulsystem ze entloossen, ouni awer d'Diplomer ze bradéieren. Et ass de Mëtteg schonn hei gesot ginn: Mir wëssen nämlech, datt d'Lëtzebuerger Schoul net an engem loftleere Raum fonctionnéiert, mä datt et och Schoulen an eisen Nopeschlänner gëtt, wou eis Schüler hiren Diplom maache kënnen, deen hinnen d'Recht op eng Aarbechtsplaz oder op Weiderstudéieren op enger Héichschoul gëtt.

Ech kann zwee Fäll ganz séier zitéieren. Mir hate viru kuerzem aacht Problemer bei den Infirmièren, déi duerchgefall ware wéinst dem Franséischen. Eng Rei Meedercher hunn hiren Diplom dunn zu Tréier gemaach a sinn haut parfaitement och op deem Wee, wou se wollte goen, als Infirmière virugaangen. Datselwecht gëllt fir Schüler, déi well se wéinst engem Fach, Madame Ministesch oder fréier Ministesch, zum Beispill Franséisch, Däitsch oder Englesch net méi virukoumen, dunn op Metz hire BAC maache gaang sinn, duerno zréckkoumen an zu London hir Uni gemaach hunn an haut parfaitement en Unisdiplom hunn an an eisem Bankewiese schaffen.

(Interruption)

De Wee aus dëser Problematik kënnt engem Spagat gläich, dat wësse mer. Mir mussen awer der Situatioun, wéi se nun eemol ass, Rechnung droen an doraus déi richteg Konklusiounen zéien. Och den dësjährege Bericht vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, deen der Commission de la Famille viru kuerzem virgestallt gouf, behandelt d'Thema „l'enfant et l'école". Den Artikel 28 vun der internationaler Kannerrechtskonventioun garantéiert all Kand d'Recht op eng ugemiesse Schoulbildung.

Laut SCRIPT sollen am Schouljoer 2002-2003 2.745 Kanner aus Lëtzebuerg belsch Schoule besicht hunn. Am Préscolaire 296, am Primaire 513 an am Secondaire 1.936. Wann ee Frankräich an Däitschland matrechent, kënnt ee schätzungsweis op 4.000 Schüler. Fir de Schoulbesuch am Ausland bezuelen d'Elteren oft iwwer 10.000 Euro pro Joer.

Als Grënn gi meeschtens d'Versoen am Lëtzebuerger Schoulsystem ugefouert, och eng besser Betreiung, Beruffsorientéierung an Internatsplazen. Awer och eng gréisser Motivatioun vum Schüler spillt bei dëser Entscheedung eng Roll. E belsche Schouldirekter huet gemengt: «Nous sommes l'infirmerie de l'enseignement luxembourgeois.» Bei hinne wier zum Beispill d'Beruffsausbildung méi praxisorientéiert a géif dem Schüler méi Stimulatioun bidden. Vill vun den Eltere wiere frou, datt hir Kanner an der Belsch en Diplom géife kréien, wougéint se am Lëtzebuerger Schoulsystem découragéiert gi wieren. Mat dësem Diplom probéieren se dann op dem Lëtzebuerger Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen. Dës Situatioun ass net haltbar a stellt fir eis Politik e groussen Défi duer, deem mer eis an Zukunft musse stellen.

Ee leschte Punkt nach. Net ganz d'accord kann ech si mam Kolleeg Fränz Maroldt. Hien huet haut e bëssen d'Kéier kritt. Gëschter hat en dat e bëssen anescht duergestallt um Radio. Wann e schwätzt vun excellentë Schoulinfrastrukturen - et ass schonn elo grad doriwwer geschwat ginn, mä ech wëll awer nach eng Kéier datselwecht an anerer Form widderhuelen. Et ass sécher richteg, datt am Primaire vill Gemenge mam Stat grouss Effortë gemaach hunn, datt awer och rezent Beispiller gewisen hunn, wéi seriö de Problem am Secondaire besteet.

D'Beispill ass genannt gi vu Péiteng. Den Ausbau vu bestehenden Infrastrukture wéi Ettelbréck…

(Interruptions diverses)

Ech komme vun do, ech kann Iech soen, dass d'Direktioun do wierklech alles mécht, zënter Joren, fir iwwerhaapt de Schoulbetrib um Lafen ze halen. Datselwecht gëllt fir nei Gebaier, dat ass elo grad gesot ginn, an och den Internat zu Dikrech, dee waart ëmmer nach op eng Solutioun.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Mir gesinn also, datt sech op dësem Gebitt eng Rei Problemer stellen, wou niewent deenen anere Schoulpartner d'Politik gefuerdert ass, dëst am Intérêt vun eiser Jugend an domat fir d'Zukunft vun eisem ganze Land.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

(Interruptions diverses)

Une voix.- Ee Genoss!

(Hilarité)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Elo kann ee sech virstellen, elo sëtze mer vun dräi bis Véirel op sechs hei, dat sinn dräi an eng hallef Stonn. Dat ass net esou laang wéi d'Kanner moies vun 8 bis Véirel op zwielef oder hallwer eng an der Schoul sëtzen.

Plusieurs voix.- Très bien.

Une autre voix.- Déi hunn och Paus.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- An da wëll ech Iech froen, wéi vill Der elo verhalen hutt vun deem wat haut hei de Mëtteg gesot ginn ass?

(Hilarité)

Une voix.- Frot Der op?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech froen net op.

(Hilarité)

Une autre voix.- Et ass awer Frontalunterrecht!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Voilà! Gutt.

(Interruptions diverses)

Et war awer een interessanten Débat, an ech soen all deene Leit, déi dorunner deelgeholl hunn, Merci. Ech weess net, ech sinn net sécher ob ech elo op alles hei kann agoen, well ech wëll Iech elo net zoumudden, nach eng Kéier eng Stonn nozelauschteren, mä ech denken, dass mer d'Geleeënheet hunn, nach an deenen zukünftegen Diskussiounen op eng ganz Rei vu Punkten zréckzekommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wollt eng Informatioun ginn. Et ass d'Fro opgeworf ginn, vu dass d'Europaschoul dës Kéier fir d'éischt an d'PISA-Etüd erageholl ginn ass, dass dat Resultat geännert huet. Dat huet ëm véier Punkten eis Moyenne gehuewen. Véier, dat ass also ganz wéineg par rapport zu deem Sprong vu 70 Punkten, dee mer gemaach hunn.

Dann hate mer eigentlech och e bëssen en Débat de principe, bal en Débat de société iwwert d'Schoul an d'Roll vun der Schoul. Ech wéilt just ee Wuert dozou soen. Wann et esou wär, fir einfach zu all Kand ze soen, elo gëss du dech drun an da geet et besser an der Schoul, da wäre mer jo alleguerte ganz fein eraus. Ech mengen, dass dat e Message ass, dee bei enger Rei vu Schüler sécher eppes hëlleft, mä ech mengen awer net, dass dat als Message duergeet.

Ech wëll och richteg stellen, dass am Dokument op der Säit 7 am drëtten Alinea steet, dass näischt géif ouni Effort goen, wann dat Iech ka berouegen. Ech gi mech och net der Illusioun hin, dass een nëmmen am Spille ka léieren, mä mir stellen awer fest, dass mer ee grousse Problem an der Lëtzebuerger Schoul hunn, an dat ass dee vun der Inégalité sociale, an dass mer musse Konditioune fir den Apprentissage an der Schoul schafen.

Dat ass och eng Missioun vun der Schoul, well et ass nämlech net richteg, dass an eiser Schoul all Kand mat senge Capacitéiten esou wäit kënnt wéi et méiglech ass. Bei eis kënnt een an der Schoul esou wäit wéi et méiglech ass, wann een an deem richtegen Elterenhaus gebuer ass.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass jo dee groussen Défi an duerfir soen ech, et ass net esou, fir einfach ze soen, si sollen sech dru ginn an da wär et gedoen.

Dat ass eng vun den Ursaachen, firwat ech - och wann dat e bëssen aus dem Kontext erausgeholl ginn ass - déi Aussoen zu den Hausaufgabe gemaach hunn. Ech sinn net der Meenung, dass mer d'Kanner solle gleewen dinn, dass een ouni léieren auskënnt. Just déi kleng Kanner am éischte Schouljoer an am zweete Schouljoer, déi musse geléiert gi wéi ee léiert. A menger Meenung no geet et net fir den Elteren déi Verantwortung ze ginn, well et ass wichteg, d'Elteren an d'Schoul ze associéieren, mä d'Eltere sinn net Hilfslehrer. D'Eltere sinn do fir hir Kanner ze begleeden, se ze encouragéieren, sech duerfir ze interesséieren, mä et muss een d'Kanner an der Schoul léieren, wéi ee selbstänneg léiert. Duerfir meng vehement Aussoe géint d'Hausaufgaben.

An deen zweete Message, deen ech wéilt weiderginn, an dat zielt da fir d'ganz Primärschoul, dat ass wa Kanner méi lues sinn a se net fäerdeg ginn an der Schoul mat hiren Aufgaben, dat ass jo deen Drama. Déi sëtze jo da stonnelaang nach doheem bei den Hausaufgaben, an ech mengen d'Missioun vun der Schoul ass, fir ze kucken, dass d'Kanner déi Aufgaben, déi fir d'Schoul sinn, och an der Schoul maachen.

Datselwecht gëllt eigentlech fir d'Noexamen. D'Iddi vun den Noexamen, d'Propositioun fir ze soen: Huet dat dann e Sënn fir Noexamen ze maachen? Wann d'Kanner am Joer d'Leeschtung net bruecht hunn, mat der Hëllef vun der Schoul, wéi sollen dann d'Kanner ouni Hëllef vun der Schoul, a wa se net en Elterenhaus hunn, dat hinne kann hëllefen, den Noexame packen?

Well ech awer gemierkt hunn, dass et an der Lëtzebuerger Traditioun esou fest verankert ass, dass d'Noexamen nëtzlech sinn, ma dann hale mer d'Noexame bäi, mä just muss d'Schoul sech dann drëm këmmeren, dass awer déi Hëllef ugebuede gëtt, dass och déi Kanner, wou d'Eltere keng Suen hu fir Nohëllefstonnen ze bezuelen, awer eng Chance hunn, den Noexamen ze packen.

(Interruptions diverses)

Well et liicht jo kengem verstännege Mënsch an, dass een ouni Hëllef eppes fäerdeg bréngt, wat ee mat Hëllef net fäerdeg bruecht huet. À moins dass et nëmme Liddereregkeet war, an dann ass et richteg, dass een deem Schüler muss soen, léier dat elo emol. Mä wann et richteg schoulesch Problemer sinn, mengen ech net, dass dat do geet.

(Interruptions diverses)

Gutt, esou vill gesot zu deem groussen Enjeu, den Défi, fir eben dass mer d'Kanner no hiren intellektuelle Capacitéite fuerderen, musse mer d'Konditioune schafen, dass dat an der Schoul geschitt.

Da wollt ech ee Wuert soen zum Lycée pilote, wou ech eigentlech net déi Opreegung verstinn a wou vun Utopie, Ideologie - ech hu mer déi Stéchwierder do opgeschriwwen - geschwat ginn ass. Also ech mengen et ass eng räsonéiert, argumentéiert Offer fir ee Lycée pilote hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, mat engem pedagogesche Konzept, an ech hunn och net gären, wann ee gleewen deet, dass während de Schoulzäiten Zirkus géif gemaach ginn, well Dir wësst genau, dass déiselwecht Schoulstonnen offréiert gi wéi an deenen anere Schoulen.

Et ass just en Encadrement ronderëm d'Schoul offréiert ginn. An ech weess par ailleurs, dass ee grousse Bedarf besteet un enger Offer un Zirkusschoul, well dat d'Motorik an d'Motricitéit vun de Kanner immens fördert a well et en plus en Zil setzt fir iwwert d'Joren eng Performance unzestriewen. An et ass eng Offer wéi eng aner, anerer kënnen och offréiert ginn, an dofir soen ech all deene Gemengen, déi interesséiert si fir Projets pilotes Ganzdagsschoul am Primaire, an et si Gemengen interesséiert, Merci an ech denken, dass een ëmmer dem Ëmfeld ugepassten Offerë vun Encadrement niewent der Schoul muss offréieren.

Ech wéilt dann nach ee Wuert soen zu de Sproochen. Den Débat haut de Mëtteg huet eigentlech zimlech gutt déi Débate reflétéiert, wéi se och soss dobausse geféiert ginn, iwwer eis Exigenzen, wat d'Sproochen ugeet. Fir elo ze soen, jiddfereen am Lycée muss deeselwechte Kompetenzniveau an de Sproochen hunn; mir hunn elo scho moduléiert Kompetenzen an de Sproochen. Et ass jo net esou, dass jiddfereen d'selwecht Däitsch a Franséisch an Englesch kann. Normalerweis, en „normale Lëtzebuerger Schüler" op enger Première ka besser däitsch wéi franséisch. Hien huet net deeselwechten Niveau.

Esou dass ech eigentlech wéilt an aller Rou déi Diskussioun ugoen, nodeem mer déi Etüd hunn, de Profil linguistique, an och déi Tester gemaach hu vun ebe fir anzestufen op wéi engem Niveau vu Kompetenz dann eis Schüler sinn, an da kënne mer jo eigentlech vill méi roueg dee sachlechen Débat do féieren. Gutt.

Här President, ech kënnt elo nach ganz vill soen iwwer Mangel u Personal, iwwer Mangel un Infrastrukturen. Ech kréien dat awer hei um Pult net behuewen a leider sinn ech och net zoustänneg ganz eleng fir déi Mängel do ze behiewen. Ech wëllt och der Madame Brasseur soen, dass ech léiwer als Kompetenzen alles hätt an der Schoul an dass ech d'Diskussioun iwwert d'Ausbildung vun de Schoulmeeschtere schwiereg fannen.

Mir hunn am Ministère vun der Éducation nationale ee Profil ausgestallt, wou mer beschriwwen hu wat mer eis erwaarde vum Schoulmeeschter - ech maachen dann den Iwwergank op d'Motiounen - mir hunn deen eriwwer ginn. Eigentlech huet kee contestéiert, dass dat de Profil ass. Mir sinn de Moment um Stadium wou gesot gëtt, zwar huet d'Universitéit Lëtzebuerg décidéiert, si géifen sech an de Processus de Bologne erasituéieren, dat heescht eng Formatioun 3-5-8. Dat heescht also Bachelor, Master an alles wat dorobber läit, an dass se zur gläicher Zäit soen, mir kënnen awer dee Profil do net mat engem Bachelor vun dräi Joer ausbilden. Dat ass de Stand wou mer haut stinn.

Mir hunn, den Här Biltgen an ech, elo e Bréif haut fortgeschéckt - haut - un d'Universitéit, mat deene Froen dran, fir ze soen, wat géifen si dann nëtzlech fannen, wéi géifen si gesinn, dass mer da solle weidergoen, wann de Bachelor mat dräi Joer net kann dee Profil ausbilden. An dat dauert dann also nach, bis mer déi Äntwert kréien.

Dofir géif ech Iech bieden, all déi Motiounen, et sinn der zwou, iwwert d'Ausbildung vun de Schoulmeeschteren, do géif ech also froe fir déi elo an dësem Stadium net esou unzehuelen, well ech haut nach net weess wat ech dorobber kann äntweren.

Fir déi éischt Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien, et wäert Iech jo net wonneren, dat ass jo eng, déi ganz, ganz vill Punkte bëinhalt, wat eigentlech esou e Plang ass, fir ze soen, hei voilà, dat do sinn déi Punkten, déi mussen ëmgesat ginn. Mat där hunn ech natierlech kee Problem, fir déi unzehuelen.

D'Motiounen 2 an 3 froen eigentlech Moyenen, Suen. Also Dir kënnt Iech jo virstellen, dass ech frou si wann ech méi Sue kréien. Ob mer awer elo méi Sue kréien oder net, décidéiere mir haut net hei.

(Interruptions diverses)

Dofir wollt ech Iech proposéiere bei de Motioune 4 a 5, do geet et ëm d'Kompetenzen an der Schoul, fir ze kucken: Wat solle mer erausfuelen? Wat solle mer analyséieren?

Bon, mir maachen déi Démarche fir d'Kompetenzen ze definéieren an dat bréngt forcément en Elagage mat sech. Dat ass och alles an der Motioun 1 dran.

D'Evaluatioun, souwuel vun der Schoul wéi vun de Projets pilotes, och dat, hunn ech jo annoncéiert, ass an der Motioun 1 dran.

D'Formatioun vun de Schoulmeeschteren, wéi gesot, dat sinn dräi Motiounen déi dorobber aginn.

Den Encadrement, och dat ass an der Motioun 1 ofgeseent. Dat ass dann d'Participatioun vun den Elteren, och ee Punkt an der Motioun 1. A wat d'Orientatioun vun de Schüler ugeet, fir déi Filière opzeweichen, ass och do eppes an der Motioun 1 dran, esou dass ech dankbar wier, wa mer géifen d'Motioun 1 unhuelen an déi aner si menger Meenung no de Moment net ubruecht. Dofir géif ech d'Chamber froe fir déi dann net unzehuelen, well se deelweis ofgedeckt sinn. Wéi gesot, ausser déi vun de Schoulmeeschteren, wou mer amgaang sinn nach driwwer ze diskutéieren.

Här President, ech soe Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm a mir kéimen dann zum Vote vun de Motiounen, 16 un der Zuel.

Well verschidde Kolleegen aner Obligatiounen am Owend hunn a mir nach e Projet no dësem stëmme wäerten, géif ech jidderee bieden, deen elo zu de Motiounen nach eng Kéier wëllt Stellung huelen, dat kuerz a prägnant ze maachen, da komme mer och schnell iwwert d'Ronnen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi déposéiert ginn ass vum honorabelen Här Scheuer. D'Motioun vun der Majoritéit.

Den Här Adam. Zur Motioun Nummer 1?

Une voix.- Jo.

M. le Président.- Den Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Madame Minister, et ass effektiv wouer, datt an der Motioun 1 eng Rei Saache sinn, déi sech och mat deene Motiounen, déi vun der grénger Partei eragereecht gi sinn, iwwerschneiden.

Trotzdeem sinn ech der Meenung, datt d'Motioune vun der grénger Partei relativ kloer strukturéiert sinn a wa mer vun Neel mat Käpp schwätzen, mengen ech, datt och d'Virgehensweis, déi mir hunn, an déi an deenen zéng Motioune reflétéiert ass, duerchaus richteg a berechtegt ass an datt eis Motiounen och net identesch si mat der Motioun Nummer 1. Mir géingen eis zéng Motiounen gären oprechterhalen an hei an der Chamber votéieren.

M. le Président.- Alors, wat déi éischt Motioun ubelaangt, d'Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Déi éischt Motioun, déi vum Här Scheuer déposéiert ginn ass, huet esou vill Punkten, allein mir fehlt der Glaube. Dat ass eng Sammelmotioun wou alles drasteet an et sinn och e puer Punkten, mat deene mir op kee Fall kënnen d'accord sinn. À moins dass een am Libellé liest: „étudier la possibilité d'étendre l'organisation de l'enseignement par cycles à l'ensemble de l'enseignement primaire et aux premières années de l'enseignement postprimaire".

Wëllen se dat oder net? Mä „étudier la possibilité d'étendre l'organisation"?

An dann e Punkt, wou ee sech awer wierklech Froe muss stellen, dat ass deen Tiret wou steet: „associer l'élève et ses parents par l'information, le conseil" - dat fannen ech ganz richteg - „et la prise en considération de leur avis, à chaque fois qu'une décision d'orientation ou de réorientation est à prendre".

Ech fannen, et soll een d'Eltere mat abannen, d'Décisioun awer selwer muss déi sinn, dass een eng gewëssen Zuel vu Kompetenze muss erreeche fir ze progresséieren an dass et net ka sinn, dass d'Schüler oder d'Eltere selwer décidéieren, a wellech Richtung si ginn, ouni d'Viraussetzung ze hunn.

An dann deen nächste Punkt: „veiller à la mise en place d'un authentique partenariat dans les écoles". Do stelle Leit sech vir, entre autres sozialistesch Schüler, déi hunn e Communiqué des lescht erausginn, dass si missten déiselwecht Gewiichtung an de Schoulgremien hu wéi d'Professeren. Dat ass fir si eng authentique Participatioun. An ech mengen net, dass dat de richtege Wee ass. Dëst sinn eleng zwee konkret Punkten, firwat mir dës Motioun net kënne stëmmen.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, déi Motioun vun de Majoritéitsparteie resüméiert sech a gudden Intentiounen, mä et ass wéineg Konkretes dran. Déi Motioune vun der Oppositioun si villeg méi konkret. Dofir kënne mer déi Motioun do vun de Majoritéitsparteien och net matdroen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Da komme mer zur Ofstëmmung vun där Motioun. Ech denken, dass de Vote électronique gefrot gëtt? Da maache mer dat.

Vote

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, 10 Nee-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Motion 2

D'Motioun 2, déposéiert vum Här Adam. Wa kee méi d'Wuert dozou freet, da komme mer direkt zum Vote.

Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

Une voix.- Iwwerall.

M. le Président.- Da fänke mer direkt domat un.

Vote

Mir wëssen, datt d'Europäesch Kommissioun encouragéiert, an d'Richtung vun der Stammzellefuerschung ze goen. Mir wëssen och, datt mer mëttlerweil eng Universitéit hunn an eng Rei vu Centre-de-recherchen, wou et sécherlech net oninteressant wier, e klore legislativen a reglementäre Kader hei am Land iwwert déi dote Fro ze hunn.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant

- que la Commission européenne a rappelé la nécessité d'une recherche européenne sur les cellules souches y compris embryonnaires;

- la Convention sur les droits de l'homme et la biomédecine signée à Oviedo en 1997 prévoyant qu'il appartient à chaque pays de décider d'autoriser ou non la recherche sur les cellules embryonnaires humaines;

- le fait que la loi luxembourgeoise ne règle pas les techniques en matière de recherche sur les cellules embryonnaires humaines, les cellules souches et le clonage thérapeutique;

- l'avis en la matière du 9 janvier 2002 de la Commission Consultative Nationale d'Éthique pour les Sciences de la Vie et de la Santé (C.N.E.) qui recommande notamment à forte majorité au pouvoir législatif d'envisager un encadrement réglementaire rigoureux de la recherche à visée thérapeutique sur les cellules embryonnaires humaines;

- l'avis 2003.1. de la C.N.E. sur «La Recherche sur les embryons»;

- les potentialités de la thérapie cellulaire;

- que le sujet de la recherche sur les cellules embryonnaires humaines, les cellules souches et le clonage thérapeutique mérite une attention particulière;

- le potentiel de ces méthodes biotechnologiques pour l'Université de Luxembourg et les Centres de Recherche publics;

- le refus catégorique et unanime de tout clonage reproductif;

décide

d'instaurer une commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière.

(s.) Claude Meisch.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den Här Bettel huet d'Wuert.

6. Ordre du jour (suite)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, en date vum 14. Dezember hat ech dem Här Frieden eng Question parlementaire gestallt, iwwert d'Situatioun am Prisong, iwwer wéi vill Handyë fonnt gi wären, wéi vill Drogen do saiséiert gi wären, iwwert d'Méiglechkeet fir en Drogenhond ze employéieren. Den 29. Dezember, Här President, hunn ech eng Äntwert vum Här Frieden kritt, wou ech och Iech de 4. Januar e Bréif geschriwwen hunn, wou ech mech geiergert hunn, well de Minister op alles ausser op meng Froe geäntwert huet.

An do muss ech dann der Chamber félicitéieren: Den 1. Februar huet se dunn dem Här Frieden e Bréif geschéckt, si géif meng Meenung deelen a si hätt gären Äntwerte vum Här Frieden. De 17. Februar huet dës Chamber nach eng Kéier dës Saach réitéréiert. Här President, ech war iwwerrascht, wéi ech gëschter e Courrier vun der Statssekretärin Modert hat, mat der Referenz „Äntwert op d'Question-parlementairë vum Här Bettel“.

Ech weess, dass den Här Frieden net vill vu mir hält! Awer vun Iech, Här President, a vun der Conférence des Présidents, Iech esou eng Äntwert ze ginn, hie géif mengen, mir hätten eis geiert, an hien hätt eng Äntwert op dës Fro ginn, fannen ech ridicule a virun allem net konform zum Respekt, deen e Minister eiser héijer Chamber a virun Iech…

Une voix.- Oh, mäi Cola!

(Interruptions diverses et hilarité)

Une autre voix.- Aus Respekt schéisst Dir mat Glieser dorëms!

M. le Président.- Här Bettel, ech verstinn Är Opreegung, mä…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Virun allem, Här President,…

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Soulaang et Porzeläin ass!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Gesitt Der, Här President, Dir verstitt scho meng Opreegung. Dowéinst, Här President, vis-à-vis vum Respekt, deen den Här Frieden vis-à-vis virun allem Iech a virun der Conférence des Présidents - virun deem jonke Xavier Bettel kann ech alt nach eppes verstoen…

Plusieurs voix.- Oooohhhh!!!

M. Xavier Bettel *(DP).*- …awer virun Iech, Här President -, géif ech froen, dass den Här Minister muer, well en och hei am Haus ass, endlech op déi Froen, déi mer him gestallt hunn, eis och eng Äntwert gëtt, esou wéi dat op jidde Fall d'Aarbecht vun eiser Regierung soll sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir klären déi Froen, déi den Här Bettel hei opgeworf huet, mam Minister an, Här Bettel, ech ginn Iech am Laf vum Mëtten…

Mme Colette Flesch *(DP).*- Awer net mat der Statssekretärin, well si huet schonn Nee gesot.

M. le Président.- Jo, Madame Flesch, iwwerloosst dem President de Wee, deen en aschloe wëllt…

(Interruptions diverses et hilarité)

…fir hei zu enger Léisung ze kommen, déi sougutt Iech wéi den Här Bettel kann zefridde stellen!

Voilà, Dir Dammen an Dir Häre, dat zum Ordre du jour. Ech hunn esougutt beim Här Meisch och wéi beim Här Bettel net terribel erausgesinn, wat d'Interventioune mam Ordre du jour ze dinn haten.

(Interruption)

Ass d'Demande, datt d'Resolutioun soll dës Woch op den Ordre du jour kommen?

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Wann net jiddfereen hei géif duerchernee schwätzen, da kënnt een och verstoe wat den Här Meisch ons wëllt soen.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Meisch *(DP).*- Mir kënnen dat selbstverständlech dës Woch maachen. Eis Fraktioun huet sech doriwwer beroden. Wann awer de Wonsch vun deenen anere Fraktioune besteet, fir nach eng Kéier an d'Fraktiounen zréckzegoen, hu mer selbstverständlech och Versteesdemech dofir, datt mer dat eng aner Kéier huelen, mä mir sollten awer deemnächst eng Kéier doriwwer heibannen diskutéieren.

M. le Président.- Also wann ech mech erënneren un déi Diskussiounen, déi mer haten, iwwert d'Fro vun de Kommissiounen, d'Zuel vun de Kommissiounen an notamment d'Commission spéciale, a wann ech elo gesinn, datt an dëser Resolutioun gefrot gëtt, fir eng nei Commission spéciale anzeriichten, dann denken ech, datt déi eenzel Fraktiounen, vu datt et eng kontrovers Fro ass, dat wëllten an hire Fraktiounen décidéieren.

Ech géif der Chamber proposéieren, datt mer an enger vun deenen nächste Sitzungen, net dës Woch, mä an enger vun deenen nächste Sitzungen op déi Resolutioun zréckkommen, wann déi sech beroden hunn. Den Här Bausch freet dozou d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, vu datt déi gréng Fraktioun am Ufank vun der Legislaturperiod gefrot hat, datt eng Commission éthique soll weider bestoen, ass et fir eis natierlech selbstverständlech, datt mer och déi Demande hei ënnerstëtzen, fir erëm eng Kéier ze probéieren op de Wee ze goen, fir esou eng Commission éthique ze grënnen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Da wësse mer dat elo schonn, obschonn ech just gesot hat, mir géifen duerno kucken, an enger nächster Sitzung doriwwer…

(Interruptions diverses)

Gutt, also d'Fraktioun vun de Gréngen dès à présent, ouni d'Resolutioun gelies ze hunn, weess si awer elo schonn, datt se déi ënnerstëtzt.

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- D'Commission éthique!

M. le Président.- Gelift?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- D'Commission éthique.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Jo, et gëtt gefrot fir eng Commission spéciale anzesetzen, mä déi kritt eng gewësse Missioun. Dat gëtt mer elo hei iwwerreecht, ech hat nach keng Zäit fir doriwwer ze liesen, mä wann Dir dès à présent d'accord sidd, da kënne mer dat esou maachen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, mir sinn der Meenung gewiescht, wann Der eis gefollegt hätt als Majoritéitsparteien am Ufank vun der Legislaturperiod, an Dir hätt déi Commission éthique gegrënnt - et gëtt vill ethesch Froen an der Gesellschaft ze klären -, da bräichte mer eis net elo erëm bei all Geleeënheet ze ënnerhalen iwwer eenzel Sujeten, déi mat ethesche Froen ze dinn hunn, an aus deem Grond soen ech, mir hunn eigentlech kee Problem mat där Revendicatioun fir erëm eng Kéier eng Commission spéciale éthique an d'Liewen ze ruffen.

M. le Président.- Also, Här Bausch, ech kann Iech nëmme vollkomme Recht gi bei deem wat Der gesot hutt…

(Interruptions diverses et hilarité)

…obschonns et mech awer wonnert, datt déi Gréng enger Kommissioun zoustëmmen, wou se net wësse wat den Objet ass vun deem wat hei gefrot ass.

(Brouhaha général)

Mä elo, den Här Wolter huet d'Wuert nach gefrot. Si mer d'accord, datt mer déi Resolutioun hei an enge vun deenen nächste Sitzungen debattéieren an diskutéieren an ofstëmmen?

(Assentiment)

Dann nach eng Kéier den Här Bettel.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech bleiwen hei sëtzen, dat ass manner geféierlech.

(Interruptions et hilarité)

Ech wollt just soen, Här President, meng Fro ass, muer ass den Här Frieden jo hei am Haus, well e jo zu verschiddene Projeten och wäert schwätzen, ob dann d'Méiglechkeet besteet, fir dass d'Chamber Kontakt mat him ophëlt, an dass en da muer hei an der öffentlecher Sitzung, well en déi Fro nach net beäntwert huet an den Délai, an deem en hätt sollen eng Äntwert ginn, laang dépasséiert ass, mer mëndlech op meng Fro äntwert, wann déi Méiglechkeet besteet. Op jidde Fall hunn ech elo vum 14. Dezember bis den 22. Mäerz gewaart, dat ass en Délai, dee Limite ass.

M. le Président.- Här Bettel, ech hat virdru verstane wat Är Interventioun war. Ech hat Iech gesot, ech géif mam Här Minister kucke fir dat muer kënnen hei ze klären. Merci nach eng Kéier fir Är zweet Demande an deemselwechte Sënn.

Da kéime mer awer definitiv zum Ordre du jour vun haut.

(Interruption)

Ech wollt dat froen, Madame Flesch, ob d'Chamber dann elo mat deem u sech net modifizéierten Ordre du jour, sous réserve vun deem wat den Här Bettel gesot huet, d'accord ass.

(Assentiment)

Madame Flesch!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, mir sinn ausdrécklech mat deem net modifizéierten Ordre du jour, mat Ausnahm vun deem wat den Här Bettel gesot huet, d'accord.

M. le Président.- Also ech mengen, mir hätten elo alleguerte verstanen an da kënnte mer dann elo zu deem Ordre du jour, dee mer no laangen Debatten dann definitiv arrêtéiert hunn, kommen.

Fir d'éischt haut de Mëtteg d'Froestonn un d'Regierung. Laut dem Artikel 78 vun eisem Chamberreglement huet en Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Froe virzedroen an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit an der Oppositioun. Als éischt Fro ass et d'Fro Nummer 23 vum Här Fernand Diederich iwwert d'Schoulinfrastrukturen.

Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

7. Heure de questions au Gouvernement

- Question N°23 du 21 mars 2005 de Monsieur Fernand Diederich relative aux infrastructures scolaires, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, erlaabt mer eng Fro ze stellen iwwert d'Schoulinfrastrukturen. Am Mäerz 2001, dat heescht viru genee véier Joer, war ech bei enger Réunioun dobäi, wou Rieds gaangen ass iwwert den Ausbau vum Lycée technique vun Ettelbréck zu Ierpeldeng. Dat si genee véier Joer hier a bis haut huet sech um Pabeier nach kee Millimeter an där Saach virubeweegt.

Ech wollt froen, et si jo nei Projeten do, fir op dat bestehend Gebai, op den éischte Stack en zweete Stack drop ze setzen, fir awer engem dréngende Besoin vu Schoulraum gerecht ze ginn.

Ech wollt de Minister froen, ob dat wierklech de leschte Projet wier, an a wat fir engem Zäitraum dee kënnt verwierklecht ginn?

Meng zweet Fro geet eriwwer op Dikrech. Ech wollt froe wéi et do mam Internat vun der Hotelschoul steet.

An eng drëtt méi allgemeng Fro, no der Roserei vum Premier, wat ee versteet, viru kuerzem iwwert de Mangel un Terrain fir Schoulgebaier ze bauen, wëll ech den Här Minister froen, ob d'Regierung Weeër fonnt huet, fir déi Saach ze débloquéieren?

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President, well d'Fro, wéi ech se schrëftlech agereecht krut, awer generell formuléiert war, an ech net onbedéngt prezis wousst, wat fir eng Detailfroen elo géingen hei gestallt ginn, erlaben ech mer just eng Minutt vu menge véier ze huelen, fir awer ze soen, datt dee Programm, deen d'Regierung amgaangen ass duerchzezéien am ganze Kader vun den Infrastructures scolaires, well esou war d'Fro formuléiert, e Programm ass, deen enorm vill Investissementer bedeit an deen enorm vill Schafung vun Neiraum bedeit.

Just déi Opzielung, well ech se wëll maachen, fir d'Saach nach eng Kéier kloer ze stellen.

Mir hu momentan Réimech a Gréiwemaacher ofgeschloss. Mir sinn zu Dikrech amgaang weiderzebauen. Am Lycée Nic Biever zu Diddeleng, am Lycée du Nord zu Wolz gëtt d'Extensioun gemaach. Mathias Adam zu Péiteng, Réide gëtt gebaut, Dummeldeng gëtt gebaut.

Et sinn elo Projeten amgaang, wou mer den definitive Projet vun Esch/Uelzecht-Lalleng maachen. Avant-Projetë si mer amgaang vum Lycée Belval, dem Lycée zu Jonglënster, dem Lycée vun de Professions de santé ze maachen, dem Lycée Hubert Clement ze maachen, der Europaschoul Mamer ze maachen, just fir déi do ze nennen. An dann hunn ech nach net déi ganz grouss Zuel vun Ausbauten, vun de Renovatiounen a vun Neibauten op verschiddenen aktuelle bestehende Sitë genannt.

Ech wëll dat just eng Kéier soen, fir lech ze weisen, wéi grouss dee Programm ass, deen déi viregt Regierung an dës Regierung och maachen, am Kader vum Schoulbau.

Dann, fir op déi prezis Froen anzegoen, déi den Här Diederich elo gestallt huet wat de Lycée technique vun Ettelbréck ugeet. Et ass richteg, datt do aus deene Grënn, déi Dir genannt hutt, well den Terrain net disponibel war, Schwieregkeete ware fir esou schnell virunzekommen, wéi mer gäre gehat hätten, datt et sollt virugoen. Dofir hu mer elo gekuckt déi Saach an zwou Etappen ze maachen.

Déi éischt Etapp ass d'Fro: Wat kann um aktuelle Lycée technique, esou wéi en elo besteet, dann nei gemaach ginn? Well et ass jo och kloer, datt deen an Zukunft nach muss benotzt ginn. Déi éischt Äntwert ass, datt mer déi Sportshal, déi do existéiert, wëlle frësch maachen. Dat ass och am Programme pluriannuel vun den Investissementer virgesi fir d'Joren 2007 an 2008. Während där Zäit, wou deen Neibau soll gemaach ginn, oder wou dee Réaménagement soll gemaach ginn, ass virgesinn, datt de Sportssall vum CHNP gebraucht gëtt. Dee muss awer, éier e ka gebraucht ginn, och nach an enger provisorescher Etapp eng Rei Réaménagementer kréien, an dat ass dat wat d'nächst Joer wäert geschéien. Dat ass déi éischt Saach.

Déi zweet Saach ass, datt gekuckt gëtt, ob déi Propositioun, déi elo gemaach ginn ass, fir en zweete Stack drop ze setzen, wou eventuell 12 supplementar Klassesäll kënne kommen, faisabel ass.

Ech sinn der Meenung, datt wa mer se nëmmen technesch hikréien, a wann déi Strukturen dat hiergi fir et ze maachen, datt mer dat solle maachen, well dat eis d'Méiglechkeet gëtt fir Raum ze schafen. Dat empêchéiert awer net, wa mer nei a supplementare Raum zu Ettelbréck schafen, datt een och an där Géigend awer nach en zousätzleche Lycée onbedéngt muss hunn.

Well mer net virukommen op deem Terrain, dee sech awer gutt dofir prêtéiert hätt, a well sech do Froe vu Propriétéit stellen, hunn ech elo nach eng Kéier gefrot, datt mer sollen déi siwen oder aacht alternativ Siten, déi bestanen hunn, nach eng Kéier duerchkucken, fir datt mer och all Méiglechkeet ausloten, déi do besteet, fir an deem Dossier, dee fir mech wichteg ass, dee mer um Häerz läit, gradesou wéi der Educatiounsministesch, weiderzekommen.

Wat d'Internat ugeet, do ass et esou, datt eng Rei Projetë gekuckt ginn, dräi Hotelen an zwou Propositioune fir nei Implantatiounen ze maachen, déi sech awer net als optimal erwisen hunn. Et ass elo esou, datt eng nei Méiglechkeet gekuckt gëtt, déi sech ubitt momentan, wou ech awer, well mer haut an enger Etapp sinn, wou d'Faisabilitéit dovunner gekuckt gëtt a wou och d'Négociatioun, dat heescht, d'Propriétéitsverhältnisser nach net gekläert sinn, nach net wëll momentan ze vill driwwer schwätzen, bis ech weess, ob et geet an ënner wat fir enge Konditiounen et geet. Mä och deen Dossier muss evidenterweis virugoen.

An déi drëtt Fro, déi Der gestallt hat, ass déi iwwert de Phenomeen fir d'Expropriatioun oder d'Méiglechkeet fir ze expropriéieren, wou mer effektiv no leschte Jurisprudenze Schwieregkeeten hunn, fir an deem Tempo déi Expropriatioun ze maachen, wéi dat par le passé de Fall war. Do ass d'Regierung amgaang de Gesetzestext duerchzekucken, fir a sech déi Prozedur, esou wäit den Text eis dat erlaabt, ze accéléréieren.

Ech weess awer par contre och, datt Dir hei an der Commission des Institutions eng Diskussioun iwwert de Prinzip vun deem wat an der Constitutioun steet, hat. Ech géing mech gär där Diskussioun uschléissen, fir ze kucke wat fir eng Léisungen do kënne fonnt ginn.

An da sinn ech fäerdeg. Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 24 vum Här Claude Meisch iwwert d'Universitéit Lëtzebuerg. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°24 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'Université de Luxembourg, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt d'Statssekretärin Octavie Modert froen, wéi dat sech mat der Relatioun huet tëschent der Uni Lëtzebuerg, deenen eenzelne Centres de recherche publics an awer och Institutioune wéi dem Ceps. Mir hunn héieren, datt den neie Recteur vun der Uni Lëtzebuerg eng éischt Prioritéit doranner gesäit an d'Recherche weider ze goen, datt dat och eng Aufgab fir d'Uni Lëtzebuerg wär, an do stellt sech natierlech d'Fro a wéiwäit dat ageflecht ass an déi bestehend Strukturen, déi mer hunn, wéiwäit dat ënner een Hutt kënnt.

Doriwwer eraus stellt sech och d'Fro vun der Plaz vun eiser Fuerschungslandschaft, vun der Luxembourg School of Finance, virun allem och am Zesummenhank mat dem scho bestehende Laboratoire de droit économique, deen am CRP-Gabriel Lippmann ugesidelt ass, déi allen zwee eng gewëssen Aufgab hunn, d'Luxembourg School of Finance zwar nach méi an der Weiderbildung, mä virun allem de Laboratoire de droit économique och an der Fuerschung iwwer eis Finanzplaz. Dofir stellt sech och d'Fro, ob déi net kënne méi no zesummeréckelen a vläicht zesumme mat der Uni Lëtzebuerg an eng gemeinsam Zukunft goen.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. D'Wuert huet elo d'Madame Statssekretärin vun der Kultur, der Héichschoul a vun der Recherche.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, Här President. Här Meisch, fir op Är Froen ze komme géif ech gär ufänken zwou Saachen virauszeschécken.

1. D'Uni soll eng Uni sinn, wou Fuerschung gemaach gëtt, méi wéi bis elo, mä selbstverständlech ass eng Uni och ëmmer dem Enseignement verflicht, soss ass et jo och keng Uni. Do si schonn déi zwou Komponenten, déi beienee kommen. Mir wëllen d'Fuerschung stäerken, mir wëllen den Enseignement net negligéieren.

2. D'Uni wäert awer net de Monopol vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg hunn. Dat heescht, mir hunn elo scho bestehend Instituter an Organer, déi Fuerschung bedreiwen, awer selbstverständlech soll d'Zesummenaarbecht, wéi Der zu Recht gesot hutt, ganz staark sinn zwëschent deene bestehenden Instanzen an der Uni, déi selbstverständlech och e Schwéierpunkt an der Fuerschungslandschaft zu Lëtzebuerg wäert sinn a soll sinn.

Fir zu Äre Froen ze kommen iwwert d'Zesummenarbecht zwëschent der Uni an den CRPen oder dem Ceps a bestehenden Organer, esou kann ee soen, datt déi Synergien zwëschent der Uni engersäits an den CRPen oder dem Ceps op där anerer Säit schonn zu engem gudden Deel bestinn an anerer amgaange sinn op d'Bee gesat ze ginn.

Si lafen iwwert d'Konzertatioun um Niveau vun der Fuerschungsprogrammatioun an och iwwert d'Promotioun vun der Mobilitéit vun den Enseignantë souwéi selbstverständlech vun de Studenten zwëschent der Uni op där enger Säit an zwëschent de Fuerschungsorganer wéi CRPen op där anerer Säit, esou datt et eng normal Interaktioun soll ginn, déi sech och am Alldeegleche soll ofspillen. Mat der Zäit wäert sech erausschielen ob a wéi mer et formaliséieren.

Iwwregens hunn och déi extern Assisen, déi mer den 11. Mäerz gehalen hunn, ganz kloer de Wëlle vum ganze Secteur vun der Fuerschung gewisen, fir zesummenzeschaffen, fir eng kohärent Fuerschungslandschaft zu Lëtzebuerg op d'Been ze setzen. Et ass de Wëllen do fir un engem Strang ze zéien.

Allgemeng kann ee vläicht nach aflechten, datt d'Zesummenaarbecht am Fuerschungsberäich och iwwert déi pluriannuel Programmatioun, zesumme mam Fonds national de la Recherche ka gemaach ginn.

Zu Äre Froen iwwer d'Luxembourg School of Finance, do ass et esou, datt d'Luxembourg School of Finance jo zënter der Rentrée an der Uni integréiert ass, an zwar ass se Bestanddeel vun der Faculté de droit, d'économie et de finances, also e ganz kloren Deel vun der Uni, an den Accord ass amgaangen elo an dësen Deeg ënnerschriwwen ze ginn. Dat war ofgemaach ginn zwëschent der Uni an der Luxembourg School of Finance, an dat ass am géigesäitege Respekt a Wëlle geschitt.

Wat de Laboratoire de droit économique (LDE) ugeet, dat ass jo en Departement vum CRP-Gabriel Lippmann, deen effektiv lues a lues der Pouponnière entwiisst. An esou sinn dann och de Moment Gespréicher amgaangen zwëschent dem Verwaltungsrot vun dem CRP-Lippmann an dem Conseil de gouvernance vun der Universitéit vu Lëtzebuerg, mat hiren zwee Presidenten un der Spëtzt, iwwert Synergien, oder souguer nach besser iwwert d'Integratioun am Beräich vun der Recherche en droit, an et ass un den zwee Établissements publics, fir der Regierung d'Modalitéite vun sou verstäerkte Synergie virzeschloen.

Sécherlech kann do e flotte Mehrwert erauskomme vun hirer Aarbecht a sécherlech ginn dann och fir den LDE nei Fuerschungsberäicher op. D'Regierung huet u sech kee Problem, wann op där enger Säit Initiativen méi grouss ginn, an op där anerer Säit Saachen integréiert ginn.

Dozou wëll ech awer vläicht nach just soen, datt mer natierlech am Beräich vu Fuerschung a vun Uni an engem Secteur sinn, wou eng gewëssen Eegestännegkeet besteet duerch dee jeeweilege Statut vun den Acteuren, iwwert déi mer hei schwätzen. Dat heescht, datt d'Regierung selwer natierlech mat hinnen a Gespréicher ass, mä si u sech hier eegen Entscheedungen huelen, wéi se zesummewuessen a wat se op wéi eng Aart a Weis zesumme maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Modert. Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 25 vum honorabelen Här Ben Fayot iwwert d'Rotonden zu Bouneweg. Här Fayot!

- Question N°25 du 21 mars 2005 de Monsieur Ben Fayot relative aux rotondes de Bonnevoie, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, d'Rotondë vu Bouneweg si jo als en nationaalt Kulturmonument klasséiert a sinn interessant Konstruktioune vun der Industriegeschicht vu Lëtzebuerg. Mir wëssen, dass eng vun deene Rotonden, déi ënnescht, renovéiert ginn ass an deene leschte Joren, si huet awer nach keng Affektatioun kritt. Déi iewescht Rotonde ass nach besat, en attendant dass d'CFL en neien Atelier bauen, fir déi Bussen, déi doranner gewart ginn, opzehuelen.

Ech hu gelies, dass elo fir d'Kulturjoer 2007 an deene Rotonden do soll eng Aart Haaptquartéier vun dem Kulturjoer sinn. Duerfir wollt ech d'Regierung froen, wat dann elo mat där ieweschter Rotonde géif geschéien. Engersäits wéi et mat deem neien Atelier vun den CFL géif weidergoen, fir dass déi iewescht Rotonde ka fräi ginn, a virun allem och wat dann d'Regierung gedenkt u Renovatioun un där iweschter Rotonde ze maachen, déi jo awer an engem relativ schlechten Zoustand ass.

Doriwwer eraus wëll ech och rappeléieren, dass vun der Stad zesumme mam Stat geduecht gëtt fir déi Rotonden an e groussen Urbaniséierungsprojet eranzehuelen, fir de gesamte Quartier virun der Gare, hannert der Gare ze renovéieren an urbanistesch neizegestalten, an ech wollt d'Madame Statssekretärin froen, ob se schonn eng Partie Elementer fir d'Äntwert op déi Froen huet, zahlreich Froe selbstverständlech, déi sech am Zesummenhang mat de Rotondë stellen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet d'Madame Modert, Statssekretärin vun der Kultur, der Héichschoul an der Recherche. Madame Modert!

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, Här President. Här Fayot, Dir hutt haaptsächlech d'Fro gestallt no där ieweschter Rotonde, déi zweet, déi de Moment nach gebraucht gëtt vun den CFL a wou de Moment och nach d'Busateliere vun den CFL dra sinn. Tatsächlech sinn zënter 1991 déi zwou Rotonden als Monument national klasséiert an de Stat ass Besëtzer vum Site.

Déi éischt Rotonde, fir dat just a Klammeren nach séier ze soen, gëtt zënter Februar dëst Joer bannendran aménagéiert, während se zënter 2000 bausse frësch gemaach gëtt, an dat ënnert der Verantwortung a mam Budget vu Sites et Monuments.

Déi zweet Rotonde ass effektiv haut nach als Atelier vun den CFL am Gebrauch a soll fir Enn 2006 disponibel si fir an d'Kulturjoer 2007 mat agebonnen ze ginn. Dat heescht, et geet bis zimlech zum Schluss zou, ier d'Kulturjoer ugeet, ier mer se kréien, an et ass och geduecht, datt déi Rotonde zimlech esou wéi se elo do ass wäert gebraucht gi fir déi Projeten am Kontext 2007. Natierlech mat e puer Stabilisatiouns- a Renovatiounsaarbechten, awer ganz séier a ganz kuerz. Déi zweet Rotonde ass net geduecht fir 2007 esou renovéiert ze ginn, wéi de Moment déi éischt, dat heescht, déi ënnescht Rotonde amgaangen ass frësch gemaach ze ginn. Dat soll iwwregens bis Enn Oktober vun dësem Joer fäerdeg sinn.

Mir hu wëlles an där zweeter Rotonde am Kulturjoer 2007 eigentlech Veranstaltungen oflafen ze loossen, déi haaptsächlech jugendorientéiert sinn, wou och d'Jugend ka selwer Projeten ausschaffen, also relativ fräi ass fir hir Manifestatiounen opzestellen.

An deem éischte Gebai, an där éischter Rotonde, där ënneschter, wäert Accueil, Informatioun, Billetterie a sou viru sinn. Déi ass ënnert der Verantwortung vun der A.s.b.l. 2007, an déi zweet gëtt zesumme géréiert fir déi Zäit vum Kulturjoer 2007 vun der A.s.b.l. an dem Service national de la jeunesse. Et ass ausgemaach mat den CFL, datt mer déi iewescht Rotonde wéi gesot Enn 2006 wäerte kréien.

Bis elo ass nach keng definitiv Affektatioun, weder vun där enger nach där anerer Rotonde, fir no 2007 virgesinn an ausgemaach. Am Géigendeel, et soll 2007 e flotte Laboratoire si fir déi spéider Destinatioun vun deenen zwou Rotonden, a mir gesinn dat och an deem ganze Kontext vun der Wichtegkeet, d'Verbindung ze maachen zwëschent deenen zwee Quartiere Gare a Bouneweg, wou d'Rotondë just derzwëschent leien, fir datt do neit Liewe kann drakommen.

An deem Sënn ass natierlech d'Experienz, déi mer aus 2007 zéien, och wichteg fir afléissen ze loossen, fir d'Stad Lëtzebuerg, fir hir Pläng auszeschaffen, am Kontext ënner anerem vun der Gare, an do sinn d'Gespréicher jo och amgaangen. Souwisou ass d'Stad Lëtzebuerg agebonnen an d'Aarbechte vun 2007, well si jo do Partner vun der Kulturhaaptstad 2007 mat ass.

Bref, am Kuerzfristege sollen d'Rotonden e geographeschen Epizentrum gi vun de Manifestatiounen 2007, fir dann dorauser d'Léieren ze zéien, wat mer duerno kënne virumaachen, an et ass net virgesinn, déi iewescht Rotonde virun 2008 komplett ze renovéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Modert. Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 26 vum Här Gira iwwert den Noutplang am Fall vun enger Drénkwaasserverschmotzung. Den Här Gira huet d'Wuert.

- Question N°26 du 21 mars 2005 de Monsieur Camille Gira relative au plan d'intervention d'urgence en cas de pollution de l'eau potable, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt vum internationale Waasserdag profitéieren, fir dem Här Innenminister eng Fro ze stellen iwwert de sou genannte Katastropheplang am Fall vun enger gréisserer Drénkwaasserverschmotzung.

Bei der rezenter Verschmotzung vum SEBES-Waasser vum 12. Januar huet et geheescht, de Ministère de l'Intérieur hätt de bestehende Kastastropheplang korrekt applizéiert. Datselwecht huet den Innenminister och an enger Intérieurskommissioun, déi mer den 2. Februar zesummeruffe gelooss haten, confirméiert.

Ech hunn du gefrot, ob d'Chamber dat Dokument och kënnt zougestallt kréien. Dat ass an Tëschenzäit och geschitt. Ech hu mir dat Dokument emol ugekuckt, a wann ech dat richteg interpretéieren, dann ass dat awer kee formaliséierte Katastropheplang, mä dat ass wéi et dropsteet de Rapport fi-

nal vun engem Aarbechtsgrupp vun der Aluseau. An deen Aarbechtsgrupp war vum fréieren Innenminister chargéiert ginn eng Prozedur auszeschaffen, fir bei gréissere Pannen ze intervenéieren.

Dofir ass meng Fro: Ass meng Interpretatioun richteg, dass de Ministère de l'Intérieur kee formaliséierte Katastropheplang huet, fir bei gréissere Panne vun der Drénkwaasserversuergung ze intervenéieren? A wa jo: Ass de Minister dann amgaang endlech esou ee Plang opzestellen, a wéini wier da mat engem Ofschloss vu sengem Plang ze rechnen?

M. le Président.- Merci, Här Gira. D'Wuert huet elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet also hei ëm e Plan d'intervention d'urgence an den Här Gira mengt jo, mir hätte keen esou een.

Ech hunn hei en Dokument kritt vum Aluseau, an do steet grouss drop „Plan d'intervention d'urgence". Ech muss also dovun ausgoen, dass dat awer en Dokument ass, wou den Här Gira elo mengt, dass et keent wär. Ech ka just soen, et steet hei grouss drop: „Approvisionnement en eau potable, plan d'intervention d'urgence". Dat Dokument ass vun der Aluseau ausgeschafft ginn. D'Aluseau, dat si Spezialisten aus dem Gemengesecteur, respektiv aus dem Statssecteur am Beräich vun Drénkwaasser an Ofwaasser. Ech ginn dovun aus, dass wat d'Versuergung ugeet déi hiren Job gemaach hunn.

Et muss een och souwisou, wann ee vun Interventiounspläng schwätzt, dann ass dat éischter, géif ech mengen, en administrative Kader, deen ee festleet, net onbedéngt Aktiounen, well d'Aktioune si jo ëmmer anerer. Den Zeenario variéiert, d'Aktioune sinn ëmmer anescht, an d'Kompetenze sollen determinéiert ginn an esou engem Plang an ech mengen, dat geschitt hei.

Dat Wichtegst si souwisou d'Übungen. Et mussen Übunge gemaach ginn. Bei de Schoule ginn der jo gemaach oder bei den Autobunnstunnelen, an et gëtt och all Joer, hunn ech nofroe gelooss, och zum Beispill eng Übung gemaach am Plan d'intervention vun der Pollution du Lac de la Haute-Sûre. Do gëtt all Joer eng Übung gemaach an ech mengen, dat wär dat Wichtegst wat ee misst an esou Beräicher maachen.

Tatsaach ass, dass mer gesot hunn, de Syvicol soll - a mir hunn och esou ee Bréif un hie gemaach - eis eng Persoun designéieren, déi an där Krisecellule soll matschaffen, wann esou Problemer sinn.

Tatsaach ass och, dass ech gesot hunn, mir sollen een Aarbechtsgrupp maachen, fir de Plang ze verbessere bei der Informatioun a bei der Kommunikatioun. Do hunn ech jo, wéi mer de Waasserdag virgestallt hunn, Iddien op den Dësch geluecht. Ech hat Iech deemools gesot, op där enger Säit gëtt d'Press informéiert an op där anerer Säit gëtt am Eeschtfall och esou e Genre Alerte secondaire gemaach. Natierlech wäerten och do sanitär Incidencë si bei deene meeschte Fäll, wou mer Waasserpollutiounen oder Drénkwaasserpollutiounen hunn.

Dofir gëtt och d'Direction de la Santé agesat, ganz kloer, mä déi Alerte secondaire leeft dann iwwert d'Protection civile, iwwert d'Pompjeeën an da soll nach déi folgend Lëscht vu Leit, déi ech mer opgeschriwwen hunn, intervenéiere wa Problemer sinn: d'Buergermeeschteren an d'Schäffen aus de verschiddene Gemengen, déi technesch Servicer aus de Gemengen, déi Responsabel aus de Syndikater, déi staatlech Verwaltungen, déi an d'Gestioun vun der Kris mat agebonne sinn. Dann natierlech och d'Dokteren an d'Apdikteren, d'Kliniken, d'Maisons de soins an d'CIPAen, an och natierlech d'Distributiounsréseauë vu Liewensmëttel a Restauranten.

Also stellen ech mer vir, dass en Hypermarché iwwert déi Schinn och ka Leit informéieren, also dass am Ganzen et da géifen ongefeier 6.500 bis 7.000 Leit sinn. Doriwwer eraus hunn ech e Bréif gemaach un eisen Transportminister, den Här Lux, fir dass e mat den CFL, mam TICE, mat der Ville de Luxembourg a mam RGTR kuckt, ob een net och déi kann abannen an esou eng Informatioun an doriwwer eraus soll och de CITA iwwer hir Panneauen op den Autobunnen Informatioune kënne weiderginn.

Also, et ass eng ganz Strategie, déi mer am Detail amgaange sinn auszeschaffen iwwert den Aarbechtsgrupp, wou ech gesot hunn, dass de Syvicol soll matschaffen, an da mengen ech, wann esou Problemer sinn, misst ee kënnen déi Saachen 100%eg an de Gréff kréien.

Wat eng Tatsaach ass, dat ass, dass dee Plan d'intervention d'urgence opgestallt ginn ass am Joer 2001, an zwar just nodeem mer dee Problem haten 2000 mat der SEBES. Do war och e Waasserproblem. Do ware jo Kolibakterien am Waasser, an no dräi Deeg ass dat festgestallt ginn, an dunn ass dann och do reagéiert ginn, wat gutt war, mä deemools war d'Reaktioun net gradesou hysteresch wéi dës Kéier.

Ofschléissend wëll ech Iech soen, datt ee muss dovun ausgoen, dass déi Verschmotzung vum 12. Januar wahrscheinlech zu 99,9% guer keng war. Dat gesot, mengen ech, hätt ech Iech op Är Fro geäntwert.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Halsdorf. Déi nächst Fro kënnt vun der Madame Vera Spautz iwwert den Gender mainstreaming an de Ministërë beim Stat. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°27 du 21 mars 2005 de Madame Vera Spautz relative au «gender mainstreaming» dans les ministères de l'État, adressée au Ministre de l'Égalité des chances

Mme Vera Spautz *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass internationale Waasserdag. Viru 14 Deeg war den internationale Fraendag an et war déi éischte Kéier, dass hei an der Chamber zënter laangem keen Hearing stattfonnt huet. Ech wëllt dann dofir vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir, soe mer emol, an enger ofgewandelter Form e klengen Hearing ze organiséieren, an lech Madame Ministesch Jacobs dann e puer Froen ze stellen.

Ënnert dem Punkt „égalité" tëschent Fraen a Männer an dem Koalitiounsaccord vun dëser Regierung steet niewent enger Rei Absichtserklärungen, respektiv Suggestiounen, ënner anerem e Punkt an zwar folgenden „évaluation selon la perspective de genre dans ses actions politiques", dorënner de Recueil vu statistesche Donnéeën, opgedeelt no Geschlecht an als zweet, d'Kreatioun vun enger „cellule de compétence en genre" an dat an all Département ministériel, esou datt sech d'Fro eigentlech net op Iech eleng beschränke sollt, mä sech un alleguer eis Ministeren, respektiv Ministerinne riicht.

An deem Zesummenhang wollt ech folgend Froe stellen: Wou sti mir an dësem Dossier? A wéi enge Ministërë gëtt et mëttlerweil déi Cellule de compétence, respektiv gëtt et se net?

Et ass mer bekannt, datt et am Ministère de l'Éducation nationale déi Cellule gëtt. Wann et se net gëtt, wat ass d'Ursaach dofir? Wie kontrolléiert d'Ëmsetzung vun dësem Dossier? Gëtt et eventuell éischt Resultater oder Donnéeën, a wier et ënner Ëmstänn net néideg eng Base légale ze schafen, déi déi Cellules de compétence reglementéiert, fir dass dëse Punkt aus dem Koalitiounsaccord och ka mat Liewen erfëllt ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Spautz. D'Wuert huet elo d'Madame Minister vun der Chancëgläichheet, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Spautz huet eng rei Fachfroe gestallt, an ech denken, datt Der am Regierungsprogramm och de Recueil fannt mat den Donnéeën an de Statistiken.

Dat ware wichteg Virgaben, fir datt mer iwwerhaapt woussten, wou mer dru waren. Wann een net weess, wou ee steet, dann ass et schwéier fir herno ze kontrolléieren oder ze kucken, wat ee besser gemaach hätt. Mä esou gutt mat dem jëtzege Minister wéi och mat dem viregte Minister vun der Ekonomie hate mer gutt Kontakter an och de Statec ass bereet fir méi op de Wee ze goe fir emol ze kucken, wou Männer a Fraen an der ganzer Ekonomie dru sinn, wat jo ee vun deene wichtege Pilieren ass, fir ze kucke wou mir a wou d'Frae virukommen.

D'Kreatioun vun de Cellules de compétence an de Ministèren ass effektiv, datt a jidderengem eenzelne Ministère soll esou eng Cellule geschafe ginn. De Chancëgläichheetsministère hat en Dossier an de Conseil ginn, wou am Januar eng éischte Kéier diskutéiert ginn ass iwwert déi verschidde Punkten, esou gutt iwwert d'Statistiken, wéi och iwwert d'Cellules de compétence, wéi iwwert den nationalen Aktiounsplang, wéi och iwwert de Renforcement vum interministerielle Komitee a vun der Agence indépendante.

No där éischter Diskussioun si mer nach net zu de Konklusioune komm, an ech hunn d'Kolleeginnen an d'Kolleege gefrot fir hir Bemierkungen ze maachen, awéifern dat fir si Problemer géifen duerstellen an där Fassong wéi de Chancëgläichheetsministère dat wollt ëmsetzen, wat komplizéiert wier oder wat vläicht och fir Eenzelner net ze realiséiere wier. Doropshin hu mer eng Partie vun Äntwerte kritt.

Dir wësst, datt mer elo am Februar an am Mäerz zu enger ganzer Partie, haaptsächlech meng Fonctionnairinnen a Fonctionnairen, zu New York bei der UNO waren, esou datt deen Dossier elo net mat där Vitesse virugaangen ass wéi ee sech dat soss hätt kënne wënschen, mä mir wäerten an deenen nächste Wochen déi Ministërë kontaktéieren, déi hir Remarquen erageschéckt hunn, fir ze kucken, wéi een domadder ka virugoen, an duerno ze soen, dat doten ass dat wat an deem dote Ministère ka gemaach ginn.

Ech sinn de Moment net an enger Situatioun fir ze soen, datt een an alle Ministèren deeselwechte System kann uwenden. Bei deenen enge geet dat besser, bei deenen anere geet et manner gutt. Generell hunn ech awer dat Gefill, datt d'Kolleegen och bereet sinn, mat op dee Wee ze goen an och do hiert dozou bäizedroen.

Dat wat mer décidéiert hunn, dat ass bei der Agence indépendante - Dir wësst, datt mer och do zwou Direktiven ëmzesetzen hunn, wou et ënner anerem och iwwert d'Egalitéit zwësche Männer a Frae geet, a wou mir awer gemengt hunn, datt et sënnvoll wier, datt dat eng eenzeg Agence géing ginn, datt mir net fir déi zwou Direktiven zwou verschidden Agencë géinge maachen, vu datt d'Land awer relativ kleng ass an datt et awer wichteg ass, datt een och do e Wëssen an e Kënne beienee kritt, wou d'Leit dann awer och kënne gehollef kréien an och Äntwerten dorop kréien.

Sou datt ech hoffen, datt mer an deenen nächste Woche kënnen déi Gespréicher ofschléissen, nach eng Kéier an de Conseil, de Regierungsrot zréckgi mat deene ganze Froen, an och hoffentlech Äntwerten dorobber kréien, an dann och hoffen, datt mer déi ganz Aarbecht, déi keng kleng ass, dann awer och an deenen nächste Méint konkret an den eenzelne Ministërë kënnen ëmsetzen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Jacobs. Den honorablen Här Meisch wëllt dem Gesondheetsminister eng Fro stellen iwwert d'Aféierung vun engem Fëmmverbuet an de Restauranten. Här Meisch!

Plusieurs voix.- Aaahhh! Ooohhh!

Une voix.- Dat ass emol eppes Neits.

- Question N°28 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'introduction d'une interdiction de fumer dans les restaurants, adressée au Ministre de la Santé

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Moie war an der Zeitung ze liesen, wat gëschter op der Journée Horesca diskutéiert ginn ass, wou also d'Acteuren aus dem Gastronomiesecteur beienee waren. Déi hu sech natierlech och Gedanke gemaach ëm d'Fro vun dem eventuelle Fëmmverbuet an de Restauranten, wéi d'Regierung e virgesäit. D'Horesca huet do och eng Ëmfro bei hire Membere gemaach. Do ass eng grouss Opposition festgestallt gi bei de Membere vun der Horesca par rapport zu deem geplangtene Verbuet an de Restauranten.

Allerdéngs op där anerer Säit hu ganz vill Memberen och gesot, et waren där 72%, si wären och averstanen, fir fräiwëlleg Léisungen ze sichen, fir an hire Restaurantë fräiwëlleg Ecke fir Netfëmmerten ze reservéieren, anzeriichten, ofzetrennen, par rapport zu deene Plazen, wou dann nach dierft gefëmmt ginn.

Duerfir wollt ech de Gesondheetsminister froen, ob hien déi Hand, déi den Horesca-Secteur hei ausgestreckt huet, ergräift a mat deene Concernéierten sech zesummen un en Dësch sëtzt, fir vläicht déi Motivatioun do vun deene Betraffenen ze notzen a fräiwëlleg Accorde kënnen erbäizeféieren, wéi se an anere Länner mëttlerweil jo och schonn existéieren, an Éistréich a ganz kierzlech och an Däitschland, wou den däitsche Gesondheetsministère mat de Gastronomiebetriber esou en Accord fonnt huet.

Mir sinn der Meenung, datt, wann dat do méiglech ass an engem grousse Land wéi Däitschland, da misst et hei am klenge Lëtzebuerg ëmmerhi méiglech sinn, an ech hunn an deemselwechten Artikel am „Tageblatt", aus enger Zeitung, déi mir net besonnesch no steet, op jidde Fall dem Här Minister Di Bartolomeo méi no steet, gelies, datt de Minister Boden, dee present war,…

(Interruption)

…den Här Boden, dee gëschter och present war, gesot huet, hie géing natierlech d'Suerge vun deem ganze Secteur verstoen, an ech hu gelies: „Fernand Boden sicherte der Branche abschließend die Unterstützung der Regierung im Rahmen des Möglichen zu." Här Minister, gesitt Dir dat och esou?

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den Här Minister Mars Di Bartolomeo wäert eis eng Äntwert ginn op d'Fro vun där ausgestrecktener Hand.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, direkt zur ausgestrecktener Hand. Ech menge mir hunn net gewaart bis dass d'Generalversammlung vun der Horesca war fir d'Hand auszestrecken. Ech ka mech ganz gutt…

M. Henri Grethen *(DP).*- Dir hutt direkt eng gehaen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech ka mech ganz gutt un déi Zäiten erënneren, wou d'Tubakslobby besser an der Regierung vertruede war, Här Grethen, wéi se haut vertrueden ass…

(Interruptions diverses)

…an ech ka mech ganz gutt un Zäiten erënneren, wou d'OMS-Konventioun blockéiert war an där viregter Regierung, an ech ka mech ganz gutt erënneren, dass et ënnert dëser Regierung e bësse méi einfach war, fir d'OMS-Konventioun ze deblockéieren.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här Di Bartolomeo, spriecht Dir iwwert d'Zäit vun 1989 bis 1999? Well Dir wësst jo, mir haten nach de leschten Donneschdeg eng Kommissiounssitzung wou mer d'Konventioun antitabac en fait traitéiert hunn. Déi war vun där viregter Regierung ënnerschriwwe ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also ënnerbriecht net ëmmer den Här Minister! Hien huet nëmme véier Minutten Zäit. Dir wësst, datt e schonn ëmmer Schwieregkeete mat der Zäit huet.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Mä wa mer bei de Léierstonne sinn, da wëll ech dem fréiere Minister soen, dass et net duergeet, dass een eng Konventioun ënnerschreift, mä dass ee se och muss ratifizéieren, an déi viregt Regierung - dat wësst Der, Här Gesondheetsminister - huet Iech zréckgepaff wéi Der se wollt ratifizéieren. Duerfir ass se net ratifizéiert ginn, si gëtt eréischt ënnert dëser Regierung ratifizéiert.

(Interruption)

Mä zréck zu där ausgestrecktener Hand.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir hunn net gewaart bis dass d'Generalversammlung vun der Horesca war fir d'Hand auszestrecken. Ech ka mech ganz gutt erënneren u Gespréicher, déi ech mam Generalsekretär vun der Horesca hat, wou ech hinnen ugebueden hunn, dass, en attendant dass e Gesetz sollt kommen, keen de Secteur drun hënnert fir wäitgehend déi doten Ausnahm zur Regel ze maachen an um Terrain eng Rei vu Schrëtter ze maachen, déi et herno vill méi einfach maache fir dat Ganzt gesetzlech ze begleeden.

Ech wëll soen, dass ech mech um Terrain vun der Regierungserklärung bewegen, wou ganz kloer gesot ginn ass, dass mir de Schutz vum Netfëmmert wäerte verbesseren. Ech si ganz kloer dovun iwwerzeegt, dass wann een d'Netfëmmerte wëllt schützen - an hei geet et zu kengem Zäitpunkt géint Leit, déi fëmmen, mä et geet ëm de Schutz vum Netfëmmert -, dass ee

fir kloer Verhältnisser muss suergen, kloer Verhältnisser, déi jiddferengem kloer soen, wou en drun ass, an duerfir wäerte mer gradesou suerge wéi deene Leit ze hëllefen, déi wëlle vun där Ofhängegkeet vum Tubak lasskommen.

Also kloer Situatiounen, an ech wëll dem Här Meisch soen, dass mir mat där Meenung jo wierklech net eleng dostinn. Dass ech genee an där Approche sinn, wou dem Här Meisch seng Partei nach e puer Méint virun de Wahle stoung, well e puer Méint virun de Wahlen huet dem Här Meisch seng Partei un eng Rei vu Korrespondente folgende Message verschéckt: „In Restaurants oder am Arbeitsplatz sollten systematisch zum Schutz der Nichtraucher rauchfreie Zonen die Regel darstellen, die abgegrenzt von Rauchzonen sein sollen."

M. Claude Meisch *(DP).*- Jo. Ech froen nëmmen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- An da geet et weider: „Rauchfreie…

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här Minister, Dir sidd awer wierklech a Kontradiktioun mat deem wat Der virun enger Minutt gesot hutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- „Rauchfreie…", ech zitéieren…

M. le Président.- Hien zitéiert de Moment jo nëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- „Rauchfreie Zonen dürfen nicht einfach nur als eine Ausnahme oder Luxus gelten. Es sollen keine rauchfreien Inseln im Sinne einer Begünstigung, sprich Extrawurst für Nichtraucher eingerichtet werden, sondern die Raucherzonen müssten zur Ausnahme werden." Ech zitéieren heimat d'DP virun de Wahlen…

(Brouhaha général)

…an ech géif just soen, bouffdech, wann een, wann een, wann een…

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Henri Grethen *(DP).*- Ma Dir kënnt vill Wann-eens!

(Interruptions et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- …wëllt op zwou Hochzäiten danzen, wann ee wëllt gläichzäiteg op zwee Still sëtzen, da kann et emol ganz seriö derniewent goen!

Ech géif där jonker Garde vun der DP roden, sech emol fir d'éischt eens ze ginn, wat se wëllen, ier se Enquêtë maache wéi hir fréier grouss Kolleegen ukomm sinn. Et ass vill méi wichteg an der Politik, dass een Inhalter fënnt amplaz dass ee sech op d'Formë focaliséiert, an ech wëll Iech soen, den Débat an den Dialog mam Horesca-Beräich wäerte mir féieren. Mä ech kann Iech ganz kloer soen a mengem Numm an am Numm vun der Regierung, d'Ausnahm gëtt zur Regel, an dat wat Dir virdrun ugedeit hutt,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, si hate mech ënnerbrach!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Jo, mä Dir hutt dat scho laang erageholl.

M. Claude Meisch *(DP).*- Den Här Minister huet nach ëmmer net op d'Fro geäntwert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Dee leschte Saz. An dat wat den Här Meisch mat „Nichtraucher-Ecken" definéiert huet, dat wëlle mir net. Mir wëllen net, dass d'Netfëmmerten an Ecker verfracht ginn. D'Regel soll zur Ausnahm ginn an d'Ausnahm soll zur Regel ginn, an ech sinn emol esou naiv…

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo, fir Är Äntwert. Dir musst awer elo wierklech ofschléissen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech si gläich fäerdeg.

M. le Président.- Dir hutt dat scho virun enger Minutt gesot, Dir sidd nach ëmmer net fäerdeg!

Une voix.- Wat ee Schnëssert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech sinn esou naiv ze gleewen, dass een ouni Damp muss kënnen iessen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Nächst Fro…

(Interruptions diverses)

Dir sidd elo fäerdeg, Här Di Bartolomeo!

Déi nächst Fro ass vum honorablen Här Roland Schreiner iwwert d'Gehälterverhandlungen an der Fonction publique. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°29 du 21 mars 2005 de Monsieur Roland Schreiner relative aux négociations salariales dans le secteur public, ainsi que sur la révision des salaires, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech wollt dem Här Minister vun der Fonction publique e puer Froe stellen iwwert d'Gehältersituatioun am öffentleche Secteur. Dir wësst, dass de leschten Accord salarial den 31. Dezember 2004 ofgelaf ass, esou dass de Secteur sech de Moment an engem vertragslosen Zoustand befënnt.

(Interruptions diverses)

En ass eriwwer, en ass ofgelaf, ob e gutt oder schlecht war, Här Grethen.

Ech wollt eigentlech dem Här Minister eng Fro stellen.

Ech weess net firwat déi Opreegung ass. Ech wollt de Minister froen, ob hien eis ka soen, ob schonn en neie Gehältervertrag amgaang ass verhandelt ze ginn, respektiv wéi den Timing vun dëse Verhandlungen ass, a wéini mat engem Ofschloss ka gerechent ginn. Ech hu verstanen, dass de Minister, genee wéi seng Virgänger, dës Verhandlunge just mat der CGFP wëllt féieren.

Meng Fro ass déi: A wéi enger Form ginn déi aner Sozialpartner, déi an der Fonction publique an an den assimiléierte Secteuren täteg sinn, an dës Verhandlunge mat agebonnen?

(Interruption)

Ma den Här Minister äntwert mer jo, Här Grethen, ënnerbriecht mech dach net ëmmer, well Dir hutt an deem Dossier do ee schlecht Gewëssen. Da war et an der Vergaangenheet esou…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech géif lech wierklech elo bieden de Riedner ausschwätzen ze loossen.

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Ech weess net, firwat Dir esou nervös do gitt.

M. Henri Grethen *(DP).*- Ech si guer net nervös.

M. Roland Schreiner *(LSAP).*- Ma et schéngt ës awer bal.

Da war et an der Vergaangenheet esou, dass am Virfeld vun de Verhandlungen des Öfteren eng Étude comparative gemaach ginn ass iwwert d'Entwécklung vun de Gehälter am öffentleche Secteur an am private Secteur. Ass dat och dës Kéier de Fall gewiescht, a wa jo, gëtt et do scho Resultater?

An da wollt ech nach just kuerz op d'Gehälterrevisioun agoen, déi jo och an d'Haus steet, nodeem déi lescht Regierung, obscho versprach, se net duerch gefouert huet. D'Regierungserklärung gesäit vir, dass do eng Kommissioun punktuell Propositioune soll maachen. Et soll jo keng generell Gehälterrevisioun ginn, mä éischter eng punktuell Adaptatioun vun de Barèmen, do, wou et noutwendeg ass.

Meng Fro ass déi, wéi do den Timing an d'Prozedur ausgesinn an a wéi enger Form an dësem Dossier d'Gewerkschaften aus deene betraffene Secteuren an d'Diskussiounen agebonne ginn.

Ech soen dann dem Här Minister elo scho Merci fir d'Äntwert.

M. le Président.- Voilà, Här Schreiner. D'Wuert huet elo de Minister vum öffentlechen Déngscht, den Här Claude Wiseler.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- E puer Saache wëll ech äntweren op déi seriö Fro, déi mir gestallt ginn ass, iwwert de Lounaccord. En ass effektiv, wéi Der et wësst, den 31. Dezember ofgelaf. Virun dem Oflafen ass vun der CGFP e Fuerderungskatalog erageréecht ginn, deen awer selbstverständlech, wéi dat soss och ëmmer de Fall war, e ganz breet gefächerte Katalog ass, deen net nëmme Fuerderungen iwwert d'Opwäertung vum Punktwäert beinhalt, mä och eng ganz Rei aner Mesuren, déi iwwert dat Gehältertechnescht eraus och nach e sozialen Aschlag hunn.

D'Regierung ass och iwwert d'Prozedur befaasst ginn, an Dir hutt et selwer gesot, d'Verhandlunge wäerte wéi déi Kéiere virdrun och mat der CGFP lafen. Är Fro ass: Wéi geet et mat deenen anere Gewerkschaften? Mat deenen ass geschwat ginn an et gëtt eng Consultatiounsprozedur gemaach, déi an zwou Etappen ass an déi och soll elo am Abrëll ulafen. Dat ass déi éischt Äntwert.

Déi zweet Fro war: Wéi ass et mat de Studien? D'Regierung huet mech och gefrot fir eng Rei Studië virzehuelen, déi gemaach ginn, fir ofzeschätze wou mer momentan dru sinn, vläicht net déi, wéi se viru fënnef Joer gemaach ginn ass, déi Dir ugeschwat hutt, mä eng Rei aner Etüden, do notamment eng, déi den Inventaire iwwert déi lescht Kollektivverträg am Privatsecteur kënnt maachen, datt een do och sollt en Ableck doranner kréien.

An déi drëtt Fro, déi Der ugeschwat hutt, ass déi iwwert d'Gehälterrevisioun. Do ass et richteg, wéi Der gesot hutt, datt am Accord vun der Regierung drasteet, datt en Aarbechtsgrupp sech géing dorëms bekëmmeren. Zwou Saache sinn dozou ze soen.

Dat éischt ass, datt deen Aarbechtsgrupp schonn agesat ginn ass, datt en och seng Aarbechten ugefaangen huet, datt en déi Aarbechten op Basis mécht vun deene Memoranden, déi gesammelt gi ware vun der viregter Fonction-publique-s-Ministesch, vun dem viregte Fonction-publique-s-Statssekretär an op Basis vun deenen elo déi Etüd gemaach gëtt, déi da soll eng Rei ganz konkret Punkten, do wou et noutwendeg ass, der Regierung virschloen.

Wéini dat elo definitiv ofgeschloss gëtt, dat kann ech nach net soen, well déi Aarbechten net an deem Rhythmus momentan weiderlafen, well och d'Fonction publique an der Présidence dran ass an och wa gesot gëtt, d'Fonction publique wier net onbedéngt en europäesche Sujet, awer dee Ministère iwwer 20 Sëtzunge mat deem Personal, wat en huet, ze maachen huet, dat heescht, déi musse mer uerdentlech maachen. Déi aner Saache probéiere mer och an deem Rhythmus, wou mer kënnen, uerdentlech ze maachen, esou datt ech denken, datt am Laf vum Joer dee Grupp awer kann éischt Konklusiounen zéien.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Wiseler. Mir kommen dann zur Fro Nummer 30 vum Här Robert Mehlen iwwert d'Rettungsaktioun vun der CEPAL. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°30 du 22 mars 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'action de sauvetage de la CEPAL, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Här President, de leschte Freideg huet de Landwirtschaftsminister d'urgence eng Pressekonferenz aberuff, fir ze verkënnegen, datt de Lëtzebuerger Stat fir de Géigewäert vun 12 Milliounen Euro, dat heescht net grad 500 Millioune Lëtzebuerger Frang, Immobilië vun der CEPAL géing ofkafen, fir der CEPAL Loft ze verschafen.

Do gëtt et eng ganz Partie Froen, ech wollt der e puer hei opwerfen.

1. Brauch de Stat dës Immobilien oder ass et nëmmen e Gefälleggkeetskaf?

2. Wéisou huet d'CEPAL dës Immobilien net um fräie Maart verkaaft, wéi si dat mat hirem Siège um Boulevard d'Avranches gemaach huet, wa se dat da wäert sinn?

3. Wéi kommt Der op de Präis vun deenen 12 Milliounen Euro? Ass do déi normal Procédure d'acquisition ënner Consultatioun an Aschaltung vun der Commission d'acquisition respektéiert ginn?

4. Hutt Der de geneeën Iwwerbléck iwwert déi finanziell Situatioun vun der CEPAL, wann Der se scho wëllt retten? Wéi héich ass déi tatsächlech Schold, d'Banken, d'Sécurité sociale, d'Steieren an d'Fournisseuren abegraff?

5. Geet dat do duer fir d'CEPAL ze retten, oder kommen nach esou Aktiounen no? Gëtt et iwwerhaapt en Audit, gëtt et e Gesamtplang fir dat Ganzt, deen och eng Aussiicht beinhalt, fir eng Kéier op e gréngen Zweig ze kommen?

6. Kann an Zukunft all Betrib, deen esou gutt wéi faillite ass, mat esou Faveure rechnen?

7. An dat betrëfft d'Technik: Kënnt ee Projet de loi, well mer jo hei iwwert déi 7,5 Milliounen erausginn, wou muss ee Projet de loi spéciale kommen, oder gëtt d'Chamber einfach iwwergaangen, doduerch dass d'Technik vum Saucissonnage hei applizéiert gëtt?

M. le Président.- Merci, Här Mehlen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President.

M. le Président.- Jo, Här Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ech wollt trotzdeem eng Kéier weisen, dass wann ee seet een Deputéierten huet zwou Minutten Zäit, fir eng Fro ze stellen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir ze äntwerten, datt wann een innerhalb vun zwou Minutten - an dat ware keng siwe Froen - zéng Froe stellt, dass et relativ schwiereg gëtt fir ee Member vun enger Regierung, fir a véier Minutten dorobber ze äntweren.

Ech mengen, dass et och wichteg wier an der Responsabilitéit vun den Deputéierten, datt si am Kader vun der Froestonn hei géife Froe stellen, déi och raisonnablement a véier Minutten ze beäntwere wieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President!

M. le Président.- Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech menge wann den Här Minister sech esou kuerz faasst a prezis faasst wéi dem Robert Mehlen seng Froe waren, da kann hien op alleguerten déi Froen a véier Minutten äntwerten. Wann hien natierlech mengt hie misst zu all Fro eng Ried halen, da geet et net duer. Dat si prezis Froen, an hie kann och prezis dorop äntweren.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Här Minister Boden, Dir hutt d'Wuert fir d'Äntwerten.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Merci bien, Här President. Et ass net fir d'éischt, datt den Här Deputéierten Mehlen hei iwwert d'Problematik vun der CEPAL Froe stellt, an ech hunn d'Impressioun, datt hien net méi richteg schléift, well hie fäert d'CEPAL kéint et awer nach finalement packen.

(Brouhaha général)

Ech bedaueren dat wierklech, well hei geet et éischtens emol ëm vill Aarbechtsplazen an zweetens geet et drëm, datt mir kucken, datt mir eng Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg behalen, wou mir net nëmme Primärprodukter maachen, se dann an d'Ausland exportéieren, an datt dann do…

M. le Président.- Da lauschtert dach wann ech gelift no.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- …Aarbechtsplaze geschaf ginn an do Méiwäert geschaf gëtt an eis Baueren hei am Reen stoe bleiwen. Mir hätte gären, datt mir sollen ee staarken agroalimentairë Secteur behalen, an dofir versiche mir eppes ze retten, wann eppes ze retten ass.

An ech wëll soen, datt déi Aktioun, déi gemaach ginn ass, guer näischt Neies ass, zum Deel op jidde Fall net. Ech hu virun annerhallwem Joer - mengen ech - an der Agrarkommissioun des Laangen an des Breeden erkläert, ënner wat fir enge Konditiounen de Stat géif de Kuelbicher Haff opkafen. Déi Konditioune sinn erfëllt. Den SEG an den Herdbuchverband hunn no laangen Diskussiounen sech ënner Verantwortung an ënner Guidance vun auslänneschen Experten dovunner iwwerzeegt, datt et gutt wier fir gemeinsam an der Schwéngsproduktioun ze schaffen an datt de Kuelbicher Haff e wichtegt Element dofir wier.

De Stat ass dofir, an dat huet hie virun annerhallwem Joer scho gesot, bereet de Kuelbicher Haff ze kafen an en der neier Vereenegung zur Verfügung ze stellen, am Intérêt vun der Lëtzebuerger Schwéngsproduktioun, fir déi ze stäerken, wat e wichtege Secteur vun der Agrarpolitik hei am Land ass.

(Interruptions)

An ech wéilt Iech just soen, datt eng Etüd gemaach ginn ass - dat hat ech och deemools scho gesot - vun engem neutralen Expertëgrupp op Grond vum Optrag vun enger Bank, an déi hu festgestallt, datt de Kuelbicher Haff ronn 8,6 Milliounen Euro Wäert hätt a si kréie véier Milliounen Euro dofir, wéi dat och an der Vergaangenheet schonn an Aussiicht gestallt ginn ass. Dat kënnt den Ordre de grandeur sinn, deen de Stat géif dofir ginn.

Mir hunn all Subsiden ofgerechent, déi deelweis vu Bréissel, deelweis vu Lëtzebuerg komm sinn. Dat ware 4,4 Milliounen. Also hu mer net méi bezuelt op jidde Fall wéi an Aussiicht gestallt gi war a wéi d'CEPAL dofir investéiert huet. Ech menge schonn, datt dat e gudde Marché ass, datt mer doduerch d'Schwéngsproduktioun kënne stäerken an och méi Autosuffisance an der Schwéngsproduktioun kréie wéi dat haut de Fall ass.

Dat ass ee Punkt. Een anere Punkt ass den Agrocenter. Am Agrocenter wësse mer, datt d'CEPAL - an dat ass jo näischt Neies, den Här Mehlen weess dat ganz gutt - a finanzielle Schwieregkeete war an och nach ass. An do muss een dann heiansdo kucken - wéi dat och bei anere Betriber gemaach gëtt -: Hu mer eng Chance fir de Betrib do ze retten, fir him eng supplémentaire Chance ze gi fir och kënnen ze investéieren?

De Problem vun der CEPAL an de leschte Méint oder am leschte Joer war, datt se net genuch Finanzkraaft haten, fir ze investéieren. Si hunn Oplage gemaach kritt vum Gesondheetsminister, vun der Gewerbeinspektioun, vun der Ëmweltverwaltung, a si ware bereet ze investéieren an haten och e Plang fir dat ze maachen, mä et huet u Vertraue gefeelt bei de Banken, fir hinnen déi Kreditter ze ginn, well se net genuch Finanzkraaft haten.

Elo huet d'CEPAL, Gott sei Dank muss ech soen, eng Rei vun Terrainen, déi wäertvoll sinn, wou d'Infrastrukture komplett leien, dat sinn iwwer zéng Hektaren, wou d'Infrastrukture leien. D'Regierung huet elo gesot, mir huelen Optiounen op déi Terrainen a mir wëllen déi och kafen. An dat insgesamt fir Montantë vu ronn aacht Milliounen Euro.

Or, jiddferee weess, wat hei eng Bauplaz oder en Terrain, op deen e Gewerbebetrib ka kommen, oder en Terrain, op dee kann eng Schoul kommen, wou d'Infrastrukture leien, wäert ass. Dividéiert eng Kéier déi aacht Milliounen Euro duerch déi méi wéi zéng Hektar, déi do am Spill sinn, da gesitt Der, datt dat hei en Deal ass, dee menger Meenung no fair ass. Ech sinn iwwerzeegt, datt se um private Maart, wa se Zäit gehat hätten, méi kritt hätte wéi se elo vum Stat…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Jo, Dir kënnt dat evaluéieren. Also, ech mengen, hei wier e fairen Deal gemaach ginn, fir enger Entreprise eng Chance ze ginn, datt d'Banke bereet sinn hinne Kreditter ze ginn, fir datt se kënnen investéieren an erëm schaffen.

Déi Banken hunn de Businessplang examinéiert, hunn e fir gutt fonnt, an da mengen ech ass et net un der Regierung fir ze soen, dee Businessplang daagt näischt. Also, ob si elo domat gerett sinn, dat weess ech net. Mä op d'mannst ass elo déi finanziell Basis do, datt si kënnen investéieren an déi Oplagen, déi se gemaach kritt hunn, kënnen erfëllen, datt si un deem neie Projet fir Fleeschveraarbechtung, fir Produktioun vu Fleeschprodukter kënne schaffen, datt doduerch Aarbechtsplaze gerett ginn. Ech hoffen, datt si erauskommen.

Ech hoffe wierklech, datt si erauskommen, datt Aarbechtsplazen erhale bleiwen, well déi Leit, déi do schaffen, si Leit, déi aus dem Baueremilieu kommen - ech hunn et scho gesot -, déi ee gewëssenen Alter hunn. Wann déi géifen entlooss ginn, dat géif vill dramatesch Zoustänn mat sech bréngen. Dofir mengen ech, datt mer hei sollte gemeinsam dru schaffen, fir Aarbechtsplazen ze retten an engem Betrib, deen och am Intérêt vun der Landwirtschaft ass.

(Interruption)

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann déi nächst Fro vum honorabelen Här John Castegnaro iwwert de Remboursement vu medezineschen Analysen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°31 du 21 mars 2005 de Monsieur John Castegnaro relative au remboursement des analyses médicales, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, an der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie den 9. November 2004 ass ënner anerem beschloss ginn, dass an Zukunft just nach 12 Analyse pro Ordonnance am ambulante Milieu remboursëiert ginn. Zousätzlech Analyse gi just dann nach remboursëiert, wann eng komplementar Ordonnance virläit.

Et huet sech elo erausgestallt, dass de Public, mä och d'Dokteren net méi genee wësse wéini ee wellech Analyse remboursëiert kritt, haaptsächlech am Fall vun enger méi laangwiereger Krankheet. Et ass zum Beispill net kloer, ob et sech ëm 12 Posten an enger Analys handelt - nëmme fir ze soen, bei der Schilddrüs ginn zwee oder dräi Posten ënnersicht. Et ass och net kloer, ob en Ënnerscheed gemaach gëtt, wann de Patient an e private Labo geet oder d'Analysen am Milieu hospitalier gemaach ginn.

Kann de Minister mer wann ech glift op déi Fro eng zefridde stellend Äntwert ginn? Merci.

M. le Président.- Här Minister vun der sozialer Sécherheet Mars Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem Här Castegnaro Merci fir déi Fro, déi eng Rei vu Klärungen erméiglecht. Ech wëll vläicht fir unzefänken déi Moossnam vun der Limitatioun op 12 Analyse pro Ordonnance an dee Kontext erastellen, wou se higehéiert. Et ass eng vun deene Mesuren, déi an der Ronn vun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie décidéiert gi sinn, fir deem dach awer relativ héijen Defizit an de Krankekeesen entgéintzetrieden.

Där doter Décisioun sinn Analyse virausgaang, déi festgestallt hunn, wou dann d'Dépensen an deene leschte Joren am dynameschste geklomme sinn. Ee vun deene Secteuren, wou d'Dépensen am dynameschsten iwwer eng Rei vu Jore geklomme sinn, ass dee Poste vun de Labosanalysen, an nach méi speziell - well dat méi liicht identifiabel ass, am Géigesaz zu de Spidolslaboen, déi budgetiséiert sinn - an de private Laboen, wou een an deene Jore vun 1998 bis 2003 e Wuesstum vun der Zuel vun den Analyse bis zu 14% festgestallt huet, en Duerchschnëtt vun 12%, mat enger Spëtzt am Joer 2003 vun iwwer 17%.

Dunn ass an den Diskussiounen zwëschent deene verschiddene Sozialpartnere gekuckt ginn, wat eng räsonnabel Zuel vun Analyse wier, déi een optimal kéint verschreiwen. Et ass och selbstverständlech mat den Dokteren doriwwer diskutéiert ginn, an do ass déi Zuel vun 12 Analysen erauskomm, mat Klärungen, déi herno komm sinn, wou ee festgestallt huet, wou een ee Posten als eng Analys oder dräi Sous-analysen als ee Poste festgestallt huet.

Ech wëll awer vun Ufank un drun erënneren, dass et net geduecht war fir déi Begrenzung do op d'Privatlaboen ze limitéieren, mä dass dat e Message war un d'Acteuren alleguer an dass an enger éischter Phas vläicht eng falsch Interpretatioun drageluecht ginn ass. Mä jiddefalls ass de Message ganz kloer vun de Verantwortleche vun der UCM bei sämtlech Acteurë gaangen, dass et 12 Analyse sinn, déi unzestriewe sinn. An der Zwëschenzäit sinn et dann eng Rei vun Diskussiounen zwëschent der Union des Caisses de Maladie, der Spëtzt vun der Union des Caisses de Maladie an den Acteuren um Terrain ginn, och de Labosvertrieder, wou op eng Rei vu Problemer an der praktescher Applikatioun higewise ginn ass.

Ënner anerem ass d'Fro opgeworf ginn, dass wann een Analyse mécht an et stéisst een op ee Problem, deen ee weider muss ënnersichen, wat fir eng Prozedur dass een da muss huelen, fir dass weider analyséiert ka ginn, ouni dass elo en neien Zertifikat muss komm sinn. An deene leschte Wochen ass et do zu enger Unnäherung komm vun deenen eenzelne Gespréichspartner.

Wat ze kläre bleift, dat ass, ob et dann zu engem Automatismus bei de weideren Analyse kënnt oder ob den Dokter zumindest säin Avis dee Moment nach muss ginn. Mir wäerten deemnächst eng Décisioun huelen op Grond vun deene Propositiounen, déi vun der Commission de nomenclature komm sinn. Dat hei ass keng Science exacte. Hei muss ee praktesche Problemer Rechnung droen, déi sech um Terrain weisen.

Et muss een awer soen, dass een all Secteur, och de Labossecteur, am A behale muss, fir dass et net zu enger Explosioun vun Dépensë kënnt an dass et net zu Analyse kënnt, déi net onbedéngt noutwendeg sinn. Och bei de Laboe gëllt de Prinzip vum utile et nécessaire. Dat heescht, dass een dat kritt, wat ee brauch, awer net méi.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da kéime mer zu där leschter Fro vun haut. Dat ass d'Fro vum Här Henckes iwwert d'Landesplanung; eng Fro un den Här Innenminister. Här Jacques-Yves Henckes, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°32 du 22 mars 2005 de Monsieur Jacques-Yves Henckes relative à la politique d'aménagement du Territoire, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Här President. Här President, ech wollt den Här Innenminister froen, wat fir ee Stellewäert déi IVL-Etüd, d'integratiivt Verkéiers- a Landesplanungkonzept, fir dës Regierung huet? Wann ech d'Regierungserklärung liesen, da kann ech do erausfannen, datt d'Regierung wëlles huet déi sechs Pilotprojeten ze realiséieren an datt d'IVL-Etüd, ech zitéieren: «orientera les démarches du Gouvernement». Dat heescht, datt et en Orientéierungsinstrument soll sinn.

Nach stellt sech d'Fro am Konkreten, wéi wäit déi Orientéierung vu Säite vun der Regierung geet, notamment, an als Beispill nure geholl, dee Pilotprojet vum Südweste vun der Stad. An deem Kontext wollt ech also dräi Froe stellen.

Éischtens, ass dee Pilotprojet vum Südweste vun der Haaptstad? Sinn déi Orientéierungen, déi dra sinn, nuren indikativ? Kann also d'Gemeng maache wat se wëllt? Oder ass et e Konzept, e Pilotprojet wou d'Regierung seet, dir, d'Stad Lëtzebuerg, dir aner Gemengen, déi ronderëm sidd, musst Iech un dat halen, wat do an där IVL-Etüd drasteet, well soss ginn ech Iech verschidde Genehmegungen net? Dat heescht, juristesch ass et vläicht net bindend, mä politesch wier et bindend.

Déi zweet Fro, déi sech an deem Kontext stellt: Wat ass d'Marge de manoeuvre vun der Stad Lëtzebuerg, respektiv vun deenen anere Gemengen, déi concernéiert sinn, bezüglech dee Projet pilote?

An drëttens: Wann eng Gemeng Initiativen hëlt, wéi d'Stad Lëtzebuerg, wier et dann net ubruecht, datt och d'Regierung géing dofir suergen, datt d'Nopeschgemenge wéi Hesper och hirersäits Mesurë géingen huelen, net datt déi zwou Initiativen, déi vun där enger oder vun där anerer Gemeng geholl ginn, herno net openaner ofstëmmbar sinn a wat dann zu Incohérencen an der Realisatioun vum Pilotprojet géif féieren?

Dat woren déi puer Indicatiounen, wou ech frou wier, Här Minister, wann Der mer kéint drop äntwerten.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng interessant Fro, déi den Här Henckes mer hei stellt, an et ass eng interessant Fro an deem Sënn, well jo op där enger Säit, an d'Stéchwuert ass virdru gefall, d'Autonomie communale en hellege Prinzip ass vun de Gemengen an op där anerer Säit awer den Aménagement du Territoire e gewëssenen Dirigismus huet an och eng gewësse legislativ Wichtegkeet huet. An ech menge grad dat ass dat, wéi ee muss deen Dossier hei ukucken.

De Stellewäert vum IVL ass sécherlech éischtrangeg fir déi heite Regierung. Et sinn, mengen ech, sechs oder aacht Säiten am Koalitiounsofkommes, déi doriwwer berichten, an esou kann et och nëmme sinn, dass mer versichen déi Prinzipien do de Gemenge schmackhaft ze maachen a se mat de Gemengen op eng gewëssen Aart a Weis hinzekréien. Dat Ganzt kann nëmme geschéien an enger gewëssener Partnerschaft, wou jiddferee säi Rôle spillt, a mir hunn dat och esou ugepaakt, fir dass mer am Fong geholl eng Konventioun wëllen an de Mëttelpunkt setze vun eisem Mateneen.

Mir sinn eis bewosst, dass dee Projet, deen Der ugeschwat hutt vum Südweste vun der Stad Lëtzebuerg, ee wichtege Projet ass, gradesou wichteg wéi de Projet vu Belval a gradesou wichteg wéi de Projet vun der Nordstad. Dat sinn dräi Projets pilotes, géif ech bal soen, wou ee ka weise wéi ee ka vernetzt denken a wéi ee kann Elementer vu Landesplanung mat Gemengeplanung zesummebréngen. Doriwwer eraus maache mer nach Regionalpläng, wou mer dee maachen am Süden an deen am Westen a sektoriell Pläng wéi dee vum Transport, vum Logement vun de Zones d'activités économiques a vun de Grands ensembles paysagers. Et ass also eng ganz Strategie an, wéi ech Iech gesot hunn, eng Konventioun steet am Mëttelpunkt.

D'Konventioun huet awer éischter eng politesch oder eng moralesch Bedeitung, an net onbedéngt eng juristesch an deem Sënn. Mir hunn och do Réunioune gehat mat alle Gemengen, déi concernéiert sinn: Hesper, Leideleng, Bartreng, Stroossen an d'Stad Lëtzebuerg. Et ass also esou, dass do matenee geschwat gëtt, dass horizontal do vernetzt geduecht gëtt. Mer versichen am Fong geholl do Neel mat Käpp ze maachen.

Den idealen Zoustand wier am Fong geholl dee wann een et géif fäerdeg bréngen, dass ee kéint ee PAG maachen, deen interkommunal wier iwwert déi ganz Gemengen. Dat ass jo och méiglech iwwert dat neit Gesetz vum Aménagement communal, dass ee géif kucken, wéi kréie mer et hin, dass d'Gemengen sech ofstëmmen an esou plangen, wéi den IVL dat virgesäit.

Kloer ass et, mir mussen en Equiliber kréien zwësche Wunnen a Schaffen, oder anescht ausgedréckt, tëschent Wunnen a Wirtschaft, déi musse matenee spillen; an d'Nohaltegkeet huet jo déi dräi Schinnen. D'Nohaltegkeet heescht Wirtschaft, heescht Ekologie a sozial Elementer. Mir hoffen, dass d'Gemengepolitiker dee Message verstinn an dass si konstruktiv mam Minister zesummeschaffen. De Kader ass gesat, d'Instrumenter kenne mer an et geet elo nëmmen drëm, dass mer all un engem Strang zéien.

Wat d'Stad Lëtzebuerg ugeet, erwaarden ech mer, dass mer an deenen nächste Méint konstruktiv zesummeschaffen. Mir hunn och deemnächst eng Réunioun mat der Stad Lëtzebuerg an och mat deenen anere Partenairen. Wéi gesot, ech erwaarde mer awer, dass mer do kënnen an der Complémentaritéit schaffen, dass mer deen néidege Phasage dra kréien an all déi Evolutiounen, dass eist Land kohärent ka wuessen, dass de Süden eng Chance kritt am Belval, dass d'Stad seng Chance kritt iwwert de Südwesten an iwwert de Kierchbierg an dass den Norden et versteet, d'Nordstad esou ze positionéieren, dass, wann eng Kéier d'Nordstrooss kënnt, dann net dee ganzen Norden iwwerrannt gëtt.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Froestonn un d'Regierung ukomm.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour an dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5387 iwwert d'Schafung vun engem Établissement public Centre hospitalier neuropsychiatrique. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Dokter Stein, den Här Wagner, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Romain Schneider. Här Schneider.

8. 5387 - Projet de loi modifiant la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé „centre hospitalier neuropsychiatrique“

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5387, dee sech mat der Modifikatioun vum Gesetz vum 17. Abrëll 1998 iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public, genannt Centre hospitalier neuropsychiatrique, deen ech a menger Ried elo ëmmer mat CHNP betitelen, gouf de 14. Oktober 2004 vum Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo déposéiert an ass ausgeschafft gi vum fréiere Gesondheetsminister Carlo Wagner.

De Statsrot huet säin Avis den 23. November 2004 ginn a säin Avis complémentaire den 22. Februar vun dësem Joer. D'Kommissioun vun der Santé huet de Projet de 27. Januar 2005 ënnersicht an de 17. Mäerz unanime votéiert.

Ëm wat geet et elo an dësem Projet? Wat sinn déi nei Aspekter? Wéi gesäit d'Zukunft aus fir den Etablissement, d'Personal an d'Psychiatrie? Wéi ass d'Versuergung vum Patient garantéiert? Dat sinn déi véier Froen, déi ech a mengem Exposé wëll uschneiden.

Fir mer e bessert Bild iwwert d'Situatioun an d'Stëmmung ze maachen, hat ech mer erlaabt perséinlech déi Responsabel vun dem Conseil d'administration, der Direktioun an de Personalvertrieder zu Ettelbréck opzesichen, fir vun hinnen direkt hire Point de vue ze héieren. Et waren dat interessant a wäertvoll Gespréicher, déi mer erlaabt hu méi strukturéiert duerch dëse Projet ze kommen.

Et ass kloer, datt Modifikatioune vum Gesetz vum 17.04.1998 ustoungen, an dat no sechs bis siwe Joer Erfahrungen am neie Statut. Virun allem den Artikel 18 vum ale Gesetz hat annoncéiert, datt dës Adaptatioune misste gemaach ginn an der Erwaardung vun neien Infrastrukturen a Servicer, virun allem am Beräich vun den eelere Matbierger an den Handicapéierten.

Och wann an der Tëschenzäit eng Rei vu pragmatesche Solutioune fonnt goufen, esou hunn dach déi nei Fäll d'Besoinë vu spezialiséierte Strukture bewisen. Esou gouf d'Schafung vun engem Service intégré des soins pour seniors a vun engem Service handicap mental décidéiert. Dës Aktivitéite goufe mat Konventiounen zwëschent dem Ministère de la Famille an dem CHNP agréeiert.

De Projet hält also fest, datt den Etablissement CHNP an Zukunft dräi Entitéite géréiert: 1. d'Spezialisatioun am Domaine neuropsychiatrique, 2. de Service intégré de soins pour seniors, oder SIS genannt, an 3. d'Servicer fir Persoune mat engem Handicap mental.

An dësem Kontext ass gewosst, datt de CHNP am Begréff ass, d'Dispositioune vum Plan hospitalier ëmzesetzen, wat eng Deeldezentralisatioun vum CHNP a seng progressiv Spezialisatioun am Beräich vun der Rehabilitatioun vun deene psychesch chronesch Kranken a Fleegefäll ubetréfft. Dës Dispositioune gesi jo och den Arrêt vun den Aktivitéiten am Beräich vun den Akutfäll vir, zwëschent dem 1. Januar an dem 1. Juli 2005, dat an enker Konzertatioun mat deene véier Hôpitaux généraux vum Land.

Natierlech - an dat hu Gespréicher mat sämtlechen Acteuren um Terrain bewisen - war déi praktesch Ëmsetzung während dëser Iwwergangsperiod net esou einfach an huet organisatoresch Problemer duergestallt. An natierlech bedéngt dës Reorganisatioun och eng Rei vu Mutatioune vum Personal. Ëmmerhin huet de CHNP ablécklech 626 Persounen do schaffen, dovunner 311 am Statut vun der Fonction publique an 315 am Statut vun de Spideeler. Mat Sécherheet wäerten dës Leit och an Zukunft gebraucht ginn, och wann et vläicht op anere Siten oder an anere Beräicher wäert sinn. Ech zitéieren hei d'Beräicher vun der Kannerpsychiatrie oder der Drogepsychiatrie oder der Affektatioun an der Akutpsychiatrie an engem Hôpital général.

Gespaant waarde mer och op d'Suite vum Rapport Häfner, vum Rapport vum Här Wulf Rössler, dee geschwë soll publizéiert ginn an deen nei Direktive vun der Reform an der Psychiatrie wäert proposéieren. Et ass awer wichteg, datt bei dësen Iwwergäng e gudden Austausch zwëschent deenen dräi Acteure leeft, dem Conseil d'administration, der Direktioun an dem Personal. Ech soen och op dëser Plaz dem Minister mäi grousse Merci fir säi perséinlechen Asaz, fir dës Kommunikatioun erëm un d'Lafe kritt ze hunn. Den Dialog wäert de Schlëssel zum Erfolleg an dësem Kontext sinn.

Een aneren Défi ass awer souwuel fir de Patient wéi och fir d'Personal d'Verbesserung vun deene bestehenden Infrastrukturen. Déi sinn zum Deel an engem schlechten, vétusten Zoustand a gi mat der Zäit mat Sécherheet net besser. Et ass och schued, datt an deene leschte Joren net vill no dëse Gebaier vu Säite vum Stat gekuckt ginn ass. Dofir ass et ëmsou méi ze begréissen, datt dëse Projet och déi finanziell Mëttelen zur Verfügung stellt, fir eng schnell Réfectioun a Mise en conformité vun der Sécherheet vun de Gebaier. 10,92 Milliounen Euro si virgesinn, déi progressiv de Statsbudget wäerte belaaschten.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

An enger éischter Phas gesäit de Projet de loi eng finanziell Participatioun vum Stat, op zéng Joer limitéiert, vir. Dat alles wat de Käschtepunkt betrëfft fir de Bau, den Aménagement, d'Réfectioun an d'Sécherheetsmoossnamen am Beräich vun dem SIS an dem Handicap mental, mä och d'Spidolsinfrastrukture selwer vum CHNP. D'Kommissioun war sech bewosst, datt, wann an dëser Zäitspann d'Aarbechten net kënnten ofgeschloss ginn, eng Prolongatioun vum Finanzement misst méiglech sinn. Onofhängeg dovunner fält de CHNP jo ënnert de Finanzement vun den Établissements publics, do wou jo d'staatlech Participatioun bei 80% läit, wat d'Investissementer betrëfft.

Den drëtte Volet vun dësem Gesetzesprojet war d'Eropsetze vun der Zuel vun de Membre vum Conseil d'administration vun aacht op zéng Persounen. D'Experienzen hate bewisen, datt d'Suppléanten hire Rôle net efficace konnte spillen, well se duerch hir onregelméisseg Presenz net ëmmer konnten am Bild sinn iwwert déi eenzel Dossieren, esou datt et besser wier méi Effektiver ze hunn, wéi all eenzelne Suppléant ze nennen. De Projet gesäit an der drëtter Phas schlussendlech vir, eng Rei vu materielle Feeler ze verbesseren, déi sech am Relevé vun de staatleche Propriétéiten ageschlach haten.

Dir gesitt also, datt dëse Projet de loi eng Rei vu Modifikatioune vum ale Gesetz virgesäit. Ech résuméieren déi dräi grouss Voleten: Éischtens, den Etablissement besteet an Zukunft aus dräi Entitéiten; zweetens, d'Améliioratioun vun den Infrastrukturen a speziell d'Participatioun vum Stat; drëttens, déi nei Zesummesetzung vum CA, a véiertens, d'Mise à jour vum Relevé vun de staatleche Propriétéiten. Et sinn dat wichteg Ännerungen am Bezuch och zu enger neier Philosophie, déi jo och aus dem Rapport Häffner 1997 ervirgoung. Eng méi offen, méi spezialiséiert Psychiatrie, déi och an Zukunft muss gewappnet sinn, fir nei Beräicher unzepaken.

Eis Gesellschaft an dëser schnellieweger an iwwersponnener Zäit kreéiert ëmmer méi nei Fäll an neie Beräicher. Ech si sécher, datt duerch d'Verbesserung vun den Infrastrukturen, der Kloerstellung vun de Beräicher an der Neidémarriséierung vum Dialog zwëschent Verwaltungsrot, Direktioun a Personal de CHNP an en général d'Psychiatrie hei zu Lëtzebuerg nei Perspektive kréien a mir esou dem gesamte Personal d'Méiglechkeete ginn, hir Aarbechtsplazen ze sécheren. D'Zäit vun der Psychiatrie, déi hannert de Mauere stattfonnt huet an iwwert déi eis Gesellschaft ongär geschwat huet, muss eriwwer sinn. Mir brauchen an Zukunft eng kontrolléiert an organiséiert an deels offe Struktur.

Dëse Projet erlaabt eis e weidere Schrëtt an dës richteg Richtung ze maachen, op engem laange Wee, deen nach virun eis läit. An dësem Kontext géif ech lech bieden, dëse Projet ze stëmmen, an ech géif elo schonn den Accord vu menger Fraktioun erdeelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Ah, entschëllegt! Als nächst Riednerin ass d'Madame Dokter Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géing fir d'éischt dem Här Romain Schneider villmools Merci soe fir säin ausféierleche Rapport zu dësem Gesetz, wat geduecht ass fir d'Reform vun der Psychiatrie an onsem Land e Stéck virunzebréngen. Ech wëllt awer e bëssen aushuelen, fir déi ganz Reformbewegung an hire Kontext ze setzen.

Als Papp vun der moderner Psychiatrie däerfe mer de franséischen Dokter Philippe Pinel betruechten, dee während der Franséischer Revolutioun, wou d'Gesellschaft op war fir Verännerungen, als Éischten déi mëttelalterlech Praktike kritiséiert huet. En fait sinn déi sou genannte Geckeg entweder virun d'Paarte vun de Stied ausgeschloss ginn oder awer an der Folgezäit a quasi Prisongen agespaart ginn, wéi Béischten, ouni Traitementer an ouni Hoffnung jee erëm erauszekommen. Bis dohinner war d'Sozialbestëmmung vum Mënsch als gottgegeben Natur betruecht ginn. Dee psychesch Kranke war aus der mënschlecher Gesellschaft ausgeschloss, well him eng mënschlech Natur ofgesprach gouf.

Dës méi modern Opfaassung nom Pinel deelt em, mengen ech, seng Natur an eng biologesch an eng sozial an. De Pinel huet also gesot, dem Wahnsinnege seng Natur wier keng prinzipiell onmënschlech, mä eng mangelhaft Form vum Mënschsinn. Fir d'éischt ginn domat d'Gecken als Kranker betruecht. E grousse Fortschrëtt!

An der Folleg vum Pinel sengen Aarbechte sinn allgemeng Tendenzen zu méi humane Behandlungen erschéngen. An England gouf et am 19. Jorhonnert déi sou genannten „non restraint"-Bewegung. De Robert Gardiner Hill war deen Éischten, dee systematesch a senger Klinik d'Zuel vun den Zwangsmoossnamen erofgesat huet. Den John Connolly huet zu Middlesex d'Prinzipie vu Gedold, Gerechtegkeet a Guttheet an d'Behandlung agefouert.

An Däitschland huet den Dokter Gustav Kolb eng grondleeënd Reform vum „Irrenwesen" gefuerdert. De Psychiater sollt net méi als Kerkermeister fungéieren, mä als Frënd vun de Kranken an hirer Famill. D'Anstalte sollte sech net vun enger anerer Klinik kënnen ënnerscheeden. Fir dëst ze erreechen, sollten déi Krank méiglechst séier aus de Kliniken entlooss ginn an dobausse weider vum Psychiater a Fleeger versuergt ginn. Hien huet selwer zu Erlangen virum Éischte Weltkrich mat der offener Psychiatrie ugefaangen. An den 20er Joren hunn hei dräi Dokteren a sechs Fleegerinne méi wéi 4.000 Patienten ambulant versuergt. Fir seng Zäit war dës Approche revolutionär.

Et gouf also aner Methoden, psychesch Kranker ze behandelen, wéi se hannert héije Maueren ewechzespären. De Modell huet an anere Länner Schoul gemaach an iwwerall an Europa si Modeller entwéckelt ginn, psychesch Kranker och doheem ze behandelen. Parallell dozou gouf et fir si och Verbesserungen am soziale Beräich. D'Behandlungsmethoden an de Klinike selwer sinn humaniséiert ginn. Aarbechtstherapien hu fir d'éischt de Patienten erméiglecht, hir Deeg mat enger sënnvoller Beschäftegung erëmzebréngen.

Dës modern Approche huet mat der Muechtiwwernahm vun den Nazien an Däitschland e béise Réckschlag erlieft. D'Nationalsozialisten hunn 1933 d'„Gesetz zur Verhütung erbkranken Nachwuchses" erlooss an an den nächste Jore sinn an den däitschen, mä och duerno an den annektéierte Gebidder Zwangssterilisatiounen duerchgefouert ginn. D'Fleegesätz sinn erofgesat ginn. Et si keng Moyenë méi zur Verfügung gestallt ginn. D'Anstalte waren hoffnungslos iwwerfëllt an d'Stierflechkeet ass geklommen. Mä et koum nach méi schlëmm: Vun 1939 un ass eng weider Radikaliséierung agetratt. Et ass ugefaange ginn, déi psychesch Krank systematesch aus dem Wee ze raumen. Se sinn erfaasst ginn an a speziellen Tötungsanstalte vergaast ginn.

Firwat ech am Zesummenhang mat dësem Gesetz dat trauregt Kapitel hei zitéieren, ass fir kloerzemaachen, datt et nach guer net esou laang hier ass, dass am Averständnis iwwregens vun enger grousser Zuel vu Psychiateren an engem vun onsen Nopeschlänner dës grujeleg Moossname geholl gi sinn.

Nom Zweete Weltkrich, am Joer 1952, ass fir d'éischt zu Paräis vun den Dokteren Delay an Deniker de Chlorpromazin agesat ginn, eng revolutionär Method fir d'Patiente roueg ze stellen. Dëst ass d'Gebuertsstonn vun de Psychopharmaka. Mat de moderne Methode vun der Pharmafuerschung hu si e rasanten Essor geholl. Duerch d'Dédramatiséierung vun de psychiatresche Krankheetsbiller - d'Leit hunn net méi gejaut an net méi getoobt - ass heefeg och eng ambulant Behandlung méiglech ginn. D'Natur vum Mënsch ass un d'Kultur ugepasst ginn.

De Patient konnt also mat der Camisole chimique roueg gestallt ginn, amplaz dass en ugestréckt war oder ähnlech Methoden ugewant si ginn. Et ass fir d'éischt zu enger Kategoriséierung vu Geeschteskrankheete kommt, woubäi net vun den Ursaachen ausgaange gëtt, mä vun der Reaktioun op e bestëmmten oder eng bestëmmte Kategorie Psychopharmaka. Säit dëser Zäit huet d'Entwécklung vun der Psychopharmaka, wéi gesot, eng rasant Entwécklung geholl. Et gëtt elo eng Rei vu ganz aneren Zorten nach ausser den Neuroleptiker an den Antidépresseuren, mä ech menge fir dorobber méi wäit anzegoen, géif eis hei ze wäit féieren.

Parallell zu dëser Entwécklung vun de Psychopharmaka an zum Deel och als Kritik un der Camisole chimique sinn nom Zweete Weltkrich Antipsychiatrie-Bewegungen opgetrueden. De Professer Dokter Heinz Häfner, deeselwechten, deen hei zu Lëtzebuerg um Rapport matgeschafft huet iwwert d'Psychiatrie zu Lëtzebuerg, dee jo säin Numm dréit, bezeechent d'Antipsychiatrie als: „eine Bewegung, die von sozialwissenschaftlichen Theorien der sozialen Stigmatisierung der schwarzen Bevölkerung in den Vereinigten Staaten ausging, zu der Überzeugung kam, die Schizophrenie sei ein Produkt sozialer Prozesse." Si denkt also, eleng déi sozial Oflehnung vun engem ofwäichende Verhalen, d'Etiquettéierung vun dësem Verhalen als Krankheet géif de Grond zu enger Krankheetscarrière leeën.

Den amerikanesche Psychoanalytiker Thomas Szasz ass esouguer zu wäit gaangen, d'Schizophrenie zu engem Mythos ze erklären, an huet d'Psychiatrie als eng iwwerflësseg an durchweg schlecht Disziplin bezeechent. Den Häfner erkläert allerdéngs dëse sozialwëssenschaftleche Reduktionismus als naiv. D'Antipsychiatrie, mat där allerdéngs laang Zäit net nëmme Wëssenschaftler an Intellektueller, mä och Politiker gespillt hunn, a sief et nëmme fir Käschten ze spueren, gëtt iwwerholl vun der Realitéit vun der Krankheet an dem Misär vun de Kranken. Si ass net amstand, hinnen an hire Famillje Behandlung an Hëllef ze ginn.

An dësem Zesummenhang géif ech och nach gären e leschten Exkurs an Italie maachen, an Iech mathuelen an d'Joer 1978, wou an Italien déi berühmte Legge centottanta gestëmmt ginn ass. Dëst Gesetz huet zu enger Opléisung vun de psychiatresche Kliniken an Italie gefouert, op d'mannst mol theoretesch. De Psychiater Franco Basaglia, deen zu Gorizia, zu Görz, geschafft huet, war ee vun de Pappe vun dësem Gesetz. Op der Basis steet hei d'Theorie, dass a psychiatresche Kliniken de Patienten net gehollef gëtt, mä dass si au contraire de Patiente weidere Schued zoufügen. Dës Stéierunge wiere méi schlëmm wéi déi ursprénglech Krankheet et war.

D'Kritik fügt sech an eng allgemeng Diskussioun iwwer onmënschlech Zoustänn an de Kliniken; d'Patiente wiere virun allem dowéinst agespaart, well dann de Rescht vun der Gesellschaft sech net misst mat hinnen ausenaner setzen.

Am Stroum vun der 68er-Bewegung si radikal Reforme verlaangt ginn. Zu Parma hunn d'Studenten a Fleeger d'psychiatresch Klinik méintelaang besat, bis der Provinzialverwaltung konnte Verbesserungen ofgetrotzt ginn. De Franco Basaglia selwer huet zu Görz déi geschlossen Abteilungen opgemaach. Et ass verbuede ginn, d'Leit unzestrécken. Et si manner Psychopharmaka agesat ginn. D'Aarbecht, déi vun hinnen an der Therapie geleescht ginn ass, ass bezuelt ginn - och dat war revolutionär. Vill Patiente sinn entlooss ginn a kruten Hëllef dobaussen. Hei zu Görz ass och fir d'éischt d'Hierarchie zwëschent Dokteren, Soignanten an hire Patienten a Fro gestallt ginn.

„La libertà e terapeutica" - d'Fräiheet heelt - stoung als Maxime op enge vun de Pavillonen zu Triest. A ville Provënze vun Italie sinn d'Methode vu Görz iwwerholl ginn a schliisslech ass ënnert dem politeschen Drock a leschter Instanz vun de Patientevertriedungen d'Legge centottanta gestëmmt ginn. Theoretesch musste mat dësem Gesetz all italienesch Provënzen ufänken hir psychiatresch Anstalten opzeléisen.

Wat sinn hei Konsequenze vun dësem Gesetz an Italien? Am Wesentleche fousst d'Prise en charge op dräi Zorten Ariichtungen. Eischtens d'sozialpsychiatresch Ambulatorien an de gréissere Gemenge mat multidisziplinären Equipen, wou d'Patienten, awer och hir iwwerfuerdert Famillje kënnen Hëllef sichen. De Patient gëtt net nëmme mat senger Krankheet, mä och am Zesummenhang mat sengem Liewens- an Aarbechtsverhältnis considéréiert. Si betreien therapeutesch Wunngemeinschaften. Dës Ambulatorië solle mat all hire Moyenen eng stationär Opnahm verhënneren.

Zweetens, d'psychiatresch Servicen an den Allgemengkliniken, mat net méi wéi 15 Better, déi mat de regionalen Déngschter enk zesummeschaffen. D'Moyenne vun engem stationären Openthalt a ganz Italien ass eng bis zwou Wochen; zu Triest souguer nëmmen zwee bis dräi Deeg. D'Zwangsbehandlung ass gesetzlech erschwéiert ginn an huet an Italien säit dem Gesetz ëm 60% ofgeholl.

Drëttens, a verschidde Stied gëtt et haut nach psychiatresch Kliniken - et däerfen iwwregens keng nei méi gebaut ginn -, wou nach eng 10 bis 20% vun de fréiere Patienten ënnerbruecht sinn, vill vun hinne fräiwëlleg als Gäscht. Si si formal entlooss, konnten awer nach net an enger ambulanter Betreiung eng Plaz fannen, oder sinn dofir

ongëeegent oder hu keng Wunngeleeënheet a keng Aarbecht.

Obwuel vu ville Leit gesot gëtt, d'Legge centottanta wier un der Realitéit gescheitert, huet si sécher dozou bäigedroen, déi stationär Psychiatriereariichtungen a Fro ze stellen a vill vun den italienesche praktesche Mesurë fanne mer och bei ons an der Psychiatriereform erëm. An dat ass och d'Ursaach, firwat datt ech hei e bësselche méi laang dorobber agaange sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et muss ee kloermaachen, datt et net eng Entwécklung an der Psychiatrie gëtt, mä dass parallell verschidden Theorien an Approchen zu enger méi mënschlecher, méi performanter, moderner Psychiatrie gefouert hunn.

Wéi ass dës Entwécklung zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn? 1994 ass ugefaange ginn, eng approfondéiert Analys iwwert den Zoustand vun der Psychiatrie hei am Land ze maachen. Dëse Pabeier ass jo allgemeng bekannt ënnert dem Numm Rapport Häfner. Hee war den Ausdrock vum Besoin, ausser deene punktuelle Reformen, déi bis dohi scho gelaf waren, eng méi fundamental Orientéierung vun onsem Gesondheetssystem an déi richteg Richtung ze erreechen.

D'Regelen, no deene verfuer gouf, spigelen déi Iwwerleeungen erëm, déi a ganz Europa als Basis zu Reforme gedéngt hunn: en Zougang fir all Patienten zu der appropriéierter Prise en charge, eng Gläichstellung vun der psychiatrescher Krankheet mat der somatescher Krankheet, eng Enttabuiséierung vun der Geeschteskrankheet, eng Opdeelung a stationär an ambulant Therapien, a schliisslech de sozialen Encadrement vun dësen Therapien.

De Besoin u psychiatrescher Behandlung mat all hire méigleche Methode gëtt op 10 bis 12,5% vun der Populatioun geschat. Dat sinn eng 40.000 Patiente pro Joer. Bei der Altersklass iwwer 65 Joer sinn dat scho 24% vun de Leit. 2 bis 3% vun der Populatioun sinn alkoholkrank an 0,5% leiden ënner anere méi schlëmmen oder Polytoxicomanien.

Am Joer 1990 hate mer bei ons 2,6 akut psychiatresch Better op 1.000 Awunner. Dat waren der immens vill, wann ee bedenkt, dass se der an Italie grad 0,55 hunn, mä an Däitschland an a Frankräich geet et och duer mat enger 1,6 Better op 1.000 Patienten.

De wierkleche Besoin gëtt am Rapport Häfner op 0,8 Better pro 100 Awunner geschat. Dës Betterzuel gëtt dann am Sënn vun der Dezentraliséierung zwësche véier Hôpitaux généraux opgedeelt, wou et erméiglecht gëtt, och Patienten ze placéieren.

D'Kreatioun vun enger Kanner- a Jugendpsychiatrie war eng Prioritéit an ass entre-temps Realitéit mat de Servicer am Centre hospitalier an um Kierchbierg.

1998 ass aus dem alen Hôpital neuropsychiatrique de Centre hospitalier neuropsychiatrique ginn, en Établissement public de droit privé, wéi de Rapporteur et scho gesot hat. Dës Ëmstellung bréngt sécher eng Rei vu praktesche Problemer mat sech wéinst den ënnerschiddleche Statute vun de Leit, grad esou wéi d'Délocalisatioun vun den 81 Better der wäert hannert sech zéien. D'Direktioun an de Conseil d'administration hunn dës Aarbecht an Ugrëff geholl. An enger Ulafzäit wäerte sech Léisunge fir all déi Betraffen offréieren. Am Centre hospitalier, wou no der Fusioun mat der Eecher Klinik ähnlech Problematike sech opgedoen hunn, ware si jo och net onléisbar.

De Versuch de geeschtegen Handicap an d'Gériatrie ganz aus dem CHNP erauszelageren ass doru gescheitert, dass de Besoin fir dës Leit opzehuele sech weiderhi gestallt huet. Zu Ettelbréck sinn an de leschte Joren ëmmer erëm och dëser Patienten opgeholl ginn. Dat ass kloer en Zeechen dofir, dass hei dës Aarbecht op eng excellent Aart a Weis gemaach gëtt, an aus der Nout ass eng Dugend ginn. D'Kompetenze kënne beim CHNP bleiwen, de Fonctionnement vun dëse Strukture konnt iwwer eng Konventioun mam Familljeministère geséchert ginn.

Fir esou enger Vokatioun fir d'Prise en charge vun de chronesch Kranken an der Dépendance gerecht kënnen ze ginn - dat sinn déi zwou Haaptvokatiounen, déi dem CHNP elo zougesprach ginn -, gëtt also d'akut Psychatrie largement erausgeholl an an de CHL, de Kierchbierg, Esch an de Saint-Louis verdeelt - am Ganzen 81 Better.

Dëst wäert sécher déi visibelst Konsequenz vun de Reforme sinn. D'Spideeler si momentan amgaang sech prett ze maache fir dëser Aufgab gerecht ze ginn, respektiv funktionéiere se haut schonn an hirer neier Roll.

No der Akutphas sollen déi Patienten, déi méi eng laang Behandlung brauchen, dann awer zréck an de CHNP. Fir dass dëst méiglechst reibungslos leeft, hu si Accords de collaboration mat deenen anere Spideeler ofgeschloss, respektiv sinn amgaang déi ze huelen.

Ech wëllt och nach eng Kéier de Projet psychiatresch Rehabilitatioun zu Nidderkuer uspriechen, vun deem eng Zäit geschwat gouf. An ech wollt drop hiweisen an hoffen, dass och dëst Instrument eng Kéier wäert zur Verfügung stoen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et wier schued dës Debatten ze féieren an net vun der Geleeënheet ze profitéieren, fir eemol op de Problem am Zesummenhang mat den Zwangsmoossnamen, also de Soins psychiatriques sous contrainte hinzeweisen. Nom Artikel 4 vum Gesetz vum 26. Mee 1988 huet de Patient d'Recht op e medezineschen Traitement, dee sengem Zoustand entsprécht, dee personaliséiert ass an deen am Respekt vum Patient applizéiert gëtt. Dësen Traitement soll senger physescher a psychescher Gesondheet notzen.

Wat geschitt mat de Patienten, déi délirant, konfus oder suicidaire sinn, an déi esou eng Gefor fir sech oder fir anerer duerstellen? Dës Patiente gi placéiert; mir soen och nach internéiert. Den Dokter, deen de Certificat schreift, dréit dës Décisioun net eleng: Beim Internement gëtt e Familljemember mat erugezunn oder awer eng juristesch Autoritéit. Heefeg ass dat - hei an der Stad zum Beispill - de Procureur.

Wa bei verschidde Krankheetssituatiounen en Isolement, eng Zwangsbehandlung oder eng Contentioun - dat heescht, wann d'Leit mussen ugestréckt ginn - néideg sinn, sinn dës Traitementer duerch d'Gesetz sanktionéiert am Prinzip, virausgesat natierlech, si entspriechen dem Stand vun der Wëssenschaft. Hei spillt de juristesche Prinzip vum „état de nécessité", deen erlaabt e klengt Iwwel a Kaf ze huelen, fir méi e grousst Iwwel ze verhënneren.

Or, dëse Prinzip ass awer net expressis verbis am Gesetz festgehalen. Obwuel mer hei am Land keng gréisser Problemer mat Placementer hunn, kënnt ee sech wënschen, dass d'Zwangsmoossnamen, déi eigentlech e medezineschen Akt duerstellen, dee Moment missten duerch eng juristesch Autoritéit matgedroe ginn. D'Décisioun, engem Mënsch d'Fräiheet ze huelen, dierft net bei den Dokteren eleng leien.

A verschiddenen europäesche Länner ass dëse Problem scho geregelt. Duerch de Fait, dass vun elo un Internementer net méi eleng zu Ettelbréck, mä och an deene véier anere Spideeler getätegt wäerte ginn, kënnt ee sech virstellen, dass de Besoin méi akut gëtt. Onsen Informatiounen no ass eng Iwwerschaffung vun dësem Gesetz vum Placement an der Maach, an d'CSV géif déi zwee Ministeren encouragéieren, dëst Gesetz esou schnell wéi méiglech op den Instanzewee ze bréngen.

Ech wëll hei net méi op den akuten Noutstand vun de Gebailechkeeten am CHNP agoen. Wie si eng Kéier gesinn huet, weess, wéi batter néideg si déi an dësem Gesetz proposéiert Renovatiounen hunn. D'CSV stellt fest, dass an de leschte Joren den Ausbau vun den ambulante Strukturen ëm de CHNP - Atelieren, betreitent Wunnen - grouss Fortschrëtter gemaach huet.

De CHNP huet och d'Psychiatrie am Prisong mat vill Engagement iwwerholl. Dës Efforte wäerte sécher am Zwëschebericht vum Dokter Rössler, deen an Optrag ginn ass, fir d'Fortschrëtter vum Land a Richtung vum Häfner-Rapport ze analyséieren, positiv bewäert ginn. Hie soll deemnächst zur Verfügung stoen, a mir si scho gespaant drop.

Am Hierscht soll Ettelbréck seng 150 Joer feieren. Loosse mer also dëst Gesetz stëmmen, e Schrëtt fir onst Land virunzebréngen a Richtung modern Psychiatrie an awer och e moderne Centre hospitalier neuropsychiatrique.

Ech bréngen Iech heimat och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer de Mëtteg hei solle stëmmen, ass - wéi schonns aganks gesot ginn ass - vun der leschter Regierung preparéiert ginn, an ech muss soen, e stellt fir mech e ganz wichtege Projet duer.

Et ass en fait d'Reform vum 1998er Gesetz, dem 1998er Basisgesetz, wou d'Transitioun vum HNPE, dat heescht vum Hôpital Neuropsychiatrique de l'État, an de CHNP, an de Centre hospitalier neuropsychiatrique duerstellt. Et ass also vun där Zäit un en Etablissement public ginn.

Dee Projet de loi hei ass méiglech ginn duerch verschidde Circonstancen. Dat alleréischt, dat war selbstverständlech - an do hu mer relativ laang missen drop waarden - duerch déi massiv Investissementer, déi fir d'éischt an d'Infrastructures hospitalières an deene leschte Jore gemaach si ginn. Dir kënnt lech virstellen: Ouni alleguerten déi Investissementer, an ech schwätzen net nëmmen elo vum Ettelbrécker Spidol oder vum Kierchbierger Spidol, mä och vum Escher Centre Hospitalier Emile Mayrisch, a selbstverständlech och vun deem véierte Spidol - wann déi Infrastrukturen net fäerdeg gewiescht wieren, da wier d'Realisatioun vun dësem Projet de loi oder vun deem Gesetz absolut net méiglech gewiescht.

Et ass awer och méiglech ginn, zweetens, duerch de Plan hospitalier vum Abrëll 2001, dee ganz däitlech virgesäit, dass mer mussen, de Recommandatioune vum Rapport Häfner entspriechend, hei am Land endlech décisiv op dem Wee vun der Dezentralisatioun virukommen, dass mer also dofir mussen zweetens d'Transferte vun de Cas-aiguën an déi véier Hôpitaux généraux maachen, an dann drëttens och nach, dass mer mussen eng progressiv Spezialisatioun kréien an der Rehabilitatioun, souwuel wat déi chronesch psychiatresch Fäll ubelaangt, wéi och sämtlech Fäll vu Suchtkrankheeten.

Dem CHNP wäerten an Zukunft dräi Haaptdomäner virbehal bleiwen. Dat éischt - et ce n'est pas le moindre - ass dee vun der Neuropsychiatrie; deen zweeten, et ass éinescht scho gesot ginn, de Service intégré fir d'Fleeg vun eelere Leit, an drëttens d'Servicer fir d'Fleeg vum Handicap mental.

An deem Projet de loi hei sinn awer nach aner ganz positiv Aspekter, iwwert déi och scho geschwat ginn ass, un alleréischter Stell selbstverständlech och déi Participation financière vu bal eelef Milliioune vum Stat, déi et erlaabt fir endlech, géif ech soen, déi néideg Réfectioun a Mise en conformité vun de Gebailechkeeten ze ënnerhuelen.

Et ass a mengen Aen awer och ganz wichteg, dass eng kleng Restrukturatioun gemaach ginn ass vum Fonctionnement vum Conseil d'administration, wou net nëmmen d'Zuel vun aacht op zéng steigt, mä haaptsächlech wou déi Nouveautéit doranner besteet, dass an Zukunft nach just Membres effectifs do sinn. Firwat ass dat esou wichteg? Mä well mer hei an enger ganz spezialiséierter, sensibeler a komplizéierter Matière sinn, wou d'Trägere vun den Décisiounen onbedéngt mussen ëmmer um Lafende si vun deem Aktuellen, vun all deem, wat geschitt.

Ech wëll awer net verstoppen, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dass déi Dezentralisatioun, déi jo d'Essenz ass vun dësem Gesetz, selbstverständlech och verschidde Problematike mat sech bréngt. Dat alleréischt ass selbstverständlech déi onbedéngt néideg Kollaboratioun zwëschent dem CHNP an deene véier Hôpitaux généraux. Eng Koordinatioun, déi net 100%eg evident ass d'office, wou een also muss dozou bäidroen, dass am Intérêt vu sämtleche Patiente gekuckt gëtt, dass déi Koordinatioun optimal ass, an deem Sënn dass, wéi gesot, Cas-aiguën net ze laang sollen an de Spideeler am Allgemenge sinn, dass déi Leit also méi fréi nees erauskommen aus de Spideeler oder, wann et effectivement méi schlëmm chronesch Fäll sinn, dass dann effectivement muss den Transfert esou schnell wéi méiglech gemaach ginn.

Ech kënnt mer och virstellen, Här Minister, an deem Zesummenhang, dass et op alle Fall vu Sënn wär, wann ee géif sou genannte Comités d'accompagnement oder Comités de pilotage, oder wéi Dir et och ëmmer wëllt nennen, vläicht zesummesetzen, fir sech ëm déi dote spezifesch Matière ze këmmeren.

Déi Aufgabe vun esou engem Comité oder vun esou enger Kommissioun beispillsweis kënnten och dozou bäigedroe ginn, fir déi Problematik vum Personnel ze léisen. Dass d'Personnel, déi 626 Leit, sech relativ vill Gedanken ëm hir Zukunft maachen, ass en fait mënschlech, woubäi ech awer muss soen, dass se villäicht iwwerdriwwen ass, an deem Mooss dass ech fest iwwerzeegt sinn, dass an Zukunft hei zu Lëtzebuerg d'Psychiatrie sech duerch déi Jalonen, déi mer haut setzen, wäert considérablement développéieren an dass net manner Personnel, mä an Zukunft ouni Zweiwel e groussen Deel nach méi Personnel wäert gebraucht ginn. Wat selbstverständlech eng Problematik och gëtt, wat d'Coûts UCM ubelaangt, wat awer an dësem Fall onbedéngt muss secondaire sinn.

Et soll drëm goen, fir haaptsächlech deene Leit, déi vun där Krankheet frappéiert sinn, prioritairement ze hëllefen, mä ech kënnt mer virstellen, och an der Verdeelung vun deene Leit, beispillsweis op déi verschidden Hôpitaux généraux, kéint dee Comité d'accompagnement ganz utile Aarbecht maachen. Et huet nämlech kee Wäert, dass déi nei Hôpitaux généraux an d'Ausland nees neit Personnel débauchéiere ginn, wou mer hei zu Lëtzebuerg confirméiert Leit um Terrain hunn.

Et ass d'éinescht hei ugeschwat gi vu menger Virriednerin, dass angeblech e Problem besteet wat d'Admission forcée oder sous contrainte ubelaangt. Och ech hu mer dat rapportéiere gelooss, dass verschidde Problemer bestinn, wat d'Interpretatioun vum 88er-Gesetz géif ubelaangen. Ech muss awer allerdéngs soen, wann ech meng Virriednerin richteg verstanen hunn, kann ech net op just deeselwechte Wee matgoen, wa se seet, dass net méi onbedéngt sollen d'Doktere jugéieren, wéi e Fall ass, oder Décisiounen huelen. Alleng schonn déi Fro beweist natierlech d'Problematik vun där ganzer Admission forcée oder sous contrainte, mä ech mengen op alle Fall awer d'Doktere wären déi, déi de manière générale am beschten op alle Fall dotéiert wäre fir Décisiounen ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Zukunft wäert also d'Psychiatrie duerch déi heiten Dezentralisatioun op verschiddene Féiss stoen. Fir d'éischt mol de CHNP, fir dat wat mer nenne chronesch méi speziell Fäll; zweetens awer och d'Hôpitaux généraux fir Cas-aiguën; drëttens awer och Psychiatrie oder déi Efforte vun der Psychiatrie, déi gemaach si ginn am Prisong, déi ee beileiwen net soll négligéieren; véiertens awer och de Service national vun der Psychiatrie infantile am CHL an de Service national vun der Psychiatrie juvénile am Centre hospitalier, zwee Services nationaux, déi wéi gesot schonn zënter iwwer engem Joer, géif ech soen, zur allgemenger Satisfaktioun fonctionnéieren.

Ech menge bei där ganzer Problematik däerf een awer net de Feeler maachen, an dat ganz besonnesch am Kader vun der Intégration sociale vun all deene Leit, déi ënnert psychiatreschen Troublë leiden, an dat ass déi Problematik vun der Psychiatrie extra-hospitalière. Do sinn an de Joren '99 bis 2004 ganz considérabel Efforte gemaach ginn, beispillsweis d'Moyens budgétaires sinn ëm gutt 80% an d'Luucht gaangen, vun 3,8 Milliounen Euro op 6,9, a wa mer d'Beispill huelen entre autres vun de Plaze wat d'Logements encadrés ubelaangt, esou sinn déi ëm iwwer 40% op 107 Plaze gestigen, an d'Plazen an den Ateliers thérapeutiques, déi sinn esouguer méi wéi verduebelt ginn op 260 Plazen.

Ech mengen, dat si considérabel Efforten, woubäi een och nach muss soen, dass beispillsweis nach eng 40 därer Plazen en voie de réalisation sinn, an zwar an der Ferme thérapeutique zu Moutfort, wou vläicht de Minister kann eppes dozou soen, mä ech mengen e Projet deen esouwäit fäerdeg ass.

Ech mengen op alle Fall fir d'Zukunft wär et ganz noutwendeg, wann alleguerten déi doten Efforte géife weider gefouert ginn. Mir sinn all deene Leit, déi frappéiert si vun där Krankheet, dat schëlleg, an net nëmmen de Patienten, mä och deene ganze Famillen, deem ganzen Entourage vun all deenen dote Leit.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der fester Iwwerzeegung, a meng Partei, d'DP, selbstverständlech och mat mir zesummen, dass d'Dezentralisatioun villäicht net deen eenzegen, mä ouni Zweifel e ganz effikasse Moyen ass fir endlech hei zu Lëtzebuerg déi sou genannte Psychiatrie ze destigmatiséieren. An der Vergaangenheet ass versicht ginn dat ze verhënneren, et ass awer leider nach ëmmer ze vill de Fall.

Dofir, mengen ech, solle mer op deem amorcéierte Wee weiderfueren, mir solle mat Confiance an Zouversiicht, géif ech soen, de Rapport Rössler ofwaarden, dee Moment jugéiere fir ze kucken, wat mer an Zukunft nach musse maachen. Mä, wéi gesot, d'Psychiatrie ass eng vun deene groussen, oder

eng vun deenen neie Krankheeten, kann ee bal soen, vun de leschte Jorzéngte ginn, wat zu engem groussen Deel selbstverständlech op déi heiteg Gesellschaft, déi ganz vill vum Stress gepräegt ass, zréckzeféieren ass. Wéi gesot, mir sollen d'Psychiatrie nëmmen net hei am Land zum Kuerze komme loossen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Schneider, Merci soe fir säi sachlechen a kompetente Rapport, deen en hei iwwert dëse Projet gemaach huet. A well och eng Rei vu menge Virriedner, d'Madame Stein an och elo den Här Wagner, déi wichtegst Positiounen hei erkläert hunn, wëll ech probéieren, dat dann hei eng Iddi méi kuerz ze maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wéilt awer hei fir d'éischt mol ufänken, et ass mäin éischte Punkt, mat engem Constat, engem Constat deen irréfutabel ass a mengen Aen an deen deen heien ass: Wann et am Lëtzebuerger Santéssystem een Deelgebitt gëtt, wat wierklech joren- a jorzéngtelaang d'Stéifkand war vun der ganzer Santéspolitik, dann ass et ouni Zweifel de Beräich vun der Psychiatrie. Joren- a jorzéngtelaang huet sech eis Gesellschaft, hunn d'Parteien an hunn och déi vergaange Regierungen et sech ganz einfach gemaach a sech et ganz bequem gemaach a versicht, a se ware frou dann, wann all psychiatresch Problemer konnten am Dépotoir vun Ettelbréck, hannert de Mauere vun Ettelbréck verstoppt ginn. Da ware se nom Motto „aus den Augen, aus dem Sinn"; da ware se fort. Dann huet ee sech net méi brauchen domadder ze befaassen, an dës Situatioun huet ugedauert bis Enn vun den 80er Joren, an eréischt Enn vun den 80er Joren, ufanks 90er Joren ass et do zu engem Ëmdenke komm - Gott sei Dank zu engem Ëmdenke komm.

Zum Éischte mat deem berühmte Rapport vun engem Expert, dem Här Häfner, deen déi bishereg Psychiatrie kloer a Fro gestallt huet an deen eng rapid Dezentraliséierung an Entwécklung vun extra-hospitalièrë Strukture gefuerdert huet.

Dat war 1991, awer réischt am Joer 2001, dat heescht ganz 10 Joer duerno, ass et dunn zu enger gesetzlecher Regelung vun der Dezentraliséierung komm, an elo réischt Mëtt 2005 soll dann elo déi Dezentraliséierung an de véier Haaptspideeler realiséiert ginn, also 14 Joer nom Rapport Häfner.

Eenzel extra-hospitalière Strukture sinn zwar an den 90er Jore geschafe ginn, betreite Wunnstrukturen, Ateliers protégés oder aner Strukturen. Se sinn haaptsächlech vun engagéierte Leit geschaf ginn, mä insgesamt, besonnesch wat d'Dezentraliséierung ubelaangt, sinn an eisen Ae vill ze vill laang Jore sënnlos verluer gaangen, an dofir ass bis viru kuerzem an eisen Aen d'Psychiatrie och nach ëmmer d'Stéifkand vun der Lëtzebuerger Santéspolitik bliwwen, an et bleift dofir haut nach ganz vill nei opzebauen.

Zweete Punkt: Datt nach ganz vill Problemer bestinn, ass spéitstens an de Joren 2003 an 2004 däitlech ginn, via Communiqué vum Conseil d'administration vum CHNP an a Presseartikelen iwwert d'Malaisen am CHNP, wéi iwwer Problemer oder Dysfonctionnementer geschwat ginn ass. Et ass do Rieds gaange vu Konflikter tëschent Direktioun, Conseil d'administration a Personal, a mir haten dunn als Gréng dëse Problem analyséiert an an engem seriöen Dossier eng Partie vu Froen opgeworf iwwert d'Mëssstänn bei der Behandlung, iwwert d'Froen zum Beispill vun de Placementer, op déi d'Madame Stein jo och hei agaangen ass, oder och iwwert d'Fro vun zweifelhafte Fixatiounen.

Mir si frou, nodréiglech, elo an engem rezenten Zeitungsinterview kënnen ze liesen, datt eis Froen a Kritiken anscheinend vun der Direktioun vum CHNP opgegraff gi sinn an datt anscheinend intern och Analysen doriwwer duerchgezu gi sinn.

Just, Här Minister, wiere mer awer frou gewuer ze ginn, wat dann elo bei dësen internen Analysen erauskomm ass. Well do geet et jo awer ëm d'Qualitéit vun der Betreiung vu psychesch kranke Mënschen, an och dës Leit musse jo awer Rechter als Patiente behalen.

Drëttens, dat gesot, si mer awer der Meenung, datt mer elo konstruktiv no vir sollte kucken. Mir begréissen et, datt elo gelongen ass déi verschidde Säiten an der CHNP-Direktioun, d'Personal an esou virun, erëm eng Kéier ronderëm en Dësch ze bréngen, fir gemeinsam ze diskutéieren a konstruktiv Léisungen ze fannen.

Wann elo endlech dëst Joer déi geplangten Dezentraliséierung wäert realiséiert sinn, no der Mëtt vum Joer, da misste kënnen och weider Schrëtter an Ugréff geholl ginn, virun allem wat den noutwendegen Ausbau vun der extra-hospitalièrer Psychiatrie betrëfft.

Véiertens, mat dësem neie Gesetz ginn d'Missioune vum CHNP nei definéiert. Nieft dem Pilier Psychiatrie am Sënn vun der Beschäftegung mat chronesch Kranken a schwéierste Fäll, an am Sënn vu Konzepter vu Rehabilitatioun, soll elo als zweeten an als drëtte Pilier d'Betreiung vun eelere Leit a vu geeschteg Handicapéierten derbäikommen. An doduerjer kënnt dann och de Ministère vun der Famill iwwert d'Konventioun mat an d'Spill. Mir sinn domadder d'accord.

Fir eis ass awer dobäi ee Punkt ganz wichteg, dat ass de Contrôle vun der Qualitéit. Déi muss an den nächste Joren an dëse Beräicher vu gréisster Wichtegkeet sinn.

Fënneftens, wichteg an dësem Gesetz ass och, datt endlech déi architektonesch an déi hygienesch Renovatioun vun de Gebailechkeete virugedriwwe gëtt. De Stat iwwerhëlt déi finanziell Käschten dovunner iwwert déi nächsten zéng Joer. Mä en cas de besoin - do ware mer eis eens an der Santéskommissioun - misst dat dann och an deene Joren duerno weidergemaach ginn, wann do nach Besoinë géife bestoen.

Just eng Remarque dozou. Mir waren a mir bleiwen der Meenung, datt dat onméiglecht héicht Gebai, dee Building mat enger moderner Psychiatrie absolut näischt ze dinn huet, an do misst et endlech definitiv zu aneren architektoneschen an och inhaltleche Léisunge kommen.

Sechstens, de Conseil d'administration soll vun aacht op zéng opgestackt ginn, well och d'Famill soll do erakommen. Dogéint ass am Prinzip näischt anzewenden. Mä et stellt sech awer dobäi d'Fro vun der inhaltlecher Fachkompetenz vun deem Conseil d'administration. Mir wieren der Meenung gewiescht, datt do och aner Leit, sief et aus dezentralen Akut-Struktur-Spideeler oder aus dem Extra-hospitalier hir Plaz hätte missen doranner fannen, fir eng besser Vernetzung vun deem Ganzen ze garantéieren.

Wichteg wier et an eisen Aen dofir, datt zumindest dee Conseil scientifique, dee jo anscheinend elo geschaf soll ginn, dëse Considératioune misst Rechnung droen, woubäi och d'Integratioun vun auslänneschen Experten an dee Conseil scientifique an eisen Aen absolut noutwendeg misst sinn.

Siwentens - kuerz: D'Dezentraliséierung vu Rehastrukturen à la Modell Nidderkuer. Mir waren a bleiwen do, zumindest wat d'Gréissenuerdnunge betrëfft, méi wéi skeptesch. De Moratoire bis Juni soll an eisen Ae wierklech genotzt gi fir do zu méi adaptéierten neie Léisungen ze kommen. D'Zil muss an eisen Ae bleiwen, am Kontext vun Denzentraliséierung och op dësem Gebitt a méi kleng, gemengenno Strukturen ze schafen.

Aachtens, d'Fro vum Personal a senge Suergen ëm d'Aarbechtsplazen. Datt do am Moment e wéineg Onrou nach bleift, ass verständlech. Mir mengen awer, datt d'Reform vun der Psychiatrie u sech an deenen nächste Jore méi Personal wäert oder misst erfuerderen, wéi dat haut de Fall ass. Besonnesch wann ee gesäit, datt et haut schonn an extra-hospitalièrë Strukturen, mä och am Beräich vun der Kanner- a Jugendpsychiatrie an der Forensic, bei den eelere Leit an esou virun, u Personal feelt. Dat heescht Plaze genuch géif et am Fong ginn, esou datt kee sech bräicht Suergen ëm eng Aarbechtsplaz ze maachen.

A Saache Personal fanne mer et allerdéngs awer e wéineg bedauerlech, datt hei anscheinend erëm eng Kéier zwee Joer laang de Problem vun noutwendegen Transfertë vu Personal an déi dezentral akut Spideeler verschlof ginn ass. Mä d'Konklusioun ass, mir soen op jiddfer Fall, datt et beim weidere Virgoen elo bei de Personalfroen a kengem Fall däerf zu Entloossunge kommen.

Néngtens, mir waarde gespaant op de sou genannte Rapport Rössler iwwert déi weider Psychiatriereform, a virun allem do op seng Analys vum Ist-Zoustand, souwuel wat d'Strukure selwer betrëfft wéi och d'Qualitéit vun dëse Strukturen, Personalaspekter an esou virun. A mir sinn do och gespaant ze héieren, wéi do insgesamt d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Psychiatrie soll ausgesinn, vun hiren Therapiemodeller hier a vun hire sozialen Integratiounsmodeller hier.

Mir sinn als Gréng op jidde Fall Demandeur, datt et iwwert dëse Rapport Rössler hei an der Chamber op dëser Tribün och misst zu enger öffentlecher Debatt kommen, wann e publizéiert ass.

Zéngten a leschte Punkt: An déi ganz Debatt ëm déi beschte Psychiatrie misst an eisen Aen endlech och méi staark den Aspekt Ursaachefuerschung a Preventioun vu psycheschen a psychiatreschen Erkrankungen erakommen. Oft sinn d'Iwwergäng relativ flou a fléissend zwësche psycheschen a psychiatreschen Erkrankungen. Mä dës Krankheeten huele weltwäit an och hei zu Lëtzebuerg zou, an dofir misst sech méi Gedanke gemaach ginn am Sënn vu Preventiounsfuerschung, firwat datt dat esou ass; firwat déi Krankheeten ëmmer méi zouhuelen. Wat sinn do zum Beispill d'sozial Aflëss? Wat huet dat eventuell ze di mat schlechter oder mat belaaschtender Ernährung, wat mat engem eventuellen Afloss vu Schwéiermetaller oder aneren Ëmweltgëfter, wéi et eenzel wëssenschaftlech Etüden iwwer neurologesch an neuropsychiatresch Erkrankungen ëmmer méi staark noleeën? Och bei psycheschen a psychiatreschen Erkrankunge sinn Ursaachefuerschung a preventiv Politike wichteg fir d'Inzidenz vun esou Krankheeten eng Iddi besser an de Gréff ze kréien oder souguer zréckzeféieren.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech zur Konklusioun. Et ware jo eng Rei Iwwerleeungen, déi iwwert dee leite Projet selwer ewechginn. D'Konklusioun ass déi, datt de Projet, esou wéi e virläit am Moment, an eisen Aen och an eng richteg Richtung geet. Et huet laang gedauert bis dass et dozou komm ass. Mä finalement geet et dann elo an eng gutt Richtung. Dofir hu mer och kee Problem fir dee Projet ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen dem Rapporteur och Félicitatioune fir säin explizite Rapport. Als ADR begréisse mer dëse Projet, well en e Problem upaakt a versicht ze léisen, dee scho länger Zäit brockt. Ech mengen déi Leit aus där zoustänneger Kommissioun, déi d'Orangerie an der Klinik zu Ettelbréck mat besicht hunn, déi wësse wat gemengt ass a wat fir eng Zoustänn dass do geherrscht hunn. Esou eng Aart vu Betreiung vu psychesch kranke Leit wëlle mer op jiddfer Fall net méi erliewen. Dofir sinn och iwwert de Plan hospitalier vun 2001 zu Recht nei Weeër gesicht ginn, déi eng mënschewierdeg a reintegratiounsorientéiert Betreiung sollen erméiglechen.

Et ass och richteg, datt de Richtlinne vum Häfner-Rapport Rechnung gedroe gëtt, déi viséieren, datt den Openthalt vu psychesch kranke Mënschen an enger Klinik esou kuerz wéi méiglech soll gehale ginn. D'Behandlung soll dezentraliséiert ginn an déi Betraffe sollen erëm an d'Gesellschaftsliewen integréiert ginn, fir hinnen normal Aarbechts-, Wunnengs- a mënschlech Liewensbedingungen ze verschafen. Dat heescht also, ewech vum sturen Isoléieren an hin a Richtung Rehabilitatiounsstrukturen, ewech also vun deem deelweis praktizéierte klassesche laangfristege Rouegstellen an hin zu enger mënschewierdeger Betreiung. Dofir sti mer och enger Dezentraliséierung op véier Sitë mat enger geziilter Betreiung positiv géigeniwwer.

Mir gesinn a mir stelle fest a mir sinn och frou doriwwer, datt déi ugepeilte Synergien iwwerhaapt am Gesondheetswiesen och deen Effet bréngen, deen erwënscht ass, an dass mer duerch e bessert Asetze vum Personal a vun de Strukturen a Richtung vun enger méi qualitativer Medezin kënne goen.

Wou mer awer selbstverständlech wäerten en A drop halen - mengen ech -, dat sinn d'Transfertë vum Personal. Mir sinn op jidde Fall géint en Ofbau vum Personal an de psychiatresche Beräicher a spriechen eis éischter aus fir e qualitativen Opbau. Ech géif mengen, do wëll ech kuerz déi Problemer an der Klinik zu Ettelbréck uschwätzen, wou effektiv eng Petitioun d'Onzefriddenheet vum Personal ausgedréckt huet, wou och, mengen ech, d'gesetzlech Bedingunge vum Comité mixte net respektéiert gi sinn, wou d'Personal virun de Fait accompli gestallt ginn ass an iwwert de Kapp vun de Leit ewech décidéiert ginn ass.

Mä dat ass awer elo, mengen ech, am Nachhinein riicht gebéit ginn, an et ass dann awer versicht ginn déi Leit ze prévenéieren an hinnen och matzedeelen, wa Versetzunge kéimen oder wann Transfertë géife kommen, fir dass se dann och d'Méiglechkeet kréie fir sech selwer schonn ze mellen op anere Siten, déi virgeschloe ginn, a sech anzeschreiwen. Dat heescht also, et war schonn e bësse méi eng haart Tounaart do. Mä déi huet dozou gefouert, dass awer elo méi oder wéineger alles an déi richteg Richtung geet, an ech mengen dat ass jo dat, wat jo net nëmmen an Interesse vum Personal wichteg ass, mä dat ass awer och wichteg am Interesse vun der Betreiung vun de Patienten, well et ass jo esou dass zefriddend Personal, e Personal wat gutt Bedingungen huet, sech jo och mat méi Motivatioun de Patiente widmet.

Ech menge wat den Här Huss ugeschwat huet, dat kann een nëmme mat zwou Hänn deelen. Dat ass de Rapport Rössler, wou awer effektiv eng Reform muss kommen an der psychiatrescher Betreiung a wou och doriwwer wierklech eng seriös fundamental Debatt hei muss stattfannen, fir dass mer dann och an där direkter Betreiung och all Méiglechkeeten opmaachen, fir déi richteg Weeër ze siche fir och an deem Beräich d'Isoléierung an d'Marginaliséierung vun deene psychesch Kranken an Zukunft ze verhënneren, esou wéi dat elo de Fall ass, wou se jo e bëssen an den Abseits gedréckt gi sinn. An och Froe musse mer eis effektiv stellen, wou am Fong déi Problemer hierkommen, wat d'Ursaache sinn, wou d'Ursaache leien. Leie se an der Onzefriddenheet mat der Ëmwelt? Leie se an der Belaaschtung duerch d'Ëmwelt? Leie vill Ursaachen dran duerch d'Belaaschtung, duerch den Harcèlement op der Aarbechtsplaz?

Ech mengen all déi Froe musse mer eis stellen, op déi Froe musse mer Äntwerte sichen an dann dorauser déi néideg Konklusiounen zéien, fir an Zukunft ze versichen och déi psychesch krank Leit wierklech erëm un Hand vun enger mënschewierdeger Betreiung an dat normaalt Liewen eranzeféieren, an dofir hu mer och kee Problem als ADR den Accord zu dësem Projet ze ginn.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo de Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt mol e ganz häerzleche Merci fir déi Aart a Weis, wéi déi Diskussioun hei gefouert ginn ass, virausbléckend an déi nächst Échéancen, déi an der Psychiatrie op eis zoukomme wäerten. Ganz villes vun deem wat de Mëtte gesot ginn ass, kann ech ënnerschreiwen a geet och an déi Richtung déi mer entaméiert hunn, respektiv déi mer weiderféieren.

Ech wollt dem Rapporteur e ganz häerzleche Merci soe fir säin Engagement. An deem heiten Dossier huet e sech net nëmmen drop beschränkt fir e Rapport virzeleeën, mä en ass och op den Terrain gaange fir sech dovunner ze iwwerzeegen, wou den Handlungsbedarf an deem Zentrum do uewen ass. An ech mengen dat ass och wichteg, dass dat hei de Mëtten ervirgestrach ginn ass, dass bei alle Bestriewunge fir d'Psychiatrie ze moderniséieren, ze adaptéieren, ëmzebauen, dass ee bestoend Strukturen net soll vernoléissegen, dass ee se net soll aus den Ae verléieren an dass ee sech weider soll ëm se këmmeren. Ganz intensiv ëm se këmmeren, well deen Zentrum, wa mer ufänke Steng ze réckelen, och do dovu betraff ass an een och muss oppassen, an dat ass vun e puer Riedner de Mëtte gesot ginn, dass déi verschidden Zännrieder anenee gräifen an dass matenee geschafft gëtt, net niewenteneen.

Et ass kee Geheimnis, dass d'Reform vun der Psychiatrie oder déi weider Reform vun der Psychiatrie eng vun de Prioritéite vun dëser Regierung ass. Ech hunn dofir och am Numm vun der Regierung direkt e puer Wochen no dem Mandatsuntrëtt proposéiert, fir dass mer bilanzéiere wat mer an deene leschte Joren am Beräich vun der Psychiatrie gemaach hunn, opgrond vun der Etüd Häfner, a mir si ganz séier eis eens ginn, dass een ee vun de Mataarbechter vum Pro-

fesser Häfner, de Professer Rössler, sollt mat där doter Aufgab beoptragen. E sollt eis also zweeërlee liwweren.

Éischtens d'Bilanzéierung vun deem, wat an deene leschten 12, 13 Joer um Terrain geschitt ass, an Ausbléck op dat wat mer zesumme sollte maachen. Ofgemaach ass mat der Chamberskommissioun, a ganz gär och mat der Chamber, dass wa mer dee Rapport virleien hunn, dass mer doriwwer diskutéieren. Well ech mengen et ass wichteg, dass een hei och duerch eng anstänneg Diskussioun de Sukkurs kritt vun dësem Haus, fir weider an der Psychiatrie ze kommen.

Mir hunn zwar vill ëmgebaut an der Psychiatrie, mä mir sinn nach laang net um Enn vun där Ëmstrukturéierung an nächst Etappe wäerte mat Sécherheet op eis zoukommen. Dat wat an den 90er Joren ausgeléist ginn ass, war eng gutt Saach. Dezentraliséierung, Diversifizéierung, Ëmbau vun der Mentalitéit, och net nëmme vun de Gebailechkeeten, well mer ganz kloer vun enger Mentalitéit ewech komm sinn, déi drop erausgelaf ass, dass de psychesch Kranke stigmatiséiert un de Rand vun der Gesellschaft gestallt ginn ass a Richtung zu enger Approche, déi de psychesch Kranken als Kranke schlechthin ugesäit, deen d'selwecht behandelt verdéngt wéi all aner Kranken, mat deene selwechte Rechter, mat deene selwechten Usprëch och op Qualitéit, an ech mengen dat ass déi richteg Richtung, déi ageschloe ginn ass.

Europawäit ass d'Psychiatrie weider am Ëmbroch. Ech hat d'Geleeënheet op enger ganz interessanter Konferenz derbäi ze sinn, wou dat, wat an der Psychiatrie an deene leschte Jore geschitt ass, och bilanzéiert ginn ass a wou déi verschidden Acteurë sech eens gi sinn, weiderzefueren op der Entstigmatiséierung vun der Psychiatrie. Mir sinn nach net um Enn ukomm.

Um Terrain huet sech also ganz villes gemaach, ugefaang beim Centre neuropsychiatrique, dee säi Statut geännert huet, deen awer och seng Missiounen adaptéiert huet, wou net méi ze vergläichen ass mat deem Zentrum, dee mer nach virun 20, 30 Joer kannt hunn. An do muss ee soen, et ass extrem vill geschitt. Et ass sech a Fro gestallt ginn. Et sinn diversifizéiert Strukture ronderëm de Centre neuropsychiatrique entstanen an dat och wann een heiansdo elo an de Vierdergrond deen een oder anere Problem stellt, déi berechtegt sinn, dass ee sech drëm këmmert, soll een net vergiessen all dat Positiivt wat um Terrain geschitt ass.

An ech mengen et ass och heiansdo mol d'Geleeënheet, wann ee Kritik übt, och Leit Merci ze soen, déi duerch hire Bénévolenengagement zum gudden Deel an engem Verwaltungsrot de Kapp mussen duerhale fir eppes wat sech ännert, mä déi nom beschte Wëssen a Gewësse schaffen. Eng Direktioun déi et net einfach huet an enger Ëmstrukturéierung an och e Personal wat vill Engagement bréngt a sech zu Recht Froe stellt.

Et ass gemengt ginn, dass et net onbedéngt engem Minister seng Aufgab ass fir sech ëm d'Problemer ze këmmeren, déi an engem Etablissement public bestinn. Ech mengen awer, an do gesinn ech meng Missioun esou, och wann ee sech net direkt amëscht, dass een awer Médiateur ka spillen an, wann ee gesäit dass en Dialog zwar misst bestoen, mä dass éischter laanschtenee geschwat gëtt an dass ee vläicht déi Instrumenter, déi Schlësselen net am Grapp huet, fir erëm mateneen zesummen ze fonctionnéieren, dass een dann iwwer eng ganz Rei vu Gespréicher an alle Richtungen deen Dialog erëm kann hierstellen.

Ech si ganz frou, dass do um Terrain sech munches beweegt huet. Et soll een net soen, dass elo alles rosa ass an dass een de Gletscherbrëll kann undoen a soen, et ass alles besonnesch schéin an där schéinster Welt. Mir sinn nach net um Enn vun de Problemer. Mä et gëtt gutt an intensiv matenee geschwat, a soubal wéi matenee geschwat gëtt, ass dat och richteg.

Also, vill geschitt beim CHNP. Vill geschitt ronderëm de CHNP. Vill geschitt am Extra-hospitalier. Do sinn d'Strukturen opgebaut ginn, déi si modellhaft an ech hunn den Tour an deene leschte Méint duerch déi verschidden Institutioune gemaach an ech kann nëmme soen, dass hei excellent Aarbecht geleescht gëtt an der Betreiung, an de Wunnstrukturen, an den Ateliers thérapeutiques. Do gëtt fantastesch Aarbecht geleescht an ech mengen et kann een net esou maachen, wéi wann näischt passéiert wier.

Dann ass zu Recht drop insistéiert ginn, dass déi Aufgabeniwwerdenkung zwëschent CHNP an akute Spideeler keng einfach ass an och keng einfach bleift. Richteg ass awer, dass den akuten Deel an déi akut Spideeler eragehéiert an dass de CHNP sech muss op aner Missiounen, nei Missiounen, awer och Rehabilitatioun, an all déi Missioune muss kënne konzentréieren, déi haut erwähnt gi sinn. Et ass ganz kloer, och wann de CHNP eng Rei vun Aufgaben ewechgeholl kritt, dass en eng Rei vun aneren Aufgabe wäert kréien. An do ass den Dréi an Aangelpunkt ganz kloer d'Koordinatioun déi muss entstoen oder intensivéiert ginn zwëschent deene verschiddenen Acteuren.

Et ass virdru proposéiert ginn, dass een e Steiergrupp misst asetzen. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach, à tel point dass ech dee Steiergrupp virun enger Rei vu Méint schonn agesat hunn, e Groupe de pilotage, e Comité de pilotage, eng Plattform Psychiatrie, déi am Moment besteet aus Leit aus dem Ministère, aus Leit aus den akute Spideeler, aus Leit aus dem CHNP, a wou mer noeneen eis Objektiver wäerte ginn. Am Moment ass d'Haaptobjektiv fir déi Reorganisatioun akut Psychiatrie un d'Rullen ze kréien, am Dialog zwëschent deene verschiddenen Acteuren, well déi verschidden Acteurë mussen zesummeschaffen, an duerno gëtt déi Plattform erweidert, wa mer nei Zilsetzungen och wäerte ganz sécher am Rapport vum Professer Rössler kréien.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Der eng Fro vum honorabelen Här Wagner?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Kee Problem.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här President, et ass keng direkt Fro, et ass just eng Prezisioun par rapport zu deem wat ech virdru gesot hunn. Ech gesinn éischter e Groupe de pilotage oder e Groupe d'accompagnement, wéi een et wëllt nennen, zwëschent justement alleguerten den Acteuren, déi directement concernéiert sinn. Dat heescht op där enger Säit d'Vertrieder vum CHNP, op där anerer Säit eben déi vun deene véier…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif bieden, endlech mat den Tëlefonen heibannen opzehalen!

Une voix.- Très bien!

M. Carlo Wagner *(DP).*- Ech hunn nach keen Tëlefon.

M. le Président.- Déi eng kréien Appelen, déi aner maachen Appelë vun heibannen! Dat ass dach net erlaabt!

(Interruptions diverses)

M. Carlo Wagner *(DP).*- Also entschëllegt, Här President, ech hunn näischt héiere wou e genau hierkomm ass, den Tëlefon, mä ech mengen, et war net op dëser Säit.

M. le Président.- Et ass schonn zéngmol dat nämlecht geschitt!

M. Carlo Wagner *(DP).*- Fein. Nach eng Kéier, Här Minister, wann Der erlaabt, dee Groupe de pilotage, wéi ech mer e virgestallt hunn, sollt si fir essentiellement Question-pratiquen ze léisen, déi sech justement an der Relatioun, dat heescht zwëschent den Acteuren, déi directement concernéiert sinn, stellen. Ech mengen do mussen net onbedéngt Statsvertrieder derbäi sinn. Dat soll och e Comité sinn, deen net ze grouss ass. Mä ech mengen et ass effectivement esou wéi ech et och éineschters gesot hunn. De CHNP an déi véier Hôpitaux généraux musse ganz enk zesummeschaffen, also sollen et Vertrieder si vun deenen zwou Säiten.

Datselwecht gëllt net nëmmen elo fir wat d'Patienten ubelaangt, d'Betreiung vun de Patienten, wie wat genau oder wéini dass deen een oder deen anere sollt säi Rôle iwwerhuelen, mä och haaptsächlech wat d'Personal ubelaangt. Ech mengen am beschte géif dat à l'intérieur vun engem Comité restreint gemaach ginn, dat heescht vun deenen Acteuren, déi directement concernéiert sinn.

Une voix.- Très bien.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Dat war meng Iddi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech hu kee Problem mat deenen Ausféierunge vum Carlo Wagner. Mir hunn eng Plattform, déi sech e bësse méi breet gesäit, an näischt hënnert eis dru fir aus där Plattform eraus, jee nodeem wat fir eng Themen akut sinn, Aarbechtsgruppen ze maachen, wat och zum Deel scho geschitt ass.

Ech weess, dass déi Zesummenaarbecht zwëschent CHNP an deenen akute Spideeler lues awer sécher un d'Rulle kënnt an dass och vill méi intensiv wéi an der Vergaangenheet matenee geschwat gëtt. Mä an där enger Approche an an där anerer gëtt et keng grouss Differenzen. Dat heescht also déi Plattform, wéi se schonn emol eng Kéier bestan huet, ass reaniméiert ginn a gëtt progressiv ausgedehnt op den Extra-hospitalier. Et soll ee se net direkt vun Ufank un ze vill belaaschten, ee Problem nom anere léisen an dann déi aner duerno.

Et ass richteg gesot ginn, dass an e puer Wochen de Rapport vum Professer Rössler ze erwaarden ass. Mat deem Rapport wäerte mer nei Indikatioune kréien an den Dialog selbstverständlech mat der Chamber fleegen, fir doraus och Konklusiounen ze zéien.

Ech wollt zum Schluss, well de Gros vun der Diskussioun net iwwert de Projet gelaf ass, mä ëm dat wat hannerum Projet ass, och e kloere Message a Richtung CHNP ginn. Dat hei ass e wichtege Projet, well nei Missioune vum CHNP dran enthale sinn, wou d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs mer gesot huet, dass ech soll insistéieren, dass déi Zesummenaarbecht an deem Zentrum mat deene Leit vum Zentrum, zwëschent Santé a Famille, ganz excellent ass an hei deem och Rechnung gedroe gëtt, doduerch dass och de Verwaltungsrot méi Spillraum kritt an der Zesummesetzung, wou ech net ausschléissen, dass déi Zesummesetzung an Zukunft e bësse méi diversifizéiert gëtt an ee sech och duerchaus kann iwwerleeën, ob den Extra-hospitalier oder/an den Hospitalier dra vertruede ka sinn.

Wichteg Missioun, e wichtegt Signal vun dësem Projet ass, dass een de CHNP mat de Moderniséierungsaarbechten och an deenen nächsten zéng Joer, a wie weess doriwwer eraus, net eleng wäert loossen. E wichtege Message, deen haut aus der Chamber erausgaang ass, dat ass, dass een de Centre neuropsychiatrique als wichtegen Acteur an der Psychiatrie weiderhi gesäit, och wann déi Psychiatrie sech wäert diversifizéieren.

E wichtege Message och vun haut, dass een net u Personalofbau an deem heite Secteur denkt, mä d'Personal muss awer eng gewësse Mobilitéit weisen, well wann d'Patiente Mobilitéit zougemutt kréien, da muss och eng gewësse Mobilitéit beim Personal do sinn. Well ech muss soen, dass esou Zentre jo och kee Selbstzweck sinn, mä dass d'Zil vun neie Strukturen dat ass, dass een de Patienten déi beschtméiglech Betreiung soll ginn. Dat heescht Versteesdemech fir Suergen, mä och Mobilitéit an déi eenzel Richtungen eran, an do ginn och an der Zwëschenzäit gutt Diskussioune gefouert.

Ech wollt just dann nach op eng Fro agoen, déi eng wichteg Fro ass an déi vun der Madame Stein-Mergen opgeworf ginn ass, dat ass déi vun den Zwangsmoossnamen, wou effektiv e Projet de loi ënnerwee ass fir dat nei ze regelen. Wann ech d'Madame Stein-Mergen richteg verstan hunn, dann ass d'CSV - net nëmme si, mä d'CSV - der Meenung, dass mer kloer solle vun deem System ewechkommen, wou den Dokter d'Zwangsaweisung eleng mécht, mä dass mer kloer sollen an déi Richtung goen, dass eng nei Aufgab bei de juristeschen Instanzen, bei de Justizinstanze soll kommen, fir an déi Richtung ze goe wou eng Rei vun europäesche Länner ginn. Hunn ech dat richteg verstanen?

Da wär ech och frou wann déi Messagë géife weidergoen, well dat ass ee vun deenen Diskussiounspunkten, déi mir an eise Gremien hunn a wou e Klärungsprozess noutwendeg ass, fir dass mer mam Gesetz virukommen. Do gëtt et eng Rei vun Avisen. Dat gesot, géif ech nach eng Kéier allen Intervenanten en häerzleche Merci soe fir déi gutt Diskussioun.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech si fäerdeg.

M. le Président.- Jo, mä Dir hutt Är Zäit och schonn iwwert dräi an eng hallef Minutt iwwerschratt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, neen, do war dem Här Wagner seng Ried nach dran.

M. le Président.- Jo, et ass an der Rei, Här Di Bartolomeo, mir kennen Är Explikatiounen an der Zwëschenzäit.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Mä, Här President, Dir sidd esou streng mat mir!

Plusieurs voix.- Jo, jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Et ass esou e wichtegen Thema, Här President…

Une voix.- Do hutt Der Recht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*-…an Dir kommt aus der Nopeschgemeng, wou dee wichtegen Zentrum ass. Da misst Der ganz besonnesch vill Versteesdemech hunn an…

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, wann Der am Ufank net esou vill Zäit verluer hätt, da wiert Der längst fäerdeg. Sou, maacht lech elo wann ech gelift fäerdeg.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Majo, Här President, wann Dir mech net dauernd géift ënnerbriechen, da wär ech scho laang fäerdeg!

(Hilarité)

Duerfir géif ech lech alleguer Merci soen an lech, Här President, fir déi Gedold, déi Der ëmmer erëm mat mir hutt, villmools Merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, d'Diskussioun ass elo definitiv ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5387. Den Text steet am Document parlementaire 5387[4].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet 5379 iwwert d'Produits biocides. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo: d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Huss an den Här Jaerling. Ech denken dat sinn déiselwecht wéi...

Plusieurs voix.- D'Madame Frank!

M. le Président.- D'Madame Frank. Voilà. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.

9. 5379 - Projet de loi modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Här Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 5379 handelt et sech en fait ëm eng Ëmännerung vum bestehende Gesetz vum 24. Dezember 2002 «relative aux produits biocides».

Déi vun Iech, déi déi lescht Legislaturperiod schonn an dësem héijen Haus siégéiert hunn, kënne sech ganz sécher un dëst interessant Gesetz an och un d'Diskussiounen heizou erënneren. Fir déi, déi d'Chance net haten do derbäi ze sinn, an dozou gehéieren ech selwer jo och, wëll ech awer kuerz erklären, wat dann elo iwwerhaapt e Produit biocide ass an ëm wat et sech am Gesetz vun 2002 handelt.

Fir unzefänken, ginn ech Iech mol d'Definitioun vun esou engem Biocideprodukt, an zwar handelt et sech heibäi ëm e Produit, deen dozou dénge soll, Beschiedegunge vu Liewensmëttelen, Baumaterialien, zum Beispill Holz, awer och vun allgemenge Bedarfsobjeten, wéi zum Beispill Pabeier oder Lieder, Faarwen an och Lacken, ze verhënneren. Zu de Biocideproduitë gehéieren awer och Désinfectanten oder awer och Produiten, déi agesat gi fir zum Beispill Raten, Mais oder awer och Schleeken Här ze ginn. An e ganz bekanntene Biocide, deen eigentlech jiddferengem heibanne misst e Begréff sinn, dat ass den Eau de Javel. Ech ginn dann och elo weider net méi op déi Definitioun an, well Dir fannt se nach méi prezis am Gesetz erëm an och a mengem schréftleche Rapport.

Ma natierlech gëtt et beim Gebrauch vun eben dëse Produitë Risiken, net nëmme fir deen, deen domat ëmgeet, dat heescht den Anwender, mä och fir déi Leit, déi a Kontakt komme mat Materialien, déi mat esou engem Biocideproduit eben traitéiert goufen. A genee dowéinst koum dann och déi EU-Direktiv 98/8/CE zustan, an doropshin dann och eist bestoend Gesetz vun 2002, woumat mer déi Direktiv, déi ech genannt hunn, eben an d'nationaalt Recht ëmgesat hunn, an dat mir haut och mat deem Projet de loi ëmännere respektiv och verbesseren.

Wat wëlle mer ëmännere respektiv verbesseren? Ma fir prezis ze sinn, zwou Saachen. Éischtens, den Artikel 10 vum bestoende Gesetz. Wat seet deen Artikel? Ma e seet, datt Taxen agefouert ginn, an zwar via e Règlement grand-ducal; Taxen, déi bezuelt ginn, wann een eng Demande mécht, fir eben esou e Produit biocide autoriséiert ze kréien. Et steet an deem Artikel, datt déi Taxen an engem groussherzogleche Reglement festgeluecht ginn, mä se däerften net méi héich si wéi 4.000 Euro. Allerdéngs si mëttlerweil dann och Taxen an deenen aneren EU-Länner bekannt, a se sinn ëm e Villfacht méi héich fixéiert wéi hei zu Lëtzebuerg, an e konkret Beispill heifir wär zum Beispill Däitschland mat 45.000 Euro.

Bon, wat bedeit dat doten elo fir Lëtzebuerg a säi Gesetz? Dir kënnt Iech jo virstellen, datt aus Käschtegrënn, dat heescht eisen niddere-ge Präisser, d'Hiersteller vun esou Produitë kënnten dozou bruecht ginn, hir Demandë fir eng Umeldung alleguerten hei bei eis eranzeginn. An ebe fir dëst ze verhënneren, drängt sech elo eng Upassung vun eisem Taux am Gesetz, no uewen natierlech, op. Et soll een och wëssen, datt eis Administratioun net à même wier enger enormer Flut vun esou Demandë Rechnung ze droen, d'autant plus wou nach guer net bekannt ass, wat genee d'Aarbecht an den Opwand bei der Analys vun esou Produitë wäert sinn.

Firwat ass dat net bekannt? Ma well eis Administratioun eben nach mat kenger Demande saiséiert gouf, ausser um Niveau communautaire, dat heescht wou schonns bestoend Substanzen - wuertwiertlech nenne se déi Substances actives anciennes - vun eis sollen analyséiert ginn.

Et handelt sech ëm zwee Produiten, an de Ministère vun der Santé huet op Nofro vun der Kommissioun matgedeelt, ëm wat fir Produiten et sech do handelt: Et sinn dat d'Substanze mat deene schéinen Nimm Imidazole an Imazalil.

(Hilarité et interruption)

Imidazole an Imazalil, Här Bettel.

En huet eis awer am gläiche Schreiwe matgedeelt, datt dës Demandes d'analyse null an nichteg sinn duerch de Fait, datt de Produzent vun deene Substanze seng Demande zréckgezunn huet.

Dofir gëtt dann och proposéiert beim Artikel 16 vum bestoende Gesetz een Abschnitt bäizesetzen, dee Folgendes seet: «Le ministre peut, aux frais de l'État, occasionnellement ou régulièrement confier tout ou partie des tâches visées à l'alinéa qui précède à des experts ou instituts nationaux ou étrangers.»

Firwat soll dëst bäigeschriwwe ginn? Ma, wéi ech Iech schonns sot, ass net genee gewosst, wat esou Demandë vun Aarbecht mat sech bréngen, an dofir ass an der Verwaltung och bis dato elo nach keen heirop spezialiséiert Personal agestallt ginn.

De Fall also gesat, datt Lëtzebuerg an noer oder a ferner Zukunft mat Demandë saiséiert gëtt, déi eis Administratioun net kënnt bewältegen, schafe mer heimat déi legal Basis fir inländesch an ausländesch Experten ebe mat erunzeéien. Dëst also als Erklärungen an zum Versteesdemech vun dësem dach, wéi ech mengen, zimlech technesche Projet de loi an och dem bestoende Gesetz.

Zu der Prozedur ass et esou, datt de Santésminister, den Här Di Bartolomeo, de Projet de loi den 9. September d'lescht Joer hei an der Chamber déposéiert huet. De Projet de loi ass och aviséiert gi vum Collège médical, der Chambre des Métiers an natierlech och dem Statsrot. An der Sitzung vum 28. Oktober 2004 huet d'Santéskommissioun mech als Rapportrice vun dësem Projet de loi genannt, an doropshin ass de Projet an der Sitzung vum 27. Januar virgestallt, diskutéiert an natierlech analyséiert ginn.

De schréftleche Rapport ass unanime an der Réunioun vum 17. Mäerz 2005 ugeholl ginn, nodeems mer eis natierlech an der Diskussioun mat den Avisen ausernee gesat hunn, déi keng Objektiounen an Observatiounen opgeworf hunn, a soumat also dëse Projet och vum Statsrot, dem Collège médical an der Chambre des Métiers favorabel aviséiert gouf. Favorabel gëtt en och vu menger Fraktioun aviséiert.

Ech géing da profitéiere vun der Geleeënheet, fir zum Schluss net nëmmen deene Leit Merci ze soen, déi aktiv beim Ëmsetze vun dësem Projet de loi matbedeelegt waren, mä och fir eben hei den Accord vu menger Fraktioun ze ginn, an domat géing ech Iech, Här Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass agedroen déi honorabel Madame Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, e kuerze Rappel: E Biocide ass kee Medikament, dat um Mënsch oder um Déier genotzt gëtt. E Biocide ass kee kosmetesche Produit, neen, Produits biocides hunn e preventive Charakter. Si gi benotzt doheem am Stot, a Spideeler, an den Dokteschpraxisen, an de Laboratoiren. Si sinn also e Produit de conservation an e Produit de protection. De Biocide gëtt agesat géint Viren, Bakterien, Pilzer, géint d'Raten, d'Vigel an Algen.

Här President, d'Direktiv 98/8/CE gesäit am Artikel 24 vir, datt d'Memberstaten all dräi Joer e Rapport iwwer hir Tätegkeet am Beräich vun de Biociden zu Bréissel ofginn. Dëse Rapport soll Informatiounen iwwer eventuell Vergëftungen duerch d'Biocidë ginn. Den éischte Rapport war am Mee 2000 bis November 2003, an de Rapport selwer koum den 22. November d'lescht Joer eraus.

Den éischte Constat ass, datt Lëtzebuerg selwer relativ wéineg Informatiounen am Rapport gëtt. Et kann een erausliesen, datt déi zu Bréissel onzefridde mat der Informatiounspolitik vu Lëtzebuerg waren.

En zweete Constat ass, datt hei zu Lëtzebuerg keng Persoun exklusiv fir den Dossier vun de Biociden zoustänneg ass. Dat liicht och a fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wann ee bedenkt, datt a Frankräich nëmmen eng Persoun Vollzäit am Ministère an eng Persoun Vollzäit an der Agence française de la Sécurité sanitaire des Aliments un dësen Dossierë schaffen.

Et heescht am Rapport weider, datt Frankräich an nächster Zäit ëm déi 50 Persoune soll astellen, well si festgestallt hunn, datt dës zwou Persounen einfach net duerginn - also eng fierchterlech Augmentatioun. Lëtzebuerg huet op Bréissel gemellt, datt geplangt ass, e separate Service ze schafen, dee sech nëmmen ëm d'Biocidë këmmert. Dës Meldung op Bréissel steet awer liicht am Widdersproch zu eisem Gesetzesprojet, wou mir explicite dem Ministère d'Fräiheet ginn, extern Expertë bäizezéien.

Duerfir meng Fro un de Minister: Soll weiderhin d'Division de la pharmacie et des médicaments an der Direction de la Santé fir den Dossier vun de Biociden zoustänneg sinn? Oder gëtt e spezielle Service exklusiv fir d'Biociden am Gesondheetsministère geschaf?

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

En drëtte Constat ass, datt Lëtzebuerg keng Zuel vu Kontrollen op Bréissel gemellt huet. Kontrollinstanze sinn d'Police, d'Douane, d'Direction de la Santé, de Laboratoire National de Santé an den Ëmweltministère - eben eng laang Rutsch vu Kontrollinstanzen. Ech froe just, Här Minister, ob dat net e bëssen dees Gudden ze vill ass.

Dem Rapport no ass beim Lëtzebuerger Stat en hallefzäit beschäftegten Apdikter-Inspekter mat der Kontroll agesat. Et gëtt am Rapport zouginn, datt eng quasi hallef Persoun e bëssen ze wéineg ass. Duerfir soll jo d'Zesummenaarbecht mat den zoustännegen Autoritéiten an eisen Nopeschlänner gefördert ginn.

Här President, mir hate virun der Direktiv 98/8/CE keng speziell Gesetzgebung am Beräich vun de Biociden. Duerfir doe mir eis vläicht e bësse schwéier, déi néideg Servicer opzebauen. Mat dësem Gesetzesprojet gi kleng, mä wichteg Ännerungen um Lëtzebuerger Gesetz virgeholl. Dës Änneruge kann d'CSV-Fraktioun voll ënnerstëtzen, duerfir ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen der Rapportrice Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner. Dir hutt d'Wuert, Här Wagner.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech et net verfeele fir der Rapportrice, der honorabeler Madame Dall' Agnol, ze félicitéiere fir deen excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech muss soen, si huet dat därmoosse prezis gemaach, dass et mir erlaabt fir ganz kuerz ze sinn. Ech wëll just rappeléieren trotzdeem, dass och deen heite Projet de loi, wéi sollt et anescht sinn, vun der viregter Regierung élaboréiert ginn ass.

(Interruption)

Mir halen op déi historesch Wourechten, Här Wolter.

(Interruptions diverses)

Dat gesot, wéi gesot ass et eng Reform vun der Loi de base vum 24. Dezember 2002; eng Loi de base, déi haaptsächlech aus zwee Punkte bestanen huet. Dat Éischt, d'Definitioun vun de Produit-biociden, zweetens awer och déi néideg Evaluatioun, well ebe gesot ginn ass, dass op alle Fall kee Produit biocide méi däerft op de Marché kommen, dat net evaluéiert wär a wou prouvéiert wär, dass net Risque-inacceptablen dra wären. Et war also eng Garantie fir d'Consommateuren dobaussen.

Zousätzlech, wéi gesot, hu missen déi Produkter op déi sou genannten Annexes, dat heescht Listes positives communautaires kommen. Et ass virdrun ugeklongen, dass effectivement dee Präis vu 4.000 Euro, deen am Ufank am Gesetz steet, bal ridicule war soubal mer et verglach hu mat deenen anere Länner an der Union européenne, wou - an d'Chiffere sinn hei och scho genannt ginn - dat considérablement méi héich ass.

Mir hätten also riskéiert, carrément mat esou Demandë submergéiert ze ginn hei zu Lëtzebuerg, an dat obschonn dass mer keng Experten en fait an deem doten Domän hunn. A souguer wa mer Experten hätten oder där géifen astellen, muss ech soen, mat 4.000 Euro wär et ouni Zweifel nach kee Geschäft fir Lëtzebuerg, au contraire, mir géifen do vill Sue bäileeën. Duerfir, ouni elo wëllen am Numm vu mengem Successeur d'Fro vun der Madame Frank ze beäntweren, kënnt ech mir raisonnablement net virstellen, Här Minister, dass, esou wéi d'Fro war, e Service spécial biocides an der Direktioun vun der Santé géif geschafe ginn.

Ech mengen op alle Fall, d'Hausse sensible vun den Tariffer war déi richteg Äntwert op déi heite Problematik, an duerfir wäert Der Iech alleguerten net wonneren, dass ech däerf am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt der Madame Rapportrice Merci soe fir hire klore Rapport, dee se hei gemaach huet zu dësem klenge Gesetz, well et ass am Fong e klengt Gesetz, wou et nëmmen ëm liicht Ofännerunge geet vum Gesetz iwwert d'Biocidë vum Joer 2002, e Gesetz wat bekanntlech berout huet op enger europäescher Direktiv 98/8, déi mer hei dann ëmgesat hunn.

Mat de virgeschloene Modifikatiounen - Erhéijung vun den Taxe beim Enregistrement vu Biociden hei zu Lëtzebuerg - si mer selbstverständlech averstanen, a mir sinn och d'accord mam Prinzip vum Réckgréff op auslännesch Expertise, wann eenzel Demanden un eis hei a Lëtzebuerg erugedroe ginn.

Domadder wier eigentlech alles zu dësem Gesetzesprojet an zu senge Modifikatioune gesot an ech kënnt mech eigentlech erëm direkt sëtze goen. Ech wäert dat awer net maachen. Dir musst mer awer nach e puer Minutten nolauschteren, well ech mengen, datt déi Modifikatioune vläicht net esou vu Bedeitung sinn, mä d'Gesetz selwer awer vu Bedeitung ass, an déi EU-Direktiv iwwert d'Biocidë vu Bedeitung ass, a well ech der Meenung sinn, éischtens, datt de Gros vun de Leit, déi heibannen nolauschteren an hei sëtzen, iwwert déi Problematik net vill Informatiounen hunn, an datt och de grand public dobaussen iwwert déi Problematik net vill Informatiounen huet, obschonn et eng ganz wichteg Problematik ass.

An zum Zweeten, well ech der Meenung sinn, datt dat Biocide-Gesetz, wat op der Biocide-Direktiv berout, nach laang net eng positiv Biocide-Direktiv ass. An där Biocide-Direktiv gëtt et eng ganz Partie vu Lacunen a Widderspréch, an ech wëll Iech kuerz erklären, firwat déi Biocide-Gesetzgebung oder Biocide-Richtlinn op europäeschem Plang nach laang keen zefriddestellende Schutz vun der Gesondheet vun de Leit an Inneraim ass, ob dat a Wunnengen ass oder ob dat a Bürosraim ass a sou virun.

Am Ënnerscheed zu de Pestiziden, déi an der Landwirtschaft, am Wäibau oder an de Gäert dobaussen ausbruecht ginn, mat alle Gesondheetsrisiken, déi mer och do lues a lues ufänken ze mierken, ginn also vill Biociden, ganz vill verschidde Biociden a Banneraim, a Wunnengen a sou virun agesat, ouni datt se genuch gepréift wieren iwwer Laangzäitwierkungen a virun allem iwwer Kombinatiounswierkungen, déi se kënnen hunn op eis Gesondheet!

A wann et dann zu Gesondheetsproblemer an esou Wunnengen duerch Biocidë kënnt, da gëtt geschwat vu Wunngéfter, vun „indoor pollution", vu Sick-Building-Syndrom, an dat ass bekanntlech ee vun den Haaptaspekter vun der Problematik Ëmwelt a Gesondheet, déi eis haut zounehmend europawäit ëmmer méi beschäftegt.

D'Aféierung vun enger europäescher Biocide-Direktiv war sécher noutwendeg a begréissenswäert. Gradsou wéi de Prinzip vu sou genannte Positivlëschten, dat heescht, datt en neie Produkt theoretesch just op déi Positivlëscht vun zougeloossene Biociden däerf kommen, wa virdru seng gesondheetlech Onbedenklechkeet nogewise gouf.

Mir befannen eis mat dëser Biocide-Direktiv an där méi aktueller grousser Problematik, déi ganz aktuell ass, vun der Reach-Problematik, déi elo am Europaparlament diskutéiert gëtt an ëm déi heftegst gestridde gëtt an op déi ech am Mee vun dësem Joer an enger Interpellatioun un d'Regierung nach eng Kéier hei wäert zréckkommen.

D'Biocide-Direktiv ass een Ënneraspekt do dervun, a mir mengen, datt et iwwert déi Reach-Direktiv misst méiglech sinn, an deenen nächste kommende Méint a Joren, datt och déi Biocide-Direktiv drastesch verbessert gëtt par rapport zu deem Zoustand, dee se haut huet. Si muss iwwerschafft ginn an deem dote Sënn.

Wat ass dann esou problematesch an där aktueller Biocide-Gesetzgebung oder Biocide-Direktiv aus dem Gesetz vun 2002? E puer Beispiller nëmmen iwwert déi wichtegst Biociden, dat heescht Holzschutzmëttel, Insektiziden, Desinfektiounsmëttel oder Konservéierungsmëttel.

En éischte Problem vun der Direktiv ass deen heiten: All déi al Biociden, déi scho virun 2000 um Mar-

ché waren, däerfen - och wa se gesondheetsgeféierlech sinn - an enger Iwwergangszäit vun zéng Joer, dat heescht also bis zum Joer 2010, weiderhin an den Haiser agesat ginn! Wann et noweisbar schlecht ass fir d'Gesondheet vun de Leit och nach déi nächst Joren, also wäert dat problematesch sinn.

En zweete Problem vun där Biocide-Gesetzgebung ass den eklatante Widdersproch, datt zum Beispill geféierlech Insektiziden oder Produkter zum Schutz géint d'Matten a Wollteppecher, wéi zum Beispill de Lindan oder de Permethrin, an der Landwirtschaft net méi däerfen agesat ginn, awer am Haushalt, do bleiwe se erlaabt! Am Traitement vun Holz, vu Schief, vun Teppecher oder souguer géint Lais bei Kanner. Wat sinn d'Gefore vun deenen zwee? Ech wëll dat emol un deenen zwee Stoffer festmaachen.

Wat sinn d'Gefore vun esou Stoffer? Beispill Lindan. Lindan huet noweislech - an deen däerf nach ëmmer agesat ginn am Haushalt - eng östrogen, dat heescht eng hormonell Wierkung. Lindan ass noweisbar ierfgutschiedegend. Lindan ass am Déiereversuch kriibserregend an e steet am dréngende Verdacht, bei Fraen de Broschtkriibsrisiko ze vergréisseren. Lindan misst dofir an eisen Aen, gradsou wéi de Pentachlorphenol virun e puer Joer, direkt verbuede ginn!

Lindan an ähnlech gëfteg Substanzen, Här Minister, gi vun Ärem Service de médecine de l'environnement, vun der Ëmweltambulanz also, ëmmer erëm an eenzelne Stëbsprouwen an eisen Haiser erëmfonnt. Lindan fënnt een zum Beispill och an de biochemeschen Analyse vu Broschttumeurë bei Fraen.

Wat mer an de Stëbsprouwe vu munche Lëtzebuerger Haiser fannen, dat sinn zum Beispill och sou genannte chemesch Altlasten. Zum Beispill nach ëmmer DDE, den Ofbauprodukt vum DDT, deen 1978 verbuede ginn ass. Hei verbuede ginn ass, mä net am Tiers-Monde! An deen DDE, den Ofbauprodukt vum DDT, wou fanne mer deen erëm? Mä dee fanne mer erëm am Hausstëbs, mir fannen en erëm an importéierten Teppecher aus dem Tiers-Monde, an doduerjer fanne mer en och erëm bei de Leit. Datselwecht gëllt fir de Pentachlorphenol als eng weider Altlast.

Nom Rapport d'activité vum Ministère vun der Santé vun 2004, dat heescht aus deem leschte Rapport d'activité, do ass gesot gi vun der Ëmweltambulanz, datt se 510 verschidden Haiser hei am Land, hei zu Lëtzebuerg analyséiert hätten.

(Interruption)

Do ass DDT…

Här Fayot, wat hei d'Problematik vun der Chamber ugeet, dat kéint een duerchaus, dat wier sënnvoll dat och eng Kéier ze ënnersichen. Ech géif mengen, virun allem d'Klimatisatioun ze ënnersichen, an och do kënne Problemer sinn. Dat schéngt mer hei den Haaptproblem ze sinn, wann och dat op Ärer Säit ëmmer schéngt Problemer ze sinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Fuert Dir weider, Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Zum Beispill ass deen héich geféierlechen DDT a 36 Fäll vun deene 510 ënnersichten Haiser fonnt ginn, hei zu Lëtzebuerg. Pentachlorphenol ass no deenen Analysen an 33 Haiser fonnt ginn.

An ech hu virdru gesot wou deen DDT hierkënnt. En ass éischtens extrem laanglieweg an zweetens ass en an den Teppecher, déi aus dem Tiers-Monde kommen, nach ëmmer zum Deel enthalen.

Ech hat virdrun och zum Beispill vum Widdersproch geschwat, datt engersäits de Lindan an der Landwirtschaft verbueden ass, an an den Haiser erlaabt ass. Datselwecht gëllt fir d'Permethrin, eng héich geféierlech Substanz aus dem Beräich vun de synthetesche Pyrethroiden. Wou ass dee Permethrin ze fannen? Mä Dir fannt en an allen, net an allen, mä a ganz villen Haiser an a ganz ville Büroen, well dat zu jorelaange Belaaschtunge mat deene Stoffer féiert.

Bei Moossunge vun der Ëmweltambulanz am Joer 2004 goufen an 125 Wunnengen, vu 500, dat heescht dass an engem Véierel vun de Wunnenge vun deene 500, déi ënnersicht gi sinn, kritesch Schwellewäerter fir Permethrin iwwertraff ginn. No Moossungen, déi offiziell gemaach gi sinn.

Wat ass Permethrin, wat si Pyrethroiden? Mä och déi hunn eng hormonell Wierkung, sinn immunschiedegend an hunn eng neurotoxesch Wierkung. An esou Substanzen, déi dierften dach eigentlech net an Haiser virkommen. Déi missten also vun deene Positivlëschten erofgeholl ginn, an där Richtlinn.

Mä et sinn net nëmmen dës Substanzen a Stëbsmaterial oder Loftprouwen, déi gemooss gi si vun Ärer Ëmweltambulanz, och aner Stoffer sinn do fonnt ginn. Zum Beispill an 102 Fäll ass Eulan fonnt ginn, och en héich problemateschen Insecticide. Et si Solvantë fonnt ginn an de Wunnengen, wéi Toluol oder Benzol, an et si Weichmacher a Flammschutzmëttel fonnt ginn. Flammschutzmëttel, zum Beispill, do hu mer eng Substanz, déi heescht TCEP. Déi ass net nëmmen am Hausstëbs fonnt ginn. Déi ass, Madame Stein,…

(Interruptions et hilarité)

Wësst Der wou déi fonnt ginn ass? E kriibserregende Stoff? Dee kriibserregende Stoff ass an 12 Fäll an Hausmatraze vu Kanner fonnt ginn, a Kannerzëmmeren an den Hausmatraze fonnt ginn. Dat ass eng kriibserregend Substanz, wou ech mengen, datt déi net an eng Kannermatraz géif gehéieren.

(Interruptions)

An et si Matrazen zwar fonnt ginn. Fir déi Leit, déi betraff sinn, wou Kanner eventuell Gesondheetsproblemer kréien, do ass dat net eppes fir driwwer ze laachen.

(Interruptions)

E lescht Beispill, fir d'Inneraumbelaaschtung duerch Biociden ze illustréieren, dat ass d'Beispill vun de Weichmacher, vun de Phtalaten, e ganz komplizéierten Numm. Zum Beispill vun enger Substanz, déi ech do nëmme wëll erwähnen, dat ass den DEHP. Deen DEHP ass fonnt ginn a Kannerspillsaachen, a Plastik, an de Schnulleren, an de Suckele vun de Kanner ass e fonnt ginn, an d'europäesch Kommissioun huet elo virun e puer Méint den DEHP an dräi Beräicher verbueden. Esou geféierlech gëtt deen DEHP ageschätzt.

Deen DEHP, dee gëtt et awer nach a villen anere Beräicher, och am Haushalt. Zum Beispill a PVC-Buedembeläg gëtt et en. An eng rezent Etüd vum November d'lescht Joer vum Karolinska Institut aus Schweden, ee vun de renoméiertste wëssenschaftleche medezineschen Instituter, huet erausfonnt, an engem Vergläich vun 200 Kanner mat Asthma an 200 Kanner ouni Asthma, datt den eenzegen Ënnerscheed war, d'Belaaschtung vum Hausstëbs a vun de Buedembeläg an de Kannerzëmmer mat PVC, mat dem Weichmacher aus dem PVC. Dat war den eenzegen Ënnerscheed, dee se festgestallt hunn zwëschent deene belaaschtene Kanner an deenen net belaaschtene Kanner.

Dat si Saachen, déi nach ëmmer erlaabt sinn, laut Biocide-Gesetzgebung, a mir mengen dofir, et ass dat wat ech am Ufank gesot hunn, datt et net nëmmen e Problem ass vun net genügend Informatioun doriwwer, mä dass et e Problem ass, datt déi Biocide-Richtlinnen dringend missten iwwerschafft ginn, op der Basis vun deene rezentste wëssenschaftleche medezineschen Erkenntnisser.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, eng ganz Rei vun anere Beispiller kënnt ech hei virbréngen. Ech mengen, et ass awer net ubruecht. Well et hei am Fong just ëm déi kleng Modifikatioune geet, wëll ech dorobber verzichten. Mä ech ginn lech d'Garantie, datt wa mer hei iwwert d'Interpellatioun iwwer „Reach" schwätzen, datt dat doten een Ënneraspekt ass vun där Problematik, déi am Moment am europäesche Parlament diskutéiert gëtt a wou et ëm Ëmwelt a Gesondheet geet a wou d'Europäesch Kommissioun ëmmerhin 2003 eng relativ couragéiert Propositioun „Reach" op den Dësch bruecht huet, fir endlech dee Chemikaliemarché am Sënn vun Ëmwelt a Gesondheet besser an de Griff ze kréien. An dorobber wäerte mer also hei mussen agoen. A wann et bei enger couragéierter Léisung op europäeschem Niveau bleift, da wäerte mer d'Chance an deenen nächste Jore vläicht kréien, datt eng Rei ëmweltbedéngten Erkrankungen, datt mer déi vläicht wäerte kënne mol an de Grëff kréien. Datt mer se kënnen eventuell souguer reduzéieren. Datt et net méi zu esou Krankheete kënnt, an dann huet dat och Implikatiounen op eis Krankekeeseproblematik.

Well dat dote sinn d'Problemer, déi vun Doktere meeschtens net erkannt ginn an da lafen déi Leit vun Dokter zu Dokter, vu Spezialist zu Spezialist, vun Analys zu Analys an esou virun. An dat sinn och Saachen, déi eise Krankekeesesystem zu engem Deel finanziell belaaschten, an dat muss net sinn.

Do musse mer preventiv virgoen an dofir mengen ech, datt déi Biocide-Geschicht hei eng wierklech wichteg ass. Mä si muss geännert ginn. Si muss verbessert ginn an dat soll lafen iwwert eng besser Reach-Gesetzgebung. A wann dat geschitt, da kënne mer méi Satisfaktioun hunn um Niveau Ëmwelt a Gesondheet, datt et besser geet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Als leschte Riedner ass den Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat deet esou wéi, datt ech ëmmer dee Leschte sinn.

Här President, ech géif och der Madame Rapportrice selbstverständlech meng Félicitatiounen ausspriechе fir deen excellente Rapport. Si huet dat mat esou vill Charme gemaach, dass ee schonn erëm drop waart, fir se erëm eng Kéier hei op der Tribün ze gesinn.

(Hilarité)

Ech war de mueren an der Commission de l'Égalité, do sinn ech inspiréiert ginn.

(Hilarité et interruptions)

Ech hu méi verstane wéi Der mengt, dat wësst Der jo. Ech gesinn et just aus engem anere Bléckwénkel wéi Dir.

Här President, Biociden, déi si soss am Fong ëmmer als Pesticides pour usage non agricole bezeechent ginn, mä et gëtt awer nach eng Rei aner Bezeechnunge fir d'Biociden. Zum Beispill bei den Entreprisen, déi se hierstellen, do gi se Produits phyto-sanitaires genannt. Bei den europäesche Reglementer fënnt een de Begréff Produits phyto-pharmaceutiques erëm a bei den agronome Wëssenschaftler, do heesche se Produits agro-pharmaceutiques. Egal wéi se op jidde Fall genannt ginn, se déngen awer dem Zweck fir eng Rei Produiten unzebidden, déi fir Désinfectants ménagers, Insecticiden, Holzschutzmëttel oder eng Rei waasserléislech Fuerwen a Schutzmëttelen hierzestellen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Den Objektiv soll awer sinn, fir eng héchste Protectioun fir Mënsch, Déieren an Ëmwelt ze garantéieren. Et geet drëm Produiten op de Maart ze bréngen, déi akzeptabel Risike mat sech bréngen. Laangfristeg gesi sollen déi Produitë preventiv wierke géint kriibserregend Effekten oder toxesch Nowierkunge fir Reproduktiounen, fir toxesch Substanzen ze ersetzen, respektiv persistenten oder bio-cumulabel Produiten.

De Projet, dee mer haut hei virleien hunn, ass eng noutwendeg Ergänzung vum Gesetz vum 24. am Chrëschtmount 2002 a respektéiert och voll a ganz déi diesbezüglech EU-Direktiv vun 1998.

Wa mer elo an dësem Gesetz haaptsächlech Strofe verstäerken, esou sinn ech awer der Meenung, dass dat net duergeet, mä dass niewent de Strofen trotzdeem awer d'Kontrollen, ier déi Produiten op de Maart kommen, onbedéngt musse verschäerft ginn, an och wann ech net grad esou défaitistesch si wéi den Här Huss, esou mengen ech awer, dass e ganz Recht huet, wann e seet, dass et net duergeet hei mat Strofen ze operéieren, mä dass awer preventiv muss gewierkt ginn an och op jidde Fall muss dofir gesuergt ginn, dass déi Substanzen, wa se op de Maart kommen, enger strengster Kontroll ënnerworf ginn an dass et net nëmmen déi Produitë sinn, mä dass een awer och gesäit, an elo e puer rezent Beispiller, wéi zum Beispill am Enregistrement, am neien Enregistrement um Kierchbierg, wou ganz vill gesondheetlech Problemer opgetaucht sinn, wou Kloe si vu Leit, wou Krankheetsfäll méi wéi iwwert der Moyenne leien. Dat heescht, wou och mat esou Substanze geschafft gëtt a wou och besonnesch den Tapis plain mat de Stëbsmilben an all deem, wat do drunner hänkt, awer e groussen Impakt op d'Gesondheet vun deene Leit huet.

Esou dass et och net schlecht wier, wann eng Kéier eng Analys géif gemaach ginn, wéi besonnesch an den öffentleche Gebaier mat esou Substanzen ëmgaangen ass, ëmgaange gëtt an dass gekuckt gëtt, dass zumindest do mol un allerëischter Stell dofir gesuergt gëtt, dass esou Substanzen net méi an de Gebrauch kommen.

Well dëse Projet awer an déi richteg Richtung geet, kënne mer e selbstverständlech als ADR awer stëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Grethen freet d'Wuert nach.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, hei am Haus ass jo mat Momenter ganz vill Opreegung. An nodeem ech elo dem Här Huss opmierksaamst nogelauschtert hunn, froen ech mech, ob dat net kéint drop zréckzeféiere sinn, dass hei och am Bau e puer geféierlech Substanze gebraucht gi sinn, an ech froe mech, ob et net wichteg wier, emol d'Ëmweltambulanz heihinner kommen ze loossen, fir ënnersichen ze loossen, wat dann d'Leit esou opreegt.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Här Huss, hutt Der eppes Substanzielles zu där Propositioun ze soen?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Jo, ech hunn eppes Substanzielles ze soen, well wéi hei déi Chamber renovéiert ginn ass, du war ech an engem Aarbechtsgrupp mat derbäi, deen duerfir sollt suergen, datt déi Saachen, déi hei gebraucht gi sinn, solle baubiologesch eenegermoossen an der Rei sinn. Ech sinn och der Meenung, datt villes heibannen an der Rei ass, mä et schéngt ee Problem hei effektiv ze bestoen, deem ee misst nogoen, deem d'Ëmweltambulanz misst nogoen, dat ass d'Problematik vun der Lëftung, vun der Aératioun heibannen. Do kann et sinn, datt an der Lëftung, wann déi net seriö gewart gëtt oder net oft genuch oder net mat deene richtege Produkter gewart gëtt, datt da Saachen an de Raum kommen.

Ech ka mech erënneren, datt schonn d'lescht Joer a virlescht Joer hei Kloe waren, virun allem op der Säit vun deenen dote Bänken.

(Interruptions et hilarité)

Vun deene Bänken op där doter Säit, datt do Kloe komm sinn iwwer Problemer, datt Leit op eng Kéier Schleimhautreizungen haten, datt si sech net gutt do gefillt hunn, an ech géif et vläicht sënnvoll fannen, datt een nëmme wéinst deem Problem, well dat do op där Säit ass, mat der Aératioun, sollt effektiv Nopréiwunge maache loossen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

(Interruptions diverses, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Huss, ech kann lech berouegen, d'Belüftung an d'Entlüftung an d'Klimaanlag si viru kuerzem hei nogekuckt ginn, nogecheckt ginn. Bei der Belüftung an der Entlüftung schéngt alles an der Rei ze sinn, mä bei der Klimaanlag, déi eis awer nawell relativ vill kascht huet, klappt et nach ëmmer net. Ech weess net ob et hei uewen nëmmen esou waarm ass. Et ass iwwerall esou waarm. Also kucke mer nach eng Kéier duerno, fir lech Satisfaktioun ze ginn.

(Interruptions diverses)

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm. D'Wuert huet elo de Gesondheetsminister fir Stellung ze huelen zum Projet. Här Di Bartolomeo, Dir kënnt och vun do uewen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Jo, ech mengen, Här President, well Der de ganzen Nomëtten esou gentil mat mer waart a mech net ënnerbrach hutt, wann ech meng Riedezäiten iwwerschratt hunn, probéieren ech da ganz, ganz kuerz ze äntwerten…

M. le Président.- Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- …an Iech Merci ze soe fir Är Indulgence.

Éischtens, no där gudder Presentatioun vum Projet duerch d'Rapportrice brauch ech net méi op d'Detailer zréckzekommen. Et ass en noutwendege Projet, well mer d'Taxe fir den Enregistrement op eng räsonnabel Héicht festleeën an domat och verhënneren, dass mer als Land iwwerrullt gi bei niddereregen Tariffer vun esou Demandë fir déi verschidde Produiten ze préiwen.

Well mer dann och net iwwerrullt wäerte ginn, an do ginn ech dann op d'Fro vun der Madame Frank an, brauche mer déi Servicer net deementspriechend wéinst dësem Problem auszebauen, wat eis awer net wäert drun hënnere fir Iwwerleeungen ze féieren, awéifern dass mer d'Division pharmaceutique op aner Erausfuerderungen hin adaptéieren. A mir kënne schliisslech iwwert dat heite Gesetz op auslännesch Experten zréckgräifen, wann da sollen Demandes d'enregistrement kommen. Duerfir ass et net

noutwendeg hei eng speziell Divisioun ze kreéieren.

Op déi Iwwerleeunge vum Här Huss, déi ech an enger ganzer Rei vu Punkten deelen, wëll ech soen, dass mer net fir näischt an deenen nächste Méint innerhalb vun eiser Présidence wäerten eng Konferenz organiséieren, wou mer den Impakt vun Ëmweltgëfter op d'Gesondheet besonnesch an den Inneraim wäerte préiwen, wou mer eng ganz gutt Kollaboratioun hunn an, mengen ech, net nëmme Konferenze maachen, fir nei Iwwerleeungen ze maachen, mä fir Iwwerleeungen, déi op anere Plaze scho gemaach gi sinn, ze implementéieren. Do wäert also e positiven Impakt kommen an e positiven Input kommen, dee mer och weider wäerte leeden un d'Kommissioun, déi esou Iwwerleeunge muss implementéieren.

Dann e fënnefte Punkt. Wann d'Chamber selbstverständlech de Wonsch géif äusseren, dass d'Ëmweltambulanz eng Kéier laanscht kënnt, da stinn ech ganz gär zur Verfügung mat deene Servicer, déi mer hunn, fir ze verhënneren, dass eng Kéier eng aner Ambulanz muss kommen.

(Hilarité)

Ech soen lech villmools Merci a besonnesch dem President, dass hie mer esou laang nogelauschtert huet.

M. le Président.- Merci, Här Gesondheetsminister, speziell well Der lech haut esou kuerz gefaasst hutt an och fir Är gentil Offerte. Do ass d'ganz Haus lech dankbar.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5379.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Lydie Err), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Mëtteg d'Demande gehat vum honorabelen Här Bettel, fir eng Question parlementaire, déi hien un de Justizminister geriicht huet, op den Ordre du jour ze kréien a fir déi kënnen hei virzedroen. Et ass esou, dass opgrond vum Reglement déi Demande vum Här Bettel an deem Sënn net receivabel ass, well mer an eisem Reglement virgesinn hunn, wa keng Äntwert vun der Regierung do ass, da kann den Deputéierte froen, fir d'Fro op den Ordre du jour ze kréien.

Elo ass et awer esou, dass an dësem Fall eng Äntwert do ass. Mä et ass eng Äntwert, déi an den Ae vum Här Bettel an och an den Ae vun aneren net zefridde stellend ass an deem Sënn, wou d'Äntwert net komplett ass. Ech hu mer dat ugekuckt an ech géif der Chamber proposéieren, effektiv wann eng Äntwert kënnt, déi esou onzefridde stellend ass, dass Deeler net beäntwert sinn, dass d'Chamber da soll domat d'accord sinn, fir déi Fro op den Ordre du jour ze kréien.

Ech proposéieren also, dass muer de Mëtteg - an ech informéieren de Justizminister an där Richtung - um hallwer dräi den Här Bettel déi Froen hei aus senger Fro stellt, déi net beäntwert sinn oder déi a sengen Aen net beäntwert sinn. Déi, déi beäntwert sinn, dat ass an der Rei. Déi aner stellt Der a mir fueren nom Prinzip an no der Riedezäit, esou wéi se an eisem Reglement fir d'Heure de questions virgesinn ass.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, da si mer um Enn vun der Sitzung. Muer de Mëtteg um hallwer dräi gesi mer eis erëm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.08 heures)

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung **live** *an* **integral** *mat enger Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

MERCREDI, 23 MARS 2005

28E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt de deux projets de loi
2. Ordre du jour
3. Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage
4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR concernant l'interprétation et l'application pratique de l'article 17 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

   (Discussion générale - motion)
5. Question parlementaire N°212 de M. Xavier Bettel relative aux mesures de sécurité au Centre pénitentiaire
6. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c.-à-d. l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre

   (Discussion générale - motion)
7. 5171 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2002

   (Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5166 - Projet de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
9. 5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
10. 5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999

    (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
11. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Jo, Här President.

M. le Président.- Den Här Ëmweltminister huet d'Wuert.

1. Dépôt de deux projets de loi

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, de Statschef huet mer de 7. Mäerz d'Autorisatioun ginn, e Gesetz ze deponéieren, wat eng Modifikatioun vum Juegdgesetz wäert mat sech bréngen, an de 16. Mäerz huet e mech autoriséiert eng Modifikatioun vum Kommodosgesetz vum 10. Juni '99 ze déposéieren, wat zur Aufgab huet d'Aarhus-Konventioun an de Kommodo ze transposéieren.

- Projet de loi N° 5452 modifiant et complétant la législation sur la chasse, et

- projet de loi N° 5453 modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

Merci.

M. le Président.- Ech huelen Akt vum Dépôt vun dësen zwee Projets de loi. Déi Projete ginn un déi zoustänneg Kommissioune verwisen.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, wëll ech drun erënneren, éischtens datt uganks der Sitzung d'Question avec débat Nummer 1 vum Här John Castegnaro iwwert de Chômage évacuéiert gëtt, an datt zweetens den Här Bettel, no den Aktualitéitsstonnen, Prezisiounen zu senger Fro Nummer 212 vum Justizminister kréie wäert.

Mir kommen elo un d'Question avec débat vum Här Castegnaro, iwwert d'Entwécklung vum Chômage. Den Auteur vun der Questioun huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro, an no der Äntwert vum Minister eng Minutt, fir seng Zousazfroe virzedroen. Der Regierung stinn 10 Minutten zou. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro.

3. Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, Europa steet an dësen Deeg am Mëttelpunkt vun der Aktualitéit. E Samschden hunn Zéngdausende vu Gewerkschaftler demonstréiert géint Ofbau a géint Aarbechtslosegkeet. D'Regele vum Währungs- a Stabilitéitspakt schénge méi realistesch ze ginn, also ugepasst ze sinn. De Fréijorsgipfel vun den EU-Stats- a Regierungschefen ass amgaang ze tagen an d'Mënschen an Europa erwaarden sech vun deem Sommet positiv Signaler, wat hir Zukunft ubelaangt.

Europa steet ganz besonnesch ënnert dem Androck vun der Massenaarbechtslosegkeet, vum Kafkraaftverloscht, vun der Veraarmung an och vu sozialen Ängschten, an der Zukunft. De Chômage an der Europäescher Unioun, mä och zu Lëtzebuerg, mécht de Mënschen Angscht. D'Statec-Zuelematerial an de Comité de conjoncture vun haut de Muere bestätegen, dass et kee Réckgang gëtt, mä esouguer eng liicht Erhéijung: 9.945 Mënschen op der Sich no enger Aarbecht, 3.500 a sou genanntene Beschäftegungsinitiativen, dat heescht an der Prekaritéit an an der Ongewëssheet, eng definitiv Aarbechtsplaz ze fannen.

Lëtzebuerg huet zënter 1975 e Koup vu Mesuren agefouert, de Fonds de chômage oder pour l'emploi ass geschafe ginn, d'Solidaritéitssteier koum, Noutstandsaarbechten, Chômage partiel, vill Initiativen, innovativ a preventiv hu mer gehandelt, an déi zoustänneg Verwaltungen, wéi d'ADEM sinn och moderniséiert a Personnel opgestackt ginn. D'national Tripartite ënner anerem beschäftegt sech regelméisseg mat dësen an aneren Themen, och am Kader vun de sou genannte PAN-Gesetzer.

Vill, oft ongenotzte Moossnamen, vill finanziell Moyenen, och oft ongenotzt, stinn also zur Verfügung. An dach si mer bal 14.000 Mënschen ouni Aarbecht, eng Tendenzwenn ass net sichtbar an u Beispiller wéi Villeroy & Boch, wéi Valfond, wéi TDK, wéi ëmmer nach vill Failliten, loosse Schlëmmes erwaarden.

De Regierungs- a Koalitiounsprogramm gesäit nei Moossnamen an Iddië vir, oder soll bestehender reforméieren, upassen, respektiv eng legal Basis schafen, e Finanzéierungsgesetz, fir déi sou genannte Beschäftegungsinitiativen, oder nach eng gesetzlech Basis fir d'Solidarwirtschaft als en zousätzleche Pfeiler an eiser Ekonomie.

Generell, Här Minister, géing ech mer wënschen, dass d'Parlament hei, quasi automatesch een- bis zweemol am Joer, iwwert d'Beschäftegungssituatioun an d'Beschäftegungspolitik informéiert an an dee wichtege Prozess do mat abezu gëtt. An ech wär frou, wann de Minister an deem Sënn eng Initiativ géing ergräifen.

Méi konkret, Kolleeginnen a Kolleegen, géing ech gäre froen, ob déi Froen, déi ech elo stellen, Äntwerte kréien. Wou sti mer an der Ëmsetzung vum Regierungsprogramm? Wéi wäit sinn d'Preparatiounen, éischtens fir en neien Audit iwwert d'ADEM fir och si fit géigeniwwer vun de wuessende Problemer ze maachen? De strukturelle Chômage, an et ass jo dat, wat eigentlech dramatesch ass, hëlt an dësem Land zou.

Zweetens, d'Aarbechtszäitmodulierung an de Betriber, wou Entloossunge programméiert sinn, soll duerch staatlech finanzéiert Aarbechtszäitverkierzung iwwer eng ze vereinbaren Zäitdauer opgefaang oder verhënnert ginn, an dat soll verbonne gi mat obligatorescher Aus- a Weiderbildung, an domat am Endeffekt och enger Verbesserung vun der Employability. Wéi steet et mat der Ausdehnung vum Artikel 43 vum PAN-Gesetz? Brauche mer net endlech, Här Minister, e Kadergesetz a Saachen Aarbechtszäit, fir iwwerhaapt deen néidege Rahmen ze hunn, wou sech déi Saachen do an anerer entwéckele kënnen?

Drëttens, wat ass d'Meenung vum Minister, respektiv vun der Regierung, zu deem OGB-L-Virschlag iwwert d'Aféierung vun enger Cellule pour le maintien de l'emploi, dat heescht, d'Finanzéierung an d'Ofsécherung vun Aarbechtsplaze statt Entloossungen, Aarbechtslosegkeet a Sozialpläng?

Ech menge mir wieren eis och hei eens doriwwer, dass dee beschte Sozialplang an déi beschte Prime de départ ëmmer nëmmen eng Plooschter op en Holzbeen duerstellt an a kengem Fall eng verlueren Aarbechtsplaz ersetzt. A mir wëssen och, dass all verlueren Aarbechtsplaz e Verloscht u Substanz duerstellt u Räichtum a vollekswirtschaftlech op Dauer ontragbar gëtt, an dat gëllt ganz besonnesch an der Industrie, wou mer drastesch an dramatesch zréckgaange sinn. Mä dat gëllt och fir d'Finanzplaz a fir aner Wirtschaftsberäicher.

Mir däerfen och besonnesch net an de Feeler verfalen, déi entloosse Grenzgänger ausser Uecht ze loossen. Fir si wéi fir d'Lëtzebuerger an d'Netlëtzebuerger bedeit Aarbechtsplazverloscht eng Existenzfro, eng dramatesch Situatioun, eng Ausgrenzung; fir Lëtzebuerg insgesamt wirtschaftlech Veraarmung, Auswierkung op d'Finanzéierung vum Sozialstat a vun der allgemenger Liewensqualitéit.

D'Regierung muss handelen a mat de Sozialpartner - ech sinn direkt fäerdeg; de Chômage wiisst, d'Riedezäit misst och wuessen - nei Weeër goen. Et ass och eng Fro vun der sozialer Responsabilitéit. Politik misst zu Lëtzebuerg positiv Signaler setzen, an duerfir muss och a Saache Bolkestein, wou jo munches schéngt erwaart ze ginn, mä och Lissabon-Strategie, an déi mat deenen zwee Reiztheme verbreeten Angscht an Onsécherheet, Zouversiicht entgéintgestallt ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. D'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Merci, Här President. Ech war gëschter och um Sommet dobäi, beim Sommet social, haut ass dee Sommet eriwwer gaangen.

Ech hunn d'Konklusioun nach net gesinn, mä ech kann Iech awer soen, dass ech gudder Hoffnung sinn, dass déi Iwwerleeungen, déi d'Lëtzebuerger Présidence vun Ufank u gemaach huet, am Kader vun der Revisioun vun der Lissabon-Strategie, nämlech dass déi Lissabon-Strategie eng grouss Bréck ass, déi ee muss bauen, déi net nëmme kann op engem Pfeiler berouen, mä op dräi Pfeiler soll berouen, nämlech nieft dem wirtschaftlechen, deen natierlech zentral ass, well ouni Wuesstem a méi a besser Aarbechtsplaze komme mer net weider, mä och op dem Pfeiler vun der sozialer Kohesioun an dem Pfeiler vun den Développements durables; dass déi Iddië sech, mengen ech, konnten op deem Sommet do duerchsetzen, wat och e positiivt Signal ass fir déi Diskussioun an Europa an och hei, déi mer wëlle weiderbréngen.

Den Här Castegnaro huet et scho gesot, mir haten de Moie Comité de conjoncture. Effektiv ass, an ech kann Iech vläicht déi Ziffere ginn, am Mount Februar d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi ëm 59, dat ass net vill, mä ëmmerhi gestigen, obwuel och d'Offres d'emploi ëm 71 gestige sinn. Ech kann Iech och e puer Ziffere soen, déi e bëssen erklären, wat do hannendru ka geschitt sinn.

Et ass nämlech ganz iwwerraschend - fir mech ass et net iwwerraschend -, neen, et ass ganz signifikativ festzestellen, dass déi Leit, déi manner wéi e Mount ageschriwwe sinn, ëm 350 Unitéiten zréckgaange sinn. Dat heescht, et ass ganz vill Mouvement geschitt. Obwuel sech 1.463 nei Leit ugemellt hunn am Mount Februar, sinn der 350 manner - dat ass vu ronn 1.500 op 1.150 zréckgaangen - ageschriwwen, déi manner wéi e Mount ageschriwwe waren. Dat heescht, et geschitt eppes um Aarbechtsmaart. Et ginn dauernd Leit, och Résidenten, agestallt.

Mir stellen och erëm eng Kéier fest, wat ech elo schonn zënter e puer Méint net midd ginn ze soen, nämlech dass d'Zuel vun deene jonke Leit, déi ageschriwwe sinn, zréckgeet - lues zréckgeet. Mir hunn nach ëmmer Problemer mat Jonken, déi keng Aarbecht fannen. Ech bekëmmere mech all Dag drëm, an och souguer perséinlech ëm Leit. Déi Zuel geet zréck, währenddeems déi vun deenen, déi méi wéi 40 Joer hunn, dauernd zënter e puer Méint wiisst, wat déi Gefor vu Chômage structurel, déi den Här Castegnaro hei opgegraff huet, effektiv ënnersträicht.

An dat sinn déi Suergen, déi mer eis musse maachen, well mer och feststellen, dass d'Zuel vun den Netqualifizéierten dauernd wiisst. Do musse mer eis Suerge maachen. Natierlech soen ech ëmmer, mir mussen um Schoulsystem änneren a schaffen, mä et däerf een net vergiessen, dass am Chômage d'Lëtzebuerger manner wéi een Drëttel ausmaache mëttlerweil, an d'Netlëtzebuerger zwee Drëttel, an déi Netlëtzebuerger hunn net all hir Schoul zu Lëtzebuerg gemaach a maachen an Zukunft net all hir Schoulen hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht, mir mussen och kucken, wéi mer lifelong learning an de Grëff kréien.

Wéi vill Minutten hunn ech, Här President? Dir sidd elo streng.

M. le Président.- Zéng!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Zéng Minutten, da kommen ech nach vläicht drop zréck. Ech wëll mech awer un déi Minutten halen.

Et ass och net esou, dass mer géifen d'Frontalieren ausser Uecht loossen. Dir wësst, dass mer e Kompromëss fonnt hunn op europäeschem Niveau, dass d'Frontalierë wuel och an Zukunft hire Chômage am Ausland kréien, mä mir iwwer Accords bilatéraux, notamment mat eisen dräi Nopeschlänner, do eens ginn. Wéini dat a Kraaft trëtt, kann ech Iech elo nach net soen, well do sämtlech europäesch Reglementer nach net geholl sinn, mä et ass evident, dass mer dat gemaach hunn.

Mir hunn et och gemaach bei der Invalidepensiounsregelung bei deene Leit, déi net Vollinvalid sinn, mä net méi hir lescht Aarbecht kënne maachen. Do ass et och esou, dass 35% vun deene Leit, déi mer do ageschriwwen hunn, Frontalierë sinn. Also, et ass net esou, dass mer hei zu Lëtzebuerg d'Frontalierë géife lénks leie loossen, well ouni Frontalierë hätt och eis Wirtschaft net déi Prosperitéit, déi mer elo hunn.

Den Här Castegnaro huet eng Propos gemaach, nämlech fir eng Debatt een- bis zweemol am Joer ze maachen iwwer Chômage. Also, ech sinn deen éischten Demandeur. Ech huelen déi Iddi gären op. Ech géif Iech virschloen, vu dass mer elo jo d'Rapporte kritt hunn, mä d'Debatt vum État de la Nation ass méi spéit. Ech wäert och wéi all Joer de Rapport mat der ADEM virstellen, wat d'lescht Joer geschitt ass.

Ech géif Iech da wierklech virschloen, Här President, mä et ass un Iech dat ze décidéieren an der Conférence des Présidents, fir zum Beispill donneschdes, de 27. Abrëll hei mëttes en Débat de consultation ze maachen, wou ech Iech virdrun nieft dem Rapport, deen Der souwisou hutt, nach vläicht eng Partie aner Dokumenter géif ginn, fir dass mer hei en connaissance de cause kënne schwätzen.

Woufir donneschdes, de 27.? Aus deem ganz einfache Grond, well mer moies de Comité de conjoncture hunn, esou dass mer och déi lescht Zifferen hu vum Mäerz. Dann hu mer e ganzt Trimester, wat engem och eng gewëssen Indicatioun gëtt. D'Leit mengen, dass am Februar de Chômage an d'Luucht gaange wär aus enger Partie reng konjunkturellen Ursaachen, notamment well et am Bau elo roueg war, wéinst dem kale Wanter. Mä ech mengen, wa mer d'Mäerzzuelen hunn, da gesäit ee wierklech, ob mer mat der Verschlechterung rapid eropginn oder ob mer an enger normaler konjunktureller Ofsenkung sinn - déi mer net duergeet.

Also, dat wär eng Propos vu mir, mä et ass selbstverständlech un Iech, Här President, dat mat der Conférence des Présidents ze diskutéieren.

Wou si mer dru mat deene Saachen, déi mer virgeschloen hunn an der Regierungserklärung? Mir hunn notamment an deene puer Méint virun der Présidence, well mer jo wëssen, dass an der Présidence net nëmmen de Minister vill drun ass, mä och seng Beamte vill dru sinn, ganz vill Viraarbechte gemaach.

Mir hunn nämlech ugefaangen ze schaffen, un där Iddi, déi de Wirtschaftssozialrot hat, fir eis Mesuren opzeforsten. An Däitschland zum Beispill ass eng Etüd elo rauskomm, déi seet, all déi Mesures d'activation, dat ass schéin a gutt, mä u sech ass hiert Resultat ganz geréng. Mir haten direkt gesot, déi Iddi vum Wirtschaftssozialrot, déi schonn d'lescht Joer komm ass, déi huele mer op, an dodru schaffe mir elo schonn zënter Méint. Mir maachen dat nämlech och zesumme mat de Sozialpartner.

Den 2. Mäerz ware mer zesummen, do hu mer en Accord fonnt mat de Sozialpartner iwwert déi dräi Etappen, mat deem mer elo wëlle virgoen. Elo Ufank Abrëll kënnt dee Comité nach eng Kéier zesummen an da gi mer en Optrag enger indépendanter Firma fir all déi Mooss-namen ze kucken: Wat fir eng sinn effikass, wat fir eng sinn net effikass?

Do wäerte mer och analyséieren, Här Castegnaro, woufir den Artikel 43, wéi anerer och, net gegraff huet. Ech erkläre wéinst der Zäit net, wat den Artikel 43 ass, da mussen d'Leit dat den Här Castegnaro oder mech hei froen.

Eng zweet Initiativ, déi mer geholl hunn, dat ass déi fir iwwert d'Fonctionnéierensaart a -weis vun der ADEM en Audit ze maachen. Do hu mer mat der OCDE Kontakt opgeholl. Dee Kontrakt ass elo amgaangen ënnerschriwwen ze ginn. D'OCDE huet eis just gesot, si kéint net virum September ufänken, deen Audit ze maachen, mä deen ass scho politesch accordéiert, mir mussen elo nach just d'Formalitéite maachen.

Do hu mer der OCDE och ganz kloer gesot, dass se net soll d'Missioun vun eiser ADEM a Fro stellen, nämlech dass et e Service public ass, deen de Monopol huet an deen eng Politique d'activation mécht, well et gëtt aner Modeller am Ausland. Ech mengen, mir wëllen déi ADEM do bäibehalen. Mä si soll kucken, ob d'ADEM efficace schafft oder net efficace schafft, an och dat ass also amgaang exekutéiert ze ginn. Wéi gesot, mir hu versicht, soubal d'Regierung do stung, op deene Punkten ze schaffen.

Een drëtte Punkt, op deem mer geschafft hunn, dat ass de Plan „Maintien de l'emploi". Dir wësst, dass virun net grad zwee Joer ech als Minister an d'Tripartite gaang sinn. Ech hunn do gesot, mir missten intelligent Restrukturéierunge maachen amplaz de Leit déck Ofgangsentschiedegungen ze ginn. Ech hat do e ganze Plang an deen ass notamment vum Patronat wéinst enger ganzer Partie Ursaachen, déi awer och zum Deel novollzéibar sinn, nämlech dem Problem vun den Aides d'État, refuséiert ginn. Doropshin hunn d'Sozialpartner mer gesot, ech soll mech do emol eraushalen, si géife vläicht besser bilateral eens ginn. Ëm d'Wahlen, ech weess net méi ob et kuerz virdrun oder kuerz duerno war, hunn d'Sozialpartner, dat heescht d'Gewerkschaften haaptsächlech, mer matgedeelt, si géifen net eens ginn.

Doropshin hunn ech de Koalitiounspartner virgeschloen op véier Mesuren ze schaffen, déi - mengen ech - kéinte konsensfäeg sinn:

Dat ass en Audit social en amont, well wa mer wësse mat Zäiten, wéini e Betrib sech muss restrukturéieren, kënne mer mat Zäiten intelligent Moossname fannen.

Zweetens, Prêts de main d'œuvre op sektorieller Basis - d'Gesetz ausweiden.

Drëttens Outplacement favoriséieren, wat awer zum Deel elo schonn d'ADEM mécht, wa se d'Profiler kennt.

A véiertens, Aarbechtszäitreduktioun begleeden an deem Moment, wou et intelligent ass, nämlech wou mer wëssen, dass d'Leit duerno kënnen op enger Aarbechtsplaz bleiwen, notamment iwwer Formatioun.

Mir hunn och do ee Questionnaire ausgeschafft, nach virun der Présidence. D'Sozialpartner hunn Zäit bis den 30. Juni mer hir Äntwerten eranzeginn. Ech hu bis elo nach keng kritt. Ech waarden awer bis den 30. Juni. An da wäert ech Iech mat engem Projet de loi befaassen iwwert déi dote Moossnamen.

Dir verstitt, dass ech hei als President um Pabeier vun dem Office National de Conciliation net kann op d'TDK agoen. Dat maachen ech ni esoulaang d'Négociatiounen do lafen. Ech wëll just soen, dass deen Dossier nach net zou ass, well do wäert de President vum Office National de Conciliation eng Initiativ huelen.

Dofir wäert ech nëmmen allgemeng iwwert dee Modell OGB-L schwätzen, ouni en an de Kontext TDK ze setzen. Déi Iddi ass folgend, fir nämlech ze soen: Majo, de Betrib soll d'Leit während zwee Joer halen, bis dass mer se aneschters placéiert hunn, an de Stat soll och 50% bäiginn. Ech hunn déi Propos de leschte Freideg an der Regierung mat de Kolleegen diskutéiert. An der Regierung si mer zur Meenung komm, dass dat net kéint goen, well nämlech eng Partie Problemer do sinn, wa mer zwee Joer waarden, an duerno mussen d'Leit awer entlooss ginn, dann hu mer net onbedéngt eppes geschafft, well mer net wëssen, wou mer erauskommen. A mir mussen nawell herno Indemnités de chômage bezuelen.

Den zweete Problem ass deen, dass mer jo net nëmme kënnen eppes fir ee Betrib maachen. Wa mer esou e Modell wéilte maachen, misst deen iwwert d'ganzt Land goen, an dat ass, soen ech Iech éierlech, als Alternativmodell zum Fonds pour l'emploi net ze bezuelen - deen dote Modell en tant que tel. Ech bleiwen awer der Meenung, dass mer sollen op sektorieller Basis - an dat hoffen ech, dass dat och erauskënnt bei deenen Négociatiounen a Consultatiounen, déi ech mat de Sozialpartner hunn - esou Poole maachen, an da muss een natierlech Gesetzer änneren, well da muss ee verschidde Saache vum Fonds pour l'emploi an aner Moossname stiechen.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass mer elo schonn eng Partie Mesuren hunn, déi d'Sozialpartner kënnen en oeuvre setzen, wéi zum Beispill Travaux d'intérêts généraux, wéi zum Beispill Chômage partiel - dat ass Aarbechtszäitverkierzung, wou een net soll vergiessen, dass d'Aarbechter selwer do eng Abouss hunn, an dass ech och zënter dem leschte Joer en Artikel kritt hunn, deen heescht Maintien de l'emploi, deen ass net am Fonds pour l'emploi, deen ass am Budget, mat deem ech intelligent Moossname ka begleeden.

Mir haten de Moien am Comité de conjoncture en Dossier vun enger Firma, wou mer dat fäerdeg bruecht hunn. Eng Firma, déi zum Deel delokaliséiere muss an d'Tschechesch Republik, fir kënnen hei zu Lëtzebuerg weiderzeschaffen, dat heescht, zu Lëtzebuerg geschitt d'Plus-value an dat Bëllegt geschitt an der Tschechescher Republik. Doduerch ginn 42 Leit iwwerflëssegq, a mir sinn eens ginn - iwwregens mat de Sozialpartner, déi am Kollektivvertrag sech eens gi sinn, fir mat de Lounfuerderungen gedaamt ze bleiwen -, dass dee Betrib awer nei investéiert zu Lëtzebuerg, esou dass déi 40 Leit kënnen op enger neier Ligne de production agesat ginn.

Allerdéngs mussen se fir déi ëmgeschoult ginn, an dat kann ech dann iwwert deen Artikel Maintien de l'emploi - Formation maachen. Dat wäert de Stat 200.000 Euro kaschten, mä dat ass eng Moossnam, wou ee gesäit, dass wann d'Sozialpartner an de Stat intelligent Moossnamen huelen, dass mer esouguer virun deem Gesetz, wat ech gären hätt iwwert de Maintien de l'emploi, elo scho Méiglechkeeten hu fir geziilt positiv Saachen ze maachen.

Här President, ech hunn eng Minutt an 30 Sekonnen iwwerzunn, da sidd och fäin mam Här Castegnaro.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt. Jo, Här Castegnaro? Eng Zousazfro? Kuerz, wann ech gelift!

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Merci fir d'éischt dem Minister fir d'Äntwerten, déi zum Deel drop hiweise wou et higeet. Ech stelle just fest, dass et beim Comité de conjoncture och nach Dosende vu Chômeure gëtt, déi net erfaasst gi sinn, esou dass ech fäerten, dass et der iwwer 10.000 sinn. Mä d'Fro ass déi, ob et an der Regierung eng konzertéiert Aktioun ënnert den zoustännege Ministere gëtt, déi mat Wirtschaft an Aarbecht ze dinn hunn - de Finanzminister, den Aarbechtsminister, de Wirtschaftsminister, de Mëttelstandsminister -, déi sech konzertéieren, déi sech gesinn, déi Tripartiten an och vläicht Parlamentssitzunge misste virbereeden an domat eigentlech e Vollzäitaarbechtsminister och formidabel kënnten ënnerstëtzen.

M. le Président.- Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech considéréiere mech nach wie vor als Vollzäitaarbechtsminister well ech och eng Vollzäitstatssekretärin zu menger Säit hunn. Dat fir déi kleng Pick vum Här Castegnaro.

Ech wollt awer op déi Haaptfro agoen, nämlech d'Konzertatioun um Regierungsniveau, déi Debatt, déi mer de leschte Freideg an der Regierung haten iwwert déi ganz Geschicht Maintien de l'emploi, wou mer véier Punkten zréckbehalen hunn:

- nämlech éischtens deen, dass mer bestehend Moossname solle voll notzen;

- zweetens, dass de Stat nëmme ka subsidiaresch agräifen; fir d'éischt mussen d'Sozialpartner eens sinn, déi zwou Säite wuelverstan;

- deen drëtte Punkt, dass mer keng gesetzlech Initiativen huelen, ier ech mat de Sozialpartner verhandelt hunn;

- déi véiert Konklusioun ass déi, Här Castegnaro, dass mer en Aarbechtsgrupp an d'Liewe ruffen, notamment tëschent Wirtschaftsministère an Aarbechtsministère, fir ze kucke wéi mer kënnen „en amont", wa Betriber op Lëtzebuerg kommen, dat, wat mer jo awer elo schonn hunn, nach verstäerken, fir nämlech ze kucken, dass um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart rekrutéiert gëtt, an awéiwäit een och do kann eng Partie Ofsécherunge maachen, notamment fir déi Betriber, déi Subside kréie vum Stat.

Do besti scho Saachen. Ech perséinlech mengen awer, dass een do nach kéint méi wäit goen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen elo zum nächste Punkt. Dat ass eng Heure d'actualité iwwert d'Interpretatioun an déi praktesch Applikatioun vum Artikel 17 vum Gesetz vum 19. Januar 2004 iwwert den Naturschutz, eng Aktualitéitsstonn, déi ugefrot ginn ass vum ADR.

D'Riedezäit ass nom Artikel 78 (2) vum Chamberreglement festgehalen a gesäit vir: Déi Fraktioun, déi déi Aktualitéitsstonn ugefrot huet, huet zéng Minutten Zäit, déi aner Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, an der Regierung steet eng Véierelsstonn zur Verfügung. Bis elo hu sech ageschriwwen: déi Häre Schank, Goerens, Negri a Gira.

D'Wuert huet elo de Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR, den honorablen Här Robert Mehlen. Här Mehlen.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR concernant l'interprétation et l'application pratique de l'article 17 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. D'Ursaach vun dëser Heure d'actualité iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, wat den alen Artikel 14 vum Naturschutzgesetz vum 11. August 1982 war, ass e grousse Sträit, deen ausgebrach ass tëscht der Forstverwaltung engersäits, an enger Partie Baueren an och deelweis Bauerenorganisatiounen anerersäits.

Dat huet sech déi lescht Zäit héichgeschaukelt. De „Lëtzebuerger Bauer" huet viru kuerzem geschriwwen: „Naturschutz via Strafgericht". Ech erlabe mer och gläich - obschonn ech jo mat där Organisatioun net ëmmer op därselwechter Linn leien - en Zitat aus dem Leitartikel ze ginn, fir awer ze weisen, wéi hefteg datt d'Diskussioun gefouert gëtt: „Im Zentrum der Diskussion und der Kritik steht eine übertriebene, fast surrealistisch anmutende unsinnige Interpretation eines Gesetzartikels, die weit über die Problematik von Hecken oder sonstigen Landschaftsstrukturelementen hinaus reicht. Im Zentrum der Kritik steht eine die Landwirtschaft verachtende Denkweise, die, falls sie mit ministerieller Zustimmung tatsächlich voll zum Tragen käme, eine produktive Landwirtschaft schier unmöglich machen würde."

Domat si mer matzendran am Débat. Et ass, Här President, déi klassesch Ausenanersetzung tëschent der moderner Landwirtschaft an den Naturschützer. Wann d'Opfaassungen an d'Positiounen ze wäit ausernee ginn, dann ass de Konflikt virprogramméiert. Dat ass de Fall wann de Bauer mengt, all Quadratmeter misst intensiv genotzt ginn, oder all Heck dobausse géing bei der Aarbecht hënneren. Et ass awer och de Fall wann d'Verwaltung all diren Äppelbam als schützenswäerte Biotop ugesäit an de Baueren esou vill Virschrëfte mécht, datt se vu lauter Beem de Bësch net méi gesinn.

Wann een den Artikel 17 à la lettre ausleet, da leeft näischt méi. Dann däerfen d'Baueren hir Stécker am Fréijor net méi aséien, well d'Broochen en Habitat fir déi jonk Huesen an eenzel Bodenbrüter duerstellen. Och d'Wisen däerften dann eréischt nom hallwe Juli geméit ginn, well si als Wunnraum fir vill Déieren a Vigel gëllen an déi modern Maschinne vill méi performant sinn ewéi déi gutt al vum Päerd gezunne Méimaschinn.

D'Landwirtschaft huet sech enorm verännert, virun allem sinn d'Betriber vill méi grouss ginn an déi wéineg Baueren, déi iwwreg bliwwe sinn, stinn ënner enormem Leeschtungsdrock a Stress. Nëmmen duerch grouss performant Maschinnen ass et méiglech d'Aarbecht nach ze bewältegen. Déi Maschinne brauchen awer grouss arrondéiert Flächen. Do ännert och d'Neiorientéierung vun der Agrarpolitik näischt.

Loosse mer dofir mat de Féiss um Buedem bleiwen. De Konsument engersäits hätt gäre gutt, awer virun allem bëlleg Liewensmëttel, an déi huet hien. Nach ni an der Mënschheetsgeschicht hunn d'Leit an Europa verhältnisméisseg esou wéineg fir hir Liewensmëttel bezuelt an nach ni waren d'Liewensmëttel esou propper a sécher wéi haut. Nach ni hunn esou wéineg Aarbechtskräften an der Landwirtschaft esou ville Matbierger hir Nahrung verschaaft. Awer hei läit eng vun den Haaptursaache vum Konflikt, an dat ass net méi ëmzekéieren. De Retour an déi gutt al Zäit ass net méiglech an all Woch verschwënnt op d'mannst ee Bauerebetrib.

De Bauer ass an där Situatioun tëscht Hummer an Amboss geroden. An et muss ee warnen: Wann do iwwerdriwwe gëtt, dann hu mer geschwënn net de Problem, datt mer ze wéineg Hecken an der Gewan stoen hunn, mä vläicht ze vill.

D'Léisung ass net einfach. Si kann nëmmen an engem ausgeglachene Kompromëss leien, op kee Fall awer an der Konfrontatioun. Duerfir ass et ze begréissen, datt versicht ginn ass, am Dialog tëschent Bauerenorganisatiounen engersäits an Naturschutzorganisatiounen anerersäits, no Léisungen ze sichen, wou sech och eng gemeinsam Approche ofgezeechent huet. An der Landwirtschaftskammer ass gesot ginn, et géif gemeinsam no gangbare Léisunge gesicht ginn. Elo huet d'Bauerenzentral aus relativ duerchsiichtege Grënn déck op d'Tromm geschloen, ouni awer konkret ze soe wéi si sech d'Léisung virstellt.

Dat gefält ville Baueren dobaussen, déi aktuell mat där Problematik gehäit sinn, mä et bréngt eis awer net weider an der Fro wéi eng pragmatesch Léisung kann ausgesinn. Grondsätzlech muss ee soen: Kommt mer probéieren esou mann Bürokratie wéi méiglech doran ze bréngen, esou wéineg Verbuetsschëlder wéi méiglech, mä eng positiv Approche zum Biotop-Schutz solle mer vermëttelen.

Do stellt sech d'Fro: Soll d'Reglementéierung esou detailléiert wéi méiglech sinn oder soll een de Fieschtere méiglechst vill Fräiheet loossen? Dat Zweet féiert sécher zu vill Arbitraire an och groussen Differenzen an der praktescher Applikatioun. Also misst een en faveur si vu méi enger detailléierter Regelung, awer mat Aemooss. Op jidde Fall net vun uewen erof, mä zesumme mat den Acteuren. Hei schéngt et eis wéi wann deen éischte Feeler geschitt wär, well keng Consultatioun vun de Bauerevertriedunge stattfonnt huet. Elo ass leider de Krich amgaang. D'Gefor besteet, datt d'Fronten sech verhäerden an datt kee méi op deen anere lauschtert.

Här President, ech wëll nach eng Kéier op d'Landwirtschaft zréckkommen. Bei de Bauere mécht sech e grousse Malaise breet. D'Gefill vun der „schleichender Enteignung" mécht sech breet. D'Terrainë ginn ëmmer méi deier. D'Bauere musse ganz vill Geld op den Dësch leeë fir Akerland ze kafen, a se kréien awer op där anerer Säit ëmmer méi virgeschriwwen, wat se net méi op hiren Terrainen däerfe maachen.

Dat Zweet ass eng Bürokratiséierung, déi all Virstellungen iwwersteigt: Agrarreform, cross-compliance, Naturschutz, bonne pratique agricole. 19 europäesch Direktiven a Reglementer, honnerten an honnerte Säite vun Interdictiounen a vu Virschrëften. Fir alles eng Genehmegungsprozedur a laangt Waarden op en Accord.

Ech zitéieren aus dem Avis vun der Landwirtschaftskammer: «Au lieu de simplifier la gestion, nous constatons une véritable bureaucratisation de l'ensemble de la production.» Dat betrëfft awer och nach all dat anert.

Hannert all Bam steet e Kontroller an neierdéngs gëtt och schonn aus der Loft kontrolléiert. Dobäi gëtt et fir all Klengegkeet Sanktiounen a Strofen. Dat dreift d'Flemm an a mécht eis Familljebetriber, déi mat Aarbecht iwwerlaascht sinn, futti.

An drëttens: Eng ganz dacks scho bal dogmatesch Interpretatioun vum Naturschutz, déi d'Zesummeliewe vu Landwirtschaft an Naturschutz onméiglech mécht. D'Landwirtschaftskammer beklot sech an hirem équilibréierten Avis zum Reglement iwwert d'Konditiounen am Kader vun der cross-compliance ënner anerem och iwwert d'Aart a Weis wéi den Artikel 17 vum Naturschutzgesetz vun der zoustänneger Verwaltung interpretéiert gëtt. Dat ass dat berüchtegt Dokument vun 133 Säiten, vun deem den Här Minister an der Ëmweltkommissioun gemengt huet, et wier gradesou gutt, mir hätten et net.

Ech zitéiere kuerz: «L'administration responsable est en train de mettre en œuvre une interprétation extrêmement restrictive et inadaptée de cette loi et spécialement de l'article 17, interprétation que la Chambre de l'Agriculture ne peut accepter en aucun cas.»

Fir dat ze ënnersträichen, ginn ech mir een aneren Thema sichen. Am „Kéisecker" Nummer 1 schreift den Här Téid Faber, dee jo awer a Saachen Naturschutz iwwer all Zweiwel erhaben ass - ech zitéieren…

(Interruption)

Ech zitéieren nëmmen: „Aber mit Verlaub: Was diese Verwaltung ohne jeden Dialog mit Landwirten und Naturschützern (beziehungsweise ihren eigenen Förstern) hinter verschlossenen Türen ausgeheckt hat, widerspricht jedem Ansatz von Kooperation und Dialog und ist als extremer Dirigismus anzusehen. Auf Grund eines seit Jahren fehlenden Dialoges werden Ansätze eines kooperativen Naturschutzes durch eine unsinnige Polarisierung gefährdet."

Här President, dat héiert sech net onbedéngt no engem Luef un de Ministère oder un d'Verwaltung un. D'Landwirtschaftskammer hirersäits proposéiert eng voluntaristesch Approche, an ech zitéiere kuerz: «En revanche l'agriculture ne veut en aucun cas nier l'importance du respect de la nature et de la nécessité d'une protection adéquate des ressources naturelles. Elle propose donc que des mesures d'entretien et de sauvegarde se fassent dans le cadre du deuxième pilier» - vun der neier Agrarpolitik - «dont notamment les programmes agri-environnementaux. Ainsi le succès des activités sera assuré par une démarche volontaire qui débauchera sur une coopération accrue des agriculteurs avec les acteurs de la protection de la nature.» Ech mengen, et misst ee kucken op dee Wee ze kommen.

D'Landwirtschaftskammer kritiséiert dann e puer Punkten, op déi ech aus Zäitmangel net kann agoen. Dat betrëfft déi praktesch Applikatioun, wann een eng Heck wëllt op de Stack setzen. Et ass ganz besonnesch och de Problem vun den Drainagen, iwwert deen een onbedéngt eng Kéier misst am Detail schwätzen. Et misst een och iwwert de Remembrement schwätzen, bei deem dauernd een deen anere blockéiert.

Ech muss aus Zäitgrënn zum Schluss kommen.

Här President, wann ee gäre bëlleg Liewensmëttel hätt, muss een och bereet sinn, d'Moossnamen am Sënn vum Ëmweltschutz ze bezuelen amplaz ze bestrofen.

Den ADR verlaangt dofir, datt fir d'éischt soll matenee geschwat ginn; zweetens, datt ee soll an der Praxis eng pragmatesch Approche anhuelen; drëttens, datt déi zwou Reglementatiounen, nämlech déi vum Naturschutz an déi vun der cross-compliance am Kader vun der neier Agrarpolitik sollen openeen ofgestëmmt ginn; véiertens, datt de bürokrateschen Opwand op de strikte Minimum muss reduzéiert ginn; a fënneftens, datt eng kloer Situatioun soll geschafe ginn, wou jiddferee weess, wou en drun ass, an den Arbitraire esou wäit wéi méiglech eliminéiert gëtt.

Här President, mir hunn eng Motioun verfaasst, an där dat alles zum Ausdrock kënnt. Mir hunn se zu fënnef ënnerschriwwen. Wa si deenen anere Fraktioune gefält, si mir gär bereet Ënnerschrëften zréckzezéien, fir datt si se och kënnen ënnerschreiwen.

Ech soen lech Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'article 17 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ordonne l'interdiction de réduire, de détruire ou de changer les biotopes;

- constatant que l'application pratique de ces dispositions a suscité depuis quelques mois de vives discussions et contestations dans les milieux concernés;

- estimant que l'Administration des Eaux et Forêts se donne actuellement à une interprétation très restrictive des dispositions légales précitées;

- considérant que cette approche ne correspond point aux besoins et aux réalités rencontrés dans le monde agricole;

- considérant qu'il y a lieu de trouver une approche commune et dans l'application de la loi sur la protection de la nature et dans l'application des règles à appliquer dans le cadre de la nouvelle politique agricole commune;

invite le Gouvernement

- à entamer une concertation entre les différents acteurs concernés, à savoir l'Administration des Eaux et Forêts, l'Administration des Services techniques de l'Agriculture, les représentants du secteur agricole et les organisations environnementales afin de revoir de commun accord l'interprétation actuelle de l'article 17 de la loi sur la protection de la nature;

- à veiller à ce que les différentes réglementations concernant la protection de la nature et l'application de la nouvelle politique agricole soient rendues concordantes et que les effets bureaucratiques soient réduits au strict minimum nécessaire;

- à favoriser une approche positive et volontariste en faveur de la protection des ressources naturelles au lieu de mettre l'accent sur la répression.

(s.) Robert Mehlen, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Schank. Här Schank Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et kann een Naturschutz nëmme mat de Leit maachen, net géint se, schreift de Mouvement an enger Stellungnahm an engem leschten Info. Ech mengen, datt dat och villen anere Leit vu menger Fraktioun hir Meenung ass.

Mat de Leit, wat heescht dat? Et heescht fir d'éischt emol um Terrain mat de Gemengen. An dat ass och d'Grondiwwerzeegung vu villen Naturschützer an och vu menger Fraktioun, déi scho laang fuerdert, nodeem datt mir d'Gesetz vun 2004 gestëmmt hunn, datt d'Gemengen eng zentral Verantwortung iwwerhuele sollen am Naturschutz, well d'Gemengen no bei de Biergerinnen a bei de Bierger sinn, a well d'Gemengen no bei de Propriétairë sinn. An deem Kontext sinn ech och frou, datt mir elo amgaange sinn dee Projet ze finaliséieren iwwert d'Partenariat vu Stat a Gemengen, schwätz Gemengesyndikater am Naturschutzberäich an an den Naturparken, an och déi wëssenschaftlech Virgoensweis, déi do eng ganz grouss Roll spillt.

Zënter Jore maachen déi regional Naturschutzsyndikater wéi de Sicona, awer och d'Naturparken an hire jeeweilege Regiounen eng ganz gutt Aarbecht, eng positiv Aarbecht vun ënnen, déi ganz professionell gemaach ginn ass. Et ass dat, wat mir ënner Communaliséierung vun Naturschutz verstinn.

Zweetens heescht dat awer och mat de Leit eng kooperativ Manéier iwwer Kontrakter mat de Propriétairen, dat heescht mat de Baueren - dat ass nämlech dat Wesentlecht - geziilt Programmer ze maache fir de Schutz vun Aarten, déi gefährt sinn, fir de Schutz vu Liewensraim, wou mat entspriechenden Entschiedegunge geschafft gëtt. An deene leschte Jore sinn do ganz vill Erfolleger ze verzeechnen.

Dës positiv Entwécklung gesinn ech duerch den Entworf vun där Interpretatioun vun der Forstverwaltung a Fro gestallt. Den Artikel 17 vum Naturschutzgesetz vun 2004 gëtt do op eng - ech soen et emol fein - wéineg konstruktiv Manéier a rechtlech och zimlech zweifelhaft Manéier interpretéiert.

D'Absicht vun der Forstverwaltung kann ee selbstverständlech verstoen. Et geet engersäits eben drëm fir déi Interpretatiounsproblemer ewechzekréien, an et geet och drëm fir selbstverständlech dat hehrt Zil ze erreechen, de Réck-

gang vun Déieren- a Planzenaarten ze bremsen. Mä et geet awer net esou. Et geet net mam Briecheisen, datt een Natur a Landschaft erhale kann. Et mécht kee Sënn, wéi eng Organisatioun schreift, fir hanner all Ho oder hanner all Bongert ee Fierschter ze stellen, fir duerch strofrechtlech Poursuiten den Aarteschwund an de Gréff ze kréien. Den Effet vun esou enger Politik schaaft mëttelfristeg méi Problemer wéi en der definitiv léist.

A mat esou enger repressiver Interpretatioun vum Naturschutzgesetz leeft een och Gefor d'Verhältnis tëschent Naturschutz a Landwirtschaft ze vergëften. Dat wat a méiséileger Aarbecht opgebaut ginn ass déi lescht Joren zesumme mat de Syndikater a mat de Gemengen, dat gëtt dann op d'Spill gesat.

Meng Fraktioun steet ganz kloer fir d'Anhale vum Naturschutzgesetz. Mir hunn et mat Iwwerzeegung matgestëmmt a mir wäerten och mat Iwwerzeegung dat stëmmen, wat nach nokënnt - de Projet iwwert de Partenariat.

Mir sinn awer net d'accord mat enger repressiver Interpretatioun vum Gesetz vun 2004. Problematesch Bestëmmunge mussen am Konsens an op eng pragmatesch Aart a Weis geléist ginn.

An dann nach eppes: D'Kooperatioun tëschen Naturschutz a Landwirtschaft ass fir mech deen éischte Schlëssel zum Erfolleg, an deen zweete Schlëssel, dat ass ee ganz wesentlechen, dat ass d'Partenariat zwëschen all den Acteuren am Lëtzebuerger Tourismus. Dat ass eis Stäerkt zu Lëtzebuerg: de Ministère zesumme mat der Forstverwaltung, mat de Gemengen, mat den ONGen, mat de Muséeën, an esou weider; dat ass d'Stäerkt vun dem Naturschutz Lëtzebuerg. Ech géif jiddferengem recommandéieren dat net ze verkennen.

Dofir ass den Dialog esou wichteg wéi en elo leeft an absolut sënnvoll tëschent de landwirtschaftleche Verbänn: Bauerenallianz, Centrale paysanne, FLB, Jong Baueren, an natierlech op där anerer Säit och den Naturschutzorganisatiounen. Dat ass éischter sënnvoll.

An à propos Dialog, ech wëll awer och soen, d'Forstverwaltung huet drop higewisen, datt de Minister deene betraffenen Acteure jo den ëmstriddenen Text zoukomme gelooss hat, pour avis, fir domat och den Dialog unzebidden.

Domat wier ech beim Schluss. Fir mech ass d'Léisung vum Problem, wat de Mouvement och scho méi dacks proposéiert huet, ee ronnen Dësch zwëschen Landwirtschaft an Naturschutz, dat heescht, dat géigesäitegt Versteesdemech förderen, fir gemeinsam Weeër ze fannen.

Do wëll ech soen, den Ëmweltminister huet viru kuerzem eng Aart ronnen Dësch aberuff eben am Kader vun dem Projet Partenariat Stat-Gemengen, an dat kéint jo zu enger Institutioun ginn. Dat heescht, déi Dialogkultur gefält mir, wou d'Acteuren alleguerte beienee setzen, dat ass de richtege Wee. Do brauch een nach just d'Landwirtschaft dobäizehuelen, dann ass een amgaang de Match ze wannen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schank. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt Iech zwee Artikele virliesen. Deen éischte seet: «Sont interdits pendant la période du 1er mars au 30 septembre: a) la taille des haies vives et des broussailles à l'exception de la taille des haies servant à l'agrément des maisons d'habitation ou des parcs, ainsi que de celle rendue nécessaire par des travaux effectués dans les peuplements forestiers; b) l'essartement à feu courant et l'incinération de la couverture végétale des prairies, friches ou bords de champs, de prés, de terrains forestiers, de chemins et de routes. Le Ministre peut exceptionnellement déroger à ces interdictions pour des motifs d'intérêt général.»

Eng zweet Lecture: «Sont interdits pendant la période du 1er mars au 30 septembre: a) la taille des haies vives et des broussailles à l'exception de la taille des haies servant à l'agrément des maisons d'habitation ou des parcs, ainsi que de celle rendue nécessaire par des travaux effectués dans les peuplements forestiers; b) l'essartement à feu courant et l'incinération de la couverture végétale des prairies, friches ou bords de champs, de prés, de terrains forestiers, de chemins et de routes. Le Ministre peut exceptionnellement déroger à ces interdictions pour des motifs d'intérêt général.»

Dir gesitt, datt déi zwee Artikelen sech do extrem vill gläichen. Et si quasi déiselwecht. Ech iwwerloossen et Ärem Choix fir ze kucke wat fir een den Artikel 14 vum Gesetz vun 1982 ass a wat fir ee vun deenen zwee den Artikel 17 ass vum Gesetz vun 2004, wat d'Transpositioun vun deenen zwou Direktiven „Habitats" a „Vulleschutz" an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung virgesinn huet.

Et gëtt also kee Grond fir en Excès de zèle an dëser Matière ze maachen, et ce d'autant plus wou 22 Joer Experienz mat deem éischte Gesetz bestinn a wou déi zwou Dispositiounen sech extrem vill gläichen.

Elo huet den Här Mehlen villes gesot, awer eppes wou ech net d'accord si mat em. E seet et wiere keng Consultatioune gelaf. Dach, et si Consultatioune gelaf, an ech weess, datt ech selwer eng initiéiert hat, ech mengen et war nach den hallwe Mee, de 15. Mee 2004, wou present waren d'Häre Gaasch, als President vun der Chambre d'Agriculture, Aloyse Marx vum FLB, Camille Schroeder vun der Bauerenallianz an och Vertrieder vun der Forstverwaltung a vum Ministère.

An deemools ass sech drop geeenegt gi fir eng Testperiod ze maache vun zwee Joer, wou ee géing den Dialog privilégiéieren, an net d'Konfrontatioun. À l'exception vun deene Fäll, wou et sech manifestement ëm eng Destruction de biotopes handelt. Wann een eng Heck op e Stack setzt, dann ass dat keng Destruction de biotopes. Dat ass grad wéi wann ee bei de Coiffer geet, dat ass keng Destruction de la chevelure; dat ass eng Coupe zwecks Régénératioun vun deemselwechten; a bei den Hecken ass et ähnlech.

Wann een no véier, fënnef Joer erëm kënnt an d'Heck huet sech régénéréiert, da war dat wat ënnerstallt gëtt bei der Coupe vun der Heck, nämlech eng Destruction de biotopes keng Destruction de biotopes, mä da war et just ee Mëttel, dat muss agesat ginn zwecks Régénératioun vun därselwechter.

Elo hu mir zwou Méiglechkeeten, den Dialogmodell oder de Konfrontatiounsmodell, a meng prezis Fro un de Minister ass déi, ob e fir den Dialogmodell ass, an deem Sënn wéi ech et gesot hunn, datt ee sech déi Testphas gëtt vun zwee Joer, oder ob een net genuch Mesuren hëlt, déi à la longue riskéieren an e Konfrontatiounsmodell auszeaarten.

Ech wëll awer och hei zur Klärung vun de Faitë soen, datt de Minister net an alle Fäll kompetent ass an datt déi Procès-verbauxen, déi dresséiert ginn, an déi Plainten, déi beim Parquet gemaach ginn, net ënnert senger Responsabilitéit geschéien, mä ënnert der Responsabilitéit vun de Beamten, déi net vun him vereedegt goufen, mä vum Procureur selwer.

An deem zweete Modell, am Konfrontatiounsmodell, riskéiere mer Gefor ze lafen, datt mer elo keng politesch Interpretatioun méi kënne gi vum Artikel 17, natierlech baséiert op wëssenschaftlech Erkenntnisser, mä datt mer riskéieren eng Interpretatioun ze kréie vun de Geriichter, wa bei all Dossier, deen zweifelhaft ass, oder wou gemengt gëtt, d'Intentioun bei enger Coupe vun enger Heck zum Beispill wier domat verbonnen, fir déiselwecht ze zerstéieren. Dat kann net goen. Dat kéim och à la longue, wann dat géing System kréien, enger Virveruerteelung gläich, wat och mat mengem Rechtsverständnis jiddefalls schwéier vereinbar ass.

Ech mengen, mir sinn eis dat do schëlleg, well, an dat wäerte mer de Mëtteg wahrscheinlech alleguer hei soen, an der Hoffnung, datt mer dann och op där Ähnlechkeet weiderkommen: Mir mussen dozou kommen, datt mer e participativen an e proaktive Bäitrag kréie vun deenen, déi vum Naturschutz concernéiert sinn, amplaz datt mer bei deenen Ofwiermechanismen déclenchéieren.

Ech kann Iech jiddefalls soe wat beim Konfrontatiounsmodell erauskënnt: een absolute Refus vun de Bauere fir nach iergendee Strauch opkommen ze loossen, well se fäerte si géifen duerno, wa se deen eng Kéier ewechmaachen, konfrontéiert gi mat engem Dossier, deen um Parquet ugeluecht gëtt. Dat kann et net sinn.

An ech menge mir hunn Intérêt drun, fir déi Fro do relativ schnell ze klären, wou esou een Apport muss komme vum Ministère, oder e Rappel, ob een an där Dialogkultur do weiderfiert, en Accord och vun der Forstverwaltung, déi a sech och déi Saach ënnerschiddlech gesäit - wëll ech ganz kloer soen, well déi eng gesinn et esou an déi aner esou.

An deem Modell hu mer, wa mer eis déi zwee Joer Zäit ginn, d'Méiglechkeet fir eppes Verstänneges erauszekréien, well d'Bauere sinn es definitiv sat.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mac-Sharry-Reform - ech sinn da fäerdeg, Här President -: En décke Minus an de Präisser, 80% Kompensatioun vun deemselwechten. D'Bauere ginn net dohinnergestallt als déi, déi eppes verluer hunn, mä als déi, déi eppes vum Stat kréien. Or, se kréie manner wéi dat wat se verluer hunn. Da kënnt Fischler 1, nach eng Kéier eng Reduktioun vun de Präisser, erëm nëmmen en Deel Kompensatioun vun deemselwechten, iwwer Subventiounen. Da kënnt Fischler 2, erëm eng Kéier eng Reduktioun vun de Präisser, Akommesaboussen, erëm nëmmen eng Deelkompensatioun.

Si sinn es definitiv sat fir och nach dann de Mantel ugehaangen ze kréien, eng Kéier vum Subsidenempfänger an dann och nach vum Ëmweltzerstéierer.

(Interruptions)

Ech kennen se gutt genuch, Här President - an da sinn ech fäerdeg -, fir ze wëssen, datt ee se och kann an eng opbauend Logik agebonne kréien, an dat wier mäin innegste Wonsch fir d'Interpretatioun vum Artikel 17 op dee verstännege Wee eriwwerzekréien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den honorablen Här Negri. Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Positiounspabeier vun der Forstverwaltung iwwert den Artikel 17 vum neien Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004, ass, wéi et an der Introductioun vun deem Dokument steet, ee flexibelt Instrument an adaptéierbar. Mä en huet awer grondsätzlech de Mérite, datt elo mol e Basisdokument besteet iwwert déi konkret Moossnamen, déi an deene verschiddene Beräicher fir d'Erhale vun eiser Natur um Terrain ze huele sinn.

Dass och hei verschidde Conditions type fir déi néideg Autorisatioune proposéiert sinn, ass positiv am Sënn vun enger op laang Weil ugestriefter, uniformer an domat objektiver Virgoensweis am Naturschutz iwwert d'ganzt Land. Awer déi Zouspëtzung vun de Konflikter zwëschent de Leit am Naturschutz an an der Landwirtschaft muss onbedéngt ofgebaut ginn. An all implizéiert Leit mussen sech an engem Forum, an engem echte Forum zesummefannen an an aller Sachlechkeet sech de Froe stellen, wéi den Naturschutz an Zukunft soll orientéiert ginn, an dëst awer och am Aklang mat den neien Erausfuerderunge vun de Baueren am Kader vun de sou genannten „cross compliances".

Dobäi soll net vergiess ginn, datt grad just d'Baueren et sinn, déi am meeschten dobaussen an der Natur schaffen, an dofir muss den Naturschutz och mat hinnen déi néideg an déi richteg Kompromësser sichen. Fallbeispiller sinn hei d'Schneide vun Hecken an d'Botze vun Uebstbongerten.

Engersäits ass et also wichteg, dass mir Naturschutz vun uewe maachen, via den Ëmweltminister an d'Forstverwaltung, mä op där anerer Säit soll awer och Fräiraum bleiwe fir Naturschutz vun ënnen um Terrain ze maachen, dëst am positive Sënn, ënnert enger gewësser reglementärer, mä räsonnabler Form.

Ebenfalls an deem Sënn soll och dat neit Partenariatsgesetz am Naturschutzberäich verstane ginn, wat de Moment amgaang ass säi parlamentaresche Wee ze goen.

Op dëser Plaz wëll ech zesumme mat mengem Kolleeg Marcel Oberweis als President vun der Agrarkommissioun a mir selwer als President vun der Ëmweltkommissioun, zesumme mat eise Kolleegen aus deene respektive Chamberkommissiounen, eis Hëllef ubidden, a Concertatioun selbstverständlech mat den implizéierte Ministere Fernand Boden a Lucien Lux, fir d'Konfliktwellen zwëschent dem Naturschutz an der Landwirtschaft hëllefen ze glätten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Nächste Riedner ass den honorablen Här Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bal 25 Joer nom éischten ëmfaassenden Naturschutzgesetz vun 1982 si mer kee Millimeter weiderkomm wat de Stellewäert vu Fauna a Flora an d'Akzeptanz vum Naturschutz zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Am Géigendeel, d'Fronte si méi wéi jee verhäert. Verschiddener, och haut, schwätze vu Krich dobaussen um Terrain. Dat ass ëmsou bedauerlecher, wann ee weess, dass déi rout Lëschte vun de bedrohten Aarten zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss ginn, d'Biodiversitéit ofhëlt an d'Banaliséierung vun de Landschafte schläichend weidergeet. Et besteet also akuten Handlungsbedarf.

Dat Handelen däerf awer net esou ausgesinn, wéi et elo vun der Forstverwaltung ugeduecht ass. Wann een am Beräich Naturschutz wëllt weiderkommen, dann däerf een net mat, ech zitéieren, „geneeltene Schung duerch d'Land goen", wéi den Théid Faber am leschte „Kéisecker" et richtegerweis gesot huet.

Duerfir wëll ech och am Ufank vu menger Interventioun soen, dass déi Gréng net mat der Virgoensweis vun dëser Verwaltung d'accord sinn. Ech wëll awer gradesou kloer am Ufank hei soen a mech do vläicht differenzéiere vun enger Rei Virriedner, dass déi Gréng d'Reaktioun vun dëser Verwaltung awer deelweis erkläre kënnen. Mir hunn d'Gefill, dass et d'Reaktioun ass vun enger Verwaltung, déi iwwer Joren huet missen nokucke wéi lues a lues eng Rei Liewensraim ongestrooft zerstéiert gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa Fierschtere sech wond schreiwen, ouni dass eppes geschitt, wann d'Beamte feststellen, dass Protokollen op Basis vum Naturschutzgesetz ëmmer erëm klasséiert ginn, wann eng Verwaltung mierkt, dass eng Rei Leit, obwuel si Illegalitéite maachen, keen Euro vun hirer Landschaftsfleegeprime verléieren, da kann een eventuell esou Reaktiounen - esou Trotzreaktiounen - vun enger Verwaltung verstoen.

Mir sinn eis awer eens, Kolleeginnen a Kolleegen, Trotzreaktioune sinn ëmmer falsch. An d'Verwaltung misst eigentlech selwer mierken, dass se falsch läit, well wann ee muss 130 Säite schreiwe fir een Artikel - den Artikel 17 vun deem mer schwätzen - aus dem Gesetz ze deiten, dann ass dat, mengen ech, dee beschte Bewäis, dass een esou net ka funktionéieren.

Gefuerdert ass an eisen Aen dofir och net den Ëmweltminister, mä de Landwirtschaftsminister ass an deem hei Dossier deen, dee muss untrieden. An zwar aus zwou Ursaachen: Deelweis well hie mat schold ass un dëser verfuerener Situatioun, an zweetens well hien eiser Meenung no de Schlëssel am Grapp hält fir endlech eppes Positives ze bewierken am Beräich Naturschutz. Ech probéiere mech ze erklären.

Zum éischte Punkt vun der Matschold vum Landwirtschaftsminister: De Landwirtschaftsminister huet sengerzäit eng Landschaftsfleegeprime agefouert, déi hiren Numm net verdéngt huet; eng Prime, wou ondifferenzéiert mat der Strenz iwwert d'Landschaft Geld verdeelt gëtt; eng Prime, wou dee Bauer, deen nach beispillsweis sechs Prozent natierlech Liewensraim op senge Flächen huet, net méi Geld kritt wéi deen, deen nach null Prozent vun natierleche Liewensraim op senger Fläch huet; schlëmmer nach, eng Prime wou eng Zäit laang esouguer d'Fläche vun den Hecken erausgerechent si ginn an domat déi Betriber bestrooft si ginn, déi nach Strukturelementer erhalen haten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een esou Perversitéiten an d'Welt setzt, da brauch een sech och net ze wonnere wann ee pervers Resultater erziilt. An den Drock op déi natierlech Liewensraim - an dat kënne Leit vum Terrain Iech bestätegen - ass no der Aféierung vun der Landschaftsfleegeprime méi grouss gi wéi e virdru war. Dir kënnt d'Fierschteren do als Témoin huelen; och d'Naturschützer kënnen Iech dat soen. Well komescherweis hate mer 15 Joer laang keng Problemer mat dem Gesetz vun 1982 an eréischt no der Aféierung vun der sou genannter Landschaftsfleegeprime sinn d'Konflikter dobausse vill méi grave ginn. Dat ass dat wat dobausse geschitt ass.

Mä ech soen awer och zweetens, dass de Landwirtschaftsminister de Schlëssel am Grapp huet fir d'Situatioun ze débloquéieren.

Éischtens: Deene schwaarze Schof kann en d'Handwierk leeën andeem en deenen einfach d'Landschaftsfleegeprime sträicht oder zumindest kierzt. Da brauche mer keng Gendaarmen a keng Fierschteren hannert all Bongert ze setzen. Dat géing sech ganz séier erëmschwätzen an da wier dee Volet emol ofgedeckt an d'Bürokratie mat an engems.

An zweetens kann de Landwirtschaftsminister bei der Reform vun

der Agrarpolitik profitéiere fir endlech dofir ze suergen, dass déi Betriber, déi méi een héije Pourcentage vun natierleche Liewensraim op hire Flächen hunn, dat och finanziell, substanziell ze spiere kréien.

Et gëtt vill geschwat vun der cross-compliance; ech mengen, dat ass dat Instrument woumat ee kann dofir suergen, dass d'Betriber net méi gläichméisseg a mat der Strenz Geld verdeelt kréien, mä wierklech déi favoriséiert ginn, déi Effortë maachen. Ech hunn hei scho Modeller vun Nidderéisträich mat engem Ökopunktesystem virgestallt; ech sinn och gär bereet Énnerlagen ze bréngen, wou wierklech an enger positiver Approche villes erreecht ginn ass.

Op där anerer Säit ass den Ëmweltminister amgaang de Plan national concernant la protection de la nature auszeschaffen. Ech weess net, Kolleeginnen a Kolleegen, ob et eigentlech scho méi een ideale Moment ginn ass fir endlech d'Basis ze leeë fir eng integréiert Naturschutzpolitik zu Lëtzebuerg.

Ofschléissend eis Konklusioun: Den Här Boden virun allem, mä och den Här Lux si gefuerdert fir mat alle concernéierte Parteien dofir ze suergen, dass matenee geschafft gëtt an net géinteneen, dass et iwwerflësseg gëtt, 130 Säiten ze schreiwe fir een Artikel am Naturschutzgesetz an d'Praxis ëmzesetzen, an dass endlech jiddfereen de Sënn vu méi enger héijer Biodiversitéit agesäit. Ech mengen dofir, dass et dringend noutwendeg ass, dass d'Fronten opgebrach ginn am Intérêt vu Fauna a Flora, am Intérêt vun der Landwirtschaft selwer, a schlussendlech am Intérêt vun der nach relativ intakter Lëtzebuerger Kulturlandschaft.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Ëmweltminister, den Här Lucien Lux. Här Minister.

Loosst Iech net ophalen.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech zweifelen heiansdo an dësen Deeg und der Dialogfäegkeet hei an dësem Land. Ech zweifelen heiansdo drun, dass mer nach capabel si fir roueg an ouni direkt aus der Këscht ze sprangen ze diskutéieren, Avisën ofzeginn an den normalen Diskussiouns- a Konzertatiounsprozess och zu Enn ze féieren.

Säit Jore gëtt gefuerdert, net fir eng Interpretatioun ze ginn - well ech mengen, dass dat net d'Aufgab ass vun enger Verwaltung fir eng Interpretatioun ze ginn; dofir ass d'Chamber do oder Geriichter - mä fir engem Artikel aus engem Gesetz eng Reglementatioun ze ginn, eng Circulaire ze ginn, déi op där enger Säit de Baueren als Betraffenen eng gewësse Planungssécherheet gëtt, an op där anerer Säit och deenen, déi um Terrain dofir responsabel si fir deen Artikel ze iwerwaachen, seng Applikatioun ze iwwerwaachen, eng Sécherheet ze ginn, dass si dat alleguer harmonesch d'selwecht op déi richteg Aart a Weis maachen.

Dee Prozess si mer amgaangen ze féieren, an ech wëll zu deem Prozess just fënnef Bemierkunge maachen. Déi éischt ass déi, an de Kolleeg Camille Gira huet dat virdru scho gesot an dat ass heiansdo dann awer eng surrealistesch Diskussioun, déi mir féieren: Op där enger Säit soe mer, mir stelle fest zu Lëtzebuerg - net nëmmen an den Tropebëscher, mä och zu Lëtzebuerg - eng seriö, ech kéint scho bal soen eng dramatesch Erosioun vun der Biodiversitéit, ee seriöen, bal dramatesche Réckgang vu räiche Kulturlandschaften. A wa mer dann amgaang sinn ze kucke wéi mer déi Erosioun vläicht emol nëmme stoppe kënnen, mol net ze soe wéi mer se vläicht erëm réckgängeg maache kënnen, dann awer geet d'Gejäiz un an et ass kee méi amstand roueg ze bleiwen an ze kucken: Mä kënne mer net konzertéiert a fair diskutéiere wéi mer dann déi Erosioun an enger éischter Phas emol kënne stoppen, an da kucke wéi mer an deenen nächste Jore weiderkomme fir eng räich Kulturlandschaft nees erëmzekréien.

Wann een d'Zuele kuckt, dass an dësem Land bei den einheimeschen Déierenaarten 63% vun de Fësch a 47% vun de Vulle bedroht sinn, wann ee weess, dass 44% vun de Bléieplanzen hei zu Lëtzebuerg bedroht sinn, dann - mengen ech - wier et vläicht gutt wa mer um Ufank vun esou enger Diskussioun mol géingen de Constat maachen a kucke wat mer da kënne maache wa mer eis doriwwer eens sinn.

An ech begéinen nëmme Riedner an Organisatiounen, a wann ech op Kongresser ginn héieren ech och nëmme Sonndesrieden iwwer nohalteg Entwécklung wou jiddferee seet: Majo dat do ass déi Zilsetzung, déi mer musse maachen. A wa mer dann diskutéieren driwwer, wéi mer dat da fäerdeg bréngen, da stelle mer fest, dass grouss Problemer sinn.

An ech wëll och dem Här Mehlen soen, wat d'Motioun ubelaangt, wou en eis freet, mir sollten net dekretéieren, mä mir sollten diskutéieren, do verstinn ech definitiv näischt méi. Well den Ëmweltministère huet virun e puer Wochen een Dokument, wat säit Jore verlaangt gëtt, als Diskussiounsbasis weiderginn un all d'Acteuren um Terrain fir dozou Avisën ze kréien an duerno, no enger Konzertatioun vun allen implizéierte Kräften, sech dann zesummenzesetze mam Landwirtschaftsminister a mam Landwirtschaftsministère, fir zu engem harmoniséierte Regelwierk vum Artikel 17 ze kommen.

Dat wat mir erausginn hunn, ass net dekretéiert gesot: Hei sinn 130 Säiten an esou ass et elo! Dee Bréif, deen do derbäi läit, rifft all Kräften op, déi dat do kritt hunn, fir hir Meenung ze soen. Ech hu bis haut de Moie vun dräi Organisatiounen en Avis dozou kritt. Roueg a brav, op zwou, dräi, véier Säite soen se Punkt fir Punkt wat se menge wat ee kéint besser maachen a wat ee kéint änneren.

Dee Prozess - an ech hoffen, dass déi Avisën alleguer sou schnell wéi méiglech kommen - féiere mer zu Enn an da setze mer eis, wéi virun dräi Wochen, mam Landwirtschaftsminister oder mat der Landwirtschaftsstatssekretärin zesummen, fir dass dann déi zwee Ministèren zesummen deenen Acteuren, ëm déi et geet, e Regelwierk ginn, wat dann eng Applikatioun vum Artikel 17 bedeit.

Net méi an net manner ass geschitt. An ech wëll iwwerhaapt net ufänken ze kommentéieren, firwat déi eng an déi aner zum Deel ganz polemesch hei reagéieren. Den Här Mehlen huet eng Rei vu Grënn genannt. Wéi gesot, et ass net u mir fir déi ze kommentéieren.

Mä loosse mer mol als éischte Punkt zréckbehalen, dass et awer zu Lëtzebuerg e grousse Réckgank u Biodiversitéit gëtt an dass et vläicht noutwendeg wier ze kucken, wéi mer deem kënnen entgéintwierken.

Dat Zweet ass vläicht och nëmmen drun ze erënneren, dass mer hei zu Lëtzebuerg och eng Rei vun internationale Verflichtungen hunn. Et geet net nëmmen duer, dass mer heiansdo op Bréissel oder op aner Plaze ginn, fir do erëm eng Kéier grouss solennel Regelwierker, europäescher an internationaler, ze akzeptéieren. Mä et wier dann och gutt, wa mer vu Río iwwert déi europäesch Direktiven, sief et déi fir de Vulleschutz oder fir d'Habitats-Direktiven, déi 47 Habitatgebidder, déi 12 Vulleschutzgebidder, déi 31 europäesch bedrohte Liewensraim hei zu Lëtzebuerg, déi 75 Vullenzorten, déi 19 aner Déieren an zwou Planze solle schützen, dass mer déi dann och applizéieren. An dass mer net nëmmen higinn an da wéi gesot solennel eppes ënnerschreiwen, mä dass mer och capabel sinn dat hei zu Lëtzebuerg dann och ëmzesetzen.

Dofir brauche mer d'Dispositioune vum Artikel 17, déi hei iwwregens, Här Mehlen, wann ech et gutt an Erënnerung hunn, wéi mer am Januar 2004 doriwwer diskutéiert hunn, keng Géigestëmm haten. Ech mengen och net mech kënnen drun ze erënneren, dass den ADR géint dat Naturschutzgesetz, also och den Artikel 17, gestëmmt huet, deen iwwregens praktesch deeselwechten ass - an de Kolleeg Goerens huet jo hei d'Demonstratioun gemaach - wéi deen aus dem Artikel 14 vum Gesetz vun 1982, déi praktesch identesch sinn. Dat ass also och näischt Neies, wat hei erfonnt ginn ass.

Dat Drëtt, wat ech wollt soen, ass, wa mer eis och vläicht géifen eens ginn driwwer – an net nëmme sonndes an eise Rieden -, dass d'Biodiversitéit och zu de fundamentale Wäerter vun enger intakter an nohalteger Gesellschaft gehéiert. Dat musse mer ëmmer erëm soen, dat hu mer haut iwwregens och zu Bréissel an de finale Konklusioune vum Conseil Européen iwwert d'Lissaboner Strategie festgehalen, well d'Länner bal unisono gesot hunn, zu enger Strategie vu muer an iwwermuer am 21. Jorhonnert gehéiert och d'Noutwendegkeet Biodiversitéit als e wichtegt Element an als e wichtege Wäert festzeschreiwen. Ech mengen, och dat ass eng gutt Saach.

Véiertens - an ech hunn dat scho gesot - dat neit Naturschutzgesetz ass also a sengen Haaptdispositiounen op deem Gebitt näischt Neies. Et gëtt also vu mir a vun dem Ministère a vun de Verwaltunge konsequent och ëmgesat, well et e Garant fir eng harmonesch a responsabel Entwécklung op eisem lëtzebuergeschen Territoire duerstellt.

Dat hu mer also ëmzesetzen, gradewéi och, wéi ech gesot hunn, déi eenzel Direktiven am Beräich vum Vulleschutz oder vun den Habitatgebidder, déi mer an deenen nächste Joren ëmzesetzen hunn. An et ass richteg, dass mer den nationalen Naturschutzplang, deen am Gesetz virgesinn ass, mat alle Kräfte musse versichen ze diskutéieren.

Dat hu mer zu Beetebuerg am Dezember eng éischte Kéier gemaach. Dat wëlle mer am Juli mat deenen Organisatiounen eng zweete Kéier maachen. Mir hunn en éischten Entworf vun deem Naturschutzplang den Associatioune virgeluecht fir e kënnen ze beuerteele bis de Juli. Ech mengen, dat ass jo wuel eng Zäit, déi misst duergoe fir a Rou eng Kéier dat unzekucken, am Juli ze diskutéieren an am Hiersch dann ze kucken zu Konklusiounen ze kommen. Déi Ëmsetzung vun deem neien Naturschutzgesetz ass also an all sengen Applikatiounen a Facetten amgaange gemaach ze ginn.

Fënneft a lescht Bemierkung. Här Mehlen,…

(Interruption)

Dat ass léif.

Déi fënneft Bemierkung ass déi, wat den Artikel 17 ubelaangt, an ech wëll et nach eng Kéier ganz kloer soen, an och der Forstverwaltung, déi jo vill am Moment kritiséiert gëtt fir dat, wat se virgeluecht huet. Ech wëll mech wat den Esprit Zilsetzung an d'Method vun der Forstverwaltung ubelaangt, honnertprozenteg hannert déi Verwaltung stellen.

Ech mengen, dass et zu Lëtzebuerg nach ëmmer muss méiglech sinn - ech hunn dat am Ufank gesot -, fir bei enger Demande, déi laang Jore gemaach gëtt, fir den Artikel 17 kloer ze ëmleeën, däitlech ze soe wéi en ze applizéieren ass, dass eng Verwaltung eppes dohinner leet, wat dann diskutéiert gëtt. Ech ruffe wierklech jiddfereen op, fir dat calme an op eng fair an uerdentlech Aart a Weis ze maachen.

Ech hunn dat hei gesot, an dofir ass d'Presenz vun der Madame Modert de Mëtten och wichteg, fir ze weisen, dass déi zwee Ministèren dat zesummen zu Enn wëlle bréngen, et ugefaangen hunn ze diskutéieren an och zu Enn wëlle bréngen. Mä dass et elo drëm geet, fir wéi gesot roueg Avisën ofzeginn.

Ech wëll och dat heite soen: Mir sinn am Ëmweltministère drun interesséiert - an dat ass dann net nëmmen einfach ee Saz, wéi den Här Goerens gesot huet, dee jiddfereen de Mëtten hei seet - mä interesséiert drun, dass mer dat Ganzt op eng onbürokratesch a partnerschaftlech Aart a Weis maachen. Dee Message hunn ech an deene leschte Wochen an och haut de Mëtteg gutt verstanen, an ech wëll och soen, datt meng Erfahrung a 17 Joer als Buergermeeschter gewisen huet um Terrain an dem Syndikat vum Sicona an als Gemeng selwer, dass et nëmme geet mat de Baueren zesummen et ze maachen, fir zu Resultater ze kommen. An ech mengen, dat wat zu Beetebuerg an am Beräich vum Sicona gaangen ass, geet och haut a villen anere Syndikater, déi zesumme mat der Forstverwaltung an zesumme mat de Baueren an der Lag sinn, fir Biotopen ze schützen a fir dofir ze suergen, dass mer eng besser, méi räich Kulturlandschaft kréie wéi mer se am Moment hunn.

Deen Esprit, mengen ech, wäerte mer fäerdeg bréngen, fir a wa méiglech vun 130 Säiten op e gudde Strapp manner Säite kloerzemaachen, et esou onbürokratesch ze maache wéi et nëmme méiglech ass, well ech halen näischt dovunner, wann ee vun de Leit Autorisatioune verlaangt, déi een heiansdo mangels Personal net an der Lag ass mol iwwerhaapt en temps utile ze beäntwerten, wat dann natierlech och zu onméigleche Situatiounen an zu engem Mangel un Akzeptanz um Terrain féiert, wat net gutt ass. Alles dat do mengen ech ass e Message, dee gutt verstanen ass.

Dofir, gitt eis nach e bëssen Zäit fir ze kucken, wat fir eng Avisë mer zu dem Artikel 17 an zu de Propositioune vun der Forstverwaltung kritt hunn. Da setze mer eis mat all deenen zesummen a virun allem och mam Landwirtschaftsminister zesummen, fir ze kucken dann e verdënntend Regelwierk ze schafen, en onbürokratescht Regelwierk ze schafen, wat, wéi nach eng Kéier souwuel de Baueren eng gewësse Planungssécherheet gëtt, wéi op där anerer Säit awer och dem Fierschter eng Aktiounssécherheet gëtt, déi och si brauche fir dobausse kënne virzegoen.

Ech mengen, den Här Goerens géif mer gären eng Fro stellen.

M. le Président.- Jo, den Herr Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech wollt den Här Minister froe fir an enger Debatt, déi mer hei ganz sereinement féieren, ob e bereet wier, ier en déi Interpretatioun vum Artikel 17 en définitive adaptéiert, virun d'Kommissioun vun der Agriculture an dem Environnement ze kommen a fir déi ze consultéieren.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Dir wësst, Här Goerens, datt ech schonn am Ufank vun der Legislaturperiod gesot hunn, datt ech Dag an Nuecht bereet sinn all Demanden, fir an der Kommissioun…

(Hilarité)

Och an de Vakanzen, och an de Schoulvakanzen.

(Interruptions et hilarité)

Ech géif lech proposéieren, dass mer eis déi nächst Woch an der éischter Woch vun der Ouschtervakanz zesummesetzen, fir doriwwer ze diskutéieren.

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech hu kee Problem domat.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Ech si jo dann hei.

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech hu kee Problem domat.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Ech wëll soen, Här Goerens, dass eise Ministère an och d'Forstverwaltung - an ech wëll dat wierklech och par rapport zu der Forstverwaltung soen, déi menger Usiicht no, ech soen dat nach eng Kéier, zu Onrecht hei oft op eng polemesch Aart a Weis ugerempelt gëtt, dass ech mech virun déi Verwaltung stellen, virun déi Aufgab, déi se gemaach hunn -, datt also souwuel si wéi och de Ministère bereet si mat jidderengem an natierlech och mat der Chamber doriwwer ze diskutéieren, fir eng partnerschaftlech Aart a Weis ze kréie wéi mer se am Naturschutz hei zu Lëtzebuerg ganz, ganz dringend brauchen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir sinn awer befaasst mat enger Motioun, déi eragereecht ginn ass vun dem Grupp ADR, vum Här Mehlen. Wëllt nach ee Stellung huelen zu där Motioun, oder kënne mer direkt zur Ofstëmmung kommen? Den Här Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech kann op wäite Strecken dat deelen, wat an der Motioun do steet. Mä no der Ausso vum Minister, datt hie bereet ass d'Kommissioune consultéieren ze kommen, an ech ënnerstellen him och, datt hie bereet ass de Geescht vun der Debatt hei mat fortzehuelen, mengen ech soll een do en Acte d'effort maachen a säi gudde Wëllen an dat akzeptéieren.

Aus deene Grënn enthale mir eis bei där Motioun, well mir si mat enger ganzer Partie Dispositiounen d'accord: manner Bürokratie, net pauschal Virveruerteelunge vun dem betreffenden Ustriewen. Dat kënne mer alles deelen. Ech mengen déi Concertatioun, déi mer gefuerdert hunn, déi ech och gefuerdert hunn a menger Ried, déi gëtt jo och gefouert tëschent dem Ministère, deene betreffende Gruppen an dem Landwirtschaftsministère.

M. le Président.- Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt soen, dass mir eis och enthalen aus ähnleche Grënn wéi den Här Goerens se gesot huet, well mir sinn der Meenung, dass een dach net ka schwätze vu „revoir de commun accord l'interprétation", well et ass jo keng definitiv Interpretatioun, déi do ass. Et ass eng Propos, wéi de Minister gesot huet, vun der Forstverwaltung. Déi gëtt an alle Kreesser diskutéiert, kontrovers, dat ass jo ganz flott. Duerfir mengen ech ass et ze fréi scho vun enger Reinterpretatioun ze schwätzen an dofir wéilte mir eis bei dëser Motioun enthalen.

M. le Président.- An den Här Minister.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, ech mengen ech hat kuerz a menger Interventioun gesot, dass ech der Meenung sinn, dass dës Motioun sans objet ass. Well effektiv den Här Mehlen och a senger mëndlecher Interventioun mengen

ech net verstanen hat, dass dat Dokument vun der Forstverwaltung net en Dekret ass wat dohinner geluecht ginn ass, an domadder ass et esou, mä dass dobäi e Begleitbréif loung, deen opgeruff huet zu enger Concertatioun zu Avisë fir also net dat wat hei steet, dat wat also amgaangen ass „d'entamer une concertation". Déi ass ebe just amgaangen. Dofir ass déi Motioun hei sans objet. Just dat wat hei steet si mer säit zwee Méint amgaangen ze maachen, an dofir kann d'Regierung déi Motioun net unhuelen.

(Interruptions)

M. le Président.- Voilà. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun der Motioun 1.

Motion 1

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, 17 Abstentiounen a 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marcel Oberweis), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Marie-Josée Frank);

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Niki Bettendorf);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Domat ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vum Ordre du jour, respektiv mir kënnen och elo d'Fro vum Här Bettel huelen, well de Justizminister do ass. Et ass de Wonsch vun der Regierung. Elo oder méi spéit?

(Interruptions)

Dann huele mer elo d'Fro vum honorabelen Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt zwou Minutten Zäit fir déi Froen ze stelle wou Der mengt, dass keng Äntwert drop komm ass.

(Interruptions et hilarité)

Et ass nun um Här Bettel, well en huet net vill Zäit an en huet mer gesot, en hätt vill Froen.

(Hilarité)

5. Question parlementaire N°212 de M. Xavier Bettel relative aux mesures de sécurité au Centre pénitentiaire

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat um Datum vum 14. Dezember eng Fro un den Här Frieden gestallt iwwert d'Deklaratioun, déi en um Radio an op der Televisioun gemaach hat iwwert d'Drogen an d'Handyen am Prisong, wou e geschwat huet - de Brouillage wor jo och déi éischt Léisung, déi en elo préconiséiert huet - iwwert d'Utilisatioun vun engem Drogenhond an iwwert d'Drogen an d'Handyen, déi dohanne fonnt gi wären.

Ech hat dann d'Fro gestallt, wéi oft dann esou en Drogenhond gebraucht gi wier, well ech vun interne Quelle gesot kritt hunn, dass deen nëmmen zwee- bis dräimol d'Joer benotzt gi wär. An dann nach wéi vill Handyen a wéi vill Droge saiséiert gi wären déi lescht fënnef Joer.

Dunn huet den Här Minister mer geäntwert, eng gewëssen Zuel Handyen an eng gewëssen Zuel Droge wiere fonnt ginn.

Här President, ech si frou, dass Dir insistéiert hutt, well wann ech an eng Epicerie froe gi wat e Pond Kiischte kascht, an den Epicier seet mer e gewëssene Präis, da weess ech och net wat et kascht, obwuel e mer richteg geäntwert huet. Mä wann een eng Fro stellt, da soll de Minister och eng Äntwert ginn.

Ech fanne keng Wierder, Här President, fir Iech Merci ze soe fir déi Insistance, fir dass de Minister haut op jidde Fall op déi Fro mer Äntwert gëtt.

(Interruptions)

Nämlech hat Dir als Conférence des Présidents zweemol insistéiert fir eng Äntwert ze kréien. Do hu mer och keng kritt. An elo schlussendlech hu mer den 21. Mäerz eng Äntwert vun der Madame Modert kritt, dass de Minister geduecht huet, et wier genuch geäntwert.

Ech fannen awer just, Här Minister, wann ech Iech eng Fro stellen, wéi vill Handyen a wéi vill Droge saiséiert gi sinn, da kënnt Der net soen, dass de Secret vun der Instructioun do Iech et net erlaabt mer eng Äntwert ze ginn.

Ech mengen, et ass och net all Kéiers, dass wann Drogen oder en Handy saiséiert gi sinn am Prisong, dass dann eng Instructioun gemaach ginn ass. Et si ganz oft Mesures de discipline internes geholl ginn an déi Leit sinn net ëmmer virun een Untersuchungsriichter gefouert ginn. Dat weess ech ganz genau!

Dofir géif ech Iech haut froe mer ze soen, wéi oft den Drogenhond benotzt ginn ass déi lescht fënnef Joer; firwat keen Drogenhond en permanence do ass, well da kéint ee laanscht d'Päck den Hond schnüffele goe loossen an dee géif da kucken, ob iergendeppes dran ass; wéi vill Droge saiséiert gi sinn déi lescht fënnef Joer a wéi vill Handyen déi lescht fënnef Joer zu Schraasseg am Prisong fonnt gi sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister vun der Justiz, den Här Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net esou wéi den Här Bettel gëschter gesot huet a wéi mer hei rapportéiert ginn ass, dass et aus Mangel u Respekt ass, weder virun engem Deputéierten, nach virun der Chamber, datt ech déi Froen, déi zousätzlech Froen, déi do gestallt gi sinn, net beäntwert hunn.

Ech hunn e Respekt, esou wéi d'ganz Kolleegen an der Regierung, virun all gewieltene Vertrieder an dësem Haus. Mä wann een eng Fro gestallt kritt, op déi ee keng Äntwert huet a wou een erkläert, firwat et keng Äntwert gëtt, da weess ech wierklech net wat ech kann äntwerten. Duerfir sinn ech frou, datt ech de Mëtten dat hei kann erklären.

Et ginn, wa Saisië gemaach gi vun Drogen am Prisong, oder och vun Handyen, da ginn déi gemaach entweder op Uerder vum Untersuchungsriichter, oder et gi Fouillen an den Zelle gemaach, déi gemaach gi vun de Gardienen. Wa Saisië gemaach ginn op Uerder vun dem Untersuchungsriichter, da gëtt et doriwwer keng Statistik, déi all Dossier zesummeleet, deen iergendee Lien mam Prisong huet. All eenzelnen Dossier, deen d'Justizautoritéiten hunn, wou Drogen dra sinn, läit niewenteneen an e gëtt jo net traitéiert en fonctioun vun der Plaz wou Droge saiséiert ginn. Dofir kënnen d'Justizautoritéiten eis och mam beschte Wëllen, à moins datt se géingen e puer Joer all d'Dossierë vun Drogen duerchkucken, déi Donnéeën do net ginn.

Da gëtt et déi Saisien, déi gemaach ginn, wou Saisie net dat richtegt Wuert ass, wa Fouillë gemaach gi vun den Zellen. Doriwwer gëtt et eng Rei Donnéeën. Och wann ech awer direkt muss preziséieren, datt d'Direktioun vum Prisong mer seet, datt si doriwwer net Buch féieren, am Sënn datt do offiziell Statistike bestinn, esou datt si an deene leschte Wochen eng ganz Rei Leit gefrot hunn, respektiv an e puer individuellen Dossieren - dat gëtt an den individuellen Dossier vum Gefaangene geschriwwen - dat alles nogekuckt hunn.

A si hunn dann erausfonnt, datt am Joer 2003 28 Gramm Heroin an 30 Gramm Cannabis saiséiert goufen duerch déi Fouillë vun de Gardienen, an am Joer 2004 30 Gramm Heroin a 50 Gramm Cannabis an Ähnleches fonnt ginn ass bei deene Fouillen.

Dat beinhalt wéi gesot net dat wat ënnert den Autorités judiciaires geschitt, wat héchstwahrscheinlech de Gros dovunner awer ausmécht.

Wat d'Handyen ubelaangt, gëllen déi nämlecht Prinzipien, déi ech elo grad gesot hunn. D'Gardienë vum Prisong hunn no den Informatiounen, déi d'Direktioun vum Prisong mer gëtt, 2003 aacht Handye fonnt an 2004 15 Handyen. Mä och do nach eng Kéier muss ech soen, datt et keng offiziell Statistike gëtt, déi geféiert gi sinn, an duerfir ass et och quasi onméiglech, aus deene Joren do virdrun Donnéeën ze hunn.

Schliesslech, wat den Drogenhond ubelaangt, esou ass deen an der Vergaangenheet heiansdo agesat ginn. Si mengen, datt dat ongeféier eemol am Mount gewiescht wier am Joer 2004. Ech mengen, datt dat eng gutt Iddi kënnt sinn, esou een Drogenhond ze hunn. Dofir hunn ech dat och deemools gesot.

D'Direktioun vum Prisong mengt awer, datt dat net gutt wier, well dat relativ komplizéiert wier. Et bräicht een also eng ganz Rei Hënn. Déi ginn och relativ séier midd. Et wier besser een effikassen Détecteur ze hu vun Drogen. Dat mussen d'Spezialisten engem soen. Ech mengen nach, datt et utile wier, datt een heiansdo géing, zemools am Ausseberäich, deen oder déi Drogenhënn, déi mer bei der Police hunn, kënne complémentaire asetze fir do Kontrollen ze maachen. Et war och an deem Sënn wou ech mech virun e puer Méint ausgedréckt hat.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass eng Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c'est-à-dire l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre. Dat heescht op Lëtzebuergesch eng Aktualitéitsstonn iwwer Gender budgeting.

(Hilarité)

Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Bettel, d'Madame Err an den Här Jaerling.

D'Wuert huet elo d'Madame Viviane Loschetter als Vertriederin vun der Fraktioun vun deene Gréngen, déi d'Debatt hei iwwert den Gender budgeting ugefrot huet.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c.-à-d. l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, ech erklären Iech elo gläich wat dat ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aktualitéit ebe vun dëser Heure d'actualité ass engersäits déi Konferenz zu New York iwwert de Bilan „Peking + 10" an anersäits déi Déclaration ministérielle vun de 25 EU-Ministeren a -Ministerinnen, wou de Prinzip vum Gender mainstreaming an dem Gender budgeting dran ageschriwwen ass, an och vun eiser Ministesch dann ënnerschriwwe ginn ass.

Mat där Déclaration ministérielle huet och déi lëtzebuergesch Delegatioun vum Chancëgläichheetsministère an och eis Chancëgläichheetsministesch am Numm vun der Présidence eng gutt politesch, oft diplomatesch Aarbecht geleescht, am Sënn vun der Förderung vun enger reeller Gläichheet tëschent Mann a Fra zu New York.

Dofir wéilt ech och mat enger Erklärung vun der Definitioun vun Gender budgeting ufänken. Gender budgeting heescht soss näischt wéi dovun ausgoen, datt egal wéi mir de Budget plangen, dëst eng Auswierkung huet op de Grupp Meedercher a Fraen engersäits a Jongen a Männer anerersäits. Den Gender budgeting fänkt u bei enger Analys vum Budget iwwert d'Verdeele vun de Suen op dës zwou Gruppen, awer och der Unerkennung vun der Tatsaach, dass, deemno wéi de Budget organiséiert ass, dëst och Auswierkungen huet op d'Organisatioun an d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Gender budgeting ass deemno keng quantitativ Ännerung vum Opstelle vum Budget, mä eng qualitativ Ännerung. Sech enger Disziplin vum Gender budgeting uschléissen, féiert zu engem Budget, dee gerecht ass, engem Budget, deen effikass ass, an engem Budget, deen transparent ass.

Gender budgeting asetze kann och nëmmen dowéinst mëttelfristeg geplangt ginn an e muss och gutt preparéiert ginn. Den Gender budgeting brauch och dofir Instrumenter an Indicateuren, Donnéeë wéi zum Beispill déi systematesch geschlechterspezifesch Statistiken. An dëst ass, ech wëll lech just drun erënneren, och en Engagement vun dëser Regierung an et ass festgehalen am Koalitiounsaccord - ech zitéiere kuerz: „Le recueil systématique de données statistiques ventilées par sexe contribuera à l'analyse de la situation des femmes et des hommes." Vun dohier misst jo mindestens all Minister, all Ministesch wëssen, wat et ass.

Gender budgeting ass a ville Länner kee friemt Wuert méi. Australien war dat éischt Land, wat mat esou engem Budgetsprinzip ugefaangen huet. Den Gender budgeting ass no der véierter UNO-Weltkonferenz zu Peking am Joer 1995 iwwerall an Australien agefouert ginn. An iwwerhaapt war och déi Weltkonferenz zu Peking 1995 den Ulass fir mam Gender budgeting an iwwerhaapt mam Gender mainstreaming a ville Länner unzefänken. Esou och a Südafrika, wou 1995 d'Parlament zesumme mat enger Plattform ONGe während dräi Joer eng systematesch geschlechterspezifesch Budgetsanalys gemaach hunn. Et ass vläicht wichteg ze wëssen an deem Kontext, datt och do d'Universitéite mat an déi Analysen agebonne gi sinn. 1998 ass dunn deen éischte geschlechterspezifesche Budget a Südafrika opgestallt ginn.

Mä mir fannen och dëse Prinzip ganz oft um lokalen Niveau erëm, wéi zum Beispill an der Stad San Francisco. Dat ass eng Stad, déi huet integral d'CEDAW-Konventioun adoptéiert a si huet progressiv en Gender budgeting an all sengen Departementer agefouert.

Mä och hei - fir zréck an Europa ze kommen - mécht den Gender budgeting eigentlech säi Wee, dëst um lokalen oder um regionalen Niveau. Zum Beispill gëtt et de Baseler Kanton, deen am Joer 2000 eng geschlechterspezifesch Budgetsanalys gemaach huet, dat heescht Statistike ventiléiert huet no Fra a Mann op allen Niveauen. A wat ganz interessant am Baseler Kanton gewiescht ass, dat ass, dass si eigentlech déi Resultater un de grousse Publikum erugedroen hunn, dat heescht si hunn déi esou festgehalen, publizéiert un de grousse Publikum, an enger Sprooch, déi och jiddferee verstanen huet, wat natierlech eng ganz flott Sensibiliséierungsaarbecht war, an net nëmme beim grousse Publikum, mä och bei der Press, déi säitdeem zimlech interesséiert ass all Joers wann de Budget da kënnt, fir dann och ze kucke wéi déi Analys op deem Genderaspekt ausgesäit.

Och an Italien hu grouss Stied wéi Genova oder Parma oder Turin sech zesumme vernetzt. Déi Stied sinn e bëssen anescht virgaangen. Si sinn nämlech sektoriell virgaangen an zwar an engem Domän, deen eis och nawell kéint interesséieren, nämlech deem vun der Vereinbarkeet vu Famill a Beruff. Zu dëser Budgetsanalys hu si dann déi verschidde politesch Felder am Budget ënner anerem ënnersicht, wéi zum Beispill d'Aarbechtsmaartpolitik, d'Sozialpolitik, haaptsächlech am Beräich Structures d'accueil, awer och den Aménagement du territoire an och d'Transportpolitik.

Um nationalen Niveau gëtt et Projeten am Gender budgeting a Schweden. Et gëtt Projete fir esou eppes ze maachen e Belgien, a Frankräich, an der Schwäiz, a Spuenien, an - och e ganz interessant Land - a Groussbritannien. An England ass dëse Prinzip eigentlech - an dat ass och interessant - vun ONGen ausgaangen, vun engem Grupp, dee sech zesummegesat huet, an deen eigentlech konnt d'Regierung iwwerzeege fir e Pilotprojet an dräi verschidde Ministèren ze lancéieren. An dat ass och domadder ëmgesat ginn an dat geschitt als Pilotprojet an dräi verschidde Ministèren.

Frankräich huet zum Beispill en anere Wee ageschloen, nämlech e Wee wou légiféréiert ginn ass. Dat heescht, dass dat franséischt Parlament d'Regierung verflicht huet fir zu all Budget all Joers eng Annex ze presentéieren, wou Statistiken zu Projeten, déi entweder fraefördernd oder chancëgläichheetsfördernd sinn, déi sou genannte giel Säiten - sou nennt een dat bei hinnen - an déi och d'Objektiver dovunner festhalen, wat natierlech eng Analys vill méi einfach mécht.

Wat een och do erëm a Frankräich muss soen, wat net oninteressant ass, dat ass, dass an der Annex och d'Rapporten an d'Etüde vun den Universitéiten, déi op deem Thema schaffen, mat dra sinn. Dir gesitt also, datt et eigentlech immens vill verschidde Méiglechkeete gëtt, fir esou en genderspezifeschen Aspekt ze evaluéieren an der Politik an allen Domänen, an esou och am Budget. Wichteg ass, datt et gemaach gëtt!

A wichteg ass och, dass Lëtzebuerg - an dofir si mir hei verantwortlech - sech organiséiert fir an e

puer Joer en europäescht Land ze sinn, wou d'Chancëgläichheet tësche Männer a Fraen net nëmme grouss geschriwwe gëtt, mä wou se och praktesch ëmgesat gëtt. A praktesch ëmsetzen ass egal wéi ëmmer verbonne mat enger Visibilitéit um Niveau vun de Finanzen.

Wann dësen Exercice zum Beispill längerfristeg mam Budget gemaach gëtt, da wäerte mer sécherlech feststellen, datt eis Fraen an eis Chancëgläichheetspolitik schonns finanziell gefördert gëtt, mä mir wäerten awer wahrscheinlech och feststellen, dass dës Chancëgläichheetspolitik onéquilibréiert tëscht de verschiddene Ressortë gefördert gëtt. An et si genau dës Informatiounen, déi mer brauchen, fir an Zukunft och e Budget méi effikass ze plangen an och méi gerecht opzedeelen.

Dir Dammen an Dir Häre, Här President, de Budget vun engem Land reflektéiert ëmmer d'Wäerter vun engem Land, wat a wie wäertvoll ass fir e Land, wéi eng Politik wäertvoll ass fir e Land, an esou och wat net wäertvoll ass a wéi eng Politik net wäertvoll ass.

An an dësem Sënn hunn ech eng Motioun preparéiert, wou am Fong geholl d'Regierung invitéiert gëtt fir sech déi néideg Moyenen ze ginn, fir den Gender mainstreaming anzeféieren hei am Ressort vun der Regierung, esou wéi d'Ministesch dat och an der Déclaration ministérielle ënnerschriwwen huet. Ech géif Iech déi Motioun hei weiderreechen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes (CEDAW);

- vu la Déclaration et le programme d'action de Pékin;

- vu la Déclaration de Vienne sur les droits de l'homme;

- vu le traité CE et notamment son article 3, paragraphe 2;

- vu la déclaration ministérielle du 4 février 2005 des 25 ministres de l'Union européenne chargés de la politique d'égalité des chances entre les femmes et les hommes qui dit que: «Nous, ministres des 25 États membres chargés de la politique d'égalité entre les femmes et les hommes (...) acceptons de développer des méthodes et des instruments d'intégration de la dimension de genre, notamment l'établissement des budgets publics selon la perspective de genre, l'audit selon le genre et les évaluations de l'impact selon le genre, en tant que priorités pour l'avenir;»;

- vu l'accord de coalition qui dit: «Le Gouvernement s'engage à procéder à une évaluation selon la perspective de genre dans ses actions politiques pour prévenir l'impact différent sur les femmes et les hommes, éviter des conséquences négatives non intentionnelles et améliorer la qualité et l'efficacité des politiques. Le recueil systématique de données statistiques ventilées par sexe contribuera à l'analyse de la situation des femmes et des hommes»;

- considérant que l'égalité des chances entre femmes et hommes est un principe fondamental;

- considérant qu'il y a lieu de promouvoir l'égalité des chances entre femmes et hommes;

invite le Gouvernement

- à mettre en place les instruments et indicateurs nécessaires pour permettre l'application du principe de «gender mainstreaming», c'est-à-dire l'intégration de la perspective du genre.

(s.) Viviane Loschetter, Nancy Arendt, François Bausch, Christine Doerner, Lydie Err, Marie-Josée Frank.

Ech wëll och soen, datt ech d'Zoustëmmung fonnt hu vun der Sozialistescher Partei a vun der CSV-Partei, esou dass déi Motioun ënnerschriwwen ass vu mir selwer a vum François Bausch, vum Lydie Err, vum Marie-Josée Frank a vum Nancy Arendt. Domadder wëll ech soen, dass ech frou sinn, datt en éischte Schratt gesat ginn ass, an ech hoffen zumindest, datt mer hei an dëser Chamber nach méi wéi eemol wäerten iwwer Gender mainstreaming schwätzen an iwwer Gender budgeting.

Ech soen Iech domadder Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo d'Madame Frank. D'Riedezäit ass fënnef Minutte fir d'Spriecher vun de Parteien.

Une voix.- Et ass d'Madame Doerner, déi ënnerschriwwen huet.

M. le Président.- Jo.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dass bei der Opstellung vun de Budgeten deenen ënnerschiddleche Liewenssituatiounen am Interesse vu Mann a Fra Rechnung soll gedroe ginn ass net nei. Mat dëser Thematik hunn d'chrëschtlech-sozial Fraen sech scho säit Joren ausernee gesat an hunn iwwerluecht, wéi ee kéint geschlechterdifferenzéiert Gemengebudgeten opstellen.

Och um internationalen Niveau ass am Joer 2001 am Kader vun der OECD-Konferenz zu Bréissel dat ambitiéist Zil formuléiert ginn, dass bis spéitstens 2015 weltwäit Gender-Budgete solle realiséiert ginn. Dann hunn de 4. Februar vun dësem Joer jo déi 25 europäesch Memberstaten an enger gemeinsamer Deklaratioun festgehalen, datt all Memberland Methoden an Instrumenter soll entwéckelen, fir Budgete selon les perspectives de genre opzestellen.

Wat heescht elo konkret Gender budgeting? Den Gender budgeting ass e finanzpolitescht Instrument, dat eng geschlechtergerecht Verdeelung vun de Recetten an den Dépensen am öffentleche Budget bewierke soll. Den Gender budgeting bedeit deemno d'Ëmsetzung vum Gender mainstreaming op allen Niveaue vun der budgetärer Prozedur.

Well de Budget selten geschlechterneutral ass, heescht Gender budgeting konkret, dass ee Budget esou opgestallt an analyséiert soll ginn, dass der Gläichheet tëschent Mann a Fra Rechnung soll gedroe ginn. Deemno ass den Gender budgeting keen Instrument à part, mä e wesentleche Bestanddeel vun dem ganze Mainstreaming-Prozess.

D'Ëmsetze vun dësem Budget ass also ganz enk mat der Ëmsetzung vum Gender mainstreaming gekoppelt. D'Schafe vun dem Ministère de la Promotion féminine virun zéng Joer war e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung.

Dank der Iwwerzeegungsaarbecht, déi an dem Ministère an an der Egalitéitskommissioun a vun de Fraenorganisatiounen an deene leschte Joren am Sënn vun der Egalitéit gemaach ginn ass, gëtt mol endlech thematiséiert.

Ech erënneren an dësem Kontext un d'Action positive, de Prix Féminin de l'Entreprise, och déi sëllech Informatiounscampagnen op Tëlee an um Radio. All dës Mesuren hunn derzou bäigedroen, d'Öffentlechkeet fir d'Gender-Problematik ze sensibiliséieren.

Zum dësjährege Fraendag hu mir an der Familljekommissioun d'Problematik vun der Individualiséierung respektiv dem Splitting vun de Pensiounsrechter opgegraff. An ech hoffen, datt mer an dësem schwieregen Dossier an dëser Legislaturperiod e Stéck weiderkommen.

D'Fro, déi mer eis musse stellen, ass déi, wéi mer et fäerdeg brénge, en gendergerechte Budget op d'Been ze stellen. En éischte Schrëtt an déi Richtung ass sécherlech d'Schafe vun enger Cellule de compétence de genre an den Départements ministériels, esou wéi et am Accord de coalition virgesinn ass. Also gëllt et déi konkret Kompetenzen a Missioune vun dëser Cellule ze definéieren.

Eng Aufgab ass zum Beispill déi politesch Aktiounen an deene jeeweilege Ministèren, esouwuel vum Bléckwénkel vun der Frau aus wéi vum Mann ze analyséieren. Eng aner wichteg Missioun ass d'Erstelle vu Statistiken an d'Analys vun de Projeten no geschlechterspezifische Kritären.

Här President, d'Erfahrungen aus dem Ausland, zum Beispill aus Däitschland, hu gewisen, dass fir d'Erstelle vun engem Gender-Budget déi noutwendeg Informatiounen an Donnéeën oft nëmmen zum Deel oder guer net zur Verfügung stinn. Duerfir brauche mir elo eng operationell Cellule an ech mengen dat ass deen alleréischte Schrëtt.

Déi do gewonnen Erkenntnisser an Erfahrunge géifen dann à la suite an déi ganz budgetär Prozedur matafléissen. Deemno fält d'Erstelle vun engem Gender-Budget mat dem Zesummendroe vun deenen noutwendege genderspezifeschen Informatiounen un; eng Aufgab, déi d'Cellule de compétence muss iwwerhuelen.

Här President, egal wou an op wéi eng Aart a Weis dës Cellule de compétence de genre an Zukunft wäert funktionéieren, si wäert duerch hir Aarbecht, Analysen a gesammelt Donnéeë sécherlech derzou bäidroen, e Budget an der Perspective du genre ze erstellen.

An dësem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech rappeléieren nach eng Kéier drun, dass mir dës Motioun mat ënnerstëtzen, déi d'Madame Loschetter hei déposéiert huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Deen nächste Riedner ass den Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke kann ech Iech net soe wat d'DP vun der Motioun vun der grénger Fraktioun hält, well déi gréng Fraktioun eis net gefrot huet fir se ze ënnerschreiwen an iwwerhaapt net eis Meenung gefrot huet, dofir kann ech Iech et net soen. Soulaang mer se net gelies hunn, kënne mer Iech et net soen, Madame Loschetter.

(Interruption)

Ech war do!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

(Interruptions)

Madame Loschetter!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Also, Madame Loschetter,…

M. le Président.- Loosst Iech net ënnerbriechen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann d'Konzept vum Gender budgeting hei zu Lëtzebuerg nach nei erschéngt, esou…

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Madame Loschetter, Dir kënnt Iech d'Wuert froe wann Der eng Fro un den Här Bettel ze stellen hutt.

(Interruptions diverses)

Här Bettel, d'Madame Loschetter wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Wann et mam Sujet eppes ze dinn huet. Wann et awer net mam Sujet eppes ze dinn huet, géif ech d'Madame Loschetter bieden…

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Bettel, fuert wann ech gelift virun.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Also, Här President, Dir Dammen an Dir…

M. le Président.- Den Här Bettel huet d'Wuert, Madame Loschetter. Frot Iech duerno d'Wuert wann ech gelift.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann d'Konzept vum Gender budgeting hei zu Lëtzebuerg nach nei erschéngt, esou ass dat awer eng Mesure, déi an anere Länner schonns laang funktionéiert. Effektiv gouf den Gender budgeting schonns virun iwwer 20 Joer an Australien ageféiert, an eng ganz Rëtsch vu Länner weltwäit analyséieren haut den Impakt, deen hire Statsbudget op d'Geschlechter huet.

Dës Entwécklung ass verständlech, wann ee bedenkt, dass dësen Gender budgeting eng Virbereedung ass, fir dass ee Stat eng Politik vum Gender mainstreaming ka bedreiwen. Den Gender budgeting ass näischt anescht wéi eng geschlechtsdifferenzéiert Analys vum Statsbudget. Den Hannergedanken ass fir d'Ressourcen, déi de Stat senge Bierger zur Verfügung stellt, méi gerecht tëschent Mann a Fra ze verdeelen.

Dëst ass nëmme méiglech wa mir d'Auswierkungen analyséieren, déi d'öffentlech Recetten an d'Ausgaben op d'Ongläichheeten tëschent Fraen a Männer hunn. Mä den Gender budgeting bleift net do stoen. An dëser Analys ginn och d'Auswierkunge vum Statsbudget méi spezifesch no de sozialen a wirtschaftleche Liewenslage vun den ënnerschiddleche Gruppe vu Fraen a Männer ventiléiert. Et ass da méiglech fir dës Auswierkunge genee ze verstoen, fir d'Prioritéiten ze veränneren an d'Mëttelen ëmzeverdeelen, fir e geschlechtssensibelen a gerechte Budget opzestellen.

Deemno hëlleft den Gender budgeting also, d'Strategie vum Gender mainstreaming am Beräich vun der Haushaltspolitik ëmzesetzen. An och op europäeschem Niveau si schonns konkret Mesurë geholl ginn, fir den Gender budgeting ze entwéckelen, en anzeféieren.

Ech wëll hei net an den Detail goen - well ech och keng Zäit hunn -, wat gemaach ginn ass a wéi et op europäeschem Niveau op jidde Fall ënnerstëtzt ginn ass.

Dës Regierung huet an hirem Accord de coalition stoen, dass se sech fir den Gender mainstreaming asetzt. Wéi ech erkläert hunn, ass dat nëmme méiglech, wa mir eis och hei zu Lëtzebuerg méi konkret Gedanken iwwert den Gender budgeting maachen. Ech kann och hei net an den Detail goen, wéi een den Gender budgeting kann applizéieren. Esou kann en zum Beispill bei den Dépensen oder bei de Recetten am Allgemengen, awer och a gewësse Beräicher vum Budget gekuckt ginn.

Et schéngt awer och esou, dass den Gender budgeting eng Rei vu Mesurë virgesäit, mat deem de Budget kann op Gläichstellung zwëschent de Geschlechter iwwerpréift ginn. Den Gender budgeting ass an eisen Aen e komplexe Projet. Net all Voletë vum Statsbudget kënnen elo direkt an enger éischter Phas ofgedeckt ginn.

Ech mengen, a meng Partei och, dass et dofir wichteg ass, fir esou eng differenzéiert Budgetspolitik mol op e puer Domäner ze limitéieren. Ech kommen natierlech och net derlaanscht fir ze soen, dass et schued ass, dass d'Kommissioun vun der Égalité des chances net bestoe bliwwen ass an dass se elo mat der Familljekommissioun, wou Jugend, den Troisième âge an d'Égalité des chances, zesummen ass, well et wier jo eng Kommissioun gewiescht, déi wierklech sech hätt kënnen drop konzentréieren, fir esou e Budget screening ze maachen.

Ech soen Iech op jidde Fall Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. D'Madame Loschetter hat aacht Minutte geschwat, se huet nach zwou Minutten Zäit. Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz Stellung huelen, well ech jo net wëll als eng Ligenesch hei duergestallt ginn. Esou datt ech gäre géing soen, datt mir leider d'DP net konnten, net wollte froe fir déi Motioun mat ze ënnerschreiwen, well d'Representantë vun der DP eigentlech ni méi wéi 15 Minutten an enger Chancëgläichheetskommissioun sinn, ënner anerem och net an där vu virun dräi Deeg, wou mir iwwer zwou Stonne laang iwwert d'Déclaration ministérielle, iwwer „Peking + 10", iwwert den Gender mainstreaming an iwwert den Gender budgeting geschwat hunn.

Et ass schwéier eng Ënnerschrëft op eng Motioun ze froe vu Leit, déi net informéiert sinn a wou mer keen Echange haten, wou mer eigentlech net kënne wëssen, wat se dovunner halen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, wann Der erlaabt, ganz kuerz. Et sinn zwou Kommissiounen elo gewiescht. Déi eng, dat woren dräi Kommissiounen, wou ech Member sinn, zur selwechter Zäit. Ech ka mech dach net an dräi deelen, sorry. Dat ass déi éischt Saach.

An déi zweet Saach ass: Gëschter hunn ech mech bei der Madame President offiziell entschëllegt, well ech e Fall hat, justement vun enger Violence domestique a wou ech, wou mer dat Ganzt driwwer diskutéiert hunn, a wou ech carrément vun Iech jo nach alleguerte gesot krut: Gutt, dat ass awer wierklech eng valabel Excuse.

Wann Der haut scho vergiess hutt, wat Der gëschter gesot hutt, dofir kann ech net.

M. le Président.- D'Madame Frank nach, an da schléisse mer dee klengen Incident of.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Ech muss mech awer de Wierder vun der Madame Loschetter uschléissen, well net nëmme gëschter, mä och an där letzter Zäit war ganz oft d'DP duerch nëmme ganz kuerz an der Komissioun present an dat bedauere mir eben.

M. le Président.- Domadder ass dat ofgeschloss. D'Madame Err huet d'Wuert. Madame Err, wann ech gelift.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech bedauere virun allem, dass, och wa mer vu Problemer oder vun Aspekter vu Gläichheet zwëschent de Geschlechter schwätzen, mer nach ëmmer vun der Familljekommissioun schwätzen. Och wa mer keng spezifesch Egalitéitskommissioun méi hunn, wier ech de Kolleegen an de Kolleeginnen heibanne verbonne fir d'Kand mam Numm ze nennen.

Meng Fraktiounskolleegin Vera Spautz huet gëschter der Chancëgläichheetsministesch eng Fro iwwert den Gender mainstreaming gestallt. Et ass och dofir normal,

dass net eleng de Budgetsminister, mä och d'Egalitéitsministesch hei sëtzt fir zu dëser Problematik Stellung ze huelen.

Et ass nämlech somme toute, an dat geet och aus deene Riede vun deene Kolleegen a Kolleeginne virdrun ervir, am Fong datselwecht wéi den Gender mainstreaming, et ass just applizéiert méi prezis op d'Budgetsprozedur.

No all deem, wat gesot ginn ass, hunn ech e bësse gesënnert a mengen Notizen an ech wëll mol probéieren, éischtens ze definéieren, wat et ass, a wa méiglech dem Aly Jaerling op Lëtzebuergesch, well hien och gär géing verstoen, ëm wat et geet.

(Hilarité)

Ech hunn also du probéiert dat esou ze erklären. Also op Lëtzebuergesch mengen ech kënnt ee soen, dass et sech dobäi handelt ëm eng geschlechterspezifesch Budgetspolitik, an zwar net nëmmen, wat d'Previsiounen, mä och wat d'Fixatioun vun den Zifferen, an drëttens wat d'Exécutioun vum Budget ubelaangt.

Geet dat esou, Här Jaerling, op Lëtzebuergesch?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hu bal alles verstan!

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Très bien.

Et ass och, wéi - ech mengen - d'Madame Loschetter gesot huet, net eng quantitativ Approche oder Ëmännerung oder eng Perspektiv vun der Budgetspolitik, mä eng qualitativ. Dat heescht also och, dass hei net fraespezifesch Budgeten opgestallt ginn, mä dass eng fraespezifesch oder eng egalitéitsspezifesch Optik a sämtlech Prozedure vun der Budgetspolitik erageet.

Ech soen Iech duerfir vläicht ee Beispill, wat vill Wierder eventuell iwwerflësseg mécht. Et ass relativ kloer, dass mir hei zu Lëtzebuerg - elo muss ech oppassen, wéi ech mech ausdrécken - manner Fussballsterrainen net genuch hu wéi Crèchen. Dat ass sécherlech keen Zoufall. Wann ee géif, ouni elo wëllen zu deenen zwee en Zesummenhang virzestellen,…

(Interruptions)

…gëtt et domadder kloer, dass déi Décisiounen, déi e budgetspolitesche Impakt hunn, eng aner Wierkung hunn op d'Bénéficiairen, jee nodeem ob et sech ëm Fraen oder Männer handelt. Do kann een elo natierlech lästeren iwwert de Begréff u sech, an et kann een et och net verstoe wëllen, mä een dee wëllt, dee kann op jidde Fall elo net méi behaapten, dass, egal wat an engem Budget steet, dat net differenzéiert Effekter hätt, jee nodeem ob et sech ëm Männer oder Fraen handelt.

Et ass also duerfir och wichteg, zwee Prinzipien oder dräi Prinzipien aus dëser geschlechterspezifescher Budgetsprozedur ze énnersträichen. Éischtens ass se méi neutral, net nëmme wat d'Politik ubelaangt, mä och wat d'Differenzen tësche Männer a Fraen ubelaangt, mä si bréngt och méi Transparenz mat sech a si mécht et méi einfach ze verstoen, wou sech dann d'Politik an och besonnesch d'Egalitéitspolitik an de Chifferen am Budget verstoppt.

D'Objektiver vun dëser Budgetspolitik kann ee soen, sinn der dräi. Et gëtt am Fong doduerjer méi transparent, wou d'Effekter an den Zifferen ze siche sinn. Et mécht och méi einfach méiglech, déi speziell Besoinë vun énnerprivilegéierte Gruppen aus der Bevölkerung ze respektéieren. Et mécht et méi einfach fir ze verstoen, wéi de System funktionéiert, an et mécht et natierlech och vill méi einfach ze evaluéieren, wat dann nom Budget passéiert ass.

D'Viraussetzungen dovunner si menger Meenung no - an dat wier mäi véierte Punkt - éischtens d'Wëssen, zweetens d'Kënnen an drëttens de Wëllen. Beim Wësse mengen ech, dass et do zu Lëtzebuerg nach u munchem feelt, net un der Theorie, well dat ass eng Saach, déi kann ee sech uneegnen, andeem een dräi Bicher iwwer eppes liest, mä an der Praxis, wéi ee virgeet, well esou vill Praxisse wéi et gëtt an Europa an och op anere Kontinenten, esou sinn d'Prozeduren, wéi virgaange gëtt, ëmmer verschidden.

Ech géif duerfir virschloen, dass mer all zesummen, déi mir eis fir déi heiten Approche géifen interesséieren, probéieren eis dat Wëssen unzëeegnen, an zwar net nëmmen an de Cellules de compétence, an do sinn ech mat der Presidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun net d'accord. Et geet net duer, dass d'Experten an deene Cellules wëssen, wéi et geet. Et geet drëms, dass Dir a mir heibanne genee wëssen, wat mer am Budget proposéiert kréien, a wéi mer och kënnen d'Exécutioun vun deem Budget kontrolléieren. An dat wësse mer de Moment net, dat musse mer also léieren.

Zweetens mussen d'Viraussetzungen erfëllt sinn - an do kënnt der Madame Loschetter hir Motioun drop eraus -, dass mer wëssen, wat d'Donnéeën haut sinn, fir kënne festzestellen a wéi engen Domäner d'Besoinë méi akut si wéi an aneren. Dofir ass dat doten eng Viraussetzung, net nëmme fir eis international Obligatiounen ze erfëllen, mä och fir déi geschlechterspezifesch Budgetspolitik duerchzesetzen.

Drëttens ass de Wëllen. Natierlech net nëmmen den technesche Wëllen, mä de politesche Wëllen, deen ass och wat Lëtzebuerg ubelaangt x-mol ausgedréckt ginn, an zwar an der Plattform vu Peking, déi mer matgedroen hunn, an de Millennium goals, deem drëtten, deen d'Egalitéit zwëschent de Männer an de Fraen ustrieft an deen och den Gender mainstreaming als Instrument gesäit.

Den Ausseminister huet op der Konferenz vun eiser Chancëgläichheetsministesch uganks Februar sech och formell ausgeschwat fir dëse System, esou dass et um politesche Wëllen op jidde Fall um Pabeier an a Wierder bis elo net feelt. Et feelt vläicht dann nach just um prakteschen Know-how. Duerfir zum Schluss e puer Inspiratiounssourcë fir déi Leit, déi sech wëllen domadder ausernee setzen.

Et gëtt vun der UIP, der Union Interparlementaire…

M. le Président.- Madame Err, Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Jo, mä ech hunn nach e puer Minutten Zäit, well ech an engems zu der Motioun schwätzen, déi d'Madame Loschetter eraginn huet, an eise Statuten no hunn ech duerfir nach fënnef Minutten. Ech wëll déi net ausschöpfen, mä ech wëll mäi Saz awer fäerdeg maachen, Här President.

M. le Président.- Dir hutt Recht. Profitéiert vun Ärem Recht, Madame Err.

(Interruptions et hilarité)

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Also éischtens, et gëtt och ausser dem Guide vun der UIP, dem Guide Numero sechs, also deem, deen en Handbuch ass fir Parlamentarier wéi se kënnen an dëser Matière virgoen, e praktesche Guide vun der Unifem. Et gëtt e Rapport vum Europaparlament an et gëtt Expertinnewëssen, well et si meeschtens Expertinnen, déi an deem Rayon schaffen, vum Conseil de l'Europe. Esou dass praktesch ausser deenen Erfahrungen, déi hei schonn ugeschwat gi sinn an op déi ech net méi wëll zréckkommen, d'Theorie op jidde Fall, de Wëlle schéngt jo hei ze bestoen, d'Kënnen existéiert a beim politesche Wëlle gi mer dovunner jo aus, dass en existéiert, soss kéint jo och net den Gender mainstreaming am Koalitiounsprogramm stoen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

(Brouhaha général)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Spëtzt Är Oueren! Här President, Gender budgeting gëtt mëttlerweil als internationale Begréff fir geschlechtergerecht Budgetspolitik gebraucht. Den Gender budgeting ass a sech d'Kärstéck vum Gender mainstreaming, dee scho vu menge Virriedner hei erwähnt ginn ass, esou dass ech net méi extra dorop brauch anzegoen. Mat Hëllef vum Gender budgeting kënnen déi énnerschiddlech Auswierkunge vun den öffentleche Recetten an Dépensen op Fraen a Männer am Allgemengen definéiert ginn. Awer den Gender budgeting kann och no sozialen a wirtschaftleche Liewenslagen ze énnerscheedende Gruppe vu Fraen a Männer ermëttelen a kucken, wéi de Budget sech op déi besonnesch Gruppen auswierkt.

E Budget ass an der Regel geprägt duerch déi aktuell politesch Prioritéiten. D'Fro, déi sech stellt, ass, ob ee sech op geschlechterspezifesch Problemer beschränke soll oder aner Gruppen, déi ze kuerz kommen, och soll mat aschléissen. D'Fraen hu sech am Laf vun de Joren, wou se sech intensiv fir hir Rechter agesat hunn, staark Lobbygruppen zougeluecht. Et gëtt awer aner Randgruppen an eiser Gesellschaft, déi net esou staark…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Jaerling, loosst Iech net duerjernee bréngen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hu gesot aner Randgruppen, dann hunn ech aner Randgruppe gemengt, dann hunn ech net Frae gemengt.

(Interruptions diverses)

Wann Der mech wann ech gelift ausschwätze géift loossen! Ech hu jo och hei missen nolauschteren, well ech hu scho bal dofir, dass ech déi Recherche hei gemaach hunn, en Doktertitel verdéngt.

(Hilarité)

Also wann ech gelift, et ass scho schwéier genuch esou, gell.

(Interruption)

Jo, Här Bausch, ech ginn dat och zou.

Wann ech vu Randgruppe schwätzen, da soll dat net negativ opgeholl ginn.

Als Beispill kann een d'Nerveklinik vun Ettelbréck huelen, iwwert déi mer jo gëschter hei geschwat hunn, an an déi während Joren näischt investéiert ginn ass. Dat ass eng Randgrupp vu Leit, déi keng Lobbygrupp hunn, an déi och an de budgetären Décisioune jorelaang vernoléissegt gi sinn. Bei méi Transparenz beim Budget hätt dës Vernoléissegung zum Beispill kënne festgestallt ginn.

Här President, eng stäerker Verflichtung fir méi genee ze kucken an ze analyséieren an e Siichtbarmaache vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft ze erwierke wär also net vu Muttwëll. An et gëtt och méi wéi ee Grond fir d'Noutwendegkeet fir geschlechterspezifesch Budgetsanalysen anzefëieren.

Ee vun de Grënn, déi opgefouert ginn, ass, datt och wa vill iwwer Gläichberechtegung geschwat gëtt, d'Ressourcë fir déi Iddiën ëmzesetzen awer net ausräichend sinn. Eis Budgetë gi vu Joer zu Joer iwwerholl an et ass schwéier nei Ännerungen dran ze integréieren, zemools wa se mat fortschrëttlechen Iddië verbonne sinn. Den Gender budgeting, eng nei Method also, hëlleft vläicht nei Weeër an der Budgetspolitik ze fannen a Saachen am Budget ze gesinn, déi ëmmer iwwersi gi sinn, well Joer fir Joer de Budget vun deem Joer virdru bal integral kopéiert gëtt.

Een neien Usazpunkt kann also nei Iddië bréngen an en traditionelle Kader sprengen. Opgepasst muss just ginn, datt et net zur Verfestegung vu Rolleclichetë kënnt. Eng geschlechterdifferenzéiert Analys géif e Budget méi transparent maachen a se kënnt och op ökonomesch Entscheedungen opmierksam maachen. Well wann een an eppes investéiert, kann een net esou vill an eppes anescht investéieren, an do sinn déi Froen, déi mer musse klären.

Woufir ginn d'Frae benodeelegt? Woufir ginn am Budget déi eng oder aner Prioritéite gesat, ouni dass kloer definéiert gëtt firwat? Woufir gëtt net méi wäit gekuckt wéi de geschlechtlech differenzéiert Analys? Woufir dauert zum Beispill d'Psychiatrie-Reform esou laang? Ëmmer méi Mënsche si betraff, déi och a schlechte Konditioune liewe mussen. Woufir goufen e Pei-Musée, eng Coque, Konzerthal, Rockhal, etc. virgezunn, anstatt fir d'éischt an de Mënsch ze investéieren?

D'Investitioun an esou Bauten ass och vläicht noutwendeg an ech wëll och net hei d'Kultur géint aner Investitiounen ausspillen, mä wann eng Analys weist, datt ëmmer nees Décisiounen en faveur vun esou Baute falen, an net zum Beispill prioritär en faveur vu psychesch gestéierte Mënschen oder aner benodeelegte Mënschen, dann huet dës Gesellschaft an hir Politik wierklech e grousse Problem.

Här President, wat kënnt sech duerch den Gender budgeting änneren? Mir kënnten eis zum Beispill en Iwwerbléck verschafen iwwert déi ökonomesch Bedeitung vun der onbezuelter Aarbecht an emol hir Plus-valuen, déi se eiser Gesellschaft bréngen, chiffréieren. Dorënner falen d'Erzéiung vu Kanner an d'Betreiung vu Fleegefäll, awer och aner bénévole Asätz am Sozialberäich.

Zum Beispill ass d'Mammerent als Unerkennung vun der onbezuelter Aarbecht vun der Kannererzéiung zougestane ginn. Als ADR gesi mer awer méi wäit a fuerderen, dass d'Hausfraenaarbecht, verbonne mat der Kannererzéiung, eng direkt finanziell Unerkennung kritt, fir datt d'Fraen, déi sech der Erzéiung vun hire Kanner widmen, sech selwer iwwert dee Wee kënne Pensiounsrechter erschaffen.

Här President, an Dänemark goufen zum Beispill am Kader vum Gender mainstreaming Moossname virgestallt, déi virun allem Randgruppen aus der Bevölkerung an eeler Mënsche viséieren. Dëst Beispill weist, datt mer och kënnen décidéieren, wou eis Schwéierpunkte leien.

Den Gender budgeting ass eng nei Analys vum Budget. Ech sinn iwerzeegt, dass dës Analys sech awer net nëmmen duerf op Frae konzentréieren.

Wéi steet et zum Beispill ëm déi sozial Schwaach an eiser Gesellschaft, där mer ëmmer méi kréien an domadder och ëmmer méi sozial schwaach Fraen. D'PISA-Etüd huet bewisen, datt d'Ausbildung besonnesch bei deene sozial Schwaachen net optimal ass, an do besteet keng Differenz tëschent Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, respektiv tësche Meedercher oder Jongen.

Mir duerfen eis also net nëmmen op eng Zilgrupp konzentréieren, mä sollen de Problem vum sozialen Noutstand an den Ongerechtegkeete global ugoen. Dat ass fir eis als ADR eng Prioritéit wou mer déi néideg budgetär Mëttele brauchen. Zougehéieregkeet zu engem Geschlecht beaflosst opgrond vun der soziokultureller Prägung vläicht Liewensméiglechkeeten, de beruffleche Status, d'sozial Bezéiung an och vläicht d'gesellschaftlech Positioun.

M. le Président.- Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech géif mer dann datselwecht Recht huele wéi d'Madame Err an ech géif dann och zu der Motioun schwätzen.

M. le Président.- D'Madame Err war a siwe Minutte fäerdeg, Dir hutt dann nach 18 Sekonnen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Majo, ech hunn awer keng siwe Minutten.

M. le Président.- Ma eben, Dir hutt sechs Minutten a fofzeg Sekonnen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech huele mer dann nach déi zwou Minutten zur Motioun, an da sinn ech fäerdeg.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Jaerling, haalt Iech un d'Regelen, wann ech gelift.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, et ass erstaunlech, wéi d'Regelen änneren, wann den ADR schwätzt.

(Brouhaha général)

D'Zougehéieregkeet zu engem Geschlecht beaflosst oprond vun der sozialer kultureller Prägung vläicht d'Liewensméiglechkeeten, de beruffleche Status, d'sozial Bezéiung an och vläicht d'gesellschaftlech Positioun. Se beaflosst awer nëmme bedingt de sozialen Noutstand.

(Interruptions diverses)

Ech sinn domat d'accord, dass d'Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra eng gewësse Prioritéit soll hunn. Menger Usiicht no ass d'Gläichberechtegung tëschent sozial Schwaachen a sozial Staarken awer méi e prioritäre Problem, dee mer léise mussen. Well, wa mer déi Zesummenhäng vergiessen, da kënnen déi verkéiert Moossname geholl ginn.

Här President, fir den Zougang zu enger Gender…

M. le Président.- Här Jaerling, wann ech gelift, kommt zum Schluss.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech kommen och zum Schluss, et dauert just e bëssen.

M. le Président.- Da misst Der ophalen, zum Schluss kommen, éischter ophalen.

(Brouhaha général)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Bon, da géif ech da Stellung huelen zu der Motioun, gell, et ass kee Problem. Éischtens mol wëll ech hei matdeelen…

M. le Président.- Här Jaerling, Dir musst d'Tribün verloossen! Ech bieden Iech d'Tribün ze verloossen!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech kann awer zur Motioun Stellung huelen. Da loosst mech dach schwätzen!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Wat huet dat da fir ee Sënn, wa mer en Ordre du jour maachen, mat Zäiten an onsem Reglement, a se ginn net agehalen. Si gi refuséiert, vun engem Deputéierten agehalen ze ginn!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här Fayot, ech wäert Iech deemnächst

dorunner erënneren. Ech däerf dach hei zu der Motioun schwätzen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Madame Err huet och gefrot, fir méi Zäit ze kréien.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech schwätzen elo just nach zu der…

(Interruptions)

Mat der Motioun sinn ech an enger Minutt fäerdeg.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Also, Här Gibéryen, ech fannen dat e staarkt Stéck, dass Dir als Fraktiounspresident dat och nach ënnerstëtzt!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wëll soen, datt den Här Fayot da vergiess huet, datt seng Kolleegin, d'Madame Err, och déi Zäit gefrot huet.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech wäert lech deemnächst dorun erënneren, Här Fayot.

Une voix.- Très bien.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. le Président.- Domat huet d'Regierung d'Wuert, d'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen der Madame Loschetter Merci soe fir hir Stellungnahm an iwwerhaapt och d'Ufro zu dem Gender-Budget. De Minister Luc Frieden hätt gäre gehat, datt ech dat géif op Maarnech iwwersetzen, dees sinn ech awer net mächteg. Also, ech fannen och, datt et kee gudden Ausdrock ass, mä ech kann en awer och net iwwersetzen.

Ech soen lech Merci, wéi gesot, fir Är Stellungnahm an och fir d'Explikatioun, och vun deenen anere Riednerinnen a Riedner, well ech denken, datt awer fir vill Leit elo méi kloer ass, wat dat heescht, wéi et virauser wor.

Ech sinn och frou, datt de Luc Frieden de Mëtteg hei bei eis ass, fir och ze héieren, wat dann Är Virschléi alleguerte sinn a fir och ze kucken, wéi mer dat do kënnen an d'Regierungsaarbecht mat erabréngen, a wou en dat och wëllt hëllefen ënnerstëtzen.

D'Tatsaach, datt Männer a Fraen dacks nach ënnerschiddlech Rollen an Aufgaben hunn, hat och selbstverständlech eng direkt Auswierkung op den Zougang zu de Ressourcen an och d'Kontroll vun deenen. D'Analys nom Genre ass eng Method fir Informatiounen ze sammelen, ze analyséieren an ze evaluéieren no dem Geschlecht.

D'Zil ass zu all Moment vun der Konzeptioun, der Ausféierung, dem Suivi an der Evaluatioun vu politeschen, ekonomeschen a sozialen Décisiounen, zum Beispill bei Gesetzer, Reglementer, Programmer oder och selbstverständlech beim Budget, festzestellen, wat d'Auswierkungen op Männer a Frae sinn, an dann och deem Rechnung ze droen, datt deen een an deen aneren dovunner d'selwecht profitéiert.

Den Gender-Budget oder de Budget sexospécifique ass eng Exigenz aus der Plattform vu Peking an et soll evaluéiert ginn, wat d'Einnahmen an d'Ausgabe vum Budget fir Auswierkungen op d'Fraen hunn. D'Zil ass d'Effikassitéit ze verbesseren, fir dës Gläichheet zwëschent Männer a Fraen ze erreechen.

D'Initiatives Budget genre besti säit 20 Joer a si kënne vun de Regierungen, awer och vun der Société civile oder och a Partnerschaft mat deenen zwee realiséiert ginn.

D'Gender-Budgetë maachen eng Referenz op verschidde Prozesser a Methoden, déi probéieren den Impakt vun dem Budget, besonnesch den Nationalbudgeten, op verschidde Gruppe vu Männer a Fraen an der Gesellschaft an an der Ekonomie festzestellen.

Et si keng separat Budgetë fir Fraen. De Budget gëtt net Kredit fir Kredit opgespléckt, fir wéi vill Geld deen een an deen anere géing kréien. Et ass also net, wann eng Strooss gebaut gëtt, op där rechter Säit oder op där lénkser Säit, d'Männer oder d'Frae solle fueren, a wéi vill datt et fir deen een a fir den aneren ausmécht.

Et geet drëm fir och ze kucken a Programmen, déi realiséiert goufen, wat fir eng Auswierkungen dat huet. An ech géing lech vläicht just ee Saz liesen aus dem Préambule vun dem franséische Rapport, dem „Jaune budgétaire", wéi si dat nennen Dee vun 2002 seet: «Les crédits recensés correspondent essentiellement au financement, d'une part, d'actions spécifiquement destinées aux femmes, qu'il est apparu nécessaire de mettre en place afin de pallier les inégalités de traitement constatées entre les hommes et les femmes, et d'autre part, d'actions de sensibilisation ou de formation des décideurs et des acteurs à la prise en compte de la dimension de l'égalité des chances.»

Dir gesitt also, wat dat an deem heite Fall, bei de Fransousen an deem dote Budget fir 2002 bedeit huet. Mëttlerweil denken ech, datt se dat och op aner Gebidder ausgeweit hunn.

Bei deene verschiddenen europäesche Länner, wou dëser Initiative geholl goufen, dat ass zum Beispill a Belgien, Irland, Schweden, Frankräich, England, do hunn ech bis elo kee Land fonnt, wat integral den Gender-Budget agefouert hätt an allen Dimensioune vu sengem Budget. Ech muss awer och soen, datt d'Zäit mer ze kuerz war fir dat och iwwerall kënnen nokucken ze goen.

Dat heescht elo net, datt dat onbedéngt méi Geld muss kaschten. Heiansdo hunn d'Leit jo dat Gefill, wann een elo seet, et ass en Gender-Budget, dass da méi Suen do mussen erauskommen. Mä et ass elo grad gesot ginn, et ass och dacks sou, dass d'Transferten aneschters musse gemaach ginn. Woubäi ech net wëll soen, datt dat net ëmmer gradesou schmäerzhaft ka sinn, wéi wann ee méi Sue muss fir eppes zur Verfügung stellen, well da muss een eventuell engem aneren se ewechhuelen, wat sécher net bei deem zu grousser Begeeschterung féiert.

Mir hunn an der Deklaratioun vu Lëtzebuerg stoen, dat ass vun där Konferenz, vun där geschwat gouf: «(…) d'identifier les processus et les instruments qui permettent une meilleure responsabilité pour aborder les questions d'égalité entre les femmes et les hommes; de développer des méthodes et des instruments d'intégration de la dimension de genre, notamment l'établissement des budgets publics selon la perspective de genre, l'audit selon le genre et les évaluations de l'impact selon le genre (…); de continuer à améliorer le recueil, la compilation et la propagation de données ventilées par sexe fiables, précises et comparables; de définir des objectifs dans le temps et les mettre progressivement à jour (…)» - an da selbstverständlech och - «de contrôler les progrès (...)».

Dir gesitt also, datt an där Deklaratioun dran och déi verschidde Weeër eigentlech gezeechent sinn. Verschidden Aarbechtsinstrumenter gi gebraucht fir de Budget ze analyséieren, wéi zum Beispill eng Estimatioun vun der Politik, déi dem Genre Rechnung dréit, iwwer Interviewe mat Männer a mat Fraen, fir ze kucken, ob déi Programmer oder och déi Servicer, déi fir si bestinn, och vun hinnen emfonnt ginn als dat, wat se brauchen, an emfonnt ginn och als richteg Prioritéit.

Ech denken zum Beispill un d'Crèchen, ob déi zu deenen Zäiten op sinn, zu deenen d'Leit se brauchen. Ech denken dorun, ob d'Crèchen zum Beispill deem Präis entspriechen an där Prioritéit, déi d'Leit hunn, fir einfach emol ze gesinn, wat dat konkret heescht. Mir stellen eis ënnert deem Budget du genre eppes Onwahrscheinleches vir an dofir hu mer eng gutt Ausried, mä ech mengen, et muss ee mol einfach a konkrete Beispiller och gesinn, wat dat eigentlich bedeit.

Da soll awer och evaluéiert ginn, wat de Bénéfice ass, dee gemaach gëtt an dee lo opgeschlësselt gëtt no dem Genre. Wichteg ass, fir eng ekonomesch Impaktstudie iwwert déi öffentlech Ausgaben detailléiert ze maachen no dem Genre. Do kënnt natierlech dran d'Croissance, den Emploi, de Chômage an alles, wat dozou gehéiert an eng Steieranalys opgeschlësselt nom Genre, fir och do ze gesinn, wat fir eng Auswierkungen dat dann op Männer an op Fraen huet.

Da gëtt et nach eng aner Zort vu Budget, an dat ass den Zäitbudget. Do geet et besonnesch och drëm fir ze kucken, wat datt d'Zäit fir d'Aarbecht ass, déi doheem an der Famill vu Männer a vu Frae gemaach gëtt, a besonnesch ëm déi onbezuelten Aarbecht, vun där elo grad och hei geschwat ginn ass.

Ech géing lech vläicht just zwee Beispiller och wëllen nennen aus dem Ausland, fir och ze weisen, wat fir eng Auswierkungen déi politesch Décisiounen hunn. An England gouf et zum Beispill eng ONG, déi heescht Femmes et Budget, beziehungsweis heescht se ganz bestëmmt net Femmes et Budget, mä déi heescht vum Engleschen iwwersat esou, mä déi huet virun allem d'TVA analyséiert an hir Auswierkungen op d'Fraen an deene Stéit, déi net vill Suen hunn. D'TVA, déi bekanntlech eng direkt Steier ass an och op der Consommatioun läit, mécht am englesche Budget 30% aus.

D'Resultater vun där Analys hu bewisen, datt d'Fraen als Gestionnaire vun de Stéit besonnesch vill an disproportionéiert TVA géinge bezuele vis-à-vis vun de Männer. An déi ONG huet d'Regierung iwwerzeegt kritt fir d'TVA op verschiddene Produkter, déi déi am meeschte gebraucht géifen an déi néideg sinn, och erofzesetzen.

Een anert Beispill ass d'Banque mondiale, déi eng Analys iwwert d'öffentlech Ausgaben am Ghana gemaach huet an do besonnesch an der Educatioun. Do hu se festgestallt, datt d'Meedercher 45% vun de Subventioune kréien am Primärunterricht, hir Participatioun awer bei 65% läit. Dir gesitt also, datt een Drëttel méi Meedercher do si wéi Subventiounen eigentlech fir si zur Verfügung gestallt ginn.

Den Gender-Budget ass en Instrument. Mä mir brauche fir dat ëmzesetze Statistiken a ville Beräicher, déi mer bis elo awer net hunn. Mir brauchen Indicateure fir ze moossen, wou a wéi grouss d'Fortschrëtter an der Gläichheet zwësche Männer a Frae sinn, an dat esougutt op nationalem wéi op EU-Niveau.

Mir brauchen den Gender mainstreaming an de Ministèren, fir vum Ufank bis zum Enn Gesetzer op hir Gläichbehandlung vu Fra a Mann ze evaluéieren an ze kontrolléieren, well e Scheedungsgesetz huet aner Auswierkungen op Frae wéi op Männer. Eng Steierreform huet aner Auswierkungen op Frae wéi op Männer. Eng Pensiounsreform huet aner Auswierkungen op Frae wéi op Männer. Den RMG huet aner Auswierkungen op Frae wéi op Männer.

Dir gesitt also, ech kënnt virufueren an domadder wollt ech och weisen, datt den Gender-Budget an den Gender mainstreaming net nëmmen eng Affär vum Budgets- a Finanzminister sinn, mä se sinn eng Affär vun der ganzer Regierung a se sinn iwwergräifend, a jiddferee muss sech och domadder ausernee setzen.

Ech wëll awer och hei net verheemlechen, datt ech mengen, datt nach vill Iwwerzeegungsaarbecht misst gemaach ginn an de Ministèren an och an de Verwaltunge bis mer dat erreecht hätten. Mir brauchen also Studien an Analysen a Statistike fir iwwerhaapt kënnen d'Basis ze hunn, fir deen Gender-Budget auszeféieren.

Bei der Regierungsbildung ass och iwwert den Gender-Budget diskutéiert ginn. Mä et ass net zréckbehale ginn, datt mer e géingen an d'Regierungserklärung draschreiwen, well d'Meenung do war, mir kréichen dat grousst Wierk net esou séier, dat heescht an enger Legislaturperiod, ganz ëmgesat.

De Minister Frieden ass bereet ze studéieren, wéi een den Gender-Budget kënnt aféieren, a besonnesch och mat Projet-piloten a spezielle Beräicher mol ze kucken, wéi een dat kënnt realiséieren.

Sécher ass d'Diskussioun vun de Mëtteg ze kuerz fir definitiv Konklusiounen ze zéien. Wann et de Wonsch vun der Chamber ass, géing ech mech gären engagéieren ze kucken, ob mer och géingen am Ausland Spezialisten a Spezialistinne fannen, fir mol op Lëtzebuerg ze kommen an d'Chamberskommissioun - an da wier et och gutt, wann d'Leit vun dem Budget an de Finanzen derbäi wieren -, fir och ze héieren an ze gesinn, wéi dat an anere Länner funktionéiert.

Ech denken och, datt et wichteg wier de Leit dobaussen d'Méiglechkeet ze gi sech doriwwer ze informéieren, well et ass e wichtegt Instrument, wat richteg muss agesat ginn an op dat ee sech also och muss richteg virbereeden. Dofir sollte mer och virufuere fir Informatiounen an Dokumenter ze échangéieren an och eventuell an der Kommissioun - wann dat de Wonsch ass - an an de Kommissiounen ze diskutéieren. Ech si gäre bereet, esouwäit wéi Ären Interesse dofir do ass an esouwäit wéi ech d'Méiglechkeet hunn, fir mat lech an där Fro virunzeschaffen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domat si mer um Enn vun dëser Debatt ukomm.

(Interruption)

Jo. Ech wollt soen, dass mer elo zur Motioun géife kommen, déi déi honorabel Madame Loschetter déposéiert huet. Wëllt nach een d'Wuert froen zu der Motioun? Fir d'éischt huet den Här Grethen d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Debatt hei opmierksaamst verfollegt. A besonnesch aus den Ausféierunge vun der Madame Minister Jacobs hunn ech elo net eraushéieren, ob si dës Motioun als Regierung ka matdroen oder net. Et si wuel d'Madame Marie-Josée Frank an d'Madame Err, déi am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen déi Motioun hei ënnerschriwwen hunn.

Mä ech wollt d'Regierung froen, an och besonnesch de Budgets- a Finanzminister, ob d'Regierung wierklech der Chamber kann d'Garantie ginn, dass wann dës Motioun haut hei gestëmmt gëtt, dass dat dann och gemaach gëtt, well hei ganz prezis steet, Här President, «à mettre en place les instruments et indicateurs nécessaires».

Ass d'Regierung gewëllt dat elo ze maachen, jo oder nee? Well wa mer sollen hei driwwer ofstëmmen an et ass just en Exercice de style, wou de Wëllen net besteet fir et ze maachen, da misst Der verstoen, dass mer als Fraktioun dës Motioun net kéinte stëmmen. Mä wann et awer eng Motioun ass, déi suivie d'effet ass, da wäerte mer natierlech eisen Accord ginn.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Dann huet den Här Jaerling d'Wuert gefrot.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll kloer soen, dass ech an där Kommissioun, wou déi Motioun diskutéiert ginn ass, bis zum Schluss do war, dass ech awer net gefrot gi si fir déi Motioun ze ënnerschreiwen.

Ech soen lech éierlech, ech fannen et aarmséileg, wann hei esou iwwer ee Kommissiounskolleeg hiergefuer gëtt, well deen hei verlaangt, dass en och hätt kënne gefrot gi fir déi Motioun ze stëmmen. Ech war och bis zum Schluss do an et ass also keng Ursaach gewiescht fir mech net ze froen, fir déi Motioun do ze ënnerschreiwen, an ech sinn net gefrot ginn. Dat heescht, wann een also sech als Gläichberechtegungsfanatiker esou duerstellt, da muss een dat awer och praktizéieren an alle Beräicher an da muss een och d'Gläichberechtegung tëschent de Kolleegen an enger Kommissioun gëlle loossen, egal vu wat fir enger Partei, dass dat ass.

Mä mir hunn awer kee Problem mat där Motioun. Et ass eng Zilsetzung, déi richteg ass, déi mer och ënnerstëtzen, déi eis vläicht net wäit genuch geet, well mer einfach der Meenung sinn, dass dee Begréff Gender vläicht misst ersat ginn duerch „equality" oder „integration", fir dass e méi wäit geet, fir dass wierklech d'Gläichberechtegung an alle Beräicher an eiser Gesellschaft hiergestallt gëtt. Mä op jidder Fall hu mer kee Problem mat där Motioun a mer wäerten se och ënnerstëtzen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet den Här Bausch d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wëll mech elo absolut net méi aloossen op d'Polemik, déi elo hei zum Schluss gefouert ginn ass.

Une voix.- Wien huet dann ugefaangen?

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Da loosse mer elo net nach eng Kéier domat ufänken. Den Här Bausch huet elo d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll just soen, Här President, dass déi gréng Fraktioun, déi d'Demande gemaach huet fir dës Heure d'actualité, déi Motioun ausgeschafft huet, an dass et och d'Recht vun der grénger Fraktioun ass fir ze froe wie se wëllt, wien d'Motioun ze ënnerschreiwen huet.

Als zweete Punkt, Här President, wëll ech lech soen, datt mech e bëssen déi Attitüd erstaunt, déi den Här Grethen hei anhëlt, wann e seet, ech hätt gär vun der Regierung eng verbindlech Ausso, ob se sech dann och un dat hält wat hei an der Motioun gefrot ass. Ech wëll soen, dat ass fir mech, wann ech kucken d'Verfassungsrecht, d'Prerogative vun der Chamber par rapport zu enger Regierung, eng ganz komesch Approche, well fir mech ass et awer relativ evident, datt d'Gesetzer hei gestëmmt ginn an datt der Chamber hire Wëllen ze respektéieren ass vun enger Regierung an datt ech iwwerhaapt mol net wëll am Prinzip eng Regierung froen ob se d'accord ass oder net mat enger Motioun, déi ech erabréngen.

Ech ginn dovun aus, wann déi Motioun hei 60 Jo-Stëmme kritt, dann ass d'Regierung gebieden, sech

un de Wonsch vun der Chamber ze halen. Esou verstinn ech de Parlamentarismus, an an deem Sënn mengen ech och, datt et eigentlech relativ kloer ass ëm wat et hei geet. Wann een natierlech eng Excuse sicht fir d'Motioun net wëllen ze stëmmen, da soll een dat soen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Dann ass et un der Regierung, de Budgetsminister hëlt Stellung zu der Motioun.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, d'Regierung ka jo opgrond vun der Verfassung zu all Moment schwätzen. Dat zum Éischten. Zum Zweete mengen ech ass et net anormal, wann en Deputéierten, an insbesondere en Deputéierte vun der Oppositioun, der Regierung hir Meenung freet. Ech wëll mech awer par ailleurs net an dee Sträit tëschent e puer Fraktiounschefen amëschen. Mä der Regierung hir Meenung ass gefrot ginn a wann der Regierung hir Meenung gefrot gëtt, da seet d'Regierung hir Meenung gären.

D'Regierung schwätzt zu dësem wéi zu anere Sujetë wéi aus engem Mond. An duerfir ass dat, wat…

Une voix.- Et mierkt een et net ëmmer.

(Hilarité)

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt d'Ënnerbriechung. Fuert weider mat Ären Ausféierungen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Dat war e politesche Kommentar, Här President, deen natierlech géing zu villen Äntwerten Ulass ginn, mä ech bleiwen awer bei dëser Motioun. Ech géing gären der Chamber soen,…

(Interruptions)

…opgrond vun där Fro, déi den Här Grethen gestallt huet, datt mir net d'Schwieregkeete verkenne vun deem Exercice, deen hei gefrot gëtt. An dofir soen ech ganz kloer, datt ech hei net kann, an d'Regierung, dat huet d'Madame Jacobs och gesot, d'Engagement huelen, datt mir d'nächst Joer mat engem Budget kommen, deen, och nëmmen an Deelberäicher, dat heite géing applizéieren.

Dofir kann ech nëmmen nach eng Kéier confirméieren, wat d'Madame Jacobs am Numm vun der Regierung gesot huet, datt mir bereet sinn ze kucken an Deelberäicher vun der Politik, opgrond och vun den Erfahrungen am Ausland, a Pilotprojete mol versichen dat heiten ze applizéieren. Dat ass net nëmme schwiereg fir déi politesch Responsabel, mä virun allem fir déi Beamten, déi dat musse maachen. Dofir soen ech hei nach eng Kéier: Ech verkennen absolut net d'Schwieregkeeten. Ech hu laang Gespréicher mat der Finanzinspektioun doriwwer geféiert, déi do gréisste Schwieregkeete gesäit, dat ze maachen - dat wëll ech der Chamber och soen - an datt een duerfir, mengen ech, wat interessant wier, mol d'Experienz am Ausland kuckt.

Dee giele Budget vu Frankräich, d'Madame Jacobs huet proposéiert, datt vläicht deen een oder aneren Expert vum Ausland géing heihinner komme mat der Chamber schwätzen, mä selbstverständlech och mat deenen zoustännege Verwaltungen.

An dann hutt Der zum Schluss héiere vun der Ausso vun der Ministerin vun der Chancëgläichheet, datt et sech jo net nëmmen ëm Budgetspolitik bekëmmert, mä ëm d'Politiken, déi selbstverständlech och am Budget hire Reflet fannen. Et ass ënnert deene Limiten an ënnert dem Unerkenne vun deene Schwieregkeeten, wou d'Regierung kënnt mat dëser Motioun liewen, géing dann d'Chamber dës Motioun stëmmen. Mä dat läit ausschliesslech an den Hänn vun der Chamber.

Merci.

M. le Président.- Voilà. Domat denken ech…

(Interruption)

Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt nach ganz kuerz, well mer nach e puer Sekonnen iwwreg bleiwen, Stellung huelen zu deem wat de Budgetsminister gesot huet, well ech awer elo immens frou sinn, datt och de Budgetsminister Stellung geholl huet. Ech mengen, dass dat wichteg ass, och par rapport zu deem wat mir haut geschwat hunn, well et huet awer och en Deel mam Budget ze dinn.

Ech sinn absolut, a meng Fraktioun och, d'accord, dass et nach laang net einfach ass, datt et och schwéier wäert ginn, och fir d'Beamten. Esou dass do jo och e Processus vläicht vu Weiderbildung wäert noutwendeg sinn. Dofir steet dat och net esou an eiser Motioun. Ëmmerhin ass jo awer en Engagement do, och vum Budgetsminister, an dat begréisse mir.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Da si mer definitiv um Enn vun där Debatt ukomm.

Motion 1

Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

Da maache mir dat esou, wéi déi gréng Fraktioun dat freet.

Vote

D'Motioun 1 ass ugeholl, Madame Loschetter, mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Domadder ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour évacuéiert a mir kommen dann zu dem Projet 5171 iwwert d'Konte vum Joer 2002. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Castegnaro an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Lucien Clement, stellvertriedend fir den Här Norbert Haupert, deen haut de Mëtten net kann hei sinn. Här Clement.

7. 5171 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2002

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur, en remplacement de M. Norbert Haupert.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, eng Informatioun virewech. Den Här President hat et schonn ugedeit: Et ass net nëmmen dee Projet hei, wou den Norbert Haupert als Rapporteur virgesinn ass, mä och déi zwee nächst déi um Ordre du jour stinn, do ass den Norbert Haupert als Rapporteur virgesinn. Hie kann awer haut net hei sinn an deemno wäert ech en dann och an deenen nächsten zwou Kéieren esou gutt wéi méiglech vertrieden. Ech mengen et sinn och dem Norbert Haupert seng Texter, déi ech hei virbréngen. Dat wollt ech vir ewech gesot hunn, da brauch ech et net bei all Projet ze widderhuelen.

Elo zum Projet selwer. Den Exercice 2002 ass deen zweeten an deem de Budget komplett ënnert dem Régime vum neie Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Cour des Comptes, de Statsbudget, d'Kontabilitéit an d'Trésorie vum Stat ausgeféiert gouf. Dat heescht, datt all Recetten an all Dépensë vum Stat vum Contrôle financier op hir Konformitéit zum Budgetsgesetz an deem schonn erwähntene Gesetz vum 8. Juni 1999 kontrolléiert gi sinn.

D'Konte vum Exercice 2002, nodeems d'Regierung duerch d'Gesetz vum 6. Dezember 2004 en Deel vum Einnahmeniwwerschoss an d'Investitiounsfongen affektéiert hat, weisen op der Einnahmesäit 6.200.420.986,74 Euro aus, wat e Plus vun 223 Millioune par rapport zum Budget initial ausmécht. A Prozenter ausgedréckt sinn dat 3,7%.

Op der Säit vun den Dépensë fanne mer en Total vu 6.200.177.157,72 Euro, wat eng Mehrausgab par rapport zum Budget vun 201 Millioun Euro ausmécht. A Prozenter ausgedréckt sinn dat 3,3%.

Par rapport zu de Konte vun 2001 ass d'Progressioun vun den Dépensen 8,64%.

(Coups de cloche de la Présidence)

Den Exercice clôturéiert esou mat engem Boni vun 22.222.995,92 Euro, währenddeems de Budget en Defizit vu ronn 22 Milliounen Euro u sech virgesinn hat. Et sief nach bemierkt, datt iwwert d'Gesetz vum 6. Dezember 2004 59 Milliounen Euro an d'Investitiounsfongen affektéiert goufen, esou datt de Boni vum Exercice 2002 a Realitéit ëm dee Betrag vun 59 Millioune méi héich ass.

Mehreinnahme komme besonnesch vun de Plus-valuen op de Kierperschaftssteieren an der Vermëigenssteierung, plus 248 Milliounen Euro, an den Douanes et Accises, plus 73 Milliounen Euro, hier. Wat de Surplus vun den Dépensen ubelaangt, esou si schonns 23 Milliounen Euro op dräi Gesetzer zréckzeféieren, déi d'Chamber am Laf vum Joer 2002 gestëmmt huet: d'Gesetz iwwert den Dateschutz, d'Gesetz iwwert de Centre virtuel des connaissances de l'Europe an d'Gesetz iwwert d'Gehälterofkommes vun de Statsbeamten.

Déi aner Mehrausgabe si besonnesch op d'Uschafe vun Terrainen a Gebaier (ronn 65 Milliounen Euro) an den Transfert vu Revenuen un d'Sozialversécherungen (37 Milliounen Euro) zréckzeféieren.

D'Finanzkontrolleuren, déi an deenen eenzelne Ministèrë sëtzen, déi awer net deenen eenzelne Ressortministeren ënnerstallt sinn, sondern der Direktioun vum Contrôle financier, hunn 2002 am Ganzen 243.828 Operatioune vun der Regierung validéiert, dovunner 35.261 Engagementer an 208.567 Ordonnancen. A 744 Fäll hunn d'Kontrolleuren de Visa refuséiert géintiwwer 593 Fäll am Joer 2001. 6.200 Dossieren, déi net komplett waren, sinn un d'Départementer zréckgaangen.

D'Haaptursaachen, fir de Visa ze refuséieren, leien op den Engagementer, déi ex post geholl gi sinn, an och op dem Netanhale vun der Législatioun iwwert d'Frais de route oder der Législatioun vun den öffentlechen Ausschreiwungen.

Den Ausseministère an de Ministère vun den öffentleche Baute sinn am meeschte vun de Visae betraff. D'Ministeren hunn 2002 eng 57 Décisioune geholl fir iwwer e Refus vum Visa ewechzegoen, wat mir dann am Sproochgebrauch als «Décision de passer outre» nennen. Dovu betreffen der 32 Stéck d'Bezuele vu Gehälter vun de Statsbeamten a fënnef Stéck bezéie sech op Frais de route.

Wat d'Observatioune vum Contrôle financier vun der Direktioun vum Contrôle financier iwwert d'Verweigerung vun de Visaen ubelaangt, a wat d'Äntwerte vun de Ministèren doropshin sinn, verweisen ech op de schréftleche Rapport.

D'Kommissioun vun de Konten an der Kontroll vun der Exécution budgétaire stellt mat Zefriddenheet fest, datt d'Ministeren an deene meeschte Fäll de Refus vum Visa akzeptéieren an nëmmen an deene selteste Fäll eng Décisioun de passer outre geholl hunn. An deene Fäll, wou e Passer outre zustane komm ass, handelt et sech an de meeschte Fäll ëm d'Bezuele vu Fournisseuren oder d'Bezuele vu Gehälter. D'Comexbu ass awer der Meenung, datt d'Ministeren an Zukunft nach méi rigoréis mat de Visaverweigerungen ëmgoe missten.

An hirem Rapport zu de Statskonte vun 2002 huet d'Cour des Comptes sech méi speziell mat den Uschafunge vun informateschem Material an dem Bezuele vun de Statsgehälter beschäftegt. Wat d'Acquisitioune vu Matériel informatique ubelaangt, esou huet d'Cour an alle Ministèrë Stéchprouwe gemaach iwwert d'Legalitéit an d'Regularitéit vun deene verschiddenen Uschafunge vu Matériel informatique. Donieft huet si och d'Gestioun vun deem Material ënnert d'Lupp geholl.

D'Cour huet u sech keng wesentlech Feeler an deem Domän virfonnt, déi missten ernimmt ginn. Si huet just e puer méi oder manner grouss Anomalië festgestallt, op déi se och an hirem Rapport agaangen ass. Esou huet se zum Beispill 60 Ordinateurs de haute sécurité virfonnt, déi 2001 an 2002 fir d'Ambassade kaaft gi sinn, déi bis dato awer nach mol net ausgepaakt gi waren.

D'Ëmweltverwaltung verfügt engersäits iwwer keen Inventaire vun hirem informatesche Material an anerersäits huet se en Deel vun deem kaafte Material aus dem Joer 2002 nach net de Beamten zougestallt, mat dem Argument d'Konfiguratioun géif net de Besoinë vun der Verwaltung entspriechen. Och de Statslaboratoire vun der Santé féiert keen Inventaire.

D'Kommissioun deelt der Cour hir Bemierkunge mat zu deenen eenzelnen Anomalien an hält als Konklusioun fest, datt an Zukunft dat kaafte Material och misst a virun allem méi schnell a Betrib geholl ginn, an datt en eenheetlechen informatiséierten Inventaire an allen Départementer an all Administratioun misst agefouert ginn.

D'Comexbu ass och der Meenung, datt, wann et Sënn mécht, déi eenzel Ministèren hiert eegent vläicht méi spezifescht Material selwer akafen, an deem Fall een allerdéngs dann och d'Roll vum Centre Informatique de l'État sécherlech nei misst iwwerdenken.

Wat d'Bezuele vum Statspersonal ubelaangt, esou huet d'Cour en Echantillon vun 10% vun de Beamtepaien aus verschiddenen Départementer kontrolléiert. D'Cour huet leider misse feststellen, datt d'Kommunikatioun vun deenen eenzelne Ministèrë vun den Ënnerlage vun hire Beamten, déi fir d'Berechnung vun de Paien awer dringend noutwendeg sinn, allerdéngs staark ze wënschen iwwreg léisst.

De Ministère vun der Fonction publique weist dann drop hin, datt d'Prozedur fir esou eng Kommunikatioun haut nach zimlech komplizéiert ass. D'Comexbu ass der Meenung, datt d'Mise à jour vun de Statsbeamten hiren Daten awer regelméisseg misst ënner Opsiicht vun enger zentraler Unitéit geschéien, an encouragéiert och den zoustännege Minister vun der Fonction publique a sengen Effort-en, déi ganz Prozedur nozepréifen a gegebenefalls och ze revidéieren.

D'Cour weist op zwou strukturell Defizienten hin, déi um Ursprong vun deene ville Feeler sinn, déi beim Ausbezuele vun de Paië festzestelle sinn. Éischtens, den Ordonnateur vun de Paien, dee sech also vun der Legalitéit an der Regularitéit vun den Akte misst vergewësseren, ier hien d'Liquidatioun ordonnéiert, intervenéiert awer eréischt nodeems d'Trésorerie d'Gehälter schonns avancéiert huet.

Zweetens, d'Finanzkontrolldirektioun baséiert hir Kontrollen op den Donnéeën, déi se vun der Administration du Personnel de l'État geliwwert kritt; Donnéeën, déi awer net ëmmer, wéi scho virdrun ugeschwat, à jour sinn an eréischt spéider oder heiansdo och guer net redresséiert ginn.

D'Cour insistéiert, datt d'Finanzkontrollkommissioun de Contrôle vun de Statsbeamtepaien an de Grëff kréie misst. Dës Direktioun weist och drop hin, datt d'Verwaltung vum Statspersonal zesumme mam Ministère amgaangen ass e System vun enger informatescher Gestioun vun den Donnéeë vun den Ugestalltene beim Stat ze erstellen. E System, deen dann och u sech eng besser Kontroll erméigleche misst an och géif.

D'Comexbu begréisst déi Initiativ an insistéiert, datt bei der Erstellung vun deem Programm déi Leit vun der Cour och missten associéiert ginn, déi sech während Joren elo mat der Kontroll vun de Gehälter vun de Statsbeamten ofginn hunn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

De Statsrot huet en Avis zu deem Gesetzesprojet an och zu den Amendementer, déi d'Regierung opgrond vun der Attributioun vun de Plus-valuë gemaach huet, ofginn. Déi héich Kierperschaft weist eemol méi drop hin, datt d'Differenz tëschent den Zuelen aus dem Budget an den Zuelen aus de Konten ëmmer méi enk gëtt, wat engersäits u sech jo wierklech ze begréissen ass, well de Budget jo domat wesentlech méi no der Realitéit entsprécht, wat awer anerersäits d'Alimentatioun vun den Investitiounsfonge vu Joer zu Joer reduzéiert.

De Statsrot bedauert awer och, wéi déi Jore virdrun, datt de Gesetzesprojet iwwert d'Konte keng Ausso iwwert den ekonomesche Kontext mécht, an deem d'Exécutioun vum Budget sech ofgewéckelt huet. D'Comexbu bedauert och, datt d'Plus-valuen oder d'Moins-valuë vun de Statsrecetten oder -dépensen u sech nëmme chiffréiert sinn, awer keng wirtschaftlech Erklärungen zu deene verschiddenen Ofwäichunge geliwwert goufen.

D'Kommissioun huet de Projet an d'Amendementer opgrond vun

dem Rapport vun der Cour des Comptes an dem Avis vum Statsrot diskutéiert an de Rapport mat grousser Majoritéit ugeholl. Si schléit dofir och der Chamber vir, de Projet, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Dat gesot, Här President, soen ech all deenen, déi hei waren, Merci fir d'Nolauschteren…

(Interruption)

…a selbstverständlech ginn ech och den Accord vun der CSV zu dësem Projet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Als éischt Riednerin ass d'Madame Flesch ageschriwwen. Dir hutt d'Wuert, Madame Flesch.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischt dem Rapporteur Merci soen, dem Norbert Haupert, mä och dem Lucien Clement, dee jo haut dem Norbert Haupert säi Rapport virgedroen huet. Ech sinn och wäitgehend mam Rapporteur d'accord, bis op ee Punkt, op deen ech duerno nach wäert méi genee agoen.

Ech wëll och hei net répétéieren, wat alles scho geschriwwen a gesot ginn ass, mä ech wëll e puer Bemierkunge maachen. Déi éischt Bemierkung ass politescher Natur éischter wéi budgetstechnescher Natur. Entgéint de Befierchtungen, déi déi deemoleg Oppositioun à l'égard vum Budget 2002 un den Dag geluecht hat, schléisst de Kont 2002 mat engem Excédent de recettes of, genee wéi iwwregens all d'Konten aus der viregter Legislaturperiod.

Zweet Bemierkung, do schléissen ech mech deem u wat hei gesot ginn ass, mä ech mengen et ass wichteg, dass ee kuerz drop insistéiert, dat hei ass den zweeten Exercice, dee ganz ënnert déi nei Bestëmmunge fält vum Gesetz vun '99 iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes an dem Budget, der Kontabilitéit an der Trésorerie de l'État.

Wann een eng allgemeng Konklusioun zitt, da muss ee soen, dass d'Exekutioun vum Budget nach ëmmer net perfekt ass, mä näischt an dëser Welt ass perfekt. Ech mengen, wat erfreelech ass, an d'Cour des Comptes an d'Commission du Contrôle budgétaire soen dat och, et si Fortschrëtter ze verzeechnen, also si mer do um gudde Wee.

Mä, et sinn eng Partie Problemer, déi bleiwe bestoen Déi Problemer, dat sinn, wéi mer alleguerte wëssen, al bekannten. D'Ursaache fir d'Refus de visa si meeschtens d'Absence vun enger legaler Basis, d'Netrespektéiere vun der Législatioun vun de Marchés publics, d'Netrespektéiere vun der Législatioun iwwert d'Frais de route.

Ech félicitéiere mech iwwert d'Konklusioun vun onserer parlamentarescher Kommissioun, déi hei ënnersträicht, dass ganz oft, wann d'Ministërë vun der Direction du Contrôle financier op Problemer higewise ginn, iwwert de Wee vun engem Refus de visa, se dann higinn a sech deem fügen an de richtege Wee aschloen. Dat ass gutt, mä dat beweist ower och, dass et also méiglech ass korrekt ze handelen. Sou wär wuel ze hoffen, dass an Zukunft d'Ministërë méi Rigueur, vun Ufank un, un den Dag leeën a sech net dem Refus de visa vun der Direction du Contrôle financier exposéieren. Wann et duerno geet, da wär et jo natierlech och virdru scho gaangen.

D'Cour des Comptes huet, wéi de Rapporteur gesot huet, sech ganz besonnesch mat dem Problem vun der Informatik beschäftegt a mir fannen hei déi éiweg Debatt iwwert d'Acquisitioun an ech géing soen d'Utilisatioun vun der Informatik an de Betriber, an de Verwaltungen. Dat ass d'Debatt: Centralisatioun géint Décentralisatioun. A wann een d'Geschicht kuckt vun der Informatik an de Betriber an an de Verwaltungen, da gesäit een, dass de Pendel mol no där enger Säit schléit an dann erëm no där anerer Säit. An all d'Verwaltungen an all d'Betriber, déi ech kennen, sinn duerch déi verschidde Phasen hinan hiergaangen.

Perséinlech sinn ech der Meenung, dass d'Décentralisatioun besser gëeegent ass, fir de spezifesche Besoinë vun den Utilisateuren entgéintzekommen, an dass ee soll, also wéi d'Cour des Comptes et seet a wéi d'Kommissioun et och ënnerstrach huet, deem Rechnung droen, wuel verstane soll een awer och, an dat ass och eng Suggestioun vun der Cour des Comptes, net drop verzichten, en uniformen Inventaire vum Informatiksmaterial ze hunn, deen de Stat an all senge Servicer huet. Dann huet een d'Iwwersiicht, mä dat wëllt net soen, dass ee muss an een Zentralismus verfalen, fir d'Acquisitioun vun Informatiksmaterial.

Mir fannen och déi al bekannte Problemer erëm, bei der Rémunératioun vum Personal. Och hei wëll ech net an den Detail goen. Ech hale just fest, dass d'Cour des Comptes wahrscheinlech Recht huet, wa se seet, et misst een d'Moyens de contrôle vun den Ordonnateuren nei examinéieren an en d'Méiglechkeet ginn, sech där Responsabilitéit gerecht ze ginn, déi se laut Gesetz hunn. Mä ganz besonnesch soll de System vun der Gestioun vum Personal beim Stat verbessert ginn, d'Informatik soll hei ageféiert ginn. Ech weess, dass de Ministère de la Fonction publique amgaang ass sech domadder ze beschäftegen. Mer kréien elo en neien, wéi soll ech soen, en neit d'Wuert an onse Vokabulär eran, de SIGEP, dat ass den Numm vum System, dee soll d'Informatiséierung vun der Gestioun vum Personal vum Stat virhuelen.

Ech sinn also mat där Propositioun vun der Cour des Comptes a vun onser Kommissioun d'accord, dass een de Ministère de la Fonction publique soll encouragéieren do weider ze maachen. Mä hei kënnt deen ee Punkt, wou ech eng liicht Meenungsverschiddenheet hu mat onsem Rapporteur. Deen huet nämlech a sengem Rapport geschriwwen, et wär wënschenswäert, dass ee bei deene Viraarbechte fir den Informatiksystem vun der Gestioun vum Personal vum Stat ze definéieren, déi zwee Beamten aus der Cour des Comptes, déi mat deene Problemer am meeschten Erfahrung hunn, associéieren.

Menger Meenung no hätt esou eng Method d'Gefor, dass déi Leit aus der Cour des Comptes géinge „juge et partie" ginn, bei engem System, dee se mat concevéiert hunn. An ech géif mengen et wär fir hir Indépendance vill besser, wann ee se net géing froen, un deenen Aarbechte beim Stat deel ze huelen. D'Regierung kennt jo d'Positioun vun der Cour des Comptes. D'Regierung weess, où le bas blesse. Ech sinn der Meenung, dass d'Regierung sécherlech am Stand ass, déi Affär richteg duerchzezéien an de Suerge vun der Cour des Comptes Rechnung ze droen, ouni d'Cour des Comptes an d'Preparatioun vun deene Systemer mat eranzehuelen.

Ech si frou, wéi de Rapporteur a wéi och d'Kommissioun, kënne festzestellen, dass d'Zuel vun de Comptables extraordinaires erofgesat ginn ass, dat wor jo eng konstant Demande aus dësem Haus, d'Regierung huet deem Rechnung gedroen. Et bleift natierlech, dass d'Comptables extraordinaires a gewësse Fäll noutwendeg sinn. An aus Erfahrung weess ech, dass dat ganz besonnesch de Fall ass am Ministère des Affaires étrangères. Ech begréissen déi Suggestioune vun der Cour des Comptes, dass een och hei soll d'Informatik zu Hëllef zéien, fir déi Gestioun vun den eenzelne Comptables extraordinaires, déi an der Welt verspreet sinn, ze assuréieren, an dass ee soll déi Comptables extraordinaires behandele wéi Services de l'État à gestion séparée.

Schliesslech, Här President, si mir als Fraktioun mat dem Conseil d'État a mat onser Kommissioun hei d'accord, dass d'Analyse économique vun de Konten nach ze wënschen iwwreg léisst, a wann ech dat esou soen, dann ass dat en Understatement. An do bleiwen doudsécher nach Efforten ze maachen an ech wär frou, wann de Minister ons do kënnt soen, wéi hien an Zukunft déi Problematik gesäit. Dat gesot, Här President, wëll ech den Accord vun onser Fraktioun heimat abréngen, mir wäerten dee Projet de loi also stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Nächste Riedner ass den Här Castegnaro.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Rapporteur a sengem Vertrieder fir de schréftleche Rapport a fir déi mëndlech Ausführungen haut de Mëtten. Et ass eigentlech deem, wat do geschriwwen a gesot ginn ass, näischt méi bäizefügen, an ech wëll just och nach eng Kéier drop hiweisen, dass dat jo och ënner anerem op Basis vun engem gudde Rapport vun der Cour des Comptes dës Kéier gemaach konnt ginn, och mat de Kontrollen, déi vun där Säit aus do ausgefouert gi sinn.

Entspriechend wëll ech fir d'LSAP soen, dass technesch dat do alles ok ass. Duerch de Fait, dass d'LSAP an der Oppositioun war während där Zäit a keng direkt politesch Responsabilitéit gedroen huet, wäert d'LSAP sech beim Vote enthalen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci villmools. Nächsten a leschten agedroene Riedner, den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech wëll et och kuerz maachen. Dat Joer hei ass ofgeschloss, déi Debatten hei sinn ëmmer vill méi roueg, wéi wann een iwwert e Budget vun esou engem Joer schwätzt. Den Excédent ass verdeelt, insofern kënnt ee séier zur Dagesuerdnung iwwergoen.

Ech wëll awer, wéi och scho Virriedner hei, op ee Kapitel agoe vum gudde Rapport vun der Cour des Comptes, déi sech vill Méi gemaach hunn, an dat ass dat vun der Rémunération des agents de l'État. Wou mer festgestallt hunn, datt villes net esou funktionéiert wéi et sollt sinn. Wou mer mat grousem Bedauere feststellen, datt just an där komplizéierter Matière d'Informatik praktesch inexistent ass. Datt sech schrecklech schwéier gedoe gëtt, fir beim Contrôle Pièce ze communiquéieren. Wann ech hei kucken, e puer Remarquen, déi d'Cour des Comptes gemaach huet, ech däerf zitéieren: «forcé de constater que cette communication des pièces a été et continue d'être défaillante».

Ech froe mech, wa mer Gesetzer stëmmen, déi der Cour des Comptes Recht ginn, fir all d'Pièce unzefuerderen, sech communiquéieren ze loossen, fir de Contrôle kënnen auszeféieren, an dat gëtt einfach refuséiert, da muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi funktionéiert dat hei am Stat.

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Dee Saz hannendrun: «Pour preuve le Ministère de l'Environnement a cessé toutes communications des pièces depuis l'année 2001.» Als Konklusioun vun deem Kapitel «Communications défaillantes de pièces»: «En conclusion la Cour a dû constater qu'une grande partie des dossiers sélectionnés se sont avéré incomplets de sorte qu'un nombre considérable de documents justificatifs ont dû être réclamés auprès des départements ministériels concernés.»

D'Resultater vum Contrôle, do stellt ee fest, datt ganz vill Observatioune waren an datt déi respektiv Administratiounen oder Ministèrë relativ cool, géing een haut soen, domadder ëmginn. Bei de Fonctionnairë steet bei den Observatiounen: «À neuf observations de la Cour, aucune explication ou une explication peu claire a été donnée par le Ministère.»

Bei den Employés de l'État steet als Konklusioun: «Après l'examen contradictoire, quarante dossiers restent incomplets et soixante-quatorze pièces justificatives font toujours défaut.» Dat heescht, déi Kontroll konnt eigentlech net duerchgefouert ginn.

D'Cour des Comptes stellt och fest, datt zum Beispill och bei den Employés de l'État: «À quatorze observations de la Cour, aucune explication ou une explication peu claire a été donnée par le Ministère.»

Wann een dann de Résumé hëlt vun deem ganze Beräich, da stellt ee fest, datt nom Examen contradictoire 75 Dokumenter, déi 41 Beamte betreffen, ëmmer nach net communiquéiert si ginn, an datt 147 Dossieren am Ganzen 183 Iertëmmer presentéieren, wouvun der 56 vum Ministère contestéiert ginn. Si maachen emol eng Ventilatioun vun all deene Schwieregkeeten. Et géing ee sech op d'Allermannst wënschen, Här President, datt d'Ministèren an d'Administration du personnel de l'État an Zukunft e bësselche méi e Kollaboratiounsgeescht mat der Cour des Comptes, déi jo am Fong geholl de verlängerten Aarm vun der Chambre des Députés ass, géinge weisen.

Ech wollt zum Ofschloss nach eppes soen: An deem Échantillon, dee vun der Cour des Comptes ënnersicht ginn ass, ass den Enseignement net dra gewiescht, well si gemengt hunn, dat wär eng Carrière, déi relativ plane wär a wou d'Iertëmmer eigentlech net esou séier géinge virkommen. Mir hunn elo zënter kuerzem e Rapport spécial virleien, wou een Établissement scolaire méi genee ënnert d'Lupp geholl ginn ass a wou mer zu eiser grousser Iwwerraschung feststellen, datt eng Partie Modalitéiten, déi à la base vun der Berechnung vun de Gehälter vun den Enseignantë sinn, keng legal Basis hunn, wou e Reglement, wat am Gesetz vun 1980 virgesinn ass, net geholl ginn ass, a wou dann iergendwéi awer sou, wéi soll een dat nennen, eng Circulaire oder eng Décision administrative oder ministérielle, déi awer keng legal Valeur hunn, à la base vun deene Berechnunge sinn.

Do geet et zum Beispill ëm déi Koeffizienten, déi fir vill Gespréich op anere Plaze suergen, oder déi Affär vun de sou genannte Gaga-Stonnen, a wann ee kuckt an deem Rapport wéi vill déi Stonnen ausmaachen, wa vun 100 Stonnen, déi bezuelt ginn, der iergendwou an der Moyenne 60 nëmmen effektiv gehale ginn, an datt dat anert fiktiv Stonne sinn, déi dropgerechent ginn opgrond vun esou Usagen, deenen eng legal Basis feelt, da muss ech soen, dat betrëfft jo och dee Budget oder dee Kont, dee mer hei amgaange sinn ze diskutéieren. Da muss ech soen, da gëtt et héich Zäit, datt mer do awer eppes ënnerhuelen, fir d'Legalitéit hierzestellen, well hei geet et ëm ganz, ganz déck Chifferen.

Dat gesot, Här President, mir haten de Budget net gestëmmt, mir wäerten eis duerfir och bei dësem Kont enthalen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet nach d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Merci, Här President. Kuerz e puer Remarquen. Fir d'éischt e Merci och vun der Säit vun der Regierung un d'Chamber an insbesondere un déi schréftlech a mëndlech Rapporteuren, déi Häre Haupert a Clement. Zweetens, d'Satisfaktioun vun der Regierung, datt déi Konten an domat och d'Budgetsjoer mat engem groussen Excédent ofgeschloss hunn. Drëttens, d'Satisfaktioun vun der Regierung, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, opgrond vun deenen Améliorationen, déi duerch d'Kontabilitéitsgesetz vun 1999 entstane sinn, eis Délaie fir d'Transmissioun vun deenen Dokumenter un d'Parlament, déi definitiv Ofrechnung an d'Affektatioun vun de Plus-valuen an engem vill méi schnellen Délai ze maachen.

Et ass hei gesot ginn, näischt ass perfekt an näischt wäert och perfekt ginn. Et muss een awer hei feststellen, datt och d'Cour des Comptes d'Regierung lueft an der Fassong, wéi se besser déi Kontroll mécht a besser déi Konten ofschléisst. Duerfir wär ech frou, wann dës Konte kënnten hei d'Approbatioun vun der Chamber fannen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5171.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen an 19 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Ali Kaes), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par Mme Nancy Arendt), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Deem ass also esou.

Da komme mer un den nächste Projet um Ordre du jour vun haut, dat ass de Projet 5166 iwwert de Beruff vum Geometer. D'Wuert huet elo den Här Lucien Clement, stellvertriedend fir den Här Rapporteur Norbert Haupert. Här Clement, Dir hutt d'Wuert, wann ech gelift.

8. 5166 - Projet de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur, en remplacement de M. Norbert Haupert.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am Summer 2002 huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt, dat de Beruff vum Geometer a vum „Géomètre officiel" op der Basis vun enger Profession libérale reglementéiert huet.

Dëst Gesetz sollt haaptsächlech dozou bäidroe fir d'Retarden opzeschaffen, déi sech an der Kadasterverwaltung iwwer Joren accumuléiert hunn. Retarden, déi déi technesch Operatiounen an Etüden iwwert d'Grenze vu Grondstécker ubelaangen, wann dës Bemoossungen offiziellen Akten annexéiert gi mussen. Bis zu deem Datum waren d'Bemoossungen, déi den offiziellen Akten annexéiert hu misse ginn, nëmmen deenen offizielle Geometere vun der Kadasterverwaltung reservéiert.

D'Gesetz vum 25. Juli 2002 iwwert d'Libéralisatioun vun de Beruffer vum Geometer a vum offizielle Geometer schreift vir, datt den offizielle Geometer e Stage vun zwee Joer hei am Land maache muss, wouvun der sechs Méint an der Kadasterverwaltung ze absolvéiere sinn. D'Gesetz gesäit och nach vir, datt de Stage an der Verwaltung eréischt däerf entaméiert ginn no engem Joer Stage am Privatsecteur.

An der Praxis huet dës lescht Mesure awer zu zolitte Problemer gefouert. Problemer si sichtbar ginn, well u sech zu deem Zäitpunkt nach net genuch offiziell Geometer sech am Secteur privé etabléiert haten an esou och d'Plaze fir Stagiairen am Privatsecteur nach äußerst rar waren. Dofir gesäit dëse Projet elo vir, datt an Zukunft d'Kandidate fir de Beruff vum offizielle Geometer hire Stage gläich an der Verwaltung ufänke kënnen.

Des Weidere proposéiert de Projet, de Stagiairë fir déi Zäit vun hirem Stage an der Verwaltung eng Indemnitéit kënnen ze bezuelen. Dës Indemnitéit oder d'Héicht vun dëser Indemnitéit gëtt iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht.

D'Avisë vum Conseil d'État a vun de Beruffschambere vum Handwierk, vum Commerce, vum Travail a vun de Statsbeamte leien och vir. D'Chambre des Métiers, du Commerce a vum Travail hu keng wesentlech Bemierkung zum Projet ze maachen an hunn hiren Accord zu dësem Projet ginn.

De Statsrot an d'Statsbeamtekummer sinn e bësselche méi kritesch mam Projet ëmgaangen, besonnesch an dëser neier Mesure Problemer, déi sech kënnte bei der Verwaltung astellen, well se fäerten, d'Administratioun géif vun Demandë vu Stagiairen iwwerschwemmt ginn, besonnesch well jo och d'Demandë vu Kandidaten aus Länner aus der EU net kënne refuséiert ginn.

D'Verwaltung gesäit dat net esou, well déi Stagiairë kengesfalls eng Belaaschtung fir si duerstellen. Am Géigendeel, se kënnen no enger kuerzer Aféierung an d'Verwaltung schonns wäertvoll Aarbecht fir de Stat maachen, deemno géif dann och de Virschlag fir d'Bezuele vun enger Indemnitéit sech justifiéieren. Wohlwissend awer och, datt e Règlement grand-ducal vum 16. Abrëll 2003 besteet, deen d'Zuel vun de Stagiairë festleet an och limitéiert, esou datt d'Craintë vun ze ville Kandidaten, datt d'Berechtegung vun där Crainte geholl ginn ass.

D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet de Projet analyséiert an de Rapport ass vun der Kommissioun och unanime ugeholl ginn. Se schléit dofir och der Chamber vir, de Projet an där Form ze stëmmen, wéi en elo virläit, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Éischt Riednerin ass d'Madame Doerner. Dir hutt d'Wuert, Madame Doerner.

Discussion générale

Mme Christine Doerner *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Liberaliséierung vum Geometerstatut bréngt et mat sech, dass fir d'alleréischt en externe Geometer, wann en offiziell agrééiert ass, Vermiessunge ka virhuelen, awer och dass jonk Ingenieuren e Stage rémunéré bei der Kadasterverwaltung maache kënnen.

Dës zwou Dispositiounen erlaben eng optimal Kontinuitéit vun dëser wichteger Verwaltung, déi zesumme mam Hypothéikenamt eigentlech den État civil vun den Immobilien duerstellen. Mir wëssen, dass säit 1846 d'Kadasterverwaltung hei zu Lëtzebuerg mat grousser Prezisioun an Zouverléissegkeet d'Begrenzung an d'Beschreiwung vun eise Stied, Dierfer a Lännereien op Basis vu Pläng a Kaarte géréiert. Dem Kadaster seng Kompetenze si villsäiteg an erstrecke sech fir d'éischt dobaussen um Terrain bei all Wieder fir Vermoossungen ze maachen, Pläng ze zeechnen an ze mutéieren, an dat esou gutt fir d'Regierung, fir de Stat wéi fir d'Gemengen a fir de Particulier, kontradiktoresch mat de Parteie Grenze festzestellen an ze verhandelen, dem Stat ze hëllefe fir den Domaine public Terrainen opzekafen, a selbstverständlech och de klasseschen Departement vun der Topo- a Kartographie ze féieren.

Déi nei Beruffsstruktur vum Geometer an d'Méiglechkeet, d'Stagiairen auszebilden, bedeiten e Léisungsusaz fir déi accumuléiert Retarden, déi bei den Emprisen, haaptsächlech vun de Gemengen, fir déi, déi sech ugehauft hunn, opzeschaffen, déi selbstverständlech och entstane sinn duerch de massive Bau vun Autobunnen, vu Kilometere vu Stroossen a Contournementer a selbstverständlech och vu Lotissementer.

Duerch d'Schafung vun engem autonome Geometer huet d'Aarbecht vum amtleche Geometer op kee Fall ofgeholl, mä d'Aarbecht, seng Missiounen hu sech verlagert. Firwat? Well de fräischaffende Geometer, dat muss ee wëssen, sech uniquement ëm déi technesch Vermoossunge bekëmmert, säin Dossier an d'Kadasterverwaltung eragëtt, an den amtleche Geometer muss déi Vermoossunge kontrolléieren, validéieren a mutéieren.

Mä eng aner Säit vun der Erfollegsgeschicht vun eisem Kadaster sinn d'Erneierunge vun hirem Aarbechtsprozess an d'Aféierung vun engem dynameschen, vernetztenen neien Internetsite. Dat ass ugaangen 1997, wou den numériséierte Kadasterplang agefouert ginn ass. Dat huet mat sech bruecht, dass méi wéi 1.800 Planchen, dat wëllt soen, déi Plan-îloten, gescannt gi sinn an informatiséiert gi sinn. Dir wësst, dass dat d'Integralitéit vum ganze Lëtzebuerger Territoire duerstellt. Dat wëllt soen, domadder si méi wéi 680.000 Parzelle Land vum Support papier plan op d'Informatik transferéiert ginn.

An enger zweeter Etapp huet de Kadaster mat der Hëllef vun enger Ingenieursfirma d'Fichiers alphanumériques aktualiséiert. Déi ware leie bliwwen. Dat wëllt soen, d'Notärsakten, wat d'Propriétairen ubetrëfft, konnten net mat Zäiten, duerch déi vill Aarbecht, iwwerschriwwe ginn.

Op den heitegen Dag sinn 59 Gemengen aktualiséiert. An dat bedeit, dass bei dësen 59 Gemengen déi al a respektabel Traditioun, no där de Plang nach op der Hand à jour gesat ginn ass, an dat meeschtens bannent zwee Joer no der Vermoossung, dass déi Traditioun säit kuerzem ersat ginn ass duerch eng quasi instantanée Mutatiounsprozedur. Dat heescht, wann elo eng Parzell vermooss ass, da kritt si direkt vum amtleche Geometer eng spezifesch Kadasternummer, och wann et nach net aktéiert ginn ass; dat wëllt soen, och wann net den neie Propriétaire en Akt ënnerschriwwen hätt.

Do kann een doraus schléissen, dass hei eng Erliichterung kënnt, wat déi leidlech Prescriptioun ubetrëfft, vun de Geometer a Kadasterpläng, wat d'Emprisen haaptsächlech vun de Gemengen ubetrëfft.

Schlussendlech huet d'Direktioun vum Kadaster, zesumme mat hire jonken Ingenieuren, eng revolutionär vernetzte Publicité foncière ausgeschafft. Duerch e Flux informatique, dee besteet zwëschent dem Enregistrement op där enger Säit, dem Kadaster op där anerer Säit, an an der Mëtt d'Notärsetüd, selbstverständlech mat der Hëllef vum Centre Informatique de l'État, kann d'Dokumentatioun vun de Rechtsverhältnisser vun enger Parzell Land, ob se bebaut ass oder net, direkt à jour gesat ginn.

Dat wëllt soen, den Notär iwwermëttelt seng Daten dem Kadaster; dat wëllt soen, seng Daten aus engem Notärsakt, ob dat e Verkaf ass, eng Deelung, eng Schenkung, ginn direkt dem Kadaster vermëttelt, dee späichert se elektronesch an domadder gëtt direkt eng Mise à jour net nëmme vun der Parzell, mä och vun der Publicité foncière gemaach. Dat wëllt soen, ech kann elo um Schierm nokucken, net nëmme wellech Kadasternummer et ass, mä och wat d'Lag, d'Gréisst, d'Classe cadastrale, d'Grenzen, d'Provenance, den Historique ass, a selbstverständlech och mat de Personalien an der Matricule vum Propriétaire.

Mä och d'Technik vun der Kadastervermoossung huet sech qualitativ verbessert. Déi topographesch Kaarte wäerten an Zukunft duerch e GPS-Vermoossungssystem berechent ginn. Wat schonns de Fall ass beim Office de Remembrement, déi, wat d'Felderzusammenlegung ubetrëfft, schonn dee System hunn. Heimadder, wësse mer, gëtt eng extrem prezis a séier Vermoossung méiglech. Mir wëssen, dass dëse GPS-System an den 80er Joren développéiert ginn ass vum amerikaneschen Defense Department.

An da kommen ech zur Konklusioun: Mir stelle fest, dass d'Kadasterverwaltung mat hirem innovativen technesche Geescht, technologesche Geescht, sech dem Informatiounszäitalter ugepasst huet. Dat wëllt soen, si huet e Kadaster

ausgeschafft, deen zur Zefriddenheet zum eGovernment steet. Dat wëllt soen, de Kadaster ass méi no dem Bierger komm an de Bierger méi no dem Kadaster, an domadder geet déi optimal Kontinuitéit vun dëser wichteger Verwaltung fir eis all weider.

Merci.

M. Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Doerner, dat war ganz interessant. Nächste Riedner ass den Här Charles Goerens.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, mir hunn elo genuch Argumenter héieren, firwat datt mer fir dee Projet de loi do kënne stëmmen, dofir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

M. Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, oder de Rapporteuren, Merci soe fir hiren excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport am Numm vun eiser Fraktioun.

Wéi d'Gesetz, dat mir haut amendéieren, virun dräi Joer zur Debatt stoung, hat eis Fraktioun deemools ferme Bedenken zum Ausdrock bruecht iwwert déi reell Avantagen, déi eng Libéralisatioun, beziehungsweis eng Privatisatioun an dësem Beräich géing bréngen. Ceci étant dit, d'Gesetz vum 25. Juli 2002 ass nun eemol do a mir mussen dat Bescht doraus maachen. A wann d'Besoinen nach ëmmer déiselwecht sinn, notamment wat d'Délais d'évacuation vun den Dossierë betrëfft, musse mir elo kucken alles an d'Weeër ze leede fir schnellstméiglech eng genügend héich Unzuel vu Geometeren auszebilden an domadder d'Administratioun bei der Ausféierung vun hire Missiounen ze ënnerstëtzen.

Wat de Problem vun der Unzuel vun de Stagiairë betrëfft, dee souwuel vun der Chambre des Fonctionnaires wéi och vum Statsrot ënnerstrach ginn ass, huet d'Kommissioun schonn drop higewisen, dass eng Limitation express net néideg ass, vu datt de Règlement grand-ducal vum 16. Abrëll 2003 d'Zuel vun de Geometeren, déi an enger Sessioun zoulässeg sinn, festleet. Wat d'Rémunératioun ubelaangt, si mir och der Meenung, dass eng Indemnisatioun appropriéiert ass. Natierlech muss se awer och esou festgeluecht ginn, datt de Privatsecteur net konkurrenzéiert gëtt.

Domadder ginn ech den Accord zu dësem Projet am Numm vun eiser Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Elo ass et nach um Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur an der Madame Doerner Merci soe fir déi gutt Explikatiounen, déi si eis iwwert déi ganz Geschicht an Entwécklung hei ginn hunn.

Ech mengen, mir waren och deemools mat deem Projet averstanen, wéi mer am Fong de Beruff vum Geometer liberaliséiert hunn. Mir hunn haut déi fräischaffend Geometeren an déi amtlech Geometeren, a villes ass an der Zwëschenzäit och an där Richtung geschitt. Dëse Projet fënnt selbstverständlech eis Zoustëmmung, a mir wiere selbstverständlech och frou, wann dat Ganzt géif dozou bäidroen, datt mer déi Retarden, déi trotzdeem nach bestinn, kéinte lues a lues opschaffen.

Mir wieren och frou, wa mer vläicht nach e bësse méi Transparenz an d'Verwaltung géifen erakréien, well een dach awer ëmmer nach d'Gefill huet, datt d'Gemengen zum Beispill, wa se Demandë maachen, méi lues beaarbecht ginn an ënnert de Koup kommen, fir ausmoossen ze kommen, wéi wann dat zum Beispill Privatpromoteuren oder aner Leit sinn, déi hir Terrainë gären ausgemooss hätten. Dofir wiere mer frou, wann do e bësse méi Transparenz géif drakommen.

Wat d'Madame Doerner gesot huet vun där neier Moossnam, duerch déi alles informatiséiert ginn ass, begréisse mir; doduerjer mengen ech ass och e gudde Fortschrëtt gemaach ginn. Do ass et och de Gemengen an Zukunft méiglech, wa si sech selwer déi Méiglechkeeten an de Gemengen, wat d'Informatik ubelaangt, ginn, och an Zukunft den direkten Zougréff kënnen op dee System ze kréien, wat mengen ech och eng gutt Moossnam ass. Dofir, wéi gesot, mir hunn an deem heiten Domän an där Verwaltung vill Guddes geschafft an deene leschte Joren. Dofir ass et och selbstverständlech, datt mer d'Zoustëmmung zu dësem Projet wäerte bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Elo huet nach d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech sinn erstaunt, datt eng Verwaltung an d'Efforten, déi mer gemaach hunn, fir déi Problemer ze léisen, hei esou e Secours kritt. Ech soen am Numm vun all deenen, déi do schaffen, selbstverständlech Merci.

Mir haten a mir hunn nach ëmmer Retardë bei der Iwwerschreiwung vun den Notärsakten. Virun dräi Joer hate mer ronn 130.000 Akten, déi nach net iwwerschriwwe waren. Ech hunn doropperhin d'Décisioun geholl, fir ënnert der Kontroll vum Kadaster een Deel vun der Aarbecht vun deem Opschaffe vun deem Retard ze sous-traitéieren un Experten, déi eis dobäi gehollef hunn, niewent dem Effort an der Informatisatioun. Ech hunn elo d'Hoffnung, datt mer bis Enn des Joers vun dësem Joer all déi Retardë bei der Iwwerschreiwung vun den Notärsakten opgeholl hunn. Mir si gutt bäikomm. Wéi gesot, et bleiwen nach e bësse Retarden an e puer Problemer. Mä wéi gesot, ech hunn d'Hoffnung, datt mer bis Enn des Joers déi Retarden opgeholl hunn.

Och bei de Mesuragen, also bei der Grenzvermoossung, mengen ech och kënnt dat heiten hëllefen. Esou datt mer och do Problemer, déi mer nach hunn, léise wäerten. Ech mengen, Problemer soll een net verkennen, an op der richteger Schinn sinn. Dofir kënnen déi Moossnamen, déi mer hei haut hunn, déi complémentaire sinn zu deenen, déi mer an der Vergaangenheet hunn, déi hei in extenso esouwuel vum Rapporteur, dem Här Clement, wéi vun aneren Orateurë gesot gi sinn, dozou bäidroen, datt dëse wichtege Betrib, deen awer mat ganz ville Leit effektiv ze doen huet, déi Erwaardunge kann erfëllen, déi e muss.

Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5166.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5166 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Ali Kaes), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen (par M. Marcel Sauber), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir gi weider an eisem Ordre du jour vun haut a mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5306 iwwert d'Assurancëprimen, an och do hu mer den Här Lucien Clement stellvertriedend fir den Här Rapporteur Norbert Haupert. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

9. 5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur, en remplacement de M. Norbert Haupert.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Bekämpfung vun der internationaler Steierhannerzéiung sinn an der Vergaangenheet eng Rei Direktive geholl ginn iwwert déi géigesäiteg Ënnerstëtzung vun de kompetenten Administratiounen an deenen eenzelne Länner vun der EU.

Et geet hei, Här President, esouwuel ëm déi indirekt wéi och ëm déi direkt Steieren. Dës Direktive si selbstverständlech och an déi national Gesetzer ëmgesat ginn. Esou hu mer zwee Gesetzer, déi dës administrativ Assistance virgesinn: d'Gesetz vum 15. Mee 1979 iwwert d'Ënnerstëtzung a Saache vun den direkte Steieren an d'Gesetz vum 4. Juni 1981 iwwert d'Assistance a Saache vun der TVA. Dës zwee Gesetzer decken eng eenzeg Direktiv of, an zwar d'Direktiv 77/799/CEE, déi duerch d'Direktiv 79/1070/CEE komplettéiert gouf.

De 7. Oktober 2003 huet de Conseil vun der Europäescher Unioun e Reglement geholl, dat déi administrativ Kooperatioun tëschent de Länner am Domän vun der TVA nach verstäerkt. Duerch dëst Reglement, wat direkt an alle Länner applikabel war, huet d'Gesetz vum 4. Juni 1981 u sech keng Daseinsberechtegung méi. Parallell dozou huet de Conseil eng Direktiv adoptéiert, déi d'Assistance vun deene jeeweilege Verwaltungen, déi an der Direktiv vun 1977 virgesinn ass, op de Recouvrement vun Taxen op de Versécherungsprimen ausdehnt.

Den Objet vum Projet 5306 ass deen, fir déi Direktiv an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmzesetzen. D'Regierung hat do en Text proposéiert, dee sech wäitgehendst un déi bestehend Gesetzer, wat déi administrativ Assistance ubelaangt, ugelehnt huet. Si hat och virgesinn, datt d'Gesetz u sech scho sollt den 1. Januar 2004 a Kraaft trieden.

De Statsrot huet awer a sengem Avis gemengt, datt déi nei Direktiv u sech näischt anescht géif verlaangen, wéi dat bestehend Gesetz iwwert d'administrativ Ënnerstëtzung a Saachen TVA ze abrogéieren an en neien Dispositif légal, deen d'Assistance vum Recouvrement vun den Taxen op de Versécherungsprime mat virgesäit, aplaz ze setzen.

Ausserdeem huet de Statsrot eng formell Oppositioun gemaach, wat d'Retroaktivitéit vum Gesetz op den 1. Januar 2004 ubelaangt. De Conseil d'État huet dunn en neien Text proposéiert, deem d'Finanz- an d'Budgetskommissioun sech no Récksprooch mat der Regierung uschléisse konnt. Déi eenzel Chambere vun der Agrikultur, vum Travail, vun de Statsbeamten, vum Commerce a vum Handwierk hunn ebenfalls hiren Accord zu dësem Projet ginn.

D'Kommissioun huet de Rapport zu dësem Projet an hire Sëtzunge vum 24. Februar 2005 analyséiert an och unanime ugeholl. Si schléit der Chamber dofir vir den Text, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech wëll dann nach zum Schluss den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Ageschriwwen ass den Här Charles Goerens.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP)*.- Ech wëll nëmme just soen, datt och meng Fraktioun dee Projet do stëmmt.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Nach ageschriwwen ass den Här Negri. Dir hutt d'Wuert, Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur nach eng Kéier och Merci soe fir den excellentë schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Gesetzesprojet situéiert sech am Kader vun der administrativer Kooperatioun zwëschent den EU-Memberstaten am Beräich vun den direkten an indirekte Steieren; eng Kooperatioun, déi schonn am Dezember 1977 am Kader vun deene sou genannte 77/779/CEE-Direktiven instituéiert ginn ass. Am Artikel 1 gëtt dës Assistance administrative fir d'Taxen op d'Assuranceprimen agefouert an domadder déi europäesch Direktiv vum 7. Oktober 2003, déi d'Ausweitung vun der administrativer Kooperatioun am Beräich vun den direkten an indirekte Steiere virgesäit, an nationaalt Recht ëmtransposéiert.

Den Artikel 2 vum Projet, deen Iech hei virläit, beschränkt sech dorop déi zwee Gesetzer ze abrogéieren, déi bis elo d'Assistance an d'Coopération administrative am Beräich vun der TVA réglementéiert hunn, an zwar d'Gesetz vum 4. Juni 1981 an dat vum 23. Dezember 1992. Dës Gesetzgebung ass also net méi néideg, vu datt d'Coopération en matière de TVA am europäesche Reglement 1798 vum 7. Oktober 2003 festgeluecht ginn ass an datt esou e Reglement net transposéiert muss ginn, mä direkt an all sengen Elementer um nationalen Niveau applizéiert ka ginn.

Domadder ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet a soen Iech Merci.

M. Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Elo huet eis Regierung d'Wuert. Här Minister, mir haten Iech bal verluer. Mä huet d'Regierung näischt méi dozou ze soen?

(Négation)

Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5306.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Ali Kaes), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Charles Goerens);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen un den nächste Projet de loi vun haut. Dat ass de Projet 5298 iwwert d'Régimes douaniers. De Rapporteur vun dësem Projet ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

10. 5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Douaneskontrollen an -tariffer spillen haut eng eminent wichteg Roll am internationalen Handel an duerfir

bleiwen och verschidden Douanesregimer net ouni Incidence op d'Kompetitivitéit vun deene verschiddenen Acteuren.

D'Konventioun vu Kyoto hat als Objektiv d'Harmoniséierung an d'Vereinfachung vun den Douanesprozeduren an dës Konventioun ass de 25. September 1974 a Kraaft getrueden. Duerno ass et no enger laanger Viraarbecht vu véier Joer zu enger Iwwerschaffung vun dëser Konventioun komm, déi sech erëmfonnt huet an enger neier Konventioun vun 1999 vu Bréissel.

Firwat ass dës nei Konventioun noutwendeg ginn? Éischtens, well et ëmmer zu méi engem grousse Wuesstum an den internationalen Transportbewegunge komm ass. Zweetens, well et och wichteg gëtt, eng Verbesserung vun de Kontrolltechniken am Douanesberäich ze erlaangen. Dann drëttens och fir d'Evolutioun vun den Informatiounstechnologien an dës Prozeduren anzebauen, a véiertens, well och dat kommerziellt Ëmfeld sech ëmmer méi verschäerft huet.

Haut solle mer also duerch dat Gesetz déi Konventioun vun 1999 approuvéieren. Dës Konventioun begräift eng Annexe générale an e puer Annexes particulières. Déi grouss Prinzipien, déi an der Annexe générale festgeschriwwe sinn, gesi vir: éischtens eng Vereinfachung an eng Harmoniséierung vun den Douanesregimer, dann eng konstant Verbesserung vun de Kontrolltechniken, e maximale Réckgrëff op d'Informatiounstechnologien a schlussendlech e Partenariat zwëschent den Douanen an den Entreprisen, deen nach soll weider verbessert ginn.

Vun deenen Annexes particulières sinn der zwou obligatoresch an eng ass fakultativ. De Statsrot hat do a sengem Avis e Problem, well en der Meenung war, et wär net kloer genuch am Text preziséiert, datt déi Appendice, déi nëmme fakultativ wär, och fakultativ an eisem Projet de loi géif bleiwen. Déi zoustänneg Finanzkommissioun huet dës Reserv mat ugeholl. Mir hunn den Text dorobberhin amendéiert. Par ailleurs hat de Statsrot kee Problem mat deem Text.

Ech géif lech och bieden, Är Zoustëmmung ze ginn, a meng Fraktioun wäert och heizou hir Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Den Här Goerens an den Här Negri. Här Goerens!

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, och meng Fraktioun kann den Accord ginn zu dësem Projet de loi.

(Coups de cloche de la Présidence)

Dat ëmsou méi wéi d'Chambres professionnelles alleguer unanimement d'accord sinn domadder an och well de Bedenke vum Statsrot konnt Rechnung gedroe ginn an dorobberhin déi lescht Obstaclen aus der Welt geschafe gi sinn. Duerfir fanne mer keen Obstacle méi fir eise Jo zu dësem Projet de loi ze manifestéieren.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Här Negri, wann ech gelift.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säin excellent schréftlechen a mëndleche Rapport. Wéi elo grad hei erkläert ginn ass, geet et bei dësem Protocole d'amendement dodrëms, der Evolutioun vun den Zollprozeduren a vun de Verzollungsmodalitéiten, déi am Kader vum Welthandel applizéiert ginn, Rechnung ze droen. De Protokoll soll also letztendlech zur Vereinfachung vun deenen Echangë bäidroen, déi d'Welthandelsorganisatioun OMC viséiert.

Et kann een nach just ganz kuerz drop hiweisen, datt de Projet a sengem Artikel 2 et der Regierung erlaabt, sech net un d'Dispositioune vun der Appendice 3, annexe spécifique, ze halen, well d'Dispositioune vun dësem drëtten Deel an der Décisioun vum Conseil net mat abegraff sinn, beziehungsweis net am Journal officiel publizéiert gi sinn.

Domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. D'Regierung.

(Interruption)

Da kënne mer doriwwer ewechgoen.

Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5298.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Ali Kaes), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Clement), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Thiel et Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Deem ass esou décidéiert.

11. Ordre du jour

Ech wollt lech nach matdeelen den Ordre du jour fir déi nächst Sëtzung. Déi ass den 12. Abrëll an do stinn um Ordre du jour de Projet de loi iwwert d'Fiscalité sur les PAN, nom Modell 2, an de Projet de loi iwwert de Referendum vum 10. Juli, nom Modell 1.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert an d'Sëtzung ass elo opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.50 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 258

Ordre du jour page 258

Intervention de M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative page 258

Débat de consultation sur la mission de l'école luxembourgeoise et le renforcement de ses moyens d'action (PISA) pages 258-272

5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution pages 272-273

Demandes en naturalisation page 273

Communications page 274

5450 - Proposition de loi de M. Aly Jaerling ayant pour objet de modifier la loi du 27 juillet 1993 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché ainsi que l'action sociale en faveur des étrangers page 274

Composition des commissions parlementaires page 274

Ordre du jour pages 274-275

Dépôt d'une résolution page 275

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°23 du 21 mars 2005 de Monsieur Fernand Diederich relative aux infrastructures scolaires, adressée au Ministre des Travaux publics pages 275-276

- Question N°24 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'Université de Luxembourg, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche page 276

- Question N°25 du 21 mars 2005 de Monsieur Ben Fayot relative aux rotondes de Bonnevoie, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche page 276

- Question N°26 du 21 mars 2005 de Monsieur Camille Gira relative au plan d'intervention d'urgence en cas de pollution de l'eau potable, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 276-277

- Question N°27 du 21 mars 2005 de Madame Vera Spautz relative au «gender mainstreaming» dans les ministères de l'État, adressée au Ministre de l'Égalité des chances page 277

- Question N°28 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'introduction d'une interdiction de fumer dans les restaurants, adressée au Ministre de la Santé pages 277-278

- Question N°29 du 21 mars 2005 de Monsieur Roland Schreiner relative aux négociations salariales dans le secteur public, ainsi que sur la révision des salaires, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative page 278

- Question N°30 du 22 mars 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'action de sauvetage de la CEPAL, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural pages 278-279

- Question N°31 du 21 mars 2005 de Monsieur John Castegnaro relative au remboursement des analyses médicales, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 279

- Question N°32 du 22 mars 2005 de Monsieur Jacques-Yves Henckes relative à la politique d'aménagement du Territoire, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 279

5387 - Projet de loi modifiant la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé „centre hospitalier neuropsychiatrique" pages 279-283

5379 - Projet de loi modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides pages 283-286

Dépôt de deux projets de loi page 286

Ordre du jour page 286

Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage pages 286-288

Heure d'actualité demandée par le groupe ADR concernant l'interprétation et l'application pratique de l'article 17 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles pages 288-291

Question parlementaire N°212 de M. Xavier Bettel relative aux mesures de sécurité au Centre pénitentiaire page 291

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c.-à-d. l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre pages 291-295

5171 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2002 pages 295-297

5166 - Projet de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales pages 297-298

5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance page 298

5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999 page 298

Ordre du jour pages 298-299

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Chamber TV

zu Esch
um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng
um Kanal S 29

zu Diddeleng
um Kanal S 32

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 7 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
2738	M. Gast Gibéryen	Mise en demeure sur la nationalité luxembourgeoise
0232 cf. 0204	Mme Nancy Arendt	Introduction d'un congé extraordinaire au bénéfice des personnes souhaitant faire une déclaration de partenariat
0233	M. Jean-Pierre Koepp	Envasement de deux bassins de rétention à Esch-sur-Sûre
0234	M. Gast Gibéryen	Composition de l'allocation de fin d'année
0237	M. Marcel Oberweis	Transposition de la directive européenne sur la performance énergétique des bâtiments
0239	M. Fernand Diederich	Orientation des personnes handicapées vers le marché de travail ordinaire ou vers les ateliers protégés
0243	Mme Claudia Dall'Agnol	Aide financière de l'État pour études supérieures
0244	M. Marc Spautz	CR 112 reliant les localités de Septfontaines et de Greisch
0246 cf. 0155	M. Roger Negri	Construction de l'École européenne Luxembourg II
0249	Mme Marie-Josée Frank	Dossier médical en cas d'hospitalisation
0250	M. Claude Adam	Offre de formation continue (SCRIPT)
0252	M. Aly Jaerling	Recherche de la paternité
0253	M. Gast Gibéryen	Exercice des fonctions du Grand-Duc
0254	M. Marcel Oberweis	Centrale Turbine-Gaz-Vapeur (TGV) à Esch-sur-Alzette
0257	M. Xavier Bettel	Instauration d'une taxe sur le kérosène
0258	M. Ben Fayot	Octroi du forfait d'éducation par le Fonds national de Solidarité
0259	M. Robert Mehlen	Blocage de la délivrance des autorisations de construire
0262	M. Marc Spautz	Gratuité du transport public
0264	Mme Claudia Dall'Agnol	Transformation du bâtiment "Schuman" pour les besoins de la Bibliothèque nationale
0265	M. Robert Mehlen	Défibrillateurs
0266	M. Emile Calmes	Relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (Centres intégrés)
0267	M. Xavier Bettel	Consultations des épreuves d'examen de fin d'études secondaires
0268	M. Marcel Oberweis	Guide pour la protection de la nature et de l'environnement au niveau communal
0269	M. Aly Jaerling	Crématoire à Hamm
0270	M. Aly Jaerling	Préretraite ajustement (Convention entre le Ministère et Arcelor)
0271	M. Laurent Mosar	Énergie éolienne
0272 urgente	M. Aly Jaerling	Constatation d'un cas de méningite au Lycée technique Mathias Adam
0275	Mme Viviane Loschetter	49e session de la Commission de la condition de la femme de l'ONU (CCFNU)
0276	M. Carlo Wagner	Coopération transfrontalière en matière d'infractions au Code de la route
0278	M. Emile Calmes	Autorisations pour l'installation d'antennes
0281	M. Jacques-Yves Henckes	Hydroélectricité
0284	M. Jacques-Yves Henckes	Protection de l'environnement
0285	M. Jacques-Yves Henckes	Directive européenne sur les émissions de particules de suie et de plomb
0287	M. Emile Calmes	Décharges pour déchets inertes
0292	M. Jacques-Yves Henckes	Accises sur le kérosène
0298	M. Carlo Wagner	Interdiction de fumer dans les restaurants
0299	Mme Lydia Mutsch	Pandémie

Question 2738 (12.5.2004) de M. Gast Gibéryen *(ADR)* concernant la mise en demeure sur la nationalité luxembourgeoise:

Duerch déi grouss Zuel vun auslännesche Matbierger an eisem Land kënnt et ëmmer méi oft zu der Situatioun, datt Kanner mat nëmmen engem lëtzebuergeschen Elterendeel hei op d'Welt kommen. Well et zu Lëtzebuerg net de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit gëtt, mussen dës Kanner sech dann no hirer Volljähregkeet am Prinzip fir eng vun deenen zwou Nationalitéiten entscheeden. An der Praxis schéngt et awer hei zu Lëtzebuerg esou ze sinn, datt Jonker, déi an esou enger Situatioun sinn, net vum lëtzebuergesche Stat opgefuerdert ginn, sech no hirer Volljähregkeet fir eng Nationalitéit ze entscheeden. Och wann dat un der juristescher Situatioun u sech naischt ännert, werft et dach awer d'Fro op, firwat hei, wéi vum Gesetz gefuerdert, eng Situatioun mat zwou oder méi Nationalitéiten net definitiv gekläert gëtt.

Am Artikel 25-7° vum Gesetz vum 22. Februar 1968 «sur la nationalité luxembourgeoise» gëtt preziséiert, datt «Perd la qualité de Luxembourgeois…, le Luxembourgeois..., ou qui, nonobstant une mise en demeure à lui adressée par le Ministre de la Justice, n'a pas dans un délai de deux ans à partir de cette mise en demeure renoncé à la nationalité étrangère, ...».

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kënnt de Stat senger gesetzlecher Verflichtung no, deene Betraffenen nom Erreeche vun hirer Volljähregkeet eng «mise en demeure» zoukommen ze lossen, fir dës Persounen opzefuerderen, sech fir eng Nationalitéit ze entscheeden?
2) Wann neen, kéint den Här Minister mer erklären, wat déi genee Grënn fir d'Netanhale vun dëser gesetzlecher Bestëmmung sinn?
3) Wéi vill «mises en demeure» konform zum Gesetz iwwert déi lëtzebuergesch Nationalitéit vum 22. Februar 1968 sinn an de leschten zéng Joer erausgeschéckt ginn a wéi hunn déi Betraffe sech an deene Fäll entscheed?

Réponse (11.3.2005) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

Une personne qui a deux nationalités de par sa naissance (cas des enfants qui ont deux parents de nationalité différente et dont les deux lois nationales prévoient que la nationalité de l'un des parents devient automatiquement celle de l'enfant) garde, en droit luxembourgeois, ces deux nationalités d'origine.

L'article ne vise pas l'hypothèse citée par l'honorable Député des doubles nationaux d'origine. Ces double nationaux restent Luxembourgeois. Aucune mise en demeure ne leur est envoyée.

Cet article vise essentiellement la situation selon lequel un étranger peut devenir Luxembourgeois par option ou naturalisation sans apporter la preuve de la perte de sa nationalité d'origine lorsque sa loi nationale ne permet la perte qu'après l'acquisition de la nationalité nouvelle.

Q 58

Question 0204 (3.12.2004) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant l'adaptation du statut général des fonctionnaires:

La loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État prévoit dans son article 31-2 modifié que «peuvent bénéficier d'un congé sans traitement ou d'un congé pour travail à mi-temps (…) soit le fonctionnaire de sexe féminin, soit le fonctionnaire de sexe masculin dont le conjoint a bénéficié d'un congé de maternité, d'un congé d'accueil (…).»

Or, il résulte du commentaire des articles de la loi susmentionnée que le terme de conjoint vise les seules personnes mariées.

- À l'instar de la nouvelle loi relative aux effets légaux de certains partenariats et en considération de l'existence d'autres formes de partenariat que le mariage traditionnel, est-ce que Monsieur le Ministre n'estime pas opportun d'adapter le statut des fonctionnaires en ce sens?
- Dans l'affirmative, est-ce qu'un projet de loi devrait être déposé ou est-ce qu'une interprétation différente, respectivement plus large du terme «conjoint» suffira pour accorder les congés sans traitement et à mi-temps aux fonctionnaires de l'État?

Question 0232 (4.1.2005) de Mme Nancy Arendt *(CSV)* concernant l'introduction d'un congé extraordinaire au bénéfice des personnes souhaitant faire une déclaration de partenariat:

La loi précitée du 9 juillet 2004 impose aux personnes désireuses de déclarer leur partenariat de se présenter personnellement devant l'officier de l'état civil de la commune du lieu de leur domicile ou de leur résidence commun qui recevra cette déclaration. La loi ne prévoit cependant aucune disposition relative à un éventuel congé extraordinaire à accorder aux partenaires qui occupent une activité rémunérée afin qu'ils accomplissent les différentes démarches liées à la déclaration de partenariat.

Dans ce contexte j'aurais aimé savoir de Monsieur le Ministre de la Justice:

- Si le Gouvernement entend modifier la législation en introduisant un congé extraordinaire, ne serait-ce que d'un seul jour, au bénéfice des salariés de droit privé et des fonctionnaires ou employés publics qui souhaitent faire une déclaration de partenariat?

Réponse commune (20.1.2005) de M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*, de M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi* et de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

La nouvelle loi sur le partenariat est entrée en vigueur le 1er novembre 2004. Vu que cette loi constitue une nouveauté importante, le Gouvernement, dans sa déclaration gouvernementale, a retenu qu'il «évaluera l'application concrète de la loi du 9 juillet 2004 sur le partenariat pour y apporter, le cas échéant, des ajustements».

Les questions évoquées par les honorables Députés seront examinées dans le cadre de cette évaluation qui aura lieu après la première année d'application de la nouvelle loi.

Question 0233 (5.1.2005) de M. Jean-Pierre Koepp *(ADR)* concernant l'envasement de deux bassins de rétention à Esch-sur-Sûre:

1991 ass de Stauséi zu Esch-Sauer auslafe gelooss ginn, fir eng Rei vun Ënnerhaltsaarbechten, haaptsächlech un der Staumauer, können ze maachen.

D'Opfangbecke vun der Misärsbréck, wéi och dat vum Béiwener Séi, goufen deemools net mat eidel gemaach. Dës zwee Opfangbecke woren awer Enn de fofzeger Jore gebaut gi fir de Schlamm esou wäit ewéi méiglech aus dem Stauséi erauszehalen.

Elo hu sech awer, no Informatiounen aus Fëscherkreesser, am Laf vun de Jore grouss Quantitéite vu Schlamm an deenen zwee Opfangbecken ugesammelt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

- Stëmmt dës Informatioun aus de Fëscherkreesser a wéi gesäit et genee aus mat der Verschlammung vun dësen zwee Opfangbecken?
- Wa jo, besteet hei Handlungsbedarf a wat fir Moossname mussen an nächster Zukunft geholl ginn?

Réponse (17.2.2005) de M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire:*

Il est exact que suite, d'une part au charriage de matériaux d'érosion par les cours d'eau et, d'autre part, à l'eutrophisation, c'est-à-dire à l'accumulation d'éléments nutritifs favorisant le développement des algues, des sédiments fins se sont déposés dans les lacs de retenue de Bavigne et de Pont-Misère et également dans la retenue principale du lac de la Haute-Sûre.

L'enlèvement des boues n'est pas indiqué pour des raisons essentiellement écologiques. En effet, il faut constater que depuis l'envasement des retenues de Pont-Misère et de Bavigne, des habitats aquatiques et amphibiens précieux se sont développés en queue de retenue des deux barrages, c'est-à-dire en amont du Pont-Misère et tout de suite en aval de la localité de Bavigne. De cette manière des roselières et des hauts fonds à végétation abondante se sont installés le long des berges présentant des caractères idéals pour la reproduction et la présence de nombreuses espèces de l'ichtyo- et de l'avifaune. Ainsi a pu être démontré récemment la présence de la bouvière (Rhodeus sericeus amarus) à l'embouchure du ruisseau de Bavigne dans la retenue, une espèce de poisson vulnérable et menacée qui avait disparu sur le territoire luxembourgeois pendant les derniers vingt ans et qui aujourd'hui est inscrite à l'annexe II de la Directive européenne 92/43/CE concernant la conservation des habitats naturels ainsi que de la faune et de la flore sauvages («Directive Habitats») et à l'annexe III de la Convention de Berne.

Suite è la construction de la passe à poissons au barrage du Pont-Misère en 1996 comme mesure de compensation à la vidange de la retenue principale en 1990, les frayères et habitats naturels de la Sûre en amont du barrage de Pont-Misère sont devenus accessibles pour de nombreuses espèces de poissons rhéophiles et potamophiles présentes dans le lac principal.

Question 0234 (6.1.2005) de M. Gast Gibéryen *(ADR)* concernant la composition de l'allocation de fin d'année:

Am Géigesaz zu 2003 muss ech feststellen, datt 2004 d'Extraite vun der «Allocation de fin d'année» fir d'Rentebezéier (op d'mannst déi, déi ech bis elo kontrolléiert hunn) keen detailléierten Décompte méi iwwert d'Zesummesetzung vun dëser Allocatioun opweisen.

Dëse Réckschrëtt ass onverständlech, zemools bei dëser Allocatioun eng Besonnerheet besteet: D'Indextranche vum Oktober, déi am Privatsecteur net mat Zäiten ausbezuelt konnt ginn, gouf op dës Joresendzoulag dropgeschloen.

Dëse Mangel un Transparenz féiert onnéidegerweis zu ville Nofroen. Och ass et doduerch schwiereg, d'Behaaptung vum Sozialminister nozepréiwen, kee Rentner géif duerch déi verspéit Ausbezuelung vun der Indextranche e Schued erleiden.

No enger entspriechender Motioun am Juli 2002 vu menger Fraktioun, déi an déi zoustänneg Kommissioun renvoyéiert gouf, an dräi parlamentareschen Ufroen (Juli 2002, Oktober 2002 a Januar 2003) vum Deputéierten Aly Jaerling ass et 2003 bei der Allocation de fin d'année fir d'éischt zu esou engem detailléierten Décompte komm.

Dowéinst dës Fro:

- Firwat huet den neie Sozialminister deen erreechte Fortschrëtt a Saachen Informatioun vun de Rentner iwwert d'Zesummesetzung vun hirer «Allocation de fin d'année» annulléiert?

Réponse (4.2.2005) de M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Wéi den Här Deputéierte richteg feststellt, ass bei der Ausbezuelung vun der Joreszoulag vun 2004 och d'Indextranche, déi am Oktober 2004 erfall ass, mat ausbezuelt ginn.

D'Erklärung firwat ee ka mengen, datt e Réckschrëtt geschitt wier, ass ganz einfach: Well zwou verschidde Komponente mateneen ausbezuelt goufen, war einfach net genuch Plaz op de Virementsziedelen, fir eng detailléiert Ofrechnung, sou wéi dat 2003 de Fall war, dropzeschreiwen.

D'Ursaach war, datt de Centre commun ze spéit informéiert gouf, datt eng Indextranche erfale géif.

Dofir hunn d'Pensiounskeesen, an net de Minister vun der sozialer Sécherheet, décidéiert, nëmmen de folgenden Text an zwou Zeilen ze schreiwen: «Allocation de fin d'année 2004 + Tranche indiciaire octobre 2004».

De Centre commun huet awer elo déi néideg Schrëtt ënnerholl, fir mat Zäite gewuer ze ginn, wann deen een oder deen anere Facteur, wéi zum Beispill den Index, an der Berechnung ännert.

Och gouf en extraen informatesche Programm geschriwwe mat deem et méiglech ass, all de Leit, déi dat ufroen, eng ganz detailléiert Ofrechnung ze schécken.

Question 0237 (7.1.2005) de M. Marcel Oberweis *(CSV)* concernant la transposition de la directive européenne sur la performance énergétique des bâtiments:

Aujourd'hui, le secteur résidentiel et tertiaire, constitué pour l'essentiel de bâtiments, représente plus de 40% de la consommation finale d'énergie dans l'Union européenne et par conséquent constitue un des plus grands émetteurs de gaz à effet de serre. Les mêmes pourcentages sont valables pour le Grand-Duché.

La dépendance du pétrole et du gaz naturel constitue un des éléments-clés de l'approvisionnement énergétique de l'Union européenne. En 2000, 76% de la demande de pétrole et 40% de la demande du gaz naturel de l'UE-15 ont été couverts par des sources extérieures. Si toutefois nos comportements de consommation d'énergie actuels ne changent pas, le taux de dépendance pour le pétrole augmentera à 90% et pour le gaz naturel à 70% à l'horizon 2020.

Les membres de la Commission luxembourgeoise des Finances et du Budget ont reçu leurs homologues slovaques

Une délégation de la Commission des Finances et du Budget de la Chambre des Députés sous la conduite de son Président M. Laurent Mosar, a rencontré le 11 avril 2005 une délégation de la Commission des Finances, du Budget et des Affaires monétaires de l'Assemblée Nationale de la République Slovaque.

Les entretiens ont porté essentiellement sur les systèmes fiscaux des deux pays. Alors que les parlementaires slovaques se sont renseignés sur la TVA luxembourgeoise, les députés luxembourgeois se sont particulièrement intéressés aux premiers enseignements à tirer de l'introduction (en 2004) du système d'un taux d'imposition unique - fixé à 19% et valable dans tous les domaines de la fiscalité directe et indirecte - en Slovaquie. Il s'est avéré au cours de la discussion que, malgré un premier bilan satisfaisant au niveau des recettes fiscales, ce système ne faisait pas l'unanimité.

«Chamber aktuell»

Depuis le 21 janvier 2005, Chamber TV vous propose tous les **vendredis** *à* **19.00 heures** *un* **résumé** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

L'émission est **rediffusée** *le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures*

NOUVELLES LOIS

5166 - Projet de loi

modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Afin d'accélérer le traitement des demandes d'établissement de plans de bornage, la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel a libéralisé l'exercice de la profession de géomètre officiel au Grand-Duché de Luxembourg.

Les candidats à la profession de géomètre officiel sont tenus d'effectuer un stage de deux ans au Grand-Duché de Luxembourg, dont six mois au moins dans l'Administration du Cadastre et de la Topographie. La loi du 25 juillet 2002 prévoit que l'admission au stage auprès de l'Administration ne peut avoir lieu avant la fin de la première année du stage professionnel. Suite aux expériences acquises depuis la mise en œuvre de cette loi, le Gouvernement propose de biffer cette stipulation trop restrictive, car il peut arriver qu'à un moment donné il n'y ait pas assez de bureaux privés ou parastataux pouvant remplir la responsabilité du patron de stage. Le projet de loi propose que les candidats-géomètres puissent désormais accomplir la partie du stage auprès de l'Administration du Cadastre et de la Topographie déjà dès la première année.

Par ailleurs, le projet propose l'allocation d'une indemnité aux candidats-géomètres officiels durant la période de stage suivie auprès de l'Administration du Cadastre et de la Topographie. Le montant de cette indemnité est fixé par un règlement grand-ducal.

La Commission note que le règlement grand-ducal du 16 avril 2003 portant organisation de l'examen de fin de stage et de l'épreuve d'aptitude à la profession de géomètre officiel limite dans son article 1er le nombre de géomètres admis par session à huit, et à douze pour les quatre premières sessions, de sorte que le danger de voir l'Administration submergée par un afflux de candidats se trouve limité.

Les candidats géomètres officiels, après une courte période d'initiation, sont capables d'exécuter un travail de qualité et de valeur, de sorte qu'ils pourront efficacement seconder l'Administration dans ses travaux durant une plus ou moins longue période de leur stage. Cette appréciation est confirmée par différents patrons de stage. Ainsi, l'allocation d'une indemnité s'avère justifiée.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 12.06.2003

Rapporteur:
M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président:
M. Laurent Mosar):

02.02.2005	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
24.02.2005	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique:
23.03.2005

Loi du 25 avril 2005

Mémorial A, N° 57, page 898

5171 - Projet de loi

portant règlement du compte général de l'exercice 2002

Les **comptes généraux** de l'exercice 2002 peuvent, suite aux amendements gouvernementaux, être résumés comme suit:

A.- Recettes et dépenses courantes et en capital

I. Recettes:
6.200.420.986,64

II. Dépenses:
6.200.177.157,72

III. Excédent de recettes:
243.828,92

IV. Report du solde des recettes et dépenses:
505.860.145,78

B.- Recettes et dépenses pour ordre

I. Recettes pour ordre:
3.089.667.111,95

II. Dépenses pour ordre:
3.064.437.888,12

III. Excédent de recettes pour ordre:
25.229.223,83

IV. Report du solde des recettes et dépenses pour ordre:
10.957.723,45

C.- Recettes et dépenses des fonds déposés à la Trésorerie de l'État

I. Recettes:
1.854.99.767,73

II. Dépenses:
1.949.135.510,20

III. Excédent de dépenses:
94.137.742,47

IV. Report du solde des recettes et dépenses:
3.158.039.748,36

Par rapport au budget définitif de l'exercice 2002, les **variations** sont les suivantes:

	Budget définitif 2002	Compte général 2002	Variations	
			En valeur	En %
Recettes				
- courantes	5.935.153.555,00	6.149.413.915,08	214.260.360,08	+ 3,6
- en capital	42.020.329,00	51.007.071,56	8.986.742,56	+ 21,4
Total recettes (1)	5.977.173.884,00	6.200.420.986,64	223.247.102,64	+ 3,7
Dépenses				
- courantes	5.145.880.385,00	5.217.274.196,87	71.393.811,87	+ 1,4
- en capital	853.272.666,00	982.902.960,85	129.630.294,85	+ 15,2
Total dépenses (2)	5.999.153.051,00	6.200.177.157,72	201.024.106,72	+ 3,3
Excédent de recettes (1) - (2)	-21.979.167,00	243.828,92	22.222.995,92	

Les dépenses courantes et en capital effectives dépassent de 3,3% le total des dépenses prévues pour 2002. En valeur absolue, cet écart correspond à 201,02 millions d'euros. Ces dépenses supplémentaires proviennent notamment de la majoration relative:

- à l'achat de terrains et bâtiments dans le pays (+ 65.889.801 euros);
- aux subventions d'exploitation (+ 38.795.611 euros);
- aux transferts de revenus aux administrations de sécurité sociale (+ 37.773.127 euros);
- aux dotations de fonds de réserve (+ 33.159.900 euros);
- aux transferts de revenus aux administrations publiques locales (+ 20.535.745 euros).

Par rapport au compte 2001, la progression des dépenses courantes et en capital a été de 8,64%.

Dans le cadre du projet de loi sous rubrique, la Cour des Comptes a procédé à des contrôles approfondis concernant l'acquisition de matériel informatique et les rémunérations des agents de l'État.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 19.06.2003

Rapporteur:
M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

(Président:
M. Henri Grethen):

08.12.2003	Désignation d'un rapporteur
	Examen du rapport de la Cour des Comptes
14.02.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
14.03.2005	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
	Examen et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique:
23.03.2005

5298 - Projet de loi

portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999

La Convention de Kyoto sur l'harmonisation et la simplification des procédures douanières est entrée en vigueur le 25 septembre 1974. Cette convention a été révisée au cours de quatre années de travaux et adoptée le 26 juin 1999. Cette révision a pris en compte la croissance enregistrée dans le domaine des transports internationaux, l'évolution des technologies de l'information et l'environnement commercial de plus en plus concurrentiel.

La Convention de Kyoto révisée comporte une Annexe générale obligatoire et des Annexes spécifiques facultatives traitant des grands thèmes touchant aux procédures douanières.

Sur le plan communautaire, il a été convenu que les États membres de l'Union européenne (UE) déposeraient simultanément leurs instruments de ratification (décision 2003/231/CE). Considérant que quelques États membres (dont le Luxembourg) n'ont pas ratifié le Protocole d'amendement avant l'élargissement de l'UE au 1er mai 2004, les États membres ayant clôturé les procédures nationales le 30 avril 2004 ont déposé à cette date les instruments d'adhésion à cette Convention.

Le Conseil d'État, dans son avis, renvoie à la décision du Conseil du 17 mars 2003 qui oblige les États membres à ratifier les parties obligatoires du Protocole d'amendement, à savoir le protocole lui-même et ses appendices I et II. L'appendice III n'est par contre pas compris dans la décision du Conseil. Par conséquent, l'appendice III ne fut pas publié dans le Journal Officiel de l'Union européenne.

Le Conseil d'État suggère dans son avis complémentaire l'ajout d'un deuxième article au projet de loi qui aura la forme expressément prévue par le Protocole d'amendement, si un pays veut émettre une réserve. La Commission se rallie à cette analyse et adopte la proposition de texte du Conseil d'État.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 09.02.2004

Rapporteur:
M. Laurent Mosar

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président:
M. Laurent Mosar):

03.01.2005	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Désignation d'un rapporteur
13.01.2005	Examen et adoption d'une proposition d'amendement
24.02.2005	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique:
23.03.2005

Loi du 25 avril 2005

Mémorial A, N° 57, page 899

5306 - Projet de loi

concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance

Le projet de loi sous rubrique a pour but de transposer en droit national la directive 2003/93/CE en changeant le moins possible les textes actuellement en vigueur en matière d'assistance, afin d'éviter que la directive modifiée 77/799/CE ne soit transposée en droit national par des textes législatifs par trop divergents. La loi du 23 décembre 1992 portant exécution du règlement CEE N° 218/92 du Conseil devenant superfétatoire du fait de l'abrogation dudit règlement, était destinée à être abrogée dans le sillage des nouvelles dispositions proposées.

Le Conseil d'État a estimé qu'en substance, la directive 2003/93/CE ne demande rien d'autre que l'abrogation du dispositif légal relatif à la coopération administrative en matière de taxe sur la valeur ajoutée et de lui substituer un nouveau dispositif légal relatif à la coopération administrative en matière de taxe sur les primes d'assurance. Par ailleurs, la Haute Corporation s'est opposée formellement à la transposition rétroactive de la directive.

Le Conseil d'État a proposé un nouveau texte auquel la Commission des Finances et du Budget s'est ralliée.

Dépôt par M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 05.03.2004

Rapporteur:
M. Norbert Haupert

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président:
M. Laurent Mosar):

02.02.2005	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
24.02.2005	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique:
23.03.2005

Loi du 25 avril 2005

Mémorial A, N° 57, page 898

5379 - Projet de loi

modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

Le projet de loi apporte deux modifications ponctuelles à la loi de base du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides, qui se résument comme suit:

1) L'article 10 de la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides introduit un droit fixe à verser à l'appui de toute demande en autorisation d'un produit biocide et de toute demande en inscription d'une substance à l'une des annexes de la directive communautaire en matière de biocides. Selon ce même article 10 un règlement grand-ducal est appelé à fixer le montant de ce droit sans pouvoir dépasser 4.000 euros.

Il s'avère aujourd'hui que dans la plupart des cas de figure le droit national maximal de 4.000 euros est très nettement en dessous des tarifs en vigueur ou projetés dans les autres pays membres de l'Union européenne.

Voilà pourquoi le présent projet propose d'augmenter substantiellement le montant maximal légal de la taxe. À défaut de ce faire, les producteurs se verraient incités à introduire leurs demandes devant l'administration luxembourgeoise qui est cependant dépourvue en moyens en personnel pour traiter une telle demande.

2) Devant l'incertitude de la tâche de travail effectivement à accomplir, l'administration s'est abstenue à ce jour de procéder à l'engagement d'experts pour traiter les demandes d'autorisation. Plutôt donc que d'engager un personnel très spécialisé, le projet propose de créer par une modification de l'article 16 de la loi précitée la base légale permettant de recourir à des experts ou instituts, sans doute étrangers, pour l'examen des dossiers effectivement introduits au Luxembourg.

Dépôt par M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 09.09.2004

Rapportrice: Mme Claudia Dall'Agnol

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

(Présidente: Mme Lydia Mutsch):

28.10.2004	Désignation d'un rapporteur
27.01.2005	Présentation et examen du projet de loi
17.03.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 22.03.2005

5387 - Projet de loi

modifiant la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé «centre hospitalier neuropsychiatrique»

Le projet de loi comporte plusieurs modifications à la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé «centre hospitalier neuropsychiatrique».

Ainsi l'article 2 de cette loi est complété en ajoutant aux missions originaires de l'établissement hospitalier spécialisé dans le domaine de la neuropsychiatrie, la prise en charge de personnes souffrant d'un handicap mental et de celles atteintes de troubles neuropsychiatriques du troisième, voire du quatrième âge.

Le projet prévoit encore que le conseil d'administration du CHNP sera dorénavant composé exclusivement de membres titulaires effectifs, dont le nombre sera porté de huit à dix unités. Étant donné que les membres proposés par le Conseil de Gouvernement peuvent représenter différents ministères, et non pas exclusivement le département de la Santé, les références au Ministre de la Santé sont supprimées.

En ce qui concerne la durée du mandat des deux nouveaux administrateurs à nommer, une disposition transitoire fait coïncider la fin de leur mandat avec la fin du mandat des autres membres du conseil d'administration.

Le projet propose d'associer les pouvoirs publics par le biais d'une participation financière, aux travaux de réfection, de mise en sécurité, ainsi qu'aux réparations urgentes des bâtiments. Selon la fiche financière jointe au projet de loi, les coûts engendrés par ces dispositions correspondent à 10,92 millions d'euros. Il s'agit de dépenses qui ne prendront qu'un impact progressif et à moyen terme sur le budget de l'État.

La prise en charge de cette participation financière aura pour conséquence immédiate de pouvoir mettre en conformité tant l'ensemble des bâtiments faisant partie des entités non opposables à l'UCM que les bâtiments qui ne relèveront désormais plus du secteur hospitalier, et qui ne sont pas conformes à l'heure actuelle aux normes applicables aux établissements hospitaliers à vocation générale, voire à vocation psychiatrique.

Le projet de loi limite à une période de dix ans, à partir de sa mise en vigueur, la prise en charge financière par l'État du coût de la construction, de l'aménagement, des travaux de réfection et de mise en sécurité des infrastructures relevant des services intégrés de soins pour seniors et des services pour personnes atteintes d'un trouble mental. Cette prise en charge vise encore l'adaptation aux normes de sécurité et d'hygiène des infrastructures hospitalières proprement dites du CHNP.

Dépôt par M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 14.10.2004

Rapporteur: M. Romain Schneider

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

(Présidente: Mme Lydia Mutsch):

25.11.2004	Présentation et examen du projet de loi
	Désignation d'un rapporteur
11.01.2005	Présentation et adoption d'un amendement
27.01.2005	Présentation d'un projet de rapport
17.03.2005	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
	Adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 22.03.2005

5443 - Projet de loi

portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'organiser un référendum national pour appeler les électeurs à se prononcer, en date du 10 juillet 2005, sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe.

Le projet de loi fait ainsi suite aux engagements politiques pris par le Gouvernement et la Chambre des Députés.

En effet, au lendemain du Conseil européen de Thessalonique du 19 au 21 juin 2003 le Gouvernement précédent avait décidé de soumettre le projet de Traité établissant une Constitution pour l'Europe à un référendum national.

L'intention du Gouvernement d'organiser un référendum dans le cadre de la procédure d'approbation du Traité constitutionnel a été réaffirmée par le Gouvernement issu des élections du 13 juin 2004 dans sa déclaration du 4 août 2004 annonçant que la Constitution européenne serait soumise à un référendum après que la Chambre des Députés se soit prononcée par un premier vote sur l'approbation du traité.

Dans une motion adoptée le 5 août 2004 la Chambre des Députés a soutenu la décision du Gouvernement d'organiser un référendum sur le Traité instituant une Constitution pour l'Europe.

Même si ce référendum, basé sur l'article 51, paragraphe (7) de notre Constitution, ne peut avoir, d'un point de vue juridique, qu'un caractère consultatif, les pouvoirs politiques ne peuvent pas ne pas respecter le résultat du référendum.

C'est ainsi que la Chambre des Députés, qui devra, dans un premier vote, se prononcer sur l'approbation du Traité constitutionnel avant la date du référendum, devra au plan politique tenir compte, dans son deuxième vote constitutionnel (basé sur l'article 59 de notre Constitution) à intervenir donc après la date du référendum, de la volonté exprimée par les électeurs le 10 juillet 2005.

À noter d'ailleurs que, s'agissant d'un traité comportant dévolution temporaire de compétences au sens de l'article 49bis de notre Constitution, la loi d'approbation du traité doit, aux termes de l'article 37, alinéa 2, être votée dans les conditions de l'article 114, alinéa 2, de notre Constitution (majorité qualifiée de deux tiers au moins du nombre total des députés, les votes par procuration n'étant pas admis).

Le référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe sera organisé suivant les modalités prévues par la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national.

À relever ainsi notamment que la participation au référendum sera obligatoire et que le vote par correspondance sera admis, étant entendu que seuls les électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives seront admis à participer au référendum, le texte actuel de notre Constitution ne permettant pas d'élargir le corps électoral pour le référendum aux résidents communautaires.

À noter encore que le référendum sera précédé d'une campagne d'information nationale organisée par le Gouvernement, d'une part, et d'une série d'auditions publiques, de réunions d'information publiques et d'émissions télévisées organisées par la Chambre des Députés, d'autre part.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 18.02.2005

Rapporteur: M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

(Président: M. Paul-Henri Meyers) :

02.03.2005	Désignation d'un rapporteur
	Examen du projet de loi
23.03.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
24.03.2005	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 12.04.2005

Loi du 14 avril 2005

Mémorial A, N° 48, page 780

Chamber TV

Chambre des Députés LUXEMBOURG

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de M. Jos Brebsom, Député honoraire
2. Communications
3. Dépôt d'une motion et ordre du jour
4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la politique d'expulsion du Gouvernement de demandeurs d'asile déboutés

   (Discussion générale - Motions)
5. Ordre du jour
6. 5443 - Projet de loi portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004

   (Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. Question préalable de M. Jacques-Yves Henckes
8. 5297 - Projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Hommage à la mémoire de M. Jos Brebsom, Député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no den Ouschterdeeg huet eis déi traureg Noriicht vum Doud vun engem vun eise fréiere Kolleegen, dem Jos Brebsom vun Esch-Uelzecht, erreecht. Hien ass den 28. Mäerz am Alter vun 92 Joer gestuerwen. Een erfëlltent Liewen, an dat esouwuel op privatem wéi op politeschem Plang, ass domat op en Enn gaangen. Duerch säi joviaalt Wiesen a säin oprichtege Charakter ass him den Ëmgang mat de Mënsche liicht gefall an esou si fir hien am Beruff an och op der politescher Bühn d'Dieren zum Erfolleg grouss opgaangen.

Am Escher Gemengerot, an deem de sozialistesche Politiker ganzer 38 Joer vertruede war, vun 1952 bis 1990, huet hie regelrecht Geschicht geschriwwen, sief dat als Conseiller, als Schäffen oder als Buergermeeschter - en Amt, fir dat de Jos Brebsom no der Stolkris net ze beneide war. An der Chamber huet de Jos Brebsom 20 Joer laang an de Reie vun der LSAP-Fraktioun gewierkt, bis hie sech 1994 aus Altersgrënn aus der Politik zréckgezunn huet.

Hie war e villsäitege Politiker, deen dat richtegt Gespier fir dem Vollek säin Uleies hat, a sech dofir wäit iwwert dat politescht Wierkungsfeld eraus agesat huet. Ville Leit wäert de Jos Brebsom feelen. D'Chamber verléiert een Éierendéputéierten, d'Stad Esch verléiert een Éierebuergermeeschter, an déi Escher verléieren ee vun hire bekannteste Jongen.

Senger Famill gëllt haut eist oprichtegt Bäileed. Loosse mir opstoen, fir dem Verstuerwenen eng lescht Éier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. 5454 Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

   Dépôt: M. le Ministre de la Justice, le 25.03.2005
2. 5455 Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz

   Dépôt: M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire, le 25.03.2005
3. 5456 Projet de loi sur la revalorisation du site de Höhenhof

   Dépôt: M. le Ministre des Transports et M. le Ministre des Travaux publics, le 05.04.2005
4. 5457 Projet de loi relatif à la transformation et l'extension du Lycée Technique Mathias Adam, Annexe Jenker à Differdange

   Dépôt: M. le Ministre des Travaux publics, le 06.04.2005
5. 5458 Projet de loi portant modification de la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

   Dépôt: M. le Premier Ministre, Ministre d'État, le 07.04.2005

3) Par lettre du 5 avril 2005, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 21 au 24 février 2005:

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission relative à la conclusion du protocole additionnel à l'accord européen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Roumanie, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion à l'Union européenne de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission relative à la conclusion du protocole additionnel à l'accord européen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Bulgarie, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion à l'Union européenne de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque, position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un accord entre la Communauté européenne et la Confédération suisse dans le domaine de l'audiovisuel, établissant les termes et conditions pour la participation de la Confédération suisse aux programmes communautaires MEDIA Plus et MEDIA Formation, ainsi que d'un acte final,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, pour lutter contre la fraude et toute autre activité illégale portant atteinte à leurs intérêts financiers, position sur la proposition de décision du Conseil relative à la signature et à la conclusion, au nom de la Communauté européenne, d'un accord de coopération avec la Principauté d'Andorre, recommandation à l'intention du Conseil sur la qualité de la justice pénale et l'harmonisation de la législation pénale dans les États membres,

- résolution sur les aides d'État sous forme de compensation de service public, résolution sur la situation de l'économie européenne - rapport préparatoire sur les grandes orientations des politiques économiques,

- résolution sur les finances publiques dans l'UEM 2004, position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un protocole à l'accord euro-méditerranéen entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République arabe d'Égypte, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion à l'Union européenne de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Hongrie, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque,

- position sur la proposition de décision du Conseil autorisant les États membres à ratifier dans l'intérêt de la Communauté européenne la convention de l'Organisation internationale du travail relative aux pièces d'identité des gens de mer (convention no 185), résolution sur le partenariat euroméditerranéen,

- résolution sur les perspectives de la sidérurgie, résolution sur les priorités et les recommandations de l'Union européenne dans la perspective de la 61e session de la commission des droits de l'homme des Nations unies, qui se tiendra à Genève du 14 mars au 22 avril 2005,

- résolution sur l'action contre la faim et la pauvreté,

- résolution sur le programme législatif et de travail de la Commission pour 2005,

- résolution sur la promotion de la santé et de la sécurité sur le lieu de travail.

3. Dépôt d'une motion et ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, ass gëschter d'Presidentekonferenz zesummekomm, fir sech mat engem Ännerungsvirschlag ze befaassen.

Ech froen deemno d'Chamber, ob si domat averstanen ass, als éischte Punkt eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Flüchtlingsproblematik, déi vun der Fraktioun vum ADR ugefrot gouf, op den Ordre du jour ze setzen.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

(Interruption)

Den Här Mehlen huet d'Wuert zum Ordre du jour.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, ech froen am Numm vun eisem Grupp eng Modifikatioun vum Ordre du jour verbonne mam Dépôt vun enger Motioun, an zwar geet et hei ëm de Waffenembargo, dee soll opgehuewe ginn, géint d'Volleksrepublik China. Dir wësst, datt de Moment do Tractatioune lafen, datt probéiert gëtt vu verschiddene Säiten, fir dat um europäesche Plang duerchzesetzen.

Et muss een och soen, datt eise Statsminister, wéi hie Mëtt November seng Visite an der Volleksrepublik China gemaach huet, sech am selwechte Sënn ausgeschwat huet. Ech zitéiere ganz kuerz d'„Lëtzebuerger Wort", wat seet: „So ist Luxemburg wie andere EU-Länder auch der Ansicht, dass das 1989 nach der blutigen Beendigung der Studentenproteste auf dem Tiananmen-Platz von der EU gegen China verhängte Waffenembargo aufgehoben werden sollte."

Mir mengen, et wier noutwendeg, datt een dat an dëser Enceinte géing diskutéieren. Ech deponéieren dofir eng entspriechend Motioun, an ech froen, vu datt den Här Ausseminister schonn hei ass, eis mat senger Presenz beéiert, an esouwäit wéi mir wëssen d'nächst Woch net disponibel ass - wou mir vläicht besser Zäit hätten -, fir se och haut nach op den Ordre du jour ze kréien.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que l'Union européenne avait imposé en 1989 un embargo sur l'exportation d'armes à la Chine pour protester contre la répression du mouvement pro-démocratie sur la place Tiananmen;

- considérant que de nombreux défenseurs des droits de l'homme en Chine sont encore emprisonnés seize ans après les évènements de la place Tiananmen;

- considérant que d'après les dires d'Amnesty International des centaines de milliers de personnes en Chine sont détenues en violation de leurs droits humains fondamentaux, la peine de mort est prononcée à l'issue de procès inéquitables, la torture et les mauvais traitements sont généralisés et la liberté d'expression reste très limitée;

- considérant que le 14 mars 2005 le Parlement chinois a voté une «loi anti-sécession» qui autorise Pékin, pour la première fois, à «faire usage de moyens non pacifiques» contre Taïwan au cas où les autorités de l'île opteraient, «par quelque moyen que ce soit», pour l'indépendance;

- considérant qu'il est à craindre que la levée du prédit embargo permette à la Chine d'obtenir du know-how militaire ainsi qu'une puissance de feu qui menacerait Taïwan et modifierait l'équilibre des forces en Asie;

- considérant que pour la protection des droits de l'homme en Chine un Code de conduite de l'Union européenne en matière d'exportation d'armements ne peut être considéré comme une solution de remplacement satisfaisante de l'embargo sur les ventes d'armes à la Chine;

demande au Gouvernement

de s'opposer au niveau de l'Union européenne et en particulier lors de la prochaine réunion du Conseil européen les 16 et 17 juin 2005 à la levée de l'embargo sur les ventes d'armes à la Chine.

(s.) Robert Mehlen, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen.

Här Grethen, wann Dir d'accord sidd, géif ech kucken, dass mir deen hei Punkt direkt géifen evakuéieren. Dir wësst alleguerten, dass mir haut de Mëtteg ee méi wéi chargéierte Programm hunn, net nëmmen datt mir zwee ganz grouss Projeten um Ordre du jour hunn, mä och nach déi Aktualitéitsstonn.

Wa mir elo déi Motioun hei drop huelen, an ech huelen d'Riedezäit, déi deenen eenzelne Fraktiounen zu esou enger Motioun zur Verfügung steet, da fäerten ech kréie mir wierklech eng Nuetssitzung. Et ass awer der Chamber iwwerlooss ze décidéieren.

D'Fro ass also, ob mir déi Motioun, déi den ADR hei abréngt, a wou e freet, déi op den Ordre du jour ze huelen an ze diskutéieren, ob d'Chamber domadder averstanen ass.

Jo, ech gesinn, datt kee vun der Chamber sech zu Wuert mellt, mä d'Regierung mellt sech zu Wuert, da ginn ech dem Här Ausseminister d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Jo, Här President, selbstverständlech, wann déi Motioun hei ugeholl gëtt vun der Chamber, sinn ech bereet fir haut direkt dorobber ze äntwerten an ze soen, wat d'Positioun ass vun der Présidence, wat d'Positioun ass vun der Lëtzebuerger Regierung.

Sollt dat elo en Débat ginn, dee méi laang dauert, ech mengen, da sollten d'Fraktioune matenee schwätzen, wéini dass se dat organiséiere wëllen. Ech wëll lech just soen, wat meng Persoun elo ugeet, ass et schwiereg an deenen nächste Wochen an der Chamber kënne present ze sinn.

M. le Président.- Den Här Wolter huet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här Ausseminister, ech muss just soen als Fraktiounspresident vun der CSV, datt ech erstaunt sinn iwwert d'Démarche vun dem ADR, awer net erstaunt an deem Sënn, well dat hei nu wierklech kee Problem ass, dee sech an deene leschten zwee, dräi Deeg ogeworf hätt. Déi Fro vum Embargo vun de Waffe par rapport zu China, dat ass e Punkt, dee säit Wochen a Méint an der Diskussioun ass.

Mir haten eng Conférence des Présidents virun der Vakanz. Mir hate gëschter nach eng Confé-

rence des Présidents fir iwwer en anere Punkt, deen d'Kolleege vum ADR opgeworf hunn - nämlech dee vun engem Débat d'actualité iwwert d'Flüchtlingspolitik -, ze beroden. Et wär op d'mannst fair gewiescht par rapport zu deenen anere Kolleegen hei an der Chamber, wann den ADR deen dote Punkt och gëschter da mat op d'Dagesuerdnung vun der Conférence des Présidents bruecht hätt, dann hätt ee kënnen doriwwer diskutéieren.

Dofir soen ech, ech sinn iwwerrascht an ech sinn awer och net iwwerrascht, well hei weist sech jo ganz kloer, ëm wat dass et geet, an dofir hätt ech éischter e Préjugé favorable, dass mer dat heiten net géifen op den Ordre du jour huelen.

Ech mengen, et ass d'Fairness, déi par rapport an ënnereneen an de Fraktiounen an tëscht de Fraktiounspresidente soll herrschen, an déi muss och an eng Richtung goen, dass wann ee gären eppes op den Ordre du jour hätt, een et dann dohinner brëngt, op déi Plaz, wou mer vun der Chamber aus doriwwer diskutéieren, an dat ass d'Conférence des Présidents. Dat géif deenen anere Kolleegen dann och Zäit ginn, fir sech ze preparéieren op déi Debatten, an net nëmmen ze preparéieren, mä dat da kënnen an där Serenitéit och ze diskutéieren, wéi dat - mengen ech - ënner eis Usus ass.

Ech sinn also wierklech zimlech erstaunt an och e bëssen enttäuscht iwwert déi Aart a Weis wéi den ADR deen heite Punkt virbruecht huet, an et geet mer elo net ëm dee Punkt hei, et geet mer einfach ëm de Prinzip, iwwert d'Aart a Weis, wéi mer hei matenee fueren. Et kann net sinn, dass dat eng Einbahnstrasse ass, wann et drëm geet fir den Ordre du jour ze maachen, an dass mer bei all drëtte Kéier eng an d'Schinne gerannt kréien, wann et verschidde Leit aneschtes passt.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot, duerno den Här Bausch. Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Jo, Här President, ech wollt drun erënneren, dass mer virun dräi Wochen op Grond vun engem Bréif vun der CSV-Fraktioun an der aussepolitescher Kommissioun iwwert de Waffenembargo vun der Europäescher Unioun zu China geschwat hunn, respektiv iwwert d'Situatioun, déi duerch d'Antisécessiounsgesetz a China vis-à-vis vun Taiwan geschitt ass. Mir hunn an där Kommissioun do mam Delegéierten Ausseminister Nicolas Schmit ausféierlech iwwert dës Problematik diskutéiert, an d'aussepolitesch Kommissioun ass zur Konklusioun komm, ouni elo onbedéngt en Text ze verabschieden, dass et net gutt wär, wann ënnert der Lëtzebuerger Présidence dee Waffenembargo vun der Europäescher Unioun géif opgehuewe ginn.

Et ass also e bësse Moutarde après dîner, Här President. Déi zoustänneg Kommissioun huet intensiv mat alle Fraktiounen doriwwer diskutéiert. Et war zu kengem Ableck, et war zu kengem Ableck d'Demande vun enger Fraktioun, dass sollt e formellen Text an der Chamber ofgestëmmt ginn. Ech sinn also och elo e bëssen erstaunt iwwert déi Method.

Ech mengen d'Chamber huet sech domat befaasst, huet sech seriö domat befaasst. Wann dat de Wonsch sollt si vun iergendenger Fraktioun, hei an der öffentlecher Sitzung en Débat ze maachen, ech mengen da soll een deen Débat annoncéieren, da soll een dann en Text probéieren ze kréien an et dann hei an aller Form maachen. Mä ech mengen, déi Manéier do, wéi dat ugepaakt gëtt, ass a mengen Aen net seriö, an dofir si mir net fir déi Prozedur, déi den ADR proposéiert.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, meng Fraktioun huet eng ganz däitlech Meenung zu där dote Fro. Mir hunn déi an der Kommissioun, wou et drop ukomm ass, gesot, mir hu se nach duerno iwwer en offene Bréif no bausse matgedeelt. Mir hunn och kee Problem nach eng Kéier en Débat hei an der Plénière driwwer ze féieren, mä ech mengen awer, datt ee muss korrekterweis soen, datt mer gëschter extra eng Sëtzung haten, datt ech et awer och e bësse schued fannen, datt mer net gëschter konnten iwwert déi Motioun diskutéieren, d'autant plus wou jo awer vu gëschter op haut an där dote Fro keen neie Moment bäikomm ass.

Et ass jo absolut näischt Neies. Déi Fro steet am Raum, dat wësse mer alleguerten, an ech mengen, duerfir géing ech suggeréieren, datt een déi Motioun an d'Kommissioun soll verweisen, an datt eventuell dann d'Kommissioun nach eng Kéier iwwert déi Motioun diskutéiert, datt mer se an d'Plénière an eng oder zwou Wochen zréckbréngen. Wann den Här Asselborn da keng Zäit huet, kann deen zweeten Ausseminister, den Här Nicolas Schmit, jo heihinner kommen. Dee war jo iwwregens och an der Kommissioun fir ze diskutéieren. Da solle mer dann doriwwer tranchéieren.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo. Merci, Här President.

M. le Président.- Ah, zu deem heite Punkt? Dann den Här Grethen fir d'éischt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, selbstverständlech.

M. Henri Grethen *(DP).*- Jo, Här President, ech verstinn d'Demande vum ADR fir eng öffentlech Debatt iwwert déi Fro ze kréien, besonnesch wou et eng Fro ass, déi an de Reie vun de Majoritéitsparteie schéngt net esou eng breet Zoustëmmung ze fannen. Duerfir mengen ech, dass et wichteg wier, dass net nëmmen an enger Kommissioun, mä och en séance publique doriwwer diskutéiert gëtt, fir ze wëssen, wou deen een a wou deen anere steet, dat ganz besonnesch en vue vun deenen eenzelne Communiquéen, déi emol schonn an där Fro publizéiert goufen.

Als Kompromissvirschlag kéint ee vläicht zréckbehalen, dass dës Motioun dann d'nächst Woch um Ordre du jour vun der Chamber wier. Ganz bestëmmt huet ee vun deene puer Ausseministeren, déi mer hunn, Zäit fir sech an der Chamber anzefannen.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Wat meng Konklusioun ubelaangt, kéint ech mech deem, wat den Här Grethen elo gesot huet, uschléissen. Ech mengen, ech sinn och e bëssen erstaunt an enttäuscht, muss ech soen, iwwert dat wat de Kolleeg Fraktiounspresident vun der CSV hei gesot huet, datt hien hei op eemol feststellt, datt eng Fraktioun sech d'Erlaabnis hëlt fir eng Motioun hei an der Chamber ze deponéieren.

(Interruption)

Ech muss soen, ech sinn elo iwwer 15 Joer hei an der Chamber an ech hunn dat bal all Woch erlieft, datt een Deputéierten, eng Fraktioun, eng Motioun hei deponéiert huet, an et ass bis elo nach ëmmer esou, datt et engem Deputéierten, enger Fraktioun, fräigestallt ass, wat fir eng Motioun se hei deponéieren an och wéini datt se se deponéieren.

Ech hunn och scho matgemaach, Här President, dat wëll ech dem Här Wolter soen, datt mer souguer scho moies Presidentekonferenz haten a mëttes dann een, net onbedéngt ech, mä ee vun deenen anere Fraktiounen hei opgestan ass an eng Motioun deponéiert huet, wou och moies näischt annoncéiert ginn ass. Et ass also näischt Aussergewéinleches, et ass eng ganz normal Prozedur, déi mer hei maachen, a mir hätten nu mol ebe gären iwwert deen dote Sujet eng öffentlech Debatt.

Ech ginn och éischter dovun aus, wann den Här Wolter an den Här Fayot elo hei esou reagéiert hunn, datt si éischter Problemer mat esou enger Motioun hunn, well si intern opgrond vun deem, wat bis elo deklaréiert ginn ass, öffentlech an och a Konditioune wat net ëmmer genau iwwertenee stëmmt a wat a Communiquéé geschriwwe ginn ass, datt si éischter Problemer hunn, fir hei an der öffentlecher Sitzung zu esou engem Thema Stellung ze bezéien. Duerfir géif ech éischter mengen, datt dat en Oflenkungsmanöver vun hiren eegene Problemer ass.

Et ass also ganz normal, datt mir e Recht hunn, wéi all aner Fraktioun dat och ëmmer hei mécht, fir déi Motioun ze deponéieren. Mir wieren awer averstane mat der Propositioun vum Här Grethen, wann aus Zäitmangel haut, een da géif eben d'nächst Woch mat engem vun deenen dräi Ausseministeren hei an der Chamber eng Debatt iwwert dës Motioun féieren. A wa kee vun deenen dräi Zäit huet, dann ass bestëmmt nach een aneren an der Regierung, dee sech Zäit géif huelen, fir zu esou engem wichtege Punkt hei am Numm vun der Regierung Stellung ze bezéien.

(Interruption)

M. le Président.- Also ech stelle fest, dass mer eis eens sinn, dass mer den Ordre du jour vun haut net modifizéieren, den Ordre du jour, wat dëse Punkt ubelaangt, dës Modifikatioun, déi vum ADR gefrot ginn ass, dass mer déi net maachen. D'Presidentekonferenz wäert sech da mat där Motioun beschäftegen, an den Här Grethen…

(Interruption)

Ech denken, Här Grethen, dass et an dëser Koalitioun esou ass wéi an där leschter Koalitioun, dass ee vun deene Leit, déi Kompetenzen hunn an den Affaires étrangères, d'nächst Woch Zäit fënnt fir heihinner ze kommen.

Voilà, domadder denken ech, dass dee Punkt ofgeschloss wier. Da kéime mer zu enger nächster Demande, och wat den Ordre du jour ubelaangt, vum honorabelen Här Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, no Äre Befierchtungen, dass d'Sitzung vun haut ze laang dauert, sinn ech mat menge Kolleegen zu Kouer gaang. Mir wollten eigentlech froen, dass all déi Questions parlementaires, déi net beäntwert sinn, géifen haut diskutéiert ginn. Mä fir awer Ärer Suerg entgéintzekommen, géif ech dann dorobber verzichten, awer elo schonn umellen, dass, wann nächsten Dënschdeg déi Froen net beäntwert wieren, mir da froen, dass se alleguer hei - op d'mannst déi, déi meng Fraktioun uginn - beäntwert ginn.

Wéi et an deenen anere Fraktiounen ass, besonnesch an de Majoritéitsfraktiounen, déi kënne maache wéi se wëllen. Do gëtt et jo Froen, déi si schonn zwee Joer al, mä mir hätte gären, dass déi Froen, déi elo scho méi wéi ee Mount gestallt sinn, wat meng Fraktioun ugeet, beäntwert ginn.

(Brouhaha général et hilarité)

Här President, op deen Zwëscheruff vum Här Mehlen wollt ech soen, dass ech mech ëmmer déi Zäit, wou ech d'Chance hat an der Regierung ze sinn, beméit hunn, aus Respekt virun der Chamber, d'Froen an den Délaien ze beäntwerten. Dat ass och ze kontrolléieren.

(Interruption)

M. le Président.- Ech stelle fest, mech bezéiend op d'Ausféierunge vum honorablen Här Grethen, dass hien u sech d'Wuert gefrot hat, fir keng Modifikatioun vum Ordre du jour ze froen.

(Hilarité)

M. Henri Grethen *(DP).*- Ech hat fest d'Absicht, mä fir lech entgéintzekommen, an nëmme wéinst Ärer, aus déiwer Sympathie, hunn ech elo dorobber verzicht. Maacht mir net dorauser elo e Virworf!

(Brouhaha général et hilarité)

M. le Président.- Ech hunn lech kee Virworf gemaach, Här Grethen, just eng Feststellung.

Madame Flesch, och zum Ordre du jour?

Mme Colette Flesch *(DP).*- Neen, Här President…

(Interruptions et hilarité)

M. le Président.- Mir sinn awer de Moment, Madame Flesch, beim Ordre du jour.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Zum Ordre du jour an zu där Fro, déi elo hei gestallt ass. Wann Dir et wënscht, kënne mir déi Froe gäre stellen, mä fei wéi mer sinn, si mer bereet dorop ze verzichten a mir stellen se d'nächst Woch.

M. le Président.- Madame Flesch, ech begréissen d'Determinatioun vun där demokratescher Fraktioun fir d'Regierung opzefuerderen, sech un d'Reglement vun der Chamber ze halen an d'Froen an deem Délai, dee se huet, ze beäntwerten. Ech géif mer wënschen, datt dat ëmmer de Fall wier, dann hätte mer déi Diskussiounen hei net.

Wie freet d'Wuert nach zum Ordre du jour?

(Brouhaha général et hilarité)

Une voix.- Am Moment net.

M. le Président.- Wann dat net de Fall ass, da kéime mer elo zu eisem Ordre du jour esou wéi en dann arrêtéiert ass.

Mir fänken u mat der Aktualitéitsstonn iwwert d'Flüchtlingsproblematik. D'Riedezäit ass am Artikel 78-2 vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Wolter, den Här Bettel, d'Madame Err an den Här Braz. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR, déi dës Stonn ugefrot huet. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la politique d'expulsion du Gouvernement de demandeurs d'asile déboutés

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. A regelméissegen Ofstänn féiert d'Asylpolitik zu Diskussiounen, oft souguer zu heftegen Diskussioune queesch duerch eis Bevölkerung, Organisatioune bis hin zu parteiinternen Ausenanersetzungen.

Speziell hefteg gëtt dës Diskussioun wa forcéiert Réckféierungen duerchgezu ginn, esou wéi dat elo e Freideg virun aacht Deeg de Fall war, wou 24 Persounen op Priština ausgewise si ginn, dorënner eng Famill wou de Papp an ee Kand zréckgeflu si ginn, d'Mamm an en anert Kand sinn hei bliwwen, well ee Meedche vun zwielef Joer net present war.

Ech ginn net op d'Diskussioun an, déi innerhalb vun der LSAP zu dësem Sujet stattfonnt huet. D'LSAP ass grouss a staark genuch fir hir Problemer intern selwer ze regelen.

Une voix.- Merci!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Fir d'Debatt awer an de richtege Kontext ze stellen, Här President, wëll ech e puer Chifferen nennen, déi och den Här Ausseminister d'lescht Woch bei dem Regierungsbriefing, Pressebriefing, matgedeelt huet, an zwar, bannen 2004 sinn 1.577 Demandes d'asile traitéiert ginn hei am Land, an dovunner sinn der 1.463 ofgewise ginn, dovunner 1.224 aus dem Balkan. Dat heescht also 92,7% vun deenen traitéierte Fäll si refuséiert ginn.

Am Laf vun deenen dräi éischte Méint vun 2005 sinn 234 nei Demandë gestallt ginn. Opgrond vum Regierungsaccord huet d'Regierung 154 Persounen aus 38 Familljen zougestan, eng gewëssen Zäit hei weider am Land ze bleiwen, dat opgrond vun dräi Kritären, déi mir och als ADR approuvéieren: Leit, déi virum 1. Juli 2001 am Land waren, déi zweetens net géint d'Gesetzer verstouss hunn an drëttens och ee Kand am postprimären Unterrecht haten.

D'Fro, déi ee sech stelle muss, dat ass, ob Lëtzebuerg dann esou restriktiv ass, wéi et a verschiddene Riedensaarten am Land de Fall ass. Prinzipiell wëlle mir festhalen, datt Lëtzebuerg ëmmer e Land war, an och an Zukunft e Land muss bleiwen, deem seng Dieren opsti fir Leit, déi politeschen Asyl sichen. Zweetens, datt d'Akzeptanz vun de Bierger och muss bleiwen, fir kënnen déi Politik ze realiséieren.

Bleiwen däerf a kann awer nëmmen een, dee keen Abus mat der Asylpolitik bedreift andeems de politeschen Asyl duerch wirtschaftlech oder kriminell Abusën hannergaange gëtt. An hei ass de Rechtsstat gefuerdert. Et ass ee Stat, eng Regierung, a mir alleguer heibanne mussen déi Éischt sinn, déi op d'Anhale vun de Gesetzer musse bestoen. A wa Problemer optauche mat Gesetzer, da musse mer déi Gesetzer ännere. Ausser Kraaft setze kënnen an dierfe mer kee Gesetz a mir mussen och eis Gesetzer respektéieren.

Als ADR hu mir duerfir den 9. Mäerz 2004 schonn eng Proposition de loi eraginn, fir d'Prozeduren an der Asylproblematik ze verkierzen. Déi lescht Regierung huet en ähnleche Gesetzesprojet zwee Méint méi spéit deponéiert, an zwar den 22. Abrëll 2004, mat deemselwechte But. Et war kuerz virun de Wahlen, an dat Gesetz konnt virun de Wahlen net méi gestëmmt ginn.

Déi nei Regierung huet de 27. Januar dëst Joer en anere Projet deponéiert, dee momentan an der zoustänneger Kommissioun behandelt gëtt. Dee grousse Problem, dee mer hunn, ass nun emol eben eis Prozedur, eis ze laang Prozedur. Heiduerch ass Lëtzebuerg attraktiv fir Demandeurs d'asile, a virun allem déi, déi kee Recht op Asyl hunn oder kënne kréien.

D'Zuelen, déi d'lescht Woch genannt gi sinn, wëll ech eng Kéier rappeléieren: Zur Zäit vum Koso-

vo-Krich 1999 hate mer 2.900 Demandeuren, dat Joer duerno, 2000, sinn se zréckgaangen op 621, 2001 liicht ugeklommen op 687, 2002 staark ugeklommen op 1.042, 2003 nach eng Kéier staark ugeklommen op 1.549 an 2004 si se liicht iwwert déi Zuelen erausgaangen op 1.577. Vun 2001 op 2003 ass hei zu Lëtzebuerg d'Progressioun 125% gewiescht vun Demandeurs d'asile. 2004 ass se wéi gesot op deemselwechten Niveau bliwwen.

Am gläichen Zäitraum ass an Europa den Duerchschnëtt vun den Demanden ëm 23% gefall. An der Belsch ass en 31% erofgaangen, an Holland 59%, an Däitschland 43%, a Portugal 52%, an Dänemark 64% erofgaangen. Ech erënneren nach eng Kéier drun, hei zu Lëtzebuerg ass en an deemselwechten Zäitraum ëm 125% eropgaangen. Mir sinn also do d'Spëtzt, a wann ee pro 1.000 Awunner kuckt, sou läit Lëtzebuerg och do un der Spëtzt mat 3,5 Demandeurs d'asile pro 1.000 Awunner. D'Belsch läit bei 1,64, Frankräich bei 0,86, Holland bei 0,83 an Däitschland bei 0,61.

Doriwwer eraus muss ee festhalen, datt laut dem Accord vun Dublin en Demandeur d'asile an deem éischte Land, wat e betrëtt a wat ënnert dësen Accord fält, seng Demande op Asyl muss stellen. Fir Lëtzebuerg besteet deemzufolleg no nëmmen eng Grenz, an dat ass de Findel. Praktesch all Demandeurs d'asile kommen also aus engem oder duerch een oder méi Länner, wou se hätte missen hir Demande stellen, op Lëtzebuerg a stellen dann hei hir Demande.

Et ass dëst en Zeechen, datt d'Demandeurs d'asile net esou schlecht hei zu Lëtzebuerg behandelt ginn, wéi verschidde Leit an Organisatiounen dat behaapten. Déi grouss Demande fir heihinner ze kommen an déi grouss Oppositioun fir erëm fortzegoe beweisen dat ganz kloer. Mir mussen also légiféréiere fir d'Prozedure verkierzt ze kréien. Well déi Situatioun, déi mer haut hunn, mat all hire Problemer, ass gréisstendeels op d'Prozedur zréckzeféieren.

Dat ass net eleng d'Schold vun dëser Regierung an dësem Ausseminister Jean Asselborn, mä a priori vun der leschter Regierung mat hirem Justizminister, dem Här Luc Frieden, deen déi néideg Gesetzesännerung fir d'Prozeduren ze verkierzen net virgeholl huet, obscho se am Regierungsprogramm vun der leschter CSV-DP-Regierung virgesi war.

De Problem, dee mer op der Gare mat westafrikaneschen Drogendealer hunn, wou an der Zwëschenzäit iwwer 150 Verhaftunge stattfonnt hunn, kéint, ech soen awer nëmmen zum Deel, duerch eng Verkierzung vun der Prozedur geléist ginn, well hei och Problemer mat der Zréckféierung bestinn. Duerfir hunn d'Leit dacks d'Gefill, well se dat méi global, méi pauschal kucken, wa Familllje mat Kanner iwwert d'Grenz gesat ginn, datt hei géifen Exemple statuéiert ginn, wou grad Familllje mat Kanner géifen iwwert d'Grenz gesat ginn, a Krimineller kéinte bleiwen, wat awer an der Realitéit net esou de Fall ass.

Här President, ech sinn also absichtlech net op d'Problematik agaangen, och elo nach, wat d'Demandeurs d'asile de Statsbudget géife kaschten, well dat menger Meenung no näischt mat där Problematik hei ze dinn huet. Déi lescht Regierung huet nohalteg, wat d'Regulariséierung ubelaangt, eng Regulariséierung duerchgezunn, déi och deemools eisen Accord fonnt huet.

Et muss een awer haut feststellen, datt déi Regulariséierung, nohalteg gesinn, näischt bruecht huet, mä héchstens dozou gedéngt huet, Lëtzebuerg nach méi interessant ze maachen. Duerfir gesi mir och zu dësem Zäitpunkt vun enger neier Regulariséierungsphas of.

Als ADR verlaangen a proposéiere mir éischtens, datt den Accord vun Dublin muss iwwerpréift ginn, laut deem am Prinzip d'Demande op Asyl an deem éischte Land, wat ee betrëtt, misst gemaach ginn.

Zweetens, datt d'Gesetz iwwert d'Verkierzung vun de Prozeduren esou séier wéi méiglech muss gestëmmt ginn, am Respekt vun der Genfer Konventioun.

Drëttens, datt déi respektiv Verwaltunge musse mat genuch Beamte besat ginn, fir datt d'Gesetz an den Délaie ka respektéiert ginn.

Véiertens, datt d'Gesetzer musse respektéiert ginn.

Dat heescht och, fënneftens, datt Persounen, déi a leschter Instanz vun de Geriichter ofgewise gi sinn, mussen d'Land verloossen.

Sechstens, si mer domat averstanen, datt d'Regierung bei Familljen oder Persounen, aus humanitäre Grënn, virun allem awer wa Kanner hei an d'Schoul ginn, se länger Zäit schonns am Land sinn an net géint d'Gesetzer verstouss hunn, ka vun enger Ausweisung ofgesinn.

A siwentens, si mer als ADR zu dësem Zäitpunkt géint eng weider Regulariséierungsphas.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Wolter agedroen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an deene leschte Jore vill, hefteg a kontrovers iwwert dëse Sujet diskutéiert, an dat souwuel an der Politik wéi och an der Gesellschaft. Dass de Stoff fir Neies ausgeet, dat huet ee just elo grad bei mengem Virriedner gemierkt, well näischt wat en, an enger sou genannter Aktualitéitsdebatt, hei zum Sujet bäigedroen huet, ass wierklech vun enger neier Aktualitéit. Et war soss näischt wéi d'Widderhuele vu grondsätzleche Positiounen, déi den ADR an deene leschte Joren opgrond an am Kader vun deenen Debatten, déi mer hei gefouert hunn, scho getätegt huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Da lauschtere mer elo mat Spannung op nei Iddie vun Iech.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Mä sou dass ech Iech direkt wollt soen, Här Gibéryen, dass Der och vu mir net ganz vill Neies wäert de Mëtten hei an deene fënnef Minutten héieren, well et keen neit Element gëtt. Mir hunn eis an deene leschte Joren als CSV, déi eng Responsabilitéit an der Regierung hat, an der viregter an och an dëser, eis Philosophie zu där Problematik do gemaach. Déi Philosophie, déi hu mer probéiert a Gesetzer ëmzesetzen, an déi Philosophie baséiert op enger ganzer Rei vu Grondprinzipien, wou fir eis dee wichtegsten ass, dass mer eng Terre d'accueil si fir déi Leit, déi verfollegt ginn.

A fir dass mer déi Terre d'accueil kënne bleiwen, fir dass mer Leit kënnen ophuelen, déi fir hire Leif a fir hiert Liewe musse fäerten, kënne mer do derniewent net jiddfereen, deen der Meenung ass, dass en aus iergendengem Grond och nach op Lëtzebuerg wëllt kommen, aus iergendengem Deel vun der Welt, hei zu Lëtzebuerg ophuelen.

Dat ass en Deel vun enger Politik, déi sech an eng gesamt europapolitesch Politik aschreift, woubäi déi Politik - an dat ass e Punkt, deen eis ganz staark um Häerz läit - och muss an deene Géigende vun Europa nach méi staark bedriwwe ginn, déi am Fong dovunner musse profitéieren, dass se wirtschaftlech sech kënnen erhuelen an opbauen, fir ze verhënneren, dass déi Migratiounen, déi ebe stattfannen aus deene Grënn, déi mer kennen, an Zukunft weiderfuere kënnen.

Et ass fir eis extrem wichteg, dass mer notamment am Balkan eng geziilten europapolitesch Initiativ ergräifen, fir de Leit donidden, op hirer Plaz wou se hierkommen, och eng Zukunft kënnen esou ze organiséieren, datt se liewenswäert ass. Mir sinn dann der Meenung, dass d'Leit d'Konditioune vun der Stee kennen, wa se op Lëtzebuerg kommen. Si kennen d'Konditioune vun der Stee, well mer als Lëtzebuerger eben eng kontinuéierlech Politik an deem Domän gemaach hunn, déi net vun engem op deen aneren Extrem innerhalb vun deem engen an deem anere Mount iwwergeschwappt huet.

Et stellt ee leider fest, dass de Rechtsstat, dee mer opgebaut hunn, heiansdo strapazéiert gëtt; e soll och strapazéierfäeg sinn, soss wär et kee Rechtsstat, mä politesch gesinn - an dat ass jo am Fong den Ausléiser vun där Debatt, déi mer d'lescht Woch dann haten - kriss de ganz séier eng Diskrepanz tësche Rechtsstaatlechkeet, Prinzipien, déi s de hues, an de Gefiller vun deenen eenzelne Situatioune vu Familljen, vu Leit, déi während enger gewëssener Zäit an eisem Land waren, déi sech agewinnt hunn, agelieft hunn, an eisem Land. A wann een déi Leit dann Heem schéckt, een dann am Konflikt ass, mat de generelle Prinzipien, déi ee sech par ailleurs huet misse ginn.

Dofir huet déi viregt Regierung e Projet de loi op den Instanzewee ginn, fir d'Prozeduren, déi sech erwisenermoossen als ze laang an ze strapazéierfäeg erausgestallt hunn, fir déi ze kierzen, a fir eis ass et eng alleréischt Prioritéit an dat ass jo amgaangen an där zoustänneger Chamberskommissioun gemaach ze ginn, nom Avis vum Statsrot, dee mer hoffen an deenen nächste Wochen ze kréien, zügeg zur Adoptioun vun deem Projet de loi iwwerzegoen, deen dann d'Prozedure méi kuerz mécht, deen d'Leit méi séier an déi Situatioun erabréngt oder an déi definitiv Konklusiounen erabréngt vun hirer Situatioun, an där se dra sinn, an dann esou Situatiounen, wéi déi, déi mer d'lescht Woch haten, an der Mesure du possible solle verhënneren.

Nach zwee Wierder zum Schluss. Dat éischt ass, dass mir der Meenung sinn, dass mer en humane System hei zu Lëtzebuerg hunn, fir souwuel mat de Flüchtlingen, mat den Asylante wéi och mat den Demandeuren, déi an der Prozedur sinn, ëmzegoen. Wa mer dee System vergläichen, dee mer hei zu Lëtzebuerg opgebaut hunn, déi Aart a Weis wéi mer d'Leit hei zu Lëtzebuerg behandelen, mat aneren europäesche Länner, da menge mir net, dass mer eis brauchen ze schummen.

Mir hunn notamment e System vum Retour assisté geschaf, deen e ganz grousszügege System ass, deen d'Leit soll incitéieren, wann hir Prozedur eriwwer ass, a se sinn déboutéiert ginn, dann op fräiwëlleg Aart a Weis an hiert Land zréckzegoen. Mir bedaueren et - sou wéi vill Leit dat och bedaueren -, dass d'Polizei an aner Kräften, wann déi Leit dann deenen Décisiounen awer widderstriewen a se einfach net wëllen akzeptéieren, fir dat dann ze maachen. Mir bedaueren, dass een dann d'Rechtsstaatlechkeet op aner Moyenen op aner Aart a Weise muss ëmsetzen, fir dann awer déi Décisioune respektéiert ze kréien.

Als Konklusioun, mengen ech, datt mer an der Kontinuitéit an der Asylpolitik sinn. Déi Regierung, déi elo do ass, féiert an de groussen Zich mat där enger oder anerer Nuance déi Politik virun, déi mer hei zu Lëtzebuerg eis duerch eng ganz Rei vun Debatten an de leschte Jore ginn hunn, an et gëtt fir eis als CSV och kee Grond fir dorunner eppes ze änneren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre: „Bestimmte Personengruppen wie Traumatisierte, Eltern mit kleinen Kindern, Behinderte oder Minderjährige müssen besonders vor Abschiebungen geschützt werden. Familien mit Kindern, die mindestens drei Jahre in Luxemburg sind, sowie Junggesellen oder Familien ohne Kinder, die sich schon wenigstens fünf Jahre im Großherzogtum aufhalten, dürfen mit einer Aufenthaltsgenehmigung rechnen." Ech liesen Iech hei eppes vir, dat nennt ee Wahlprogramm vun der Sozialistescher Aarbechterpartei, an deen ass net esou al.

Ech liesen Iech elo just den Accord de coalition vir: «Les personnes en fin de procédure d'asile et auxquelles le statut de réfugié n'a pas été encore accordé devront quitter le territoire luxembourgeois.» Mä awer och: «Le Gouvernement continuera à régler les cas exceptionnels de familles de demandeurs d'asile, en portant une attention particulière à la situation des jeunes en voie d'accomplissement de leur formation postprimaire.»

Och wann d'Verhandlunge bei de Koalitiounsaccorden iwwert d'Immigratiouns- an d'Asylpolitik dräi Deeg gedauert hunn, fannen ech hei net vill Input vun der Sozialistescher Aarbechterpartei.

Den Här Asselborn hat gesot viru kuerzem: „De Stat ka sech net erpresse loossen an där Matière." Jo, d'LSAP awer! An hei vu wiem? Vun der CSV! Si hunn de Ministère de l'Immigration kritt.

Et ass keng einfach Saach, Här Minister! Mir sinn do ganz eens. Et wonnert mech just, dass d'CSV Iech net proposéiert huet Ärer Partei nach e Statssekretariat fir de Prisong ze ginn, well dat och esou en delikate Sujet ass, deen den Här Frieden doudsécher gär lass gi wär.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat ass fir Iech déi nächste Kéier.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Oh, dat ass fein, Här Bodry, dass Der eis e Retour an d'Regierung wënscht. Ech soen Iech Merci.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu leider net vill Zäit a wann ech méi Zäit hätt, Här Bodry, da géif ech gäre meng Zäit der Madame Spautz oder dem Här Castegnaro, Ärer OGB-L-Fraktioun an Ärer Fraktioun d'Wuert ginn, well ech si sécher, dass déi och ganz interessant Saachen eis hei matzedeelen hätten.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat mengt Dir dann derzou?

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ma ech kommen dozou, Här Bodry. Ech wollt dofir elo eng Rei vu Propose maachen, déi justement der DP no wichteg sinn. Ech hunn eng Motioun preparéiert, Här Bodry, wann Der herno wëllt, kënnt Der se selbstverständlech och ënnerschreiwen. Ech hunn nëmmen eng Ënnerschrëft am Moment. Wa se dann elo duerchgeet, wann aner véier Leit se wëllen ënnerschreiwen, da sinn ech ganz frou, wann net, dann hat ech ebe Pech, mä da fannen ech awer doudsécher nach Frënn aus menger Fraktioun, déi se mat ënnerschreiwen.

Also, als éischt, Här President, engagéiere mir eis fir d'Recht op Asyl och weider ze respektéieren, fir bei eis Leit opzehuelen, déi aus hirem Land musse flüchten, well se virum Krich fortlafen oder wéinst hirer politescher Meenung, hirer Hautfaarf oder hirer Relioun verfollegt sinn.

Da wëlle mir eis och dofir asetzen, dass d'Asylprozedur verkierzt gëtt, a mir begréissen och dofir de Projet de loi, deen elo an der Chamberskommissioun ass, a sinn dofir, dass deen och ganz séier soll gestëmmt gëtt. Et ass lamentabel, wann ee gesäit, dass eng Prozedur fënnef oder sechs Joer kann daueren.

Mir wëllen eis awer och weider dofir asetzen den Demandeurs d'asile ugemooss materiell an hygienesch Liewenskonditiounen ze bidden. Et geet net duer Opfangstrukturen ze bauen an dann herno net ze kucke wéi se ausgesinn. Gitt eng Kéier den Don Bosco kucken op de Lampertsbierg! Do ass alles futti! Et ass gutt, mir hunn eppes gebaut; mir hunn eppes fir si gemaach, mä et geet net duer ze bauen, an dann herno et einfach ze loossen, an ze soen, elo si se do an deem Eck, an da loosse mer se.

Wa mer elo zum Beispill vun Taudis oder Ghetto géife schwätzen, huele mer d'Beispill vun deem Centre de rétention, dee se wëllen um Findel bauen. Am Ufank wor en eminente sozialisteschen Aarbechtersparteimember vu Bartreng, wou jo d'Diskussioun komm ass, et kéint zu Bartreng gebaut ginn, deen och bal an de Statsrot jo komm ass, mä wou dat net opgaangen ass, deen awer selwer gesot huet, hie wéilt net esou e Ghetto bei sech an der Gemeng hunn. Ech zitéieren hei Äre Member, dee bal an de Statsrot komm ass, mä et jo net ginn ass. Hie seet selwer, et wier e Ghetto.

(Interruptions diverses)

Fir déi Demandeurs d'asile, Här President, déi déboutéiert ginn, do verschléisse mir eis net hirer Ausweisung. Wa mer Gesetzer stëmmen, an all Voie de justice épuiséiert ginn ass, do ass esouguer nach en Appel, e Recours gracieux, éischt an zweet Instanz sinn duerchkomm, dann ass et esou, soss brauche mer keng Gesetzer méi ze stëmmen, wa mer se herno net respektéieren.

Mä et muss een awer och kucken, Här President,…

(Interruptions)

Majo, Här Angel, Dir reegt Iech op, mir hunn d'Gesetz selwer jo gestëmmt. Dat heescht, ech wier net gären am Här Asselborn senger Situatioun, et ass keng agréabel Situatioun!

Dir hutt et ebe misse kréien, fir an d'Regierung ze goen, an et wonnert mech, dass Der de Prisong net och kritt hutt, gleeft mer et.

(Hilarité et interruptions)

Här President, wat wichteg ass, a wat traureg eben ass, mir sinn elo Abrëll an dass da Familllje wou Kanner do sinn, déi just an der Schoul sinn, an hirer Formatioun sinn, och heemgewise si ginn, dat ass eng Situatioun, déi net opportun ass. Et hätt ee vläicht kënne waarden, op jidde Fall bis d'Schouljoer eriwwer wär, fir esou eppes ze ënnerhuelen.

Wichteg ass och, Här President, an da kommen ech zum Schluss, dat ass déi finanziell Efforten an de Krisegebidder weiderzeféieren. Den Här Asselborn huet gesot, dass all Joer 1,5 Milliounen Euro an de Kosovo a ronn 7 Milliounen am ganze Balkan inves-

téiert ginn. Ech mengen, déi Sue si wichteg, an et ass och ganz, ganz wichteg, ier mer een heemschécken, dass mer Presenz do ënnen hunn. Dat ass och eng Linn, déi de Minister verteidegt, fir do ënnen ze kucken, wéi d'Situatioun iwwerhaapt ass, dass mer d'Leit net einfach erofschécken, ouni ze wësse wéi d'Situatioun ass, mä wéi gesot, wa mir A soen a mir stëmmen e Gesetz, wou d'Konditiounen dra sinn, da muss een och B soen, wann d'Konditiounen net erfëllt sinn, wéi d'Décisioun ass.

Mä wéi gesot, Här Asselborn, Dir wollt an d'Majoritéit.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Dir och!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que de nombreuses personnes ont déposé auprès des autorités luxembourgeoises une demande d'asile;

- considérant qu'il appartient dès lors aux autorités luxembourgeoises de vérifier si les personnes remplissent les conditions de la Convention de Genève et du Protocole relatif au statut des réfugiés, signé à New York, le 31 janvier 1967;

- rappelant que le droit d'asile est un droit fondamental auquel le Luxembourg adhère complètement;

- estimant que le Luxembourg a toujours été et restera toujours une terre d'accueil pour les demandeurs d'asile;

invite le Gouvernement à

- continuer à s'engager pour une politique d'asile juste et équitable;

- adopter dans les meilleurs délais le projet de loi relatif au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection afin de réduire la durée de procédure d'une demande d'asile;

- veiller à garantir aux demandeurs d'asile des conditions de vie matérielles et hygiéniques décentes et de veiller à l'entretien des infrastructures existantes;

- trouver ensemble avec les communes des structures d'accueil décentralisées qui répondent aux conditions de salubrité essentielles;

- prévoir une ouverture conditionnelle du marché du travail luxembourgeois aux demandeurs d'asile;

- renvoyer les personnes déboutées définitivement de leur demande par toutes les institutions judiciaires luxembourgeoises sous condition que la situation politique dans leur pays d'origine est stable et que la personne n'encourt plus de danger d'être persécutée;

- veiller à ce que ce retour se fasse dignement et en respectant les règles internationales;

- poursuivre et développer les efforts d'accompagnement aux demandeurs d'asile dans leur pays d'origine;

- contribuer aux efforts de reconstruction dans les régions du Balkan.

(s.) Xavier Bettel.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Err agedroen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn elo schonn e puer Riedner hei héieren, a vun deem leschte si mer näischt aneschters gewuer ginn, wéi dass éischtens d'Genfer Konventioun soll weider applizéiert ginn, an dass déi Leit, déi en Uerteel hunn, dat se ofweist vun hirem Statut de réfugié, sollen ausgewise ginn. Ech fannen dat wierklech eng schwaach Kontributioun fir déi éischte Kéier, wou d'DP sech zu dëser Problematik ausdréckt. Op den Här Gibéryen wëll ech ganz zum Schluss nach eng Kéier zréckkommen, wa mer nach Zäit bleift.

Dir Dammen an Dir Häre an ech, mir wëssen, dass den Entwécklungsgrad vun enger Gesellschaft sech moosst un der Manéier, wéi e mat deene schwaachste Glidder a senger Gesellschaft eens gëtt, an d'Flüchtlingen an och déi Leit, déi deen Titel kréien, an déi en net hunn, falen zweifelslos ënnert déi Kategorie. Dat ass esou eng wichteg Problematik, dass ech mer selwer verbueden hunn, och an der Oppositioun an dat och haut wäert maachen, fir mat deem Sujet do wëlle Politik ze maachen oder Polemik ze bedreiwen.

Ech wëll dozou just zwou Reflexiounen zu zwee Stéchwierder soen. Éischtens Rechtsstaatlechkeet, an dat ass op alle Bänken hei ugeklongen, dat heescht, dass déiselwecht Gesetzer gëlle fir jiddereen, onofhängeg vun der Nationalitéit oder vun aneren Elementer a Rechtsstaatlechkeet heescht och, dass Uerteeler, déi definitiv geschwat gi sinn, sollen exekutéiert ginn, och da wa mer, an dat musse mer zouginn, ze vill laang gebraucht hunn, fir déi Uerteeler an der Praxis ze exekutéieren, an dass een deem muss Rechnung droen, wann et ëm d'Ausféierung vun deenen Uerteeler do geet.

Et muss ee wëssen, dass wann ee Leit esou laang hei gelooss huet no engem Uerteel, dass se sech konnten Illusioune maachen, si kënnten dat op definitiv Zäit maachen, dass een Hoffnunge geschaf huet, an dass ee muss probéiere mat deenen Hoffnungen eens ze ginn, wa keng aner Remedur méi ze schafen ass.

Dat heescht also am Klortext an am Résumé, Mënschlechkeet a Mënscherechter sinn ugesot. Wat heescht dat? Dat heescht, dass zum Beispill, wat d'Regierung bis elo gemaach huet zënter dem August 2003, 150 Leit regulariséiert gi sinn, ouni dass doriwwer groussen Tapage gemaach ginn ass. Dat heescht, dass 325 Leit ausgefouert gi sinn, mat hirem Accord, nodeems se drop virbereet gi sinn. Dat heescht zum Beispill, dass keng Minoritéiten zréckgefouert gi sinn, dat heescht zum Beispill keng Romen. Dat heescht och, dass kee Serb an de Kosovo zréckgefouert ginn ass, an dat heescht, dass am Wanter, an där haarder Joreszäit, keen zréckgefouert ginn ass.

Dat heescht och, dass en neit Gesetz ënnerwee ass, wat méi fortschrëttlech ass wéi dat wat mer virdru virleien haten, mä dat kann net driwwer ewechhëllefen, dass trotz all där Mënschlechkeet, déi doraus ervirgeet, nach iwwer 1.400 Leit hei zu Lëtzebuerg sinn, déi en definitiivt Uerteel an der Täsch hunn, nodeem se missten zwangsréckgefouert ginn.

Dat heescht, dass mer fir déi Leit musse Méiglechkeete virgesinn, fir dass déi Zwangsréckféierungen do beschtméiglechst kënnen ofgewéckelt ginn. An ech verweisen dann de Minister Asselborn op eng Recommandatioun vum Conseil de l'Europe, déi ech dem Här Frieden schonn eng Kéier op dëser Tribün an de Grapp gedréckt hat, et ass eng Recommandatioun vun 2002, déi heescht «procédures d'expulsion conformes aux droits de l'homme et exécutées dans le respect de la sécurité et de la dignité».

Ech mengen, wann näischt méi Rescht bleift, fir d'Rechtsstaatlechkeet ze retten, da muss ee kucken, dass een déi Konditiounen esou hält, dass der Dignitéit vun de Leit Rechnung gedroe gëtt. Dat heescht, dass déi ganz Prozedur muss transparent sinn, dass se muss accompagnéiert sinn am Virstadium bei der Exekutioun selwer an och duerno. Dat heescht, dass d'Leit individuell hir Argumenter musse kënne virdroen, dat heescht och, dass Leit vum Stat, déi déi Expulsioune sollen accompagnéieren, sensibiliséiert gi sinn op den Ëmgank mat deene Leit, déi an enger ganz schwiereger Situatioun sinn. Dat heescht, dass zum Beispill och, an dat geet aus der Recommandatioun eraus, 36 Stonne mindestens am Viraus muss gewosst si wéini de groussen Départ da soll stattfannen an Ähnleches.

Dat heescht am grousse Ganzen Transparenz a Kommunikatioun. Dat heescht also och kee Retour forcé moies um fënnef Auer ouni Virwarnung, mat groussem Polizeiopwand, mat Handschelle viru Kanner ouni Kontakt mat Frënn, Noperen, ONGen oder Affekoten. Dat heescht am Klortext, Här Minister, dass mir ganz prezis e Reglement brauchen, wat transparent ass, wat erlaabt d'Konditiounen ze kontrolléieren, fir all Excès ze vermeiden oder schlëmmstefalls ze bestrofen.

Ech weess, dass dat méi einfach gesot ass, wéi gemaach ass, mä den Opwand ass noutwendeg, well et geet ëm d'Mënscherechter an d'Mënscherechter, déi sinn, wéi mer alleguer wëssen, universal, och fir déi Leit, déi laang zu Lëtzebuerg gelieft hunn an hei net méi däerfe bleiwen an déi sollen zréckgeschéckt ginn an e Land, zu deem se eventuell méi Angscht wéi Heemechtsgefiller hunn, besonnesch dann, wann et sech ëm Kanner handelt, déi hiert Liewe ganz oder deelweis hei zu Lëtzebuerg verbruecht hunn an eventuell zréck an e Land mussen, vun deem se weder d'Sprooch kennen, nach d'Awunner vun deem Land.

Zum Ofschloss, ee Wuert, ech mengen ech hunn nach e bëssel chen Zäit, dem Här Gibéryen wollt ech just recommandéieren, hie mengt jo d'Flüchtlinge wieren zu Lëtzebuerg esou gutt drun, dofir hätte mer der esou vill. Wann hie bereet ass eng Kéier dräi Deeg an den Don Bosco ënnert deene Konditioune liewen ze goen, wéi do gelieft gëtt, da schwätze mer nach eng Kéier doriwwer.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Braz ageschriwwen. Den Här Braz huet d'Wuert.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee fënnef Minutte Riedezäit huet ass et onméiglech zu enger allgemenger Asylpolitik Stellung ze bezéien. Déi Geleeënheet wäerte mer awer nach kréien, wann hei an der Chamber iwwert d'Gesetz 5437 mat der neier Asylprozedur diskutéiert gëtt.

Ech wëll mech haut op dat beschränken, wat um Ordre du jour stong, nämlech d'Ausweisunge vun dem leschte Freideg. Do si 24 Leit an de Kosovo ausgewise ginn, e Land wat nom Krich um Balkan an zënter 1999 ënnert d'Applikatioun vun der UNO-Resolutioun 1244 fält, e Land vun deem een awer weess, wouhinner déi Leit zréckgeschéckt gi sinn, e Land an deem haut méi wéi d'Halschent vun de Leit ënnert dem Seuil de pauvreté liewen, 12% vun de Leit ënnert dem Seuil de pauvreté extrême liewen, e Land, wat eng Mortalité infantile huet, déi zéngmol méi héich ass, wéi déi hei zu Lëtzebuerg, e Land wou 27% vun de Leit keen Zougank hunn zu propperem Waasser, e Land wou 33% keen Zougank hunn zu engem Kanalsystem fir d'Schmotzwaasser an e Land wou bal jiddereen ënnert de Pénurië vum Stroum muss leiden.

D'lescht Woch sinn, wéi gesot, Ausweisunge gemaach ginn, an et koum zu ganz ville Reklamatiounen a Protester, esou dass ee sech d'Fro muss stellen, wat war dann Neies? Firwat gouf et elo op eemol nees esou vill Protester? Wat ass dann Neies geschitt? Déi bedauerlech Äntwert ass, dass näischt Neies geschitt ass, dass déi nei Regierung mat deem weidergemaach huet, wat déi viregt Regierung och gemaach huet.

Déi nei Regierung huet och Leit op de Findel bruecht, si huet déi Leit, déi en fin de droit waren, déi déboutéiert waren - deelweis Familljе mat Kanner - an et koum zu deenen üblichen Zeenen, wou ech kengem ënnerstellen, dass en se gutt fënnt, a wou ech kengem ënnerstellen, dass en sech iwwert dat freet, mä dat sinn awer Zeenen, déi reell zu Lëtzebuerg geschitt sinn, an déi net just um Pabeier oder an engem Uerteel stinn, déi hei net wäit ewech um Findel Realitéit waren.

Firwat gouf et dann deen Opschrei? Deen Opschrei gouf et, well ee mat där neier Regierung och nei Hoffnunge verbonnen hat. Et hat een d'Hoffnungen domadder verbonnen, dass déi Regierung, déi sech fir d'éischte Kéier en Immigratiounsdépartement ginn huet, déi déi éischte Kéier probéiert huet d'Asylpolitik am Kader vun enger méi genereller Approche ze diskutéieren, mat därselwechter Politik weidergefuer ass, wéi virdrun, dat obwuel se e Projet de loi déposéiert huet, fir d'Asylpolitik ze regelen, deen och a mengen Ae besser ass, wéi dee viregten.

En ass net perfekt, do mussen nach Saachen dru geännert ginn, mä en ass schonn eleng doduerch besser, well e probéiert d'Asylpolitik als ganzheetlech Politik ze definéieren, doduerch dass en d'Direktiven an aner international Texter, déi um Dësch leien, probéiert wäitgehendst an deen Text mat eran ze huelen. Et ass also eng Approche, déi aus Asylpolitik net nëmmen Ausweisungspolitik wëllt maachen, esou wéi de Minister Frieden dat ënnert der viregter Regierung gemaach huet, respektiv wéi och d'Proposition de loi vum ADR et virgesinn huet.

Et hätt een also dofir kënnen dovun ausgoen, dass bei deene Leit, déi en fin de droit ukomm sinn, déi nei Regierung och eng aner Hand géing gëlle loossen, d'autant plus well och den zoustännege Minister, den Här Asselborn, an der Vergaangenheet hei an der Chamber op dëser Tribün zu dësem Thema Saache gesot huet, déi richteg waren. An deeselwechte Minister fiert elo nawell genee mat deem weider, wat virdrun d'Politik war.

Et ass awer och d'Aart a Weis, wéi et geschitt ass. D'Madame Err ass schonn drop agaangen. Et si Saache geschitt an der Aart a Weis wéi d'Expulsioun virgeholl ginn ass, déi einfach net akzeptabel sinn. Déi Leit hunn een eenzegt Verbrieche begaangen, an zwar dat, datt se e Krichsland verlooss hunn. Dat ass hiert eenzegt Verbriechen a se gi behandelt wéi Krimineller, déi e Risque duerstelle fir d'Sécherheet an de Rechtsstat, dat ass inakzeptabel.

Wann den zoustännege Minister op der Televisioun ugeschwat gëtt op de Fait vun deem 12-jährege Meedchen, dat fortgelaf ass, ob dann awer déi Expulsioun virgeholl gëtt, wann Dir do sot, Här Minister: Ma selbstverständlech schécke mer d'Elteren heem a wa mer d'Kand fonnt hunn, schécke mer dat no. Beim beschte Wëllen a bei aller Sympathie, Här Asselborn, dat ass fir keen normale Mënsch ze verstoen. Do freet ee sech a wéi engem Film, dass Dir dee Moment waart, wéi der déi doten Aussoe gemaach huet. Dat huet einfach kee Sënn.

Ech wëll awer och net alles elo op den Här Asselborn ofwälzen, well den Här Asselborn ass d'Regierung net eleng. An och wann et elo kritesch Stëmmen an der LSAP gëtt, wëll ech awer trotzdeem bemierken, dass et keng zwou LSAPe gëtt. Et gëtt just eng, an déi ass an der Regierung. An der Regierung si méi Ministeren, och wann déi aner sech elo ënnert den Dësch verstoppt hunn déi lescht fënnef Deeg, an den Här Asselborn eleng am Reen stoe loossen, an och wann den Androck opkënnt, dass et zwou LSAPe gëtt, eng LSAP an der Regierung, déi sech muss mat deenen ondankbaren…

(Interruptions diverses)

M. Henri Grethen *(DP).*- En ass dach soss net esou schei!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Also, wësst Der, Här Grethen, heibanne si Leit, do kënnt Dir esou haart schwätze wéi Der wëllt, dat notzt eis näischt.

M. le Président.- Da loosst elo emol den Här Braz a Rou seng Ausféierunge fäerdeg maachen.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Dofir wëll ech och kloermaachen - Merci, Här President! -, dass et keng zwou LSAPe gëtt. Et gëtt net déi kritesch an et gëtt net déi onkritesch, et gëtt eng LSAP a si ass an der Regierung.

D'Immigratiounspolitik, déi se vertrëtt, ass déi vun der ganzer Regierung - wahrscheinlech zur Freed vum Här Frieden, dee sech nodréiglech fir villes, wat e sech huet mussen unhéieren, elo ka berouegt zréckleeën a säi Stull. Et gëtt nëmmen eng LSAP an et ass déi, déi den Här Asselborn a senger Regierungspolitik vertrëtt. An ech fannen et wierklech bedauerlech, dass aner Ministeren en esou am Reen stoe loossen an dann net duerfir suergen, dass eng aner Politik elo an der Regierung gemaach gëtt.

Dat gesot, Här President, sinn déi fënnef Minutte schonn ëm. Mir wäerte wéi gesot an engem anere Kontext méi am Detail op munches agoen, och wat haut schonn nees vum ADR gesot ginn ass. Do ass ganz villes relativ liicht ze widderleeën. Dat wäerte mer dann dee Moment maachen.

Ech wëll awer trotzdeem eng Motioun déposéieren, déi sech souwuel mat dem Aspekt vun de Familljе mat Kanner, wéi och mat dem Aspekt vun der Prozedur an der Aart a Weis vun den Ausweisunge beschäftegt. Et stinn am Moment zwou Ënnerschrëften drop, déi vum Kolleeg François Bausch a meng selwer. Wann aner Leit se wëlle mat ënnerschreiwen, da wier ech ganz frou. Ech mengen dat géing an dësen Dossier e bësse méi Linn erabréngen, en attendant dass mer en neit Gesetz stëmmen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant les récentes expulsions vers le Kosovo, le Monténégro et la Macédoine de personnes déboutées du droit d'asile;

- considérant que les dispositions légales en vigueur n'ont pas permis de mener la procédure relative à la demande d'asile de ces personnes à terme dans un délai raisonnable;

- considérant que des enfants qui ont vécu une part importante de leur vie au Grand-Duché font partie des personnes expulsées ou à expulser;

- considérant qu'à travers le dépôt du projet de loi 5437 relatif au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection le Gouvernement a clairement affiché son intention de réformer la procédure de demande d'asile actuelle et d'intégrer les textes communautaires relatifs aux droits des différentes personnes qui ont besoin d'une protection internationale dans la législation nationale;

- considérant que cette législation aura pour effet, entre autres, d'éviter qu'à l'avenir des personnes se trouvent confrontées à un retour forcé, après des années de séjour au Grand-Duché, souvent synonyme d'intégration scolaire des enfants;

- considérant que les discussions sur ce projet de loi dans la commission afférente progressent;

- considérant que le Gouvernement dispose d'une marge d'appréciation en ce qui concerne le retour des personnes déboutées de la procédure actuelle du droit d'asile;

invite le Gouvernement

- à utiliser sa marge d'appréciation en la matière afin d'éviter, au moins, les retours forcés d'enfants scolarisés et de leur famille;

- à revoir sa façon de procéder aux retours forcés afin que tous les droits humains des personnes concernées soient respectés.

(s.) Felix Braz, François Bausch.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Aussen- an Immigratiounsminister Jean Asselborn. Den Här Asselborn huet d'Wuert!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn eigentlech frou, dass mer déi Debatt hei iwwert d'Asylpolitik elo däerfe féieren, an ech géif och probéieren, wéi déi meescht vun Iech alleguerten heibannen, oder se alleguerten, dat op eng Aart a Weis ze maachen, déi digne ass vis-à-vis vun deem Problem mat deem mer et ze dinn hunn.

Ech wëll vläicht emol kuerz widderhuelen oder Iech soen, wéi déi Prozedur eigentlech fonctionnéiert, well et gëtt op ville Plaze verschidde Saachen, och an der Öffentlechkeet, ech soen emol net liichtfankeg, mä einfach aus Onwëssen duerchenaner gehäit.

Fir d'alleréischt, wann een Demandeur d'asile hei an d'Land kënnt, dann ass déi éischt Analys, déi gemaach gëtt, bei der Police judiciaire. D'Police judiciaire mécht eng Foto, si kuckt d'Fangerofdréck a si kuckt och dann - zënter 2003 fonctionnéiert den Eurodac -, ob effektiv Dublin spillt oder net. Dat heescht, ob déi Persoun schonn an engem anere Land vun der Europäescher Unioun eng Demande gemaach huet. Wann dat de Fall ass, da gëtt direkt erëm een Transfert gemaach an dat Land.

Am normale Fall leeft dann d'Auditioun un. Do ass den Affekot derbäi, an et muss een dann als Asylantebewerber soen, wat sinn déi Grënn, déi e bewegen, fir kënnen oder fir wëllen hei Asyl ze froen.

Elo wëll ech Iech direkt eppes soen, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Mir kënnen dat beschte Gesetz maache vun der Welt, mir behale scho bei der Auditioun grouss Diskrepanzen an der Zäit. Wa Leit aus Europa kommen, ass et a sechs Méint ofgeschloss. Wa Leit aus Afrika kommen, do ass et terribel, terribel schwéier, well et ganz, ganz schwéier ass, den Origine vun deem Land festzestellen. Fréier war dat jo esou, wann een an d'Land komm ass an e war illegal hei, dann ass en op d'Grenz gesat ginn. Dat ass jo glécklecherweis net méi de Fall, mä do musse mer wëssen, dass dat och an der Zukunft mat deem beschte Gesetz och kënnt zwee Joer a méi dauere bis eleng d'Procédure administrative ofgeschloss ass.

Gëschter war den nigerianeschen Ausseminister hei zu Lëtzebuerg um Kierchbierg. Mir haten eng Troika do, an ech hu mat em geschwat. Mir hunn eleng iwwer 500 Leit aus dem Nigeria, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Dat musse mer wëssen, dat ass eng Tatsaach…

(Interruption)

Gelift?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- An d'Halschent sëtzt am Prisong.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Loosse mer déi Amalgamë vläicht net esou séier maachen, Här Henckes.

(Interruption)

Ech wëll Iech just soen, dass d'Prozedur bei deene Leit doudsécher och mat engem neie Gesetz wierklech ganz laang dauere wäert. Déi Leit an der Procédure administrative, déi gi vum Stat logéiert a si gi vum Stat bekäschtegt, vum Ministère de la Famille. Si hunn eng Gratuité médicale an där ganzer Zäit vun hirer Procédure. Och dat musse mer wëssen.

Wann also elo déi Auditioun ofgeschloss ass an et gëtt am Numm vum Minister gesot, do ass een, dee mer kënnen als Flüchtling bei eis ophuelen, dann ass d'Prozedur eriwwer. Da gëtt déi Persoun oder déi Famill betruecht praktesch wéi wa se Lëtzebuerger wieren. Si brauche kee Permis de travail fir ze schaffen. Dann ass also aus hirer Siicht doudsécher d'Prozedur ofgeschloss, et ass alles an der Rei.

Wann et elo Neen ass, wann d'Procédure administrative Neen ass, da gëtt et dräi Zorte vu Recoursen. Dat Éischt ass de Recours gracieux virum Minister. Et gi Recours gracieux ugeholl. Dat ass wann an deene Méint nodeem d'Prozedur ofgeschloss ass an de Recours gëtt gemaach - Dir wësst, dass een do dräi Méint Zäit huet zu Lëtzebuerg -, wann do nei Elementer optauchen, da kann de Minister direkt de Recours gracieux unhuelen an da kann en eben déi Décisioun, déi geholl ginn ass an der Décision administrative, eigentlech doduerjer ersetzen.

De Problem kënnt jo elo wann et Non ass an de Recours gracieux ass och ofgeschloss, da komme mer an eng aner Schinn, da komme mer an déi judiciaire Schinn. Dann ass déi administrativ Schinn eriwwer. Et ass dann also net ee Minister, ee Politiker, deen d'lescht Wuert doran huet, dann ass et den Tribunal an et ass herno d'Cour. Wann d'Cour administrative Oui seet, si mer och an der Rei, ass alles fäerdeg.

Beim Non vun der Cour hu mer et ze di mat enger Décision coulée en force de chose jugée. D'Lydie Err an aner Leit heibannen, ech menge jiddferee praktesch vun de Fraktiounen huet jo net dergéint opponéiert, dass mer déi Décision coulée en force de chose jugée einfach kënnen op d'Säit leeën.

Wat geschitt elo um Terrain? Nun, de Ministère vun der Immigratioun, wéi en elo heescht, convoquéiert…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- …déi Leit respektiv déi Familljen op de Ministère an e seet: Duerch déi Décisioun do ass eppes geännert an ärem Liewen. Do ass eng Décisioun elo geholl ginn a leschter Instanz vum Geriicht, an et deet eis Leed, et ass elo e Fait, Dir hutt de Statut vum Flüchtling net zougestane kritt.

Bon, d'Regierung proposéiert dann - an do sinn ech net ganz d'accord mat deem wat den Här Braz gesot huet - deene Leit, déi ofgewise sinn, de Retour assisté. Dat ass net no enger Woch, no engem Mount, dat ka sechs Méint daueren. D'Leit kréie souguer d'Geleeënheet fir selwer ze décidéieren, wéini dass se dann zréckginn.

(Interruptions)

Si kréien och eng kleng Hëllef vun 1.190 Euro pro Erwuessenen, 590 Euro pro Kand. Mat dräi Kanner sinn dat iwwer 4.000 Euro. Dat ass net d'Welt, mä dat ass awer eppes wou se kënnen en neie Start dann an hirer Heemecht maachen, well mir schécken se jo zréck an hir Heemecht. Et ass jo net, dass se iergendwéi an en Niemandsland do kommen, wou se kënnen dann nei ufänken.

Bon, do gëtt et vill Familljen, déi iwwerhaapt net op d'Invitatioun vum Ministère äntwerten, an et gëtt der, déi et carrément drop ukomme loossen a soen, fir mech kënnt näischt aneschters a Fro, wéi wann ech gezwonge gi fortzegoen, da muss ech eben an de saueren Apel bäissen. Dat ass dann do, wou mer beim Retour forcé sinn.

Et si vill Chiffere genannt ginn. Ech wëll Iech der awer e puer widderhuelen, déi ganz, ganz wichteg sinn. Mir hunn effektiv 1.463 Leit de Moment, déi déboutéiert sinn. Ech hoffen, dass et ass wéi an der Vergaangenheet, dass déi Leit net alleguerte musse mat Retour-forcéën zréckgefouert ginn! Dass do ganz vill Leit agesinn, dass se kënne profitéiere vum Retour assisté an och dat da maachen.

Vum Balkan si bei deenen 1.463 der 1.224 derbäi. Wann Der och nach wëllt d'Andeelung, déi ëmmer schwiereg ass, mä trotzdeem: Jonggeselle sinn et der 481, Familljemembere sinn et der 743. Dat sinn déi Leit, déi elo ofgewise sinn a leschter Instanz vum Geriicht.

Mir hunn actuellement, kënnt ee soen, also zurzäit hu mer 2.260 Leit an de Strukture vum Ministère de la Famille. Et muss een also iwwert den Daum gepeilt elo der 1.000 derbäizielen, fir da festzestellen, dass mer tëschent 3.000 an 3.200 Leit an der Prozedur hunn oder déi dann ofgewise sinn, wat mer ënnert dem Kontext da vum Asylant oder Demandeur d'asile gesinn.

D'Zuelen, déi evoluéiert hunn, huet den Här Gibéryen schonn hei explizéiert. Dir kritt och eppes ausgedeelt wou Der vu menger Säit aus, also vum Ministère kënnt déi Zuele genee kucken. Et ass esou dass, wann een 2004 kuckt, dat lescht Joer, et do nach zwou grouss Provenancë sinn. Dat Eent dat ass de Kosovo, Serbien-Montenegro mat 361, an dat Zweet ass - ech hunn et schonn ugedeit - Nigeria. Eleng am leschte Joer 330 Leit, déi ebe vun do komm sinn.

Regulariséierung: D'Experienz ass jo gemaach ginn hei am Land 2001, déi viregt Regierung huet dat gemaach. 1.478 Leit sinn deemools regulariséiert ginn, 95% vun den Demandeurs d'asile waren do derbäi. Och déi Illegal sinn dee Moment regulariséiert ginn. Mä dat ass ganz kloer, dass dat keng Solutioun ass. Dat ass eng Solutioun fir ee Mount, fir zwee Méint, fir dräi Méint, héchstens fir e Joer, mä an engem Joer sti mer erëm virun deem nämlechte Problem, dee mer elo hunn, an déi Chifferen, déi no der Regulariséierung komm sinn, 2003-2004, weise wéi staark dass den Drock do no uewe gaangen ass.

Wa mer elo d'Joer 2004 kucken, do si bei eis 1.575 Leit un d'Dier klappe komm, fir de Statut ze kréien, erausgaange sinn der 400, déi ënner Dublin falen, an 381 wat Retourë sinn, forcés oder assistés, wéi Der et wëllt huelen, déi zwee also zesummen.

Nun, wat ass d'Politik vun der Regierung?

Éischtens emol fir den Accueil, fir kënnen an de Statut ze kommen, brauch ee sech net zu Lëtzebuerg ze qualifizéieren. An anere Länner ass dat anescht. Hei brauch ee sech net ze qualifizéieren. Jiddferee gëtt an d'Procédure opgeholl.

Dat Zweet dat ass dann, mir hunn eigentlech wat de Fong ugeet dräi Solutiounen:

Entweder deen zoustännege Minister huet d'Recht fir ze soen, alleguerten déi Décisiounen, déi vum Geriicht geholl gi sinn, déi respektéieren ech net, oder Verschiddener respektéieren ech net. Déi eng loossen ech also hei an déi aner schécken ech fort. Mä ech soen Iech, da si mer komplett am Arbitraire. Dann ass dee berühmten, dat Wuert wou mer jo alleguerten dru gleewen als Demokraten, État de droit ënnerhielegt.

Dat Zweet, dat wier e Gesetz ze maachen, kloer vu virera soen, jiddfereen, deen hei Asyl freet, dee kann och hei bleiwen. Jiddfereen, deen e freet, huet d'Recht dann och hei ze bleiwen.

An dann dat Drëtt, dat ass eben dat wat och déi 24 aner Länner an der Europäescher Unioun maachen, nämlech si respektéieren d'Décisioun vum Riichter, déi „coulée en force de chose jugée" ass.

Et gëtt a mengen Aen nëmmen zwou Exceptiounen.

Dat Eent, dat ass déi, déi de Minister ze huelen huet. En ass jo e Mënsch, en denkt wierklech och mat de Gefiller, déi e Mënsch huet, a wa sech erausstellt no där leschter Décisioun, et ass jo eng humanitär, loosse mer soe reng um Plan médical oder och am Land selwer wou déi politesch Situatioun - ech ginn Iech e Beispill, wéi an Transnistrien - sech esou entwéckelt, dass carrément vun der Décisioun un, déi geholl ass, bis zu deem Punkt wou soll dann d'Ausweisung geschéien, dat gefëierlech wier fir d'Liewen, dass dann de Minister en âme et conscience mat sengem Gewësse muss eens ginn. An dat mécht en och an doriwwer ginn och keng Statistike gefouert.

An dat Zweet, dat ass dat wat mer gemaach hunn a wat mer ausgehandelt hunn an de Koalitiounsverhandlungen, mä déi Regele musse vu virera feststoen, déi kënne jo net en cours de route fixéiert ginn.

An déi dräi Regele wësst Der, déi mer fixéiert hunn, wou mer driwwer diskutéiert hunn, wann eng Regierung gebilt gëtt. Ech mengen d'DP huet jo och scho matgehollef Regierunge bilden. Dat hei war ee vun deene wichtege Punkten.

Mir hunn dann do festgehalen, dass alleguerten déi Familljen, déi hei sinn zënter dem August 2001, déi e Kand hunn am Postprimaire, déi net verstousse géint den Ordre public an och d'Volontéit hu fir hiert Liewen hei ze maachen, dass déi Dossieren individuell zwar nach gekuckt ginn, mä dass déi dann d'Chance kréie fir kënnen hei ze bleiwen. Domadder hu bis elo also 38 Familljen, 154 Persounen d'Chance kritt fir kënnen hei ze bleiwe wa se dat wëllen. Dann och net temporairement, Här Gibéryen, wéi Der gesot hutt, déi hunn definitiv den Accord kritt fir kënnen hei ze bleiwen. Allerdéngs mussen se weisen, dass se effektiv och hiert Liewen hei wëlle maachen doduerch, dass se eng Aarbecht unhuelen an esou weider.

(Interruption)

Bon, jo.

Da wollt ech Iech nach soe vun den Aiden un de Balkan, an den Här Braz seet dat ganz richteg. Ech si komplett mat Iech averstane wat Der do sot. Mir ginn 8 Milliounen Euro iwwer Lux-Development un Unicef, un d'PNUD, un d'Caritas, un aner ONGen. Mä politesch gesinn, an dat ass dee groussen Enjeu, dat ass déi grouss Erausfuerderung: Mir hëllefen dem Kosovo net wa mer hei am Land géifen 3.000, 30.000 oder souguer 50.000 Leit ophuelen. Domadder ass der Situatioun am Kosovo net gehollef.

(Interruptions diverses)

Dat wat muss gemaach ginn, dat ass, dass mer déi Perspektiv, déi mer deene Länner ginn hunn, zu Saloniki am Joer 2003, och erfëllen. Dat heescht den État de droit erëm opriichten, hinnen eng wirtschaftlech an eng sozial Zukunft ginn, an ech mengen dat ass als Ausseminister wierklech deen Enjeu, deen hei ze bewältegen ass.

Ech wëll Iech och selbstverständlech hei zum Schluss net belästege mat menge Suergen, déi ech hunn iwwer spezifesch Fäll. Ech wëll Iech nëmme soen, mat wat ee konfrontéiert ass a verschiddene Fäll als zoustännege Minister. Et gëtt da vun enger Famill gesot, an enger Zeitung, grouss opgefouert mat Karikaturen an ech weess net wat nach alles derbäi, dass déi Famill - zwee erwuesse Leit, dräi Kanner - géif schonn dräi Deeg am Kulang am Kosovo liewen.

Bon, ech hunn dat héiere wéi ech zu London aus dem Bahrain gelant sinn an ech hunn direkt op Priština ugeruff an eise Mann dohinner geschéckt. Deen ass kucke gaangen an dunn ass da festgestallt ginn, dass déi Leit den 1. Abrëll zréckkomm sinn an de Kosovo, op Priština. Zwou an eng hallef Stonn duerno war déi ganz Famill mat de Kanner zu Mitrovica am Haus vun den Elteren, déi dout sinn, a si liewen also do mat hirem Brudder an deem Haus.

Bon, dat Zweet, wat ech Iech wollt soen, ass, vun deenen 381 Leit, déi d'lescht Joer fortgaange sinn, hunn der 325 vum Retour assisté profitéiert. Ech wëll Iech awer och hei soen, an ech mengen Dir deelt dat awer och mat mer, zemools vis-à-vis vun deem Kand vun zwielef Joer wat verschwonnen ass am leschte Moment. Ech kann Iech soen, ech hunn de Bericht vun der Police hei, et ass bis elo - dat si jo elo schonn etlech Deeg - nach keng Vermësstemeldung gemaach ginn!

Also wann dach eng Mamm hiert Meedche vun zwielef Joer net méi bei sech huet, da mengen ech ass awer deen éischte Wee, deen ee mécht, et mécht een eng Vermësstemeldung. Ech hu mat där Fra selwer geschwat. Ech ka fillen an ech hunn dat matgefillt wat an där Fra alles do ka virgoen an dass se och d'Moyenen, oder loosse mer soen, dass se mussen dat Instrument hunn, fir och ze probéiere mat alle Moyenen ze operéieren. Mä ech kann Iech awer nëmme soen, an ech soen dat hei vum Pult aus och, dass déi Eltere jo awer och eng Responsabilitéit hunn!

Déi hunn dach d'Responsabilitéit, wann dat Geriichtsuerteel gefällt ass, fir dann ze soen, gutt, elo hu mer dat ze akzeptéieren, eise Kanner kënne mer dach net Joren a Jore soen, dat wäert schonn iergendwéi goen - der Mensch lebt in der Hoffnung -, an da komme mer ee Moment dozou, dass mer duerch iergendee Biais kënnen hei bleiwen.

Neen, ech soen Iech, de Stat proposéiert Retour-assistéën. Wa mer déi Présidence eng Kéier do eriwwer hunn, an dat ass jo an dräi Méint de Fall, da kucke mer wierklech vun eisem Ministère aus, dass mer alleguerten déi Leit, déi déboutéiert sinn, kontaktéieren, dass mer mat hinne schwätzen an hinne soen: Wann ech gelift, hei zu Lëtzebuerg sidd Der an engem Rechtsstat an dat wat décidéiert ginn ass vum Geriicht, do kann dee beschte Minister an och net de Grand-Duc an och net een deen anere sech einfach driwwer ewechsetzen, soss si mer am Arbitraire. Dat brénge mer net fäerdeg.

Wou mer musse besser ginn a wou mer och kënne besser ginn, dat ass bei den Arrivéeën, ob dat elo am Kosovo ass, virun allem am Kosovo, oder anzwousch anescht. Ech wëll Iech soen, dass ech direkt wéi ech dat héieren hunn - an et ass jo näischt ëmmer schlecht esou -, dass dee Problem do wier, deen eigentlech kee Problem war, vun deene Kanner déi sollten am Kulang sinn, hunn ech awer gekuckt fir direkt Kontakt ze kréie mat der OIM, dat ass d'Organisation Internationale de la Migration.

Gëschter waren Diplomate vun eis am Kosovo a mir hu Kontakt opgeholl, mir hunn och e Bréif vun hinne kritt wou se natierlech proposéieren am léifsten Assistenz ze gi bei de Retour-assistéën. Mä och bei de Retour-forcéën ass déi Organisation Internationale de la Migration d'accord fir do eng Hand mat unzepaken.

Ech wëll Iech soen, zum Schluss, Här President, dass mer an där neier Regierung elo hei dat gemaach hu wat mer ausgehandelt hunn. Mir hunn deenen 38 Familljen, 154 Leit, eng Chance gi fir hei ze bleiwen. Mir hunn dat Zweet gemaach. Mir hunn dat neit Gesetz op den Instanzewee ginn, an ech hoffen, dass mer dat kënne stëmme virum 15. Juli hei an der Chamber, wann Der do mathëlleft a wann de Conseil d'État selbstverständlech mathëlleft, dee ganz intensiv drop schafft. D'Prozedure gi méi rapid doduerch.

Mir hunn och nieft deem, wat an der Convention de Genève drasteet, alleguerten déi Protection-subsidiairë matagebaut. Mir hunn och - an dat ass dat Drëtt - an d'Wee geleet, an ech hoffen, dass et eis och geléngt, fir déi Structure nouvelle fir Leit, déi effektiv ofgewise sinn, déi déboutéiert sinn, déi illegal hei am Land sinn, wat keng Krimineller sinn, fir kënnen déi an eng extra Struktur anzeschléissen.

An da soen ech Iech - fir mech op jidde Fall - dat Aller-, Allerwichtegst, well dat anert, et bleift ëmmer eppes wou een an der Defensiv ass, wou een an der Defensiv och bleift, dat ass dass mer musse kucken, dem Immigratiounsgesetz vun 1972 eng nei Nues ze ginn. Dat schéngt mer eppes ze si wat déi Däitsch zum Beispill gemaach hunn, een Zuwanderungsgesetz. Dass mer net nëmme blockéieren; dat Gesetz vun 1972 blockéiert. Hei musse mer eng Ouverture ginn, och am Intérêt vun eisem Land, fir dat an Zukunft kënne fäerdeg ze bréngen.

Här President, et deet mer Leed, ech halen direkt op. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da wäre mer um Enn vun där Debatt ukomm. Mir hunn zwou Motiounen, déi eis virleien. D'Madame Flesch freet d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Jo, Här President, Rappel au règlement, article 35, paragraphe 8, ech géing drëm bieden d'Wuert ze kréien no enger Deklaratioun vun engem Member vun der Regierung.

M. le Président.- Selbstverständlech ass dat Äert gutt Recht, Madame Flesch. Deementspriechend kritt Dir d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Ech hu mat groussem Intérêt dem Ausseminister nogelauschtert an ech sinn och dankbar fir déi Renseignementer, déi Elementer, déi hien ons geliwwert huet, an op ville Punkte muss ech soen, sinn ech mat him d'accord.

Et schéngt mer awer, dass an dëser Diskussioun nach zwee Aspekter vun der Fro bleiwen, déi misste näher beliicht ginn. An dat Éischt, dat ass, ech ginn zréck op d'Regierungserklärung vum Här Statsminister, dee gesot huet, an ech zitéieren: „Déi, déi Asyl froen a kee kréien, deenen hir Kanner awer schonn e gutt Stéck Wee an onsem postprimairen Unterrecht avancéiert sinn, kënnen a bestëmmte Fäll, wa se dräi Joer zu Lëtzebuerg wunnen, mat hire Kanner am Land bleiwen."

An ech zitéieren eppes aus dem Accord de coalition, de Punkt 5 an der Rubrik Asile et Immigration: «Le Gouvernement continuera à régler les cas exceptionnels de familles de demandeurs d'asile, en portant une attention particulière à la situation des jeunes en voie d'accomplissement de leur formation postprimaire.»

Den Här Minister huet gesot, hie géing net wëllen op déi spezifesch Fäll agoen, nach mengen ech wär et derwäert, wann en ons kënnt assuréieren, dass an deene leschte Fäll vun Expulsiounen, déi geschitt sinn nodeem d'Prozeduren alleguerten ofgelaf waren, an ech erkennen dat och gären un, dass deene Gedanken, déi an der Regierungserklärung an déi am Accord de coalition stoungen, effektiv Rechnung gedroe ginn ass an deenen eenzelne Fäll, déi den 1. Abrëll an déi Deeg duerno expulséiert si ginn. Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt, Här President: Et schéngt mer awer - indépendamment vun der gesamter Diskussioun iwwert d'Asylpolitik, wou ech mech nëmme ka freeën, dass se hei an enger ganz grousser Serenitéit gefouert ginn ass, a wou ech menge mer alleguerten d'accord sinn, dass mer gären hätten, dass dat neit Gesetz, wat d'Prozeduren accéléréiert, ka gestëmmt ginn - e gewëssene politesche Problem an enger vun deene Majoritéitsparteie schéngt ze herrschen. An do wär ech frou, wann de Minister ons kéint soen, wéi seng Attitüd derbäi steet.

Eng vu senge Parteifrëndinnen huet engem Presseorgan den 2. Abrëll gesot, si wär um Flughafe gewiescht a si wär net zougelooss ginn. Si hätt keen Zougank kritt zu deene Familljen, déi expulséiert si ginn. Si hätt dem Minister télefonéiert a si géing mengen, dass den Accord de coalition net géing respektéiert ginn. Si huet gesot, si wär als Mënsch schockéiert a skandaliséiert, an dass verschidde vun hire Komeroden an hirer Partei därselwechter Meenung wären.

Si huet schlussendlech gesot, an ech zitéieren nach ëmmer aus der Zeitung, wann dat soll stëmmen - vläicht huet d'Zeitung hir Aussoen net richteg erëmginn, mä nach zitéieren ech d'Zeitung -, dass säit d'Sozialisten an der Regierung sinn, d'Autoritéite vum Stat, an ech zitéieren, „ont perfectionné les expulsions".

(Interruptions diverses)

Ech wär awer frou wann de Minister zu deene prezise Reprochen, déi net vun onser Säit kommen,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Madame Flesch, Dir musst zum Schluss kommen. Faasst Iech kuerz.

Mme Colette Flesch *(DP).*- …mä vu senger Säit kommen, géing Stellung huelen. Merci, Här President.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Madame Flesch, zu där zweeter Fro ee Saz. Ech mengen ech si Minister, zoustänneg fir den Intérêt vum Land. An ech mengen ech bekëmmere mech dorëmmer esou gutt wéi ech dat kann.

Déi éischt Fro ass méi eng seriö Fro. Also Madame Flesch, et war vläicht nach net konkret genuch, ech géif Iech awer nach eng Kéier rappeléieren, dass déi dräi Konditiounen, déi mer geschafen hunn, dat huet jo och de Statsminister hei zitéiert bei der Regierungserklärung: Fir d'alleréischt, dass d'Leit eng länger Zäit hei sinn, dat ass den 1. August 2001; zweetens, dass ee Kand am Postprimaire ass; drëttens, dass se wëllen hiert Liewen hei maachen. Dat si just déi Fäll, déi Zuel och vun deene 34 Familljen an 154 Leit, déi ech hei zitéiert hunn.

Ech si bereet, wann Der dat wëllt, wann d'Chamber dat wëllt, well ech hunn näischt doranner ze verstoppen, mä Dir musst mer awer zougestoen, dass wann een als Minister virun engem Dossier sëtzt, kann et jo zwou Saache ginn. Dat Eent, dat ass, dass eng Nécessitéit besteet, dass eng Persoun muss erausgoen, an dat Zweet, dat ass, dass de Minister muss kënnen ofweien, mat sengem Häerz virun allem, ob en deene Familljen, där Famill oder där Persoun eng Chance gëtt fir hei ze bleiwen, opgrond vun deenen Informatiounen, déi en huet.

Dat Eent ass wierklech fixéiert an enger Trame, déi vu virera festgesat ass. Ech weess net wéi een dat Humanitäert soll an e Kader oder an eng Carcasse erakréien, wann eng Situatioun sech zum Beispill um medezinesche Plang oder um politesche Plang développéiert, an dat maachen ech. Ech soen Iech dat, dat maachen ech.

Mä ech si bereet, wann d'Fraktiounspresidenten dat wëllen, dass ech och eng Kéier, dann awer an aller Confidentialitéit, bei Iech kommen, mat och deem Beamten, deen dat jo do mécht, well als Minister - ech mengen Dir wësst dat, mir si jo do wierklech och op d'Confiance vun deene Leit, déi den Dossier virbereeden, ugewisen, an déi maachen dat mat engem äusserst grousse Seriö -, ech sinn also gäre bereet fir eng Kéier mat Iech doriwwer ze schwätzen, wéi een an a wat fir Situatiounen een do esou oder esou ka reagéieren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zu de Motiounen.

Motion 1

Déi éischt Motioun, déi mer virleien hunn, ass abruecht gi vum Här Bettel. Si dréit de Moment nach nëmmen eng Ënnerschréft.

Une voix.- Mir ënnerschreiwen dann nach.

M. le Président.- Jo. Si keng aner Fraktiounen do, déi wëlle mat ënnerschreiwen?

Also Äre Wonsch vu breeder Ënnerstëtzung hei am Parlament fënnt eigentlech…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ech hunn alt geduecht, déi hei géif d'Unanimitéit kréien.

M. le Président.- An Ärer Fraktioun?

(Brouhaha général)

Den Här Mehlen, zu där Motioun vum Här Bettel? Här Mehlen!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, et ass vläicht nëmmen eng Formalitéit, awer och vläicht e bësse méi. Ech hu grousse Respekt virum Här Bettel senge Kenntnisser wat de Fonctionnement vun eisen Institutiounen ubelaangt. Mä ech fannen et e bëssen iwwerdriwwe wann en d'Regierung invitéiert am Punkt 2, «d'adopter dans les meilleurs délais le projet de loi». Dat ass normalerweis dëser Chamber virbehalen,…

Une voix.- Ah! Très bien! Ah!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- …an ech géing en invitéieren, iergendwéi dann awer deem Rechnung ze droen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Den Här Bettel hat geduecht, «à faire adopter».

M. Xavier Bettel *(DP).*- «à faire adopter», jo.

Une voix.- Also bestëmme se mat.

(Hilarité et interruption)

M. le Président.- Jo, ech weess, ech hu mer geduecht, datt déi Remarque kéim.

Sou, lauschtert emol, elo wéisst ech gären, wien ënnerstëtzt déi Motioun hei nach? Den Här Meisch, den Här Grethen, d'Madame Brasseur, d'Madame Flesch an den Här Helminger. Dann huet se genuch Ënnerschréften.

Da komme mer zum Vote iwwert déi Motioun. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

Plusieurs voix.- Jo.

Une voix.- Vote électronique!

M. le Président.- Här Braz!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech wollt awer zu der Motioun vum Här Bettel soen, si huet munches wat irréfutabel ass, wat evident ass. Si huet awer een Tiret dran, deen eis et net erlaabt se ze stëmmen. Dat ass de véiertleschten Tiret, wann den Här Bettel schreift, «de renvoyer les personnes déboutées définitivement de leur demande par toutes les institutions judiciaires luxembourgeoises sous condition que la situation politique dans leur pays d'origine est stable et que la personne n'encourt plus de danger d'être persécutée».

Esou wéi dat hei steet, an där Konsequenz, wier zum Beispill all humanitär Ausnahm net méi méiglech. Ech huelen un, dass Der net dat wollt bezwecke mat deem wat Der hei schreift. Et ass awer dat wat hei steet. Dofir kënne mir d'Motioun, wéi se hei elo formuléiert ass, net stëmmen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, wéi géift Dir dann do schreiwen?

M. le Président.- Madame Err!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Wéi a menger!

(Hilarité)

Wéi a menger!

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Här President!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- D'Madame Err huet d'Wuert!

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Ech hu mer déi Motioun hei ugekuckt, an ausser Saachen, déi am Fong iwwerflësseg sinn, «continuer à s'engager pour une politique d'asile juste et équitable», dat kënnt drop eraus wat den Här Gibéryen gesot huet. Mir bleiwe bei der Genfer Konventioun. Mir hunn déi, mir halen déi, mir kommen net derlaanscht. Also mengen ech net, dass dat derwäert wier.

Et ass a mengen Aen ee Punkt dran, deen interessant wier, an zwar «de prévoir une ouverture conditionnelle du marché du travail luxembourgeois aux demandeurs d'asile». Or dat ass justement ee Punkt, deen an deem neie Gesetzesprojet, deen den Här Bettel jo gären hätt, dass mer e sollen esou schnell wéi méiglech hei unhuelen, wat mer maache wäerte soubal wéi mer den Avis vum Statsrot hunn, esou dass ech mengen, dass dat eenzegt konkret Neies, wat hei dran ass, souwisou ënnerwee ass, an dass dofir déi Motioun hei iwwerflësseg ass.

Une voix.- Très bien.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech si ganz iwwerrascht iwwert dat, wat d'Madame Err seet, wou se virdrun dem Här Gibéryen gesot huet, hie soll dräi Deeg an den Don Bosco goen! D'Regierung huet vläicht Saache gemaach, mä esou wéi d'Institutiounen haut ausgesinn, ass et ënner aller Clarinette. Wou d'Madame Err selwer dem Här Gibéryen wënscht, dräi Deeg do an dee Ghetto ze goen, esou wéi hir Genossen et zitéiert hunn,…

(Interruption)

…dann ass dat bestëmmt awer kee Punkt, deen iwwerflësseg ass, well soss weess d'Madame Err net méi wat se virdru gemengt huet.

M. le Président.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, elo komme mer zur Ofstëmmung. De Vote électronique ass verlaangt. Da maache mer dat.

(Interruption)

De Vote fänkt un.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass verworf bei 45 Nee-Stëmmen, 10 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt nach een seng Abstentioun begrënnen?

Wann dat net de Fall ass, da komme mer zur Motioun 2.

Motion 2

D'Motioun 2 ass déposéiert gi vum honorabelen Här Braz. Mir brauchen nach dräi Ënnerschréften op där Motioun.

Den Här Bausch huet schonn ënnerschriwwen. Hie kann net eng zweete Kéier ënnerschreiwen.

Den Här Kox, den Här Adam an d'Madame Loschetter ënnerschreiwen nach. Voilà, mir hunn der da fënnef. De Vote électronique, ass deen och verlaangt?

D'Madame Err huet d'Wuert nach gefrot zur Motioun. Madame Err!

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Jo, kuerz zur Motioun, Här President. Zum éischte Punkt mengen ech, dass d'Regierung hir Marge d'appréciation domadder bewisen huet, dass 156 Leit entre-temps regulariséiert gi sinn. Ech hätt och léiwer et wieren der méi. Mä et kann een an deenen Ëmstänn awer net froen, déi Marge d'appréciation ze schafen, wa se existéiert.

Zu deem zweete Punkt, den Här Braz schwätzt do vu Saachen, déi ech dem Minister proposéiert hunn, an ech hunn de Minister elo grad gefrot; déi Recommandatioun vum Conseil de l'Europe ass hie bereet an e Reglement ëmzesetzen. Mir maachen him natierlech Confiance fir dat ze maachen, esou dass dat heiten a mengen Aen dann iwwerflësseg ass.

Une voix.- Très bien!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- An der Praxis sinn dat awer keng Argumenter, Här President.

M. le Président.- D'Madame Err mengt deen zweeten Tiret wär superfétatoire. Dir hutt eng aner Meenung, Här Braz?

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Just ganz kuerz. Ech wëll awer och nach eng Kéier zwee Wuert zur Motioun soen. Et ass de Mëtten oft genuch widderholl ginn, mir hätte jo Uerteeler, déi, wann se définitivement „coulés en force de chose jugée" wieren, keng aner Méiglechkeet méi géife loossen. Mä dat ass net de Fall.

Ech hunn als Äntwert op eng Question parlementaire elo endlech déi Kritäre beschriwwe kritt vum Här Nicolas Schmit, déi d'Regierung uwennt. Et gëtt also selbstverständlech Ausnahmen zu den Uerteeler. Mir sinn eis eens, dass Uerteeler musse vollstreckt ginn. Mä mir sinn eis awer genausou eens, Här Asselborn, dass et selbstverständlech Ausnahme gëtt.

D'Fro ass just, wou déi Ausnahme gemaach ginn. An dat wat hei steet, Madame Err, ass net, wéi Dir et duergestallt hutt, de Wonsch fir eng Marge ze schafen, déi et scho gëtt. Et steet ganz kloer dran am leschte Considérant, d'Regierung disposéiert schonn iwwer déi Marge, a mir soen, si soll déi Marge esou notzen, dass zumindest vun den „déboutés en fin de droit", déi elo nach do sinn, keng Familljе mat Kanner méi ausgewise ginn. An dass dat net superfétatoire ass hu mer de leschte Freideg gesinn um Findel!

Zum zweeten Tiret. Här Asselborn, sot net der Madame Err en aparté ënner véier Aen, wat Der wëlles hutt. Da sot Äre Fraktiounskolleegen, dass Der kee Problem hutt mam zweeten Tiret. Da kënne mer se stëmmen. Ech halen dem Här Minister an der Madame Err gären de Mérite dovunner gutt.

M. le Président.- Sou, elo ass alles kloer an däitlech.

(Hilarité)

Mir kommen dann zum Vote. Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Selbstverständlech.

Vote

D'Motioun 2, Här Braz, ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Jean-Pierre Koepp.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Domat, Dir Dammen an Dir Häre, si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour.

5. Ordre du jour

Den Ordre du jour gesäit elo de Projet iwwert d'Besteierung vun den Zënse vir. Ech wëll awer d'Regierung froen, ob se…

(Interruptions)

De Wonsch war geäussert ginn, dass mer géifen déi zwee Projeten inversëieren a fir d'éischt deen iwwert de Referendum huelen, duerno deen iwwert d'Zënsbesteierung.

Ass dat de Wonsch vun der Regierung?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Et ass esou, den Här Frieden ass nach am Ecofin do uewen, a mir hunn do matenaner geschwat. Ech hat héieren, dass schonn eise Fraktiounspresident an och den Här Wolter do matenaner geschwat haten, fir dat ze inversëieren. Mä et ass mer elo virun enger hallwer Stonn gesot gi vum Här Frieden, dass mer sollen deen anere Projet virhuelen, well si ginn net fäerdeg do uewen.

M. le Président.- Ass d'Chamber domat d'accord, dass mer elo fir d'éischt zum Projet iwwert de Referendum kommen?

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Wann den Här Frieden dat esou décidéiert huet…

M. le Président.- Neen, den Här Frieden huet dat net esou décidéiert, Här Braz, ech froen d'Chamber ob se domadder d'accord ass?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert. Den Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech mengen déi Diskussiounen am Conseil vum Ecofin gi justement ëm d'Applikatioun vun dëser Direktiv an d'Conditions d'application. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob et net besser wier den Débat iwwert dëse Projet de loi op déi nächst Woch ze verleeën, datt mer dem Minister Zäit loosse fir hei kënnen d'Debatt ze suivéieren, an ech mengen da wier der Saach och genotzt an datt mer och da vun deenen Informatiounen, déi virleien, wou anscheinend driwwer Rieds geet fir d'Introductioun, d'Mise en vigueur vum Gesetz nach eng Kéier ze reportéieren, datt mer deen Ablack en connaissance de cause kënnen doriwwer debattéieren.

M. le Président.- Ech wëll lech soen, Här Henckes, datt mer den Ordre du jour virdrun arrêtéiert haten. Et kann elo net a Fro kommen, datt mer en erëm eng Kéier modifizéieren. Mir bleiwe bei deem Ordre du jour, deen arrêtéiert ass, sauf datt en elo inversëiert gëtt.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5443 «portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004». D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

6. 5443 - Projet de loi portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, léif Kolleegen…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Sou, da géing ech ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden, et ass hei e wichtege Projet!

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- All Projete si wichteg, Här President.

M. le Président.- Deen ass awer méi wichteg wéi déi aner, Här Meyers!

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- De Gesetzesprojet 5443 schaaft déi gesetzlech Basis, déi et erlaabt, den 10. Juli 2005 zu Lëtzebuerg e Referendum ofzehalen an deem de Wieler säi Jo oder säin Neen ausdrécke kann zu dem Vertrag, deen eng Europäesch Verfassung schafe soll.

De Projet ass den 18. Februar 2005 an der Chamber vun dem Aussen- an Immigratiounsminister déposéiert ginn. Déi zoustänneg Chamberskommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsrevisioun huet de Projet den 2. Mäerz diskutéiert an eng Rei Ofännerungen ugeholl, déi deeselwechten Dag un de Statsrot weidergeleet si ginn. Den Avis vum Statsrot vum 22. Mäerz 2005 ass den 23. Mäerz an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert ginn an de 24. Mäerz 2005 huet déiselwecht Kommissioun eestëmmeg de schréftleche Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Diskussioun iwwert de Projet 5443 mengen ech dräi Punkte missen an Erënnerung ze ruffen. Éischtens, dass déi politesch Entscheedungen iwwert d'Ofhale vun engem Referendum schonn an de Joren 2003 an 2004 getraff si ginn, dass et eng constitutionnel Basis gëtt, déi ze respektéieren ass, dass d'Rahmebedingungen iwwert d'Ofhale vum Referendum an dem Gesetz vum 4. Februar 2005 festgeluecht sinn.

Déi politesch Entscheedung iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert de Vertrag vun der Europäescher Verfassung ass schonn am Juni 2003 vum Regierungsrot getraff ginn. Et war nämlech no dem europäesche Conseil vu Saloniki vum 19. bis 21. Juni 2003, wou d'Regierung sech dozou ausgeschwat huet fir de Vertragsprojet iwwer eng Europäesch Verfassung engem Referendum ze ënnerwerfen. D'Regierung huet dat Uleies an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 erneiert a confirméiert.

D'Chamber selwer huet de Virschlag vun der Regierung de 5. August 2004 an enger Motioun, déi eestëmmeg duerch Handophiewen ugeholl ginn ass, ënnerstëtzt. Si huet gläichzäiteg dozou opgeruff, ee breede politeschen Débat iwwert déi Europäesch Verfassung ze féieren. Déiselwecht Motioun huet de Wonsch ausgedréckt, datt den Datum vum Referendum en accord mat der Chamber soll festgeluecht ginn.

No der politescher Rentrée am Hierscht 2004 sinn d'Parteie sech eens gi fir de Referendum den 10. Juli 2005 ofzehalen. D'Motivatioun fir deen Datum ze wiele war engersäits, dass Lëtzebuerg nach bei dem éischte Peloton vu Länner soll derbäi sinn, déi de Vertrag unerkennen, ratifizéieren, an dass derniewent awer den Débat iwwert de Referendum, de Referendum selwer weder während der Lëtzebuerger Présidence nach während der Wahlcampagne zu de Gemengewahle soll stattfannen, sou dass doduerch praktesch nëmmen den Datum vum 10. Juli iwwreg bliwwen ass.

Den zweete Punkt dat ass, de Referendum muss juristesch gesinn an de Kader vum Artikel 51 Paragraph 7 gestallt ginn. De Statsrot huet a sengem Avis vum 18. Januar 2005 déi constitutionnel Bedingunge fir de Referendum rappeléiert. Et sinn dat, dass d'Organisatioun vum Referendum duerch e speziaalt Gesetz muss virgesi sinn, datt nëmmen d'Wieler, déi op de Wahllëschte fir d'Parlamentswahlen ageschriwwe sinn, um Referendum kënnen deelhuelen, dass de Referendum e konsultative Charakter huet an dass den Traité no de Bestëmmunge vun den Artikele 37, Alinea 2, 59 an 114 vun der Verfassung misst gestëmmt ginn.

Wann de Referendum reng juristesch gesinn no de constitutionnellë Bestëmmungen e konsultative Charakter huet, dann ass et awer evident, dass d'Chamber d'Resultat vum Referendum vum 10. Juli 2005 net ignoréiere kann, dass se au contraire dat Resultat respektéiere muss.

D'Chamber soll virum Referendum den Débat iwwert den Traité hei an der Plénière féieren. Et soll een éischte Vote geholl ginn iwwert den Traité an et ass eréischt no dem Referendum wou deen zweete Vote vun der Chamber, dee virgeschriwwen ass nom Artikel 59 vun der Verfassung, soll virgeholl ginn.

Wann d'Wieler an hirer Majoritéit den Traité géifen oflehnen, ech mengen da wier et kloer, dass politesch gesinn och de Wielerwëllen ze respektéiere wier an dass et héchstwahrscheinlech net zu engem zweete Vote an der Chamber komme kéint.

Drëttens, de gesetzleche Kader, deen d'Modalitéite vum Referendum festleet, ass d'Gesetz vum 4. Februar 2005. Ech mengen et wier net noutwendeg fir op d'Modalitéite vun deem Gesetz zréckzekommen. D'Kommissioun huet awer gemengt, dass een haaptsächlech eng Dispositioun misst an Erënnerung ruffen, dat ass déi, dass eng breet Informatioun iwwert den Traité gemaach misst ginn.

Dat Uleies war schonn am Rapport vun der Kommissioun vum Gesetz vum 4. Februar virgedroe ginn. De Conseil d'État huet sech och deem ugeschloss an huet och gemengt, dass déi komplex Matière ausféierlech misst diskutéiert ginn, also dass de Wieler och d'Méiglechkeet hätt, fir sech mat där Matière ofzeginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e lescht Wuert iwwert d'Artikele vum Gesetz. Am Regierungstext gouf et nach fënnef Artikelen. D'Kommissioun vun den Institutiounen a vun der Verfassungsännerung an och de Statsrot waren der Meenung, dass et iwwerflësseg wär, all déi Bestëmmungen, déi schonn am Gesetz vum 4. Februar 2005 enthale wieren, nach eng Kéier an dat heite Gesetz anzeschreiwen. Duerfir war souwuel d'Kommissioun wéi och de Statsrot der Meenung, dass ee véier Artikele vum Gesetz kéint sträichen. Dat ass och geschitt, en accord tëschent dem Statsrot an där zoustänneger Kommissioun.

Et bleift also nach een Artikel iwwreg, deen eigentlech dräi Punkten enthält. Dat ass éischtens, den Datum vum 10. Juli wou d'Wieler opgeruff ginn zu de Wahlurnen ze komme fir iwwert de Vertrag vun der Europäescher Verfassung ofzestëmmen. Deen zweeten Alinea ass d'Fro, déi d'Wieler gestallt kréien. Do war et esou, dass d'Kommissioun déi Fro vereinfacht huet par rapport zu deem Text, deen d'Regierung proposéiert hat.

De Conseil d'État huet e bësse méi e komplizéierten Text proposéiert, hat awer als alternativen Text och dee vun der Kommissioun zréckbehalen, an d'Kommissioun ass bei hirem Text bliwwen, dee si an den Amendementer proposéiert hat, wou mir fannen, dass e méi einfach a méi verständlech fir de Wieler ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

An deen drëtte Punkt, dat ass den Hiweis an deem heite Gesetz, dass selbstverständlech de Referendum no de Bestëmmunge vum Gesetz vum 4. Februar 2005 ofgehale muss ginn.

D'Kommissioun huet eestëmmeg den Text ugeholl, an ech géif och d'Chamber bieden, deen Text an där Form ze stëmmen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet. Ech selwer géif och heimat den Accord vu menger Partei zu deem doten Text ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischte Riedner ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Als Alleréischt wéilt ech onsem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an him félicitéiere fir déi Aart a Weis wéi en dee Projet - ënner net ëmmer einfache Konditiounen - duerch ons Verfassungskommissioun gelootst huet an et fäerdeg bruecht huet, deen Text hei virun de Plenum ze bréngen, zu deem, mengen ech, mir ons alleguerte kënne ralliéieren.

Ech ralliéiere mech op jidde Fall deene juristeschen, politeschen an informatiounspolitesche Considératiounen, déi hien elo hei a sengem mëndleche Rapport virgedroen huet, a ganz besonnesch wëll ech ënnersträichen, dass mir als DP der Meenung sinn, dass no engem éischte Vote an der Chamber, wann de Referendum da kënnt, am zweete Vote d'Chamber sech soll op jidde Fall un den Entscheed vum Lëtzebuerger Vollek an deem Referendum halen, an dass mir am zweete Vote keng aner Décisioun kënnen huele wéi déi, déi d'Vollek gewënscht huet.

Här President, wann ech dem Rapporteur félicitéieren, da gëllen déi Félicitatiounen doudsécher net fir d'Regierung! D'Regierung ass d'Affär vum europäesche Verfassungsreferendum a mengen Aen dräimol falsch ugaangen, groussmäuleg, ze spéit a schliesslech op eng schlecht duerchduechten, iwwerflächlech

an onseriö Aart a Weis. An ech erkläre mech dozou.

Éischtens groussmäuleg. Fir d'éischt huet de Statsminister d'Land mat senger Ausso begléckt, hie géing demissionéiere wann d'Verfassung net géing beim Referendum vum Vollek approuvéiert ginn. Dat schéngt bei him eng Gewunnecht ze ginn, esou Aussoe bei Wahlen ze maachen, mä enfin. Hien huet dat anscheinend d'lescht Woch och op France 2 widderholl.

Här President, d'Vergaangenheet huet bewisen, an dat augenblécklecht Trauerspill vun de franséische Parteien a Politiker beweist et eemol méi, wéi gefeierlech et ass, en Amalgame téschent nationaler Parteipolitik an europäeschem Referendum wëllen hierzestellen! D'Fro, ob den Här Juncker hei zu Lëtzebuerg an der Regierung ass oder net, kann dach net d'Mooss si vun der Zukunft vun Europa!

Zweetens ass d'Regierung dat ze spéit ugaangen. Wéi all Parteien an dëser Chamber ausser dem ADR si mir als DP der Meenung, dass d'EU-Bierger, déi esou zahlreich an onsem Land present sinn, hätte missen un dësem Verfassungsreferendum kënnen deelhuelen. Schonn am Oktober 2004 hu mir als DP an der Verfassungskommissioun dorop higewisen, dass dat nëmme méiglech wär, wann ons eege Lëtzebuerger Verfassung géing ofgeännert ginn.

D'Regierung huet net wëlle lauschteren an huet bis den 8. Dezember gewaart, bis dass se de Statsrot doriwwer konsultéiert huet. Mat dem Resultat wat den 18. Januar 2005 bekannt gouf. Aus enger ganzer Rei vu verfassungsrechtlechen Ursaache kënnen - laut Statsrot a laut Verfassung - nëmme Lëtzebuerger Wieler um europäesche Referendum deelhuelen. Mir bedaueren dat.

Mä dee Moment war et dunn ze spéit, vu d'Délaie fir eng Verfassungsännerung virzehuelen, déi mir iwwregens e bësse méi komplizéiert schéngt wéi ons gréng Kolleegen an den Här Braz dat an hirer Proposition de loi 5436 mengen. Ech mengen do misst een nach e bëssen dorunner schaffen ier mer zu enger Léisung kommen, déi effektiv och verfassungsrechtlech tragbar ass.

Drëttens ass d'Regierung op eng schlecht duerchduechten, iwwerflächlech an onseriö Aart a Weis dëse Problem ugaang. Elo hu mer deen aarmséilege Projet de loi virun ons leien, deen den Här Ausseminister den 18. Februar 2005 déposéiert huet. Domadder huet menger Meenung no d'Regierung versot. Souguer an der Madame Delvaux hirem Schoulsystem, wou bekanntlech kee méi kann duerchfalen, hätt den Ausseminister fir dës Hausaufgab eng Datz kritt. An ech kommen elo am Detail dorop zréck.

Ech wëll awer, ier ech dorop aginn, Här President, zum Fong direkt soen, dass mir als Demokratesch Partei an als demokratesch Fraktioun an dëser Chamber dëse Projet de loi, wéi en nei redigéiert ginn ass vun der Verfassungskommissioun a vum Statsrot, wäerte stëmmen, genee wéi mir och de Projet de loi iwwert d'Approbatioun vum Traité zu enger Europäescher Verfassung stëmmen. Mir sinn absolut décidéiert an där Fro, ons Responsabilitéite vis-à-vis vum Land a vis-à-vis vun Europa wahrzehuelen, och wann d'Regierung an dësem éischte Schrëtt, deen ons op de Wee vum Verfassungsreferendum soll bréngen, an onsen Ae versot huet.

Wat reprochéiere mir deem Projet, deen haut virun ons läit an dee mer haut diskutéieren?

Här President, et muss ee sech wierklech froen, ob d'Regierung an den Ausseminister sech Rechenschaft ofgeluecht hunn, wéi onzoulänglech deen Text ass, dee mer virgeluecht kruten. Sécherlech ass deen Text, dee mer hei an der Chamber den 20. Januar 2005 gestëmmt hunn, an aus deem d'Gesetz vum 4. Februar 2005 ginn ass, also d'Kadergesetz zu engem nationale Referendum, am Statsminister sengem Gaart gewuess an net am Ausseminister sengem Gaart.

Nach muss ee sech froen, ob den Ausseminister, deen ons elo dësen Text virgeluecht huet, deen Text vum 4. Februar gelies hat, a wann en e gelies hat, ob e gemierkt huet wat drastoung. An ech erkläre mech. An ech géing dobäi soen, dass et ons schéngt, dass déi lénks Hand vun enger Regierung awer eigentlech och misst wëssen, wat déi rechts Hand mécht.

(Interruption)

Ech ginn elo op eenzel Punkten an.

Den Artikel 1 vum Regierungsprojet, deen ons hei virläit, iwwerhëlt d'Definitioun vum Projet de loi esou wéi en am Libellé vum Projet steet. De Conseil d'État ass der Meenung, dass den Artikel 1 „surabondant" ass a ka suppriméiert ginn.

Den Artikel 2 Alinea 2 seet, dass d'Wieler mat Jo oder mat Nee sollen äntwerten. De Conseil d'État weist drop hin, dass am Artikel 28 vum Gesetz vum 4. Februar genee dat steet, an dass een also an dësem Gesetzestext deen Artikel soll sträichen.

Den Alinea 3 vum selwechten Artikel gesäit vir, dass de Statsminister d'Bulletin-de-voten drécke léisst. Dat ass scho virgesinn am Artikel 27 vum Kadergesetz vum 4. Februar 2005. Laut Conseil d'État soll deen Artikel also suppriméiert ginn, an d'Kommissioun ass därselwechter Meenung.

Den Artikel 3 definéiert de Corps électoral. De Corps électoral ass definéiert am Artikel 39 vum Gesetz vum 4. Februar 2005. Laut Conseil d'État ass den Artikel also „superfétatoire" a soll gestrach ginn.

Den Artikel 4 gesäit vir, dass de Vote obligatoresch ass, wat, wéi mer all wëssen, wéinstens mir alleguerten heibannen, den Artikel 37 vum Gesetz vum 4. Februar 2005 virgesäit. Laut dem Conseil d'État ass also den Artikel 4 „redondant" a soll suppriméiert ginn.

„Surabondant", „superfétatoire", „redondant": Den Ausseminister, vun Haus aus Jurist, laang Member vun dësem Haus a vu senger Kommissioun vun den Institutiounen a vun der Révision constitutionnelle, misst wëssen, schéngt et ons, dass et ëmmer de mauvaise méthode législative ass, an neien Texter Dispositiounen ze répétéieren, déi schonn an engem aneren Text stinn.

Mä et kënnt nach méi schlëmm! Den Auteur vum Projet de loi schéngt manifestement net gewosst ze hunn, dass den Artikel 26 vum Kadergesetz vum 4. Februar 2005 e Renvoi gemaach huet, fir d'Composition vun de Bureaux de vote, op den Artikel 60 vum Wahlgesetz. Deen Artikel 60 gesäit vir, dass de President vum Haaptwahlbüro vun der Circonscription unique d'Bureau-de-votë wéinstens eelef Woche virun dem Datum vun der Consultation électorale muss constituéieren.

Wat dorop erauskënnt, Här President, dass de Referendum, dee jo virgesinn ass den 10. Juli, wann dee soll kënne stattfannen, da muss dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, de 24. Abrëll 2005 a Kraaft sinn, an da muss et spéitstens mëttwochs, den 20. Abrëll am Mémorial publizéiert sinn, soss si mer net an der Lag, d'Délaien anzehalen.

Et ass d'Verfassungskommissioun a ganz besonnesch hire Rapporteur, déi op dee Problem higewisen hunn an d'Regierung drop opmierksam gemaach hunn. Dunn ass eng gewësse Panikstëmmung an der Regierung entstanen an e Bréif vun der Secrétaire d'État aux relations avec le Parlement ass un de Conseil d'État geschriwwe gi fir drop hinzeweisen, dass hei eng aussergewéinlech Urgence géif bestoen. An et ass och dat wat obligéiert huet, dass de Conseil d'État engersäits an d'Chamber anerersäits hu missen den Hochstand drécken, fir dass dëse Projet kann haut hei gestëmmt ginn, an dass mer dann déi Délaie kënnen anhalen, fir dass effektiv den 10. Juli dee Referendum ka stattfannen.

Also et deet mer Leed, mä et schéngt mer awer e bëssen u Virsiicht vun der Regierung an dëser Fro gefeelt ze hunn.

Den Ausseminister schéngt och eng approximativ Approche zu der Sprooch an zu de Sproochen ze hunn.

Une voix.- Schéi formuléiert!

(Interruptions)

Mme Colette Flesch *(DP)*.- En huet zum Beispill am Gesetz proposéiert, mir sollen d'Fro formuléieren: „Êtes-vous pour le Traité établissant une Constitution pour l'Europe?" Här President, dat ass e Luxembourgeoisissem. Korrekt muss dat heeschen: „Êtes-vous en faveur". Sou wéi d'Kommissioun et iwwregens gesot huet.

Mä wat nach méi iwwerraschend ass, dat ass dass d'Iwwersetzung da vun där Fro am Text, deen d'Regierung virgeluecht huet, am Lëtzebuergeschen an am Däitschen, an zur Form, an zum Fong falsch läit, well wa gesot gëtt „Êtes-vous pour", da gëtt dat iwwersat „Stëmmt Dir fir". Dat heescht eppes anescht. An op Däitsch heescht et d'selwecht „Stimmen Sie für". Dat heescht eppes anescht wéi d'Fro, déi am Franséische formuléiert ginn ass. Also „ce qui se conçoit bien, s'exprime clairement et les mots pour le dire se trouvent aisément".

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Ooohhh!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- D'Verfassungskommissioun huet eng einfach Formulatioun proposéiert,…

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Ass déi besser?

Mme Colette Flesch *(DP)*.- …identesch, Här Minister an Här President,…

(Interruption)

…an den dräi Sproochen: „Êtes-vous en faveur du traité", „Sidd Dir fir den Traité", „Sind Sie für den Vertrag". Wéi de Rapporteur et scho gesot huet, wëll ech och hei erwirhiewen, dass de Conseil d'État eng Formulatioun proposéiert huet, déi juristesch wahrscheinlech méi prezis war: „Êtes-vous en faveur de l'approbation par le Luxembourg du traité?"

D'Kommissioun war de juristeschen Argumenter vum Conseil d'État net entgéintgesat a mir och net, mä mir hunn awer alt gemengt, dass et der Einfachheet halber besser wär, wa mer déi Formulatioun géinge festhalen, déi d'Verfassungskommissioun proposéiert huet.

Dann, Här President, e leschte Punkt, ech géing soen, à titre anecdotique. Den Auteur vum Projet de loi schéngt emol net am Stand gewiescht ze sinn, d'Virlagen aus dem Gesetz vum 4. Februar 2005 korrekt ofzeschreiwen, well wa mer de Projet kucken, dee virun ons läit, da sinn an der Annex 1 vu sengem Projet déi Casen, déi fir de Jo an den Nee reservéiert sinn, intervertéiert ginn. An et gëtt guer keng Explikatioun dozou.

(Interruption)

Wann de Minister hätt wëllen eppes do erreechen a bewegen, dann hätt e wéinstens misse soe woufir. En huet dat net gesot, also muss ech dovunner ausgoen, dass en emol net gemierkt hat, dass en eppes anescht proposéiert huet wéi dat, wat am Gesetz vum 4. Februar 2005 stoung.

Här President, compte tenu vun all deenen Incohérencen an Incongruitéiten hunn de Statsrot an d'Verfassungskommissioun aus der Chamber proposéiert, de Projet vun der Regierung fundamental ëmzekrempelen. Vun engem Projet mat fënnef Artikelen an enger Annex gëtt et e Projet mat engem eenzegen Artikel, wou den Datum vum Referendum virgesinn ass, wou eng kloer Froestellung zréckbehale ginn ass, identesch an deenen dräi Sproochen, a wou selbstverständlech eng Referenz gemaach gëtt op d'Gesetz vum 4. Februar, a wou schliesslech d'Annex, déi, wann ech géing d'Terminologie vum Statsrot iwwerhuelen, „surabondante, superfétatoire" a „redondante" ass, gestrach gëtt.

De Projet, esou wéi en elo nei formuléiert ass, vun der Verfassungskommissioun a vum Statsrot, fënnt onsen Accord. Mä mir kënnen nëmmen hoffen, dass no deem onglécksséilegen Essai, deen d'Regierung hei gemaach huet fir an d'Referendumsprozedur anzesteigen, se op hir Féiss zréckfënnt, oder op hir Patten - ech weess net wéi ech soll soen - an dass se mat e bësse méi Seriö a Clairvoyance op déi Campagne d'information zougeet iwwert d'Constitutioun fir Europa.

A ganz besonnesch géing ech hoffen, dass dat wat an Zukunft vun der Regierung kënnt e bësse méi Substanz huet, wéi deen aarmséilege Wësch, dee mer bis elo an onse Bréifkëschte fonnt hunn, well heimadder fänkt ee wierklech net vill un.

Här President, esou wéi ech et scho gesot hunn, ass ons Fraktioun bereet deen ëmgekrempelten Text ze stëmmen. Mir wäerten och bei engem nächste Vote en faveur vum Projet de loi stëmmen iwwert d'Approbatioun vum Traité zu enger Europäescher Constitutioun, a mir wäerten och an där Campagne, déi elo lassgeet, fir e Jo beim Referendum ons asetzen, well onser Meenung no déi Europäesch Constitutioun wéi se elo virläit, an obschonn se net perfekt ass, e Fortschrëtt ass an deem Prozess vun der europäescher Integratioun, déi säit 50 Joer undauert, an déi Constitutioun och eng reell Amélioratioun ass vun den Texter, esou wéi se elo sinn.

Haut ass d'Europäesch Unioun paralyséiert, doduerch dass se muss Regelen a Mechanisme gebrauchen, déi an de 50er Joren definéiert si ginn, fir eng Communauté zu sechs, an elo si mir eng Unioun zu 25. Déi Mechanisme sinn an de successiven Traitéen ëmmer erëm iwwerholl ginn, y compris an deem vun Nice, dee wahrscheinlech deen onzoulänglechste vun en alleguerten ass.

Déi Constitutioun, déi dem Referendum vum 10. Juli virläit, ass eng Äntwert op déi do Onzoulänglechkeeten. Si huet en éischten Deel, deen d'Valeuren an d'politesch sozial an ëmweltpolitesch Objektive vun der Unioun festleet, déi eng nei institutionell Architektur fir d'Unioun opzeechent. Hiren zweeten Deel gëtt der Charte des Droits fondamentaux en obligatoresche Charakter, wat doudsécher eng gutt Saach ass. Den drëtten Deel vun der Constitutioun ass a mengen Aen total onliesbar. Mä dat ass guer net wichteg, well deen drëtten Deel iwwerhëlt nëmmen déi Bestëmmungen aus den Traitéen, déi haut scho gëllen, a versicht déi Bestëmmungen e bëssen ze vereinfachen, ouni dass dodrunner eppes geännert gëtt.

De véierten Deel organiséiert d'Prozedure vun der Revisioun. An anere Wierder, ass d'Constitutioun en Text, deen ons erméiglecht e Fortschrëtt ze verzeechne bei der Kohärenz vun de Politike vun der Unioun, bei der Modernisatioun vun dem legislative System vun der Unioun, bei der Rationalisatioun vun de Prozeduren, bei der Implicatioun, an dat muss ons hei interesséieren, vun den nationale Parlamenter. Dat ass e Fortschrëtt am Sënn vun der Transparenz, vun der Demokratie a vun der Visibilitéit vun der Unioun um internationale Plang.

Här President, léif Kolleegen, dat ass d'Ursaach woufir mer haut fir deen Text stëmmen, deen ëmgekrempelt ginn ass, an ech soulignéieren dat, vun der Verfassungskommissioun a vum Statsrot an deen doduerch zu engem uerdentlechen Text ginn ass. Mir wäerten also deen Text stëmmen, an dat ass och d'Ursaach woufir mer muer fir den Traité stëmmen, deen d'Approbatioun vun der Europäescher Constitutioun beinhalt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien

M. le Président.- Merci der Madame Flesch, an als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ech elo d'Madame Flesch héieren hunn, fält mer en anere franséische Sproch an, „tout ce qui est excessif est dérisoire". Ech mengen, dass effektiv mat alle Reserven a Kritiken, déi ee ka formuléieren, d'Geballtheet vun der Kritik hei eigentlech disproportionéiert ass zu deem wat dem Regierungstext virgeworf gëtt. Ech géif herno nach am Detail gären dorobber zréckkommen.

(Interruption)

Ech mengen awer, dass mer et eigentlech jo hei mat engem historesche Moment an dëser Chamber ze dinn hunn, well et fir d'éischt ass zënter 68 Joer, dass d'Chamber um Punkt ass ze décidéiere fir d'Wieler direkt iwwer eng Fro vu groussem nationalen Intérêt ëm hir Meenung ze froen.

Dat ass keng Flucht virun der Verantwortung vun der Politik oder vun de gewieltene Vertrieder. Dat ass an dat däerf och kee verstopptene Plebiszit ginn. Mä dat ass den éierleche Versuch an enger komplexer, mä essenzieller politescher Fro, déi vun der politescher Unioun hiren Objektiven, hirem Fonctionnement, hire Kompetenzen an de Grondrechter vun den europäesche Bierger de Wieler entscheeden ze loossen. Jo, obwuel et formaljuristesch eng Konsultatioun ass, dat heescht ee Referendum mat konsultativem Charakter ass, ass et evident, mengen ech, fir all Parteien hei am Parlament, dass politesch gesinn dat Resultat vun der Wielerbefroung wäert bannend si fir dës Chamber.

Als LSAP sti mir zu dëser Referendumsprozedur, déi mir sengerzäit als Oppositiounspartei gefrot haten. Dat bedeit awer ganz kloer och vun eis, mä och vu villen aneren, e grousst Engagement déi nächst Wochen, et ass schonn amgaang, och e pedagogeschen Effort, dee muss gemaach gi fir eng extrem breet an eng extrem komplex Matière, en internationalen Traité vu groussem Ausmooss, dem Wieler méi no ze bréngen, an dat an enger méiglechst éierlecher a méiglechst vollstänneger Fassong, an dat soll och kontradiktoresch esou wäit wéi méiglech geschéien.

D'Regierung huet hir Campagne virgestallt, d'Chamber huet Initiative geholl. Ech géif mer wënschen, dass mer och d'Zivilgesellschaft méi staark nach implizéiert géife kréien an déi ganz Virbereedung vun deem nationale Referendum.

Mä virun allem sinn awer och d'politesch Parteie gefuerdert, net nëmmen duerch eng Ofstëmmung hei an der Chamber, mä virun allem awer och well se als politesch Partei an eisen Aen eng Haaptaufgab hunn, dat heescht zur allgemenger Meenungsbildung vum Bierger bäizedroen. Et ass also selbstverständlech, dass keng Partei sech do kann der Verantwortung entzéien, a si muss hirer Käraufgab, déi politesch Meenungsbildung vum Bierger ze fërdern, och an där heiter Fro gerecht ginn.

Den Ausgang vun all Referendum ass trotz Sondagen ëmmer offe bis zum Wahldag selwer. An all Wieler soll sech fräi en connaissance de cause kënnen entscheeden iwwert déi Fro, déi em virläit an och sech bewosst si wat d'Konsequenze si vun där Entscheedung. E muss dat kënne maachen ouni Drock vu baussen. Bis zu dem 10. Juli bleiwen eis nach knapp zwielef Woche fir déi öffentlech Debatt, déi schonn etlech Wochen amgaang ass, ze accéléréieren an un e gutt Enn ze bréngen.

Als LSAP setze mir ganz kloer op eng Campagne de proximité. Versammlungen, Tables rondes, Informatiounsstänn, do wou d'Leit sech ophalen, no bei de Leit, do wou sech och d'Froe gestallt ginn a wou mer probéiere wäerten als Partei eis Äntwerten ze ginn.

Nom Ofweie vum Pro a Kontra op eisem Landeskongress dee leschte Mount hu mer als Partei mat grousser Majoritéit eis fir ee Jo zu deem Traité constitutionnel ausgeschwat, a mir wënschen et, dass deen Traité constitutionnel den 10. Juli och vun enger grousser Majoritéit vun de Wieler guttgeheescht gëtt, well e ganz einfach eng Plusvalue duerstellt a ganz ville Beräicher par rapport zu deem geltenden europäesche Recht.

Lëtzebuerg ass net dat eenzegt Land iwwregens wat sech op de Wee vum Referendum begeet, fir déi dote wichteg Matière tranchéieren ze loossen. Spuenien huet et scho gemaach, als nächst sti Referenden un a Frankräich, an Holland, an Dänemark, a Portugal, an Irland, an England, a wéi et schéngt géif et op deemselwechte Wee och tranchéiert ginn a Polen an an der Tschechescher Republik. Insgesamt zéng vu 25 europäesche Staten hu sech also décidéiert fir net de parlamentaresche Wee ze goen, mä fir eigentlech d'Haaptgewiicht op d'Consultation populaire, op de Referendum ze leeën.

Ech mengen, dass mer als Lëtzebuerg richteg sinn, dass mer deen dote Wee amgaang sinn ze beschreiden. Mir maachen dat am Kader vun eiser eegener legislativer Prozedur, déi e bëssen atypesch ass, well se eigentlech opgebaut ass, wann een d'Texter kuckt vun der Verfassung a besonnesch och den Artikel 59, op zwee Voten, déi misste bei all Gesetzesprojet hei an der Chamber stattfannen, et sief dann de Conseil d'État gëtt d'Dispens vun deem zweete Vote constitutionnel.

Abee, et ass déi Prozedur, déi eigentlech hei applizéiert gëtt, mat engem éischte Vote hei an der Chamber, dann de Referendum an duerno den zweete Vote vun därselwechter Chamber, deen natierlech dem Resultat vum Referendum Rechnung ze droen huet.

Dat ass e Wee, dee wéineg Länner beschreiden. Et gëtt vill Länner, déi eng Kombinatioun maache vun dem parlamentaresche Wee an dem Referendum, mä eigentlech - souwäit ech dat gesinn - kee Land wat zweemol d'Chamber mat implizéiert an dat Ganzt. Mä dat ergëtt sech aus eise Prozeduren, an ech mengen et ass och wichteg fir dass all politesch Parteien, all politesch Bewegungen, Gruppéierunge sollte kloer Faarf bekenne virun deem Referendum fir ze soen, wou se an enger essenzieller politescher Fro stinn a wat hir Meenung zu där doter Fro ass.

An deem heite Projet de loi ginn eigentlech nëmmen zwou Froen tranchéiert. De Rapporteur huet dat ervirgehuewen, deem ech och bei där Geleeënheet wëll félicitéiere fir déi gutt Aarbecht, déi e geleescht huet. Dat ass den Datum an et ass d'Fro, déi gestallt gëtt. Dat si wichteg Froen! All de Rescht gëtt geregelt iwwert dat allgemengt Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert de Referendum.

D'Madame Flesch huet sech hei a ganz haarde Wierder geäussert zu där Aarbecht, déi vu Regierungssäit gemaach ginn ass. Ech wëll awer vläicht do e Wuert vun Explikatioun ginn. Ech verstinn, dass eng Regierung, dass Beamten, déi un esou engem Text schaffen am Numm vun der Regierung, net onbedéngt wollten hei en Eenartikelprojet deponéieren.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Do hutt Der Recht.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wou ass Recht a wou ass Onrecht an deenen dote Froen? Si hunn deen Text étofféiert duerch eng Rei Regelen, déi deem entsprieche wat an deem allgemenge Gesetz steet, déi awer net kontradiktoresch zu deem Text sinn!

An d'Madame Flesch huet hei andauernd Zitater beméit vum Avis vum Conseil d'État. Ech wëllt soen, dass net eng Opposition formelle am Avis vum Conseil d'État dran ass!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Wat hätt Der nach gär?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wéi vill Texter sinn et ginn, vun alle Regierungen, och an deene Regierungen, wou d'Madame Flesch direkt Responsabilitéit hat, wou de Conseil d'État Opposition, a méi wéi eng Opposition formelle formuléiert huet? Abee, hei ass net eng Opposition formelle vum Conseil d'État dran, en huet eng aner Approche zu der Matière gehat.

D'Regierung hat eng Approche fir eng Rei vu wesentleche Punkten nach eng Kéier ze rappeléieren an hirem Text, de Conseil d'État hat eng Approche fir net ze widderhuelen, mä einfach dat Neit just nach am Text selwer vum Gesetz stoen ze loossen, an där Approche huet sech d'Kommissioun vun den Institutiounen och ugeschloss. Mä deen anere Wee ass keng Häresie an et gëtt och Beispiller aus aneren Texter, wou schonn déi eng oder déi aner Widderhuelung gemaach ginn ass.

Wichteg ass, dass keng Kontradiktioun an Texter besteet. Fir mech ass et eng zweetrangeg Fro ob een eenzel wichteg Dispositiounen eventuell och nach an engem zweeten Text widderhëlt, esou dass ech mengen, dass hei probéiert ginn ass, aus enger Méck en Elefant ze maachen, an dass all déi Reprochen net esou grave sinn, wéi d'Madame Flesch dat hei mat kräftege Wierder versicht huet duerzestellen.

Wichteg ass et awer bei där Geleeënheet nach eng Kéier e puer essenziell Froen ze rappeléieren, déi effektiv och net méi am Text stinn, wou d'Leit sech awer dobaussen och déi lescht Woche scho Froe gestallt hunn, mä wéi ass et dann elo, a wou se alt emol an offizielle Stellen, op Gemenge geäntwert kritt hunn: Majo, den Text ass nach net do, mir kënnen lech do keng Äntwert ginn.

Or, all déi praktesch Froen, déi sinn effektiv schonn tranchéiert iwwert deen allgemengen Text vum 4. Februar 2005. D'Wahlflicht, d'praktesch Organisatioun vun de Wahlen, och déi wichteg Fro, wou d'Leit elo scho kommen, déi vun der Bréifwahl: Ass eng Bréifwahl méiglech, ass keng Bréifwahl méiglech? Do gëtt eng Referenz gemaach op den allgemengen Text iwwert d'Bréifwahl an do gëllen also d'Bestëmmunge vum Artikel 171 vun eisem Wahlgesetz, wou fréistens zéng Wochen a spéitstens 30 Deeg viru Wahle muss déi Bréifwahl ugefrot ginn.

Dat heescht an net allze laanger Zäit, an zwou Wochen Zäit kënnen d'Leit eigentlech scho bei de Gemengen d'Bréifwahl ufroe bis spéitstens 30 Deeg virun de Wahlen, wou se also e bësse Sputt hunn. Dat ass, mengen ech, eng wichteg Informatioun, déi net am Text steet, mä déi een awer hei sollt ginn, well dat sech aus aneren Texter ergëtt.

Mir géifen als Fraktioun och d'Regierung bieden - et ass éischter eng Responsabilitéit direkt vum Innenminister, mä ech gi se hei awer gären un den Ausseminister weider -, dass elo schnellstméiglech sollt eng Circulaire un d'Gemengen erausgoen, fir dass déi zoustänneg Gemengeverwaltungen, déi mat Froe vun de Bierger elo wäerte konfrontéiert ginn, kënnen am Detail op déi eenzel praktesch Froen eng Äntwert ginn, déi sech am Zesummenhang mat der Organisatioun vun deem heite Referendum stellen. Et ass wichteg, dass dat wierklech an deenen nächsten eng, zwou Woche geschitt, fir dass do net weider Zäit verluer geet an Onsécherheet opkënnt.

Ech géif zum Schluss nach just de Wonsch äusseren, dass an där öffentlecher Debatt vun deenen nächste Wochen zum Referendum an zum Traité constitutionnel all Meenungen zum Droe kommen, dat besonnesch och an der offizieller Campagne, woubäi natierlech de politesche Kräfteverhältnisser an dëser Chamber muss Rechnung gedroe ginn. Dat gesot, géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem heiten Text abréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Bodry Merci. Als nächste Riedner ass den Här Felix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et sinn de Mëtte scho munch Kritike formuléiert ginn, net nëmmen um initiale Projet de loi, mä och un aneren Aspekter, an et wär ee bal tentéiert ze soen: Zu Lëtzebuerg hu mer scho laang kee Referendum méi gemaach an dat mierkt een och.

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Keen nationaalt!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Keen nationaalt.

Mä de Geck an den Eck, dëst Gesetz schléisst u sech dee prozeduralen Deel vum Referendum vum 10. Juli of. D'Chamber wäert jo nach befaasst gi mat der Fro vum Referendum, mä da geet et méi ëm den Inhalt vum Traité constitutionnel. Mir schléisse mat dësem Text, dee mer haut ofstëmmen, och déi Diskussiounen of, déi mer gefouert hunn am Kader vum Kadergesetz iwwert de Referendum an haut eben am ad-hoc-Gesetz zum Traité, zum Vote iwwert den Traité constitutionnel, dee jo den 10. Juli soll stattfannen. Déi positiv Aspekter wëll ech da fir d'éischt eraussträichen.

Éischte positiven Aspekt ass, dass de Referendum definitiv net mat de Gemengewahlen op een Datum fält - och dat war jo eng Zäitchen am Gespréich. Et ass och gutt, dass sech schlussendlech eng Majoritéit dofir fonnt huet, fir d'Gemengewahle mat den Diskussiounen iwwert den Traité constitutionnel net ze vermëschen, esou dass also béid Diskussiounen an hirer Plénitude kënne gefouert ginn. Dat ass eng positiv Entwécklung.

En zweete Punkt, dee mir och begréissen, dat ass dass d'Chamber, sou wéi eben och eis Verfassung dat virgesäit, en éischte Vote muss huelen, wat och de Parteien d'Méiglechkeet gëtt, Faarf ze bekennen.

Et schéngt jo esou ze sinn, wéi wann net all Parteien dat wëlles hätten. Mir halen dat awer fir absolut normal an engem demokratesche Prozess, dass Parteien an hir Vertrieder par rapport zu hire Wieler eng Meenung anhuelen, Positioun bezéien a kloer soe wat se denken a wéi se sech wäerte beim Referendum verhalen. Och dat ass een Element an der Meenungsbildung vun de Bierger, a mir fannen dat dofir och nëmmen normal an och gutt, dass dat am Kader vun dësem Referendum wäert geschéien.

Dann ass et awer och scho bal mat de positive Punkten eriwwer. Well wann een dann awer déi ganz Aarbecht vun der Regierung nach eng Kéier Revue passéiere léisst, am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Referendum, muss een awer soen, dass d'Regierung hei zumindest vum Handwierkleche ganz, ganz schwaach, ganz mangelhaft geschafft huet.

Ech fänken u bei der Fro vun der Participatioun vun den net Lëtzebuerger EU-Bierger hei vu Lëtzebuerg. D'Regierung huet dat ugekënnegt, an et muss een am Prinzip an am Normalfall kënnen dovun ausgoen, wann eng Regierung esou eng Ukënnegung mécht, dass se dann och weess, dass se d'Moyenen huet vun hirer Meenung, an dass se weess, dass se dat och wäert kënnen zu Enn brénge wat se ugekënnegt huet. Dat war net de Fall. Dat ass bedauerlech.

(Interruption)

Mir hu mat där Konklusioun, déi schlussendlech huet misse gezu ginn, e groussen Deel vun de Leit, déi hei wunnen, ausgeschloss. Ech mengen déi meescht Parteie bedaueren dat. Mir hunn dofir als Gréng - d'Madame Flesch ass och kuerz drop agaangen - an deem Sënn en Text op den Dësch geluecht, deen net d'Prétentioun huet, dass en op all de Kommae perfekt wier, loin de là. Dat kann d'Regierung jo emol net vu sech behaapte wa se en Text op den Dësch leet. Mir hunn déi Prétentioun och net.

Mir wollte mat deem Text awer d'Diskussioun ganz séier ustoussen, fir dass mer hoffentlech ganz rapid zu engem Text kommen, deen dann all de kriteschen Appréciatioune standhält an dee mer hei kënne stëmmen, fir dass dat, wat sech do ofgespillt huet, sech an Zukunft net méi kann nach eng Kéier widderhuelen.

Zweete Punkt ass dee vun der Ouverture vun de Wielerlëschten. Do wëll ech awer och nach eng Kéier drop agoen, well dat Stéchwuert de Mëtten nach net erwähnt ginn ass. Och do wär et gutt gewiescht, wann dat wat gesot ginn ass - deelweis och vum Grand-Duc gesot ginn ass - hätt kënne Realitéit ginn. Eng Ouverture oder eng nei Revisioun vun de Wielerlëschten hätt et erlaabt, och nach eng Kéier eng ganz Partie Uniounsbierger mat zouzeloossen, wa mer dann do d'Aussoe vun der Regierung hätte kënnen ëmsetzen.

Och dat ass net geschitt, och dat ass bedauerlech, a mir fannen, dass do d'Regierung misst eng Léier draus zéien an am Kader vun de kommunale Gesetzgebungen d'Revisioun vun de Wielerlëschten op de Metier huelen, well do hu mer eng Prozedur, déi komplett „surannée" ass. Et ass net méi normal, am Joer 2005, dass ee muss mat Wielerlëschten hantéiere bei Wahlen, déi 18 Méint al sinn. Dat dréit a kengster Weis der Entwécklung vun der Technologie Rechnung, dat ass einfach iwwerlieft, an dat soll eng vun de Léiere si vun dëser dach handwierklech relativ dürfteger Aarbecht, déi d'Regierung ofgeluecht huet.

Drëtte Punkt ass den Text selwer, d'Madame Flesch huet dee Problem do schonn ënner all senge Couturë beliicht, ech ka mech dofir drop beschränken ze soen, dass deen Text effektiv kee gudden Text war, ob et elo den Här Asselborn dat perséinlech geschriwwen huet, dat bezweifelen ech éischter, mä ech denken, datt et awer stëmmt, dass deen Text, esou wéi e formuléiert war, kee gudden Text war. En huet sech nahtlos an dat agereit, wat d'Regierung am Kader vum Dossier Referendum Opweises huet, an dat ass net ganz vill. Den Text huet gepasst bei dee Patzer mat der Revisioun vun de Wielerlëschte fir de Grand-Duc a bei déi ganz bedauerlech Entwécklung, dass schlussendlech d'Uniounsbierger net konnte matmaachen.

Also ënnert dem Stréch, vun der Absicht hier, géing ech soen, ass et begréissenswäert, vun der Ëmsetzung dovunner absolut mangelhaft.

Ofschléissend nach e puer Wuert zu der Informatiounspolitik. Ech kann dat wat den Här Bodry gesot huet nëmme confirméieren. Déi Leit, déi och an de Gemengen aktiv sinn, wëssen, dass d'Leit effektiv vill där do Froe stellen. D'Informatioune sinn deelweis nach net bis an d'Gemenge virgedrongen: Wéi ass et mat der Bréifwahl? Wéi ass et mat der Wahlflicht?

Och den Inhalt vun der Informatiounscampagne vun der Regierung léisst am Moment nach ganz staark ze wënschen iwwreg. Ech hunn éischter d'Gefill, dass d'Chamber amgaangen ass hir Aarbecht hei seriö ze maachen, si mécht dat wat an hire Kompetenze läit a wat hire Rôle ass. Dat kann ee vun der Informatiounscampagne vun der Regierung net behaapten, weder den Inhalt nach den Zäitpunkt an d'Diligence mat där se ausgefouert gëtt sinn ze wierdegen. Éischter de Contraire ass de Fall.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ofschléissend och nach ee Wuert zum Respekt, dee mer eis alleguerten engagéiert hunn ze accordéieren zum Ausgang vum Referendum. Mir huele selbstverständlech hei e premier vote constitutionnel a mir respektéieren den Ausgang vum Referendum hei zu Lëtzebuerg. An ech deelen och d'Meenung vun deenen, déi fannen, dass dee Vote hei zu Lëtzebuerg net acquis ass. Dee wäert net vum selwe positiv ausgoen. Déi, déi sech fir den Traité ausgeschwat hunn, sinn an deenen nächste Wochen a Méint gefuerdert fir den Enjeu vun deem Text de Leit kloerzemaachen, esou dass mer duerno net mussen de Constat maachen, dass Lëtzebuerg bei deem Text mat Nee gestëmmt huet.

Ee lescht Wuert och un d'Adress vum Statsminister, deem seng Attitüd ech nëmme ka kritiséieren. Säi politescht Schicksal un den Ausgang vum Referendum ze bannen, fannen ech eng Aart a Weis, déi zumindest net clever ass. Wann d'Leit sech erpresst fillen, da reagéieren se och deementspriechend. Ech fannen et och iwwerdriwwen, e perséinlecht Schicksal un esou en Enjeu, wéi d'Entwécklung vun der europäescher Konstruktioun, wëllen ze

bannen. Dat hätt e besser gehat ze ënnerloossen; en huet et net gemaach. Et ass evident, dass wann de Referendum sollt mat Nee ausgoen, politesch Konklusioune misste gezu ginn. Do wäre vill politesch Froe gestallt an déi géinge bäi Wäitem dat perséinlecht Schicksal vum Statsminister dépasséieren. Déi Ausso hätt en also besser gehat sinn ze loossen.

Mat deene leschte Remarquë bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Henckes war nach net un der Rei.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Oh pardon! Entschëllegt, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, et ass léif, datt Der deene klenge Fraktiounen och nach d'Wuert gitt. Merci, Här President.

Als ADR, als Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtegkeet, hu mir ëmmer eng grouss Prioritéit e groussen Akzent gesat op méi Demokratie, dat heescht op d'Méiglechkeet fir Referenden an eisem Land ofzehalen. An dofir si mer frou, dass d'Iddi selwer vum Referendum lues a lues hire Wee gemaach huet an elo hir Friichten dréit.

Ech wëll drun erënneren, dass mir den 13. Februar 2003 eng Motioun hei an der Chamber deponéiert hate fir e Referendum iwwert den Traité constitutionnel ofzehalen. Deen Ablack ware mir déi eenzeg Partei, déi dës Motioun gedroen huet. All aner Parteien hunn unisono géint de Referendum geschwat a géint ons Motioun gestëmmt. Lues a lues huet ons Iddi awer bei de meeschte Parteie Sympathie fonnt, se ass méi sympathesch ginn a mir konnte feststellen, datt et schlussendlech op eng Unanimitéit débouchéiert huet.

Haut soll nun d'Gesetz iwwert de Referendum zum Traité constitutionnel Realitéit ginn, an dat ass en historesche Moment, well mer esou laang scho kee Referendum haten. Ech hunn dem Rapporteur mat ganz vill Intérêt nogelauschtert an ech soen him och e ganz grousse Merci als President an als Rapporteur fir déi gutt Aarbecht, déi en op dësem Gebitt vum Referendum mécht.

Ech wëll him awer och soen, an ech répétéiere mech do, datt ech awer mat enger Ausleeung, déi e mécht, net d'accord sinn, an dat ass déi, datt ons Constitutioun géing festhalen, datt de Referendum misst konsultativ sinn an net décisionnel an net e legislative Charakter huet.

Ech wëll den Artikel vun onser Constitutioun, den Artikel 51(7), nach eng Kéier virliesen, dee seet: «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer» - an et geet ëm d'Wuert „se prononcer" - «par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.» A wat heescht nun „se prononcer"? An den Ae vum Conseil d'État an och vun deene meeschte Parteien heibannen, heescht dat, datt d'Leit mussen un engem Referendum deelhuelen, well mer d'Wahlflicht hunn, mä dass herno, esouguer wann eng Majoritéit vun de Leit sech géint de Referendum, géint déi Fro, déi gestallt ass, géing ausschwätzen, da kéint d'Chamber awer anescht maache wéi dat wat d'Vollek, wat d'Bierger gewollt hunn; dat heescht e konsultative Referendum ofhalen.

Jidderee weess, datt dat vläicht nëmmen an Ausnahmefäll ka geschéien, well et misst jo relativ vill politesche Courage do si vun deenen Deputéierten, déi géint de Wëlle vun der Majoritéit vun de Bierger géinge stëmmen, mä et ass eng Méiglechkeet. Mir mengen au contraire, wann d'Bierger zu engem Referendum erugezu ginn, datt déi Décisioun vum Bierger dann och geholl gëtt an datt déi legislative Charakter huet, an datt dann eng Chamber näischt méi domadder ze dinn huet, wann d'Bierger décidéiert hunn.

Dat ass och d'Situatioun wéi et zum Beispill a Frankräich elo ass, wou an engem grousse Land d'Bierger décidéieren an d'Chamber net an engem éischte Vote sech zu engem Traité ausschwätzt an an engem zweete Vote sech zu engem Referendum ausschwätzt. Ech mengen dat ass déi richteg Demokratie. A wann ee kuckt wat de „Larousse" seet iwwert d'Wuert „se prononcer", da gesäit een, dass de „Larousse" dräi Possibilitéite virgesäit fir d'Wuert „se prononcer" auszeleeën. Et heescht op jiddfer Fall, ech zitéieren: „choisir tel parti; se décider. Se prononcer en faveur d'une mesure fiscale".

Et ass also kloer, datt wann ee franséisch schwätzt an d'Wuert franséisch ausleet, da kann de Referendum zu Lëtzebuerg décisiven, décisionnellë Charakter hunn, an et muss net esou sinn, wéi de Conseil d'État et seet, datt et just nuren dorëmmer geet, fir eng Meenung auszedrécken. Dat war gewollt vun deene Leit, déi mat ganz Weisheet ons Constitutioun ausgeschafft hunn.

Dofir bedaueren ech, datt elo déi meeschte Parteien hei an der Chamber net wëllen op dee Wee vum Référendum décisionnel goen. Se wëssen och woufir, well se sech soen, hei bei dësem Referendum misst et jo weider keng Schwieregkeet sinn, mä et kéint jo awer emol bei anere Referende sinn, datt et besser wier, datt et konsultativ ass an datt mir als Chamber deen Ablack eppes aneschters décidéieren, wéi dat wat d'Bierger wëllen. Dat ass dat, wat mer falsch maachen.

Zweete Punkt, deen oft an der Debatt stoung an de leschte Méint, dat ass: Wien däerf um Referendum deelhuelen? Wien ass den Électeur? Wann een d'Oppositiounsparteien, d'DP an DÉI GRÉNG, héieren huet, da war et, datt niewent de Lëtzebuerger Wieler och nach d'EU-Bierger dru sollte participéieren, déi op de Wielerlëschten ageschriwwe sinn. Mir hunn direkt als ADR gesot, datt den Artikel 51(7) vun onser Constitutioun virgesäit, datt vun Électeur geschwat gëtt an am Artikel 52 vun onser Constitutioun steet: «Pour être électeur, il faut: 1° être Luxembourgeois ou Luxembourgeoise.» Méi kloer kann een et net soen.

An deem Ablack wou et ëm national Souveränitéitsrechter geet, ass et kloer - an net ëm kommunal Affären oder ëm Wahle fir d'Europaparlament -, datt hei muss eng konstitutionell Ännerung virgeholl ginn.

An ech hunn d'Impressioun, datt och d'Regierungsparteien dat dote wossten. A si wossten, datt de Conseil d'État géing nee soen, mä se hu sech alt bei den EU-Bierger virun de Gemengerotswahlen de schéine Männche maache wollen an hinne soen: Kuckt mol do, mir géingen lech och gär mat froe kommen. An da gëtt gesot: Oh, wéi kënnt der ons esou eppes zoutrauen, datt mer esou eppes géinge maachen?

Mir mengen et, well et ass méiglech gewiescht, fir iwwert de Wee vun enger Verfassungsännerung den EU-Bierger d'Wahlrecht ze gi fir de Referendum, wann d'Majoritéitsparteien dat dote gewollt hätten.

Et ass kierzlech nach gesot ginn - an ech wëll drun erënneren -, datt mer keng Zäit gehat hätte fir eng Verfassungsännerung ze maachen. Dat ass falsch, net wouer, well mir hunn eng virgeholl, elo kierzlech justement fir de Referendum iwwert dësen Traité constitutionnel ofhalen ze kënnen! De leschte Mount hu mer eng Verfassungsännerung gestëmmt, déi de 15. Juni zum Droe kënnt. Et wier also ganz gutt méiglech gewiescht, bei därselwechter Geleeënheet eng Réforme constitutionnelle virzehuelen, wann dat politesch gewënscht gi wier.

Et ass dat wat ech wëll dénoncéieren, datt een eppes seet an dann net bereet ass, fir esou ze handelen, well ee sech insgesamt hofft, datt een esou vläicht méi e positiivt Resultat beim Referendum kéint kréien.

A wat mer elo festhalen, dat ass déi Prozedur, déi mer virgesinn hunn, well mer kee legislative Charakter beim Referendum hunn, an dat ass déi, datt mer elo d'Gesetz iwwert de Referendum décidéieren, datt an enger éischter Lecture de Projet de loi iwwert den Traité constitutionnel soll gestëmmt ginn an datt mer bei där Geleeënheet eng Resolutioun solle stëmmen, wou d'Chamber sech engagéiert fir d'Resultat vum Referendum unzehuelen a mer da kucken, ob et zu enger zweeter Lecture kënnt oder net, jee nodeem wéi d'Resultat ass. Et wier villes méi einfach gewiescht, wann ee scho wëllt d'Chamber bannen, datt een deen Ablack e legislativen, en décisionnellë Referendum virgesinn hätt.

Dat gesot, wäert awer schlussendlech d'Resultat datselwecht sinn. Dat heescht, datt d'Chamber bereet ass déi Décisioun vum Vollek ze respektéieren an dat wëllt an enger Resolutioun festhalen. Wann een et komplizéiert ka maachen, kann een et och einfach maachen. D'Prozedur also fir d'Chamber ass, fir et komplizéiert ze maachen. Mä wichteg ass et, datt et zu engem Referendum kënnt, wéi mir als ADR dat scho laang Jore gewënscht hunn an ons dofir agesat hunn, an dofir wäert och d'ADR-Fraktioun Jo zu dësem Projet de loi soen.

(Interruption)

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Elo ass d'Debatt ofgeschloss. Fir d'Regierung huet den Här Ausseminister Jean Asselborn d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech hei soen, dass, mengen ech, an där prozeduraler Approche alles gesot ass wat ze soe war. Ech hu mech besonnesch gefreet fir d'Madame Flesch, déi jo scho laang hei an der Chamber ass an déi eng grouss Erfahrung huet, dass se sech nach kann esou um Glacier vum Wesentlechen défouléieren. Dat huet mech wierklech gefreet!

(Hilarité)

Bon, den Här Rapporteur, de Paul-Henri Meyers, huet eng wonnerbar Aarbecht gemaach, wéi mer dat gewinnt sinn. Den Alex Bodry huet dat scho gesot, mat där ganzer Kommissioun. Och de Conseil d'État huet gutt geschafft a mir wäerten dann d'nächst Woch och besser schaffen, Madame Flesch.

Sou, ech wollt, wann Der erlaabt, just hei soen, dass mer iwwert den Datum eis eens sinn. Et ass och eng Evidenz fir d'Regierung, dass politesch dat bannend ass, wat d'Lëtzebuerger den 10.07. soen, an ech géif vläicht e puer Wuert dann un lech riichten, vläicht aus menger Siicht elo, aus der Siicht vun der Regierung iwwert de Fong vum Referendum.

Fir d'éischt kënnt een eng historesch Approche hunn, op Lëtzebuerg bezunn, an dann awer och d'Nécessitéit e wéineg um Ufank vun dësem 21. Jorhonnert aus EU-Siicht. Ee vun de Kritikpunkten, deen een a Saache Referendum vum 10. Juli jo ëmmer erëm héiert, ass deen, dass d'Leit soen, mir wëssen eigentlech net ëm wat dass et geet. Wéi kënne mer eis erëmfannen an deenen honnerten Artikelen do, déi am Traité drastinn? An dann: Brauche mer iwwerhaapt eng EU-Verfassung?

Nun, wann een dat also kuckt an et vergläicht een eigentlech mat deem wat war virun engem hallwe Jorhonnert, wéi Europa sech lues awer sécher déi institutionell Wuerzele ginn huet, deemools ass jo keen op d'Iddi komm, an de 50er Joren, an op de Gedanke komm, weder a Frankräich nach an Italien nach an Däitschland nach an Holland nach an der Belsch nach hei zu Lëtzebuerg, fir elo duerfir e Referendum ofzehalen.

An och '56, an eise President vun der Kommissioun weess dat, den Artikel 49bis, dat ass jo eigentlech dee gréisste konstitutionellen Agréff, dee mer jee an eiser Verfassung hei gemaach hunn, an deen ass deemools ouni Problemer iwwert d'Bühn gaangen. Nämlech am legislative Beräich, exekutive Beräich am judiciairë Beräich, kënne jo, wéi Der wësst, Attributiounen zäitlech begrenzt ginn, mä déi zäitlech Begrenzung ass iwwerhaapt net definéiert. Dat kënne 50 Joer sinn, et kënnen 100 Joer sinn, et kënne 500 Joer sinn. Dass do eben dann déi Attributioune kënnen un international Institutiounen iwwerdroe ginn.

Keen huet un ee Referendum deemools geduecht, well et jo evident war, an dass Europa, d'Konstruktioun vun Europa eigentlech ouni jidder Alternativ war. Europa war deemools deen eenzege Wee fir Kricher ze évitéieren a fir och déi ganz Energie, dat ganzt Potenzial an den Déngscht vun dem sozialen a vun dem wirtschaftlechen Opschwong vun Europa ze setzen.

Haut soll, no engem hallwe Jorhonnert Europa, d'Iddi fir e Referendum ze organiséieren eigentlech just de Géigendeel bewierken, wat deemools de Fall war. D'EU soll sech och aus dem Lëtzebuerger Vollek eraus en neien Impuls gi loosse fir déi 50 Joer, déi elo kommen.

D'EU ass haut eigentlech esou eng Selbstverständlechkeet gi fir vill Leit, dass een hir Daseinsberechtegung och net méi richteg erkennt. A mengen Aen ass d'Positioun z'ënnermaueren duerch d'Tatsaach, dass zënter Maastricht, an dat sinn elo 13 Joer hier, an do hate mer flott Débaten och hei an dësem Haus, dass do déi politesch Ausenanersetzung mat Europa eigentlech nach just um Rand, innenpolitesch gesinn, gefouert gouf. Maastricht war och, dat däerfe mer net vergiessen, och fir eis alleguerten heibannen, un éischter Plaz keng europäesch Debatt, mä et war carrément eng innenpolitesch Debatt, wa mer drun denken ëm wat dass et gaangen ass, un éischter Plaz nämlech fir d'Wahlrecht den EU-Bierger bei de Gemengewahlen ze ginn.

Den Euro ass vu ville Leit considéréiert ginn als eng zeideg Fruucht, déi méi oder wéineger vum selwe vum EU-Bam erofgefall ass, an d'Erweiderung op déi zéng Länner d'lescht Joer ass an der Opinion publique éischter erdroe ginn, wéi se begleet ginn ass.

Also wann Europa an deene leschte 50 Joer eng onëmstridden Noutwendegkeet war, gëtt haut d'Iddi propagéiert, dass heiansdo Europa eng ëmstridden Noutwendegkeet wier. An dat ass archifalsch!

De President Borrell vum Europaparlament huet an engem Artikel ganz richteg gesot: «Le monde n'attendra pas l'Europe.» Ech mengen Europa, mat all senger Diversitéit, senger Denkweis, senger Kultur, senger sozialer Astellung virun allem, ass eigentlech de Géigepol zu deem wat mer vun Amerika gesinn, wat mer och elo vun deene Länner gesinn, déi an der Emergence sinn, wéi China, wéi Indien. Um Globus stellt Europa eng Unitéit duer, oder muss eng duerstellen, a senger Ënnerschiddlechkeet, déi politescht Gewiicht huet.

D'Häerz vun dëser Europäescher Unioun ass a mengen Aen de Kompromëss, oder d'Fäegkeet Kompromësser ze sichen, am Sënn eben och vun där Unitéit an der Verschiddenaartegkeet. Lëtzebuerg huet d'EU viru 50 Joer gebraucht fir dat ze gi wat mer haut sinn, um wirtschaftleche Plang, um soziale Plang, um kulturelle Plang. Nun, zwou Generatioune méi spéit brauch Lëtzebuerg d'Europäesch Unioun fir seng Zukunft aus der Offensiv, wann ech däerf soen, vu sengem politesche Wierken erauszegesinn.

Den EU-Verfassungstraité soll net massakréiert gi vu Stëmmungsbiller, déi bewosst d'Leit ierféiere sollen. Et sollt ee gesinn, dass vill Leit Angscht hu virun engem méi groussen Europa, virun engem risegen Europa wat mer haut hu par rapport zu deem Europa wat mer haten an de 50er Joren. Virun engem Europa och, dat muss een zouginn, wou heiansdo massiv Interessekonflikter tëschent de Memberstaten ze léise sinn. Mä à la fin du compte ass dëst Europa ëmmer virukomm, lues awer sécher virukomm, an dobäi ass et Lëtzebuerg net schlecht gaangen.

Ech wëllt ofschléissend, Här President, nach eng Kéier widderhuelen, dass d'Europäesch Unioun als Motor de Kompromiss ugesäit, an dass dee Referendum, dee mer virleien hunn, selbstverständlech iwwer een Traité geet, deen och e Kompromiss ass. Deen Traité ass héchstwahrscheinlech net en vigueur fir déi nächst 50 Joer. Et ass en Traité, deen ausgeschafft ginn ass. Dat muss een och de Leit kloer soen. An déi, déi mengen, dass een en einfach géing renégociéieren, wann e géif ofgelehnt ginn, ech wéisst net wat een a wou een a wéi een dat kéint fäerdeg bréngen.

Nun, ech wëllt als leschte Saz een Auteur, de Lëtzebuerger Auteur Roland Meyer zitéieren, deen e ganz flotte Roman geschriwwen huet iwwert d'Entwécklung vun Europa. Dee Roman ass geduecht fir déi Jugendlech, an als leschte Saz seet en: „Die Entwicklung der EU kannst du dir am besten wie das Erklettern einer langen, sehr hohen Leiter vorstellen. Durch das Aufnehmen der neuen Länder, durch die Versöhnung der einstigen Gegner haben wir ein neues Stockwerk erreicht. Wir stehen sicherer und bequemer hier auf dieser Stelle, etwas besser als vor einigen Jahren noch, können kurz verschnaufen und die schöne Aussicht bewundern.

Doch nun können wir nach oben blicken, neue Visionen entwickeln und langsam und stetig daran arbeiten, dass sie verwirklicht werden. Die Treppe geht weiter, tief einatmen, und dann machen wir uns auf den Weg zu neuen Zielen. Spring auf!" Dat ass e Buch wat sech effektiv un déi jonk Leit adresséiert, ganz interessant ass, an ech hoffen, dass och vill jonk Leit dat liesen a mathëllefen, dass den 10. Juli fir Lëtzebuerg en Erfolleg gëtt.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet definitiv ofge-

schloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5443.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

M. le Président.- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President!

M. le Président.- Här Ausseminister!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Zu deem nächste Projet wollt ech soen, dass d'Verhandlungen um Kierchbierg nach amgaange sinn. Wann Der d'accord wiert, géif ech elo hei bleiwe wann d'Diskussioun géif ugoen, an de Luc Frieden, dee kënnt esou séier erof wéi e ka kommen, fir dann hei säin Accord zu deem Gesetz ze bréngen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President! Mir sinn net ganz begeeschtert vun…

M. le Président.- Här Henckes!

7. Question préalable de M. Jacques-Yves Henckes

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wollt nach eng Kéier eng Question préalable stellen, gemäss dem Artikel 36(1) vun onsem Reglement. Mir hätte gären als Fraktioun, datt de Ministre compétent hei ass, well justement déi Problematik, déi mer wëllen abordéieren, nämlech déi ob d'Karibikinselen zum Beispill den Accord ginn hunn, ob do Konventioune gemaach gi sinn, dat heescht ob d'Konditiounen, fir datt d'Direktiv kann den 1. Juli a Kraaft trieden, erfëllt sinn oder net.

An dat soll justement elo debattéiert ginn. No mengen Informatiounen ass an der Debatt, fir de Report vun dem Gesetz a vun der Direktiv nach eng Kéier ëm sechs Méint erauszezögeren. Dofir wier et awer wichteg, datt mer d'Nouvellen, datt mer frësch Nouvellë vum Minister géingen héieren, an net datt mer hei debattéieren, e Gesetz unhuelen, wat mer dann nees an aacht Deeg nach eng Kéier mussen änneren.

M. le Président.- Mä ech denke grad just, Här Henckes, dass mer frësch Nouvellë vum Minister aus dem Conseil héieren, soubal wéi e kënnt. De Moment gi jo grad just déi dote Froen, déi Dir hei soulevéiert, diskutéiert…

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Jo, a wann en net kënnt?

M. le Président.- …an ech denke wann e kënnt, da kann en eis dat matdeelen. Den Här Thiel huet d'Wuert gefrot.

M. Lucien Thiel *(CSV).*- Jo, Här President, eng Äntwert op dem Här Henckes säin Awand. De Problem, deen um Kierchbierg ass, huet näischt mat der Karibik ze dinn. Et geet do ëm Interpretatioune vun der Direktiv a vum Gesetz iwwert déi mir haut guer net ofstëmmen hei. Dat heescht et wäert näischt drun änneren um Gesetz, wat och ëmmer elo um Kierchbierg erauskënnt.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Voilà!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Oh Gott!

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, den Ordre du jour gesäit eppes anescht vir! An et ass e Vote virgesinn!

M. le Président.- Ech gesinn net an, firwat datt mer hei missten zu engem Vote kommen.

(Interruption)

Den Här Henckes freet d'Presenz vum Minister. D'Regierung ass jo awer vertrueden. Den Här Asselborn huet gesot, hie géif den Här Budgetsminister vertriede bis datt deen heihinner kënnt. Dat hu mer oft esou hei am Parlament gemaach, an ech gesinn net an, datt mer doriwwer sollen elo ofstëmmen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Dach, Här President! A menger Question préalable ass en Ajournement gefrot bis datt de Minister hei wier. Méi verlaange mer net.

(Brouhaha général)

An doriwwer hu mer d'Méiglechkeet fir ofstëmmen ze loossen. Mä ech wëll awer op jidde Fall soen, datt et wichteg ass, datt de Minister hei ass, och wat d'Interpretatiounsfroen ugeet, well et ass justement doriwwer wou bal d'Halschent vu menger Interventioun wäert goen.

Plusieurs voix.- Oooohhhh!!!

M. le Président.- Ech froen dann d'Chamber ob se d'accord ass, dass mer elo géife mat der Diskussioun iwwert de Projet ufänken oder ob mer der Demande vum Här Henckes solle Recht ginn.

Vote

Wien domat d'accord ass, dass mer mat der Diskussioun vum Projet ufänken, dee géif ech bieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

(Hilarité)

Ech denken, Här Henckes, Dir kënnt lech selwer vum Resultat iwwerzeegen. Deementspriechend komme mer elo zu dësem Projet.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Meisch, den Här Fayot, den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

8. 5297 - Projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, iwwert dat mer haut hei ze befannen hunn, huet eng laang Geschicht, a wéi Der elo grad nach gemierkt hutt, eng ganz beweegte Geschicht, déi nach laang net eriwwer ass, déi och net wäert eriwwer si wa mer haut iwwerstanen hunn. Et geet nach weider.

D'Geschicht geet zréck op d'80er Joren, wéi sech déi deemoleg Gemeinschaft vun den 12 - do ware mer nëmmen zu 12 - dozou duerchgerongen huet, e Schrëtt weider a Richtung Integratioun ze maachen an d'Barrièrë beim grenziwwerschreidende Kapitalverkéier bannent der Communautéit ofzeschafen. D'Geschicht hat awer e Knuet, nämlech deen, datt d'Kapital net iwwerall d'selwecht besteiert gouf, an nach haut net gëtt, an domat d'Gefor bestoung, datt et zu Verzerrunge vun de Konkurrenzbedingungen an domat zu eesäitege Kapitalverlagerungen an deem Bannemaart kënnt kommen.

Am Fréijoer 1989, zwee Joer virum Stéchdatum fir de Start vum fräie Kapitalverkéier, hunn d'Finanzministere sech eng éischte Kéier mat der Fro beschäftegt. Si hu gemengt, wann een eng Quellesteier op de Kapitalrevenuë géif afféieren, déi iwwerall d'selwecht wier, kéint een dem Risiko vun onerwënschten eesäitege Kapitalverlagerungen aus de Féiss goen. Mä déi Léisung war net no jiddferengem sengem Goût. Si koum virun allem net fir den däitsche Finanzminister a Fro, deem säi Virgänger kuerz virdru säin Hutt hat missen huelen, well hie mat enger nationaler Quellesteier op dem Akommes vum Erspuerte bäigelaf war.

Den zweeten Ulaf koum datselwecht Joer am Dezember, mir sinn nach ëmmer 1989, wéi de spuenesche Finanzminister zimlech onerwaart - an déi onerwaarte Momenter spillen och eng gewësse Roll an där Geschicht hei - senge Kolleegen am Ecofin eng méi enk Zesummenaarbecht vun de Steierautoritéite proposéiert huet. Do huet natierlech de Lëtzebuerger Vertrieder, an dat war deemools de Premier Jacques Santer, dee fir säi kuerz virdru verongléckte Finanzminister Jean-Claude Juncker agespronge war, d'Ouere gespëtzt.

Wat de Spuenier virgeschloen huet, ass nämlech direkt op eng Ofschafung vum Bankgeheimnis erausgelaf, eng fir Lëtzebuerg onméiglech Virstellung. Folglech huet de Jacques Santer Nee gesot, wat zur Folleg hat, datt de ganze Prozess duerch säi Veto blockéiert gouf, well deemools wéi haut an der Communautéit d'Eestëmmegkeet a Steierfroen erfuerdert war an ass.

Domat hate mer mol einstweilen eis Rou, bis dann 1992 Däitschland opgrond vun engem Uerteel vun hirem Verfassungsgeriicht erëm eng Quellesteier agefouert huet a prompt dat agetratt ass wat virauszegesi war: Virun där Steier sinn déi däitsch Spuerer mat hire Sue fort an d'Ausland gelaf, ënner anerem och op Lëtzebuerg, wou d'Zuel vun den däitsche Banken sech quasi iwwer Nuecht verduebelt huet.

D'politesch Reaktioun huet net laang op sech waarde gelooss an den Drock op Lëtzebuerg ass lassgaangen. Déi Däitsch hunn natierlech eis Lëtzebuerger d'Schold un där Kapitalflucht ginn, obschonns mir guer näischt gemaach haten. Mä dat ass nun eemol esou, wann ee Groussen et mat engem Klengen ze dinn huet.

1997, ënnert eiser viregter Présidence, huet Lëtzebuerg dovu profitéiert fir den Drock oder d'Loft erauszeloossen. Eise Finanzminister huet de sou genannte Koexistenzkompromëss proposéiert, deen den EU-Membere bei der Besteierung vun de Kapitalrevenuen de Choix tëschent enger Kontrollmatdeelung, also engem Austausch vun Informatiounen tëschent den nationale Steierbüroen, an enger anonymer Quellesteier sollt loossen. De Kompromëss gouf deemools eestëmmeg ugeholl.

Mä éier et zur Ëmsetzung vun deem Kompromëss koum, gouf dee Koexistenzmodell schonn iwwert de Koup geschmass, an zwar am Juni 2000 um EU-Sommet am portugisesche Feira.

Wat war geschitt? Total onerwaart haten d'Engländer op deem Sommet proposéiert, nëmme méi eng Solutioun gëllen ze loossen, an zwar déi vum Informatiounsaustausch. Dat war wierklech eng Iwwerraschung, well bis dohinner, an nach haut, waren a sinn d'Engländer nach net grad dofir bekannt sech an d'Kaarte vun hirer City kucken ze loossen. Mä vläicht ware si zu London sauer, well se sech net mat hirer Fuerderung duerchgesat kritt haten, datt d'Euroobligatiounen, hiert grousst Geschäft, bei der Quellesteier ausgeklammert sollte ginn. Oder si wollte ganz einfach déi europäesch Quellesteier évitéieren, fir och a fiskalescher Hisiicht weider Här doheem am Haus ze bleiwen. An do kenne mer jo déi englesch Mentalitéit.

Wéi och ëmmer. Mat deem englesche Virstouss hat d'Lëtzebuerger Delegatioun zu Feira e seriöe Problem, well all aner Länner, mat Ausnahm vun Éisträich, mä Éisträich war dee Moment net grad dee beschten Alliéierten, op den engleschen Zuch gespronge sinn a mir domat esou gutt wéi eleng do stoungen. Ënnert der immenser Pressioun blouf eise Vertrieder näischt anescht iwwreg wéi sech de Prinzip vun der Kontrollmatdeelung opzwéngen ze loossen. Mä awer och nëmmen de Prinzip, well si hunn direkt eng Rei Konditiounen un hir Zoustëmmung gehaangen, déi an der Praxis dorobber erausgelaf sinn, datt trotz allem bis op Weideres den ale Koexistenzmodell gëlle gelooss gouf.

Et war net esou vill dat Lëtzebuerger Argument, datt eng Kontrollmatdeelung eigentlech soss näischt géif bedeite wéi festhalen un der nationaler Steiersouveränitéit, an domat de Contraire vun enger europäescher Steierharmoniséierung, dat déi aner zum Arenke beweegt huet. Et war villméi den Hiweis, datt d'Kontrollmatdeelungen an domat d'Ofschafung vum Bankgeheimnis bannent der Unioun onweigerlech eng massiv Kapitalflucht aus Europa an Drëttlänner géif no sech zéien. An dorënner hätt net nëmmen d'Finanzplaz Lëtzebuerg, mä d'gesamt europäesch Ekonomie ze leide gehat.

Mat deem Argument huet Lëtzebuerg erreecht, datt d'Alternativ Quellesteier op d'mannst als Iwwergangsléisung zréckbehale ginn ass, datt ausdrécklech festgehale gouf, datt mat Finanzplazen ausserhalb vun der Unioun Accordë getraff misste ginn, fir eng illoyal Steierkonkurrenz ze évitéieren, an datt ähnlech Mesurë géife fir d'Steieroasen agefouert ginn, déi um Gebitt vun der Europäescher Unioun leien, wéi zum Beispill d'Kanalinselen, d'Cayman Islands an d'hollännesch Antillen.

Domat war d'Bankgeheimnis einstweile gerett an d'Gefor vun enger Konkurrenz fir eis Finanzplaz ofgeblockt, déi direkt déidlech fir eis hätt kënne ginn.

Den Accord vu Feira huet trotzdeem fir Opreegung op der Plaz gesuergt, well déi Lëtzebuerger Astuce am Ufank net esou richteg eriwwerkomm ass. Am Ausland gouf d'Ofmaachung esou verkaaft, wéi wann elo generell d'Kontrollmatdeelungen ageféiert géifen. Vun deenen dräi Memberlänner Éisträich, Belsch a Lëtzebuerg, déi sech nach op der Plaz fir eng Quellesteier décidéiert haten, goung genausou wéineg Rieds, wéi vun deene sëlleche Konditiounen, déi un d'Ëmsetzung vum Accord geknäppt gi waren.

An du goung d'Knachenaarbecht lass. De politeschen Accord war eng Saach, seng Ëmsetzung am Detail eng aner. Dräi Joer laang hunn d'Regierungsexperten um héchsten Niveau sech zu Bréissel mat deem komplizéierten Dossier erëmgeschloen, fir all déi kleng Schreiwercher anzedréien, déi schliesslech den Accord vu Feira sollte prett fir d'Praxis maachen.

Esou wéi een net derlaanscht kënnt, de Regierungsmembere vun deemools - dem Premier- a Finanzminister Jean-Claude Juncker, dem Budgets- a Finanzplazeminister Luc Frieden an dem Wirtschaftsminister Henri Grethen - déi déckste Komplimenter fir hiert geschéckt Taktéieren zu Feira ze maachen, esou muss een de Fonctionnairen, déi duerno den Detail zu Bréissel ausgehandelt hunn, engem seng onageschränkten Unerkennung fir dat ausspriechen, wat si erreecht hunn. Wat do ënnert der Leedung vum Gast Reinesch, dem Administrateur général am Finanzministère, zustane koum, ass scho méi wéi e politescht Meeschtersteck. Et ass eng Glanzleeschtung, där hiren Impakt fir eis Finanzplaz onermiesslech ass.

Firwat? Mä ganz einfach, well dat wat bei deene Verhandlungen hannen erauskoum, dat Bescht ass, wat ee fir eis Finanzplaz erausschloe konnt. Et däerf een net vergiessen, vu wou mir zu Feira fortgaange waren - nämlech vun engem generellen Informatiounsaustausch tëschent de Steierverwaltungen, also enger Ofschafung pure et simple vum Bankgeheimnis.

Dat steet, net fir d'lescht och Dank der geschéckter Implikatioun vun der Schwäiz, einstweilen net méi zur Diskussioun an däerft fréistens 2012 erëm op d'Tapéit kommen. An och d'Quellesteier, fir déi sech nieft den dräi EU-Länner Éisträich, Belsch a Lëtzebuerg all Drëttlänner, d'Schwäiz, Liechtenstein, San Marino, Andorra a Monaco, plus déi sou genannt ofhängeg Territoirë wéi d'Kanalinselen entscheet hunn, ass net esou uerg ausgefall wéi gefäert gi war. De Steiersaz ass, op d'mannst an enger éischter Phas, ze erdroen an de Katalog mat de Finanzprodukter, op déi d'Quellesteier sech applizéiere wäert, ass net iwwerdriwwe laang ausgefall.

Eng vun deene wichtegste Froen, wann net souguer déi wichtegst fir Lëtzebuerg, war an de Verhandlungen den Traitement vun den Investmentfongen, déi jo zu eise Spëtzeprodukter entre-temps gehéieren an e gudde Fënneftel zur Wäertschöpfung vun eisem Finanzsecteur bäidroen.

Et stoung vu virera fest, datt nëmmen déi Kapitalrevenuë géife vun der Besteierung erfaasst ginn, déi

a Form vun Zënsen ufalen. Dat heescht, datt nieft de Revenuë vu Spuerbicher an Termäikonte wuel och d'Revenuen aus Obligatiounen an Investmentfongen, déi an Obligatiounen ugeluecht sinn, där Quellesteier ënnerleie wäerten, mä datt dofir awer d'Dividenden, wéi se bei Aktien an Aktiefongen ufalen, verschount wäerte ginn.

Elo gëtt et awer och nach gemëschte Fongen, déi souwuel dees enge wéi dees aneren enthalen, dat heescht e Mix vun Obligatiounen a vun Aktien. Wat geschitt da mat deenen? Eigentlech missten déi jo ausernee geholl ginn, ausernee gespléckt ginn, fir datt nëmmen Zënsrevenuë besteiert ginn.

Dat huet sech awer zimlech komplizéiert ugesinn, op d'mannst fir déi EU-Länner, déi net esou spezialiséiert an de Fonge si wéi mir, an dofir haten déi jo och kee Problem domat wéi et geheescht huet, et géif eng Forfaitsléisung zréckbehalen, déi dorop erausleeft, datt gemëschte Fongen, an deenen net méi wéi 40% Obligatioune sinn, ganz einfach wéi reng Aktiefongen traitéiert ginn an ergo net ënnert d'Quellesteier falen. Et hänkt also elo am Endeffekt nëmme vun der Kompositioun vun engem sengem Investmentportefeuille of, ob ee Quellesteier ofgehale kritt oder net. An déi fein Nuance, dee feinen Ënnerscheed, kann ee soen, ass selbstverständlech weder eise Banquieren, nach hire Clienten entgaang.

Dat Ganzt ass natierlech nach e Krack méi komplizéiert wéi ech et elo duergestallt hunn. Mä et léisst lech dach awer miessen, wéi kriddelech déi Verhandlungen zu Bréissel waren, an et erkläert och firwat den Text vun der Direktiv, déi mer elo ëmsetzen, déi no dräi Joer endlech zustane koum, esou schwéier lieserlech a verständlech fir en net Spezialist ass.

Déi Direktiv, déi den 3. Juni 2003 vum Ecofin ofgeseent gouf an déi mir haut an eist nationaalt Recht ëmsetzen, gesäit vir, datt an deenen éischten dräi Joer all EU-Steierzueler, ausser de Lëtzebuerger selwer natierlech, vun hirer Lëtzebuerger Bank 15% vun hiren Zënsrevenuen als Quellesteier ofgeknäppt kréien. Duerno wäerten et 20% sinn a schliesslech, vun 2012, 2013 un, 35%. En Taux, deen direkt konfiskatoresch gëtt an un deen nach keen esou richteg gleeft, besonnesch wou d'Steiertendenz och bei de Persounen iwwerall an Europa däitlech no ënnen an domat an déi entgéintgesate Richtung weist.

Wat geschitt elo mat deene Prélèvementer, déi d'Banken op de Konte vun hire Clientë maachen? Mä déi Sue ginn un en extrae Büro vun eiser Steierverwaltung, déi dann emol direkt ee Véierels fir hir eege Keess abehält, dat heescht fir d'Lëtzebuerger Steieren abehält, an dräi Véierels dann un déi jeeweileg Heemechtslänner vun de Clientë schéckt, an zwar am Pak, dat heescht ouni d'Identitéit vum eenzelne Client ze révéléieren.

Dat alles soll elo den 1. Juli lassgoen. Eigentlech war et schonns fir den 1. Januar geplangt, mä net jiddferee war du prett, ënner anerem mir, well mir haten nach kee Gesetz. A souguer den Datum vum 1. Juli ass neierdéngs erëm a Fro gestallt, well engersäits d'Virbereedungsaarbechten anscheinend nach ëmmer net iwwerall ofgeschloss sinn an et op där anerer Säit Zweifel dru gëtt, datt zum Beispill an der Karibik d'Konditioune wierklech zu 100% erfëllt sinn. Ob do elo alles an der Rei ass, sollt net méi spéit wéi haut den Ecofin feststellen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Très bien, Här Rapporteur.

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Jo.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Virdrun hutt Der de Contraire gesot.

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Neen!

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Une voix.- Mä da loosst en dach schwätzen!

(Interruptions)

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Ech hu probéiert, Här Henckes, Iech kloerzemaachen, datt dee Retard vun der Regierung näischt heimat ze dinn huet,…

(Interruptions diverses)

…mä mat zwou Detailfroen, déi ech kann am Eenzelnen explizéieren, wann Der Zäit hutt bis den Owend zéng Auer, an déi net an dësem Gesetz verankert sinn. Dat sinn Interpretatiounen, déi gemaach gi si vun der ABBL an hirem Handbook fir d'Banken.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi sinn emol net vun engem offiziellen Organ gemaach ginn. An dat ass op Bréissel komm an zu Bréissel ass gesot ginn: Wann Der dat doten esou maacht, hu mir e Problem domat. Mä dat huet mam Gesetz selwer näischt ze dinn! An dofir gesinn ech net an, datt mer elo dauernd probéieren dat hei mateneen ze verknëppen.

Une voix.- Très bien.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert. Wann de Rapporteur geschwat huet, ass munches méi kloer, Här Henckes.

(Interruptions diverses)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech gleewen et net.

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Ech wollt och nach derbäi soen, fir komplett ze sinn a fir den Här Henckes ze berouegen, datt viru véier Deeg de President vum Ecofin e Bréif kritt huet vun der europäescher Bankfederatioun a vun der Federatioun vun den Investmentfongen, déi nach eng Kéier drop higewisen hunn, datt gewëssen Zweifel bestinn un der Preparatioun oder dem definitiven Ofschloss vun alle Konditiounen an déi gesot hunn, et wier awer vläicht besser, datt et net soll den 1. Juli ulafen.

Dat wier dat Eenzegt wat kënnt sinn. Ech weess awer net ob do iergendwéi ee bis elo schonn dra gelaut huet an ech hunn och net héieren, datt de President bis elo dra gelaut hätt.

Et ass natierlech grad déi Suerg, datt iergendee sech net un d'Regele géif halen an domat alles erëm a Fro gestallt wier, wat Lëtzebuerg zécke gelooss huet a schliesslech mat sech bruecht huet, datt mir bei der Ëmsetzung zu deenen Allerleschte gehéieren an dofir och scho vu Bréissel e béise Fanger gemaach kritt hunn. Dat ass déi eng Explikatioun firwat et héich Zäit gëtt fir d'Ëmsetzung.

Déi aner ass déi, datt et en etlechen Hin an Hier, souwuel mat Bréissel wéi mat eisen eegenen Instanzen heiheem gouf, déi fir d'Verspéidung gesuergt hunn. Esou war zum Beispill de Statsrot net mat der urspréngleche Versioun vun der Regierung d'accord, well déi d'Banken zwénge wollt, dem Client op deem seng Demande hi souwuel d'Méiglechkeet ze offréieren, sech en Zertifikat bei sengem Fisc doheem ze froen, deen d'Quellesteier géif iwwerflësseg maachen, wéi och d'Bank unzestellen, amplaz vun der Quellesteier eng Kontrollmatdeelung un d'Steieren doheem ze maachen.

D'Zertifikatsléisung konnt de Statsrot plus ou moins akzeptéieren, mä net déi fräiwëlleg Kontrollmatdeelung, déi senger Meenung no géint d'Bankgeheimnis géif verstoussen. Déi Iwwerleeung ass net ganz falsch, well genau geholl ass de Client jo net Propriétaire vu sengem Bankgeheimnis a kann deemno och seng Bank net dovun entbannen.

Op där anerer Säit awer ass d'Zäit net spuerlos un deem Bankgeheimnis eriwwergaangen. Scho viru Jore sinn d'europäesch Banke vum amerikanesche Fisc dozou gezwonge ginn, Kontrollmatdeelungen, à la demande natierlech vun hire Clienten, an dësem Fall vun hiren amerikanesche Clienten, ze maachen, sou datt ee sech froe muss, firwat déi Prozedur net och vis-à-vis vun eisen europäeschen Nopere méiglech sollt sinn. D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet dofir dem Statsrot virgeschloen, souwuel den Zertifikat wéi d'Kontrollmatdeelung gëllen ze loossen.

Si huet awer op där anerer Säit och Versteesdemech fir d'Acteurë vun der Plaz gewisen, déi vereenzelt Problemer haten, fir hire Clienten direkt déi zwou Alternativen zur Quellesteier ze offréieren. Dofir soll et de Banken iwwerlooss bleiwen, ob si déi zwou oder nëmmen eng vun deenen zwou Alternativen ubidden. Genausou wéi et an der Direktiv virgesinn ass.

Et ass besonnesch am Ausland vill driwwer spekuléiert ginn, wat dann elo d'Konsequenze vun där paneuropäescher Quellesteier fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg wäerte sinn. Munch een huet schonns d'Enn vun de Banke bei eis eropdämmere gesinn, a bis haut hält sech zimlech haartnäckeg an der internationaler Press d'Meenung, datt elo eis Bankeplaz keng Zukunft méi hätt. Mir däerfen net vergiessen, datt mir an der Vergaangenheet fir Jalousie ronderëm eis gesuergt hunn an datt et munchen Noper gëtt, deen den Ënnergank vun eiser Finanzplaz erbäibiet a souguer mat heiansdo zweifelhaften Amnestietricken ze accéléréiere versicht.

Et wier elo iwwerdriwwen ze soen, déi Quellesteier wier eng gutt Saach fir eis Finanzplaz. Wa se och nach esou gutt vun eiser Regierung agefädelt a vun hiren Ënnerhändler modeléiert ginn ass, bleift dach ëmmer d'Tatsaach, datt e wichtege Steen aus dem Steierverwëllef erausgebrach ginn ass, dat bis elo eis Finanzplaz gedroen huet. Wann ee seng Attraktivitéit aus gewëssen Avantagen zum Beispill am steierleche Beräich bezitt, dann ass et onvermeidlech, datt déiselwecht Attraktivitéit schrompt wann och d'Avantagë gekierzt ginn. An dat trëfft ouni Zweifel an dësem Fall op Lëtzebuerg zou.

Mä esou absolut däerf een déi Saach och erëm net gesinn. Ënnert den heitegen Ëmstänn, déi duerch eng progressiv Integratioun vum gemeinsamen europäesche Maart an déi dozou noutwendeg a schrëttweis Harmoniséierung charakteriséiert sinn, ass déi Léisung, déi mer haut ofseene sollen, dat bei wäitem geréngsten Iwwel. Op där anerer Säit däerf een net vergiessen, datt heiansdo eng onbequem Léisung besser wéi guer keng Léisung ass.

Während Joren hu sech eis Bankclienten aus dem Ausland besuergt gefrot wéi et da weider géif goe mat eisem Bankgeheimnis, dat iwwregens net nëmme gefrot ass wann et drëm geet Steieren ze strëppen, wëllt ech emol ënnersträichen. Elo kennen si d'Äntwert op hir Froen, op d'mannst fir déi nächsten Zukunft. Lëtzebuerg ass domadder als Finanzplaz e gutt Stéck méi prévisibel a méi sécher ginn.

A schliesslech ass mat der Direktiv och den Drock, net nëmmen op d'Banken an hir Clienten, mä och op eis Politiker gewach, déi sech elo op e kloert an europawäit unerkannte Bankgeheimnis berufe kënnen, deem een net méi de Geroch vun Illegalitéit, vu Steierparadäis a Geldwäsch unhänke kann. Fir den Image vun der Plaz ass deen Aspekt net ze ënnerschätzen, an et sollt een deen och elo konsequent bei der Promotioun vun deem Image asetzen.

Allerdéngs - an d'Harmoniséierungswell deit och an déi Richtung - hunn d'Zäite sech fir eis Finanzplaz geännert. Ob mir et wëlle wouerhunn oder net, sinn déi gëlle Jore vun de séier a liicht verdéngte Suen hei op der Plaz eriwwer. D'Spillregelen, déi mer eis do selwer gezammert haten an déi net ganz zoufälleg exakt op d'Besoinë vun eise Banken zougeschnidde waren, ginn, wéi mer et grad haut erëm gesinn, no an no duerch d'Gemeinschaftsregele vu Bréissel ersat, déi eis ëmmer méi an d'Noperschaft vun eisen EU-Partner a Konkurrente réckelen. Déi Souveränitéitsnischen, an deene mer eis breet gemaach an an deene mer gutt verdéngt hunn, ginn no an no zou an et gëtt ëmmer méi enk dran.

Dat seet eis, datt et un der Zäit ass sech no neien Nischen ëmzegesinn, déi hir Attraktivitéit an hir Stäerkt forcément net méi aus eiser Eegestaatlechkeet eleng bezéie kënnen. Déi grouss Fro ass, wouru mer dann d'Zukunft vun eiser Finanzplaz ophänke kënnen. Enger Finanzplaz, déi nach ëmmer 28% zu eisem Bruttosozialprodukt an direkt ee Véierels zum Steierakommes bäidréit. Et gëtt wuel nëmmen eng Äntwert op déi Fro: Mir mussen nach méi kompetent ginn.

Mir mussen innovativ Finanzprodukter offréieren. Mir mussen eis op Finanzdéngschtleeschtunge spezialiséieren, déi eng méiglechst héich Wäertsteigerung erlaben. Bref, mir musse besser wéi all déi aner sinn, op d'mannst an deene Maartnischen, op déi mer eis spezialiséiert hunn.

Dat alles ass net onméiglech, well mir bréngen net déi schlechtste Viraussetzungen dofir mat. Mir hunn eng laang a grouss Erfahrung am internationale Finanzgeschäft. Mir hunn eis an deene leschte 40 Joer mat alle wichtegen Acteurë vun der Finanzwelt ronderëm de Globus vernetzt a mir hunn den eemolegen Avantage vun de kuerzen Entscheedungsweeër an der séierer Upassung.

Mä geet dat duer fir och weiderhin d'Nues vir ze behalen? Musse mer net nach kräfteg un der Verbesserung vun eiser fachlecher Kompetenz feilen? Musse mer net vill méi an d'Fuerschung investéieren, fir wierklech an der Innovatioun vir ze sinn? Musse mer net déi gescheitste Käpp op Lëtzebuerg lackelen, fir datt se eis hëllefen am Spëtzepeloton ze bleiwen? Ech hoffen, neen, ech si sécher, datt mir mat der Uni Lëtzebuerg an hirer School of Finance um richtege Wee dohinner sinn.

Mir hunn d'Quellesteierschluecht gewonnen an dofir kann ech lech nëmme recommandéieren dësem Ëmsetzungsgesetz zouzestëmmen, mä mir sollten net vergiessen, datt mir mat där enger Schluecht nach laang net de Krich ëm d'Iwwerliewe vun eiser Finanzplaz gewonnen hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert kritt elo den Här Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Diskussioun an de Vote vum Projet de loi iwwert d'Quellesteier sinn a sech déi viraussetzlech lescht Etapp an enger laanger Prozedur, déi 1989 vun der Europäescher Kommissioun ugefaange ginn ass an déi den 20. Juni 2003 zu Feira a Portugal eng bis elo zumindest endgülteg Léisung fonnt huet.

Ech wëll haut an hei net méi op dee ganzen Historique agoen, deen zu dësem Projet de loi gefouert huet. Mäi Kolleeg, de Rapporteur Lucien Thiel, huet dat op eng äusserst komplett an ausgiebeg Manéier esouwuel a sengem schréftleche wéi sengem mëndleche Rapport gemaach, wouzou ech him am Numm vu menger Fraktioun wëll Merci soen, dëst an engem net einfache Beräich, deen hien awer dank senger laangjähreger Erfahrung op de Fangerspëtze kennt.

Ech wëll dofir och net méi op déi eenzel Modalitéite vun dësem Accord agoen, mä mech mat zwee Volete beschäftegen, déi och an der zoustänneger Kommissioun fir länger Diskussioune gesuergt hunn.

Deen ee betrëfft d'Bankgeheimnis am Allgemengen a ganz besonnesch am Kontext vun dësem Projet de loi, an zweetens wëll ech mech da mat de Konditiounen beschäftegen an deenen d'Direktiv a Kraaft wäert trieden.

Här President, de Rapporteur Lucien Thiel huet a sengem Rapport schonn op d'Interpretatiounsschwieregkeeten higewisen, déi sech ëmmer erëm stellen am Kontext vum Bankgeheimnis. An deene ganzen Diskussiounen am Virfeld vun der Adoptioun vun der Direktiv vu Feira ass ëmmer erëm aus dem Bankesecteur op d'Wichtegkeet higewise ginn, déi d'Bäibehale vum Bankgeheimnis fir d'Kompetitivitéit vun eiser Finanz- a Bankeplaz huet.

Och bei anere Gesetzprojeten, déi eng Répercussioun op dës Finanzplaz hunn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert de Blanchiment oder awer och d'Gesetz iwwert d'Entraide judiciaire en matière pénale, ass ëmmer erëm vun de Vertrieder vun der Bankeplaz drop gepocht ginn, datt vu Regierungs- a vu Chambersäit alles misst ënnerholl ginn, fir all Attack op d'Bankgeheimnis ofzewieren.

Allerdéngs, an ech wëll dat dann nach eng Kéier betounen, an de Rapporteur huet et och scho gemaach a sengem schréftleche Rapport, ass a sech dëst Bankgeheimnis de facto opgehuewe ginn duerch dee sou genanntenen Qualified Intermediary Agreement, deen am Joer 2000 tëschent de Lëtzebuerger Banken an den amerikanesche Steierautoritéiten ofgeschloss ginn ass. Dësen Agreement ass a sech deen éischte Schratt gewiescht an Direktioun Ophiewe vum Bankgeheimnis an ech hunn dofir och ëmmer erëm Schwieregkeete fir nozevollzéien, firwat d'Bankenautoritéite sech mat Hänn a Féiss wëlle géint d'Direktive wieren, nodeem si selwer an deem virgenanntenen Agreement eigentlech enger Aushielegung vun deem Bankgeheimnis expressément zougestëmmt hunn.

Et soll een also haut an hei net esou maache wéi wa mat dëser Direktiv Neiland géif betruede ginn, an heimadder och een éischte Schrëtt a Richtung Aushielegung vum Bankgeheimnis gaange géif ginn, well déi Prinzipien, déi an dësem Projet de loi festgeschriwwe ginn, sinn zimlech genau déiselwecht, an de Rapporteur huet et virdrun och nach eng Kéier erkläert, déi an deem Qualified Intermediary Agreement festgehale gi sinn.

An dësem Text ass par ailleurs kloer festgehale ginn, datt den Titulaire vum Bankgeheimnis net de sou genannten Agent payeur, also am Regelfall d'Bank ass, mä de Client selwer, deen och fräi ass ze décidéieren ob hien op säi Bankgeheimnis wëllt oder net wëllt verzichten.

Ech begréissen dofir och, datt iwwert deen Amendement, deen d'Kommissioun ugeholl huet, nach eng Kéier ënnerstrach gëtt, datt den Titulaire vum Bankgeheimnis net de Banquier, mä de Client ass. Ech weess, datt dës Interpretatioun vun enger ganzer Rei vu Juristen net gedeelt gëtt, déi der Meenung sinn, datt et den Agent payeur eigentlech wier, deen den Titulaire vum Bankgeheimnis ass an deen och kënnt doriwwer bestëmmen ob a wéini dëst Bankgeheimnis opgehuewe gëtt.

Déiselwecht Juriste sinn dann och der Meenung, datt mer mat deem Artikel, deen am Projet de loi festgeschriwwen ass, elo géifen een definitiivt Doudesuerteel iwwert d'Bankgeheimnis spriechen.

Här President, ech war, sinn a bleiwen der Meenung, datt an de Relatiounen tëschent dem Agent payeur an dem Client net den éischtgenannten, mä de Client deen ass, deen duerch d'Bankgeheimnis an der Intimitéit vu sengem Privatliewe soll geschützt ginn. Ech wëll nämlech nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Bankgeheimnis eigentlech en Attribut vum Privatliewe vun all Bierger ass, dat muss géint all extern Aflëss geschützt ginn. D'Bankgeheimnis fënnt nämlech genau an deem Schutz vun der Privatsphär seng Originen an et läit natierlech op der Hand, dass wéi bei all aneren Attributer vum Privatliewen de Bierger och heirobber kann expressément renoncéieren.

Ech kann dofir och net novollzéie wat fir eng pertinent Argumenter dogéint schwätzen, datt de Bierger, deen an dësem Kontext de Client vun der Bank ass, net kann op dësen Attribut vu senger Privatsphär verzichten. Heiraus ergëtt sech, datt ech elo net déi Kritike vun deene Leit kann novollzéien, déi steif a fest behaapten, datt duerch den Amendement, deen déi zoustänneg Kommissioun ugeholl huet, dem Client seng Rechter an Zukunft wäerten ageschränkt ginn.

Allerdéngs wëll ech betounen, datt souwisou d'Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg an an deenen aneren EU-Memberstaten, esou wéi an den Drëttstaten an den Territoires associés souwisou jo nëmme méi wäert bestoe bleiwe während der Iwwergankszäit bis zum 1. Januar 2010 an duerno mer souwisou automatesch op de System vum Informatiounsaustausch wäerten iwwergoen.

Déi verschidden Acteure vun der Banken- a Finanzplaz wieren also gutt beroden dës Iwwergankszäit ze notzen, fir hir Aktivitéiten esou ze orientéieren, datt se net méi ofhängeg si vum éiwege Weiderbestoe vun dësem Bankgeheimnis.

Perséinlech sinn ech dovun iwwerzeegt, datt eis Finanzplaz, wéi schonn an der Vergaangenheet, wäert déi Reaktivitéitskapazitéiten hunn, fir sech an dëser neier Situatioun erëmzefannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Akraafttriede vun der Direktiv ubetrëfft, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt am Prinzip all Memberstaten déi Direktiv hätte misse bis zum 1. Januar 2004 ëmsetzen, esou datt mir eng substanziell Verspéidung opzeweisen hunn an ech dofir och frou sinn, datt mer schlussendlech haut elo eis Hausaufgab endlech maachen, andeem mer den Text vum Projet de loi definitiv unhuelen.

Mir maachen dat deeselwechten Dag wou a sech de Conseil Ecofin soll en Zwëschebilan maachen iwwert d'Ëmsetzungsprozedur vun der Direktiv an deene verschiddene Memberslänner, den Drëttstaten, awer och de sou genanntenen Territoires dépendants an associés an deenen equivalent Mesurë sollen adoptéiert ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, datt den zoustännege Budgets- an Tresorsminister eis herno wäert soe wat de Moien an de Mëtten am Ecofin-Conseil erauskomm ass a wéi et wäert virugoe mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv. Ech wier dann och herno gespaant ze héieren ob entre-temps all Drëttstaten an associéiert Territoiren dës equivalent Mesuren ugeholl hunn.

Esou konnt ee besonnesch an de leschten Deeg a Wochen an den internationale Medien deelweis kontradiktoresch Informatiounen iwwert den Ëmsetzungsstand vun der Direktiv enthuelen, aus deenen notamment erausgaangen ass, datt ganz besonnesch um Niveau vun den associéierten an ofhängegen Territoirë mer nach wäit vun enger Ënnerschréft vu Konventioune respektiv och vun enger Ratifikatioun ewech wären.

Ech wëll duerfir och nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Direktiv eréischt kann a Kraaft trieden, wann d'Europäesch Kommissioun festgestallt huet, datt an alle Memberlänner, Drëttstate souwéi associéierten an ofhängegen Territoiren dës sou genannte Mesures équivalentes a Kraaft getruede sinn.

Leider Gottes ass et allerdéngs esou, datt an der Direktiv keng genee Prozedur a sech festgeluecht ginn ass, déi beschreiwe soll, wéi a wéini a vu wiem dës Kontroll vun der Ëmsetzung vun der Direktiv verlafe sollt, esou datt et fir mech net ganz kloer ass, wéini genau d'Direktiv a Kraaft trëtt an domadder natierlech och d'Gesetz, wat mer haut hei solle stëmmen.

Mengem Informatiounsstand no ass et jo am Prinzip d'EU-Kommissioun, déi muss am Detail d'Ëmsetzung vun der Direktiv kontrolléieren an heiriwwer dem Conseil Ecofin ee genaue Rapport maachen. Ech géif op jidde Fall wënschen, datt, ier d'EU-Présidence hire Segen heizou géif ginn, genauestens géif nokontrolléiert ginn, ob a wéini déi verschidde Bestëmmungen an deenen diversen EU-Memberlänner, Drëttstaten an associéierten Territoiren a Kraaft trieden.

Meng Fraktioun an ech selwer hu vollt Vertrauen an d'Regierung an an déi zoustänneg Ministeren, datt d'Présidence eréischt hire Feu vert wäert ginn, wa wierklech kloergestallt ass, datt zumindest all Memberstate wéi Drëttstaten, wéi zum Beispill d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino an och d'Vereenegt State vun Amerika, esou wéi déi verschidden associéiert an ofhängeg Territoiren hir Hausaufgab gemaach hunn.

Mir sinn eis bewosst, datt et schwiereg ass fir ze kontrolléieren, ob all pazifesch oder karibesch Insel bis in extenso d'Oplage vun der Direktiv erfëllt, mä et muss zumindest ofgeséchert sinn, datt déi Länner, déi ech virdrun opgezielt hunn, hir Hausaufgabe komplett gemaach hunn.

Här President, d'Manéier, wéi dës Direktiv an an ausserhalb vun Europa wäert ëmgesat ginn, ass vun enger kapitaler Bedeitung fir d'Finanz- a Bankeplaz Lëtzebuerg. Mir kënnen net akzeptéieren, datt, nodeem mir déi verschidden Dispositioune vun där Direktiv 100%eg ëmgesat hunn, dëst nëmmen hallefhäerzeg vun anere Länner an associéierten Territoirë géif gemaach ginn.

Hei geet et och ëm d'Glafwierdegkeet vun der europäescher Politik, dëst ganz besonnesch am Virfeld vu verschiddene Referenden iwwert d'EU-Verfassung, an dofir schéngt et menger Fraktioun a mir onerlässlech ze sinn, all Garantien ze hunn, ier mir als lëtzebuergesch EU-Présidence eise Feu vert zum Akraafttriede vun dëser fir Lëtzebuerg esou wichteger Direktiv ginn.

Ech géif dofir am Numm vun de Majoritéitsparteien eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung invitéiert ganz genau nozepréifen, ob déi verschidde concernéiert Länner an associéiert Territoiren d'Bestëmmungen erfëllen, esou wéi se am Artikel 17, 2. Alinea vun der Direktiv festgeluecht gi sinn, an hire Feu vert fir d'Akraafttriede vun der Direktiv eréischt da ginn, wann och all dës Konditiounen erfëllt sinn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le vote du projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts intervient au moment où le Conseil Ecofin prend connaissance du rapport intermédiaire de la Commission sur l'état de la transposition de la directive par les États membres de l'Union européenne ainsi que sur l'adoption, par les pays tiers et les territoires associés concernés, de mesures équivalentes;

- considérant que «mesures équivalentes» signifie «les mêmes mesures», soit l'échange d'informations ou l'introduction d'une retenue à la source de niveau égal à celui pratiqué par l'Autriche, la Belgique et le Luxembourg;

- considérant qu'il est essentiel que l'ensemble des pays membres, des pays tiers concernés et des territoires associés ou dépendants pratique soit l'échange d'informations, soit une retenue à la source de niveau suffisant à partir de la date prévue pour l'entrée en vigueur de la loi de transposition, afin que le Luxembourg ne soit pas placé à un désavantage par rapport à des pays ou territoires qui, en réalité, ne pratiqueraient aucune de ces mesures;

- considérant que c'est le Conseil, sur la base d'un rapport de la Commission, qui doit constater que des mesures équivalentes ont été prises dans l'ensemble des pays et territoires concernés afin de permettre l'entrée en vigueur des mesures prévues par la directive 2003/48/CE;

- considérant que l'article 17 paragraphe 3 de la directive prévoit que si tel n'est pas le cas, le Conseil devra décider d'une nouvelle date pour la mise en œuvre de l'échange d'informations respectivement de la retenue à la source;

invite le Gouvernement

- à veiller au respect scrupuleux des dispositions de l'article 17 paragraphes 2 et 3 de la directive;

- à différer la publication et, partant, l'entrée en vigueur de la loi de transposition de la directive jusqu'au moment où les dispositions précitées se trouvent remplies par l'ensemble des pays et territoires visés par la directive.

(s.) Laurent Mosar, Alex Bodry, Ben Fayot, Lucien Thiel, Michel Wolter.

Här President, dëst gesot wëll ech dann hei awer och ausdrécklech den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi bréngen an hoffen, datt dës Direktiv esou komplett wéi méiglech an allen EU-Staten, Drëttstaten an associéierten an ofhängegen Territoiren ëmgesat gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Als zweeten Diskussiounsriedner ass den Här Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert den Inhalt vun deem Gesetz, dat mer haut stëmmen, geet op 1989 zréck, also scho méi wéi 15 Joer, an de Rapporteur huet nach e bësse méi ee wäite Réckbléck gemaach. Ech wëll direkt virausschécken, datt dëse Projet de loi, deen d'Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne soll ëmsetzen, d'Interesse vu Lëtzebuerg respektéiert a gläichzäiteg deene vun der Europäescher Unioun Rechnung dréit.

Dës Direktiv naturaliséiert nämlech dat Damoklesschwäert, dat während méi wéi 15 Joer iwwer Lëtzebuerg a senger Bankeplaz gehaangen huet. D'Wichtegkeet vun der Bankeplaz fir eis Ekonomie ass onverkennbar. D'Bankeplaz, dat heescht 22.470 Aarbechtsplazen. D'Bankeplaz, dat heescht méi wéi 28% vun eisem PIB. D'Bankeplaz, dat heescht 80% vun de Recetten an der Kollektivitéitssteier.

Dat ënnersträicht wéi wichteg den Dossier vun der Zënsbesteierung fir Lëtzebuerg ass, firwat och an Zukunft ee kompetitiivt Ëmfeld fir d'Banke muss garantéiert bleiwen.

Den Här Thiel, deem ech op dëser Plaz villmools Merci wëll soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport, huet den Historique vun de Verhandlunge gemaach. Ech géing mer awer erlaben, nach eng Kéier kuerz dorobber anzegoe fir ze ënnersträichen, datt et wierklech e schwieregen Exercice war, fir zu dësem Accord ze fannen. Ech wëll awer och dorop hiweisen, datt déi décisiv Momenter an deem Dossier während der leschter Legislaturperiod stattfonnt hunn, an dofir kann een der deemoleger Regierung mat Sécherheet félicitéieren.

Här President, d'Ursaachen, déi den Accord oder déi Direktiv, iwwert déi mer haut schwätzen, néideg gemaach hunn, si bekannt: de fräie Kapitalverkéier an d'Tatsaach, datt tëschent deene verschiddenen nationale Regimer, wat d'Zënsbesteierung ubelaangt, a besonnesch wat d'Zënse vun den net Résidenten ubelaangt, bis elo keng Koordinatioun besteet, erlaabt et de Bénéficiairë vun Zënsen, déi an engem anere Land wunnen, der Besteierung ze entkommen. Beim Kapitalverkéier besteet eng direkt Konkurrenz um Niveau vun der Fiscalitéit tëschent de Memberlänner. Dat huet als Konsequenz, datt géint d'Regele vum Marché intérieur verstouss gëtt.

D'Europäesch Kommissioun huet also 1989 eng éischt Propositioun gemaach fir eng Quellesteier vu 15%, déi fir all Résidentë vun der Communautéit gëlle sollt, mat der Méiglechkeet, d'Résidentë méi héich ze besteieren. Däitschland notamment war net favorabel agestallt zu enger europäescher Quellesteier. Lëtzebuerg huet vun deem Moment un eng Approche vertratt, déi net nëmmen d'Zënsbesteierung fir Privatpersoune virgesäit, Lëtzebuerg wollt an dës Iwwerleeungen eng allgemeng Steierharmoniséierung aschléissen, déi och d'Besteierung vun de Gesellschaften integréiert hätt.

1997, ënnert der europäescher Présidence, konnt een Accord ënnert deenen deemolege 15 Membere fonnt ginn, deen e Package vun dräi Moossname fir d'Steierkoordinatioun proposéiert: d'Asetze vun engem Code de conduite, wat d'Besteierung vun den Entreprisen ubelaangt, dee sech erëmfënnt am Projet de loi 5231, deen d'Gesetz vum 31. Juli 1929 iwwert d'„holding company" ofännert, eng Direktiv, déi d'Ausbezuele vun Zënsen tëschent associéierte Gesellschaften an de Memberlänner virgesäit, an d'Direktiv iwwert d'Zënsbesteierung.

Et ass selbstverständlech, datt et fir Lëtzebuerg net a Fro konnt komme verschidde vu senge Steieravantagen opzeginn, ouni datt d'Spezifissitéite vun anere Memberlänner am Steierberäich géinge mat considéréiert ginn. Mä och loung et op der Hand, datt een Territoires associés vu verschiddene Memberlänner wéi Groussbritannien an Holland, mä awer och vun Drëttlänner, an déiselwecht Iwwerleeungen huet missen aschléissen. Dee Risque vun enger Kapitalflucht an déi Länner als Konsequenz vun enger Steierharmoniséierung war net vun der Hand ze weisen. Eng Kapitalflucht, déi sech och onweigerlech agestallt hätt an der Attraktivitéit vun eiser Bankeplaz geschuet hätt, wann een de Bestriewungen, fir de Lëtzebuerger Secret bancaire ze relativéieren, net Stand gehalen hätt.

1998 ass mat enger neier Proposition de directive de sou genannte ne Koexistenzmodell virgeschlo ginn, deen de Memberlänner de Choix gelooss hätt tëschent enger Quellesteier, déi vun der Bank vum Bénéficiaire vun den Zënsen agezu gi wier, an der Kommunikatioun vun den Zënserträg un d'Steieradministratioun vun deem Memberland, an deem de Bénéficiaire wunnt.

D'Divergenzen, déi tëschent den eenzelne Memberlänner, wat d'Applicatioun vun esou enger Direktiv ubelaangt, a Lëtzebuerg, dat weiderhi verlaangt huet, datt d'Territoires associés an d'Drëttlänner mat ageschloss misste ginn, hunn de Modell awer ëmmer méi a Fro gestallt. Mat der Zäit ass den Drock fir en Échange d'informations anzeféieren, deen et de Steieradministratiounen erlabe géif, d'Steieren op Zënsen, déi an engem anere Memberstat ufalen, anzezéien, ëmmer méi grouss ginn.

Mir mussen och wëssen, datt Lëtzebuerg mat den USA schonns säit dem Aféiere vum System vum „qualified intermediary" en Informatiounsaustausch akzeptéiert huet, wat natierlech dozou bäigedroen huet, datt mer, wat den Informatiounsaustausch ubelaangt, op eis europäesch Partner hu missen zougoen.

Zu Feira am Juni 2000 ass also de Koexistenzmodell definitiv fale gelooss ginn a fir een allgemengen Informatiounsaustausch optéiert ginn. Et ass awer och deemools festgehale ginn, datt dräi Länner, dat heescht Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch, den Échange d'informations duerch eng Quellesteier ersetze kéinten an en ugemiessenen Deel vun deene Recetten an d'Länner vun de Bénéficiairen, déi d'Zënse kréien, iwwerweise missten. Ausserdeem sollte mat den Drëttstate Verhandlungen ugefaange ginn, fir dass déi ähnlech Dispositioune géingen unhuelen. Hei huet déi fréier Ausseministesch Madame Polfer insistéiert, datt déi Konditioun vun de Verhandlunge mat Drëttstaten an d'Schlussdokument vu Feira géing ageschriwwe ginn.

Am Ecofin vum 26. a 27. November 2000 koum eng nei Proposition de directive op den Dësch. D'Unanimitéit konnt awer net um Niveau vum Conseil fonnt ginn, an deemools sinn et duerfir véier Haaptgrënn ginn:

- D'Schwäiz konnt sech eng Quellesteier virstellen awer net den Échange d'informations;

- Amerika wollt iwwerhaapt näischt wëssen dovunner;

- déi britesch ofhängeg Territorien hunn net virugemaach;

- de Code de conduite iwwert d'Besteierung vun de Gesellschaften, deen um Rapport Primarolo baséiert huet, huet geschleeft.

Den 21. Januar 2003 konnt dunn en Accord am Ecofin tëschent deenen deemolege 15 Memberstate fonnt ginn. Dësen Accord war awer nach ëmmer un d'Konditioun gebonnen, déi zu Feira festgehale gi war, nämlech dass d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino an Ameri-

ka equivalent Moossnamen an der Fiscalitéit vun den Erspuernësser géingen ëmsetzen.

Déi Drëttlänner, déi net op en Échange d'informations eriwwerwiessele wéilten, misste genau deeselwechten Taux a puncto Quellesteier uwende wéi Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch. Déi Tauxë belafen sech jo no Akraafttriede vun der Direktiv op 15% fir déi dräi éischt Joren, 20% fir déi dräi folgend Joren an da vun deem Moment un op 35%. Eréischt wann de Conseil eestëmmeg géing feststellen, dass alleguerten d'Drëttlänner den Informatiounsaustausch géingen applizéieren, da géingen och Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch op den Informatiounsaustausch iwwergoen. Bis op d'mannst den 1. Januar 2010 steet dëst allerdéngs net zur Debatt.

Här President, verschidde Stëmmen hunn et awer fir besser fonnt, dat wat erreecht ginn ass, an dat wat allgemeng vun all den Acteuren op der Bankeplaz begréisst ginn ass, ze kritiséieren. Deen ach esou emsegen LSAP-Europadeputéierte Robert Goebbels huet am Dezember 2000 ganz opgereegt geschriwwen, ech zitéieren: „Nach dem letzten Ecofin-Rat, wo Luxemburg in Sachen Quellensteuer und Bankgeheimnis definitiv umfiel, versuchten Juncker und Frieden der Öffentlichkeit weiszumaachen, ihr Waterloo sei in Wirklichkeit ein Austerlitz gewesen, da sie der französischen Ratspräsidentschaft größere Konzessionen ‚abgetrotzt' hätten."

D'Zitat geet viru mat enger Klammer vum Här Goebbels: „Der Dritte am Brüsseler Ratstisch, Wirtschaftsminister Grethen, hielt sich vornehm zurück." Dat heescht jo implizit, well den Här Grethen net weider Gedäisch ëm deen erziilten Accord gemaach huet, dass en net solidaresch mat sengen anere Regierungskolleege gewiescht wär an deem doten Dossier.

Mä den Här Krecké hat an deem Kontext och schonn eppes net richteg verstanen.

(Interruption)

Vläicht weess en et haut besser, besonnesch nodeems en eng Rei vu Méint an der Regierung ass, an dat och nach während der EU-Présidence vu Lëtzebuerg. Den Här Krecké huet sech an enger Froestonn iwwert den Accord am November 2000 zu Bréissel gefrot, firwat den Här Grethen zu engem bestëmmten Zäitpunkt zu der Press gesot huet, an der Lëtzebuerger Koalitioun géing nach keen Accord bestoen.

Den Här Juncker huet deemools hei op dëser Plaz dozou gesot, ech zitéieren nach eng Kéier: „Déi Äusserung vum Wirtschaftsminister, et géif nach kee Lëtzebuerger Accord ginn, déi war richteg an ass net geschitt ouni dass ech et net gewosst hätt, dass et elo gutt wier, dass e lëtzebuergesche Minister dat géif zu engem bestëmmte Moment deenen anere Kolleegen am Conseil an och virun der internationaler Press soen."

Dat war also en Team, deen do deemools zu Bréissel opgetrueden ass, an deen dee beschtméiglechen Accord fir Lëtzebuerg erausgeschloen huet. An do ass eng Strategie gefuer ginn, wéi den Här Juncker och hei confirméiert huet.

Ech wëll och dem Här Goebbels soen, vläicht héiert e mech, dass mir no vir kucken an net zréck, an dass mir der Meenung sinn, dass een international Finanzpolitik net eleng a sengem eegene Virgäertche ka maachen.

Am Dezember 2000 huet den Här Goebbels nach geschriwwen: „Im Gegensatz zu einem Staatsminister Jacques Santer, dessen CSV-LSAP-Regierung einem früheren Vorstoß zur Aushebelung des Bankgeheimnisses allein gegen elf Staaten trotzte, hat die heutige luxemburgische Regierung nicht den Mut, nationale Interessen mit der gleichen Konsequenz zu vertreten wie alle anderen Staaten." Mir sinn op jidde Fall frou festzestellen, dass d'Sozialisten dësen interne Konflikt - also nach en interne Konflikt, mir hu jo haut schonn iwwer anerer geschwat - esou berengegt hunn, dass se haut dëser Regelung hoffentlech wäerten zoustëmmen.

Här President, wa mer iwwer Zënsbesteierung a Quellesteier schwätzen, da vergiesse mer allze oft d'Fongenindustrie an déi Importenz, déi se fir d'Lëtzebuerger Bankeplaz huet, a besonnesch dat wat mer fir déi Branche hei zu Lëtzebuerg erreecht hunn.

Un éischter Stell ass do ze ënnersträichen, dass een Drëttel vun alle Fongen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, net an den Uwendungsberäich vun der Direktiv falen. Och ass ervirzesträichen, dass bei deene sou genannte gemëschte Fonge just d'Obligatioune betraff sinn, well déi Zënsen ausschëdden, d'Aktie sinn net betraff, well se bekanntlech Dividenden ausschëdden.

Déi gemëschte Fongen, an domadder déi Revenuen, déi aus Obligatioune kommen, falen ënnert d'Direktiv wa 40% vum Kapital an Obligatiounen investéiert sinn, an 2011 soll jo déi Barrière do, déi Barre do op 25% erofgoen. Och aner Fongen, siefen dat Immobilien, Assurancen oder Pensiounen, falen net ënnert den Uwendungsberäich vun dëser Direktiv.

Et ass och ze bemierken, dass 25% vun de Steieren, déi op Zënserträg agezu ginn, am Land vun der Bank vum Bénéficiaire vun den Zënse bleiwen, an déi aner 75% an d'Land ginn, wou de Bénéficiaire wunnt. Ech wéilt och op dëser Plaz nach eng Kéier widderhuelen, dass et an deem Kontext unabdingbar ass, eis Steierverwaltung „en hommes et moyens" opzerüsten, fir deem Surplus u Prozeduren an un Aarbecht, deen an deenen nächste Jore wäert op se duerkommen, kënne gerecht ze ginn.

Ech wëll dann och op dëser Plaz drop opmierksam maachen, dass mer e Bréif vun der European Banking Federation a vun der European Fund and Asset Management Association virläit, deen un d'Présidence vun der Europäescher Unioun geriicht war. Dat Mannst wat ee ka soen, dat ass, dass Onrou an der Bankewelt hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa herrscht.

An deem Schreiwes gëtt ervirgehuewen, dass eng ganz Rei vun technesche Froe wat d'Applikatioun vun där Direktiv betrëfft, déi mer haut an nationaalt Recht ëmsetzen, nach guer net gekläert sinn. Do geet et zum Beispill dorëms, wéi ee Clienten identifizéiert, wéi een eng standardiséiert Zertifizéierung freet, wéi een Net-EU-Fongen traitéiert. Et kéint een déi Lëscht ouni weideres virufëieren. Ech héieren och, dass nach keng Koordinatioun tëschent deenen eenzelne Steierverwaltunge besteet am Fall wou e Client sech géing fir den Échange d'informations entscheeden.

Dee Bréif, deen ech elo just zitéiert hunn, werft och de Problem op, dass verschidden Drëttstaten an och Territoires associés bei deenen Accorden, déi agaange gi si fir equivalent Mesuren anzefëieren, och a Verzuch si mat hirer Ëmsetzung. A virdrun hunn ech d'USA ugeschwat, déi näischt vu Verhandlunge wësse wëllt. Wéi ass et dann domadder? Riskéieren déi europäesch Länner um Enn net vis-à-vis vun Amerika en Attraktivitéitsverloscht ze erleiden?

A mir hu jo scho vu menge Virriedner an och virdrun héieren, dass momentan nach iwwer esou Froen an ähnlech Froen am Ecofin-Conseil diskutéiert gëtt. Et bleift also nach esou munches ze maachen, ëmzesetzen an och ze décidéieren, wéi mer konkret an der Ëmsetzung vun dëser Direktiv, och wa mer dat Gesetz haut hei stëmmen, déi nächst Méint weiderfueren. An och déi Diskussioune wäerte vu grousser Bedeitung fir eis Bankeplaz sinn.

Dir gesitt, Här President, do sinn nach eng ganz Rei vu Froen ze klären. Dat wëllt awer net heeschen, dass d'DP net zu dëser Direktiv, déi mat hir an der Regierung ausgehandelt ginn ass, steet. Mir sinn awer der Meenung, dass vun alle Säiten d'Konditioune réellement sollten erfëllt ginn. Mir wënschen eis, dass dat esou schnell wéi méiglech geschitt.

Mat dëser Direktiv ass Kloerheet geschafe ginn. Eis Bankeplaz weess wat à terme op se duerkënnt, an déi aner Finanzplazen an Europa d'ailleurs och. Mä fir dass dat alles esou klappt, wéi mer eis dat virstellen, muss awer elo nach eng Schëpp nogeluecht ginn, fir all Froen aus dem Wee kënnen ze schafen.

Bis mindestens 2010 eng Quellesteier, an dann, an nëmmen dann, wann all Territoiren op se associéiert oder dépendant sinn an all Drëttlänner d'accord si mam Informatiounsaustausch, a wann de Conseil eestëmmeg dem Informatiounsaustausch zougestëmmt huet, musse Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch dat och ëmsetzen. Duerfir hale mer elo nach eng Kéier fest: D'Bankeplaz huet Zäit genuch, Zäit, sech op déi Eventualitéit anzestellen, a si mécht dat jo och.

D'Fongenindustrie ass ofgeséchert. Nach ass et awer esou, dass mir gefuerdert sinn, fir der Bankeplaz d'Moyenen ze gi fir nei Produkter ze entwéckelen. Och dofir hat d'DP an hirem Wahlprogramm fir den 13. Juni 2004 proposéiert, eng Retenue à la source libératoire vun 10% op d'Revenuen aus den Erspuernësser vu Privatpersounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, anzeféieren, a gläichzäiteg d'Verméigenssteier ofzeschafen.

Och wann den Här Fayot nach an de leschte Budgetsdebatten ee Problem domadder hat a vun enger fragwürdeger Nischepolitik geschwat huet, déi Lëtzebuerg zu engem zweete Monaco ëmfonctionnéiere géing, esou kënnt den Här Fayot awer net derlaanscht, dass déi Propositioun vun der DP och Agang an de Koalitiounsaccord vun der CSV-LSAP-Regierung fonnt huet.

Mä wann den Här Fayot a seng Partei domadder e Problem hunn, da kann een nëmmen de Stats- a Finanzminister an och de Budgetsminister encouragéieren, schnellstméiglech trotzdeem e Gesetz op den Instanzewee ze bréngen, hei an der Chamber ze déposéieren, an ech si fest dovunner iwwerzeegt, an op jidde Fall meng Fraktioun wäert dozou bäidroen, dass och esou e Projet hei trotz de Kritike vun eenzelnen LSAP-Memberen eng Majoritéit wäert kréien. Fir dat nach eng Kéier ze ënnersträichen, wëlle mer eng deementspriechend Motioun areechen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- approuvant la transposition de la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;

- notant les vives inquiétudes des acteurs de la place financière s'interrogeant sur la mise en œuvre appropriée de ladite directive étant donné que de nombreuses questions pratiques ne semblent pas encore être réglées;

- soulignant l'importance de notre place financière en tant que pilier important de notre économie;

- considérant qu'il est nécessaire de continuer à prendre des mesures assurant la compétitivité et l'attractivité de notre économie en général et de notre place financière en particulier;

- vu la déclaration gouvernementale du 4 août 2004 retenant que «le Gouvernement, dans un souci de rendre notre régime d'imposition de revenus de capitaux plus efficient et socialement plus équilibré, introduira une retenue à la source libératoire en matière de revenus de capitaux. L'introduction et les effets attendus d'une telle retenue appellent également la suppression de l'impôt sur la fortune des personnes physiques»;

invite le Gouvernement

- à prendre dans les meilleurs délais les dispositions nécessaires, en concertation étroite avec tous les acteurs de la place financière, afin de garantir l'application adéquate de la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;

- à déposer sans tarder un projet de loi prévoyant l'introduction d'une retenue à la source libératoire de 10% sur les revenus de l'épargne des personnes résidentes au Luxembourg ainsi que la suppression de l'impôt sur la fortune.

(s.) Claude Meisch.

Här President, et bleift mer just ofschléissend nach eng Kéier déi Feststellung festzehalen, déi ech schonn am Agang gemaach hunn: Déi viregt Regierung huet fir Lëtzebuerg mat sengen europäesche Partner eng Léisung fonnt, déi gerecht ass fir eist Land. D'Finanzplaz weess, wéi se an deem neie Kontext agéiere soll. E schwieregen europäeschen Dossier, an ee fir eist Land eminent wichtegen Dossier, huet e gutt Enn fonnt. Dat soll eis awer elo net dovunner ofhalen, eis Bankeplaz an domadder e wichtege Pilier vun eiser nationaler Ekonomie tatkräfteg ze ënnerstëtzen. Ech mengen, Dir hutt et alleguerten eraushéieren, d'Demokratesch Partei wäert dësem Projet de loi hir ganz Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech wëll drop hiweisen, Här Meisch, datt Är Motioun nëmmen eng Ënnerschréft huet.

(Interruptions)

M. Claude Meisch *(DP)*.- Wa Kolleege vun anere Fraktiounen dat net wëlle mat ënnerschreiwen, da wäerten…

Une voix.- Dir kënnt jo mam gudde Beispill virgoen!

M. le Président.- En attendant ginn ech d'Motioun weider un de Greffe. Als nächste Riedner ass den Här Fayot ageschriwwen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, Här Minister, d'Fiscalitéit ass ee vun deene Gebidder, bei deenen d'Länner an der Europäescher Unioun am meeschten op hir Souveränitéit pochen an och an der Vergaangenheet ëmmer gepocht hunn. Dat erklärt firwat dass an där neier Verfassung wéi och an deenen augenblicklichen Verträg vun der Europäescher Unioun alles, wat domadder ze dinn huet, weider ëmmer mat Eestëmmegkeet décidéiert gëtt. Domadder erhoffen d'Memberlänner sech an hu sech an der Vergaangenheet och ëmmer erhofft, dass se sech weider laanscht europäesch Léisunge kënnen drécken an hir Eegenheet esou laang wéi méiglech op deem Gebitt kënnen erhalen.

D'Erfahrung grad mat der Fro, déi ons de Mëtteg haut hei beschäftegt, weist awer, dass déi Eestëmmegkeet am Vertrag net verhënnert, dass de politeschen Drock esou grouss gëtt, an esou grouss ka ginn, dass schlussendlech awer eng Léisung erauskënnt. An et ass schonn ugedeit ginn an ugeklongen hei, dass d'Ministeren, déi successiv Ministeren, déi domat ze dinn haten um Steierplang, gradewéi och hir Fonctionnairë besonnesch e Liddchen dovunner sange kënnen.

An da kënnt eng Léisung eraus no all deene Jore vun Drock, déi net ëmmer optimal ass an déi vläicht besser gi wär, wann een se éischter zesumme geholl hätt. An dat Beispill vun der Fiscalité de l'épargne, déi „never-ending story" do, ass sécher e Léierbeispill fir déi Constatatioun. Et ass d'Geschicht jo vum Op- a vum Ausbau vun engem Wirtschaftsraum ouni Grenzen. An an deem Wirtschaftsraum ouni Grenzen hunn natierlech all Memberlänner de Wonsch hire Betriber, hiren Initiativen an deem Raum déi gréisstméiglech Chancen ze ginn.

Op där anerer Säit huet sech awer gewisen, dass doduerch wuel e Land seng Eegestännegkeet kann halen an och säi Wuelstand ausbaue kann, mä et weist sech och, datt esou e Wirtschaftsraum net ouni grenziwwergräifend, also national grenziwwergräifend Regelen um sozialen, ekologeschen an natierlech och steierleche Plang bestoe kann.

Méi konkret kann ee wuel eng Steierkonkurrenz an deem Wirtschaftsraum als eppes wirtschaftlech Verstänneges gesinn. Ech hunn eigentlech och kee Problem domat. Et muss een awer och gesinn, dass dës Steierkonkurrenz hir Avantagen an hir Désavantagen huet. D'Avantagë bestinn natierlech doranner, dass e Land duerch méi niddereg oder och keng Steieren Investissementer, Betriber a Kapital aus anere Länner unzéie kann.

D'Steierkonkurrenz kann awer och dozou féieren, dass den nationale Budgeten op eemol d'Loft ausgeet. D'Chargë vun de Länner huelen net of, si huelen éischter zou. Dat huet natierlech mat de Sozialausgaben ze dinn, mat dem Wonsch vun de Bierger no gudden öffentlechen Infrastrukturen, no gudden öffentleche Schoulen, no Kultur an no Schutz vun der Ëmwelt, géint de Raubbau un natierleche Ressourcen.

Dofir mécht de Steierdumping ëmmer méi Länner Suergen, a mat allem Respekt fir den Notze vun der Steierkonkurrenz muss all Land drop beduecht sinn, seng finanziell Mëttelen ze erhalen. Mir hunn dat ausgiebeg bei de leschte Budgetsdebatten diskutéiert, an och Lëtzebuerg ka sech net méi egal wat fir Steiermesurë leeschten, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An engem Europa ouni gewësse steierlech Regelen, zum Beispill fir d'Kapitalerträg, ass all Land bis elo ëmmer e Steierparadies fir Net-Awunner vun deem Land gewiescht. Dat huet natierlech Lëtzebuerg voll ausgespillt, well Lëtzebuerg eben eng ganz florissant Steierplaz war a well et eng vun den Haaptaktivitéiten och vu Lëtzebuerg war, mä dat war net manner wouer fir all aner Land vun der Europäescher Unioun, well all anert Land vun der Europäescher Unioun hat natierlech déiselwecht Avantagë fir net Résidenten, déi bei hinne Suen elo investéiert respektiv déposéiert hunn.

Dofir hunn och vill aner Memberlänner an der Europäescher Unioun vun esou engem Steieravantage profitéiert, fir hir eege Finanzplaz opzebauen. Mir gesinn dat jo och dorunner, dass niewent Lëtzebuerg och d'Belsch zum Beispill mat hirem Centre de coordination an Éisträich mat senge Strukturen op esou e Wee gaange sinn.

Ech muss och soen, dass natierlech d'Lëtzebuerger Finanzplaz op eng intelligent Manéier de Private banking entwéckelt huet an och aner Mëttelen natierlech entwéckelt huet, fir eben déi blühend Finanzplaz, déi mer hunn an déi mer alleguerte weider wëllen erhalen, opzebauen.

Wéi onse Rapporteur a sengem ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport duergeluecht huet, sinn d'Beméiunge gewëss europäesch Regelunge fir d'Kapitalerträg anzeféieren 1989 ugaangen - ech kommen net méi dorobber zréck - mam Projet de directive vun der deemoleger Kommissärin Madame Scrivener a sinn also och virugaangen an deene Joren dono.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Zwëschen 1989 an 1997 huet deen Drock awer sech opgebaut, an d'Lëtzebuerger Présidence huet dunn am Dezember 1997 op Grond ebe vun deem allgemengen Drock an der Europäescher Unioun e Steierpak am Conseil Ecofin duerchbruecht, dee jo bekanntlech op dräi Pfeiler berout huet:

Éischte Pilier, e Code de conduite fir d'Steiere vun de Betriber, also keng gesetzlech Moossnam, mä eng volontaire Aschränkung vun de Memberlänner - an dofir gouf dann dee sou genannte Primarolo-Grupp ageruff, fir alles wat mat Betribssteieren a Steiererliichterungen an deem Zesummenhang zesummenhänkt, duerchzeforsten. Dobäi sinn dann nach fir all Land eng Partie Praktiken épingléiert ginn, déi doropshin an den nationale Législatioune geännert hu musse ginn.

Zweete Pilier ass déi Direktiv, déi mer haut iwwert d'Fiscalitéit vun de Kapitalerträg ze traitéieren hunn.

Drëttens ass et eng Direktiv iwwert d'Bezuele vun Zënsen an Abgaben ënnert associéierte Gesellschaften.

Ech wëll hei net d'Geschicht vun där Direktiv an dee ganze Werdegang duerleeën - dat ass schonn de Mëtteg gemaach ginn. Et kann een awer op een Aspekt hiweisen, dee fir Lëtzebuerg wichteg ass. Lëtzebuerg ass nämlech duerch seng Klengheet an duerch dee relative Monolithismus vu senger Wirtschaftsstruktur besonnesch ufälleg fir Schwankungen an engem Wirtschaftssecteur. Dofir hunn déi successiv Regierungen natierlech eng besonnesch Suerg fir d'Interesse vun der Finanzplaz gehat.

Deemools ass jo dann och, besonnesch 1997 an duerno, de Joint vu Lëtzebuerg gemaach ginn zwëschent de Länner vun der Europäescher Unioun an deene Länner ronderëm d'Europäesch Unioun: d'Kanalinselen, d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino. Dat heescht, datt Lëtzebuerg sech géint d'Konkurrenz vu Gebidder wiere wollt, an nach haut wiert, déi net Member vun der Europäescher Unioun sinn, an doduerch keng Regelunge vun deem Wirtschaftsraum unhuelen, respektiv net un esou Regelunge gebonne sinn.

Et muss een natierlech déi Affirmatioun do relativéieren, well déi meescht vun deene Länner wéi och d'Schwäiz oder wéi aner Territoiren, déi ech elo genannt hunn, si wirtschaftlech an institutionell un d'Europäesch Unioun gebonnen a kënnen sech net egal wat leeschten.

Et héiert ee jo heiansdo zu Lëtzebuerg, dass Lëtzebuerg vläicht besser dru wär, wann et esou wär wéi d'Schwäiz, wann et ausserhalb vun der Europäescher Unioun wär, an da kënnt et maachen op deem Plang, wat et wëllt. Ech mengen awer, dass dës Erfahrung mat där Direktiv iwwert d'Fiscalitéit vun de Kapitalerträg weist, dass et och an Europa kee wëlle Liberalismus gëtt, an dass et e Kompromiss muss ginn zwëschent dem Maart an der liberaler Wirtschaft engersäits an nationale Besoinen a Regelen anerersäits. Op jiddfer Fall um europäesche Kontinent muss et esou eng Gouvernance ginn.

Et ass och ze bedaueren, dass dat mat den USA net ze erreechen ass; dass et do net méiglech ass, och esou Gesamtregelen anzeféieren, fir eben d'steierlech Substanz vun de Länner ze erhalen an op déi Manéier awer eng méi raisonnéiert Konkurrenz, och Steierkonkurrenz ze kréien. Ech mengen, d'USA kënnen sech mat hirer wirtschaftlecher Power e Risendrock erlaben. Se kënnen sech alles erlaben. Et ass natierlech bedauerlech, dass mer op deem Plang ausser deem bilateralen Agreement, deen do komm ass, de Qualified Intermediary Agreement, do näischt aneschters méiglech ass.

Et ass schonn hei gesot ginn, dass den Duerchbroch fir de virleienden Text vu Feira am Juni 2000 komm ass. Deemools ass jo dann de Koexistenzmodell, op dee mer ëmmer gesat hunn, fale gelooss ginn an ass ersat ginn duerch den allgemengen Informatiounsaustausch, an - wéi den Här Mosar hei richteg gesot huet - am Fong geholl duerch den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis an Europa.

Den Artikel 1 vun der Direktiv, déi mer hei transposéieren, gëtt jo dann d'Zil och un, dat heescht, dass Spuererträg, déi an engem Memberstat un e Résident aus engem anere Land ausbezuelt ginn, an deem sengem Heemechtsland effektiv besteiert musse ginn. Dat ass de Prinzip, dat ass den Haaptobjet vun dëser Direktiv.

D'Ausnahm fir Lëtzebuerg steet effektiv an engem Kapitel, deen e Chapitre transitoire ass. Dat heescht den Iwwergangskapitel, wat bis 2012 soll daueren, wourënner da Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch och falen, déi also eng Retenue à la source, eng Quellesteier virhuele kënnen an dofir dann och keng Informatioune brauchen ze ginn - dat heescht d'Bankgeheimnis kënne bis dann halen.

Dat ass natierlech fir ons Banken hei op der Finanzplaz weider eng Tromp an der Konkurrenz mat deenen anere Länner, déi esou e Bankgeheimnis net hunn. Wann ee kuckt, wat elo an Däitschland vir sech geet, wou jo dann och méi Informatioune vun de Banken iwwert d'Dépositairë sollen un de Stat kommen, dann ass dat sécher erëm e Schub fir Lëtzebuerg fir weider Suen aus esou Länner op seng Bankeplaz ze kréien.

Et ass also scho richteg, dass bis 2012 elo eng gewëss Sécherheet besteet an dass dann och doduerch e Konkurrenzvirdeel fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz erhale bleift.

Ech sinn awer och mat deene Virriedner, mam Här Thiel an och mam Här Mosar d'accord, dass mer net derlaanscht kommen, oder d'Bankeplaz, d'Finanzplaz net derlaanscht kënnt sech no neie Produiten ëmzesichen, Recherchen ze maachen. Ech hoffen och, wéi den Här Thiel, dass déi School of Finance, déi elo an der Uni integréiert ass, wierklech un d'Lafe kënnt, dass déi effikass ka schaffen a Recherchë maachen. Fir den Abléck schéngt dat jo e bësse méi schwiereg nach ze sinn. Jidderee wënscht sech, dass dat e Succès gëtt an dass doduerch och fir d'Finanzplaz méi Kompetenz erauskënnt, dass mer also eng héichqualifizéiert Finanzplaz kréien.

Ech wollt just nach och op dee Courrier vun der Bankefederatioun hiweisen. Den Här Minister Frieden ass jo elo ukomm a kann ons sécher iwwert déi Befierchtungen, déi an deem Bréif vun der europäescher Bankefederatioun drastinn, Opklärung ginn. Et gesäit aus, wéi wann eng ganz Partie Problemer nach, wat d'Transpositioun vun deene Mesuren an Drëttlänner ugeet, géife bestoen.

Et ass sécher och wichteg, dass déi Transpositioun, déi mer elo huelen, an déi Akraafttriedung vun der Direktiv stattfënnt zu engem Ableck, wou e „level playing field" op allen Niveauen, esouwuel an der Europäescher Unioun wéi och an Drëttlänner, zustane komm ass. Dat steet jo och an der Motioun, déi mir hei mat ënnerstëtzt hunn.

Ech wëll nach just zum Schluss soen, dass mer an der Optik, déi ech iwwert d'Steierpolitik an Europa gesot hunn, sécher och nach an Zukunft wäerten iwwer eng gewëss Gouvernance um Plang vun de Betribssteieren an Europa schwätzen. Do si sécher och Lëtzebuerger Betriber, déi interesséiert dru sinn, dass do de Steierdumping net kann iwwerhand huelen, well se doduerch keng Chance méi an der Konkurrenz an Europa hunn. Dat ass dat, wat mer kënnen hei ënnersträichen.

Mir hoffen, dass och um europäesche Plang, vläicht net ënnert der Lëtzebuerger Présidence, mä dann ënnert deene kommenden - wat natierlech d'englesch Présidence ugeet, do hunn ech meng Zweiwelen - an deenen nächste Méint a Joren op deem Plang eppes weider geschitt.

Dat gesot an ouni mech weider wëllen an déi technesch Detailer ze beginn, wëll ech hei awer den Accord vu menger Fraktioun fir d'Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne brëngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och net op déi ganz Technicitéit agoe vum Projet, well de Rapporteur dat ganz gutt gemaach huet, an d'autant plus wou mer als gréng Fraktioun dee Projet hei wäerte matstëmmen an och kee Problem domadder hunn.

Dofir wäert ech awer dovunner profitéiere fir eng Rei méi prinzipiell Saachen ze soen zur Steierpolitik insgesamt an Europa an awer och haaptsächlech am Zesummenhank mat der Besteierung vum Kapital.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als Gréng der Meenung, datt, jee nodeem wéi d'Steierpolitik ausgeriicht ass vun enger Regierung oder vun engem Stat, een eigentlech och d'Ausriichtung vun deem Stat erkennt als solches.

Et gesäit een zum Beispill ganz gutt, jee nodeem wéi d'Verhältnis ass tëschent den direkten an den indirekte Steieren, jee nodeem wéi d'Verhältnis ass vun der Besteierung vun Aarbecht par rapport zu Kapital oder souguer a leschter Zäit kënnt een nach derbäisoen, dat Verhältnis ass an deem Kontext och zur Besteierung vum Verbrauch vun den natierleche Ressourcen, deen Aspekt, deen eréischt an den 90er Joren derbäikomm ass, wéi ee Stat sech ausriicht, wéi en zur Sozialpolitik steet, wéi en zur Ëmweltpolitik steet, wéi en d'Gesellschaft insgesamt gesäit.

Et ass och evident, datt dat sech un der Steierpolitik festmécht, well d'Steiere bei wäitem déi Haaptrecettë si vun engem Stat a sech och dofir ronderëm d'Steieren de ganze politesche Spillraum fir e Stat respektiv eng Regierung oder eng parlamentaresch Majoritéit oder e Parlament als solches dréit.

Et ass dofir net erstaunlech, datt natierlech am Kontext vun der Zënsbesteierung, am Kontext vun deene Virwërf, déi ëmmer gemaach gi sinn u Lëtzebuerg an deem Beräich, datt natierlech den Zesummenhang ganz kloer war tëschent deem Aspekt an deem éischten, wou ech elo gesot hunn, well dat natierlech fir grouss Länner, déi ronderëm eis sinn, Problemer geschafen huet, se ageschränkt huet an hirem politesche Spillraum, duerch de Fait, datt mer et hei mat Évasion fiscale ze dinn haten - dat muss een esou soe wéi et ass -, déi am Zesummenhang stoung mat der net Besteierung vun Zënserträg, zum Beispill op der Finanzplaz Lëtzebuerg.

Ech wëll dat awer och gradesou däitlech am Ufank soen, well an der Diskussioun an deene leschte 15, 20 Joer, wa mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn ass, och ëmmer vill Saache matenee vermëscht gi sinn. Et ass zum Beispill des Öftere vermëscht ginn deen Aspekt vum schmotzege Geld, wéi een esou schéi seet op Lëtzebuergesch, dem Argent sale, mat dem Aspekt vun der Steierflucht, vun der Évasion fiscale.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg, de Lëtzebuerger Stat huet immens vill Effortë gemaach, bei wäitem méi wéi vill aner Länner, fir zum Beispill dofir ze suergen, datt d'Finanzplaz „propper" ass, datt mer hei kee schmotzegt Geld stoen hunn. Dat heescht Geld zum Beispill, wat aus Drogeverkaf oder soss anere ganz komesche Geschäfter kënnt, déi mer jo kennen, vun deene mer wëssen, dass et se gëtt an datt och vill Millioune Geld domadder verdéngt gëtt.

Mä et ass awer relativ kloer, datt déi Vermëschungen do och bewosst gemaach gi sinn, well wann iwwert dat Thema Steierflucht diskutéiert ginn ass vun deene Länner an der Europäescher Unioun, haaptsächlech natierlech vun deene 15 Länner aus där aler Europäescher Unioun, déi am meeschten ëmmer do insistéiert drop hunn - Däitschland vläicht emol à part -, well se domadder och am beschte konnte Lëtzebuerg ënner Drock setzen an dovunner oflenken, datt si eigentlech selwer keng immens propper Situatioun hunn, wat d'Steierflucht als solches ubelaangt.

Et brauch een nëmmen ze kucke wéi vill eenzel Territoiren, där sou genannter Drëtterritoiren Holland, England, oder och Frankräich sech souguer mat Monaco, geleescht hunn, da wësse mer alleguerten, datt do deelweis eng ganz hypokritesch Diskussioun gefouert ginn ass an deene leschte Joren, wa mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn ass.

Här President, et ass fir eis als Gréng gradesou däitlech, an dat wëll ech awer och soen, datt mer eis net sollen der Illusioun higinn, datt mat deem, wat mer haut hei ofstëmmen, an natierlech sous condition datt dat, wat an der Motioun herno hei verlaangt gëtt, och herno applizéiert gëtt, wat jo d'Viraussetzung dofir ass, datt och dat Gesetz hei eng Kéier fir eis géing a Kraaft trieden - an dofir wäerte mer déi Motioun hei vun der Majoritéitspartei herno stëmmen -, datt mer dann net à l'abri si vun all méiglechen Diskussioune ronderëm d'Besteierung vum Kapital insgesamt.

Well, ech menge mir musse wëssen, mir liewen haut an enger globaliséierter Welt an an där globaliséierter Welt ass et relativ kloer, datt virun allem déi enorm Kapitalmassen, déi de Moment zur Verfügung sti weltwäit, datt do ëmmer erëm zu Recht nei Diskussiounen opkommen, wéi een dat Kapital misst insgesamt besteieren, fir eng besser weltwäit Verdeelungsgerechtegkeet ze kréie vum erschafftene Räichtum.

Dir wësst, datt mer grouss Diskussiounen op internationalem Niveau hunn, fir den FMI ze reformëieren, fir iwwerhaapt d'Institutioune vu Bretton Woods ze reformëieren, an ech sinn och zimlech sécher, wann een d'Situatioun an d'Evolutioun kuckt op Weltniveau de Moment, haaptsächlech och den Abroch vun de Steierrecetten a ville grousse Länner weltwäit, datt mer wäerten um Niveau vun der OECD eng Diskussioun kréien, fir en elementaresche Kader ze setzen, fir weltwäit d'Steierflucht besser kënnen ze bekämpfen. A wéi gesot, mir fannen och als Gréng eigentlech, datt dat net méi wéi berechtegt ass.

Natierlech sous condition datt och e reglementaresche Kader op OECD-Niveau geschafe gëtt, datt och keng Schlupflächer fir kee méi kënnen iwwreg bleiwen, datt eigentlech net déi eng musse verschidde Lächer zoustoppen, fir datt anerer kënnen der opmaachen oder ophalen.

An ech mengen dat ass natierlech och déi heikelst Diskussioun, an da kommen ech zréck op de Projet vun haut, déi mer eigentlech vun Ufank un haten am Kader vun der Zënsbesteierung an der Europäescher Unioun. Mir hunn als Gréng zënter dem Ufank vun den 90er Joren ëmmer d'Meenung vertratt, datt et net gerecht wier, datt et iergendee Land an der Europäescher Unioun gëtt, och net Lëtzebuerg, wou et keng Zënsbesteierung géing ginn. Mir hunn awer ëmmer gläichzäiteg gesot, datt natierlech, wa mer am Kader vun der Europäescher Unioun eng Regelung fannen, da kann et nëmmen eng si wéi déi, déi mer eigentlech och elo um Dësch hunn, dat heescht déi net nëmme fir Lëtzebuerg gëllt, mä fir all d'EU-State souwisou, mä och fir all d'Drëttstaten, déi an iergendengem Sënn mat der Europäescher Unioun ze dinn hunn.

Mir hunn awer och ëmmer gemengt, datt fir Lëtzebuerg eng Kéier den Dag kéim, wou ee sech misst eng Strategie ginn, déi géing drop erauslafen, datt mer do dee Problem an deem Sënn léisen, wéi mer en elo amgaang sinn ze léisen, dat heescht datt mer zur Zënsbesteierung kommen, awer mat engem gréisstméiglechen Zäitraum fir Lëtzebuerg, fir kënnen d'Bankeplaz Lëtzebuerg esou ëmzestellen, datt mer kee gréissere Schued erleiden.

Well ech mengen et ass relativ kloer, wann een eng kleng Ekonomie wéi Lëtzebuerg hélt a wann een dann d'Bedeitung vun där Finanzplaz fir déi kleng Ekonomie vu Lëtzebuerg do kuckt, dann ass et evident, et wier fatal gewiescht wann een do fréizäiteg all méiglechem Drock noginn hätt op europäeschem Niveau, fir einfach esou zu där Zënsbesteierung do iwwerzegoen, esou wéi dat an der Zäit och nach verlaangt ginn ass.

Eng ganz Rei Gesetzer, déi mer och geholl hunn an deene leschten zéng Joer, an dat kann een nëmme begréissen, datt deen Zäitraum genotzt ginn ass, fir dofir ze suergen, datt eigentlech déi Bankeplaz sech konnt ëmstellen, datt mer eben eng Diversifizéierung kruten am breedeste Sënn vun der Produktpalette, déi op der Finanzplaz Lëtzebuerg kann ugebuede ginn. Duerfir hu mer onzähleg Gesetzer an deene leschten zéng Jore gestëmmt an déi gréng

Fraktioun huet déi och alleguerte matgedroen, well mer der Meenung waren, datt dat de richtege Wee wär fir deen Zäitgewënn, dee mer jo erausgeschloen hunn, iwwert dee Wee kënnen ze notzen, fir d'Finanzplaz kënnen ofzesécheren.

Ech wëll awer dann direkt soen, datt déi Motioun 2, déi vum Här Meisch déposéiert ginn ass, net eis Zoustëmmung fënnt, well mer der Meenung sinn, datt dat, wat am zweeten Tiret verlaangt gëtt an der Motioun, fir eis net eng Erweiderung vun der Produktpalette ass oder vun de Méiglechkeete vun der Produktpalette vun der Finanzplaz, mä dat ass einfach eng Erofsetzung vun enger Steier, respektiv eng Ofschafung vun enger Steier, an domadder eleng huet een nach net eng nei Produktpalette op der Finanzplaz.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech wëll drop hiweisen, datt déi meescht Gesetzer, déi mer déi lescht zéng Joer hei gestëmmt hunn, wou och fiskal Elementer oft dra waren, meeschtens am direkten Zesummenhank a Relatioun stounge mat neie Produkter, déi d'Finanzplaz wollt „ugebaut" kréien. Ech huelen nëmmen ee Beispill eraus, ee wichtegt, dat sinn d'Pensiounsfongen an alles wat mer do gemaach hunn, well dat e ganz gutt Beispill ass.

Mä dat wat hei verlaangt gëtt, dat ass einfach, wéi gesot, eng Steierreduktioun, respektiv d'Ofschafung vun enger Steier, a mir kënnen aus Grënn vu Steiergerechtegkeet domadder net d'accord si wat verlaangt gëtt, awer och aus Grënn vu Verloscht un Image de marque, well mir fäerten als Gréng, datt dat, wat mer un Image de marque gewannen duerch dee Schratt, dee mer hei maachen, mer erëm kéinte verléieren duerch dat wat mer op där anerer Säit hei proposéieren, wat an där Motioun hei virgeschloe gëtt. An ech mengen ech hunn dat schonn eng Kéier bei de Budgetsdebatte gesot. Mir kënnen duerfir och déi doten Approche net deelen.

Et ass natierlech kloer - an ech hunn dat scho gesot, an duerfir ass déi Motioun och richteg hei, déi hei proposéiert gëtt -, datt dat heiten nëmmen e Sënn mécht, wa mer och sécher sinn, datt dat, wat zu Feira ofgemaach war, nämlech datt all déi Territoiren, déi unhängeg sinn, déi sou genannt Drëttstaten, datt och do d'Applikatioun voll muss spillen. Alles anescht wier eiser Meenung no net nëmme schlecht fir Lëtzebuerg, mä dat wier eigentlech just dann Hypokrisie vun deene Länner, déi do méi helleg wiere wéi de Poopst, deenen op de Läim gaangen, an duerfir, wéi gesot, wäerte mer déi Motioun och matstëmmen.

Et ass och duerfir esou, wéi den Accord zu Feira zustan komm ass, dat hu mer och no enger Deklaratioun als Gréng hei an der Chamber gesot, datt mir d'Marschroute, déi du vun der leschter Regierung fixéiert ginn ass, géinge mat ënnerstëtze vun der Regierung. An dat wat mer jo hei eigentlech haut maachen, ass jo nëmmen déi praktesch Ëmsetzung vun der Marschroute, soit datt nach verschidde Mol huet missen haart verhandelt ginn, wou et ëm konkret Texter gaangen ass, fir datt och wierklech de Geescht vun deem, wat zu Feira décidéiert ginn ass, sech awer an den Texter erëmgespigelt huet.

Ech mengen et ass awer ganz kloer déi praktesch Ëmsetzung dovunner an duerfir, Här President, ass et och fir eis wéi gesot kloer, datt mer dësen Text haut wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci dem Här Bausch an als leschte Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Här President. Ech sinn och frou, datt den Här Budgetsminister konnt hei sinn, obwuel en haut e schwéieren Ecofin-Conseil hat. Mä et ass awer wichteg, wann een dës Direktiv diskutéiert, datt deen Ablack awer och den zoustännege Minister do ass, d'autant plus datt eng etlech vun deene Froen, déi sech stellen, hien déi lescht…

(Hilarité et interruptions)

Ech géing also hei just nuren dat heite festhalen, déi europäesch Ambitiounen a Visiounen…

(Interruption et hilarité)

…vun de sukzessive Regierungen. Also ech mengen…

Une voix.- Schoss no hannen!

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech erënnere mech och heiansdo, wou op anere Bänke vläicht net grad déi Presenz fënnef Minutten do war.

(Interruption)

Déi europäesch Ambitiounen a Visioune vun de sukzessive Regierungen a speziell vun onsem Statsminister fir ons Bankplaz si grouss. Mä a Wierklechkeet bedreift onst Land um europäeschen Niveau nure méi Réckzuchsgefechter a mécht Schadensbegrenzung.

Wa Réckzuchsgefechter a Schadensbegrenzung erfollegt sinn, da gëtt dëst als grouss Victoire vun der Lëtzebuerger Regierung gefeiert. Dëst erënnert e bësselchen un oder ka sech vergläiche loossen, wéi wann eng Gewerkschaft sech géing doriwwer freeën, wa se e gudde Sozialplang ausgehandelt huet.

D'Afëiere vun enger Quellesteier op den Zënserträg illustréiert beschtens dës Politik.

Viru manner wéi zéng Joer war d'Afëiere vun der Quellesteier e rout Duch fir all Regierung. Den 1. Dezember 1997 koum eng éischt Ännerung an do huet de Ministerrot vun der Unioun, ënner Lëtzebuerger Présidence, eng Décisioun geholl wat d'Zënsbesteierung ugeet, de sou genannte Koexistenzmodell, deen engersäits fir déi Länner, déi e Bankgeheimnis hunn, d'Quellesteier opgemaach huet, a fir déi Länner ouni Bankgeheimnis e Kontrollmatdeelungsverfahren.

An deem Europa vun haut sinn et nure méi dräi Länner, déi e Bankgeheimnis hunn: Lëtzebuerg, Éisträich a Belgien. Déi 22 aner Länner hu keent.

Mat Ausnahm vun de grénge Kolleege si mir ons all eens, datt fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz d'Bankgeheimnis liewenswichteg ass. Dofir hu mer ons gewonnert, wéi um Conseil zu Feira Lëtzebuerg op eng Kéier vum Koexistenzmodell ofgewach ass an de Prinzip vum Kontrollmatdeelungsverfahre fir ganz Europa unerkannt huet, ënnert der ausdrécklecher Bedingung natierlech, datt Drëttlänner wéi d'Schwäiz dësem Prinzip och géingen zoustëmmen. Jidderee wosst oder konnt sech denken, datt d'Schwäiz d'Bankgeheimnis net géing opginn.

Dofir ass och hei am Land déi lëtzebuergesch Regierung gelueft ginn, datt si et fäerdeg bruecht hat, datt et zu kenger Décisioun iwwer eng Quellesteier koum an datt nei Konditioune festgeluecht goufen. Mä an den auslännesche Finanzzeitunge konnt een op der Titelsäit liesen: Lëtzebuerg ass bereet d'Bankgeheimnis opzeginn. D'Banke kruten déi bestehend Clientèle berouegt, mä nei Clientë goufen ofgeschreckt, an et gesäit een och, datt d'Zuel vun de Banken zréckgeet. Do muss een oft oppassen, datt dat, wat een zu Lëtzebuerg kommunikéiert an als gutt fënnt, ganz oft am Ausland anescht opgefaasst gëtt.

Dräi Joer huet déi lëtzebuergesch Regierung zesumme mat den Éisträicher an de Belsch gebraucht, fir dëse faux pas nees ze redresséieren, a fir datt et zu där Direktiv komm ass, déi zum heitege Gesetz féiert. 2003 huet den éisträichesche Finanzminister, den Här Karl-Heinz Grasser, zu dëser Direktiv gesot, ech zitéieren: „De facto komme mer nees op de Koexistenzmodell zréck." Den ADR huet deemools an enger Motioun d'Regierung opgefuerdert, sech elo strikt un d'Direktiv ze halen a keng nei Konzessiounen ze maachen, notamment wat d'Drëttstaten an d'Territoires associés ugeet.

De Rapporteur, den Här Thiel, huet a sengem Bericht d'Dispositioune vun der Direktiv an deem doraus folgende Gesetz erläutert, esou datt ech déi net nach eng Kéier brauch oder wëll widderhuelen. Dat gesot muss een awer festhalen, datt d'Direktiv zwou wesentlech Konditioune festhält, fir datt de Koexistenzmodell esou ënnert där neier Form, wéi en elo besteet, fonctionnéiert.

Éischtens, all Drëttlänner mat enger Finanzplaz, dat heescht d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco, Andorra, San Marino an déi associéiert Territoirë vun den EU-Memberstaten aus der Karibik an de Kanalinsele mussen déiselwecht Mesuren aféieren.

Zweetens, d'Ausleeung vun der Direktiv an d'Aart a Weis wéi d'Direktiv applizéiert gëtt an de Quellesteierlänner an an den Territoirë muss déiselwecht sinn.

Déi éischt Konditioun ass nuren zum Deel erfëllt. D'Karibikinselen an och d'Kanalinselen hu menges Wëssens haut keen Accord ofgeschloss esou wéi d'Direktiv dëst virgesäit. Ech froen d'Regierung: Wou si mer drun? Wat fir eng Accordë sinn ënnerschriwwe mat de Kanalinselen an der Karibik? Ech mengen et ass wichteg, mir hunn haut eng Motioun virleie vun der Majoritéitspartei, wou dat als Konditioun gesat gëtt, a mir kënnen dach net engem Gesetz zoustëmmen, wann eng wesentlech Konditioun net erfëllt ass.

Mir verlaangen net, datt de Projet de loi do läit, mä datt wéinstens d'Accordë sollten do leien. Déi Äntwerten an der Finanzkommissioun, déi op dës Fro koumen, waren ze vague. Et ass gesot ginn, mir waarden elo emol of wat um Ecofin-Conseil geschitt. Et ass dowéinst och wou Är Presenz haut absolut wichteg ass.

Den Artikel 17(3) vun der Direktiv seet och, ech zitéieren: «Le Conseil décide, à l'unanimité, au moins six mois avant le 1er juillet 2005, si la condition sera remplie, compte tenu des dates d'entrée en vigueur des mesures pertinentes dans les pays tiers et les territoires dépendants ou associés concernés.» No dësem Text hätt missen also am Dezember 2004 - net haut, mä am Dezember 2004 - alles kloer gewiescht sinn. Dat war awer deen Ablack anscheinend net de Fall. Och do wier et wichteg ze froen, wou mer elo a wat fir enger Prozedur dra sinn.

An dësem Kontext wëll ech och drop hiweisen, datt aus engem Dokument vun der Fédération bancaire européenne vum 17. Februar 2005, dat mer zoukomm ass an dat ech der Finanzkommissioun zoukomme gelooss hunn, ervirgeet, datt Zypern, Ungarn, Italien, Litauen, Portugal, Slowenien a Griichenland d'Direktiv nach net ëmgesat hunn. Standpunkt: 17. Februar 2005. Wou si mer och do haut drun?

Deen anere wichtege Punkt, déi zweetwichtegst Konditioun, déi an dëser Direktiv, an an dësem Gesetz usteet, dat ass, datt et eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv muss ginn. Well et muss een net drun erënneren, datt mer hei an engem Kontext vu ganz staarker internationaler Konkurrenz ënnert deene verschiddene Bankeplaze stinn.

Wann d'Direktiv a 40 Länner soll ugewannt ginn, an zwar an de 25 Länner vun der EU an a 15 Drëttlänner, respektiv Territoiren an op den Inselstaten aus der Karibik an de Kanalinselen, dann däerf et net sinn, datt all Land an all Territoire seng Ausleeung huet, well soss si mer am totale Chaos.

Den Text vun der Direktiv, wéi e redigéiert ginn ass, ass e politeschen Text, deen e politesche Kompromiss duerstellt. Doduerch ass den Text vun der Direktiv op munche Plazen net kloer a werft Applikatiouns- an Interpretatiounsproblemer op, déi an deenen eenzelne 40 Länner, déi hei concernéiert sinn, verschiddentlech interpretéiert ginn.

Natierlech interpretéiert all Land d'Direktiv no sengem Interessi. Mir riskéieren doduerjer en heillos administratiivt Duerchenaner ze kréien, mä mir riskéieren och - an dat däerf een net vergiessen - e strofrechtlecht Duerchenaner ze kréien, well verschidden Interpretatioune kënnen dozou féieren, datt an engem Land eppes ausgeluecht ka ginn als eng Escroquerie fiscale oder als eng aner Strofdot, wat awer an engem anere Land vun der Quellesteier als richteg ugesi gëtt.

D'Tatsaach, datt d'ABBL, d'Bankenassociatioun, en Handbuch vun iwwer 100 Säiten huet missen ausschaffen, fir d'Gesetz, wat mir elo stëmme sollen, auszeleeën an ausféieren ze kënnen, weist op d'Problematik vun der Uwendung vum Gesetz hin. Ech hat fir d'éischt versicht fir mer bei der Bankenassociatioun dat Dokument do ze beschafen, mä dat huet 1.000 Euro kascht. Ech wier frou, wann d'Bankenassociatioun wéinstens der Chamber esou en Dokument zur Verfügung géing stellen, anstatt datt een da muss bei déi eng oder aner Bank goen, fir ze kucke fir Asiicht an dat Dokument ze kréien.

An et ass wichteg, datt een dat ugeet, well ech wëll véier Beispiller ufëieren, ënner villen aneren, déi méiglech si fir ze weisen, datt et Uwendungsproblemer gëtt. Fir dat ze illustréieren hunn ech mech op d'Schwäiz konzentréiert, an ech hunn déi lescht Ausféierungsbestëmmunge vun der Schwäiz, déi vum 1. Abrëll dëst Joer, gelies a verglach mat dem Lëtzebuerger Handbuch.

Éischtens, d'Notioun vum Agent payeur. D'Notioun vum Agent payeur ass kloer wann een d'Banken, nuren d'Banke kuckt, wou eng Persoun e Kont huet an engem Client Zënsen op sengem Spuerbuch ausbezilt.

Mä ech wëll e Beispill ginn, wou d'Definitioun vun Agent payeur net kloer ass, respektiv ganz schwéier ass unzewenden. Huele mer un, datt e Lëtzebuerger Résident senger Firma a Spuenien e Prêt d'actionnaire mécht. Op deem Prêt sinn Zënse geschëlt a folglech muss een eng Quellesteier zréckbehalen an un de spueneschen an un de Lëtzebuerger Stat ausbezuelen.

D'spuenesch Firma seet mat Recht, ech maachen dëst net, ech si keen Agent payeur, ech verstinn näischt dovun, ech verkafe meng Wueren, ech bezuelen de Prêt zréck an dat ass alles. Meng Bank a Spuenien soll sech ëm déi Retenuen an déi ganz aner Geschichte këmmeren. D'spuenesch Bank seet awer, a mat Recht, ech sinn net Agent payeur dem Gesetz no, ech këmmere mech net ëm déi Quellesteier. Déi lëtzebuergesch Bank, déi de Remboursement vum Prêt iwwert d'Rate kritt, seet natierlech och datselwecht...

Une voix.- Do huet se Recht.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- …a mat absolutem Recht.

Une voix.- Voilà!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Resultat: Et gëtt keng Retenue à la source! Där Saachen do sinn am alldeegleche Bankeliewe courant.

E weidere Problem an deem Kontext, am Kommentar vum Artikel 4 vum Gesetzesprojet, wéi mer en hei virleien hunn, steet: «L'agent payeur est celui qui verse effectivement les intérêts au bénéficiaire effectif.» A weider steet do: «Lorsqu'une banque n'intervient que de façon purement passive» - purement passive! - «elle n'est pas considérée comme agent payeur.»

D'Schwäiz seet an hirem Handbuch just de Contraire, an zwar datt déi Bank, déi d'Suen ausbezilt, ëmmer den Agent payeur ass, sauf convention écrite mat där anerer Bank. Hei riskéiere mer e monumentale Cafouillage.

Dann de Contrat fiduciaire. Am Handbuch vun der ABBL, Punkt 2.1.4, steet, datt keng Quellesteier ufält wann un eng Personne morale ausbezuelt gëtt. Well de Contrat fiduciaire gemäss dem Lëtzebuerger Steiergesetz - de Mémoire mengen ech ass den Artikel, de Paragraph 11 vum Steierupassungsgesetz - transparent ass, heescht dëst, datt wann den Actif fiduciaire dem Fiduciant restituéiert gëtt, da muss d'Bank d'Quellesteier réckwierkend iwwer Jore gegebenefalls ewech berechnen, a si muss kucken, wat dann de Remboursement vum Kapital ass a wat d'Zënse sinn - eng freeschtlech Aarbecht, déi mir onse Banken net zoumudde kënnen a wou menger Meenung no misst eng aner Interpretatioun kommen.

D'Schwäiz huet de Problem erkannt a seet dofir just de Contraire vun deem, wat mir am Lëtzebuerger Handbuch festhalen a wëllen duerchféieren. De Paragraph 75 vun den Directives relatives à la fiscalité de l'épargne de l'Union européenne - ech kann lech déi hei weisen, déi déi aus der Schwäiz do komm sinn, dat ass och e ganz déckt Buch, ech hunn nuren e puer Säite matgeholl - seet: «Aux fins de la fiscalité de l'épargne de l'Union européenne, le bénéficiaire effectif est le fiduciant et non le fiduciaire.»

Dont acte! Mä, wann een dat awer elo muss am Internationalen applizéieren, da muss ee sech awer d'Fro stelle, wat dann elo richteg ass, an dat heite werft eng etlech Problemer op. Wann een dann och nach gesäit, datt an Territoirë wéi Liechtenstein an op den Antillen nach aner Interpretatioune solle kommen, da gesäit een, datt dat Gesetz an déi Direktiv schwéierlech uwendbar sinn an zu engem heillosen Duerjernee kënne féieren.

En anere Problem, deen ech wëll ugoen, dat ass den Apport vun engem Portefeuille titres an zum Beispill eng lëtzebuergesch Holding. Ass dëst eng Cessioun esou wéi d'Direktiv an onst Gesetz et virgesinn oder net? D'ABBL seet Jo, d'Schwäizer Banke soen Neen, sauf wann an der Convention de prêt eppes anescht géing stoen.

D'Schwäiz gesäit och d'Méiglechkeet fir eng Prime fir eng Liewensversécherung mat Obligatiounen ze bezuelen, mat engem Coupon attaché an dat ouni Quellesteier. Mir gesinn dës Possibilitéit fir den Ablack net vir. An do muss och Kloerheet geschafe ginn.

D'Schwäiz huet och d'Lëtzebuerger Handbuch gelies an d'Ausleeung vun der Direktiv, wat d'Investmentfongen ugeet, kuerzfristeg geännert an ass der Lëtzebuerger Interpretatioun nogaangen.

Dir gesitt, et gëtt also ganz kloer gekuckt, wie wat wou mécht, fir ze kucken déi beschten Interpretatiounen erauszehuelen. Mä heiansdo si se kontradiktoresch an et ass dat, wat Schwieregkeete mécht.

Den Här Stats- a Finanzminister huet widderholl op dëser Tribün deklaréiert, ech zitéieren: „Déi Léisungen, déi et an der Schwäiz, zu Liechtenstein, zu Monaco an op anere Plaze gëtt, musse vergläichbar si - wéi een Zwilling - mat deene Moossnamen, déi an Europa agefouert ginn." Da muss dat awer och geschéien! Da musse verschidde Leit awer och hir Hausaufgabe maachen. Esou wéi et elo ass, schuede mir onser Finanzplaz. Wien déi Hausaufgabe maache soll, ass mir egal. Mä et muss fir Kloerheet gesuergt ginn iwwer eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv, well soss gi mir béisen Zäiten entgéint, well kee weess, wat da richteg ass a wéi déi Direktiv soll applizéiert ginn, mat alle méigleche Konsequenzen.

D'Bankbeamten, déi dëst ausféiere sollen elo zum 1. Juli, wann dat den Datum sollt sinn, deen zréckbehale ginn ass, hunn Angscht, well se fäerte falsch Interpretatiounen ze maachen, falsch Avisën ze ginn an doduerjer Responsabilitéiten um zivil- oder strofrechtleche Plang anzegoen.

Dofir ass et wichteg, datt Kloerheet geschafe gëtt, an ech wier frou ze wëssen, wéi dat dann elo an der Praxis soll virugoen. Et ass awer och kloer an däitlech, datt mer mat deem augeblécklechen Text zwar legal a vis-à-vis vun der EU am Aklang sinn, mä datt d'Applikatioun vun dëser Direktiv a ganz Europa an och an deene 15 associéierten Territoirë respektiv Drëttstaten nach munch Problemer wäert opwerfen an do muss nach vill geschafft ginn.

D'Lëtzebuerger Résidentë si vun dësem Gesetz net betraff, mä si sollen awer och…

(Interruption)

…an de Genoss vun enger Quellesteier kommen nom Wonsch vun der Regierung, well dëst zum sozialen Equiliber - wéi d'Regierung seet - géing bäidroen.

An der Erklärung zur Lag vun der Natioun 2003, dat war nach déi viregt CSV/DP-Koalitioun, huet den Här Statsminister d'Ausso gemaach, datt d'Regierung wéilt, ech zitéieren: „Zäitgläich mat der Akraafttriedung vun der europäescher Zënsdirektiv oder kuerz duerno d'Zënsrevenuen an aner Spuerrevenuen un der Quell besteieren." An dëst mat 10%.

Weider huet et geheescht: „Dat bedeit fir d'Spuerer eng wesentlech Steiererliichterung. Mir verduebelen d'Steierabattementen: De Steierabattement gëtt op 3.000 Euro fir deen eenzelne Steierzueler, an op 6.000 Euro fir déi bestuete Koppel ugehuewen. Kee Spuerer bezilt méi, mä all Spuerer bezilt manner Steiere wéi haut."

Wann een dat héichrechent, déi 3.000 oder 6.000 Euro Zënsabattementer, dann équivaléiert dat ongeféier engem Kapital vun 150.000, respektiv 300.000 Euro, wat steierfräi kéint ugeluecht ginn.

Am Programme gouvernemental vun der CSV/LSAP-Regierung steet, ech zitéieren: «Dans le domaine de la fiscalité des personnes physiques, le Gouvernement, dans un souci de rendre notre régime d'imposition de revenus plus efficient et socialement plus équilibré, introduira une retenue à la source libératoire en matière de revenus de capitaux. L'introduction et les effets attendus d'une telle retenue appellent également la suppression de l'impôt sur la fortune des personnes physiques.»

Ech huelen un, datt den Här Statsminister, deen de Statsminister war ënnert der CSV/DP-Regierung an deen elo och ënnert der CSV/LSAP-Regierung deeselwechten ass, seng Meenung net geännert huet an datt e sech also elo muss d'Fro stellen, wéi déi Retenue à la source, déi Quellesteier, déi libératoire soll sinn, soll ugewant ginn. Heescht dat, datt déi Abattementen nach bestoe bleiwen oder net méi bestoe bleiwen? Ass déi Quellesteier absolut, dat heescht, datt se geholl gëtt op egal wat fir engem Revenu, op egal wat fir engem Spuerkont, egal, ob dat elo fënnef Euro Zënsen ausmécht oder 5.000 Euro Zënsen? Dat ass dat, wat sech awer vill Leit hei d'Fro stellen.

Dat wat een och muss soen, dat ass, wann et eng Retenue libératoire ass, dann hunn natierlech déi Leit, déi 30, 35, 38% Steiere bezuelen, en Avantage fiscal dovunner, wa se op 10% libératoire ginn. Mä dee klenge Spuerer, deen dee keng Steiere bezilt oder manner wéi 10% Steiere bezilt, huet vum Impôt libératoire näischt. Dee kritt déi 10% Steieren ofgeholl.

Ech mengen, et kann dach net sinn, datt eng Regierung seet, datt esou eng Mesure socialement équilibrée wier an dat méi sozial géing maachen. Mir wëssen, datt ganz vill Leit zu Lëtzebuerg keng Steiererklärung ze maache brauchen oder keng maachen.

Do muss een eng Léisung sichen, Här Minister. Mir mengen, datt et besser wier, wann ee géing wéi zum Beispill an Däitschland higoen an d'Steierverwaltung de Lëtzebuerger Résidenten géif en Zertifikat ginn, dass si mat 3.000 bis 6.000 Euro respektiv steierfräi Dépôtë kënnten uleeën op hire Spuerbicher. Et gëtt vläicht nach aner Moyenë fir dat ze maachen, mä et kann net esou sinn, datt där enger Säit manifestement vill entgéintkomm gëtt um steierleche Gebitt an datt dee klenge Spuerer awer hei op senge puer Groschen och nach misst Steiere bezuelen. Dat ass op jidder Fall net an der Rei.

D'Regierung huet gesot, et wier e Régime d'imposition plus efficient mat der Taxe libératoire. Dat stëmmt! Mä wa se da seet socialement plus équilibré, do géing ech soen, do leie mer falsch, et wier éischter moins équilibré. Ech wier also och do frou, wann ech wéisst wéi d'Haltung vun der Regierung wier.

A mir proposéieren och zwou Motioune fir de Problem unzegoen, eng déi mer als Motion principale ugesinn, wou mer och froen, datt d'Regierung keng Retenue à la source op de Revenus d'intérêts vun de Résidentë soll applizéieren, an eng zweet Motioun, wou mer soen, datt mer am Intérêt vun deene klenge Spuerer, fir datt déi an déi méi grouss Spuerer gläich behandelt solle ginn, Méiglechkeete gesicht gi vun der Regierung, fir datt dee klenge Spuerer net brauch op senge puer Groschen oder puer Cent oder Euro, déi e kritt, muss Zënse bezuelen an datt en also do déiselwecht Donnéeën an Hëllefe kritt an datt en net muss eng Steiererklärung maachen.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il s'agit d'éviter que les résidents aient à payer une retenue à la source sur leurs revenus de capitaux;

invite le Gouvernement

- à ne pas appliquer de retenue à la source sur les revenus d'intérêts des résidents.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il s'agit d'éviter que les épargnants résidents et surtout les petits épargnants aient à payer une retenue à la source sur leurs revenus de capitaux;

invite le Gouvernement

- à prendre les mesures adéquates pour que tous les épargnants percevant des revenus d'intérêts annuels inférieurs à 3.000 euros pour une personne et 6.000 euros pour un couple n'aient pas à supporter de retenue à la source.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Dat gesot, Här Minister, mengen ech, datt au vu vun de Konditiounen, wéi se elo festleien, an och d'Tatsaach, datt d'Konditiounen, déi an der Direktiv net erklärt sinn, au vu vun de Schwieregkeeten, déi et an dëser Applikatioun vun dëser Direktiv gëtt, datt also deen Engagement, deen hei de Statsminister ënnert der viregter Regierung an ënnert dëser Regierung agaangen ass, datt en nure géing dëser Direktiv zoustëmmen, wann all Konditiounen 100% erfëllt sinn. No mengen Informatiounen ass dat net de Fall, mä Dir kënnt ons dat nach soen. Mä wann dat sech sollt bestätegen, no Ären Aussoen, da kënne mir als ADR dësem Projet net zoustëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass heimadder ofgeschloss an elo huet de Budgetsminister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären der Chamber Merci soe fir déi Debatt a virun allem och dem Rapporteur, dem Här Lucien Thiel. Ech géing d'Chamber och biede mech ze entschëllegen, datt ech mat déckem Retard an d'Chamber komm sinn. Mä wéi Der wësst, a wéi hoffentlech och hei gesot ginn ass, hunn ech siwe Stonne laang un intensiven a net ëmmer fir Lëtzebuerg ganz agréablen Debatten am Finanzminister-Conseil deelgeholl, wou et grad ëm dësen Text gaangen ass, an duerfir sinn ech méi spéit hei an d'Chamber komm.

Déi Debatten, déi Dir haut hei féiert, iwwert d'Approbatioun vum Projet de loi, deen d'Zënsbesteierungsdirektiv soll ëmsetzen, setzt en Enn ënner 15 Joer Debatte ronderëm dës Fro vun enger europäescher Regelung fir d'Zënsbesteierung.

Ech ginn dovun aus, datt de Rapporteur, deem ech jo net konnt nolauschteren, op deen Historique agaangen ass an ech erspueren lech dee selbstverständlech den Owend nach eng Kéier. Mä de Fait, datt mer no 15 Joer eng Léisung fannen, ass mengen ech begréissenswäert, well se der Finanzplaz Lëtzebuerg eng nei Sécherheet gëtt, déi mer an deene leschte Joren an dëser Debatt gesicht hunn an déi hire Reflet fënnt an deem Projet de loi, deen haut zur Diskussioun steet.

D'Diskussioun war laang Zäit: Wat fir eng Regelung maache mer? An ech stelle mat Satisfaktioun fest, datt mer an Europa eng Regelung duerchgesat kritt hunn, déi heescht, d'Quellesteier oder Informatiounsaustausch fir Non-Résidenten, an ech beschränke mech och hei op Non-Résidenten, fir datt net Confusioun bei de Leit ass, also déi Leit, déi net an engem Land wunnen. Et sinn also Leit, déi net am Land wunnen, déi zum Beispill bei eis op d'Banke Sue bréngen.

Lëtzebuerg huet an där viregter Legislaturperiod op europäeschem Plang duerchgesat kritt, datt mer zu Lëtzebuerg am europäesche Feld net op de Wee vum Informatiounsaustausch ginn, obschonns datt dat e massiven Drock vu ville Länner war, datt d'Majoritéit vun de Länner dat maachen, an et sinn nëmmen dräi Länner, dräi, dorënner Lëtzebuerg niewent Éisträich an der Belsch, déi also eng Quellesteier aféieren op der Zënsbesteierung. Mir waren do derfir, well dat eis erlaabt, d'Bankgeheimnis bäizebehalen, wat een Element ënner villen am Secteur vun dem „private banking", vun der Gestioun vun dem Patrimoine vu Privatleit ass.

Duerfir hu mer no laangen Diskussiounen deem Accord zougestëmmt, well mer zwou Saache wollten erreeche fir d'Finanzplaz, an ech mengen déi hätte mer erreecht. Dat eent, dat ass d'Prévisibilitéit vun eiser Finanzplaz, an dat anert ass d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz.

D'Prévisibilitéit ass e wesentleche Punkt fir Leit, déi an eist Land kommen an hei wëllen op de Banken, mat de Banke schaffen. Well si soe sech a si hunn eis gefrot an deene leschte Joren, si hunn lech gefrot: Jo wat geschitt dann an e puer Joer mat dem „private banking"? Gëtt et nach e Bankgeheimnis? Kënnt eng Quellesteier? Kënnt en Informatiounsaustausch?

Hei hu mer elo fir d'éischte Kéier an der Geschicht vun onser Finanzplaz an enger europäescher Direktiv d'Bankgeheimnis europäesch festgeschriwwe kritt. Well et ass net nëmmen e Lëtzebuerger Text dee seet, datt mir d'Quellesteier an d'Bankgeheimnis hunn, mä et ass en europäeschen Text dee seet: Jo, d'Belsch, Éisträich a Lëtzebuerg dierfen d'Bankgeheimnis hunn, bei gläichzäiteger Aféierung vun enger Quellesteier op den Zënserträg.

Duerfir kënne mer elo a kënnen d'Banken elo de Clientë soen, wat an deenen nächste Jore geschitt am Secteur vum „private banking", an dat erlaabt der Finanzplaz nei Marchéen unzegoen, ze erklären wat op där Finanzplaz geschitt an datt och den Investisseur weess, wat mat senge Suen zu Lëtzebuerg, och a puncto Fiscalitéit, geschitt.

Mir sinn aus der Kritik, an där mer waren, erauskomm. Mir hu méi Sécherheet op d'Finanzplaz bruecht an duerfir Prévisibilitéit.

Zweet Argument: Kompetitivitéit. Dat war a bleift dat wichtegst Zil an dësem Kontext. D'Kompetitivitéit an engem Konkurrenzëmfeld wat haart ass. An Europa ass Plaz fir eng Rei Finanzplazen a ronderëm Europa gëtt et seriö Finanzplazen. An d'Zil vun där viregter a vun dëser Regierung war et, fir datt mer d'Konkurrenzfäegkeet vun eiser Finanzplaz géingen erhalen, an duerfir hu mer deemools gesot, wéi mer esou staark ënner Drock komm sinn:

a) mir wëllen d'Bankgeheimnis behalen, duerfir si mer d'accord eng Quellesteier ze maachen, a

b) si mer awer nëmmen domat d'accord, wann och Länner, déi mat eis op der Finanzplaz a Konkurrenz sinn, déi nämlecht Konditiounen erfëllen.

Doriwwer ass laang diskutéiert ginn, wat fir eng Länner dat wären. Mir hunn elo eng Rei Drëttstaten definéiert a mir hunn eis bekëmmert ëm déi Länner, déi ofhängeg Territoiren hunn, virun allem Holland an England, wou och eng Rei Finanzzentere bestinn.

Dat Element vun der Kompetitivitéit ass an der Direktiv berücksichtegt, dat Element ass berücksichtegt am Projet de loi, deen Dir haut zur Diskussioun hutt, an dat bleift bis zu dem leschte Moment eng Haaptkonditioun vun der Lëtzebuerger Regierung, och éier mir dëse Projet de loi, wann d'Chamber en dann haut stëmmt, am Mémorial veröffentlechen.

Mir maachen näischt an deem Beräich, wa mer net d'absolut Garantie hunn, datt déiselwecht Moossnamen an deenen Territoiren an an den Drëttstaten applizéiert ginn. An duerfir hate mer haut ënner Lëtzebuerger Présidence de Punkt op den Ordre du jour gesat, fir ze kucken, wou si mer dann drun an der Ëmsetzung vun der Zënsrichtlinn an de Memberstaten, an den Drëttstaten an an den Territoiren. Dat ware siwe spannend Stonnen, an dat aus e puer Ursaachen.

Fir d'éischt hu mer de Point gemaach vun deene Länner, déi all mussen dës Direktiv ëmsetzen. Wat d'Memberstaten ubelaangt, a contrairement zu deem, wat virdru gesot ginn ass, hunn op den Datum vun haut all d'Memberstaten, mat Ausnahm vu Lëtzebuerg, dës Richtlinn ëmgesat. Italien huet der Kommissioun dat nach net matgedeelt, mä huet awer gesot, si hätte schonn deen noutwendegen Text approuvéiert.

Ech hu gesot, d'Lëtzebuerger Parlament wier amgaang dës Debatt ze féieren, esou datt all d'Memberstaten, wann och déi aner Konditiounen erfëllt sinn - an ech ënnersträichen dat ëmmer erëm - prett si fir den 1.Juli 2005 dës Direktiv anzeféieren. Mä, nach eng Kéier: Wann och déi aner Konditiounen erfëllt sinn!

An dat bréngt mech zum zweete Punkt, nämlech d'Situatioun an den Drëttstaten. D'Situatioun an den Drëttstaten um Dag vun haut ass nom Bericht vun der Kommissioun esou, datt d'Schwäiz, wat e wesentleche Punkt an dëser Diskussioun ass, all Moossname geholl huet, fir datt d'Direktiv, oder bei hinnen dann den Traité, den 1. Juli 2005 kann a Kraaft trieden. Et kënnt an der Schwäiz net zu engem Referendum. Deen Délai ass elo expiréiert.

Andorra a San Marino hunn och déi noutwendeg Moossname geholl. Et bleiwen zwee Länner, déi d'Moossnamen nach net geholl hunn, dat ass Liechtenstein a Monaco. Liechtenstein huet fir de Moment kee Parlament, well se Wahlen haten, a Monaco wäert den Text Enn Abrëll stëmmen an hirem Parlament.

Mir hunn also och do gesot, datt mir gäre schréftlech Confirmatioun hätte bis de Juni - do ass nach en Ecofin -, wéi et an deenen zwee Länner ass. Mä opgrond vun deenen Informatiounen, déi mer hunn, gi mer dovun aus, datt déi zwee Länner an deenen nächsten zwee Méint och deen Traité approuvéieren.

An da komme mer zu den Inselen, de sou genanntenen Territoires dépendants ou associés. Do hu mer festgestallt, datt déi dofir noutwendeg Accordë mat de Kanalinselen vun England a mat den hollänneschen Territoiren, dat heescht d'hollännesch Antillen an Aruba, ënnerschriwwe sinn, mä datt déi Accorden nach net an deene meeschte Parlamenter approuvéiert gi sinn. Iwwregens och net am Lëtzebuerger Parlament, well mir déi Accorden all zesumme wollten an d'Parlament bréngen, iwwregens aner Regierungen och, an eng Rei vun deenen Accordë mat de karibeschen Territoirë sinn nach net ënnerschriwwen um Dag vun haut.

Mir hunn haut nach eng Kéier ganz kloergemaach am Numm vum Lëtzebuerger Land, datt mir och do op d'Conditionnalité externe, wéi mir dat nennen, halen, dat heescht, datt et ganz kloer ass, datt virum Akraafttriede vun der Direktiv op dem 1. Juli 2005 selbstverständlech déi Accordë mat den Territoirë mussen ënnerschriwwe sinn an approuvéiert sinn an all de Parlamenter.

Dat ass vläicht méiglech. Ech soen haut net, datt dat net méiglech ass, mä d'Zäit leeft eis fort, iwwregens och der Lëtzebuerger Regierung an dem Lëtzebuerger Parlament. Soubal mir déi Accorden ënnerschriwwe vun England kréien, wäerte mir déi a Form vun engem Projet de loi an d'Parlament bréngen a bieden dann d'Parlament ëm Zoustëmmung dozou, esou wéi dat och an all deenen anere Parlamenter wäert goen.

Ech soen also hei nach eng Kéier ganz kloer: D'Memberstate si prett, mä d'Konditioune sinn um Dag vun haut nach net all erfëllt. Ech wëll lech och duerfir soen, datt ech mat där Motioun, déi den Här Mosar hei abruecht huet, d'accord sinn, datt mir selbstverständlech wäerten un deene Konditioune vun der Direktiv iwwert d'Akraafttriede festhalen, an datt mir d'Publikatioun vun dësem Gesetz am Mémorial no Ärem Vote net maachen, bis mer déi Garantien hunn.

An deem Text, deen Dir haut stëmmt, steet dran, datt d'Gesetz den éischten Dag vum éischte Mount no senger Publikatioun a Kraaft trëtt. Dat heescht, wa mir nom Ecofin vum Juni d'Gesetz publizéieren, dann trëtt et den 1. Juli nach a Kraaft. An duerfir ass et esou wichteg, datt mer gesot hunn, am Ecofin vum Juni kucke mer nach eng Kéier ob déi Problemer, déi haut nach am Ecofin bestanen hunn, bis dohinner erfëllt sinn oder net.

Dat huet net jiddferengem haut um Ecofin geschmaacht. All déi, déi nach mat eis eng Rechnung opstoen haten, hunn dat haut och kloergemaach. Mir hunn un där Positioun festgehalen. Duerfir soen ech lech, et war net ëmmer agréabel haut, well Verschiddener wollte soen, coûte que coûte muss et den 1. Juli a Kraaft trieden.

Zweetens gouf et eng länger an hefteg Diskussioun iwwert d'Ausleeung an d'Uwendung vun der Direktiv. Et ass hei virdru gesot ginn, et wär esou wichteg, datt mer eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv hätten, heiheem an an Europa a ronderëm Europa. Mä grad do koum d'Lëtzebuerger Land haut schäerfstens an d'Attaque, well mer attackéiert gi sinn, datt mir géingen d'Direktiv net richteg uwenden, an dat virun allem op zwee Punkten: Engersäits deen Artikel, deen haut am Gesetz steet, wat hei zur Ofstëmmung ass, iwwert d'Berechnung vun den Zënsen, an zweetens iwwer verschidden Zënsfongen, déi a verschiddene Konstruktiounen zu Lëtzebuerg eventuell net géingen ënnert d'Direktiv falen.

Ech erkläre mech iwwert deen éischte Punkt. Mir hunn am Gesetz, wat haut hei zur Ofstëmmung virläit, geschriwwen, datt et sech applizéiert op all Zënsen, déi nom 1. Juli erfalen a bezuelt ginn. D'Kommissioun, ënnerstëtzt vun 23 Memberstaten, seet, datt et missten Zënse sinn, déi nom 1. Juli bezuelt ginn, och wann dat Zënse sinn, déi virum 1. Juli erfall sinn.

Den zweete Punkt, wou 23 Memberstate géint eis Interpretatioun waren, war deen - an dat steet net am Gesetz, dat steet just an deem provisoresche Buch vun der ABBL, wat virdrun den Här Henckes ugeschwat huet, wat also eng Guideline ass, wéi ee kann déi Direktiv ausleeën -, verschidden Zënsfongen, déi ganz wéineg a Créancen investéieren, sinn an der Direktiv ausgeschloss. Mir hunn dat och esou ëmgesat.

Do gouf et eng Diskussioun, ob indirekt Investissementer géingen drënner falen oder net. D'Kommissioun huet ganz kloergemaach, ënnerstëtzt vun 23 Memberstaten, datt, wa mir géingen un eiser Ausleeung festhalen, wat net eng Regierungsausleeung ass, mä eng, déi wéi gesot an den Ausféierungsbestëmmungen ass vum Secteur, mir da géingen d'nächst Woch ugesicht gi vun der Kommissioun beim Europäesche Geriichtshaff, fir ebe just sécherzestellen, datt dat géing uniform applizéiert ginn.

An déi meescht vun de Memberstaten hu gesot, datt si sech esou engem Prozess géinge ralliéieren. Mir hunn du gesot, datt mir d'accord wäre mat der Interpretatioun vun der Kommissioun, well mer ganz kloer gesinn hunn, datt, wa mer virun d'Geriicht kommen, et zwou Méiglechkeete gëtt: Entweder et gewënnt een de Prozess oder et verléiert een en.

Wann een e verléiert, da géing sech déi Regelung net op d'Schwäiz applizéieren, well et selbstverständlech ass, datt den Europäesche Geriichtshaff keng Kompetenz iwwert d'Schwäiz huet. An et ass dorobberhi wou ech am Numm vu Lëtzebuerg gefrot hunn, datt mir mat der Interpretatioun vun der Kommissioun d'accord wären, oder mat der Applikatioun vun der Kommissioun - Interpretatioun ass vläicht e bësse wäit -, à condition datt mer géinge schréftlech confirméiert kréie bis de Juni, datt och erëm eng Kéier d'Drëttstaten, also d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco an och d'Territoiren, dann och déi doten Zënsfonge géingen drënner applizéieren.

Dir kënnt lech virstellen, wat fir en Zodi dat am Conseil vun de Finanzministere ginn ass, déi eis reprochéiert hunn, mir géingen erëm nei Konditiounen aféieren. Mir hunn no siwe Stonnen Debatten dunn awer den Accord fonnt.

Éischtens hu mer eis duerchgesat kritt op der Fro vun der Berechnung vun den Zënsen, well ech ëmmer erëm gesot hunn, datt d'Regierung zu Lëtzebuerg net bereet wär, an d'Parlament ze kommen an eng Ännerung vum Projet de loi ze froen, deen Dir haut zur Ofstëmmung hutt, an zweetens wat d'Fongen ubelaangt oder ee Grupp vu Fongen, do hätte mer gären d'Confirmation écrite vun den Drëttstaten an den Territoirë bis de Juni, datt déi datselwecht géinge maachen, fir datt d'Konkurrenzfäegkeet géing erhale bleiwen. Dorobber krute mer dann elo den Owend kuerz no sechs Auer en Accord.

Domadder, mengen ech, hu mer sécher net alles erreecht wat mer gäre gehat hätten, mä mir hunn dat Wesentlechst erreecht. An dat ass d'Konkurrenzfäegkeet vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, d'Prévisibilitéit vun där ech scho geschwat hunn. Et mécht eis nei Perspektiven op, mir kënnen eis ëm aner Problemer bekëmmeren, dont déi, déi och an der Regierungserklärung ugi waren an déi och haut, wann ech dat richteg gesinn hunn no enger Motioun vun dem Här Meisch, och nach eng Kéier rappeléiert ginn, zu där d'Regierung opgefuerdert gëtt, notamment d'ganz Thematik vun der Besteierung, der libératoirer Quellesteier fir d'Résidenten an d'Ofschafung vun der Verméigenssteier.

Et ass a bleift d'Intentioun vun der Regierung dat ze maachen. Dee Projet de loi ass nach net geschriwwen, duerfir kann ech och net déi aner Froen an deem Kontext beäntwerten, mä et bleift bei deem wat an der Regierungserklärung steet. Et wäert och selbstverständlech zu deenen diesbezüglechen héije Fräibeträg kommen, an ech kann also och am Numm vun der Regierung soen, bei schneller Lecture, datt d'Regierung déi Motioun, déi den Här Meisch erabruecht huet, och kann unhuelen.

Selbstverständlech bleiwe wat déi europäesch Quellesteier ubelaangt eng Rei Problemer, déi mam Secteur vun der Bankeplaz mussen diskutéiert ginn. Duerfir sinn och déi déck Handbicher do komm. Mir mengen net, datt et noutwendeg wär, dat alles an e Gesetz oder a Reglementer ze géissen. Ech menge schonn, datt dat kann - esou wéi an der Schwäiz, esou wéi zu Lëtzebuerg - an engem Manuel d'utilisation bestoen, an ech kann lech do soen, datt d'Regierung mat der Steierverwaltung an dem Secteur u sëllechen Aarbechtsgruppen deelhëlt, fir ebe grad Kloerheet an deenen dote Secteuren ze schafen. Do si mer an enkem Kontakt mat den Drëttstaten, fir och do erëm sécherzestellen, datt déi datselwecht maachen.

En fait ass dee Vote, deen Der den Owend maacht, fir eis d'Enn vun enger laanger a schwiereger Debatt. Ech mengen et wär gutt wa mer dëse Projet den Owend géinge stëmmen, mä ech wëll lech nach eng Kéier am Numm vun der Regierung soen, datt dëse Projet gestëmmt gëtt, mä datt mir op keng eenzeg vun de Konditioune wäerte verzichten. Konditiounen, fir déi mer gekämpft hunn an där viregter Regierung an an dëser Regierung haut. An dëser Regierung huet et sech op dee laangen Ecofin vun haut limitéiert. Mir hunn eis dofir agesat, datt mer eng Finanzplaz och an Zukunft hätten, déi staark wär, déi développéiert kënnt ginn, déi sech kann opmaachen op nei Mäert, déi net permanent an der Kritik steet.

Ech mengen dat Wesentlechst hätte mer erreecht, an duerfir wäerte mer och bis den 1. Juli, a wann noutwendeg doriwwer eraus, eis un déi Konditiounen halen, déi mer ofgemaach hunn, an déi Äert Parlament och haut nach eng Kéier, wann ech dat richteg verstinn, ausdrécklech gefrot huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Budgetsminister Luc Frieden. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5297. Den Text steet am Document parlementaire 5297[10].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Gesetzprojet 5297 ass gestëmmt gi mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. François Maroldt), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen? Wann dat net de Fall ass: Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann och nach zur Ofstëmmung vu verschiddene Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vu mir selwer eragereecht ginn ass. Ech mengen, mir kënnen déi par main levée ofstëmmen.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass net mat där Motioun d'accord?

Wien enthält sech?

Domadder wär déi Motioun ugeholl.

Motion 2

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch. Den Här Fayot wëllt dozou d'Wuert huelen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech wollt zu där Motioun Stellung huelen. Den Här Meisch huet mech éinescht a senger Interventioun à propos vun dëser Motioun an de Mond geholl, well ech an den Débaten iwwert de Budget gesot hunn, dass mer wuel d'accord wären, dass een eng Retenue à la source libératoire vun 10% géif aféieren, mat der Ofschafung vum Impôt sur la fortune, wéi dat jo och am Koalitiounsprogramm steet.

Ech menge perséinlech, Här Minister, Dir hutt an Ärer Guttheet gesot, Dir wäert mat där Motioun d'accord. Ech mengen net, dass mer et néideg hunn, dass mer Motiounen hei kréie mat Stécker vum Koalitiounsprogramm an déi dann hei scheibchensweis ofgestëmmt kréien.

Ech wëll dem Här Meisch soen, dass ech mat deem Punkt vum Koalitiounsprogramm averstane sinn, mä Dir kënnt lech erënneren, dass mer eng Diskussioun hate bei de Budgetsdebatten, wou den Här Mosar nach aner Perspektiven opgemaach huet, dass ech deemools zu deene Perspektiven eigentlech nee gesot hunn.

Ech wäert mech bei där Motioun enthalen aus där Ursaach, well ech der Meenung sinn, dass mer de Koalitiounsprogramm, dee mer hei ofgeseent hunn, net brauchen duerch Motiounen ze confirméieren. Dat kann natierlech eng Oppositiounspartei sech erlaben. Ech wëll also dat kundtun. Also, et ass e klengen Différend, deen ech mam Här Minister hunn, mä ech mengen iwwert de Fong hu mer kee Problem, mä ech hunn iwwert d'Method, wéi dat hei geschitt vun der DP aus, meng Problemer, an duerfir wäert ech mech dobäi enthalen.

M. le Président.- D'Motioun vum Här Meisch ass bis elo just vun him selwer ënnerschriwwen.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Jo, wa keng aner Fraktioune sech bereet erkläre fir déi Motioun mat ze ënnerschreiwen, da sti meng Fraktiounskolleege selbstverständlech zur Verfügung fir dat ze maachen.

D'Motioun gëtt nach ënnerstëtzt vun den Damme Brasseur a Flesch, an den Häre Grethen a Wagner.

Ech wonnere mech awer e bëssen iwwert d'Positioun an d'Erklärung vum Här Fayot, firwat en hei seng Abstentioun begrënnt. E seet u sech, en Deel vun der Oppositioun géing en Deel vum Koalitiounsaccord hei nach eng Kéier afuerderen an akloen, datt dat soll ëmgesat ginn, dat ass jo net üblech, an duerfir géing en Deel vun der Majoritéit sech do elo enthalen oder wär do dergéint.

Normalerweis ass et jo ëmgedréint, datt d'Oppositioun géint de Koalitiounsaccord ass an d'Majoritéit e vertrëtt. Also hei schéngt d'Welt op de Kapp gestallt ze sinn. Mir wäerten dann awer kucken, wéi jiddereen heibanne dozou stëmmt.

M. le Président.- Ass soss keng Wuertmeldung zu där Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch? Den Här Minister Frieden wëllt dozou nach eng Kéier Stellung huelen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Ech wollt och soen, Här President, datt ech richteg frou war, datt d'Oppositioun gutt Elementer an der Regierungserklärung fonnt huet. Dat ass jo awer eppes wat net all Dag geschitt, an duerfir ass et schonn en Ënnerscheed, wann d'Majoritéit ufänkt eis nach eng Kéier dat alles ze rappeléieren oder net. Ech mengen, datt dat eng Ursaach ass.

Dat Zweet ass, datt ech selbstverständlech och dermat d'accord sinn, datt deen éischte Punkt vun där Motioun, dee seet, datt mer - cela va de soi, kann een och soen - déi noutwendeg Bestëmmunge musse mam Secteur sichen, fir déi Direktiv vun 2003 vun der Zënsversteierung richteg ëmzesetzen. An ech wëll och soen, datt et jo grad och e Mérite vun dem deemolege Wirtschaftsminister, dem Här Grethen, war, datt mer an där Regierung, an deenen Ecofin-Stonnen, déi net ëmmer einfach waren, och deen Accord kritt hunn. An ech hunn dat e bëssen am Suivi gesi vun deem wat do gemaach gi war, mä ech wëll mech awer doriwwer weider net hei an Är Fraktiounsdebatten amëschen.

Ech wëll just soen, mam Contenu vun där Motioun sinn ech ganz d'accord, well et ass genau dat wat mer wëlle maachen. A wann dat eng breet Zoustëmmung kritt, kënnt Der net de Contraire vun der Regierung erwaarden.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dir hutt dem Här Meisch seng Commentairen net dobäi matkritt!

(Interruptions)

M. le Président.- Gutt! Kënne mer elo zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen? Kënne mer déi Motioun par main levée ofstëmmen?

E Vote électronique ass verlaangt.

Vote

D'Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch ass ugeholl gi mat 34 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an 19 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. François Maroldt), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Michel Wolter;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmin-

ger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt nach eng Kéier ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Motion 3

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 3, d'Motioun vum Jacques-Yves Henckes. Dozou wëllt de Budgetsminister nach Stellung huelen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, vu datt d'Chamber d'Motioun Nummer 2 gestëmmt huet, ass et evident, datt d'Motioun Nummer 3 net méi geet, well déi ass ganz kloer contraire zum Regierungsprogramm an déi ass contraire zur Motioun, déi eng breet Zoustëmmung virdru kritt huet.

Ech wëll direkt och zur Motioun Nummer 4 schwätzen, well dat hänkt e bëssen domat zesummen. D'Regierung ass bereet e Projet de loi ze déposéieren, Dir hutt zwar elo grad gestëmmt „sans tarder". Ënner „sans tarder" verstinn ech, datt mer dat virum Enn vum Joer versichen ze maachen, mä d'Modalitéiten, déi do dra sinn, déi hu mer natierlech nach net festgeluecht. Déi stinn am Projet de loi, dee mer an der Ausaarbechtung hunn.

Duerfir kann ech net domat d'accord sinn, och wa mer hei gesot hunn, à d'itératives reprises, datt mer grouss Fräibeträg maache fir d'Spueren ze encouragéieren an d'Klengspuerer net ze penaliséieren, wëll ech mech haut net festleeën op Montanten an op Modalitéiten, déi wierklech eréischt an der Ausaarbechtung sinn an déi net am Regierungsrot diskutéiert gi sinn. Duerfir géing ech d'Chamber bieden, d'Motiounen 3 a 4 ofzelehnen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir kommen domadder zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 3. Ass hei de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da stellen ech déi Motioun zum Vote.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass géint déi Motioun?

A wien enthält sech?

Dat ass relativ kloer, d'Motioun ass ofgelehnt.

Motion 4

Ech ginn dann och dovun aus, datt fir d'Motioun Nummer 4 kee Vote électronique verlaangt ass.

(Assentiment)

Vote

Wien ass also fir d'Motioun Nummer 4?

Wien ass do dergéint?

A wien enthält sech?

Domadder wär och d'Motioun Nummer 4 ofgelehnt.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn domadder um Enn vun eisen Debatten. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 19., den 20. an den 21. Abrëll, an den Ordre du jour gëtt Iech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.52 heures)

MARDI, 19 AVRIL 2005

30E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications

2. Rôle des affaires

3. Ordre du jour

4. Motion de M. Robert Mehlen relative à la levée de l'embargo sur les ventes d'armes en Chine

(Discussion générale - Résolution - Votes)

5. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Conseiller à la Cour des Comptes

6. 5231 - Projet de loi portant modification de l'article 1er de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

7. 5402 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

8. 5262 - Projet de loi portant approbation:

a) de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la lutte contre la corruption impliquant des fonctionnaires des Communautés européennes ou des fonctionnaires des États membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 26 mai 1997;

b) du deuxième Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, à la Convention relative à la protection des intérêts financiers des Communautés européennes, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997;

c) de la Convention pénale sur la corruption, signée à Strasbourg, le 27 janvier 1999;

d) du Protocole additionnel à la Convention pénale sur la corruption, signé à Strasbourg, le 15 mai 2003; et modifiant et complétant certaines dispositions du Code pénal

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

9. Résolution de M. Claude Meisch relative à l'instauration d'une commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière

(Discussion générale - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre et M. Luc Frieden, Ministre.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

Plusieurs voix.- D'Chamber?

M. le Président.- Pardon! Huet d'Regierung eng Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen?

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, Här President.

1. Communications

M. le Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Conformément à l'article 7 de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes et aux dispositions des articles 117 à 131 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée, 30 jours au moins après la présente communication, à établir une liste de trois candidats pour le poste de Président à la Cour des Comptes en remplacement d'un membre ayant fait valoir ses droits à la retraite.

Les intéressés posent leur candidature par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être adressées au Président de la Chambre des Députés au plus tard dans les 15 jours qui suivent la présente communication.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2 de la loi précitée sont remplies, à savoir:

a) être de nationalité luxembourgeoise,

b) jouir des droits civils et politiques,

c) offrir les garanties de moralité requises,

d) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction,

e) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès.

D'Presidentekonferenz huet virgeschloen, beim Appel aux candidatures keng spezifesch Ufuerderungen ze stellen, wat d'Formatioun ubelaangt, déi vum Universitéitsdiplom sanktionéiert gëtt.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dës Kommunikatioun gëtt vum Greffe als Avis officiel an der Press veröffentlecht.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. 5459 Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 12.04.2005

2. 5460 Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 14 juin 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

3) 5461 Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la promotion, la fourniture et l'utilisation des systèmes de navigation par satellites de GALILEO et du GPS et les applications associées, signé à Dromoland Castle, Co. Clare, le 26 juin 2004 et de son Annexe

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

4) 5462 Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres et l'État d'Israël, signé à Bruxelles, le 13 juillet 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

5) 5463 Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République fédérale d'Allemagne, le Royaume d'Espagne, la République française et le Grand-Duché de Luxembourg relatif au Corps européen et au statut de son Quartier général, signé à Bruxelles, le 22 novembre 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre de la Défense, le 15.04.2005

6) 5464 Projet de loi portant réalisation de mesures constructives préparatoires dans le cadre de la liaison Micheville.

Dépôt: Monsieur le Ministre des Travaux publics, le 18.04.2005.

Tous les documents peuvent être consultés au Greffe.

2. Rôle des affaires

An hirer Réunioun vum 13. Abrëll huet d'Presidentekonferenz sech mat der Demande vun der Regierung averstan erkläert, de Projet de règlement grand-ducal 4421 iwwert déi zivil Aviatioun vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domadder averstan?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen:

1) d'Opstellung vun enger Lëscht vun dräi Kandidate fir de Postë vum Conseiller bei der Cour des Comptes;

2) de Projet de loi 5231 iwwert d'Holdingen, nom Modell 1;

3) de Projet de loi 5402 iwwert d'Asetze vun der Informatik bei der Douane, och nom Modell 1;

4) de Projet de loi 5262 iwwert d'Bekämpfung vun der Korruptioun, nom Modell 1;

5) d'Resolutioun vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Spezialkommissioun, déi sech mam Gebitt vun der Zelleforschung befaasst a

6) d'Motioun vum Här Robert Mehlen iwwert den Embargo vun de Waffeliwwerungen u China.

Et sief bemierkt, datt d'Regierung de Wonsch geäussert huet, dem Här Mehlen seng Motioun als éischte Punkt ze behandelen.

Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstan?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann direkt zur Motioun vum Här Robert Mehlen iwwert den Embargo vun de Waffeliwwerungen u China. Wat d'Riedezäit ubelaangt stinn dem Auteur vun der Motioun, de Fraktiounen an der Regierung jeeweils fënnef Minutten zou. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Helminger, den Här Fayot an den Här Bausch. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Motioun, den honorabelen Här Robert Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

4. Motion de M. Robert Mehlen relative à la levée de l'embargo sur les ventes d'armes en Chine

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun ëm d'Ophiewe vum Waffenembargo géint Rout-China ass eng Diskussioun, déi ganz kontrovers gefouert gëtt an déi déi lescht Zäit relativ staark an der Aktualitéit stoung. Mir hunn op där enger Säit déijéineg, déi een Intressi drun hunn an dat och wëllen, d'wirtschaftlech Bezéiunge mat China ze verbesseren, a mir hunn anerersäits déi, déi net bereet sinn, d'Mënscherechter an d'Schanz ze schéissen, fir Geschäfter mat Rout-China ze maachen.

Eindeuteg geet et enger Partie Länner dorëm fir a beschter Harmonie mat de Rout-Chinesen hir Geschäfter kënnen ze maachen, virop Däitschland a Frankräich. An ech verweisen drop, datt souguer de Bundeskanzler Schröder et gewot huet ze soen, hie wier souguer dann derfir wann d'däitscht Parlament dergéint wier, wat em allerdéngs net ganz vill Bäifall vun der Säit vum Bundestag abruecht huet.

Et gëtt och nei Momenter. Als neie Moment d'Antisezessiounsgesetz vum chinesesche Volleks-kongress, wat elo kierzlech gestëmmt ginn ass, wat dorop erausleeft fir eng Invasioun op Nationalchina, op Taiwan ze legaliséieren. Et komme ganz rezent derbäi déi jéngst Spannungen tëscht China a Japan, wou engersäits déi Saach vun der Geschichtsverfälschung an de Schoulbicher am Vierdergrond steet, mä wou mer awer wëssen, …

(Coups de cloche de la Présidence)

…datt et net zulescht och virum Hannergrond vun engem Sträit ass ëm Gasvirkommen am ostchinesesche Mier.

Här President, de Waffenembargo war 1989 agefouert ginn no dem Massaker op der Plaz, déi ironescherweis, kënnt ee bal soen, d'Plaz vum Himmlesche Fridde genannt gëtt, nodeem datt do déi Leit, déi op d'Strooss gaange waren, fir fir d'Mënscherechter ze manifestéieren, brutal néiergeknëppelt an néiergewalzt gi waren.

Et war deemools gesot ginn, deen Embargo géing eréischt opgehuewe ginn, wann d'Mënscherechter a China géife respektéiert ginn. Dës Konditioun ass de Moment ganz kloer net erfëllt!

Amnesty international weist ëmmer erëm drop hin, datt d'Mënscherechtler och 16 Joer duerno nach ëmmer a grousser Zuel a Prisonge sëtzen, datt Honnertdausenden ënner Verletzung vun de Mënscherechter, ënner onmënschleche Konditiounen agespaart sinn, well se fir déi Mënscherechter antrieden, datt Folter an Exekutiounen a groussen Zuelen no Scheinprozesser nach ëmmer un der Dagesuerdnung sinn, datt och d'Ënnerdréckung a Mënscherechtsverletzungen am Tibet, datt sech un där Situatioun näischt geännert huet.

Wann een elo kuckt wéi déi ganz Entwécklung gelaf ass an deene leschte Méint, da kann ee sech nëmme wonneren. De Statsminister Juncker huet Rout-China am November 2004 mat senger Visite beéiert, a mir liesen dann den Dag duerno am „Lëtzebuerger Wort": „Luxemburg für Aufhebung des Waffenembargos". Ganz grouss Iwwerschrëft. An am Text kann ee liesen: „So ist Luxemburg wie andere EU-Länder auch der Ansicht, dass das 1989 nach der blutigen Beendigung der Studentenproteste auf dem Tiananmen-Platz von der EU gegen China verhängte Waffenembargo aufgehoben werden sollte."

Här President, ech weess net wien déi lëtzebuergesch Positioun do ausgeschafft hat. Och wann de Statsminister dat virun der staunender Weltöffentlechkeet verkënnegt huet, kënne mir eis op jidde Fall als ADR net erënneren, datt hei d'Parlament em dofir gréng Luucht ginn hätt. A mir fannen et eng komesch Attitüd, datt d'Regierung an esou enger wichteger Fro Deklaratioune mécht ouni d'Parlament virdru consultéiert ze hunn an och den Accord vum Parlament ageholl ze hunn.

Mäi Fraktiounskolleeg Aly Jaerling huet zwee Deeg duerno, de 15. November, eng Question parlementaire un de Statsminister geriicht. Déi ass den 20. Dezember beäntwert ginn, ganz kuerz, „seng Positioun wär d'Positioun vun der Europäescher Unioun", an e schwätzt da vun „one China policy", obschonn datt dat awer e bësselchen ausgewach war, fir et emol gelënd auszedrécken.

Op där anerer Säit, wann dat do d'Positioun vun der ganzer Europäescher Unioun soll gewiescht sinn, da muss ee sech och froen: Wéi funktionéiert dann d'Prise de position an der Europäescher Unioun? An hunn déi Leit, déi soen, datt sech do ëmmer géif iwwert d'Meenung vum Vollek an och vun de parlamentaresche Vertriedungen ewechgesat ginn, net Recht? Gëtt hei net op eng eklatant Aart a Weis…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Mehlen, Dir musst zum Ofschloss kommen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Jo, Här President, ech wollt mat Ärer Erlaabnis d'Zäit vun eiser Fraktioun elo huelen, wat jo och fënnef Minutte sinn. Soss muss ech herno virufueren. Ech sinn direkt fäerdeg.

M. le Président.- Jo.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dir kënnt mer dat vun der Zäit vun der Fraktioun ofzéien.

Et muss ee wierklech och d'Fro stelle vun der Legitimatioun vun esou enger Positioun vun der Europäescher Unioun.

Mir hunn elo gesinn, datt d'Europaparlament guer net där Meenung ass an datt och am Ënnere vun der Lëtzebuerger Regierung en Zickzackkurs gefuer gëtt, iwwert deen ee sech eigentlech nëmme wonnere kann. Mir liesen am Tageblatt vum 18.03., datt den Ausseminister Jean Asselborn, ech zitéieren: „Die luxemburgische EU-Ratspräsidentschaft erhielt vom Europäischen Rat im Dezember ein Mandat, eine Einigung über die Aufhebung des Waffenembargos gegen China innerhalb der EU herbeizuführen." Ech huele jo un, datt dat dann esou war. Den Här Ausseminister huet deklaréiert: „Wir wollen alles unternehmen um dies zu ermöglichen."

Natierlech, wann een e Mandat kritt huet, Här Ausseminister, huet ee Verständnis wann ee seet, da probéiere mer dat. Mä da mierke mer, datt awer och d'Lëtzebuerger Positioun relativ an der Regierung hin- an hiergeet, datt den Nicolas Schmit, ech zitéieren do aus dem Journal vum 01.04., awer déi Saach e bëssen anescht gesäit. De Journal schreift, deen hätt nämlech: „seinem Kollegen, zumindest zum Teil widersprochen, als er behauptete, die Aufhebung des Waffenembargos sei ein Ziel während der luxemburgischen EU-Ratspräsidentschaft", also bis Enn Juni, datt dat net ze erreeche wier. Den Nicolas Schmit argumentéiert, „das von der Volksrepublik erlassene und gegen Taiwan gerichtete Antisezessionsgesetz sei ein Hindernis".

Dofir, Här President, wier et interessant, wann ee mol wéisst wat dann d'Lëtzebuerger Regierung tatsächlech hei och vu Lëtzebuerger Säit vertrëtt, an och net nëmmen als Exécutant vun enger Partie Leit, déi menge se missten onbedéngt Geschäfter mat Rout-China maachen, egal wéi d'Mënscherechtssituatioun da wier, a sech als Exécutantë vun deene Leit gesinn.

D'Positioun vum ADR, Här President, ass ganz kloer: Géint d'Ophiewe vum Embargo, esoulaang wéi déi Konditiounen net erfëllt sinn. Ech wëll och hei, fir der Ausgewogenheet gerecht ze ginn, soen, datt, wann et dann e Sënn géif erginn, mir och derfir géinge stëmme fir e Waffenembargo géint d'USA auszespriechen, esoulaang wéi d'Mënscherechter op Guantanamo net respektéiert ginn. Leider hätt dee Waffenembargo net schrecklech vill prakteschen Effet.

Mir gesinn, Här President, datt an der ganzer Welt d'Konflikter zouhuelen, datt an deenen nächste Jore wahrscheinlech de Sträit just ëm d'Energiereserven ëmmer méi grouss gëtt an datt ee muss fäerten, datt wann déi entwéckelt Länner, déi Waffesystemer zur Verfügung hunn, wa se déi exportéieren, datt mer wierklech do op engem Polverfaass sëtzen an datt mer eis net sollen, an dat ass och d'Positioun vu menger Partei, an de Waffenhandel erabeginn an e Waffenembargo ophiewen, esouguer wann anerer dat mat alle méiglechen Tricke probéieren ze ëmgoen. Dat ass eis Positioun, an domadder wëll ech schléissen, ech behalen dann nach eng Minutt am Rescht.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Laurent Mosar ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt dWuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Summer 1989, nodeems déi chinesesch Féierung mat brutaalster Gewalt géint d'Studentendemonstratioune virgaange war, gouf also géint d'Volleksrepublik China en allgemenge Waffenembargo verhaangen. Dësen Embargo war nëmmen een Deel vun der weltwäiter Réprobatioun iwwert déi Methoden, mat deene China all Bestriewunge vu senger Populatioun, fir zu méi Demokratie a Participatioun ze kommen, niddergeschloen huet. Och haut nach ass de Pekinger Regime alles anescht wéi ee Modell a Saachen Demokratie a Mënscherechter, an dat esouguer wann een asiatesch Spezifissitéiten an déi gigantesch Populatioun vun 1,3 Milliarde Mënsche berücksichtegt.

Zwar huet sech zënter 1989 a China munches geännert an et änert sech weider. Déi chinesesch Spëtzt huet sech verjéngt, déi chinesesch Ekonomie wiisst an engem enorme Mooss, ënnert dem Impuls vun der wirtschaftlecher Entwécklung entkrampft sech lues a lues déi chinesesch Gesellschaft, an och um Niveau vun de politeschen Ausdrocksméiglechkeeten a Fräiheeten huet sech déi chinesesch Regierung virubeweegt.

Et wier falsch unzehuelen, datt China am Joer 2005 nach exakt datselwecht China wier wéi 1989. An dach! An den Ae vu menger Fraktioun geet dat, wat sech a China gedoen huet an deene leschte 50 Joer, net duer fir een Ophiewe vum Waffenembargo géint Peking haut ze rechtfäerdegen. A verschidde méi rezent Entwécklunge bestätegen eis an där Opfaassung.

Wa mir Europäer, wa mir Lëtzebuerger eisen eegenen Attachement zu de Mënscherechter eescht huelen, wa mir eis wëlle weltwäit fir hire Respekt an hir universell Bedeitung a Gültegkeet asetzen, da musse mer och fir China Prinzipie gëlle loossen, déi iwwerall op der Welt Bestand hunn. Da kann et net goen, datt déi chinesesch Féierung och nach dee Massaker rechtfäerdegt, wéinst deem viru 15 Joer de Waffenembargo verhaange gouf.

Wann en offizielle Spriecher vum Ausseministère vu Peking nom Doud vum Zhao Ziyang, dee sech als Generalsekretär vun der chinesescher KP deemools géint d'Asetze vun der Arméi géint d'Studente gestallt hat, och haut nach fënnt, China hätt deemools richteg gehandelt, da muss dat eis méi wéi ze denke ginn.

Och déi iwwer 3.000 Exekutiounen, déi a China d'lescht Joer nach stattfonnt hunn, sinn net derzou ugedoen eis ze iwwerzeegen, China géif um Plang vum Respekt vun de Mënscherechter déi Fortschrëtter maachen, déi mir eis erwaarden.

Här President, de chinesesche Vollekskongress huet am Mäerz ee Gesetz ugeholl, mat deem eng sou genannte Sezessioun vun Taiwan soll verhënnert ginn. Dëst Gesetz gouf gestëmmt, nodeems Rout-China iwwer Jore schonn eng 600 Missilen op taiwanesesch Ziler ausgeriicht huet. Mat dësem Gesetz wëllt China sech selwer erlaben, militäresch an Taiwan anzefalen, an d'Republik China op der Insel géif ee Geste maachen, deen zu Peking als eng Bewegung a Richtung formal Onofhängegkeet vun Taiwan gesi gëtt.

Et huet ee wuel nach ni gesinn, datt ee Stat sech selwer per Gesetz wëllt de militäreschen Iwwerfall vun engem friddlechen an demokrateschen Noper erlaben. Et léisst sech nämlech net bestreiden, datt d'Republik China op Taiwan e souveräne Stat ass, an deem 23 Millioune Leit versichen en normaalt Liewen an anstännege wirtschaftlechen a politesche Konditiounen ze féieren, an um Niveau vum Respekt vun de Mënscherechter Peking Meile viraus sinn.

China huet sech wuel zënter 1989 verännert, mä déi Signaler, déi haut nach vu China an d'Welt geschéckt ginn, si leider nach laang net nëmmen därer vu positiven Entwécklungen. Niewent der Situatioun vun de Mënscherechter an den Drohgebäerde vis-à-vis vun Taiwan, sinn och déi rezent Ausschreidunge géint japanesch Ariichtungen a China net derzou gëeegent, eis Begeeschterung fir en Ophiewe vum Waffenembargo ze vergréisseren.

An och am Tibet verfollegt Peking eng Politik géintiwwer der tibetanescher Populatioun, déi vum mënscherechtleche Standpunkt vill Froen opwerft a wou ganz wéineg Froe beäntwert ginn, notamment um Niveau vun den individuelle Fräiheeten.

Här President, déi Vereenegt Staten, déi ähnlech wéi d'Europäesch Unioun e permanenten an intensiven Dialog op alle Pläng mat China ënnerhalen, sinn net der Meenung, datt Europa sollt zu dësem Zäitpunkt säi Waffenembargo géint China ophiewen. Mir deele mat de Vereenegte Staten e gemeinsamen Asaz fir Fräiheet an Demokratie uechtert d'Welt. Et wier eigentlech e gelungent Signal, wann d'Europäesch Unioun grad an deem Moment, wou déi transatlantesch Bezéiungen sech nees intensivéieren, géif eng Chinapolitik bedreiwen, déi sech an engem wichtegen Aspekt wesentlech vun där vun de Vereenegte Staten ënnerscheet.

Déi Iwwerzeegungen, déi ech elo am Numm vun der CSV-Fraktioun duergeluecht hunn, sinn an där Resolutioun enthalen, déi de Kolleeg Ben Fayot deemnächst wäert hei abréngen. Mat dëser Resolutioun soll eis Chamber hir Ofneigung géint en Ophiewe vum Waffenembargo géint China zu dësem Zäitpunkt zum Ausdrock bréngen. Wa mer dës Resolutioun stëmmen, wat meng Fraktioun staark hofft, da bezitt d'Lëtzebuerger Parlament domadder déi eenzeg méiglech Haltung fir d'Volleksvertriedung vun engem Stat, deen d'Mënscherechter respektéiert, deen Demokratie praktizéiert, deen uechtert d'Welt Fridde propagéiert, mä deen och a virun allem Fräiheet, déi individuell a politesch Fräiheet vun de Mënschen, iwwerall op eisem Planet wëllt weiderbréngen.

M. le Président.- Här Mosar, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech sinn direkt fäerdeg, Här President.

China beweegt sech virun a China mécht op ville Pläng Fortschrëtter, déi mer encouragéieren. Mir wëlle China och op sengem Wee no vir ënnerstëtzen a begleeden. Dëse Wee, de Wee zu méi biergerleche Fräiheeten, zu méi Respekt fir dem Eenzelne seng Rechter, zu engem zäitgeméissen Ëmgank…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Mosar, Dir hutt wierklech elo eng Minutt iwwerzunn, et gëtt elo Zäit.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- …mat de politeschen Aspiratioune vun enger riseger Populatioun, kann a muss een onofhängeg vu Waffeliwwerungen beschreiden.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Mosar, ech bieden lech.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Helminger agedroen. Här Helminger, Dir hutt d'Wuert, an déi aner lauschteren no.

(Brouhaha général)

M. Paul Helminger *(DP).*- Här President, Remarquen, e puer zum Fong, an e puer Remarquen zu der Lëtzebuerger Positioun - et ass ganz schwéier dat an e puer Minutten ze maachen. Ech mengen, d'Biller vun der Tiananmen-Plaz, wou se mat Panzere géint d'Leit virginn, och wann dat 16 Joer erëm ass, déi si ganz schlëmm a bleiwen eis an der Erënnerung.

Dee Grignotage vun den Demokratierechter zu Hong Kong weist och op ee komescht Demokratieverständnis hin. Den traurege Rekord vun den Hiriichtungen, well China d'Doudesstrof nach ëmmer net ofgeschaf huet, gëtt eis och ze

denken, an dat Antisécessiounsgesetz, wat géint Taiwan just gestëmmt ass, weist och op ee Verständnis vun internationaler Politik a wéi ee Problemer soll regelen, dat net onbedéngt deem Verständnis entsprécht, dat mir hunn. Datselwecht gëllt fir déi Demonstratiounen, déi elo stattfannen, well et kann ee jo awer net dovun ausgoen, datt dat spontan Demonstratioune sinn, déi de Moment a China géint Japan lafen.

Op där anerer Säit muss een awer och soen, datt China eng Rei Effortë gemaach huet, och esouguer um Niveau vun de Mënscherechter. Een, dee China iwwer 30 Joer oft besicht huet a kennt, muss soen, datt den Ausdrock vun der Meenungsfräiheet haut e ganz aneren ass wéi virun 30 Joer. Et ass och onmëssverständlech, datt um ekonomesche Plang eng ganz grouss Evolutioun stattfonnt huet, gradesou wéi et evident ass, datt um politesche Plang entgéint allen Demonstratiounen nobaussen a Wuertspillereie China éischter am Sënn vun der Stabilitéit agéiert wéi am Sënn vun Oprou.

Virun deem Hannergrond, wou also munches negativ ass, mä wou awer och dat eent oder dat anert positiv ass, musse mir eis eng Meenung maachen iwwert déi Problematik vum Ophiewe vun dem Waffenembargo.

Et ass ganz kloer, datt China do nach e ganze Koup Effortë muss maachen, besonnesch um Niveau vum Respekt vun de Mënscherechter, ier een zu deem Schrëtt ka kommen.

Ee weidere Schrëtt wier zum Beispill, datt China, dat chinesescht Parlament, de Pakt mat der Europäescher Unioun, wou d'Rechter fir d'Bierger virgesi sinn, géing ratifizéieren. Viraussetzung wéi gesot ass also fir d'Ophiewung vum Embargo, datt weider mat China iwwert de Respekt vun de Mënscherechter geschwat gëtt. Dat kënne mir allerdéngs ëmsou besser wéi mir eben den Dialog mat hinnen oprechterhalen. An deen Dialog mat hinnen oprechterhalen, maache mir och ëmsou besser - dat wëll ech ganz kloer ënnersträichen -, wa mir do mat all deenen, déi an der Welt fir Demokratie a Mënscherechter antrieden, also och mat Amerika, un engem Strang géingen zéien.

Et ass also wichteg, an domadder kommen ech och schonn op déi Lëtzebuerger Positioun, datt mir an deem Dossier, besonnesch wa mir och nach d'Présidence vun der Europäescher Unioun hunn, probéieren eng kloer Linn ze fueren. Da muss ech zwar och drop hiweisen, datt dat eiser Regierung an dësem Dossier net grad just perfekt gelongen ass.

Well, wann een dem Här Asselborn de 17. März nolauschtert, esou wéi hien an der Press zitéiert ginn ass, dann huet hie wuel wëlles, esou wéi dat och säin Optrag ass, deen hie vum Conseil européen krut, fir ze probéieren dee Waffenembargo opzehiewen. Den 31. März also, knapp 14 Deeg méi spéit, seet allerdéngs den Här Nicolas Schmit virum Europaparlament, an ech zitéieren: «That was a goal , but it is a goal that cannot be reached», an hien huet weider gesot: «I tell you frankly, I would not bet today that the lifting of the embargo will be decided on before the end of June.»

Dorobberhin huet den Här Minister Asselborn missen deklaréieren, datt nach ëmmer dru festgehale gëtt fir deen Embargo hei opzehiewen. Elo net méi spéit wéi dëse Weekend ass dem Här Asselborn erëm eng Kéier widdersprach ginn, an zwar soll anscheinend den Här Premierminister Juncker dem Här Bush versprach hunn, datt den Embargo ënnert der Lëtzebuerger Présidence sécher net géing opgehuewe ginn. Dat hat allerdéngs als Konsequenz, datt den Här Asselborn vis-à-vis vu Reuters an op Ufro vun de Chinesen huet mussen deklaréieren, den Här Juncker hätt him um Tëlefon gesot, hien hätt dat net esou gesot. Ech hoffen, datt mir am Verlaf vun dëser Debatt Kloerheet iwwert déi Aussoen do kréien, a wat dann elo d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung an och vun der Présidence vun der Europäescher Unioun ass.

Ech wëll just dorop hiweisen, dass grad just ee klengt Land konsequent muss sinn. Dat hunn eis ganz Vergaangenheet, all eis diplomatesch Vergaangenheet an déi diplomatesch Succèsen, déi mir do haten, gewisen, well dorop opgebaut ginn ass, datt mir eng kloer Linn haten, datt mir déi duerchgestanen hunn, datt mir och doduerch dee Vermëttler, deen Impulsgeber oft waren, well mir eben eng Kohärenz an eiser Haltung haten, an eng grodlinnesch Politik do verfollegt hunn.

Ech hoffen also ganz staark, datt den Här Ausseminister, dee jo haut de Mëtteg do ass, eis hei déi néideg Erklärungen dozou ka ginn. Dat alles gesot schéngt et mir och, datt déi Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien hei wäert virgedroe ginn, an déi mir d'Geleeënheet hate fir ze liesen, an ënnert déi mir och eis Ënnerschrëft gesat hunn, datt déi där komplexer Situatioun Rechnung dréit an also ganz kloer de Wëllen ausdréckt, datt dës Chamber wuel bereet ass iwwert den Embargo ze diskutéieren, awer nëmme wa China nach eng ganz Rei Fortschrëtter um Wee vum Respekt vun de Mënscherechter mécht.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Helminger. Nächste Riedner ass den Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, et ass net fir d'éischt, wou dës Chamber sech mam Waffenembargo vis-à-vis vu China befaasst. Mir hunn an der aussepolitescher Kommissioun viru 14 Deeg op Grond vun enger Ufro vun der CSV-Fraktioun eng länger Ausspro och mat der Regierung iwwert dee Problem gehat.

D'allgemengt Gefill war deemools, dass et net kéint sinn, dass an dësem Abléck de Waffenembargo géif opgehuewe ginn, an dass a China mat deem Antisécessiounsgesetz eng Situatioun agetraff wier, déi vläicht net gënschteg wier fir an dësem Abléck dee Waffenembargo opzehiewen. Dat ass also d'Gefill vun der aussepolitescher Kommissioun gewiescht. Dat ass och an der Motioun vum ADR zum Virschäi komm.

Mir hu geduecht, dass et awer an dësem Abléck, étant donné dass Lëtzebuerg an der Présidence ass, net géif ugoe fir elo hei als Chamber der Regierung, déi an der Présidence ass, e Mandat ze ginn, well si en anert Mandat huet, nämlech dat vun der Présidence.

Mä mir waren awer der Meenung, dass et wichteg wier, dass dës Chamber der Lëtzebuerger Regierung an dem Lëtzebuerger Land kloer seng Meenung géif ausdrécken, dohier d'Iddi fir eben net eng Motioun, déi sech jo un d'Regierung went, ze verfaassen a virzebréngen, mä eng Resolutioun, déi eben d'Gefill an d'Meenung vun dëser Chamber géif ausdrécken.

Sécher muss ee Verständnis fir d'Présidence hunn, an ech mengen dat ass jo och eng Haltung, déi d'Lëtzebuerger Parteien ëmmer an enger Zäit vun der Présidence haten. Déi Présidence ass schwiereg, besonnesch och um aussepolitesche Plang, wou jo eigentlech d'Europäesch Unioun Relatioune mat der ganzer Welt huet, a wou eben déi Relatioune vum Conseil européen determinéiert ginn. Dorunner muss een sech och erënneren. Dee Conseil européen vum Dezember 2004 huet ganz kloer gesot, dass an dëser Lëtzbuerger Présidence déi Aarbechte sollen ofgeschloss gi fir den Waffenembargo opzehiewen.

An der Zwëschenzäit wéi gesot sinn eng Partie nei Faite virkomm. Ech erënneren och drun, dass d'Europaparlament mat enger ganz grousser Majoritéit virun enger Woch eng Resolutioun ugeholl huet, fir sech géint d'Levée vun deem Waffenembargo auszeschwätzen.

Vläicht méi allgemeng och wat den europäesche Plang ugeet: Et ass jo och gewosst, dass Europa mat China säit enger Partie Jore probéiert een normaalt Verhältnis ze kréien. Et gëtt regelméisseg Sommeten zwësche China an der Europäescher Unioun, an dee leschte Sommet war den 8. Dezember 2004 zu La Haye. Déi Sommeten, déi dinge jo och fir d'Zesummenaarbecht tësche China an der Europäescher Unioun ze développéieren an natierlech d'Mënscherechtssituatioun ze beschwätzen.

An der Diskussioun am Europaparlament, an dat wëll ech hei ënnersträichen, ass och bedauert ginn, dass China zwar déi UNO-Konventioun, déi sech op d'politesch Rechter an d'Mënscherechter bezitt, zwar ënnerschriwwen huet, mä nach net ratifizéiert huet. Ratifizéiert heescht, dass ee Land esou eng Konventioun a säin Nationalgesetz ëmsetzt an doduerch sech verflicht fir déi Rechter an déi Flichten ze respektéieren. Dat ass bis elo nach net geschitt, an dofir muss een och ganz kloer dorobber hiweisen.

Et muss een och drop hiweisen, dass an dem Conseil vun de Relations extérieures vun der Europäescher Unioun och ënnert der Lëtzebuerger Présidence probéiert ginn ass, deen Dialog iwwert d'Mënscherechter a China ze relancéieren, ze intensivéieren. Et ass sécher keng einfach Saach fir mat de Chinesen op deem Plang virunzekommen, mä dat ass op jidde Fall ënnert der Lëtzebuerger Présidence probéiert ginn.

Aus all deenen Ursaachen hu mer also eng Resolutioun virgeluecht, Här President, an där mer ons ganz kloer géint d'Levée vum Embargo ausschwätzen andeem mer och froen, dass all politesch Prisonnéier, net nëmmen déi, déi no Tiananmen an de Prisong komm sinn, mä all politesch Prisonnéier a China solle fräigelooss ginn. Mir wëllen och, dass, trotz deene Problemer, déi an de Relatiounen tëscht der Europäescher Unioun a China sinn, déi Politik vu Kooperatioun a Frëndschaft, déi sech tëscht Europa a China développéiert huet, awer weider ausgebaut gëtt.

Well et ass nëmmen op déi Manéier wou och dat Land China do aus enger Diktatur zu engem demokrateschen an héich entwéckelte Land gëtt, an ech menge schonn, dass mer als Europäer d'Flicht hunn, fir dat ze accompagnéieren an dat ze ënnerstëtzen. Aus där Ursaach, Här President, wëll ech déi folgend Resolutioun op den Dësch vum Haus leeën.

Merci.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant les efforts entrepris par l'UE pour développer sa coopération avec la Chine, comme réaffirmé lors du 7e sommet UE-Chine le 8 décembre 2004 à La Haye;

- considérant les conclusions du Conseil européen des 16 et 17 décembre 2004 invitant la présidence luxembourgeoise à achever les travaux en vue de permettre une décision sur la levée de l'embargo sur les armes vers la Chine;

- rappelant que cet embargo a été introduit par l'UE pour protester contre la répression du mouvement démocratique de la place Tiananmen de 1989;

- considérant les critères du Code de conduite en matière d'exportations d'armements, en particulier ceux qui concernent les droits de l'homme, la stabilité et la sécurité dans la région et la sécurité nationale des pays amis et alliés;

- considérant que la Chine a signé le Pacte international relatif aux droits civils et politiques, sans l'avoir cependant ratifié;

- considérant les travaux en cours au sein du Conseil des Relations extérieures de l'UE sous présidence luxembourgeoise, et en particulier le dialogue UE-Chine sur les droits de l'homme;

- considérant que l'UE s'engage dans toutes ses relations extérieures pour l'abolition de la peine de mort, peine cruelle et inhumaine et sans effet dissuasif;

se prononce pour une politique d'amitié et de coopération entre la Chine et le Luxembourg tel qu'engagée par les gouvernements successifs;

exprime cependant son appréhension face au signal politique que constituerait la levée de l'embargo sur les armes par l'UE au moment où la Chine met en place la loi anti-sécession;

souhaite que la Chine libère tous les prisonniers politiques;

encourage la Présidence luxembourgeoise à œuvrer à cette fin et à continuer à développer des relations de confiance entre l'UE et la Chine.

(s.) Ben Fayot, François Bausch, Lydie Err, Paul Helminger, Michel Wolter.

M. le Président.- Merci, Här Fayot.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den honorabelen Här François Bausch ageschriwwen. Här Bausch!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho gesot ginn, China ass an engem rasanten Ëmbroch an dat a villerlee Hinsicht, éischtens op wirtschaftlechem Plang. China ass awer och amgaange soziologesch sech enorm staark ze veränneren, an et muss jiddferengem um Häerz leien, datt dee rasanten Ëmbroch, dee mer an deem risege Land mat där gréisster Bevölkerung op der Äerd do erliewen, net zu innerpolitesche Verwerfunge féiert. Ech mengen et ass relativ kloer, d'ganz Weltcommunautéit huet en Intérêt drun, datt deen Ëmbroch do sech weiderentwéckelt, awer ouns datt et zu innerpolitesche Verwerfunge féiert.

Allerdéngs ass et esou, datt et fir dat ze erreeche jo villfälteg Méiglechkeete gëtt, fir esou e Prozess ze ënnerstëtzen. Déi bilateral Bezéiungen, den Dialog tëschent der Europäescher Unioun a China ass sécherlech wichteg, an ech mengen, datt et och an deene leschte Jore gutt war, datt dee gefördert ginn ass, woubäi mir awer direkt wëllen derbäi soen, datt, wann een deen Dialog féiert, dann einfach déi zentral Froen, déi fir d'Europäesch Unioun, fir déi Gemeinschaft do wichteg sinn, net ënnert den Dësch falen dierfen.

An déi éischt Fro, déi sech do stellt, dat ass déi vun der Demokratiséierung. Dat ass d'Fro vum Respekt vun de Mënscherechter. Dat muss fir eis als Gréng en absoluten a ganz klore Bestanddeel si vun deem Dialog, an zu deem Dialog muss dann och gehéieren, datt een hischafft, datt a China den absolute Respekt vun de Mënscherechter erreecht gëtt, an dat net laangfristeg, mä eiser Meenung no éischter kuerzfristeg.

Zu deem Dialog gehéiert awer dann och, datt ee sech op keng geféierlech Aventuren aléisst, déi eigentlech net nëmme géingen der Fro vun de Mënscherechter all Respekt ofschwätzen, mä déi och ganz geféierlech kënnte si fir d'Stabilitéit an der ganzer Regioun. Et ass geschwat ginn hei vun der Fro, déi Taiwan betrëfft, mä dat ass net déi eenzeg, wéi mer an deene leschten Deeg konnten erliewen. Am Zesummenhang mat Hongkong, mä och par rapport zu Japan sinn do aggressiv verbal Entwécklungen amgaangen, déi schonn eng gewëssse Brisanz hunn. Ech mengen, soulaang wéi déi dote Froen net alleguerten an engem demokrateschen a friddleche Sënn geléist gi sinn, ass et fir eis kloer, datt et och een Ophiewe vum Waffenembargo net kann an net däerf ginn.

Ech muss allerdéngs soen, datt mer déi mësslech Lag, an där d'Europäesch Unioun sech elo befënnt, ganz kloer dem franséische Statspresident Chirac an dem däitsche Bundeskanzler Schröder ze verdanken hunn. Déi hunn d'Europäesch Unioun an och all d'Memberstaten an déi mësslech Lag do bruecht. An dat muss een och gradsou däitlech soen: Si hu se an déi mësslech Lag do bruecht an och deementspriechend, dat muss een och dobäi betounen, den Dialog mat China net verstäerkt, mä en éischter geschwächt. Si hunn dat gemaach aus ganz, ganz däitlechen Eegeninteresse par rapport zu der Rüstungsindustrie an deenen eenzelne Länner.

A wann ech Aussoen héiere wéi déi vum däitsche Bundeskanzler, dee seet, et wier him souguer egal wat de Bundestag majoritär géing beschléissen an där doter Fro, hie géing awer un där Marschroute do festhalen, esou kann ee sech d'Fro stellen, ob bei esou Aussoe wéi där doten den Här Schröder net souwisou domat gerechent huet vu vireran, datt an der Europäescher Unioun souwisou keen Ophiewe vum Embargo wäert kommen, well fir den Embargo opzehiewe muss eng Unanimitéit bestoen, mä datt dat awer him an dem Statspresident Chirac, also dat heescht deenen zwee Länner, dann natierlech um wirtschaftleche Plang gewëssermoosse Virdeeler géing abréngen am Zesummenhang mat wirtschaftleche Relatioune mat China.

Dat heescht am Kloertext, do hu menger Usiicht no zwee Statspresidenten och op Käschte vun deenen aneren EU-Staten e bësse sech ugebiddert, fir et emol op gutt Lëtzebuergesch ze soen, fir sech deementspriechend Virdeeler erauszeschaffen.

Dat huet dozou gefouert, datt natierlech och d'Lëtzebuerger Présidence an enger zimlech delikater an dommer Situatioun war, woubäi ech awer soe muss, datt ech dem Här Helminger muss Recht ginn, datt déi Cacophonie, déi gewëssermoossen do existéiert huet, sécherlech net dozou bäigedroen huet, datt méi Kloerheet komm ass doriwwer wat dann d'Meenung wierklech ass vun der Lëtzebuerger Regierung an deem heite Kontext.

Här President, mir hunn elo eng Motioun virleie vum ADR a mir hunn eng Resolutioun virleien, déi déi gréng Fraktioun och mat ënnerschriwwen huet. Ech muss soen, eigentlech wëllen déi zwou genau dat nämlecht. Wann ech mer den Detail ukucke wat drasteet, esou gëtt dat wat den Enjeu ass d'nämlech behandelt op deenen zwou Säiten. Et gëtt just gemengt vun där enger Säit aus gesinn, et kënnt een der Lëtzebuerger Regierung kee souze-

soen imperatiivt Mandat ofverlaangen iwwer eng Motioun an doméinst, well mer d'Présidence hätten, wär et besser et géing een eng Resolutioun huelen.

Eigentlech ass awer eiser Meenung no als Gréng dat net den Haaptenjeu. Den Haaptenjeu ass deen, datt vu Lëtzebuerg aus, a vum Lëtzebuerger Parlament, a vun deem wat insgesamt d'politesch Klass zu Lëtzebuerg mengt, e klore Message ausgeet, dee seet, mir sinn de Moment net fir d'Ophiewung vun deem Waffenembargo.

Duerfir stellt d'Fro sech net esou séier par rapport zu der Présidence, mä éischter wann et zu engem Vote am Conseil kéim, wéi géing d'Lëtzebuerger Regierung sech da verhalen. Ech mengen ob dat eng Motioun oder eng Resolutioun ass, eng Regierung muss eng Resolutioun gradsou imperativ verstoe wéi eng Motioun, zemools wa se wahrscheinlech unanime ugeholl gëtt vun engem Parlament.

Bei alle Schwieregkeeten a bei aller Delikatess, déi sech hannerun där Fro verstoppt, fir den Ausseminister, fir d'Regierung, fir déi mer Verständnis hunn, menge mir, datt mer eis am Fong vun der Saach hier all eens sinn. Fir eis als Gréng ass och duerfir relativ kloer, datt mir sougutt d'Motioun wéi d'Resolutioun kënne stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo fir d'Regierung den Här Ausseminister Jean Asselborn.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Här President, léif Kolleegen, d'Ophiewe vum Waffenembargo mat China ass eis jo net aus heiterem Himmel op eemol an eiser Présidence op de Kapp gefall. Mir hunn dat éischtens emol net gefrot, an zweetens hunn déi Présidencë virdrun dorunner geschafft, d'Hollänner virun allem, an et ass jo net zu engem Resultat komm.

Duerfir huet de Conseil européen - ech wëll dem Här Mehlen dat awer vläicht soen, op Lëtzebuergesch - déi nächst Présidence invitéiert, d'Aarbechten, déi gutt virugeschratt sinn, fäerdeg ze stellen, fir dass eng Décisioun ka geholl ginn. Dat ass de Wuertlaut op Lëtzebuergesch vun deem wat op Englesch, op Franséisch an an anere Sproochen de 17. Dezember 2004 um Conseil européen zu Bréissel festgehale ginn ass.

Mä, an dat gëtt an der Debatt, souwuel hei am Land wéi och an Europa, ganz wéineg beuecht, an ech wëll probéieren hei awer virum Parlament an och virun de Leit emol ze soen, ëm wat dass et richteg geet. Den Embargo gëtt nämlech duerch eppes ersat. Den Embargo huet e Pendant, de Pendant ass net null. Et gëtt vun „standstill" geschwat, et gëtt vun engem Code de conduite virun allem geschwat, dee reviséiert ass, an et gëtt vun enger Toolbox geschwat.

Ech verstinn, dass kee Mënsch eppes domat kann ufänken, mä ganz schematesch gesot géif den Embargo ersat ginn am Geescht vum Text duerch e Code de conduite renforcé. Et ass schwiereg ze vermëttelen an der Opinion publique a selbstverständlech och hei an der Chamber, an ech ginn dat zou, iwwerall wou een dialogéiert, fir ze soen, dass de Code de conduite eigentlech méi effikass wier wéi den Embargo. Ech explizéiere mech.

Fir d'éischt emol, de Champ d'application vum Embargo vis-à-vis vun all Land ass extrem, extrem limitéiert. Fir d'éischt gëtt gesot bei China: keng Militärkooperatioun, keen Handel mat Waffen. Wat ass eng Waff? En Instrument fir deen aneren doutzeschloen, do si mer eis eens. Zum Beispill awer, dir hutt al Rakéitesystemer an engem Land, an et gëtt nei Software ugeschaaft. Ass dat eng Waff déi geliwwert gëtt oder ass et keng Waff déi geliwwert gëtt? Radar ka kaaft gi fir netmilitäresch Zwecker, kann agesat gi fir militäresch Zwecker. Dat heescht all déi Saache falen net ënnert den Embargo.

Den Embargo ass och eng Décisioun vum Conseil, déi par rapport zu all Land muss geholl ginn. Mir hunn - an dat wëll ech hei emol soen - dräi Länner ënner Embargo. Mir, als Europäesch Unioun. Dat eent, dat kennt Der, dat ass Sudan, dat anert Myanmar, fréier Burma, an da China. Déi dräi Länner stinn also ënnert dem Embargo. An ech wëll hei soen - ech hoffen, dass de President mer Zäit gëtt fir e wéineg ze explizéieren -, dass mer a Libyen den Embargo opgehuewen hu virun e puer Méint, mat der Hëllef vun den Englänner, vun den Dänen, vun de Schweden, vun den Amerikaner, well se alleguerte gesot hunn: Dat ass e gudde Geste, deen Der do maacht.

D'Mënscherechter sinn also elo a Libyen. Domadder kréien se d'Garantie, dass se respektéiert ginn. Mir wëssen awer, dass nach fënnef Leit, bulgaresch Schwësteren, zum Doud do veruerteelt sinn, och e palästinenseschen Dokter, mä do ass an der Europäescher Unioun op eemol am September, Oktober d'lescht Joer eng Flambée gewiescht fir ze soen: Elo kënne mer den Embargo liften, a Libyen respektéiert dann d'Mënscherechter.

Dann deen zweete Punkt, dat wat ech wollt soen iwwert de Code de conduite. Wat ass dat eigentlech, de Code de conduite? Och dat kann ech nëmme schematesch hei soen. All Land vun deene 25 aus der Europäescher Unioun, wat bei enger Demande vun engem Land fir Waffen ze kréie refuséiert, muss dee Refus deenen anere Länner matdeelen. Mat alle politesche Konsequenzen, déi dat da beinhalt. Elo si mer amgaangen - an déi Diskussioun ass praktesch ofgeschloss zu Bréissel am Cops -, den Effet contraignant an eben de Code de conduite eranzebréngen.

Effet contraignant heescht, dass an alle Code-pénalë vun deenen eenzelne Länner misste Sanktiounen da virgesi ginn. Dee Code de conduite renforcé wier scho laang um Dësch, wann net op enger Insel, déi och e Land ass, Wahle wieren. Da wëll ech soen, dass de Champ d'application, entgéint deem wat beim Embargo de Fall ass, vill méi vaste ass. Do kënnen all Militäréquipementer mat erakommen, et geet villes méi wäit wéi reng nëmme bei Waffen.

Dann ass an de Konklusioune vun der Deklaratioun vum Conseil européen vun enger Toolbox geschwat ginn. Toolbox heescht, dass net nëmmen de Refus vun engem Land muss matgedeelt ginn, mä och d'Demande. Wann also eng Demande un eent vun deene 25 Länner gestallt gëtt, fir Waffen ze liwweren, muss déi Demande direkt un alleguerten déi aner 24 Länner weider matgedeelt ginn, wat also ganz, ganz wäit geet.

An dann de „standstill", deen och drasteet. Bon, elo kënnt Der natierlech froen, wann „standstill", da froen ech mech firwat dass mer iwwerhaapt d'Levée mussen ophiewen. „standstill" heescht, de Volume vun dem Impakt vun de Waffen u China däerf net wuessen.

Nun, ech hunn Iech gesot, dass China, an Dir wësst dat gradsou gutt wéi ech, e Land ass op dësem Globus wou 1,5 Milliarde Leit liewen, an dass et politesch-psychologesch richteg ass vun deem Land, net considéréiert ze gi wéi Burma oder de Sudan.

An dann, Här President, eppes ganz Wichteges. D'USA maache vill Drock op d'Europäesch Unioun, fir den Embargo net ze liften. Nun, virun e puer Woche konnt jiddferee liesen an der Friedrich-Ebert-Stiftung - d'Friedrich-Ebert-Stiftung ass eng seriö Institutioun -, dass am Militärbudget vu China d'Europäesch Unioun 2,7% vun de militäreschen, also vun de Waffe liwwert. D'USA liwwere 6,7% an deene leschten dräi Joer.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Asselborn!

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Oh, loosst mech awer dat heite fäerdeg maachen, soss muss ech nach den Artikel 80 évoquéieren! Mir sinn dach hei net op der Fouer!

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Also, ech wëll soen…

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Dir stellt mer hei Froen. Ech muss awer kënnen drop äntwerten, Här President!

M. le Président.- Lauschtert emol, ech muss awer soen, Här Minister, wann ech d'Reglement hei invoquéieren, kann een awer net gutt soen, mir géifen hei maache wéi wa mer op der Fouer wären! Esou ass et awer net. Hei versichen d'Deputéierte sech tant soit peu un d'Reglement gehal ze kréien. Ech hu jo och näischt dergéint, wann d'Regierung hei freet fir supplementar Zäit ze kréien, mä ech sinn awer hei fir ze kucken, datt d'Reglement agehale gëtt, an ech sinn net d'accord domat, dass d'Regierung an esou engem Toun hei mat der Presidentschaft schwätzt!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Gutt, wann den…

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President!

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Ech froen den Artikel 80 un.

Une voix.- D'Madame Flesch.

M. le Président.- Fir d'éischt huet den Här Ausseminister d'Wuert. Ech géif Iech bieden, Här Ausseminister, maacht Är Ried fäerdeg, faasst Iech…

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Ech hunn den Artikel 80 gefrot, Här President! Wann ech gelift! Et huet ee kënnen zéng Minutten heiriwwer schwätzen! All Deputéierten huet fënnef Minutte gehat. Da musst Der mir awer d'Chance ginn, dass ech mech kann explizéieren heiriwwer, soss brauch dach kee vun der Regierung heihinner ze kommen!

M. le Président.- Ech wëll Iech soen, Här Ausseminister, Dir waart jo och laang an deem Parlament hei. Dir kennt ganz gutt d'Reglement. Reprochéiert mir elo net, datt een zéng Minutten hei schwätzt. Deen huet nëmme Gebrauch vum Reglement gemaach.

(Interruptions diverses)

Dir hutt den Artikel 80 vun der Verfassung invoquéiert. Deementspriechend huet den Här Ausseminister d'Wuert a ka schwätzen.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Bon, ech kucken an e puer Minutte wierklech fäerdeg ze sinn.

Sou, ech hat dat nach eng Kéier hei wëllen ënnersträiche mat der Friedrich-Ebert-Stiftung. An deene leschten dräi Joer huet d'Europäesch Unioun 2,7% vun de Waffenexporter vun der Welt, wat China ugeet, geliwwert, während d'USA 6,7% geliwwert hunn. Dee gréisste Waffenexportateur u China ass Israel, gefollegt vu Russland.

Ech si mat Iech alleguerten hei d'accord wann Der sot, mir kënnen hei net an engem Vakuum selbstverständlech eng Décisioun huelen. D'Antisécessiounsgesetz, wat jiddfereen och heibanne gesot huet - dat ënnerschreiwen ech -, huet eis bestëmmt net doranner gehollef.

D'Mënscherechter a China: Wat den Här Bausch, wat den Här Fayot, wat jiddferee gesot huet ass richteg. Mir hunn an all Dialog ëmmer drop higewisen, dass d'Doudesstrof och an deem grousse Land China misst ofgeschaaft ginn, dass all Prisonnéier, virun allem déi vun Tiananmen, mä och alleguerten déi aner politesch Prisonnéier missten erauskommen. A mir insistéiere bei all Réunioun mat de Chinesen, dass och dee Pakt um Niveau vun der UNO, deen ënnerschriwwe ginn ass vun de Chinesen, iwwert d'politesch an d'zivil Rechter, misst vum Parlament a China ratifizéiert ginn.

Mä mir féieren hei en Dialog - dat musse mer wëssen - mat engem kommunistesche Regime, wat 1,5 Milliarde Leit beinhaltet. A wéi d'USA muss awer och d'Europäesch Unioun de politeschen Dialog mat China wierklech kultivéieren. Mir hunn all Intérêt fir China, esou wéi d'Amerikaner et maachen, als e strategesche Partner ze gesinn, eng Puissance émergente vum 21. Jorhonnert, en „raising power", wéi dat op Englesch heescht, an do derbäi selbstverständlech den Drock maximal op d'Mënscherechter bei deem Dialog ze setzen.

Fazit also: D'Lëtzebuerger Présidence mécht hir Aarbecht. Am Dialog kucke mer, dass ënnert deene 25 eng Position commune erauskënnt. Et ass eis Flicht a Schëllegkeet als Présidence dat ze maachen. Als Présidence geet ee jo net hi fir seng national Positioun dohinner ze stellen, mä eis éischt Prioritéit ass et fir ze kucken, dass ënnert deene 25 eng Linn bestoe bleift. D'Debatt an deene 25 Länner geet virun, an ech wollt Iech och soen, dass ech d'Éier an d'Chance hunn, uganks Mee elo eng Troika kënnen ze presidéieren, mam Här Solana, mat der Madame Ferrero-Waldner, also mat der Kommissioun zu Peking.

Also nach eng Kéier - dee leschte Saz -, an zwee Méint, Här President, kucke mer ob mer virukomm sinn. Déi Evénementer, déi vu banne spillen, déi vu bausse spillen, déi sinn net ëmmer einfach ze verdauen, mä mir mussen un deem Mandat, wat mer kritt hu vum Conseil européen, selbstverständlech weiderschaffen.

China huet, ech soen dat zum Schluss, eng Bringschold, doudsécher, iwwert d'Mënscherechter, mä d'Europäesch Unioun, eis Présidence, muss respektéiere wat an de Konklusioune vum Conseil européen vum 17. Dezember drasteet a kucken, dass mer mat deem grousse Land China wierklech e politeschen an e strategeschen Dialog um Ufank vun dësem 21. Jorhonnert fäerdeg bréngen.

Ech soen Iech Merci an entschëllegt meng Emotioun.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. D'Wuert freet d'Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Motion d'ordre. Artikel 35(8), parole après un membre du Gouvernement, wann ech gelift.

(Hilarité)

M. le Président.- Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, léif Kolleegen, ech wëll dem Minister Merci soe fir all déi Explikatiounen, déi en ons ginn huet. Ech menge mir sinn ons alleguerte bewosst, wéi delikat d'Relatioune vun all de Länner aus der Union européenne mat China ëmmer sinn, net nëmme well et Problemer gëtt, mä och well mer mat onse chineseschen Interlocuteuren heiansdo speziell Schwieregkeeten hunn.

Déi Problemer sinn natierlech besonnesch schwéier fir d'Présidence. Ech kann dat ganz genee verstoen. Dofir sinn ech och der Meenung, dass déi Resolutioun, déi ons virgeluecht ginn ass vun de Majoritéitsparteien an déi mir mat ënnerstëtzen, deene Problemer Rechnung dréit. An dofir si mir och bereet, déi Resolutioun ze ënnerschreiwen.

Ech war awer e bëssen iwwerrascht, Här President, iwwert dat wat de Spriecher vun der sozialistescher Partei ons hei gesot huet, wéi en op dëser Tribün gesot huet, déi Resolutioun géing sech kloer géint eng Levée vum Embargo ausspriechen. Dat ass mäi Verständnis net vun deem Paragraph, dee seet: «exprime cependant son appréhension face au signal politique que constituerait la levée de l'embargo sur les armes par l'Union européenne au moment où la Chine met en place la loi anti-sécession». Domadder condamnéiere mer ganz kloer déi Loi anti-sécession an domadder si mir och d'accord.

Mä mir mengen, dass d'Présidence muss de Moyen hunn, engersäits ze kucke wéi se de Mandat erfëllt, dee se vum Conseil kritt huet, an dass mer hier net vu virera sollen all Weeër verspären. Dofir géing ech gäre vum Ausseminister wëssen, ob hie mam Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun d'accord ass, dass dës Resolutioun sech ganz kloer géint d'Levée vum Embargo ausspréicht.

Ech soen nach eng Kéier, mir ënnerstëtzen déi Motioun, mä ech mengen - a mäi Kolleeg Paul Helminger huet et gesot - et muss ee Kloertext schwätzen, et muss ee loyal zu deem stoen, wat ee seet, an als klengt Land hu mir do nach vläicht méi eng grouss Responsabilitéit wéi aner méi grousser. Mir kënnen ons manner leeschten. Ons Crédibilitéit hänkt dovunner of ob mer ons kloer ausdrécken an ob mer och effektiv zu deem sti wat mer soen.

Merci, Här President.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Den Här Fayot freet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech froen d'Wuert wéinst Fait personnel. Ech muss éierlech soen, ech hu mat groussem Erstaunen déi Interpretatioun vun der Madame Flesch zu deem Saz an där Resolutioun gehéiert.

Ech sinn - wéi ech dat éischtens an der zoustänneger Kommissioun gesot hunn, wéi ech dat och hei op dëser Tribün gesot hunn - der Iwwerzeegung, dass et an dësem Ableck net ubruecht ass, de Waffenembargo op China opzehiewen, an dat ass och a menger Interpretatioun op jidde Fall kloer am Text vun der Resolutioun gesot.

Wann ech soen, dass ech mengen, dass et e falscht politescht Signal wär, wann ee géif d'Levée de l'embargo elo maachen, an deem

Ableck wou China d'Loi anti-sécession en place setzt, da schéngt mer et ganz kloer ze sinn, dass an dësem Ableck dann net kann a Fro kommen, dass een d'Levée de l'embargo wëllt duerchzéien. An dat schéngt mer déi richteg Interpretatioun heivunner.

Ech wëll och soen, dass dës Resolutioun, deen Text hei jiddferengem laang genuch bekannt war an dass ech keng Reklamatioun doriwwer kritt hunn. Ech mengen also, dass mer hei eens si mat all deem, wat ech hei gehéiert hunn, och wat ech gesot hunn, an och an deem Text hei, dass dat dat ass, wat mer mengen an näischt aneschters.

M. le Président.- Den Här Mehlen. Op Grond vu wéi engem Artikel frot Dir d'Wuert, Här Mehlen?

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Frot d'Madame Flesch, Här President. Déi weess et besser wéi ech. Ech hu souwisou nach eng Minutt.

Här President, ech wëll fir d'allereischt bedaueren, datt déi Resolutioun hei anscheinend sämtleche Fraktioune bekannt war wéi just der ADR-Fraktioun net. Ech wëll fir d'zweet bedaueren, datt déi Resolutioun hei e bësselche mou gehalen ass, datt iwwerhaapt net kloer an däitlech condamnéiert gëtt, datt déi Mënscherechtsverletzungen a China riicht weiderginn, och wann et sech vläicht dann e bësselche gebessert huet.

An dann, Här Ausseminister, ech sinn awer trotzdeem iwwer Är Haltung verwonnert. An ech widderhuelen dat, wat ech éinescht gesot hunn: Dat weist awer e bësselchen déi Aart a Weis, wéi de Ministerrot considéréiert, wéi wann en iwwer allem géing stoen.

Wann ech de Wuertlaut huele vun deem, wat d'Europäescht Parlament als Vertriedung vun den europäesche Völker ausgesprach huet, da kann et dach iwwerhaapt keng Diskussioun iwwert dat ginn, wat d'Politik um europäeschen Niveau soll sinn. Dann ass et net fir hin an hier ze wackelen, an ze probéieren an awer nach hei oder do, dann ass et ganz kloer neen. An et ass och dat, wat mir vun lech erwaarden.

Ech wëll soen, dass déi Resolutioun eis an deem Wuertlaut, wéi se elo virläit, net wäit genuch geet, an datt mer se duerfir net kënne mat droen.

M. le Président.- Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre*.- Just ee Saz, Här President. Ech mengen, mir kennen an Zwëschenzäit - mir si laang genuch elo dobäi -, wéi d'Europäesch Unioun funktionéiert an déi Trinitéit, déi et an der Europäescher Unioun gëtt, engersäits de Conseil, anerersäits d'Kommissioun, anerersäits d'Parlament. An do gëtt et eng gewëssen Autonomie.

Ech mengen, de Conseil huet sech eng Aufgab ginn. Ech hoffen, dass awer Verschiddenes, wat ech gesot hunn, och e wéineg ageliicht huet - Ech hoffe mol! -, nämlech dass do net einfach den Embargo mir näischt, dir näischt soll op Wonsch vum Conseil opgehuewe ginn, mä dass do e Pendant derzou ass, an dass selbstverständlech d'Europaparlament eng Meenung ausdréckt, esou wéi all Nationalparlament eng Meenung ausdréckt, an dat ass jo och gutt fir déi Leit, déi am Conseil do elo mussen d'Décisioun huelen, an do hale mer eis selbstverständlech drun, an der Richtung.

Mä loosst mer awer net verwisselen: Mir sinn an enger Présidence, mir hunn e Mandat kritt. Dat Mandat leeft eréischt of dee Moment, wou eis Présidence ofgelaf ass, a loosst mer weiderschaffen dorunner. Wann et méiglech ass, da maache mer et, wann et net méiglech ass, da maache mer et net, da bleift Lëtzebuerg net stoen a China och net.

(Hilarité)

M. le Président.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir si befaasst mat enger Motioun an enger Resolutioun. Ech denken, dass am Kader vun deenen Interventiounen iwwer Parole après ministre a Fait personnel, do alles gesot ginn ass, wat zu der Motioun an der Resolutioun ze soen ass. Ech hunn dat op jidde Fall esou verstan. Deementspriechend mengen ech, dass mer kënnen zum Vote kommen.

Fir d'éischt d'Motioun, déi déposéiert ginn ass vum Här Mehlen.

Motion

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Da stëmme mer par Vote électronique.

Vote

D'Motioun vum Här Mehlen ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmme bäi 12 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Da komme mer zur Resolutioun, déi abruecht ginn ass vum honorabelen Här Fayot.

Résolution

Stëmme mer do par main levée of?

(Assentiment)

Vote

Wie fir déi Resolutioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech gesinn, dass déi Resolutioun mat enger ekrasanter Majoritéit vun der Chamber ugeholl ass.

5. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Conseiller à la Cour des Comptes

Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi dat ofgeännert Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes an d'Artikelen 116 bis 131 vum Chamberreglement et virgesinn, stelle mer haut eng Lëscht vun dräi Kandidate fir de Postë vum Conseiller bei der Cour des Comptes op. Dës Lëscht gëtt dann iwwert d'Regierung dem Grand-Duc virgeluecht.

D'Chamberreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration gestëmmt ginn. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongülteg Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënnt et zum Ballottage, an deem déi zwee Kandidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meescht Stëmme kritt hunn.

Bei Stëmmegläichheet am éischten Tour kënnt et zu engem Spezialtour fir d'Kandidate fir de Ballottage ze designéieren. Eng relativ Majoritéit geet dobäi duer.

Bei Stëmmegläichheet am Ballottage kënnt et zu engem zousätzlechen Tour. Bleift et bei enger Stëmmegläichheet, entscheet d'Lous.

Et gëtt och iwwer jidder Kandidat eenzel ofgestëmmt.

Vote du premier candidat

Mir wielen elo deen éischte Kandidat. D'Ziedele ginn de Moment ausgedeelt. De Vote geschitt par appel nominal.

Appel nominal

D'Resultat vum éischte Vote ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	51
Blank Wahlziedelen:	2
Ongülteg Wahlziedelen:	1
Gülteg Wahlziedelen:	48
Absolut Majoritéit:	30

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Christian GINTER	2
2. Här Damien HOUEL	5
3. Här Lucien PETERS	1
4. Här Pierre PETERS	
5. Här Jean-Paul PORTZ	
6. Här Georges RAMOS	39
7. Här Laurent URTH	
8. Här Jean-Marie VERLAINE	1

Den Här Georges Ramos huet déi absolut Majoritéit kritt mat 39 Stëmmen. Hien ass domat als éischte Kandidat gewielt.

***

Da komme mer zur Wahl vum zweete Kandidat.

Vote du deuxième candidat

Ech géif bieden d'Wahlziedelen auszedeelen.

Et dauert ee Moment, well déi nei Wahlziedele mussen eréischt fäerdeg gemaach ginn opgrond vun deem Vote, dee mer elo just virgeholl hunn. Mir sträichen op deem nächsten Ziedel den Numm vun deem aus, deen elo scho gewielt ass. Dat ass eng Mesure de précaution.

Fir den zweeten Tour sinn d'Ziedelen elo ausgedeelt.

Ech géif lech bieden de Vote ofzeschléissen an da kéime mer zum Appel nominal fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

Appel nominal

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'Resultat vum zweete Wahlgang ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	51
Blank Wahlziedelen:	2
Ongülteg Wahlziedelen:	2
Gülteg Wahlziedelen:	47
Absolut Majoritéit:	29

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Christian GINTER	34
2. Här Damien HOUEL	7
3. Här Lucien PETERS	3
4. Här Pierre PETERS	1
5. Här Jean-Paul PORTZ	
6. Här Laurent URTH	
7. Här Jean-Marie VERLAINE	2

Den Här Christian Ginter huet déi absolut Majoritéit mat 34 Stëmme kritt. Hien ass domat als zweete Kandidat gewielt.

***

Mir kéimen dann zum Vote vum drëtte Kandidat.

Vote du troisième candidat

Ech géif lech bieden, wann Der elo ofstëmmt, opzepassen op de Stylo, deen Der huelt. Ech mengen nämlech, datt déi ongülteg Ziedelen dohier kommen. Deemno wéi d'Tënt ass an et faalt een d'Blat zesummen, kritt een zwee verschidden Zeeche well dat offierft. Dat war elo de Fall.

Ech géing lech biede mam Stëmmen ofzeschléissen a mir kéimen zum Asammele vun de Stëmmziedelen.

Appel nominal

D'Resultat ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	50
Blank Wahlziedelen:	3
Ongülteg Wahlziedelen:	0
Gülteg Wahlziedelen:	47
Absolut Majoritéit:	29

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Damien HOUEL	8
2. Här Lucien PETERS	30
3. Här Pierre PETERS	
4. Här Jean-Paul PORTZ	
5. Här Laurent URTH	1
6. Här Jean-Marie VERLAINE	8

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, déi absolut Majoritéit huet mat 30 Stëmmen den Här Lucien Peters erreecht. Hien ass domat als drëtte Kandidat gewielt.

Mir hunn deemno eng Lëscht mat folgenden dräi Kandidaten:

- éischte Kandidat: den Här Georges Ramos;

- zweete Kandidat: den Här Christian Ginter;

- drëtte Kandidat: den Här Lucien Peters.

Dës Lëscht wäert dem Grand-Duc iwwert d'Regierung virgeluecht ginn.

Domat ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour och ofgeschloss. Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5231 iwwert d'Besteierung vun den Holdingen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch an d'Madame Mutsch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar.

6. 5231 - Projet de loi portant modification de l'article 1er de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet iwwert d'Holdinggesellschaften ass déi viraussiichtlech lescht Etapp an der Ëmsetzung vun de Recommandatioune vum Conseil européen vun 1998 iwwert de Paquet fiscal. Dëse Projet geet u sech op de Code de conduite zréck, deen duerch eng Décisioun vum 9. Mäerz 1998 vum Conseil Ecofin an d'Liewe geruff ginn ass. Dëse Grupp Code de conduite hat u sech den Optrag fir d'éischt d'Steiermesuren ze evaluéieren, déi an de Memberstaten esouwéi an den associéierten an ofhängegen Territoirë susceptibel sinn ënnert dëse Code de conduite ze falen.

Dës Evaluatioun huet erginn, datt 66 Steiermesurë géife sou genannten Éléments dommageables beinhalten, an ënnert dëse 66 Mesuren ass dann och den aktuelle Regime vun den Holdinggesellschaften opgefouert ginn.

Wat sinn elo d'Modalitéite vun dësem Projet de loi? Ech wëll drun erënneren, dass u sech den Objektiv vum Législateur vun 1929 dee war, fir eng duebel Besteierung vun de Revenuë vu Participatiounen a Gesellschaften ze eliminéieren. D'Fro, déi sech elo hei gestallt huet ass déi op wat fir engen Dispositiounen d'Holdinggesellschafte kënnten déi sou genannten Éléments dommageables beinhalten.

Hei wëllt ech virewech nach eng Kéier betounen, dass de Prinzip vum Regime Holding a seng konzeptuell Base a sech net duerch de Code de conduite a Fro gestallt ginn, mä just d'steierlech Befreiung vun Dividenden aus auslännesche Gesellschaften, deenen hir Benefisser op engem Niveau besteiert ginn, dee wesentlech ënnert deem normale vu besteierbare Gesellschafte läit. Dëst kléngt alles komplizéiert, ass awer relativ einfach an ech wëll dat mat engem konkrete Beispill ënnermaueren.

Eng lëtzebuergesch Gesellschaft, déi den Holdingstatut huet an déi eng Participatioun an enger Gesellschaft zum Beispill an der Belsch huet an déi aus dëser Participatioun Dividende bezitt, kann och an Zukunft vum Holdingstatut integral profitéieren. Déiselwecht Gesellschaft, déi eng Participatioun an enger Offshoregesellschaft op enger Karibikinsel besëtzt, wou d'Benefisser praktesch guer net besteiert ginn, verléiert op deenen Dividenden, déi se aus dëser Offshoregesellschaft erauszitt, de Benefiss vum Holdingstatut.

Wann elo déi Gesamtzomm vun Dividenden, déi eng Holdinggesellschaft an engem Joer bezitt, méi wéi 5% Dividende comportéiert, déi net méi an de Regime Holding falen, esou verléiert dës Gesellschaft automatesch hiren Holdingstatut. Dës Décisioun gëtt vum Direkter vun der Steierverwaltung geholl an trëtt och mat Effet immédiat a Kraaft, an déi Gesellschaft gëtt normal besteiert wéi all aner kommerziell Gesellschaften an eisem Land.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, datt dës Regelen nëmmen ziele wat d'Ausbezuele vun Dividenden ubetrëfft an net fir Plusvaluen, déi zum Beispill eng Holding kann erzile beim Verkaf vu Participatiounen aus anere Gesellschaften.

De Statsrot hat a sengem Avis de Problem opgeworf wat de Recouvrement vum Holdingstatut vun enger Gesellschaft ugeet, déi dëse Statut duerch déi Décisioun vum Steierdirekter verluer hat. Am initialen Text war virgesinn, datt dës Gesellschaft definitiv an ni méi kënnt dëse Statut récupéréieren. D'Finanzkommissioun, déi op dësem Punkt de Statsrot och suivéiert huet, ass der Meenung gewiescht dëst wier eng iwwermëisseg streng Sanctioun, an huet also am Projet, dee mer lech elo virleeën, festgehalen, datt

prinzipiell eng Gesellschaft hiren Holdingstatut kënnt erëmkréie wa se all Konditioune géif erfëllen.

E groussherzoglecht Reglement soll dann och laut dem Projet de loi déi genau Modalitéite vun esou enger Prozedur festleeën.

D'Kommissioun huet des Weideren décidéiert, datt wann eng Holdinggesellschaft de Statut ewechgeholl kritt, se trotzdeem virun d'Recht huet op hiren Numm, well et eis geschéngt huet, datt et iwwerdriwwe wär eng Gesellschaft ze obligéiere während engem Steierexercice mussen hiren Numm ëmzeänneren.

Eng aner Fro, déi vum Statsrot opgeworf ginn ass, ass déi ob Holdinggesellschaften, déi de Statut géife verléieren, automatesch de Konventioune géint d'duebel Besteierung géifen ënnerleien an domadder d'selwecht behandelt gi wéi all normal kommerziell Gesellschaft. D'Äntwert ass hei kloer Jo, an dat ass eis nach eng Kéier och vun der Direktioun vun der Steierverwaltung confirméiert ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Här President, mir hunn als Kommissioun awer och op engem Punkt de Statsrot net a senger Argumentatioun suivéiert an dat ass do wou e gär gehat hätt, datt mer e feste Steierpourcentage géifen an den Text festschreiwen. Mir sinn nämlech zur Iwwerzeegung komm, datt esou eng fest Definitioun vun engem Pourcentage net compatibel wär mat der Flexibilitéit, déi d'Steierverwaltung sech och sollt ginn, fir ze décidéieren, ob en auslännesche Steiersaz vergläichbar ass mat eiser Kollektivitéitssteier. Hei proposéiert also d'Kommissioun beim ursprünglechen Text vun der Regierung ze bleiwen.

Schlussendlech wëll ech dann nach eng Kéier betounen, datt an dësem Projet generéis Iwwerganksbestëmmunge festgeschriwwe sinn, déi festhalen, datt all bestehend Holdinggesellschaft, respektiv all déi, déi elo nach virum 1. Juli, Datum vum Akraafttriede vun dësem Text, gegrënnt ginn, ënnert déi al Dispositioune falen, an dat bis zum 1. Januar 2011. Fir all dës Gesellschafte wäert den neie Regime also eréischt vum 1. Januar 2011 un applizéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech betounen, datt de Projet de loi, esou wéi d'Finanzkommissioun en zréckbehalen huet, deenen allermeeschte Virbehalter, esouwuel vum Statsrot, wéi awer och vun deenen anere Beruffskummeren entsprécht. Dëse Projet stellt d'Weiderbestoe vun den Holdinggesellschaften absolut net a Fro, au contraire, hiert Weiderbestoen ass och iwwert d'Joer 2011 garantéiert, dëst zumindest um Niveau vum Code de conduite, esou wéi en 1998 festgeluecht ginn ass.

Ech sinn och perséinlech dovun iwwerzeegt, datt d'Finanzplaz mat all hiren Acteure ka mat dësem Projet liewen. Allerdéngs muss ee fäerten, datt d'Europäesch Kommissioun et net wäert heibäi beloossen a versiche wäert iwwer aner Weeër, wéi zum Beispill de Mechanismus vun den Aides de l'État, d'Gesetzgebung iwwert d'Holdinggesellschaften zu Fall ze bréngen. Ech hunn op jidde Fall Vertrauen an eis Regierung, datt si mat alle Mëttelen, déi hir zur Verfügung stinn, dëst wäert ze verhënnere wëssen.

Här President, mat der Adoptioun vun deene verschiddene Projeten iwwert d'Wäisswäsche vu Suen, de Projet iwwert d'Entraide judiciaire internationale en matière pénale, dem Gesetz iwwert d'Domiciliatioun vun de Gesellschaften, dem Gesetz iwwert d'Fiscalité de l'épargne, wat mer d'lescht Woch hei ofgestëmmt hunn, an da last but not least d'Gesetz iwwert d'Holdinggesellschaften, hu mir eis en ligne gesat, op där enger Säit mat de Recommandatioune vun deene verschiddene Conseils Ecofin, wat d'Fiscalitéit vun den Entreprisen ugeet, an op där anerer Säit all déi Direktiven ëmgesat, déi d'Bekämpfung vum Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus beinhalten.

Mir hunn domadder eis Hausaufgabe gemaach, esouwuel um Niveau vun der Regierung wéi vum Parlament an domadder hoffentlech d'Finanzplaz aus der Schosslinn vun den internationale Kritike bruecht. Ech géif lech dofir bieden dëse Projet ze stëmmen, an ech bréngen och direkt d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch ageschriwwen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt dem Rapporteur, dem Laurent Mosar, Merci ze soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport.

Ech wëll och net déi eenzel Dispositioune widderhuelen, hien huet dat ganz flott gemaach, ech wëll just nach eng Kéier ënnersträichen, datt dëse Projet de loi jo och eng Suite ass vun deene Konklusiounen, déi de Conseil des Ministres vun der Union européenne gezunn huet den 3. Juni 2003, dat an der Matière vun der Fiscalitéit vun den Entreprisen. Lëtzebuerg war jo och ëmmer Demandeur, datt mir an den Diskussioune ronderëm d'Zënsbesteierung eis net nëmmen op d'Zënsbesteierung konzentréieren, mä ebe grad och de Volet Fiscalitéit vun den Entreprisë mat abezéien, an dat heiten ass souzesoen also och eng Konklusioun doraus.

Den Holdingstatut ass jo geschafe gi fir Duebelbesteierungen ze évitéieren, an am Laf vun der Zäit huet et sech awer esou erginn, an dat gëtt besonnesch dann eben opgeworf vun eisen europäesche Partner, datt do ënner gewësse Konstellatiounen, bei gewëssene Fäll, d'Avantagen ze grouss wären, respektiv virun allem da par rapport zu den Dispositioune wéi mir se an anere Länner kennen.

Dat huet dozou gefouert, datt mer dës Adaptatiounen hei maachen, wat keng bedeitend Adaptatioune sinn. Den Här Mosar huet se am Detail explizéiert, an ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer hei jo awer och e Projet hunn, deen eng Rei vun Iwwerganksbestëmmunge beinhalt, wéi mer héieren hunn, datt déi Holdingen, déi virun der Akraafttriedung vun dësem Projet de loi hei constituéiert gi sinn, bis 2011 eng Iwwergankslëisung hätten, dat heescht, datt se an hirem aktuelle Statut géinge bleiwen a sech net un dëst Gesetz direkt bräichten ze adaptéieren, datt eng Holding, déi eng Kéier de Statut géing verléieren, herno en och erëm eng Kéier kënnt zréckkréien.

Dat si Mesuren, déi et erlaben trotzdeem hei en attraktiven Environnement op eiser Finanzplaz ze halen an awer gläichzäiteg den Demandë vun den europäesche Partner gerecht ze ginn. An dofir ass et och esou, datt d'Demokratesch Partei dësem Projet wäert zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch ageschriwwen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zirka 13.000 bis 14.000 Holdingen, déi mer hei am Land hunn - esou e ganz genaue Chiffer war net an Erfahrung ze bréngen -, sinn e ganz feste Bestanddeel vun eisem Secteur financier, an doduerch dass se ebe grad dee spezielle Statut fiscal hunn, wou se vun enger ganzer Rei vu Besteierunge befreit sinn: Kollektivsteier, Gewerbesteier, Verméigenssteier an och Quellesteier op deenen Dividenden, wou se d'Distributioun dovunner maachen, waren se an der Lescht virun allem vun deenen anere Länner oft ugesinn als Instrument d'évasion fiscale, a mir waren och oft dowéinst am Gespréich.

A Wierklechkeet war natierlech 1929, wou dat Gesetz iwwert d'Holdinge gemaach gouf, wuel am Hannerkapp, dass ee sollt e favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld fir den Développement fir déi Gesellschafte schafen, virun allem doduerch dass d'double imposition verhënnert ginn ass. Dat war niewent anere Formulen, déi an anere Länner gebraucht goufen, eng vun deene Formulen, déi hei ausgewise waren an déi och deemools net weider am Gespréich waren.

Mir konnten natierlech, baséierend op där Législatioun, eng Rei vun Aktivitéiten am Finanzsecteur hei am Land opbauen, déi sech awer an engem gudden Ëmfeld konnten entwéckelen, zum Beispill am Beräich vum Contrôle a vun der Gestioun vu Fortunen oder och als Sociétés de financement, well déi Sociétéiten dierfen zwar wuel keng eege kommerziell oder industriell Aktivitéiten hunn a mussen sech drop beschränken, Participatioune bei anere Sociétéiten ze hunn, mä si dierfen awer Emprunten ophuelen a se och un aner Sociétéite weiderginn, wouvunner dann och profitéiert ginn ass. Si konnten och eng ganz Rëtsch vu Formulë sur mesure ubidden, virun allem fir grouss international Gruppen, Stéchwuert „corporate".

Dat war also a bleift och weider fir eis vu grousser Bedeitung. Trotz där héijer Zuel - vläicht kann de Minister eis déi genee Zuel vun Holdingen hei am Land nennen - si se awer net mat Banken oder aneren Organismes de placement collectif an hirer Bedeitung ze vergläichen oder och Assurancen oder Réassurancë beispillsweis. Et ass och ganz schwéier déi genee Répercussiounen op d'öffentlech Recetten auszeweisen oder déi genee Retombée-économiquen oder wéi vill Leit elo genee an deem Secteur schaffen.

Mir haten an eiser Kommissioun eng Rei vu Chiffre matgedeelt kritt, déi awer interessant waren. Et ass fir déi Zuel vun Holdingen, déi mir ongeféier presentéiert kritt haten, also tëscht 13.000 a 14.000, e Gesamtkapital vu ronn 42 Milliarden Euro, an dee mam Verglach, 200 Bankinstituten, 650 Milliarden Euro, also eng komplett aner Proportioun. Oder och d'Organismes de placement collectif, 870 Milliarden Euro bei 1.700 eenzelnen Organismen. Dat situéiert also vläicht d'Holdinge wat hir Bedeitung um wirtschaftleche Plang fir eist Land ass.

Elo maache mer jo net méi an net manner - an et gouf hei scho gesot - wéi en neien Alinea anzebannen an dat bestoend Gesetz vun 1929, wat natierlech dann zu engem neie Gesetz gëtt, an domat verléieren d'Holdinge just dann dee besonnesche Statut d'exemption fiscale wa se méi wéi 5% vum Montant total vun deenen Dividenden, déi se ausginn, aus Sociétés non résidantes bezéien, déi kengem Impôt sur le revenu ënnerleien.

Dat muss dann och all Joer - an och dat gouf hei scho gesot - vun engem Réviseur d'entreprises oder engem Expert-comptable per Zertifikat attestéiert ginn, an am Juni 2005 kënnt dat en vigueur fir déi, déi ënnert deen neie Regime falen, a fir déi, déi elo schonn do sinn, gëllt den Délai vun 2011.

Well de Rapporteur ganz am Detail dorobber agaangen ass, wéilt ech him net nëmme Merci soe fir säin ausféierlechen an iwwersiichtleche Rapport, mä och drop verzichte fir nach weider dorobber anzegoen.

Et ass awer vläicht nach interessant trotzdeem kuerz op dat geännert europäescht Ëmfeld anzegoen an och op dee Package, deen dat heite jo duerstellt, nieft aneren Diskussiounen, déi mer zum Beispill schonn am Zesummenhang mat der Quellesteier verbonnen hunn. Et ass e ganz sensibele Kontext, an et war och ausser Fro - och dat ass an der Kommissioun diskutéiert a confirméiert ginn - et war och onméiglech fir géint déi heiten awer trotzdeem liicht Modifikatiounen ze sinn als Lëtzebuerg.

Dat war net nëmmen net ubruecht wéinst der inhaltlecher Envergure vun deem Ganzen, mä natierlech och net ubruecht wéinst deem kontraproduktive Message, dee mer géinge ginn, net nëmme wat den Image de marque vun eisem Land ugeet, mä besonnesch wat d'Bedeitung vun der Place financière ugeet.

An et ass jo och schonn hei eng Kéier rappeléiert ginn, dass dat Ganzt op Mesure-fiscalen zréckgeet, déi 1997 ënnert der Présidence vun eisem Land ausgeschafft goufen, mat engem Code de conduite, deen doropshin ausgeschafft ginn ass am Domän vun der Fiscalitéit vun den Entreprisen, an dass do een Haapthannergrond deem zugrond louch, nämlech dass de Mesuren, déi kéinten Délocalisatioune bewierke vu wirtschaftlechen Aktivitéiten, soll entgéintgewierkt ginn, wat natierlech am europäesche Kontext eng Absicht ass, déi vum Wirtschaftlechen hier eng ass, déi mir matdroen.

Dann nach eng Kéier, dat hei ass een Deel vun engem Gesamtpackage. Et si keng dramatesch Agréffer an eis Législatioun, zemools d'Legitimitéit vun der Existenz a vum Handlungsspillraum vun den Holdingen hei zu Lëtzebuerg net a Fro gestallt ass. Souguer wann ee sech net kann en conformité setze mat deem doten Zertifikat, da verléiert ee weder de juristeschen nach den ekonomesche Statut, mä eigentlech ledeglech während engem Exercice en cours d'Exemption vun deem spezielle Régime fiscal a kritt dann och eng Geleeënheet fir sech nees ze rattrapéieren.

Insgesamt konnte mir eis och nom Gespréich mat dem Minister an och mat senge Beamten dovunner iwwerzeegen, dass et bestëmmt e schwierege Match ass, deen op europäeschem Plang ze féieren ass, souwuel vun eiser Regierung wéi och deenen, déi mer an deene ville Groupes de travail sëtzen hunn. Elo hate mer nach d'Chance - fir ee Moment nach bei dësem Projet ze bleiwen -, dass sech d'Portée vun deem heite Gesetz limitéiert huet op d'Dividenden, an et net zum Beispill esou wäit gaangen ass wéi eng Rei vun europäesche Länner gefuerdert hunn, dass et zum Beispill och fir d'Plus-valuë géing gëllen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Doraus kënne mer schléissen, dass wahrscheinlech déi ganz Diskussiounen nach net ofgeschloss ginn, a mer nach déi eng oder déi aner Kéier wäerte missen hei dorobber zréckkommen. Fir eis heescht dat einfach an deenen nächste Méint a Joren d'Obligatioun fir och e Mëttelwee ze fannen, op där enger Säit vun där Surveillance an deem Contrôle, dee mer eis selwer mat aus dem europäesche Partenariat operluecht hunn, fir d'Finanzaktivitéiten op déi Aart a Weis ze begleeden, an op där anerer Säit awer och den Investisseuren déi Protektioun ze garantéieren, oder deen Encadrement ze garantéieren, dass se net fortlafen.

Dat heescht op där enger Säit dem Drock net nozeginn an op där anerer Säit awer och zur Kenntnis ze huelen, dass et fir déi, déi concernéiert sinn, ëmmer méi opwändeg gëtt, méi schwiereg gëtt, ëmmer méi schwiereg gérabel gëtt an domat och ëmmer méi deier gëtt, fir sech en conformité ze setzen. Dat huet natierlech seng Répercussiounen net nëmmen op déi concernéiert Sociétéiten, mä och zum Beispill op eis Administration de l'Enregistrement, déi net nëmme méi Aarbecht kritt, mä einfach och méi e Volume ze bewältege kritt, fir déi Mise en conformité ze begleeden, déi hei och schonn ugeklongen ass.

Et heescht awer och, an domat wier ech um Schluss ugelangt, dass ëmmer manner Spillraum bleift fir hei zu Lëtzebuerg nei Créneauen ze schafen, déi eis vun anere Länner ofhiewe respektiv als Nischepolitik kéinten interpretéiert ginn. An et soll och fir eis awer an der Zukunft virun allem als Encouragement verstane sinn, fir weiderzefuere mat enger Diversifikatiounspolitik um wirtschaftleche Plang, a virun allem och an Zukunft drop ze setzen, dass mer net nëmmen e performante Finanz- an Déngschtleeschtungssecteur hunn, mä och déi aner Secteure confirméieren a weider ausbauen.

Zum Beispill ass et gradesou wichteg en Industriesecteur ze förderen an et ass och gradesou wichteg op nei wirtschaftlech Pilieren ze setzen, zum Beispill d'Innovatioun, d'Fuerschung an d'Formatioun och um universitäre Plang. Mat deene Remarquë géing ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi matbréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss an d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Luc Frieden.

Entschëllegt! Ja?

(Interruption)

Dir sidd net ageschriwwen. Géift Der lech nach gären aschreiwen? Très bien, dann huet den honorabelen Här Henckes d'Wuert.

(Interruption)

Här Bausch, et ass net u mir fir dat ze appréciéieren.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, entschëllegt mech, ech hat geduecht, datt ech als Riedner ageschriwwe wor.

Et muss een nach eng Kéier festhalen, datt mer eng vun onse fundamentale Législatiounen, déi vun der Holdinggesetzgebung '29, elo modifiéieren an datt mer also an där Linn leien, déi ech scho regrettéiert hat bei der Debatt iwwert d'Quellesteier, an zwar datt mer ëmmer méi Schadensbegrenzungen a Réckzuchsgefechter maachen, wat e gudden Deel vun onsen Dispositions législatives uginn, déi d'Finanzplaz Lëtzebuerg ausgemaach hunn.

Et muss een och soen, datt déi Holdinggesetzgebung vun 1929 hir Daseinsberechtegung hat, wéi se geschafe ginn ass, well et dorëmmer gaangen ass, deenen Entreprisen, déi am Ausland investéiert hunn, et ze erlaben, datt wa se herno d'Dividende rapatriéiert hunn op Lëtzebuerg, wou eng Quellesteier drop wor, se deen Ablack zu Lëtzebuerg net

nach eng Kéier besteiert gi sinn. Deemools sinn et och ganz wéineg Duebelbesteierungsofkommesse ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen anere Länner, dofir hat déi Gesetzgebung absolut hire Wäert.

An och haut muss ee soen, datt mer zu Lëtzebuerg eent vun deene Länner sinn, wat zwar eng etlech Duebelbesteierungsofkommessen huet, mä awer vill manner wéi Holland, Frankräich oder Däitschland. An et ass also sonner Zweifel, datt wann eng Entreprise wëllt an d'Ausland investéieren, an e Land wou Lëtzebuerg keen Duebelbesteierungsofkommes huet, datt deen Ablack déi Gesetzgebung vun onser Holding '29 nach ëmmer hir Berechtegung huet.

Ech bedaueren, datt dat Positiivt un där Saach, wat absolut ekonomesch richteg ass, net richteg an der internationaler Finanzpress an och soss dohierter op den europäesche Regierungsconseilen duerchkënnt. Ech wënsche mer oft, datt een heiansdo déi Gesetzgebung, déi een huet, méi positiv soll verkafen, well een och gesäit, datt aner Länner ähnlech, all méiglech Dispositiounen huelen, fir do bei hire Gesellschaften, déi am Export täteg sinn, Steiermesurë virzehuelen, déi eng Exonération fiscale oder soss eng Faveur kënne virgesinn. Ech wëll nuren un d'Foreign Sales Corporation denken, op déi d'amerikanesch Firme kënnen zréckgräifen a wou et eng etlech Diskussioune gëtt.

Dat zweet wat ee muss festhalen, dat ass, datt mer elo mat enger Gesetzgebung konfrontéiert sinn, déi mir zwar e bëssen à regret kënne matdroen, well et esou négociéiert ginn ass, well och an aneren europäesche Länner ähnlech Mesuren, déi bestanen hunn an der Belsch oder an Holland a sou weider, datt déi och solle bis Enn 2010 ofgeschaaft ginn oder modifiéiert gi sinn, mä nach bedaueren ech, datt mer hu missen zu deem Schratt do kommen.

Da géing ech den Här Finanzminister bieden, awer och mol eng Kéier ze kucken, datt mer méi Duebelbesteierungsofkommesse géinge kréien. Et sinn der eng etlech négociéiert, Här Minister, an déi leien am Tirang an der Steierverwaltung. An dat sinn der eng etlech, ech wëll nuren een ervirsträichen, wann ech mam A bei de Länner ufänken, dat ass dee vum Aserbaidschan, mä et gëtt der nach eng etlech anerer, an déi Gesetzgebungen, déi Accorden, déi missten awer op den Instanzewee kommen. Mir wëssen, datt dofir dann de Ministère des Affaires étrangères zoustänneg ass, mä et wier awer gutt, wa mer och géingen op dee Wee do goen.

Dat zweet, wat mengen ech noutwendeg ass, dat ass, datt mer och als Land, also Dir als Regierung sollt kucke fir eng Étude comparative ze maache vun den Duebelbesteierungsofkommessen, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg négociéiert hunn, a wéi se an onsen Nopeschlänner an an anere Länner vun der Europäescher Unioun bestinn. An do muss ee feststellen, datt mat munche Länner Lëtzebuerg net esou gutt do steet, wéi zum Beispill Holland, Frankräich oder Däitschland. An dat ass net gesond, well deen Ablack Entreprisen, anstatt vu Lëtzebuerg aus ze investéieren, deen Ablack an aner Juridictioune musse goe fir do vu bessere Konditiounen ze profitéieren. Dofir wier et gutt, wann een déi Aarbecht géing maachen.

En drëtten Deel, dee wichteg ass an dem Kontext vun den Investissementer an d'Ausland, dat ass, datt mer och Konventioune géingen ënnerschreiwe mat verschiddene Länner, iwwert d'Protektioun vun den Investissementer. Och do, mengen ech, leie mer wäit am Hannertreffe vis-à-vis vun onsen Nopeschlänner.

Dat gesot, kënne mer mat engen etleche Regreten awer den Text, esou wéi den Här Mosar e virgestallt an explizéiert huet, matdroen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo awer definitiv den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géing och gären dem Här Mosar an deenen anere Kolleege Merci soe fir hir Stellungnahm zu dësem Projet de loi; Stellungnahmen, déi am Fong net d'Komplexitéit an d'Häert vun där Debatt erëmspigelen, déi mer ronderëm dës europäesch Regelen, déi zu dësem Gesetzprojet gefeiert hunn, an deene leschte Jore gefeiert hunn.

Et ass hei an e puer Interventiounen erauskomm, wéi wann dat heiten d'Resultat wär vun engem Op-d'Säit-gedréckt-Gi vun europäesche Reglementatiounen. Elo grad ass nach geschwat gi vu Réckzuchsgefechter a Schadensbegrenzung. Dat kann ee sécher esou gesinn, mä dës anti-europäesch Astellung, déi natierlech a contrario heescht, datt ee seet: Mä mir wären nach vill besser drun, wa mer dat do alles net hätten. Mir kéinten eist Holdinggesetz halen, mer bräichten eng ganz Rei aner Gesetzgebungen net ze maachen.

Da muss ee sech d'Fro stellen, a wéi enger Situatioun een ass a wat fir eng Choixen een huet. Mir hätte selbstverständlech kéinte soen, mir maache bei all deene Saachen do net mat a mir bleiwen op eiser Insel hei sëtzen. Dann hätte mer keng fräi Circulatioun vum Kapital, mir hätte kee groussen europäesche Bannemaart an deem d'Kapital géing fräi circuléieren, an deem d'Leit kéinte fräi circuléieren, a mir wären iwwerhaapt net an déi Situatioun komm, wou mer haut eng grouss international Finanzplaz hätten.

Et ass innerhalb vun deenen europäesche Regelen, wou mer d'Diskussioun geféiert hunn, wat ass eng fair Besteierung vu Gesellschaften, an et ass déi Diskussioun, déi mer geféiert hunn. An an där Diskussioun, mengen ech, wann een de ganze Code de conduite kuckt, deen am Beräich vun der Betribsbesteierung um europäesche Plang arrêtéiert ginn ass, datt Lëtzebuerg relativ gutt ewechkomm ass. Well et si 66 Moossnamen, déi vun den europäesche Ministere considéréiert gi sinn als onfair Besteierung. Do sinn der nëmmen zwou, déi Lëtzebuerg betraff hunn. All déi aner hunn aner Länner betraff. An déi richteg Debatt war am Fong: Wat ass eng fair Besteierung? Ass et fair - war eng vun de Froen - wann ee verschidden Typë vu Gesellschafte ganz anescht behandelt wéi déi, déi an hirem nationale Bannemaart esou traitéiert ginn?

An duerfir mengen ech, datt déi falsch Schlussfolgerung déi wär fir ze soen, et ass dat béist Europa, wat eis zu dësem Schrëtt verleet. Et muss ee virun allem déi grouss Opportunitéite gesinn, déi mer hunn, doduerch datt mer an deem Europa sinn an datt mer kënnen an Europa eis Finanzprodukter verkafen, och wann dat heiansdo heescht, eng Réadaptatioun vu Regelen, déi mer hunn.

Et muss een och gesinn, wéi gesot, niewent dem Fait, datt 64 Steiermoossnamen an anere Länner mussen ofgeschaaft ginn, datt mer och zu Lëtzebuerg an dëser Verhandlung eppes vill méi Wichteges fäerdeg bruecht hunn, nämlech alles dat wat net am Code de conduite zréckbehale ginn ass, an notamment d'SOPARFIen, wat eng aner Zort vun Holdinggesellschaften ass, wouriwwer mer laang diskutéiert hunn.

Dee Schrëtt, dee mer hei gemaach hunn, an deen d'Chamber de Mëtten hei diskutéiert, ass am Fong e klenge Volet, dee mir als Contributioun gemaach hunn, fir eng méi fair Besteierung vun den Entreprisen am groussen europäesche Bannemaart ze maachen.

Dat ass och en Débat, deen net ophält. Et wär och falsch ze mengen, datt mer haut mat deenen Debatte fäerdeg sinn. Europa ass Gott sei Dank e Kontinent, deen evoluéiert. Mir wäerten och nach an deenen nächsten 10, 20, 30, 40 Joer iwwer Besteierung an Europa schwätzen, a kucken, wéi mer dee Bannemaart esou kënne gestalten, datt mer all d'Opportunitéiten och wierklech voll kënnen notzen.

An ech soen nach eng Kéier: Fir eist Land sinn déi Opportunitéiten enorm. Et géing eise Räichtum hei zu Lëtzebuerg net ginn ouni dat Europa, weder am Stol nach bei de Medien a scho guer net op der Finanzplaz.

Duerfir bieden ech drëm, datt een déi ganz Diskussioun am Breede gesäit, an datt esou Ännerunge wéi dës am Fong zu enger europäescher Partnerschaft gehéieren. Quitte datt déi Verhandlungen, déi heizou geféiert gi sinn, net einfach waren, well et selbstverständlech eng Attitüd gëtt vun enger Rei Memberstaten, déi natierlech aus enger gewëssener Jalousie eraus, respektiv och well hinne ganz vill Kapital verluer geet, wann dat an d'Nopeschlänner geet, versichen dat eent oder anert Instrument, wat d'Noperen hunn, ze eliminéieren.

Mä nach eng Kéier: Och déi aner hunn hei an dëser Diskussioun missen op eng Rei Instrumenter verzichten. Et wäert och d'Aufgab sinn ze kucken an deenen nächste Joren, wéi déi aner Länner dëse Code de conduite ëmsetzen.

Dës Debatt ass net eriwwer. Och de Rapporteur huet et ugeschwat: Et gëtt effektiv eng Tendenz an der Europäescher Kommissioun, fir ze soen, datt dës Holdinggesellschafte géint d'Regele vun den Aides d'État verstoussen. Dat ass eng Theorie, déi d'Lëtzebuerger Regierung net deelt. Wann d'Kommissioun op deem Wee géing weidergoen, da muss dat um europäesche Geriichtshaff gekläert ginn. Dat muss een an deenen nächste Woche gesinn. Mir wäerten op jidde Fall déi Argumentatioun widderleeën. Mä wéi gesot, d'Geriichter sinn dann do fir dat ze tranchéieren.

Och aner Gesetzer, déi de Rapporteur hei mentionnéiert huet, bedeiten net d'Enn vun der Gesetzgebung ronderëm d'Finanzplaz. De Rapporteur huet geschwat vum Gesetz iwwert d'Geldwäsch. Et muss ee wëssen, datt op europäeschem Plang fir de Moment eng drëtt Direktiv iwwert de Kampf géint Geldwäsch an der Diskussioun ass, datt mir also och déi mat verhandelen, an déi och le moment venu mussen an eis national Gesetzgebung ëmsetzen.

An deem Europa, wat eis esou villes bréngt, also vill Räichtum elo an an der Zukunft bréngt, gëtt et selbstverständlech och ëmmer nei Opportunitéiten. Ech mengen, dat ass och an där Debatt vläicht net genuch zum Virschäi komm. Europa huet sech net zum Zil gesat, a kann dat och guer net, fir d'Besteierung ze uniformiséieren an ze harmoniséieren.

Mir hunn och grad duerch déi Diskussioun am Code de conduite ganz vill nei Méiglechkeete fir Lëtzebuerg entdeckt. Am Ufank stoungen op där Lëscht 226 Moossnamen, déi analyséiert gi sinn. Et sinn der 66 bliwwen. Mir hunn do ganz villes an deenen Diskussioune geléiert. Mir hu ganz interessant Strukturen am Ausland gesinn, vun deene mer net ausschléissen, datt mer déi och an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung kënnen aféieren, well Europa elo gesot huet, datt dat Gesetzgebungen oder Moossname sinn, déi europakonform sinn - wann ech dat dierf esou nennen.

Duerfir mengen ech, datt och an Zukunft Kreativitéit grad an engem klenge Land wéi eisem gefuerdert ass, sou datt mer also an deenen nächste Joren eis d'Konditioun gesat hunn, nei Instrumenter ze schafen, déi konform sinn zu den europäesche Regelen, an déi et wäerten erlaben och zu Lëtzebuerg nei Finanzaktivitéiten unzeéien. Mir mussen also nach besser kucken, wat sech am Ausland deet, an domadder d'Konkurrenzfäegkeet vun eiser Finanzplaz erhalen. Dat ass vill Aarbecht an dat ass virun allem och eng technesch Aarbecht. Dorunner schaffe mer mat den Acteure vun der Finanzplaz.

Ech mengen, et wären nach vill Méiglechkeeten, och wa mer hei e Millimeter ännere vun enger Gesetzgebung, déi awer während 80 Joer e gudden Déngscht geleescht huet, mä wéi gesot, et sinn anerer, déi haut méi attraktiv sinn a méi wichteg si fir Lëtzebuerg wéi déi heiten.

Ech si frou, datt mer beim Code de conduite zu deem dote Resultat komm sinn, mä wéi gesot, et wäert och an Zukunft och an dësen Dossieren nach esou munch Debatt op europäeschem Plang ze féiere sinn. Dat Wesentlecht ass, datt een d'Gesamtbild vun der europäescher Integratioun, vun der Ouverture vun de Finanzmäert net vergësst, déi méi wichteg ass, wéi verschidden Deeler, déi mer haut hei diskutéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt. Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi, dee mer elo just diskutéiert hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5231 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Projet, der Diskussioun iwwert de Projet 5402 iwwert den Asaz vun der Informatik bei der Douane. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. Als éischte Riedner huet elo de Rapporteur d'Wuert, den honorabelen Här Patrick Santer.

7. 5402 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee vun der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit schwätzt, däerf een déi wichteg Contributioun vun den Douanesautoritéiten net vergiessen. Och si spillen eng wichteg Roll fir d'Schafe vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unioun.

Wann et um Niveau vun de Polizeia Justizautoritéite Kooperatiounsstrukturen an -institutiounen um Niveau vun der Europäescher Unioun gëtt, an ech schwätzen hei Europol an Eurojust un, da funktionéiert d'Zesummewierke vun den Douanesautoritéiten an der Unioun ouni esou zentral Strukturen. Duerfir ass et grad esou wichteg, datt d'Informatiounsflëss tëschent den nationalen Douanesautoritéiten optimal solle stattfannen.

Duerch e Gesetz vum 20. Dezember 2002 hu mer eng Konventioun vun 1995 approuvéiert, déi als Objet d'Uwendung hat vun der Informatik am Kader vun der Zesummenaarbecht tëschent den Douanesautoritéiten. Esou gouf de Système d'Information des Douanes oder SID geschafen.

De Système d'Information des Douanes ass een, fir all Douanesautoritéit an der Europäescher Unioun zougänglecht, Computernetzwierk, dat d'Zil verfollegt, an ech zitéieren hei d'Konventioun: «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informations,…»

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Et interesséiert net vill Leit, mä ech fänken erëm un. D'Zil vun der Konventioun war «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informa-

tions, l'efficacité des procédures de coopération et de contrôle des administrations douanières des États membres.»

D'Donnéeën, déi op de Système d'Information des Douanes gespäichert ginn, konnten der Konventioun vun 1995 no nëmme fir bestëmmte Kategorië vun Aktivitéite vun den Douanesautoritéite traitéiert ginn: dat waren d'Observatioun, d'Surveillance an de Contrôle.

De Protokoll zu der Konventioun vun 1995, dee mer duerch dëse Projet de loi wäerten approuvéieren, erweidert den Zougréff op de Service d'Information des Douanes och op d'Donnéeën, déi sech op Enquêten, ob déi Enquêten nach amgaange sinn oder schonn ofgeschloss sinn, bezéien. Esou kënnen d'Enquêten, déi vun de verschiddenen Douanesautoritéiten duerchgeféiert ginn, besser koordinéiert ginn.

Zu dësem Zweck gëtt e spezielle Fichier geschafen, de Fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières. Esou kënnen d'Douanesverwaltungen, déi zum Beispill géint eng bestëmmte Persoun enquêtéieren, elektronesch a systematesch nopréiwe loossen, ob dës Persoun och an aner Memberstaten den Objet vun Enquêtë vun Douanesverwaltunge war oder nach ass.

Här President, wann de Statsrot sech prinzipiell mat dësem Protokoll a mat dësem Projet de loi averstanen erkläert huet, esou wollt en awer dëse Projet de loi duerch zwou Zousazbestëmmungen ergänzt gesinn. Ech wéilt lech elo scho matdeelen, datt mer dem Statsrot sengen Observatiounen net Rechnung gedroen hunn.

Zum enge wollt de Statsrot, datt am Projet de loi eng Lëscht vun Infractioune sollt festgehale ginn, well am neien Artikel 12 A steet, datt all Memberstat deenen anere Memberstate wéi och engem Komitee, deen niewebäi gesot nach net existéiert, eng Lëscht vu gravéierenden Infractiounen, déi an d'Kompetenz vun den Douanesautoritéite falen, soll matdeelen. Dës Infractiounen, déi gravéierend sinn, sinn där, déi mat enger Prisongsstrof vu mindestens zwielef Méint bestrooft ginn oder op deenen eng Geldstrof vun op d'mannst 15.000 Euro drop steet.

D'Kommissioun huet d'Meenung vertratt, datt de Projet de loi net brauch esou eng Lëscht vun Infractiounen ze beinhalten. Lëtzebuerg kann nawell deenen anere Memberstaten, oder besser gesot déi Lëtzebuerger Douanesautoritéit kann nawell hiren Amtskolleegen aus deenen anere Memberstaten déi Lëscht mat deenen Infractiounen zoukomme loossen, och wann déi Lëscht net an dësem Projet de loi festgehalen ass. Dat wier och heiansdo schwiereg, besonnesch an deene Fäll wou dat lëtzebuergescht Gesetz d'Geldstrof pro Quantitéit vun de Wuere festleet.

Zum aneren hätt de Statsrot gär gehat, datt d'Délaien, wéi laang d'Donnéeë kéinten am Système d'Information des Douanes gehale ginn, solle preziséiert ginn. Am neien Artikel 12 E sinn d'Maximaldélaie festgehalen. Dat geet jee no Situatioun bis zu zéng Joer.

An der Konventioun, déi mer 2002 approuvéiert hunn, steet am Artikel 12, datt d'Daten esou laang kënne gehale ginn, bis d'Objektiv, dat se verfollegen, erreecht ginn ass. Dëse Proportionalitéitsprinzip, deen allgemeng an Dateschutzkonventiounen, Dateschutzdirektiven oder Dateschutzgesetzer erëmzefannen ass, bilt d'Minimaldurée fir déi Daten, déi am Système d'Information des Douanes ze hale sinn. Mir hunn also eng Minimaldurée, déi geregelt ass duerch de Prinzip vun der Proportionalitéit, an eng Maximaldurée, déi elo an deem neien Artikel 12 E festgehalen ass. Esou brauch de Projet de loi och op dësem Punkt net ergänzt ze ginn.

Zum Schluss wéilt ech nach zwou Bemierkunge maachen:

Éischtens ass de Système d'Information des Douanes bis elo zumools net grad als Erfolleg unzegesinn. Et ass eng ridicule kleng Zuel vun Donnéeën an deem System gespäichert, wat besonnesch op eng komplizéiert Handhabung vum System an enorm laang Waardezäiten zréckzeféieren ass. D'Problemer sinn amgaange behuewen ze ginn, an d'Kommissioun hofft, datt eng méi zäitgerecht Infrastruktur de Système d'Information des Douanes zu engem effikasse System ausbaue kann. Soss wär jo d'Zilsetzung vum ganze System a Fro gestallt.

Zweetens wëll ech am Numm vun der Kommissioun nach eng Kéier betounen, wat schonn 2002 bei der Approbatioun vun där Konventioun von 1995 gesot ginn ass: Duerch de Système d'Information des Douanes kritt eis Douanesverwaltung keng nei Kompetenzen. Och wann d'Douanesverwaltungen aus anere Memberstate vill méi large Kompetenzen hunn, an Donnéeën, déi hire Kompetenzen entspriechen, op de Système d'Information des Douanes kënne späicheren, esou bedeit dat nach laang net, datt eis Douane Donnéeën, wou se opgrond vun eise Gesetzer kee Recht drop huet, kann eroflueden.

Am Numm vun der Kommissioun wéilt ech och dem Här Dicken vun der Douanesverwaltung Merci soen. Den Här Dicken stoung der Kommissioun Ried an Äntwert an huet eis wäertvoll Informatiounen iwwert déi praktesch Erfahrung mam Système d'Information des Douanes matgedeelt.

Ech wollt lech also, als Rapporteur, virschloen de Projet de loi, deen unanime an der Kommissioun approuvéiert ginn ass, esou unzehuele wéi en als Annex zum Rapport steet. An als mandatéierte Spriecher vun der CSV wéilt ech och matdeelen, datt d'CSV dëse Projet wäert matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer schonn an der Commission juridique eisen Accord bruecht hunn, wäert ech och eisen Accord haut zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech mengen et ass ganz wichteg, wann een déi ganzen Zäit schwätzt vu Kommunikatioun a vun Zesummenaarbecht vu Policeautoritéiten, dass och d'Douanesautoritéite méi Kooperatioun zesumme kréien, well éischtens eis Douane eng ganz Rëtsch vu Kompetenze kritt huet duerch fréier Gesetzer, déi mer gestëmmt hunn.

Mä da muss ech den Här Minister awer froen, wann e mer nolauschtert?

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech wollt just den Här Minister froen: Här Minister, wann Der erlaabt, mir hunn elo duerch dat heite Gesetz jo méi eng Verknäppung tëschent europäeschen Douanen, mä op der Generalversammlung vun der Douanesgewerkschaft, wou eng ganz Rëtsch vun eisen Deputéierten dobäi waren, hu se awer gesot, dass zum Beispill der Brigade motorisée vun den Douanen hei zu Lëtzebuerg ongeféier 30 Leit feelen.

Ech weess, et ass net Är Kompetenz, et ass dem Här Juncker seng Kompetenz. Ech hunn em och d'Fro gestallt, als Finanzminister a Premierminister. Et ass gutt dass mer kucken, dass se um internationalen Niveau besser zesummeschaffen. Mä wat maache mer wa se um nationalen Niveau vir an hannen net bäikomme mat hirer Aarbecht, an op jidde Fall eng 20 bis 30 Leit an hirer Brigade motorisée, esou wéi d'Gesetz et awer deemools virgesinn huet, haut feelen. Dowéinst ass déi Fro, Här Minister: Wéi kënnt Der hinnen d'Moyene ginn, wann Der hinnen och nach nei Chargë gitt an nei Missiounen?

Esou wéi dat jo bei CRIen haut ass, bei engem Untersuchungsriichter, wou eng ganz Prozedur hannendrun ass. Wann een Infoe brauch, wéi soll d'Douane dat maachen, wa se haut scho ruffen, dass se net genuch Leit hu fir ze schaffen? Mä wéi gesot, ech mengen et ass e wichtege Projet an e geet an déi richteg Richtung. Duerfir wäert och d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heite Projet stëmmen.

Une voix.- Mir haten näischt aneschters erwaart.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry agedroen. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, no den Ausféierunge vum Här Rapporteur brauch een net méi op den Inhalt weider vun deem Text hei anzegoen. Ech mengen dat hei ass eréischt eng zweet Etapp, déi mer beschreiden. Eng éischt Etapp, dat war d'Gesetz vum 20. Dezember 2000, wou mer eigentlech um Niveau vun den Douanen an Europa en Informatiounssystem ageriicht hunn, wou mer allerdéngs och héieren hunn, dass net allze vill Gebrauch vun deem System gemaach gëtt. Elo kënnt eng zweet Etapp dobäi, wou mer déi Verstäerkung vun der Zesummenaarbecht tëschent den Zollverwaltungen an Europa ustriewen.

Interessant ze gesinn ass och, dass dee Protokoll eigentlech am Fong d'Resultat ass vun der intergouvernementaler Zesummenaarbecht an der Europäescher Unioun mam Zil, fir méi Sécherheet an Europa ze kréien an och fir eben Efforten ze maachen, fir gemeinsam géint d'Kriminalitéit, a besonnesch géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit virzegoen.

Dozou gehéiert selbstverständlech, dass een op gewëssen Informatioune muss kënnen an engem anere Memberstat zréckgräifen, fir seng eegen Enquêtë kënne gutt ze féieren, respektiv a Kontakt ze triede mat deenen aneren Autoritéiten, fir also optimal do Informatiounsaustausch kënne virzehuelen am Kader vun Enquêten, déi d'Zollverwaltungen duerchzéien.

Wat jo interessant ass, dat ass, dass mer u sech an deem heite Fall haaptsächlech jo iwwer sou genannten Accords d'assistance mutuelle eraus déi hei Zesummenaarbecht an Europa méi systematesch maachen. Doduerch ergëtt sech natierlech och eng Vereinfachung vun de Prozeduren, déi sech aus deenen normalen internationalen Accorden ergëtt. Hei besteet also d'Méiglechkeet fir en direkten Zougréff ze huelen op eng Rei vu perséinlechen Daten, déi an engem gemeinsame System gespäichert sinn.

Dat féiert net nëmmen dozou, dass een u sech méi komplett Donnéeë kritt, mä haaptsächlech och dozou, dass ee vill méi schnell ka virgoen, an d'Schnelllegkeet ass, mengen ech, eng wichteg Viraussetzung fir an esou Dossiere kënnen d'Enquête zu engem glécklechen Ofschloss ze bréngen.

Fir eis ass et nach wichteg festzestellen - an de schréftleche Rapport mécht dat och -, dass u sech heimadder awer och eis Dateschutzbestëmmungen hei zu Lëtzebuerg net ausgehiewelt ginn, mä dass selbstverständlech eis Zollverwaltung - et ass op déi wou mir jo och hei Zougréff hunn - sech muss un déi Texter vum Dateschutz halen, déi also fir si voll a ganz bestoe bleiwen. Ech géif just hoffen, andeem ech och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Text hei abréngen, dass déi zweet Etapp méi Succès hätt wéi déi éischt Etapp.

Et ass e bëssen droleg. Normalerweis verdéift een eréischt wa schonn déi éischt Etapp eigentlech d'Resultater voll bruecht huet. Et wär also ze hoffen, dass dat heiten, déi Kooperatiounsefforten, déi hei gemaach ginn, och wierklech genotzt gi vun deenen eenzelnen Douanesverwaltungen an Europa. Et ass selbstverständlech, dass och vu Lëtzebuerger Säit aus, soufern do muss dee System gespeist gi mat Lëtzebuerger Donnéeën, och dat Néidegt gemaach gëtt vun eiser Douanesverwaltung aus, fir dass deen dote System kann droen an dass en sengem Zil gerecht gëtt, dat heescht u sech fir d'Kriminalitéit hei an Europa besser kënnen ze bekämpfen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wëll och just kuerz dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, deen en haut mat perséinlech kierperlechem Asaz virgedroen huet. Mir stëmmen dëse Projet och als gréng Fraktioun, esou wéi mer och d'Gesetz vum 20. Dezember 2002 deemools gestëmmt hunn iwwert d'Schafe vum SID.

Mir ginn haut e Schrëtt méi wäit mat dëser zweeter Etapp fir eis am Beräich vun der Douane besser informatesch Méiglechkeeten ze ginn, fir bestëmmte Formen, net all, bestëmmte Forme vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit besser kënnen ze bekämpfen. Dat ass e richtege Schrëtt. Mir ënnerstëtzen en och dofir, mä et muss een awer trotzdeem och d'Fro stellen, woufir datt den éischte Schrëtt nach net esou gutt funktionéiert huet.

Et ass bis elo e Pabeiertiger bliwwen, déi Konventioun, déi mer hunn. De Rapporteur sot et, d'Zuel vun Donnéeën, déi an deem aktuelle System bis elo dra sinn, sinn extrem geréng, wierklech ridiculement geréng, an ech wollt duerfir och d'Fro un de Minister stellen, wéi en dat erkläre kann, dass bis elo den SID net méi genotzt ginn ass, a wéi eng Gedanke sech um europäeschen Niveau dann doriwwer gemaach ginn, fir dass d'Fourniture, d'Alimentatioun mat Donnéeë besser funktionéiert, well ouni déi wäert och déi zweet Etapp e Pabeiertiger bleiwen.

Une voix.- Gutt.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes agedroen. Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur félicitéiere fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Bericht. Ech mengen et ass wichteg, datt mer Lacunen, déi bestinn, ophiewen, datt mer och där internationaler Kriminalitéit méi ferme entgéinttrieden. Déi Base de données, déi soll geschafe ginn, déi viséiert Enquêten, wou et ëm eng Infraction grave geet, an ënner Infraction grave si Strofen, Prisongsstrofe vu Minimum zwielef Méint a vu Minimum 15.000 Euro virgesinn.

Mä et muss ee soen, datt mer där Dispositions européennes um Niveau vun den Infractiounen, um Niveau vun de Prozeduren, ëmmer méi kréien. An, Här Minister, mir sinn der Meenung, datt d'Regierung sollt higoen an emol alleguerten déi Texter, déi et niewent dem Code pénal gëtt, déi et niewent dem Code d'Instruction criminelle gëtt, wat d'Prozeduren ugeet, wat Infractiounen ugeet, datt een déi misst an engem Code du Droit pénal et de Procédure pénale codifiéieren, datt ee se soll op een Nenner bréngen.

Dat Zweet wat ee muss festhalen, an ech benotzen dat fir et an dësem Kontext ze soen, dat ass, datt mer an onsem Code pénal nach ganz oft Wierder gebrauchen, déi der heiteger Zäit net méi adaptéiert sinn, a wou d'Geriichter sech dann heiansdo ganz schwéier dinn, fir déi ze adaptéieren. Et geet nach am Code pénal Rieds vu Machine à vapeur, et geet nach Rieds vun Appareil télégraphique, an ech mengen et wier awer un der Zäit fir esou Wierder ze ersetzen duerch modern Moyens de communication, fir datt een och den Infractiounen, déi um internationalen Niveau geschéien, déi transfrontalières sinn, kënnt begéinen.

Duerfir erlaabt mer, Här President, fir nach eng Motioun ze déposéieren, fir d'Regierung opzefuerderen, fir op där enger Säit e Comité anzesetze fir ze kucken, fir déi Terminologie aus dem Code pénal an aus dem Code d'Instruction criminelle ze moderniséieren, a fir op där anerer Säit alleguerten déi Dispositions pénales, déi elo am Laf vun de leschte Jore gestëmmt gi sinn, an een eenzege Code eranzebréngen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le Code pénal luxembourgeois est basé sur une loi du 16 juin 1879 et que le Code d'Instruction Criminelle est basé sur une loi du 17 novembre 1808;

- considérant que de nombreuses dispositions de ces Codes sont partiellement formulées dans des termes juridiques surannés et qu'il y a lieu de remplacer ces termes par une terminologie nouvelle adaptée au monde d'aujourd'hui;

- considérant par ailleurs qu'en supplément de ces deux Codes existent une multitude de lois contenant des dispositions pénales les plus variées qui ne sont pas codifiées;

- considérant qu'une telle évolution n'est guère dans l'intérêt de l'État de droit et d'une bonne gestion de la justice;

- considérant qu'il y a lieu de faciliter l'application du principe «nul n'est censé ignorer la loi» et de codifier les textes prévoyant des sanctions pénales;

demande au Gouvernement

- d'entamer une refonte linguistique du Code pénal et du Code de l'Instruction Criminelle afin de remplacer les termes juridiques surannés par des termes juridiques adaptés à une justice moderne;

- de regrouper toutes les dispositions pénales et de procédure pénale contenues dans d'autres lois dans un seul Code du Droit pénal et de Procédure pénale.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Ech menge wann ee seet, «nul n'est censé ignorer la loi», mä wann ee se elo muss an deenen dausende vu Säite vum Mémorial siche goen, dat ass net onbe-

déngt jiddermanns Saach, an dat féiert och dozou, datt ganz oft d'Dispositions pénales net applizéiert gi respektiv dass se ignoréiert ginn. Soss kënne mer natierlech mat dem Projet de loi d'accord sinn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech hunn de sëllechen Erklärunge vun de Kolleegen hei an der Chamber net villes bäizefügen. Et ass e wichtegt Instrument vu méi Koordinatioun a Kooperatioun an deem dote Beräich. Dat ass hei beschriwwe ginn. Dat ass positiv.

Nun ass et awer esou, datt d'Aféierung an d'Utilisatioun vun der Informatik net eppes Einfaches ass, an datt dat - leider, kann ee soen, mä dat ass d'Realitéit - meeschtens eng gewëssen Zäit brauch, an esouguer wann et da bis besteet, muss och nach jiddfereen domadder wëllen a kënne schaffen. Wéi gesot, duerfir muss et emol fir d'éischt bestoen. Duerfir mengen ech, datt dat alles méi lues effektiv gaangen ass wéi dat sech vläicht erhofft ginn ass. Mä dat heescht awer net, datt et doduerch manner gutt ass. Et muss een also kucken, datt een déi néideg Infrastrukture schaaft, fir datt dat geet.

Aus der theoretescher Siicht gekuckt, well ech si selbstverständlech kee Spezialist vun dem Inhalt vun deenen dote Fichieren, mengen ech ze verstoen, datt dat en extreem utilet Instrument ass fir eng besser grenziwwerschreidend Kriminalitéitsbekämpfung, wann et da bis voll operationell ass. Dat gëllt souwuel fir déi éischt Etapp wéi fir déi zweet Etapp.

Zu der Remarque vum Vertrieder vun der DP géing ech just wëlle soen, datt et ganz normal ass, datt, wann een op e Gewerkschaftskongress geet, Leit soen, si bräichte méi Leit, a si hunn och héchstwahrscheinlech Recht. Mir waren d'lescht Joer konfrontéiert mat 1.000 Demandë beim Numerus clausus. Et ass mer elo gesot ginn, datt dëst Joer nach méi Demandë kommen. Eleng nëmmen a menge Beräicher: Geriicht, Police, Douane, Enregistrement, direkt Steierverwaltung ginn e puer honnert Leit gefrot, an dat ass ganz normal.

Eist Land huet ganz vill Aufgaben, mir wäerten net nokommen, esou vill Leit anzestellen. Wann een awer d'Responsabilitéit huet, an duerfir ass et méi einfach wann een natierlech aus der Chamber déi Revendicatioun hei matbréngt, et ass einfach engem ze soen, majo da kriss de méi Leit. Wa mer awer de Budget maachen, da kënne mer net heihinner kommen a soen, d'nächst Joer kommen iwwer dausend Leit. Duerfir muss dann e Choix gemaach ginn, an duerfir kann een net all gewerkschaftlech Revendicatioun an deem do Plang berücksichtegen, well soss kann een net, besonnesch net bei deene Masse-salarialen, déi de Stat bezilt, och nach herno e Budget eenegermoossen op eng uerdentlech Aart a Weis presentéieren.

An duerfir bieden ech all d'Kolleegen drëm, datt net all Beamten, deen op enger Plaz gefrot gëtt, och vun der Regierung agestallt ka ginn. Mir hunn trotzdeem an deene leschte Joren honnerte vun zousätzleche Beamten a ganz ville Verwaltungen agestallt, wat eis iwwregens vun där deemoleger Oppositioun reprochéiert ginn ass, an duerfir hoffen ech, datt déi heiteg Oppositioun beim nächste Budget dann déi Kritiken net wäert maachen.

Datselwecht gëllt iwwregens fir déi Propositiounen, déi elo grad vum Vertrieder vum ADR hei am Bezuch op de Code pénal gemaach gi sinn. Ech weess och, datt am Code pénal eng ganz Rei Termë sinn, déi e bëssen net méi zäitgeméiss sinn, an ech weess och, datt et schwiereg ass, wann een déi sëllech Gesetzgebunge kuckt, wou Strofrechtsbestëmmungen drastinn, datt déi net an engem Code sinn.

Nach muss ech soen, datt, wa mer déi Aarbecht wëllte maachen, dat eng enorm grouss Aarbecht wär, an ech wierklech net weess, wéi mer mat deene Beamten, déi mer hunn an déi ganz gutt sinn, och nach déi doten Aarbecht géinge maachen, fir en neie Code pénal ze schreiwen, eng Codificatioun vun alle strofrechtleche Bestëmmungen.

Dat ass eng Aarbecht fir e Chercheur, dee vläicht eng Kéier déi Aarbecht wëllt maachen. Et ass also eng Iddi, déi ech a priori net schlecht fannen, mä ech kann déi Motioun do aus Regierungssiicht net unhuelen, well ech weess, datt mer dat do kuerzfristeg net gemaach kréien. Mir hu vill aner Saachen am Justizberäich, déi mer annoncéiert hunn, déi mer wëlle maachen, déi och enorm aarbechtsintensiv sinn, an duerfir géing ech dat prioritär maachen, virun esou Compilatiounen, déi eng Utilitéit hunn, mä déi kuerzfristeg onrealistesch sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun där Debatt a mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5402.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5402 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marc Spautz), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer d'Motioun vum honorabelen Här Henckes. D'Regierung huet Positioun geholl. Kënne mer direkt ofstëmmen? Par main levée? Geet dat?

(Assentiment)

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht!

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech gesinn et ass eng relativ grouss Majoritéit, déi mat där Motioun net d'accord ass, an domat ass se ofgelehnt.

(Interruptions)

Et ass eng Majoritéit, eng relativ grouss.

Voilà, da komme mer zur Diskussioun vum nächste Projet de loi, d'Bekämpfung vun der Korruptioun. D'Riedezäit ass och nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwe sinn: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner!

8. 5262 - Projet de loi portant approbation:

a) de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la lutte contre la corruption impliquant des fonctionnaires des Communautés européennes ou des fonctionnaires des États membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 26 mai 1997;

b) du deuxième Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, à la Convention relative à la protection des intérêts financiers des Communautés européennes, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997;

c) de la Convention pénale sur la corruption, signée à Strasbourg, le 27 janvier 1999;

d) du Protocole additionnel à la Convention pénale sur la corruption, signé à Strasbourg, le 15 mai 2003; et modifiant et complétant certaines dispositions du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt ëmmer erëm spekuléiert, dass de Phenomeen vun der Korruptioun weltwäit verbreet wär a sech an all Gesellschaften, all Gesellschaftsformë géif erëmfannen an och existéiere kënnt.

Lëtzebuerg steet op der Ranglëscht vun Transparency international op der siwenter Plaz vun de Länner - selbstverständlech mat der niddregster Korruptioun.

(Interruptions diverses)

Dëse Korruptiounsindex berout primär op subjektiven Impressiounen, well et gëtt keng exakt Chiffere a keng Fakten. D'Ursaach läit doran, dass et sech hei net ëm e klassesche Crime handelt mat engem Auteur a mat engem Opfer, mä et ass an der Korruptioun wéi am Tango: Et muss een zu zwee sinn, fir en ze danzen…

(Hilarité)

…, en aktive Corrupteur an e passive Corrompu.

Mä trotz ganz wéinege Condamnatiounen an héijen Donkelzifferen huet d'Korruptiounsfuerschung de Verdacht, dass eis Gesellschaft korruptiounsufälleg ass an dass et zu enger Verlagerung kënnt vun der Inlandskorruptioun op eng transnational Korruptioun. Nodeems d'Bestiechung an der internationaler Wirtschaft eng laang Zäit als funktionellt Schmiermëttel, also als noutwendegt Iwwel akzeptéiert an toleréiert ginn ass, hu sech déi lescht 20 Joer lues a lues och negativ Auswierkungen fir eis Gesellschaft, eis Wirtschaft an eise Rechtsstat bemierkbar gemaach.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Isoléiert national Strategië ginn ersat duerch nei international ofgestëmmte Konzepter, an dat vun der Europäescher Unioun, der OCDE, dem Europarot a selbstverständlech och der UNO. Dofir fanne mir elo um Niveau vum Droit international public fir d'alleréischt Bestriewunge vun der EU, hir eege finanziell Interessen ze schützen an dat en présence vun engem enorme Budget a ganz héijen Auslandssubventiounen.

Op där anerer Säit huet d'OCDE-Korruptiounskonventioun bewierkt, dass eng ganz Rei vu Länner Antikorruptiounsmoossnamen an hir intern Gesetzgebung agebaut hunn an opgeholl hunn. An da selbstverständlech och de Conseil de l'Europe, dee versicht mat ganz groussem Enthusiasmus eng ëmfaassend europäesch Léisung, an dat och an Osteuropa, fir dee Problem an déi Problematik ze fannen. Da selbstverständlech zu allerlescht ass d'UNO-Deklaratioun bestrieft e globale politesche Konsens ze fannen.

Duerch d'Gesetz, dat dës Chamber votéiert huet de 15. Januar 2001, wou et a Kraaft getrueden ass, ass do d'OECD-d'Antibestiechungskonventioun approuvéiert ginn. Domadden ass de Begréff vun der Bestiechung am öffentlechen Déngscht, mam Trafic d'influence a mat der Prise illégale d'intérêt nei definéiert ginn an eisem Code pénal. En plus kënne steierrechtlech Pots de vin net méi steierrechtlech ofgeschriwwe ginn. Et war den honorabelen Laurent Mosar, dee Rapporteur war vun dëser déifgräifender Reform.

Plusieurs voix.- Ah! Oh!

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice*.- Haut den Owend geet et drëms véier aner international Instrumenter ëmzesetzen. Dat sinn op där enger Hand d'EU-Antibestiechungskonventioun vun Europabeamte mam zweete Protokoll iwwert de Finanzschutzaccord - allen zwee sinn aus dem Joer 1997 -; op där anerer Hand hu mer d'Convention pénale vum Conseil de l'Europe iwwert d'Korruptioun vun 1999, och Europarotskonventioun genannt, mat engem zousätzleche Protokoll aus dem Joer 2003.

Ech wëll elo kuerz e puer Explikatiounen, e puer Kommentare ginn iwwert déi fënnef Artikelen, déi an dësem Gesetzesprojet virleien, dee mer haut wëlle stëmmen. Am Artikel 1 gi fir d'alleréischt déi verschidde juristesch Instrumenter opgezielt, déi ze approuvéiere sinn. D'Europarotskonventioun befaasst sech haaptsächlech mat der Procédure pénale a versicht d'Korruptioun ze bekämpfen net nëmme mat gemeinsame Regelen, mä och mat enger verstäerkter internationaler an transnationaler Kooperatioun.

Am Artikel 26 iwwert d'Entraide judiciaire ginn d'Staten elo opgefuerdert eng Rechtshëllef an deem gréisstméiglechen Ëmfank, an dat esou schnell wéi méiglech, ze leeschten. Selbstverständlech kann all Land an engem konkrete Fall seng Rechtshëllef verweigeren, wa se géif de Prinzip vun der Souveränitéit respektiv vun der interner staatlecher Rechtsuerdnung affectéieren.

Mä wat d'Bankgeheimnis betrëfft, esou sinn hei ganz kloer Regele gesat. Dat wëllt soen, déi international Kooperatioun ganz generell, an d'Entraide, déi international Rechtshëllef spezifesch däerfen net eleng ofgelehnt gi mam Hinweis op d'Bankgeheimnis. Dat internt staatlecht Recht däerf awer dës Dispositiounen aschränken doduerch, dass d'Ophiewe vum Bankgeheimnis nëmme ka vun enger geriichtlecher Instanz autoriséiert ginn. An hei zu Lëtzebuerg kann nëmmen e Riichter d'Levée vum Secret bancaire autoriséieren.

De Follow-up an de Monitoring vun dëser Europarotskonventioun gëtt dem Greco, dat wëllt soen Groupe d'États contre la corruption uvertraut.

Am Kader elo vum Artikel 2 vun dësem Projet gëtt den Artikel 252 vum Code pénal erweidert a betrëfft elo zousätzlech auslännesch Beamten a Parlamentarier, international Schiedsriichteren, Juréën an Experten, Europafonctionnairen an international Riichteren a Greffieren, dat Ganzt selbstverständlech am Respekt vun den interne Bestëmmungen a selbstverständlech och vun den Immunitéitsregelunge vun dësen internationalen Organisatiounen. D'Strofverfolgung ass also nëmme méiglech no uerdnungsgemëissem Ophiewe vun hirer Immunitéit.

Mam Artikel 3 komme mer elo zum wichtegsten Deel vun dësem Gesetzesprojet. Vill Länner, och dorënner Lëtzebuerg, gesinn nëmme Sanktioune vir bei der Korruptioun vu Beamten am öffentlechen Déngscht a keng Sanktioune fir d'Bestiechung am private Secteur. Awer och déi privat Korruptioun huet negativ Auswierkungen a féiert zu enger Verschlechterung vum Präisleeschtungsverhältnis, der Innovatiounsfreedegkeet a selbstverständlech och zur Benodeelegung vun Drëttpersounen.

D'Banque mondiale qualifizéiert d'Korruptioun als dee gréissten eenzelnen Obstacle fir déi wirtschaftlech a sozial Entwécklung. No der Décision-cadre vum 22. Juli 2003 hunn d'Memberstaten sech engagéiert och intern staatlech Sanktioune fir déi privat Korruptioun virzegesinn an domadder gëtt also och déi aktiv a passiv Bestiechung am private Beräich konkret an eise Code pénal agebaut duerch zwee nei Artikelen: den Artikel 310 an 310-1.

De Libellé vun dësen neien Artikelen ass iwwerholl ginn aus dem belsche Gesetz vum 10. Februar 1999 relative à la répression de la corruption. Firwat? Well zesumme mam Conseil d'État war d'Kommissioun sech eens, net d'Definitioun vum initiale Projet unzehuelen, dee ganz wäit gaangen ass, dee souguer iwwert d'Direktiven eraus gaangen ass, an zwar fir ze évitéieren, dass d'Korruptioun am private Beräich net méi staark soll sanktionéiert gi wéi an der politescher Korruptioun.

Den Text, wéi en elo virläit, verweist och net méi op déontologesch oder professionell Regelen. Wat de Champ d'application vun deenen neien Artikelen ubelaangt: Elo falen ënner d'Corruption privée fir d'alleréischt d'Ugestallten aus den Entreprisen, aus de Geschäfter an aus de Gesellschaften, d'Persounen, déi de Statut vun engem Indépendant hunn, an och déi, déi mandatéiert gi sinn, fir eng spezifesch Missioun ze maachen.

Et betrëfft net nëmmen de Milieu vun de lukrativen Aktivitéiten, mä och de Bénévolat, wéi zum Beispill d'Presidente vun enger A.s.b.l. oder engem Fussballsclub. An der Praxis begéint een der passiver Bestiechung, wann e Gérant vun enger Entreprise en Avantage vun engem Drëtte fuerdert, unhëlt oder sech versprieche léisst. Dat heescht, deen dee bestécht, mécht aktiv Bestiechung, an de Gérant, dee sech kafe léisst, dat wëllt soen e Vertrauensbroch, e Loyalitéitsbroch mécht, dat ass deen, dee passiv Bestiechung mécht. Och wann am Fong geholl näischt Passives hei a sengem Rôle opzeweisen ass. Mä ech wëll drop hiweisen, dass sech dëse Begréff vu passiv an aktiv Korruptioun an der Praxis duerchgesat huet an et ass och esou wéi en ëmmer gebraucht gëtt.

De Virdeel, deen also de passivë Corrompu freet oder kritt oder versprach kritt, ka materiell oder immateriell sinn. Et ka fir hie selwer sinn oder fir en Drëtten, an de Wäert huet absolut keng Inzidenz op d'Incriminatioun. Do ass et interessant ze liese wat d'belsch Travaux-préparatoirë gesot hunn, déi mengen, dass déi kleng sozialadequat Geschenker, déi am Fong an aller Öffentlechkeet ëmmer mat enger gewësser Regelméissegkeet offréiert ginn, net kéinten ënnert déi privat Dispositioune vun der Privatbestiechung falen.

Als Géigeleeschtung vum Virdeel provozéiert oder vereinfacht de Corrompu en Akt, deen zu senger normaler, berufflecher Tätegkeet gehéiert, an dat selbstverständlech ouni d'Wëssen an ouni d'Erlaabnis vu sengem Patron, sief dat e Verwaltungsrot, eng Generalversammlung, en Employeur oder ganz einfach e Mandant. Dozou sinn zwou Bemierkungen ze maachen.

Fir d'alleréischt, och den Employeur oder de Mandant kënnen als Coauteur oder als Kompliz bestrooft ginn, falls si géifen Akten erlaben, déi ënnert d'Korruptioun falen. Et bleift awer elo de Problem vum Mandat, deen dat vum Conseil d'administration, vun engem Verwaltungsrot vun enger Gesellschaft ginn ass. Nom Prinzip „societas non delinquere potest" kann nëmmen eng natierlech Persoun als Täter a Fro kommen an net eng juristesch. Well awer oft a Korruptiounshandlungen net Eenzelpersounen, mä Gesellschaften involvéiert sinn a ginn, hat de Statsrot gemengt, et wier ganz wichteg an noutwendeg, och Sanktioune fir juristesch Persoune virzegesinn.

D'Auteure vun dësem Projet waren awer der Meenung, dass dës Fro, well se esou technesch an esou komplex ass, misst am Kader vun engem separate Gesetzestext geléist ginn, wéi och de Schutzprogramm vu Kronzeugenaussagen an, wat och dozou gehéiert, dat ass d'Finanzéierung vu Parteien a vum Wahlkampf. An d'Kommissioun deelt dës Meenung, dass déi gewëssen nei Dispositiounen an engem separaten Text misste presentéiert ginn.

Mir kommen elo zum Artikel 4 vun eisem Gesetzesprojet. Hei gëtt de Procureur général d'État als zentral Autoritéit mat der zwëschestaatlecher Kommunikatioun beoptraagt. An dann zum Schluss kommen ech zum leschten Artikel. Deen erlaabt der Regierung, verschidden Aussoen ze maache par rapport zu dëse Konventiounen, wéi zum Beispill iwwert d'Geriichtsbarkeet a selbstverständlech och iwwert d'Direktkompetenz vum Europäesche Geriichtshaff.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou wann dësen Text, deen zu enger Harmoniséierung net nëmme vun der Bekämpfung, mä och vun der Preventioun vum Bestiechungsdelikt bäidroe wäert, eng grouss Zoustëmmung vun lech géif fannen. Ech géif lech bieden dësen Text, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet, ze stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Doerner. Als éischte Riedner ass den Här Bettel agedroen.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, wann Der erlaabt géif ech vun hei aus mech un déi héich Chamber riichten. Ech hunn hei eng Ried vun néng Säite preparéiert, fir iwwert de Sujet ze schwätzen. An ech…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Haalt se!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP)*.- …wollt lech einfach soen, Här President, also, fir den Här Bodry a fir den Här Gibéryen, déi jo esou gespaant sinn, leeën ech se dem Greffe zur Verfügung. Si kënnen eng Kopie herno dovunner kréien.

Mä op jidde Fall, d'Madame Doerner war esou komplett, dass et wierklech hei superfétatoire wier an einfach net nëtzlech wier, nach eng Kéier dat virzeliesen. Wéi gesot, déi néng Säiten, Madame Doerner, dat wier nëmme Répétitioun vun deem wat Der scho gesot hutt.

Dofir wëll ech vun hei aus der Rapportrice Merci soe fir de schréftlechen a fir dee mëndleche Rapport an lech och soen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heiten Text wäert stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Well ech dat elo preparéiert hunn, wëll ech och e puer Wuert dozou soen. Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv mengen ech brauch een hei opgrond vun deem ausféierleche Rapport net méi op den Detail anzegoen. Dat huet d'Madame Doerner, mengen ech, ganz gutt gemaach.

Ech wëll just op dee wesentlechen Aspekt vläicht zréckkomme vun deem heiten Text, an deem mer jo eigentlech och als Kommissioun der Chamber proposéiere fir méi wäit ze goen, éischtens wéi d'Regierung et wollt, a méi wäit och ze goe wéi mer dat eigentlech opgrond vun internationalen Texter hätte misse maachen.

Mir wëssen alleguerten, dass de Phenomeen vun der Korruptioun net e Phenomeen ass, dee sech nëmmen am Beräich vun der öffentlecher Fonctioun am breetste Sënn ofspillt, mä dass en de facto, wann och net bis elo ëmmer de jure, de facto awer ganz kloer och a ganz anere Beräicher eng Realitéit, eng ganz traureg Realitéit ass, déi et gëllt ze bekämpfen.

Ee vun de Mëttele vun der Bekämpfung ass natierlech, dass een e bestëmmtent Verhalen ënner Strof stellt, an ënner zolidd Strofe stellt, wat jo och mengen ech mat deem heiten Text soll geschéien, well hei net nëmmen, géif ech soen, symbolesch Geldstrofe kënne verhaange ginn, et kënnen déck Geldstrofe verhaange ginn, a virun allem kënnen déi dote Vergehen och mat héije Prisongsstrofe geahndet ginn. Also ech mengen den ofschreckenden Effet vun deenen neien Dispositiounen ass sécherlech an deem heite Fall ginn.

Wann een dat geltend Recht zu Lëtzebuerg kuckt, haaptsächlech an den Artikelen 246 bis 250 vum Code pénal iwwert d'Korruptioun, iwwert den Trafic d'influence an iwwert d'Korruptioun vun de Magistraten, da gesäit een, dass traditionell an där Definitioun bis eng Reform komm ass am Joer 2001 et esou war, dass sech de Phenomeen vun der Korruptioun, de strofbare Phenomeen vun der Korruptioun an eiser Législatioun ausschliesslech beschränkt huet op praktesch den öffentleche Beräich am wäiteste Sënn. Dat sinn also Leit, déi eng öffentlech Funktioun, eng öffentlech Missioun oder eng öffentlech Déngschtleeschtung gemaach haten. Et waren si, déi ënner Strof gestallt gi sinn, sief et, dass si selwer Anstalte gemaach hu fir sech bestiechen ze loossen, respektiv dass si direkt bestach si ginn.

Dat alles ass also strofbar gewiescht an den éischte Schratt ass zu Lëtzebuerg gemaach ginn, och opgrond vun internationalen Texter, virun e puer Joer, wéi déi dote Propositioune geännert gi sinn an ausgedehnt gi sinn an enger éischter Phas elo op Leit, déi een nach ëmmer kann zum öffentleche Beräich zielen, mä zum internationalen an europäeschen öffentleche Beräich zielen, well zënter engem Gesetz vum 15. Januar 2001 ënner Korruptioun och international Fonctionnairë falen, europäesch Fonctionnairen an och Membere vun europäeschen Institutioune falen.

Deen heitegen Text geet erëm eng Kéier e Schratt méi wäit an der Definitioun vum Delikt vun der Korruptioun a geet elo ganz kloer och an dee méi private Beräich, an den netöffentleche Beräich eran, fir och do bestëmmte Verhalen ënnert de Begréff vun der Bestiechung falen ze loossen, sief et déi aktiv Bestiechung, sief et passiv Bestiechung. Dat sinn am éischte Fall Leit, déi een och nach kann zum öffentleche Raum zielen. Dat sinn also international Arbiteren, et sinn Experten, déi an Zukunft och ënnert déi Bestëmmung falen.

Mä déi interessantsten Neierung eigentlech duerch deen hei virleienden Text kënnt doduerjer, dass elo och d'Korruptioun strofbar ass am Beräich vun der Wirtschaft. Net an der Schnëttstell Wirtschaftspolitik, wou et jo eklatant Beispiller gëtt, mä reng an der Wirtschaft eigentlech, an de kommerzielle Relatioune kann et e Phenomeen vu Korruptioun an Zukunft ginn, an awer virun allem alles wat zesummenhänkt mat enger netkonformer Ausféierung vun engem Mandat wat ee kritt huet. Dat ass mengen ech den zentrale Begréff.

Et ass eigentlech de Mandataire, deen ënner Strof gestallt gëtt, och also am netöffentleche Beräich, wann e versicht huet sech Avantagen ze beschafe respektiv Avantagen akzeptéiert huet, fir eng Décisioun ze huelen oder en Akt ze setzen, deen eigentlech net ze setze gewiescht wier. Wichteg ass also och ze kucken, ob jeeweileg dee Mandataire sech u säi Mandat gehalen huet, wat e kritt huet. Wann en e Mandat hat, wat kloer war, dann ass natierlech déi strofrechtlech Situatioun eng aner, wéi wann en ouni Mandat gehandelt huet à l'insu vun deenen Organer, déi eigentlech berechtegt ware fir hien ze mandatéieren, an engem gewësse Sënn ze handelen.

Mir maachen also d'Dier op hei fir eng Astrofstellung vun der Korruptioun am Beräich vun de Gesellschaften, an dem Beräich vun de moralesche Persounen, am Beräich och, kann een hei soen, vun de Veräiner, vun den Associatiounen. Mir sinn also hei am Beräich era vum Alldag praktesch, wou elo d'Korruptioun och strofrechtlech ka geahndet ginn a mir si schonn der Meenung, dass dat e wichtege Schratt ass, deen hei gemaach gëtt. Et ass en Akt vu Moralisatioun, dee mer hei als Législateur virhuelen. Net nëmme vum politesche Liewen, mä och vum wirtschaftleche Liewen a vum Sozialliewen am Allgemengen.

Wichteg ass och festzestellen, an dat huet d'Madame Rapportrice schonn duergeluecht, souwuel schréftlech, wéi mëndlech, dass also d'Bestiechung an Zukunft strofbar ass, souguer bei net bezueltener Aarbecht. Dat heescht, wa mer eis am Kader vum 100%ege Bénévolat bewegen, wann do esou Akte stattfonnt hunn, wou sech onrechtméisseg Avantagë beschaaft gi sinn, respektiv wou een déi akzeptéiert huet, sief et fir sech, sief et och fir eng Drëttpersoun, et muss keen Enrichissement personnel an alle Fäll virleien. Dat ass an Zukunft strofbar.

Et wier just gutt, duerfir bleiwe mer eigentlech elo e bëssen op hallwem Wee hei stoe mat deem heite Gesetz, wa schnellstens, och besonnesch eis Législatioun iwwert d'Penalresponsabilitéit vun de juristesche Persounen, géif hei an d'Lëtzebuerger Recht transposéiert ginn. Well dat ass eigentlech de Corollaire zu deem Akt, dee mer hei setzen. Et ass also och wichteg, besonnesch bei Gesellschaften, dass net nëmmen de Lampiste praktesch mam Kolli geholl gëtt, mä dass déi Organer, déi d'Responsabilitéit an enger Gesellschaft hunn, och kënne penal zur Rechenschaft gezu ginn, wann Akte vu Korruptioun mat hirem Wësse geschitt sinn.

Et ass also ganz wichteg, an do géife mer als LSAP drop insistéieren, och bei der Regierung, dass schnellstens gekuckt gëtt, dass also och dee Gesetzesprojet iwwert d'Penalresponsabilitéit vun de juristesche Persounen, vun de Gesellschaften, dass dee schnellstméiglech hei an der Chamber zur Diskussioun kënnt a verabschiet gëtt. Wéi mer och drop insistéieren, dass déi sou genannte Stroossbuerger Konventioun vun '99, d'Zivilkonventioun iwwert d'Korruptioun, och an d'Nationalrecht ëmgesat gëtt.

Dann hu mer mengen ech e ganz kohärent Wierk geschafen am Sënn vun enger méi strenger Strofgesetzgebung, an engem ganz sensibele Beräich, wou, wéi de Rapporteur schonn drop higewisen huet, munches um Spill steet, och d'Glafwierdegkeet an den Zesummenhalt vun enger Gesellschaft a vun engem politeschen a Wirtschaftssystem um Spill läit, dass mer do Neel mat Käpp maachen an dass mer do wierklech zu deene gehéieren, déi och no baussen dokumentéieren, dass se gewëllt si géint deen dote Fléau virzegoen a wa méiglech preventiv och alles maachen, an dozou gehéiere staark Strofgesetzer, preventiv also alles maache fir dass et net zu enger Ausbreedung vun deem Phenomeen och hei zu Lëtzebuerg kënnt. An deem Sënn géif ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deenen Texter abréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Nach agedroen ass den Här Felix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci och der Rapportrice fir hire Bericht, souwuel dee schréftleche wéi dee ganz gutt verständleche mëndleche Bericht iwwert de Phenomeen vun der Korruptioun.

D'Korruptioun ass mat Sécherheet e Fléau an et ass eng besonnesch subtil a perfid Form vum Recht vum Staarken, wat an eis modern Gesellschaften sech eriwwergerett huet. Keng Korruptioun kritt een net fir näischt. Keng Korruptioun gëtt et nëmmen dann, wann een eppes aktiv dogéint ënnerhélt. D'Korruptioun schéngt e Phenomeen ze sinn, deen et natierlech gëtt, a wann een näischt dergéint ënnerhélt, da verschwënnt d'Korruptioun net vum selwen. Et soll ee sech zwar iwwert déi Zuel freeën, déi d'Rapportrice genannt huet, datt Lëtzebuerg an engem Ranking op der siwenter Plaz optaucht. Et soll een déi Zuel net méi schlecht rieden, wéi et muss sinn. Et ass besser, wa mer als Siwenten do stinn, wéi als 77., mä et muss een awer och d'Grondlag kucken, mat där déi Zuel zustan komm ass.

Et ass am Wesentlechen eng Saach vun Appréciatioun a vu Subjectivitéit, an duerfir muss ee wëssen, dass een déi gutt Zuel an deem Ranking als Lëtzebuerger Land net gepacht huet. Mir sinn dofir och frou, an d'Rapportrice huet och dat ënnerstrach, datt et esou vill international Institutioune gëtt, déi sech mat där Fro beschäftegen, an et ass och ënnert deem Impuls wou hei zu Lëtzebuerg eng Gesetzgebung an de leschte Joren ugefaange ginn ass opgebaut ze ginn, notamment oder haaptsächlech, fir net ze soen exklusiv am Beräich vun der Fonction publique.

Mat dësem Gesetz gi mer elo e Schratt méi wäit. Mir ginn eriwwer an de Privatsecteur, an de kommerzielle Secteur an net nëmmen, och an de Beräich vum Bénévolat a vun aneren a mir maachen dat no laangen Diskussiounen, mengen ech, awer trotzdeem schlussendlech mat Iwwerzeegung.

Dëst Gesetz huet, eleng well et existéiert, och e preventive Charakter, wat och e Bäitrag ass zur Bekämpfung vun der Korruptioun, an dat ass en Element wat sécher positiv ass. Mir hunn no laangen Diskussiounen eis schlussendlech dofir décidéiert, eis um belschen Text unzelehnen. Et wier och anescht gaangen. Et sinn och aner Varianten diskutéiert ginn. Verschiddener hätten um Pabeier méiglecherweis an der Theorie och Avantagë gehat. Mir hunn awer schlussendlech gemengt, dass et géing Sënn maachen, an déi Gréng deelen och déi Aschätzung, een Text ze iwwerhuelen deen et gëtt, dee vläicht ausgeschafft ginn ass vu Leit, déi insgesamt méi Erfahrunge scho konnte sammelen.

Ech wëll awer och do direkt bemierken, dass dee belschen Text bis elo an der Belsch nach zu kenger eenzeger Condamnatioun gefouert huet. Dat Gesetz ass vun 1999 an zënter sechs Joer huet dat Gesetz offensichtlech dofir gesuergt, dass et an der Belsch keng Korruptioun méi gëtt.

(Hilarité)

Et ass natierlech e Geck. Selbstverständlech gëtt et an der Belsch Korruptioun, wéi an anere Länner och. Mä et muss een awer och do dat hannerfroen. A wa mer och elo en Text hunn, dee praktikabel ass, muss een och do awer sech d'Fro stellen, firwat dass an engem Land, wat awer trotzdeem e puer Kräck méi grouss ass wéi Lëtzebuerg, et bis haut net zu Condamnatiounen opgrond vun deem Gesetz komm ass. Dat fir wuechtsam ze bleiwen, net fir sech der Illusioun hierzeginn, mam Vote vun dësem Gesetz wiere mer duerch dës Diskussiounen. Mir wëssen, dass et, wéi an anere Länner och, mam Vote vum Gesetz net ka gedoe sinn.

Dat gesot, wëlle mer eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz hei bréngen.

Ofschléisse géing ech gäre mat enger Fro un d'Regierung. Och déi ass scho vu verschiddene Virriedner opgeworf ginn. Dat ass d'Fro vun der Korruptioun bei Personnes morales, bei Personnes juridiques. Do ware mer eis eens, dass et dëse Projet wäit retar-

déiert hätt, wa mer eis elo mat deem beschäftegt hätten. Et schéngt jo awer eng Unanimitéit hei am Parlament ze bestoen, dass mer doriwwer sollen e Gesetz maachen. Do hätt ech just gäre vun der Regierung eng prezis Äntwert op eng prezis Fro: Wëllt d'Regierung nach an dëser Legislatur esou e Projet de loi op de Wee bréngen iwwert d'Korruptioun bei de Personnes morales?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Dann huet elo nach d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

Ah, den Här Henckes huet sech net ageschriwwen, mä en huet sech awer elo gehuewen. Här Henckes, dann hutt Dir d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech hat mech iwwer onst Sekretariat bei alle Projets de loi aschreiwe gelooss.

Ech wëll ervirsträichen, datt - d'Madame Rapportrice an hirem mëndlechen Exposé vum Tango corruptis geschwat huet a wou se ervirgestrach huet, datt wann ee Korruptioun bedreift, da muss een zu zwee sinn, een deen d'Suen hëlt an eng Géigeleeschtung bréngt an een deen d'Sue gëtt. Dat ass e bësselchen, wann ech kënnt op e rezent lëtzebuergescht Beispill higoen, wéi wann d'lëtzebuergesch Regierung bei der Cepal Immobilien ofkeeft fir 12 Milliounen Euro, déi awer nuren e Wäert hu vu 5 Milliounen Euro, dann ass dat keng Korruptioun, well op där anerer Säit jo keng Géigeleeschtung schéngt gewiescht ze sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass also d'Differenz wou mer hei an der Matière pénale sinn an et ass kloer, datt wann ee schonn zu zwee muss esou eng Infractioun duerchzéien, an datt déi zwee da wéinst Korruptioun kënne condamnéiert ginn, souwuel deen aktive wéi dee passiven, dann - halen déi zwee zesumme wéi Kitt a Pech.

(Interruption)

Dofir gëtt et am Ausland…

(Interruptions diverses et hilarité)

Also, ech gesinn, Här Spautz, Dir kennt Iech vläicht an der Matière gutt aus, dofir kënnt Der nach herno d'Wuert ergräifen.

(Interruption)

Mä ech wëll awer just soen, datt mer hei an enger Matière eng etlech Schwieregkeeten hunn an der praktescher Applikatioun.

M. le Président.- Här Gibéryen, loosst den Här Henckes schwätzen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Dofir ergëtt et sech och, dass zënter 1999 beispillsweis an der Belsch mat esou engem Text net vill Resultater opkomm sinn. Et gesäit een, datt een eng Dispositioun misst afëieren, déi et a verschiddene Länner gëtt; dat ass dat, wat een nennt d'Kronzeugenregelung.

Dat heescht, datt wann een aus iergendengem Grond esou e Phenomeen wëllt dénoncéieren, quitte datt ee mat implizéiert war oder datt ee vläicht liichtfankeg Suen entgéintgeholl huet an dat herno regrettéiert, datt een deen Ablack net riskéiert an de Prisong ze kommen, well ee soss keng Aussoe ka maachen an de Corrupteur net ka virun d'Geriichter bréngen. Do muss ee sech d'Fro stellen, wéi een effikass an esou Affäre ka virgoen. Ech gesinn, datt Däitschland dee Wee geholl huet. Aner Länner refuséieren dat. Mä et ass awer derwäert, datt een déi Debatt féiert.

Da muss een och ervirsträichen, datt mer hei e relativ wäite Wee gemaach hunn an de leschte Joren um Niveau vum Combat vun der Korruptioun, well ech erënnere mech nach, datt an engen etleche Länner - Däitschland, Frankräich, Lëtzebuerg - déi Gelder, déi fir d'Korruptioun ausgi gi sinn am öffentleche Secteur oder am private Secteur an an d'Ausland iwwerwise gi sinn, steierlech zu Lëtzebuerg, an Däitschland, a Frankräich, fir nëmmen déi ze nennen, déductibel war. Dat heescht, datt et och nach gefördert ginn ass um steierleche Wee, fir esou Weeër ze goen.

Et ass verständlech, datt et noutwendeg ginn ass, fir um europäeschen Niveau an um Niveau vum Conseil de l'Europe eng resolut Aktioun an eng international Aktioun unzegoen, fir déi Korruptioun, déi ganz vill ekonomesch a sozial negativ Auswierkungen huet, ze bekämpfen, a mat deene Mëttelen, déi hei elo an deenen eenzelne Konventiounen an Texter virgesi sinn.

Do kommen ech och nach eng Kéier op meng Motioun zréck, déi ech virdrun zwar am Geescht vun der Regierung guttgeheescht kritt hunn, mä wou een awer gesäit, dass se herno net ugeholl gëtt. Mä et ass awer wichteg, datt mer iergendwéi awer versichen um Niveau vun der Regierung, ech wëll net soen an der Urgence, mä awer als Zilrichtung hunn, datt mer all déi Texter, déi hei bestinn, elo hu mer der an enger Sëtzung schonn zwee, dräi hei duerchgezunn, datt déi iergendwéi sech an engem Code erëmfannen.

Dat muss en Zil sinn, well soss ginn esou Dispositioune wéi déi, déi mer haut stëmmen, zwar gestëmmt, mä si kommen net zum Droen. Da mengen d'Leit et wier eppes, mä si ignoréieren, datt si iwwert dëse Wee géint Korruptioun am private Secteur beispillsweis kéinte virgoen an net nëmme géint déi, déi am öffentleche Secteur besteet.

Dat gesot, Här President, kann d'ADR-Fraktioun mat dësem Text d'accord sinn a mir wäerten en och dofir stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Jacques-Yves Henckes. D'Diskussioun ass domadden ofgeschloss a mir kommen direkt zum Vote vun dësem Projet de loi. Ech denken, dass alles relativ kloer an däitlech ass.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hat eng kuerz prezis Fro un d'Regierung gestallt, déi kann an zéng Sekonne beäntwert ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Jo, Här President. D'Äntwert ass jo. Mir wäerten e Gesetzesprojet iwwert d'Responsabilité pénale des personnes morales maachen. Mir schaffe schonn zwee Joer drun. Mä et ass awer och do méi komplizéiert, well soss hätt ech e schonn an der leschter Legislaturperiod gäre bruecht. Mä all déi juristesch Texter sinn extreem komplizéiert an dat erkläert och, firwat se ganz oft, wa se bis gemaach sinn, dann och e ganz laange Wee brauche bis se heihinner kommen. Et leien eng hallef Dosen extreem gutt Texter do, déi ënnerwee sinn am Statsrot, déi net heihinner kommen, déi zwee, dräi Joer ënnerwee sinn. Dofir bremse mer eis och e bëssen, fir der nach do derbäizeleeën, well mer gesot kréien, soss kommen déi Texter ni.

Ech denken un d'Afferschutzgesetz; ech denken un d'Ännerunge vun der Prozedur, fir méi schnell beim Strofgeriicht weiderzekommen. Dir kennt se alleguerte vum Rôle. Un deem dote schaffe mer wéi gesot. Ech mengen awer, datt dat nach op d'mannst een, zwee Joer dauert bis och déi doten Texter fäerdeg sinn, well mer och nach u ganz villen aneren Texter schaffen. Bei deenen, déi feelen, ass och d'Société européenne. Et sinn der also vill, déi ënnerwee sinn. Mä d'Responsabilité pénale des personnes morales kënnt, y compris d'Korruptioun.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Elo komme mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5262 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, der Resolutioun vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Spezialkommissioun, déi sech mam Gebitt vun der Zelleforschung befaasse soll. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Resolutioun, den honorabelen Här Claude Meisch.

9. Résolution de M. Claude Meisch relative à l'instauration d'une commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well Lëtzebuerg nach kee legale Kader fir Stammzellefuerschung an all déi Problemer, déi domadder direkt liéiert sinn, huet, wollte mer hei proposéiere fir eng Spezialkommissioun ze maache fir sech da spezifesch ëm déi dote Fro ze këmmeren.

Et ass esou, datt d'Europäesch Kommissioun virgesäit, datt all eenzelne Memberstat bei sech doheem eens gëtt, wéi en déi dote Fro traitéiert. Also si mer mat der Fro direkt confrontéiert. Et ass esou, datt déi Spezialkommissioun, déi bestanen huet an der leschter Legislaturperiod, nämlech d'Ethikskommissioun, schonn iwwert déi dote Fro, iwwert déi ganz Thematik diskutéiert hat, an dunn en Avis bei der nationaler Ethikskommissioun ugefrot hat. Deen Avis läit zanter zwee Joer do. En ass komplettéiert ginn duerch en Avis complémentaire ee Joer méi spéit, dee sech befaasst huet mat der Konventioun vun Oviedo vun 1997.

Also, sämtlech Iwwerleeungen, sämtlech Diskussioune si gefouert a mir missten also elo kucken, fir lues a lues awer an déi parlamentaresch Aarbecht ze kommen, fir dat Thema do erëm och an dësem héijen Haus opzegräifen an ze kucken, wéi mer légiféréiere kënnen.

D'Themegebitt ass ganz, ganz komplex a mir wëllen och an de Fong goe vun där doter Matière. Mir wëllen et also net mat enger ganzer Rei vun anere Projete vermëschen, an dofir war d'Iwwerleeung fir eng Spezialkommissioun ze grënnen.

D'Fro stellt sech zum Beispill, wat mer mat Embryoë maachen, déi scho bestinn? Kënnen déi fir Fuerschungszwecker genotzt ginn? D'Fro stellt sech och: Kënnen nei Embryoë kreéiert ginn, fir dann och herno domadder kënne Fuerschung ze bedreiwen? D'Fro iwwert dat therapeutescht Klone muss gestallt ginn. A wat fir engem Kontext wëlle mer dat hei am Land, an a wat fir engem Kontext wëlle mer dat hei am Land net? Etc., etc..

Ech erspueren Iech all déi Froen elo nach eng Kéier anzebezéien, mä d'Multitude vun deene Froen huet eis zur Konklusioun bruecht, datt eng Spezialkommissioun besser wier, wéi elo déi dote Froen an enger vun eise bestoende permanente Kommissiounen ze diskutéieren, well mer fäerten, datt awer d'Diskussioun do an der Mass vun der Aarbecht, déi do uläit, géing ënnergoen.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Also éischte Riedner ass den Här Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, mir hunn déi Motioun vun de Kolleege vun der DP mat villem Interesse zur Kenntnis geholl. Si werft eng wichteg Problematik op, déi u sech muss behandelt ginn. Do si mer mat hinnen eens. Mir ginn informéiert, dass mer geschwënn als Chamber chargéiert gi mat engem Gesetz iwwert déi Oviedo-Konventioun. Mir mengen zwar, dass dat soll an der zoustänneger Chamberskommissioun vun der Santé behandelt ginn.

Ech wëll net soen, dass ech prinzipiell géint Commissions spéciales sinn, mä ech sinn der Meenung, dass mer scho ganz vill Kommissiounen an dëser Chamber hunn, an enger relativ klenger Chamber, an dass mer dans la mesure du possible déi parlamentaresch Organismen huelen, déi mer hunn an dofir si mer der Meenung, dass een dës Problematik och an dëser Santéskommissioun kann diskutéieren.

Mir wëssen, dass mer en Embryoneschutzgesetz brauchen hei zu Lëtzebuerg, et muss also kommen. Ech mengen, déi Kommissioun do ass outilléiert fir och wichteg ethesch Problemer mat ze traitéieren, déi sech an deem Zesummenhank stellen. An dofir, mat allem Respekt fir déi Considérationen, déi an där Resolutioun do dra sinn, déi och inhaltlech Kapp a Fouss hunn, menge mer, dass mer net kënne mat enger Commission spéciale d'accord sinn, dass mer dat sollen an där zoustänneger Kommissioun maachen, wann dann d'Regierung déi néideg Gesetzer virleet. Mir hoffen, dass dat dann och geschwë kënnt.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Wie wëllt d'Wuert nach? Den Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Demokratesch Partei hei an hirer Motioun verlaangt, dat ass an de Considérantë ganz interessant. Mir mengen och, datt eng Debatt doriwwer misst gefouert ginn. Mir bedauere just e wéineg d'Formuléierung vun deem leschten Tiret, well do steet just eppes dra vun enger «commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines».

Ech mengen awer, datt d'Problematik méi grouss ass wéi just déi Cellules embryonnaires. An eisen Ae misst et drëm goen déi ganz Problematik, wann een eng Spezialkommissioun huet, ze behandelen, déi Der an de Considérantë jo och opgezielt hutt, zum Beispill d'Problematik vun de Cellules souches insgesamt, zum Beispill d'Problematik vum Clonage thérapeutique an et gëtt nach aner Saachen an der Recherche médicale, déi ethesch Froen opwerfen, déi elo hei net dra sinn.

Ech wëll just ee Beispill ginn. Hei gëtt dann haaptsächlech fokusséiert op embryonal Stammzellen. An den USA gi se méi wäit wéi dat. Am Moment leeft do eng Diskussioun an der National Academy of Sciences. Déi maachen Direktive fir eppes an de Gréff ze kréie wat do schonn an der medezinescher Fuerschung amgaangen ass ze lafen, nämlech carrément Hybriden tëschent Mënsch an Déieren!

Si sinn amgaangen déi ze fabrizéieren, fir ze kucke fir déi Hybriden, Mëschungen tëschent Mënsch a Schimpans beispillweis hierzestellen an déi dann als Ersatzorganlager ze fabrizéieren. Am Moment ginn op der Stanford University of California esou Considératioune gemaach. Och mat aneren Déieren ass dat gemaach ginn an dat werft natierlech ganz grouss ethesch Problemer op. An dat ass eng Diskussioun, déi wahrscheinlech an e puer Joer och hei op Europa zréckfält an da muss ee sech och mat esou ethesche Froen auserneee setzen.

Dofir wiere mir der Meenung, datt et scho sënnvoll wier eng Spezialkommissioun ze maachen. Mä mir bedaueren e wéineg, datt dës Regierung déi Iddi vun der leschter Koalitioun fale gelooss huet, well do hate mer nämlech eng spezial Ethikkommissioun. An där spezial Ethikkommissioun hu mer eis ënner anerem iwwert d'Sekteproblematik, iwwer Euthanasie an esou viru beschäftegt. Déi hätt solle virugefouert ginn an déi Kommissioun wier déi ideal Plaz gewiescht, fir ënner anerem déi dote Problematik och ze traitéieren.

Mir wieren der Meenung, datt een déi erëm misst afëieren, fir sämtlech ethesch Froen, an et ginn nach anerer, déi ech net opgezielt hunn, déi och doranner géife gehéieren. Déi Kommissioun misst an eisen Aen erëm nei geschaaft ginn an ech géif dofir och der Demokratescher Partei proposéieren, fir eng liicht Ännerung an hirem Décide virzehuelen. Wa se bereet wieren déi unzehuelen, da kënnte mer hir Résolutioun matstëmmen.

Eiser Meenung no soll et esou heeschen: «décide d'instaurer une commission spéciale éthique chargée entre autres de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules» an da géif ech net soen embryonnaires, mais sur les cellules «souches humaines» - dat heescht dat sinn adult Stammzellen an embryonal Stammzellen - «et des thérapies cellulaires en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière». Dat sinn zwou, dräi kleng Ännerungen, déi awer de Problem méi global géife maachen; dat heescht déi Gesamtproblematik sollt an enger Spezialkommission behandelt ginn.

Wann Der domadder kënnt d'accord sinn, da könnte mir och Är Propositioun hei ënnerstëtzen.

Merci

M. le Président.- Merci, Här Huss. Fir d'éischt huet den Här Gibéryen d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech am Fong mengem Virriedner, dem Här Huss uschléissen. Mir sinn och der Meenung, datt ee könnt erëm déi Spezialkommissioun Ethik, wéi mer se an der leschter Sessioun haten, aféieren. Prinzipiell sinn ech mam Här Fayot averstanen, datt een net soll méi Kommissiounen am Parlament maache wéi een der muss hunn. Mir waren och vun Ufank un eens, wéi déi nei Sessioun hei zesummekomm ass, datt een net méi sollt fir alles Spezialkommissioune maachen, an datt een deenen eenzelne Sachkommissioune sollt déi Sujetë mat ze behandele ginn.

Mir sinn nëmmen zu 60 a mir stellen och fest, datt ganz dacks an deene Spezialkommissioune Leit sech erëmfannen, déi dach dann iergendwéi an enger Kommissioun, hei gëtt ugeholl an der Santéskommissioun, déiselwecht Leit sinn. Mä ech géif zwou Saachen hei wëllen, déi zu Gonschte vun dëser Spezialkommissioun schwätzen, ervirsträichen.

Éischtens wësse mer, datt dat hei eng ganz komplex Matière ass, well déi, déi an der leschter Period an där Spezialkommissioun waren, déi vum Här Rippinger presidéiert ginn ass, wësse wéi komplex déi Matière ass a wéi vill Deeg, ech géif soe Méint, Joren driwwer diskutéiert ginn ass, fir iwwerhaapt zu deem Rapport ze kommen, deen deemools déi Kommissioun ausgestallt huet.

Wa mer dat géifen an d'Kommissioun vun der Santé ginn, dann ass et normal, datt eng Kommissioun, déi sech mat Projets de loi befaasst, sécherlech net déi Zäit kritt, fir dann am Kader vun hirer Kommissiounsaarbecht dës komplex a grouss Aarbecht könne seriö an uerdentlech ze realiséieren.

Dat Zweet wat ech wëll soen, dat ass, datt mer awer och erausfonnt hunn an der leschter Period, datt an deenen eenzelne Fraktiounen dach Leit waren, déi sech an där Matière do méi spezialiséiert hunn, déi net onbedéngt awer an der Sozialkommissioun waren, esou datt mer do awer soss erëm hikommen, wa mer géifen dat heiten der Santéskommissioun iwwerginn, datt mer dann erëm eng Mëschung kréichen, datt aner Leit sech erëm géifen an déi Sozialkommissioun misse mellen, just fir dat Gebitt, wou dat doten dann erëm géif behandelt ginn, wat dann erëm eng Opdeelung vun der Kommissioun wier, wat d'Saach erëm géif vill méi kompliziéiert maachen.

Dat gesot, Här President, si mir der Meenung, dass et fir déi Propositioun, déi elo hei gemaach ginn ass an dëser Matière, genuch Argumenter gëtt. Esou eng Kommissioun ass ganz wäit gefächert, si geet och bis bei d'Fro vun der Euthanasie. Alleguer déi ethesch Problemer a Froen, déi sech stellen, könnten an esou enger Spezialkommissioun behandelt ginn. Dat wier schonn derwäert, mengen ech, fir datt mer déi Froeproblematik géife seriö an intensiv diskutéieren an dofir ënnerstëtze mir als ADR och d'Asetze vun esou enger Kommissioun.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Den Här Meisch huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, mat där Propositioun vum Här Huss an och vum Här Gibéryen könne mer d'accord sinn, fir eis Resolutioun dohigehend ofzeänneren, datt mer eben net eng spezifesch Spezialkommissioun just fir d'Problematik vun de Stammzellen schafen, mä dann eng ethesch Kommissioun, déi sech natierlech primär emol mat där doter Diskussioun beschäftegt, well déi wierklech elo schonn zwee, dräi Joer op eng parlamentaresch Diskussioun a Konklusioune waart an dann natierlech eng ganz Rei vun anere Sujeten, déi um ethesche Plang och ustinn, diskutéiert solle ginn an diskutéiert musse ginn, datt ech déi an Zukunft géing unhuelen.

Also könne mer mat där Propositioun, wéi den Här Huss se och an Textform hei proposéiert huet, d'accord sinn.

M. le Président.- Den Här Wolter freet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech wollt just soen, Här President, datt eis Fraktioun sech den Ausféierunge vun der LSAP uschléisst, wat mech dispenséiert nach eng Kéier dorobber anzegoen.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert déi modifizéiert Resolutioun vum Här Meisch. Weess jidderee wéi elo de geneeën Text ass, iwwert dee mer elo ofstëmmen?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Huss hat e virgelies.

M. le Président.- Also jidderee weess Bescheed iwwert den Text, wéi en elo ausgesäit.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech ginn dovunner aus, Här President, datt déi meescht en net kennen, soss géifen se dofir stëmmen.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Könne mer dat par main levée maachen?

(Négation)

Da maache mer den elektronesche Vote.

Vote

D'Resolutioun ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, bei 19 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Ali Kaes), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Marcel Sauber), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner).

S'est abstenue: Mme Françoise Hetto-Gaasch.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir de 26. an den 28. Abrëll, dat ass d'nächst Woch dënschdes an donneschdes. Mëttwochs ass keng Sitzung. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass elo opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)

Ordre du jour

1. Communications
2. Composition des commissions parlementaires
3. Règlement de la Chambre des Députés
4. Ordre du jour
5. 5277 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

   (Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale)
6. 5384 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard

   (Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5277 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime - Suite

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. Débat sur l'application du principe de subsidiarité dans le cadre du troisième paquet ferroviaire

   (Discours introductifs - Discussion générale)
9. Demandes en naturalisation

   Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix.- Net fir de Moment, Här President.

M. le Président.- Dann huele mer Akt dovunner, dass d'Regierung am Laf vum Mëtte sech zu Wuert melle wäert.

1. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. 5465 Projet de loi modifiant a) la loi du 29 juin 2004 sur les transports publics b) la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Dépôt: Monsieur le Ministre des Transports, le 21.04.2005

2. 5466 Projet de loi portant approbation - de la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, et du Règlement, faits à Washington le 2 décembre 1946 - du Protocole, fait à Washington le 19 novembre 1956, à la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, faite à Washington, le 2 décembre 1946

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.04.2005

3. 5467 Projet de règlement grand-ducal concernant la fourniture d'énergie électrique basée sur les énergies renouvelables

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 25.04.2005.

2. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse ubelaangt, wëll ech d'Chamber froen ob se domat averstanen ass, datt den Här Henri Grethen den Här Claude Meisch fir de Volet Égalité des chances ersetzt?

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Wann d'Chamber domat averstanen ass, ass et esou décidéiert.

3. Règlement de la Chambre des Députés

An den Artikele 87 bis 97 befaasst eist Chamberreglement sech mat der Procédure budgétaire an domat implizit mat der Debatt iwwert den État de la nation. Aus organisatoresche Grënn schloen d'Presidentekonferenz an d'Regierung vir, datt d'Deklaratioun an d'Debatten iwwert d'Lag vun der Natioun während dëser Sessioun ausfalen. Am Géigenzuch soll den Här Premierminister den zweeten Dag vun der Rentrée eng Deklaratioun iwwert déi wichteg politesch Zilsetzunge vun der Sessioun 2005/2006 vun der Regierung maachen, mat enger uschléissender Debatt, déi géing den Dag duerno stattfannen.

Ech wëll d'Chamber deemno froen ob se domat averstanen ass, datt während där lafender Sessioun keng Debatt iwwert den État de la nation stattfënnt.

(Interruptions)

Ech gesinn, datt d'Majoritéit domadder averstanen ass. Dann ass et also esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen:

D'Chamber siégéiert haut, an iwwermar um hallwer dräi.

Haut de Mëtteg steet op eisem Ordre du jour:

1. de Projet de loi 5277 iwwer international maritim Konventiounen, nom Basismodell. Bei dësem Projet ass eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt;

2. de Projet de loi 5384 iwwert d'Intérêts de retard, och nom Basismodell;

3. eng Debatt iwwert d'Uwendung vum Subsidiaritéitsprinzip am Kader vum drëtte Paquet ferroviaire an da

4. hu mer och nach um Enn vun der Sitzung d'Naturalisatiounen.

En Donneschden hu mer op eisem Ordre du jour:

1. de Projet iwwert de Schutz vu Kulturgidder, nom Basismodell;

2. d'Projeten 5178, 5179, 5180 an 5181, genannt Paquet Télécom, nom Modell dräi. Dës véier Projete ginn innerhalb vun enger Diskussioun regruppéiert. De Rapporteure sti fir all Projet eng ugemiesse Riedezäit zur Verfügung.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5277. Et handelt sech heibäi ëm international maritim Konventiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht Et ass bis elo just den honorablen Här Henri Grethen ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

5. 5277 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5277, zu deem ech haut schwätzen, reit sech an eis international Gesetzgebung an. D'Zil ass et nämlech, d'Gesetz a Saache Miereskonventioune vum 9. November 1990 ëmzeänneren an och ze ergänzen.

Virewech wëll ech awer drop hiweisen, datt et sech bei dësem Gesetzesprojet ëm eng sou genannten Dévolution de puissance souveraine handelt, an anere Wierder erfuerdert dat, datt d'Chamber mat enger 2/3-Majoritéit muss fir dëse Projet stëmmen, fir datt en ugeholl ka ginn.

Déi lescht 15 Joer hu bewisen, datt een Accidenter, déi op eise Stroossen, an der Loft oder um Mier passéieren, net verhënnere kann. Dat bedeit awer net, datt een se net reduzéiere kann. An dat ass d'Haaptuleies vun dësem Gesetzesprojet. Nämlech ons international Gewässer méi sécher maachen, andeems mer méi héich Qualitéitskritäre vun de Schëffer verlaangen, d'Sécherheetsstandarden gradewéi d'Kontrollnorme sollen eropgesat ginn, a gläichzäiteg sollen och besser Bedingunge fir d'Besatzungen agefuerdert ginn.

Och dëse leschten Aspekt, mengen ech, ass besonnesch wichteg, well dat jo och scho laang vun de Gewerkschafte gefuerdert gëtt. Hautdësdags ginn nämlech méi wéi dräi Véierel vum Welthandel iwwert de Waasserwee transportéiert, sief dat iwwert d'Mier, iwwer Séier oder iwwer Flëss. Iwwerall brauche mer ähnlech streng Sécherheetsmoossname fir ons Ëmwelt, ons Fëschbestänn, mä awer och fir d'Awunner vun de Küsten an Uferregiounen an hiert Liewensëmfeld ze schützen.

Laut Statistike wäert de Schëffsverkéier an deenen nächste Joren och nach weider no uewe goen. An Zäite wou de Pëtrol ëmmer méi rar an och ëmmer méi deier gëtt, wäerten d'Schëffscontainer als idealen Transport ëmmer méi geschat an awer och ëmmer méi benotzt ginn. D'Schëffer ginn ëmmer méi performant, si kënnen ëmmer méi Tonnen an enger kierzerer Zäit transportéieren. Allerdéngs dierf dobäi d'Sécherheet net ze kuerz kommen.

Ech wëll erënneren un e puer schrecklech Schëffskatastrophen an deene leschte Joren, déi d'Küsten a ganz Europa verknascht hunn an de Leit net nëmmen hire Strand verschmotzt hunn, mä och hir Liewensqualitéit verschlechtert hunn. Ech wëll der do e puer nennen, déi an deene leschte Jore passéiert sinn. Am Joer 1993 ass den Uelechtanker „Braer" virun de britesche Shetlandinselen op Fiels gelaf. D'Resultat war: Méi wéi 85.000 Tonnen Uelech sinn an d'Mier gelaf. An ähnlech war et e puer Joer drop bei engem aneren Accident, d'„Sea Empress" op der Küst vu Wales, wou iwwer 130.000 Tonnen Uelech ausgelaf sinn.

Mä et sinn net ëmmer d'Uelechtanker, déi fir Opreegung an Entsetze suergen. Et soll ee sech och erënneren un d'Katastroph vun der MS Estonia, dat Schëff wat de 27. September '94 zu Tallinn a Richtung Stockholm opgebrach ass a wat do leider ni ukomm ass. Deemools sinn do bal 900 Leit ëm d'Liewe komm.

Dofir musse mir eis Flichten als Parlamentarier wouerhuelen an dofir suergen, datt esou Accidenter net méi virkommen. Dofir sollte mir alles ënnerhuele wat zur Sécherheet vun de Fähren, den Tankeren, de Kräizschëffer, de Frachtere bäidréit. Notamment sollen d'Modifikatiounen, déi an dësem Projet de loi stinn, vun deene verschiddene Miereskonventiounen dozou bäidroen, d'Sécherheet um Mier ze verbesseren an d'international Kooperatioun ze verdéiwen.

Zënter dem 9. November 1990 huet sech an der Schëffstechnik vill gedoen. Dëse Projet soll dee juristesche Kader un déi nei Techniken an un déi nei Ufuerderunge vun haut upassen. An anere Wierder, et geet ëm eng Adaptatioun vun de rechtlechen Instrumenter un d'Ufuerderungen an och un d'Erausfuerderunge vun onser Zäit.

Déi international Mieresorganisatioun OMI, déi am Joer 1948 gegrënnt ginn ass, stellt de Rahme fir dëst internationaalt Mieresofkommen duer. Si gliddert sech als Ënnerorganisatioun vun der UNO an dat internationaalt Feld vun de Konventiounen a Verträg an. Am Moment sinn 164 State Member, an alleguer zesummen hu si een Zil virun Aen, nämlech déi international Schëfffahrt méi sécher ze maachen an esou mat zum Schutz vun der Ëmwelt vun den Awunner a vun de Besatzunge bäizedroen.

Opgrond vun deenen heitege Gegebenheeten an och opgrond vun den Accidenter, op déi ech am Ufank agaange sinn, kann ech d'Chamber, Här President, nëmmen dozou opfuerderen, Jo zu dësem Projet ze soen.

Weder de Conseil d'État, nach déi zoustänneg Kommissiounen, haten iergenwellech Observatiounen zu dësem Gesetzesentworf ze maachen. Dofir géif ech och heimat den Accord vu menger Fraktioun ginn, an der Hoffnung datt mir duerch dës Ratifikatioun Mieres- a Schëffskatastrophen aus der Vergaangenheet wesentlech reduzéiere kënnen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorablen Här Henri Grethen. Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Gesetz iwwert de Pavillon maritime gestëmmt ginn ass, war d'Demokratesch Partei strikt géint déi Initiativ, well mer der Meenung waren, dass et eng falsch Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie wier.

Un där grondsätzlecher Haltung huet sech näischt geännert an och an deene fënnef Joer wou ech Transportminister war hunn ech mech net doduerch ausgezeechent, dass ech eng offensiv Politik fir dee Pavillon gemaach hunn. Ech hunn, au contraire, an allen europäesche Réuniounen, an ech mengen, dass d'Ereegnisser mer Recht ginn hunn, derfir plädéiert, dass déi héchstméiglech Sécherheetsstandardë géife respektéiert ginn, an zum Beispill Initiative wéi d'Obligatioun bei Pétrolieren nëmme méi Schëffer anzesetzen, déi eng duebel Coque hätten, hunn all Kéier d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger Regierung fonnt.

Ech sinn dofir frou an dofir kann ech mech mat dësem Projet d'accord erklären, well en d'Sécherheet verstäerkt. Ech géif awer d'Regierung warnen dovir, fir an dësem Secteur offensiv virzegoen. De Risiko fir Lëtzebuerg, fir d'Image de marque vu Lëtzebuerg ass ze grouss, an d'Retombéeën, déi ekonomesch, déi finanziell fir Lëtzebuerg si vill ze vill kleng.

Mir wäerten als Fraktioun eisen Accord zu dësem Projet ginn, deen an d'Richtung vu méi Sécherheet geet, wëllen awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir der Iwwerzeegung bleiwen, dass dëse Secteur kee Secteur vun der Zukunft vun der Lëtzebuerger Ekonomie ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. D'Wuert huet elo fir d'Regierung den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

(Interruption)

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Elo ass en un. Ech war nach net laang genuch an der Chamber fir ze wësse wéi dat do geet, schéngt et mir.

Ech hu Kenntnis geholl vun dem Statement vun dem Henri Grethen, deen de Projet hei deponéiert huet nach, an dee gesot huet seng Fraktioun kéint dat hei och droen. Ech wëll haaptsächlech dem Rapporteur Merci soen, dass hien eis duergeluecht huet, ëm wat dass et hei geet.

Hei geet et ëm d'Kompilatioun vun enger ganzer Rei Texter, déi, esouwuel wat de Volumen wéi och de Fong ubelaangt, zesummegeluecht ginn. Mir féieren hei keng Diskussioun iwwert d'Ausriichtung vum Pavillon maritime, sinn awer gär bereet dat heibannen nach eng Kéier ze maachen, vu datt ech do souwisou meng eege Meenung entwéckelt hunn, an déi geet a Richtung, dass dat, wat déi grouss Pétrolieren ubelaangt, fir eis keng Zukunft ass. Do sinn ech mam Henri Grethen d'accord. Ech sinn allerdéngs der Meenung, dass et een Instrument vun Diversifikatioun ka sinn an anere Beräicher, déi eben net just déi grouss Pétroliersschëffer beinhalten. Doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn.

Lëtzebuerg huet net méi esou vill Méiglechkeete fir sech ze diversifiéieren. Mir kënnen nach e puer Saachen zoumaachen. Ech gesinn am Moment net, wou mir der opmaachen, an dofir mengen ech, dass all klengt Stéck ee Bäitrag ass zu der ganzer wirtschaftlecher Entwécklung, déi Lëtzebuerg gären hätt. Dofir kënne mir déi Diskussioun roueg eng Kéier féieren.

Ech mengen, dee Projet hei ass haaptsächlech geduecht, dass mir eng Ofsécherung bréngen, wa Schëffskatastrophen an där doter Aart kommen. Et muss een awer wëssen, dass de Schëffswee vis-à-vis vum Wee duerch d'Luucht nach wie vor eng ganz Rei Avantagë beinhalt, an dass en och muer noutwendeg ass. Ech weess nämlech net, wéi mir soss eis Trägere vun der Arcelor hei aus Europa bis op Shanghai kréien, fir do anstännege Business ze maachen, wa mir dat net um Schëffswee maachen. Dat kënne mir jo schlecht mat Fligere maachen. Dofir mengen ech, dass dat nach ëmmer eng Zukunft huet an dass mir och sollen do matmaachen.

Mir hunn ee Secteur financier, deen dorun hänkt, mir hunn haaptsächlech den Assurancësecteur, deen do interessant Betätegungsfelder fënnt. Ech mengen, dass och hei kee Problem dierft si fir d'Chamber fir dat matzestëmmen, well et sech jo dorëm handelt, d'Saach op där enger Säit besser ofzesécheren an op där anerer Säit eng Rei Garantië fir d'Leit, déi op deene Schëffer do schaffen, ze bréngen. Dofir wier ech frou, wann Dir der ganzer Saach géingt Är Zoustëmmung ginn.

Här President, dat esouwäit zu deem heite Projet.

M. le Président.- Merci, Här Minister, fir Är Explikatiounen.

Ech géif proposéieren, dass mir de Vote géife reportéieren op herno, no dem nächste Projet. Mir musse jo d'Majoritéit hunn.

Voilà, mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5384 iwwert d'Intérêts de retard. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner.

6. 5384 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Verbrieche Scholden ze hunn…

(Hilarité)

…, mä si sinn awer eng iwwel Saach, a ploen net nëmmen deen, dee Sue schëlleg ass, mä och deen, deen der ze kréien huet, an domadder eis ganz Ekonomie. Hei kann nëmmen eng Discipline pécuniaire hëllefen, an dat esougutt am private wéi am kommerzielle Beräich.

Den Napoléon Bonaparte huet a sengem Code civil deen allgemenge Prinzip festgeluecht, dass d'Onpünktlechkeet am Bezuelen nëmmen da kann zivilrechtlech sanktionéiert ginn, wann de Créancier dem Débiteur eng schréftlech Mahnung zoustellt mat der Opfuerderung seng Scholde fristlos ze bezuelen. Wann net, da lafen d'Zënsen vun dem Dag vun dëser Interpellatio, dat wëllt soe vun där Mise en demeure, un.

Dësen Artikel 1153, dee viru méi wéi 200 Joer geschriwwe ginn ass, huet schonns zu där Zäit d'Méiglechkeet vu Sonderregelunge fir d'Handels- an d'Geschäftswelt virgesinn.

Am Joer 1909 hat de Législateur eng Léisung um Dësch, fir déi finanziell Interesse vun den Handwierker an den Eenzelhändler, den Détaillants, vis-à-vis vum private Verbraucher ofzesécheren. Dësen Text schreift vir, dass déi gesetzlech Verzuchszënsen automatesch de plano, dat wëllt soen ouni schréftlech Opfuerderung, dräi Méint no der Liwwerung vun de Wueren oder den Aarbechten ulafen, ënnert der Konditioun selbstverständlech, dass dat an de Facturë festgesat ass.

Am Joer 1984 ass dëst Gesetz iwwerschafft ginn, wat den Taux légal betrëfft. Dës zwee Gesetzer vun 1909 an 1984 zesumme mat den Dispositioune vum Code civil hunn déi ganz Problematik vun de Retards de paiement a vun de Verzuchszënse ganz eleng bis d'lescht Joer geregelt. Dat wëllt soe bis zu deem Moment, wou den 18. Abrëll 2004 déi zwee Gesetzer gläichzäiteg ofgeschaf an ersat goufen duerch dat Gesetz.

Dëst neit Gesetz, dat vun 2004, huet an éischter Linn an haaptsächlech déi europäesch Direktiv iwwert d'Bekämpfung vun de Retards de paiement am kommerzielle Secteur transposéiert. Dës Direktiv huet als Objektiv eise Kleng- a Mëttelbetriber d'Andreiwe vun hire Rechnungen ze vereinfachen, an dat esougutt a grenziwwerschreidende wéi internationale Geschäftsverbindungen.

Säit e puer Joer bedauert nämlech d'EU-Kommissioun d'Verschlechterung vun de Pünktlech-Bezuele-Praktiken an och d'Ofhuele vum Vertrauen an de Kredit nom Motto: Le crédit est mort, les mauvais payeurs l'ont tué.

D'Gesetz vum 18. Abrëll 2004 setzt sech aus dräi grousse Kapitelen zesummen, dat ass fir d'éischt d'Kapitel 1, dat transposéiert déi Direktiv an duerch déi Transpositioun hu mir elo intern an eiser Gesetzgebung dräi nei Regelen, déi wichteg si fir eis Kommerzwelt.

Dat ass fir d'alleréischt: Wann net aneschtes ofgemaach ass, gëtt présuméiert, dass bannen drësseg Deeg no der Rechnung bezuelt muss ginn. Wann net bannen drësseg Deeg bezuelt ass, lafe Verzuchszënse vun 9%, déi sech baséieren op den Taux directeur vun der Europäescher Zentralbank.

Drëttens, och eng Neierung, de Créancier kann dem Débiteur seng Affekotskäschte fir d'Andreiwe vu senge Rechnunge viru Geriicht zréckfroen.

Dëse Kapitel 1, muss een awer bemierken, dee bezitt sech exklusiv nëmmen op all kommerziell Transaktiounen, déi sech tësche Geschäftsleit, Handwierker a Fräiberuffler ofspillen, oder tëschen hinnen an enger Gemeng oder dem Stat.

Domadden ass awer all Struktur gemengt, all Betrib, deen enger wirtschaftlecher oder eegestänneger Aktivitéit nogeet, egal, ënner welcher juristescher Form dëse Betrib constituéiert ass.

Wat awer elo Transaktioune betrëfft zwëschent dem Geschäftsmann an dem Consommateur, esou spille weider d'Regele vun de Gesetzer vun 1909 an 1984, déi awer elo am 2. Kapitel vum Gesamttext vum 18. Abrëll 2004 nei regruppéiert gi sinn. Dës al Texter sinn tels quels mat enger minimaler Ëmännerung an dat neit Gesetz iwwerholl ginn, an am Artikel 12 gëtt festgehalen, dass d'Rechnunge vun engem Geschäftsmann un de Particulier de plano déi gesetzlech Zënsen droen. An dat zu engem Zënssaz, dee Joer fir Joer duerch e Règlement grand-ducal fixéiert an am Mémorial publizéiert gëtt.

An engem drëtten a leschte Kapitel vun dësem Gesetz sinn d'Dispositions transitoires an abrogatoires virgesinn. Esou wäit, esou gutt.

Dëse Gesetzestext ass den 18. Abrëll d'lescht Joer an dësem Haus votéiert ginn. Bei der Ëmsetzung huet sech awer erausgestallt, dass d'Dispositioun iwwert den Taux légal tëschent Privatleit ersatzlos gestrach ginn ass. An zwar an deem Moment, wou d'Gesetz vun 1984 abrogéiert a gläichzäiteg an dat neit Gesetz vun 2004 agebaut ginn ass.

Firwat ass hei eng Lacune entstan? Well nämlech ganz einfach déi gesetzlech Zënsregelungen net nëmmen zweepolesch, mä dräipolesch sinn. Dat heescht, niewent der Zënsfoussreglementéierung vun de Créancen aus enger Transaction commerciale, déi sech nom Taux directeur vun der Europäescher Zentralbank orientéiert a virgesinn ass am Kapitel 1, hu mir den Taux légal, dee sech eenheetlech applizéiert, sougutt bei Créancen tëschent Geschäftsleit a Privatleit, sou wéi et am Artikel 14 am Kapitel 2 virgesinn ass.

Mä deen Taux légal applizéiert sech awer och tëschent Créancen,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif ëm Opmierksamkeet bieden!

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.*- …déi nëmmen tëschent Privatleit respektiv vu Geriichter allouéiert ginn. Mat der Ofschafung am Kapitel 3 vun deem Gesamttext huet awer den Taux légal, wat d'Privataffären ubetrëfft, seng Base légale verluer. An dofir solle mir elo den Artikel 15 vun dësem Gesetz erweideren, an zwar mat deem Saz: «Dans tous les cas non visés aux chapitres I et II de la présente loi, le taux de l'intérêt légal est celui fixé à l'article 14.» An domadder ass eist Gesetz vum 18. Abrëll 2004 vollstänneg.

De Statsrot ass mat dëser Prozedur averstan, an am Numm vun der Commission juridique, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, erlaben ech mer Ären Accord zu dësem Projet de loi ze froen, dee méi Kloerheet wäert schafen. E steet och do fir eng gréisser Sécurité juridique, déi ganz am Interesse ass vun eiser Geschäftswelt, vun eise Betriben, mä och vum Konsument. Ech ginn heimadder och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech soen Iech Merci, esou wéi der Rapportrice, där ech hei vun eiser Bänk aus wëll félicitéiere fir hir Rapporten. Et ass net fir d'éischt, dass se ganz komplett war am schréftlechen an am mëndleche Rapport.

Wéi gesot, d'Madame Doerner sot, et wier fir méi Kloerheet. Et geet net nëmmen ëm méi Kloerheet, et geet iwwerhaapt fir Kloerheet, well de Problem ass am Moment, et wosst keen op wat e sech sollt baséieren, a mat deem heiten Text gëtt e Punkt, deen eben an deem Gesetz vum 18. Abrëll 2004 vergiess gi war, komplettéiert, dee fir d'Taux d'intérêts légaux fir d'Créances non contractuelles an d'Créancë fir verschidde Kontrakter tëschent Particulieren.

Wéi gesot ass dat heiten eng Perfektioun vun deem Gesetz wat mer hunn, an net nëmmen eng Perfektioun, mä dat heescht eng Gesetzkomplettéierung well dat gefeelt huet, an dofir wäert selbstverständlech och d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heite Projet de loi stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Den honorabelen Här Klein mellt sech zu Wuert. Här Klein!

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).*- Jo. Här President, ech wollt och der Rapportrice Merci soe fir déi gutt Rapporten. Si war ganz explizit. Deem ass net méi vill bäizefügen.

Duerch d'Gesetz vum 18. Abrëll 2004 war par rapport zum Artikel 1153 e Vide juridique entstanen, an duerch déi hei Dispositioune gëtt dat erëm alles an d'Rei gesat. Wat elo d'Abezéie vun de liberale Beruffer an déi kommerziell Transaktiounen am Zesummenhang mam Gesetz vum 18. Abrëll 2004 ubelaangt, sou war dee Problem schonn iwwert de Wee vun der Direktiv opgekläert ginn, esou dass den Awand, deen de Statsrot op deem Plang gemaach huet, hifälleg ass. Dat Gesetz hei ass elo ganz konform an et besteet keng Insécurité juridique méi. Duerfir géif ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Dann ass d'Riednerlëscht ausgeschöpft. Mir kënnen direkt zum Vote komme vun dësem Projet 5384.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Hei geet erëm näischt. Dir musst Iech ee Moment gedëllegen, dat funktionéiert nach net. Ech denken, datt et elo geet.

De Projet ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement (par Mme Martine Stein-Mergen), Mmes Christine Doerner (par M. Fred Sunnen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

7. 5277 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime (suite)

Mir kéimen dann zréck zu dem Projet 5277. Dat war de Projet, dee mer virdrun haten. Da géife mer doriwwer ofstëmmen.

Et ass keng Prokuratioun bei deem Projet erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir musst Iech ee Moment gedëllegen. Voilà, de Vote fänkt un.

De Projet ass mat 48 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Debatt iwwert d'Uwendung vum Subsidiaritéitsprinzip am Kader vum drëtte Paquet ferroviaire. Et sinn 30 Minutte Riedezäit virgesinn, éischtens fir de President vun der Commission des Affaires étrangères, fir de President vun der Transportkommissioun a pro Fraktioun an och fir d'Regierung. Ee gëtt behandelt wéi deen aneren. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Grethen an den Här Braz. D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot als President vun der Commission des Affaires étrangères. Här Fayot!

8. Débat sur l'application du principe de subsidiarité dans le cadre du troisième paquet ferroviaire

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, mir sinn an dëse Wochen amgaang, eng öffentlech Debatt iwwert d'Europäesch Verfassung ze féieren…

Une voix.- De Mikro! De Mikro!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech huelen un, dass de Mikro un ass.

(Interruption)

Da musse mer mat der Technik schwätzen.

Une voix.- Aahh!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Eng vun de groussen Neierungen an dëser Verfassung ass déi nei Roll vun den nationale Parlamenter an Europa.

D'Verfassung stellt déi national Parlamenter erëm op eng wichteg a richteg Plaz, zwar net op déi vum Gesetzgeber an Europa - dat ass jo bekanntlech d'Europaparlament an de Ministerrot -, mä d'national Parlamenter gi vun der Verfassung an eng wichteg Kontrollfunktioun am Ufank, während an zum Schluss och vun där Gesetzgebungsprozedur gesat. Domat gëtt déi parlamentaresch Komponent an dem europäesche Muechtapparat entscheedend gestäerkt. Domat kann déi parlamentaresch Demokratie an Europa souwéi an de Memberlänner endlech duerchgesat ginn.

Domat gëtt et dann och méiglech, d'europäesch Politik méi no bei de Bierger ze gestalten. D'Deputéierten an den nationale Parlamenter sinn déi, déi ganz no bei de Bierger an domat bei hire Suerge sinn. Si kënnen hinnen d'Politik vun Europa erklären an Afloss op hir Ministeren als Gesetzgeber an Europa ausüben.

Dës Errongenschaft vun der Verfassung ass net vun haut op muer an dee Vertrag erakomm. Et ass de virleefegen Ofschloss vun enger laanger Entwécklung hin zur Parlamentariséierung vun der Europäescher Unioun. Déi Parlamentariséierung ass d'Resultat vun der permanenter Stäerkung vum Europaparlament säit 1979, wéi och vum Afloss vun enger Partie nationale Parlamenter.

Ech erënneren drun, dass 1991 schonn zu Roum am Gebai vum italienesche Parlament Assisen zesummekomm sinn, un deenen europäesch an national Deputéierten deemools deelgeholl hunn, fir hiren Afloss bei der Ausschaffung vum Vertrag vu Maastricht auszeüben. Deen Afloss war allerdéngs geréng an d'Regierungen hunn dee Vertrag meeschtens hanner zouenen Dieren ausgeschafft. Säithier sinn et keng esou Masseveranstaltunge méi zwëschent Europaparlament an nationale Parlamenter ginn.

D'parlamentaresch Komponent vun Europa, dat war laang Jore virun allem e selbstbewosst Europaparlament, wat bei all Vertrag méi Pouvoirë krut. Zwëschent dem Europaparlament an dem Nationalparlament war et och eng Zäit éischter eng misstrauesch Attitüd, een huet deen aneren e bëssen en chiens de faïence gekuckt. Déi eng hu geduecht, déi aner wären hire Konkurrent.

An de leschte Joren allerdéngs huet dës Haltung enger wuessender Zesummenaarbecht Plaz gemaach. Haut ass et ëmmer méi üblech, dass Kommissioune vum Europaparlament an den Nationalparlamenter zesumme Sitzungen ofhalen.

Rezent ass an der Erënnerung déi Sitzung, déi zwee Deeg laang gedauert huet iwwert de Lissabon-Prozess, ënnert dem Virsëtz vum Josep Borrell an dem Lucien Weiler, oder och d'Sitzung vun de Finanzkommissioune vum Europaparlament an den nationale Parlamenter, ënnert dem Virsëtz vum Laurent Mosar an dem Här Lewandowski. Am Mee hu mer eng Sitzung vun de Verdeedegungskommissioune vum Europaparlament mat den entspriechende Kommissiounen aus de 25 nationale Parlamenter.

Zu dësem Rapprochement vun de Parlamenter vun Europa hu sécher och déi zwee Konventer bäigedroen, deen éischten, deen 1999 bis 2000 d'Charta vun de Grondrechter ausgeschafft huet, an deen zweeten, deen d'europäesch Verfassung zwëschent Februar 2002 a Juli 2003 ausgeschafft huet. Allenzwee Konventer si massgeeblech vu Parlamentarier gepräegt ginn, zesumme mat Regierungsvertrieder a Vertrieder vun der Zivilgesellschaft. Allenzwee Konventer waren d'Geleeënheet vu Parlamentarier, aus ville politesche Richtungen an Usiichten iwwer Europa, d'Ausriichtung vun deem zukünftegen Europa festzeleeën.

Dëst ass eng demokratesch Method, déi d'national Parlamenter voll an d'Gestaltung vun der Europäescher Unioun erabruecht huet. Et ass eng offen an transparent Method, bei där demokratesch legitiméiert Vertrieder aus de Parlamenter hiren Afloss an der Europäescher Unioun, niewent a mat deem vun de Stats- a Regierungschefen, wéi och vun de Ministeren, abrénge kënnen.

Et ass dofir ëmsou méi traureg, eigentlech, dass eent vun den Argumenter vun de Verfassungsgéigner ass, dass dëse Konvent a senger Bedeitung net dat gewiescht wär, wéi en eigentlech war, e soll a senger Bedeitung erofgespillt ginn, an de Konventsmembere gëtt d'demokratesch Legitimatioun ofgeschwat. Gradesou bedauerlech, muss ech allerdéngs och soen, ass fir mech d'Ironie mat där eise Statsrot d'Roll vun deem Konvent begleet. De Fonctionnement wéi och d'Öffnung vun deem Konvent op d'Zivilgesellschaft op d'Bierger dobaussen ass eppes komplett Neies fir d'Europäesch Unioun. Dofir ass jo och d'Konventsmethod an d'Verfassung ageschriwwe ginn, fir bei den zukünftege Vertragsännerungen oder Revisiounen agesat ze ginn.

An deem Verfassungsvertrag kréien iwwregens d'national Parlamenter och nach eng ganz Partie aner nei Pouvoiren. Ech erënneren drun, dass zum Beispill bei der vereinfachter Revisiounsprozedur d'national Parlamenter mussen informéiert ginn a mussen hir Zoustëmmung zu dëser vereinfachter Revisiounsprozedur ginn. Déiselwecht vereinfacht Revisiounsprozedur kann och fir den drëtten Deel vun der Verfassung agesat ginn, och do muss eng Revisioun an all Parlament duerch e konstitutionelle Vote approuvéiert ginn.

An der Politik vun der Justiz an der Fräiheet kréien och d'national Parlamenter eng nei Kontrollfunktioun, déi nach méi staark ausgepräegt ass wéi bei deenen anere Politikberäicher. D'national Parlamenter sinn och agebonnen an d'Kontroll vun Europol, also vun der polizeilecher Zesummenaarbecht.

Et kënnt also munches duer op onst Parlament, am kloerste geet dat aus den zwee Protokoller iwwert d'Roll vun den Nationalparlamenter an der Europäescher Unioun an iwwert d'Applikatioun vun de Prinzipie vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit ervir.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Säit Jorzéngte gëtt an der Europäescher Unioun de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip verlaangt. Dëse Prinzip erschéngt an de verschiddene Verträg, déi noëneen d'Europäesch Unioun opgebaut hunn. Dee Prinzip seet bekanntlech, fir dat ganz kuerz ze soen, dass um europäeschen Niveau nëmmen dat soll gemaach ginn, wat do méi efficace wéi um nationale Plang gemaach ka ginn. Selbstverständlech am Kader vun de Kompetenzen, déi der Europäescher Unioun zougesprach ginn.

D'Subsidiaritéit ass also kee Mëttel fir ze soen, wat fir Kompetenzen d'Europäesch Unioun huet oder wat fir Kompetenzen d'national Staten hunn, mä d'Subsidiaritéit ass e Mëttel fir déi Kompetenzen, déi d'Europäesch Unioun huet, besser kënnen auszefëllen.

1997 ass de Vertrag vun Amsterdam ugeholl ginn, an dora war schonn e Protokoll iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter. A

ville Länner an och zu Lëtzebuerg sinn eenzel Initiative geholl ginn, fir dës Roll ze stäerken. Ons Chamber, an de vergaangene Joren, huet Leit agestallt fir d'Europapolitik ze verfollegen.

Mir hu fir den Ableck zwee Fonctionnairen, déi dorobber spezialiséiert sinn. Mir hunn och, wéi 16 aner national Parlamenter, säit leschtem Joer e Vertrieder vun der Chamber zu Bréissel, deen am Europaparlament installéiert ass, dat am Kader vun der Présidence vun der COSAC, also där Conférence des Organes Spécialisés en Affaires Communautaires, déi sech e stännegt Sekretariat ginn huet. An dësem Sekretariat sinn déi dräi Länner, déi vun der viregter, der heiteger an der kommender Présidence, mat engem Fonctionnaire vertratt.

Et gesäit een och, dass vill Parlamenter, besonnesch a méi rezente Memberlänner, déi parlamentaresch Iwwerwaachung vun hirer Regierung an Europa ganz seriö huelen an intern Strukturen dofir op- an och ausgebaut hunn an nach weider ëmmer ausbauen.

Och d'Chamber, ons Chamber huet sech nei Mëttele ginn. Ech erënneren drun, dass all Deputéierten Zougank zum Bulletin vun der Agence Europe huet, wat eng wichteg Informatiounsquell ass, an iwwert den Internet sinn Datebanke vun dem Europaparlament, vun der Kommissioun, vum Ministerrot, vun allen europäeschen Organer unzezapen. Et huet haut keen nationalen Deputéierte méi d'Entschëllegung, keng Informatioun iwwer iergendeen europäeschen Dossier ze hunn. D'Europapolitik, mengen ech, gehéiert haut zum deegleche Brout, och vun den nationalen Deputéierten.

Ech wëll och nach soen, dass am Ufank vun dëser Legislatur de Büro vun der Chamber sech länger Zäit mat der Fro vun der Europapolitik an der Chamber ofginn huet an en huet du festgehalen, dass mer eigentlech keng spezialiséiert Europakommissioun géifen asetzen, mä dass mer d'Europapolitik an de sektoriellen, an de spezialiséierte Kommissioune géife behandele loossen, quitte dass d'aussepolitesch an d'europäesch Kommissioun fir déi méi allgemeng Froen zoustänneg ass.

Wéi gesot, Här President, sinn an der europäescher Verfassung zwee Protokoller iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter enthalen. Déi zwee Protokoller enthale wuel allgemeng Wënsch, mä virun allem enthalen se eng nei Prozedur, an et ass dat wat wichteg ass.

Dës Prozedur seet, dass d'national Parlamenter zum selwechten Ableck d'Gesetz an d'Reglementsprojete kréie wéi den europäesche Gesetzgeber. Dobäi muss eng prezis Motivatioun iwwert d'Subsidiaritéit an d'Verhältnismëissegkeet leien, eng Fiche muss de finanziellen Impakt ëmräissen a wann et sech ëm e Rahmegesetz handelt, da muss en d'Implikatioune fir déi national Reglementatiounen ëmmer ëmschreiwen.

Et musse souwuel qualitativ wéi och quantitativ Indicateuren ugefouert gi fir ze weisen, dass e politescht Zil besser um europäesche Plang wéi um nationale Plang erreecht ka ginn. Doropshi kann all nationaalt Parlament innerhalb vu sechs Wochen der Kommissioun, dem Europaparlament an dem Conseil e motivéierten Avis virleeë fir ze soen, firwat senger Meenung no déi Gesetzgebung dem Subsidiaritéitsprinzip net entsprécht.

De Protokoll seet lapidar, dass d'Kommissioun dësen Avis a Betruecht zitt, net méi. Mä wa mat engem Drëttel vun de Stëmmen, déi d'Parlamenter hunn, oder manner nach ee Véierel bei Froe vu Justiz a Gerechtegkeet, d'Subsidiaritéit a Fro gestallt gëtt, muss de Projet réexaminéiert ginn. Duerno kann den Urheber de Projet entweder bäibehalen, zréckzéien oder ëmänneren. Den Urheber, dat kann natierlech d'Kommissioun sinn an deene meeschte Fäll, mä et kann och de Conseil sinn, an et kann och esouguer d'Banque centrale sinn.

Wann trotzdeem, trotz deem Asproch do, de Gesetzgebungsprozess weidergeet, kënnen d'national Parlamenter zum Schluss, wann de ganze Prozess ofgeschloss ass, iwwer hir Regierung beim Europäesche Geriichtshaff fir Violatioun vun der Subsidiaritéit Recours aleeën. Et gëtt also eng giel Kaart, dat ass eben deen Asproch wéinst Subsidiaritéit vun engem Drëttel vun de Parlamenter virdrun, an et gëtt och eng rout Kaart, dat ass herno den Asproch bei dem Europäesche Geriichtshaff wéinst der Subsidiaritéit. Dëst ass d'Prozedur an de Prinzip.

Wéi dat an der Realitéit allerdéngs ausgesäit ass eng aner Fro, mä et ass e wichtege Schrëtt, dass d'Verfassung dës Prozedur virgesäit mat där Prezisioun. Ouni d'Bedeelegung vun den nationale Parlamenter um Konvent, deen eben d'Verfassung ausgeschafft huet, wär dëst net méiglech gewiescht, wär dëst och net geschitt.

Et bleift elo d'Erausfuerderung dës Prozedur an d'Realitéit ëmzesetzen. A fir dat virzebereeden am Virfeld vun der Ratifikatioun vun der europäescher Verfassung, si mer dann amgaangen eng Experienz mat engem prezisen europäesche Gesetzgebungspak ze maachen, nämlech mam sou genannten drëtte Paquet ferroviaire. Dat maache mer an de Parlamenter vu 25 Länner, déi an der COSAC, also an der Conférence des Organes Spécialisés en Affaires Communautaires dra sinn.

Et gëtt natierlech eng Partie Problemer, déi nach musse geléist ginn. En éischte Problem, deen ech kuerz wëll undeiten, dat ass d'Notioun vun der Subsidiaritéit selwer. Et ass ganz kloer, dass dëst keng mechanesch Notioun ass, wou een automatesch ka soen no objektive Kritären, dëst ass conforme zum Prinzip vun der Subsidiaritéit an dëst ass net conforme vun der Subsidiaritéit. Et ass eng héich politesch Notioun, déi no der Astellung vun deem engen oder deem anere kann anescht sinn, an dëst ass natierlech och den Objet vu politeschen Diskussiounen ënnert de Memberlänner an ënnert de politesche Kräften an de Memberlänner.

Deen zweete Problem ass natierlech deen extrem kuerzen Délai vu sechs Wochen, deen d'national Parlamenter duerch d'Verfassung kréien zwëschent dem Ableck, wou e Projet de loi déposéiert gëtt oder erauskënnt aus der Kommissioun, an dem Dag, wou den Avis vun den nationale Parlamenter muss do leien.

Déi sechs Wochen sinn en Délai, dat hu mer gesinn, an ech huelen un, de President Roland Schreiner wäert ons doriwwer e Wuert soen, deen extrem kuerz ass. Dat ass allerdéngs net ze änneren, well en an dem Protokoll vun der Verfassung ass. Et muss een also kucken, wéi een domat eens gëtt.

Wéi gesot vun där Experienz wäerte mer, wann all Parlamenter ofgeschloss hunn, hei zu Lëtzebuerg de 17. an den 18. Mee op der Réunion plénière vun der COSAC Bilanz zéien, an dann natierlech och d'Léieren aus deem, wat mer do ausgeschafft hunn.

Dat, Här President, waren déi puer Remarquen, déi ech wollt zu dëser Fro hei virbréngen. Ech wëll also nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Roll, déi mer als national Parlamenter bei dëser Kontroll vun der Subsidiaritéit kréien, eng intensiv Beschäftegung mat enger ganzer Partie europäeschen Texter viraussetzt. Déi intensiv Beschäftegung muss souwuel an der Verwaltung wéi an de Fraktioune wéi och an de Kommissioune gemaach ginn.

Dëst wäert net einfach sinn, well mer och nach doriwwer eraus eng ganz Partie Informatioune mussen zesummendroen, déi esou en Text begleeden, well et ass jo esou, dass en Text net aus dem heiteren Himmel kënnt. Esou en Text, dee gëtt ausgeschafft, en huet eng Virgeschicht an de Comitéë vun der Kommissioun. Mir mussen also och enk Kontakter hu mat de Servicer vun der Regierung, och mat de Servicer an Europa, besonnesch och mat dem Europaparlament. Op déi Manéier, mengen ech, kënnte mer lues a lues zu engem wichtege Player an där europäescher Gesetzgebungsprozedur ginn.

Dat waren, Här President, déi puer Remarquen, déi ech wollt zu deem Sujet maachen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet elo de President vun der Transportkommissioun, den Här Roland Schreiner.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Ben Fayot huet elo op eng ganz exhaustiv Manéier de Prinzip vun der Subsidiaritéit am Kader vum Traité constitutionnel beschriwwen an och op déi bedeitend Roll higewisen, déi an Zukunft déi national Parlamenter ze spille kréie beim Contrôle vum Prinzip vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit, nach ier déi jeeweileg Texter vun der Europäescher Kommissioun op den Instanzewee geschéckt ginn.

Ech versichen dann elo a menger Qualitéit als President vun der Transportkommissioun iwwer eis Experienz ze berichten, déi mir an der Transportkommissioun gemaach hunn am Kader vun der Analys vum drëtte Paquet ferroviaire.

Ech muss soen, et war au départ e ganz interessanten Exercice, dee mer als Kommissioun mat dësem Projet pilote, dee mer jo vun der COSAC, esou wéi et gesot ginn ass, gradewéi déi aner EU-Länner als Hausaufgab opgedroe kruten, maache konnten. Interessant, well en och eis d'Geleeënheet ginn huet, eis inhaltlech mat dem Projet auserneen ze setzen, obschonn ee muss soen, dass et bei dëser Missioun jo manner ëm den Inhalt gaangen ass wéi ëm d'Prozedur. Mä wann ee soll kontrolléieren ënner anerem, ob en Text de Prinzip vun der Subsidiaritéit respektéiert, kann een natierlech och net laanscht den Inhalt kommen.

Zu dësem drëtte Paquet ferroviaire wär jo och eigentlech ganz vill ze soen - vill Guddes, awer och vill Schlechtes. Dir kënnt Iech virstellen, dass et mer op der Zong brennt, dat ze maachen, well do einfach Entwécklungen och amgaange sinn, déi net onbedéngt d'Eisebunnen an Europa an hei zu Lëtzebuerg wäerte virubréngen. Ganz am Géigendeel! Mä wa mer géifen eng inhaltlech Diskussioun elei bis zum Schluss féieren, da géife mer natierlech de Kader vun dëser Diskussioun ganz wäit sprengen.

Eis primär Aufgab, déi war jo eigentlech, wéi et scho gesot ginn ass, de Contrôle vum Prinzip vun der Subsidiaritéit. Et ass och an deem Geescht, dass mer eisen Avis an d'Resolutioun, déi Iech virläit, verfaasst hunn.

Et war och en interessanten Exercice, fir ze kucken, ob mer iwwerhaapt an der Lag sinn an deem Zäitraum vu sechs Wochen, dee virginn ass, eng richteg Analys vum Text ze maachen. Ech muss soen, mir hunn dat méi oder wéineger konnte respektéieren, allerdéngs awer dann och vläicht direkt mat der Aschränkung, dass et just ee Projet war, wou mer eis hu missen drop konzentréieren, an dass et Texter waren, déi schonn zum Deel bekannt waren a schonn um europäeschen Instanzewee sinn, also fir d'Kommissioun oder fir d'Leit aus der Kommissioun keen Neiland méi waren.

Et muss een och soen, dass mer ganz vill Ënnerstëtzung an Informatioune kritt hu vum Transportministère, wat eis natierlech d'Aufgab an dësem Prozess ganz wesentlech erliichtert huet. An der Realitéit misst et jo awer esou sinn, dass d'Chamber natierlech selwer misst an der Lag sinn, hir Aufgab eleng ze maachen, ouni op d'Hëllef vum Ministère zréckzegräifen.

Dann ass et och esou, dass ee sech d'Fro muss stellen, wéi et ausgesäit, wa mer emol mat méi Texter gläichzäiteg konfrontéiert ginn. Mir si letztendlech nëmmen an eiser Gesamtheet zu 60.

Laut enger Publikatioun - et ass net nokontrolléiert - vum finnesche Parlament géife ronn 770 esou Propositiounen am Joer dem Contrôle vun der Subsidiaritéit ënnerleien. Wann et sech ëm Texter handelt, an an alle Fäll ass et jo an der Zukunft esou, déi am Virfeld net bekannt sinn, da muss ee sech d'Fro stellen, ob mer hei elo dëse Projet pilote eigentlech ënnert deene richtege Rahmebedingungen an ënnert deene richtege Prémissë konnten analyséieren.

Et muss ee sech duerfir d'Fro stellen, a mir als Chamber mussen eis déi Fro stellen, mä och d'Fraktioune mussen sech d'Fro stellen, ob mer eigentlech à ce stade genuch outilléiert si fir eis Aufgab kënnen termingerecht ze maachen, a wéi eng eventuell intern Reorganisatioune vläicht musse gemaach gi fir dësem zousätzlechen Aarbechtspensum, deen op eis alleguer duerkënnt, kënnen ze entspriechen.

Mir hunn awer dëse Punkt bewosst aus eisem Avis ausgeklammert, well dat jo Froe sinn, déi mer intern hei zu Lëtzebuerg mussen ënnert eis léisen, an déi jo d'COSAC, déi den Destinataire vun eisem Rapport am Kader vun dësem Projet pilote ass, eigentlech direkt net betreffen.

Eis Missioun war also d'Analys vum drëtte Paquet ferroviaire am Kontext vun der Subsidiaritéit. Subsidiaritéit wëllt jo heeschen, nach eng Kéier rappeléiert: Wat mer besser kënnen - fir et emol eng Kéier ganz salopp ze soen - national organiséieren, soll national organiséiert ginn, a wat besser europäesch ze organiséieren ass, soll europawäit oder europäesch organiséiert ginn.

Ech wëll vläicht eng Kéier kuerz rappeléieren, wat den drëtte Paquet ferroviaire eigentlech duerstellt. Et ass u sech déi drëtt Etapp vun der Liberaliséierung am Eisebunnsberäich, vun där sech erwaart gëtt, dass iwwert de Wee vun der Konkurrenz a vum fräie Wettbewerb d'Qualitéit vum Eisebunnstransport sech soll verbesseren an dass doduerch d'Parts de marché vun der Schinn och sollen an d'Luucht goen, eppes wat jo och effektiv bluttnoutwendeg ass, schonn eleng wou mer wëssen, dass Europa ëmmer méi ënnert enger wuessender Congestioun leit, déi mëttlerweil reng ekonomesch gesi ronn 1% all Joers vum PIB vun der Europäescher Unioun ausmécht.

Ech muss natierlech hei awer da vläicht eng Klammer opmaachen a soen, dass een awer berechtegt Zweifel muss hunn iwwert d'Opportunitéit an d'Effikassitéit vun der Démarche, well eng vun de Grondviraussetzungen, fir dat doten och kënnen unzegoen, nämlech d'Harmoniséierung vun de Konkurrenzbedingungen tëschent der Schinn an der Strooss net realiséiert ass. Och wa mer iwwert d'Eurovignette dann elo ufänken ze diskutéieren, och an eng positiv Richtung, och wann et vläicht nach net der Weisheit letzter Schluss ass, mä déi Konkurrenzbedingunge si bis haut nach net realiséiert ginn. A mer mussen och de Constat maachen, dass d'Konkurrenz bis haut der Schinn näischt bruecht huet.

Am Géigendeel, am Gidderverkéier ass de Réckzuch aus der Fläch ageleet ginn, an déi Transporter, ganz vill Transporter, sinn erëm op der Strooss gelant, a wann et Verbesserungen am Persouneverkéier gëtt a gouf, dann net onbedéngt doduerch well et Konkurrenz gëtt, mä ganz einfach well méi héich öffentlech Investitiounen an deem Beräich getätegt gi sinn. An da maachen ech awer déi Klammer zou, well ech gesot hunn, ech maache keen ze groussen inhaltlechen Exkurs an dee Beräich do eran.

Den éischte Paquet ferroviaire ass vum Conseil am Februar 2001 ugeholl ginn an ass de 15. Mäerz 2001 a Kraaft getratt. E setzt sech zesummen aus dräi Direktiven, déi den Accès zur Infrastruktur, d'Fro vun den Eisebunnslizenzen an d'Fro vun der Verdeelung vun de Sillonen entspriechend den infrastrukturelle Capacitéite regelen. Duerch dës Direktive soll de gesamte Gidderverkéier an Europa, esou wéi et deemools festgehal gouf, bis d'Joer 2008 liberaliséiert sinn. Hei zu Lëtzebuerg - dat muss een och soen - hu mer dës Direktiven awer bis haut nach net an nationaalt Recht transposéiert.

Deen zweete Paquet ferroviaire ass am Januar 2002 dévoiléiert ginn a sollt d'Froe vun der Sécherheet a vun der Interoperabilitéit regelen, mä gläichzäiteg och de Prozess vun der Ouverture vum Marché am Gidderverkéier accéléréieren, zousätzlech zu deem, wat am éischte Paquet virgesi war, mat dem Resultat, dass d'Liberaliséierung vum gesamte Gidderverkéier ëm ee Joer, an zwar op 2007 virgezu gouf.

D'Diskussioune ronderëm dësen zweete Paquet ferroviaire waren nach net richteg ofgeschloss, dunn ass da schonn d'Kommissioun mat neien Texter komm, déi an der Liberaliséierung vum Eisebunnsverkéier nach e Schratt weider ginn an och dës Kéier dann de Persouneverkéier, dee bis elo ausgeklammert war, mat abezéien, an dat zu engem Zäitpunkt, wou eigentlech d'Effete vun deenen zwee éischte Paqueten nach net ofzeschätze sinn.

Dësen drëtte Paquet ferroviaire, deen de Moment am Europaparlament diskutéiert gëtt - d'lescht Woch huet sech de Verkéiersausschuss nach domat befaasst -, setzt sech aus véier Dokumenter zesummen, zwou Direktiven an zwee Reglementer, oder à ce stade nach Propositioune vun Direktiven a Propositioune vu Reglementer.

Engersäits eng Direktiv, déi virgesäit, dass de Persouneverkéier international ab dem 1. Januar 2010 soll liberaliséiert ginn. Hei huet de Verkéiersausschuss awer d'lescht Woch scho gemengt, dass dat op den 1. Januar 2008 virgezu soll ginn. An och den nationale Persouneverkéier ab 2012 soll mat abezu ginn. Bon, bonjour les dégâts!

Dann eng zweet Direktiv, déi d'Zertifikatioun vun de Lokomotivführer am grenziwwerschreidende Verkéier regelt a wou et och en Accord tëschent de Sozialpartner driwwer gëtt.

Dann déi zwee Reglementer, eent wat d'Rechter an d'Flichte vun de Reesenden definéiert, an eent wat d'Qualitéitsexigenzen am Gidderverkéier definéiert an d'Kompensatioune regelt am Fall wou déi Kritären net vun den Transporteuren agehal ginn.

Dësen drëtte Paquet ass den 3. Mäerz 2004 vun der Kommissioun

adoptéiert ginn, nach éier also den zweete Paquet definitiv ugeholl war an nach éier den éischte Paquet an alle Memberstaten ëmgesat war. Dat fir e bëssen de Kontext vun dësem drëtte Paquet ze situéieren; deen e bëssen ze skizzéieren.

Wéi si mer elo als Kommissioun un eis Aarbechten erugaangen? Wéi mer den 21. Februar dës Missioun kruten, hu mer als Transportkommissioun gemengt, dass et fir d'alleréischt och emol sënnvoll wier, den Avis vun deenen eenzelnen Acteuren aus dem Eisebunnsberäich anzehuelen, déi heivunner betraff sinn. Sou hu mer de 15. Mäerz als Kommissioun d'Vertrieder vum Transportministère oder d'Vertrieder vum Transportminister kann een da scho soen, d'Eisebunnsdirektioun an d'Gewerkschaften, de Landesverband a Syprolux gesinn a mat hinnen e Meenungsaustausch iwwert déi Texter gefouert.

Den 22. Mäerz hu mer als Kommissioun eis eege Konklusioune gezunn, an de 14. Abrëll hu mer eisen Avis adoptéiert, iwwert dee mer dann och haut ze befannen hunn an deen lech jo alleguerte virläit.

Mir konnte bei eiser Aarbecht op déi verschidden administrativ Servicer vun der Chamber zréckgräifen, wat speziell wichteg war bei der Recherche vun Dokumenter. Och den Transportministère, wéi ech et schonn uklénge gelooss hunn, huet eis mat Hannergrondinformatioune gedéngt, déi wichteg ware fir eis Diskussioune konnten ze féieren, an och an deenen Délaien, déi mer virgi kruten innerhalb deene sechs Wochen, fir eis Diskussiounen do konnten ofzeschléissen.

Mir hunn also versicht, d'Analys vun dësem Pilotprojet esou unzegoen, wéi wann den Traité constitutionnel schonn a Kraaft wier, och wa mer - dat muss een dann awer och dobäi soen - déi Fiche technique, déi de Ben Fayot éinescht schonn ugeschnidden huet an déi jo eigentlech sollt de finanziellen Impakt e bëssen ofschätzen, an och, dat ass jo da wann et sech ëm e Kadergesetz handelt, d'Auswierkungen op déi national Reglementatioune sollt e bësse präzisëieren, also déi Fiche technique hate mer net dobäi, wat eis da vläicht awer an der Aufgabestellung e bësse behënnert huet. Dat ass eng Donnée, déi eis herno vläicht e bësse gefeelt huet, déi mer an der Analys dunn net konnte berücksichtegen.

Bon, niewent der prozeduraler Démarche war awer eng vun de wichtegste Missiounen och déi dann erauszefannen, ob dann elo aus eiser Siicht de Prinzip vun der Subsidiaritéit am Kader vun dëse véier Texter géif respektéiert ginn oder net. An do hu mer da speziell eng Rei vu Problemer entdeckt bei der Analys vun der Direktiv, déi eben d'Liberaliséierung vum internationale Persouneverkéier ab dem 1. Januar 2010 soll festschreiwen.

Esou wéi an dësem Text d'Notioun vum internationale Persouneverkéier definéiert gëtt, géifen, opgrond vun der Exiguïtéit vun eisem Schinnennetz, also opgrond vun der spezifesch lëtzebuergescher Situatioun hei, an och dem grenziwwerschreidende Charakter vu praktesch eisem ganze Persounentransport, praktesch 70% vum Persouneverkéier, deen hei zu Lëtzebuerg ofgewéckelt gëtt, d'Kritäre vum internationale Persouneverkéier erfëllen, an domadder misst en och, entspriechend deem wat an der Direktiv virgesinn ass, no baussen opgemaach ginn.

Dat hätt natierlech Konsequenzen op d'Maîtrise iwwer eise Service public, hätt Konsequenzen op d'Organisatioun vun eisem Service public, wou mer jo awer der Meenung sinn, dass mer all Intérêt drun hätten, fir deen an eegener Hand kënnen ze behalen an och d'Maîtrise driwwer ze behalen.

Dann, wat am Kader vun dëser Direktiv och nach derbäikënnt, ass d'Aféierung vum Recht op Cabotage, dat heescht, datt och am internationale Verkéier zum Beispill eng Eisebunnsentreprise innerhalb vun engem bestëmmte Land Leit kann ophuelen a vun enger Plaz op déi aner transportéieren. Just well mer esou en ausgeprägte grenziwwerschreidende Regionalverkéier hunn, deen eigentlech och als Service public ze considéréieren ass, géif praktesch d'Gesamtheet vun eisem Schinnennetz dodrënner falen an de Service public géif praktesch duerch déi dote Moossnam ënnerlaf ginn.

Elo ass et jo awer esou, dass de Service public d'Réckgrat vun eisem Eisebunnstransport duerstellt, just och wou den Transfrontalier e wichtege Bestanddeel dovunner ass. D'Gefor besteet, dass zum Beispill bei verschiddene lukrative Plage-horairen Ubidder kommen, déi en Deel ewechhuelen, well se ebe just fir si interessant sinn, an de Rescht, deen da vläicht net esou interessant ass fir déi Ubidder, déi jo wëllen deem Ganzen eng kommerziell Ausriichtung ginn, dee bleift dann nach just fir de Service public a fir d'Allgemengheet iwwreg.

Dat géif natierlech mat sech bréngen, datt ee mat der Zäit e Service public hei zu Lëtzebuerg krit à plusieurs vitesses, datt een net méi d'Leit alleguer d'selwecht behandelt. Do wou zum Beispill gréisser Agglomeratioune sinn, Ballungsraim sinn, do kéint ee sech virstellen, dass een all Véierelstonn en Zuch kritt, a wou dann net méi vill Leit wunnen, do kritt een da vläicht nach en Zuch zweemol am Dag. Dat sinn natierlech keng Perspektive fir e qualitativ héichwäertegen öffentlechen Transport am Intérêt vun den Utilisateuren.

Mir mengen also, dass just opgrond vun eiser spezifescher Situatioun mer hei dem Prinzip vun der Subsidiaritéit net gerecht ginn, an dass och déi finanziell an administrativ Chargen, déi doropshi géifen op eise Stat zoukommen, fir d'Objektiver, déi mer eis jo awer wëlle setzen, ze erreechen, net onbedéngt déi niddregstméiglech sinn, esou wéi den Artikel 4 vum Protokoll iwwert d'Applikatioun vum Prinzip vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit et virschreift.

Manner Problemer hu mer mat deenen aneren Texter. D'Direktiv iwwert d'Lizenzéierung vun de Lokomotivführer, déi ass wichteg an dréngend noutwendeg an déi hätt eigentlech scho misse realiséiert sinn, ier et zu enger Liberaliséierung vum Eisebunnstransport kënnt. Et ass noutwendeg, dass d'Asazbedéngunge vun de Lokomotivführer europawäit harmoniséiert ginn, dass d'Formatioun an d'Qualifikatioun vun de Leit, déi d'Zich féieren, europawäit identesch sinn, an dat muss gëlle fir déi traditionell Entreprisen, déi mer kennen, wéi och fir déi nei privat Gesellschaften, déi elo duerch dee Prozess hei wäerten derbäikommen.

Hei geet et ëm d'Festschreiwe vu Sécherheetsnormen. Et geet awer och ëm d'Verhënnerung vu sozialem Dumping. Eng Direktiv also, déi ganz dréngend misst verofschit ginn, dat ëmsou méi an enger Rei vu Länner, wou de Gidderverkéier jo scho liberaliséiert ass. Et ass also nëmme richteg a wichteg, dass déi Harmoniséierung do op europäeschem Plang kënnt an dass dat dann och europawäit identesch geschitt.

Virgesinn ass, dass eng onofhängeg Instanz dës Lizenz, déi eppes ass wéi en europäesche Führerschäin, dem Lokführer ausstellt, deen da Propriétaire dovunner ass an domat an alle Länner vun der EU kann Zich fueren. Dës Lizenz bestätegt eigentlech dem Lokführer, dass en eng bestëmmte Grondausbildung huet, dass e professionell Kompetenzen huet, dass en d'Reglementatioun am Beräich vun der Circulatioun an der Sécherheet kennt an dass en och déi entspriechend medezinesch a mental Aptituden, déi noutwendeg sinn, huet. Dat soll also fir jiddfereen d'selwecht sinn an ass also ganz sécher um communautairë Plang ze regelen.

Dann d'Reglement nach iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Reesenden am internationale Verkéier. Och hei si mer als Kommissioun der Meenung, dass déi viséiert Objektiver besser ze erreeche sinn, wa se communautaire organiséiert ginn op eng eenheetlech Aart a Weis. Hei geet et drëm fir minimal Exigenze virzeschreiwe bei der Informatioun vun de Reesenden. Et geet ëm d'Responsabilisatioun vun den Entreprisen am Fall vun Accidenter, Verspéidungen oder Annulatioun vu Servicer.

Et geet ëm d'Festschreiwe vun de Konditiounen ënnert deenen zum Beispill och handicapéiert Persounen assistéiert musse ginn. Et geet awer och drëm, fir dem Voyageur virzeschreiwen, wéi eng Konditiounen hie selwer muss erfëllen a puncto zum Beispill Kaf vun engem Billjee oder allgemeng Behuelen, wann hie mat dem Zuch fiert. U sech also eng positiv Saach, déi eenheetlech soll definéiert ginn an och eenheetlech europawäit soll geregelt ginn.

Hei stelle mer eis just d'Fro beim Punkt 13 vun dësem Reglement, dee virgesäit, dass e Reesenden, deen eng Reklamatioun ka virbréngen, well hie mat sengem Transport vläicht net zefridden ass opgrond vun engem spezifesche Virfall, do kann u sech e Recours maache bei iergendenger Gesellschaft vun deene Gesellschaften, déi un deem Transport do bedeelegt sinn. Mir schwätze jo hei vun internationalem Verkéier.

Dat huet natierlech eventuell als Konsequenz, dass dat zu Laaschte ka goe vun deenen Entreprisen, déi just mat kuerzen Distanzen un der Ofwéckelung vun deem Transport bedeelegt sinn, well do de Risiko jo awer, dass just si Ausléiser vun deem Evénement sinn oder vun der Reklamatioun sinn, dach relativ kleng ass par rapport zu deenen aneren Entreprisen, an dass dee Präis, dee se dann eventuell musse bezuelen, am Verhältnis héich ass.

Och weise mer drop hin an eisem Avis, datt iwwert dëst Reglement eraus et schonn eng international Konventioun - d'Cotif - gëtt, déi vun 42 Länner ënnerschriwwen ass, déi op eng ähnlech Aart a Weis d'Rechter an d'Flichte vun de Reesenden definéiert.

Dann och beim véierten a leschten Text menge mer, dass de Prinzip vun der Subsidiaritéit respektéiert gëtt doduerch, dass um europäesche Plang fest Qualitéitsnormë fir de Gidderverkéier agefouert ginn an dass och entspriechend Kompensatioune fir de Client virgesi ginn am Fall wou déi Normen net respektéiert ginn.

Mat dësem Reglement erwaart sech d'Europäesch Kommissioun, dass déi verschidden Eisebunnsentreprisen hir Effikassitéit an hir Flexibilitéit am Intérêt vum Client verbesseren. Dat ass sécher luewenswäert an och néideg. Et geet awer sécher net duer fir dës Ziler ze erreechen, nämlech d'Verbesserung vun der Transportqualitéit, well do sinn nach aner Mesuren noutwendeg, wéi zum Beispill den Ausbau vun den Netzer, d'Besäitegung vun den infrastrukturellen Enkpäss, déi e schnellt Ofwéckele vum Trafic ganz oft net zouloossen. Et muss also emol fir d'éischt an d'Infrastrukturen investéiert ginn.

Dëst Reglement, wat u sech awer eng positiv Approche duerstellt, hëlt d'Eisebunnsentreprisen an d'Flicht. Et ass och vläicht dofir, dass et op esou eng grouss Oflehnung an den Diskussioune stéisst. Mir mengen awer, dass d'Grondausriichtung richteg ass, virun allem well eenheetlech Normë festgeluecht ginn, och wann den Artikel 3 virgesäit, dass all Transporteur sech mat sengem Client kann eens maachen iwwert d'Konditiounen ënnert deenen en Trafic kann ofgewéckelt ginn.

Den Artikel 18 vun deem Reglement gesäit da vir, dass och de Gestionnaire vun der Infrastruktur ka mat an d'Flicht geholl ginn a kann haftbar gemaach ginn, wann zum Beispill e Retard vun engem Transport entsteet opgrond vun enger Perturbatioun bedéngt duerch d'Schinnennetz selwer. Hei menge mer awer, dass dat u sech d'Saach verkomplizéiert an net noutwendeg ass, dat ëmsou méi et am Stroossentransport esou e Mechanissem och net gëtt.

Voilà, ech wëll domadder zum Schluss kommen. Mir hunn als Transportkommissioun eisen Avis a Form vun enger Resolutioun verfaasst, déi de 14. Abrëll - wéi gesot - vun der Kommissioun och unanime adoptéiert gouf, déi Der virleien hutt, a wou ech frou wier, wa se och Är Zoustëmmung an dësem Plenum hei géif fannen. Fir d'LSAP-Fraktioun kann ech dës Zoustëmmung heimadder op alle Fall ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. D'Wuert huet elo den Här Marco Schank als éischte Riedner. Här Schank, wann ech gelift.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt uganks vu menger Interventioun drop hiweisen, datt et an der Diskussioun vun haut de Mëtteg jo eigentlech net ëm de Fong vum drëtte Paquet ferroviaire geet mat deenen entspriechenden Inhalter vun der Proposition de directive an de Reglementer, mä et soll analyséiert ginn, ob de Subsidiaritéitsprinzip an deem konkrete Fall spillt a wou e spillt, respektiv wou en net spillt.

Natierlech huet d'Transportkommissioun sech awer missen an hire verschiddene Sëtzunge mam Fong beschäftege vun dësem Projet pilote, fir dës Simulatioun ze maachen, an huet dat och am Kader vun dräi respektiv véier Sëtzunge gemaach, ganz consciencieux an och relativ séier. Herno soen ech dozou nach eppes. Si huet dat och mat Entrevuë gemaach vis-à-vis vum Ministère, mat der Direktioun vun der CFL, mat de Gewerkschaften am Transportsecteur. An an deem Avis, deen eis dann och elo virläit a Form vun enger Resolutioun, deen de Kolleeg Roland Schreiner am Detail elo presentéiert huet, huet dann och d'Kommissioun effektiv analyséiert, a wéi engen Aspekter vun dësen Direktiven dat da ka spillen, Kontext Subsidiaritéit.

Här President, mir erliewen am Moment, datt an Europa no an no den Traité ratifizéiert gëtt. Wéi dat Ganzt ausgeet, dat muss een nach gesinn. Dee ganzen Traité gesäit e Koup Protokolle vir, Dir wësst dat, 36 un der Zuel, fir eben déi praktesch Ëmsetzung vum Traité. A wa mer d'Protokollen Nummer 1, Nummer 2 kucken, Nummer 1 an der laanger Rëtsch geet iwwert de Rôle vun den nationale Parlamenter an der Unioun, deen zweeten effektiv iwwert d'Uwendung vum Prinzip vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit.

De Subsidiaritéitsprinzip ass bekanntlech jo net nei. E gouf schonn am Traité vu Maastricht 1992 festgehalen, an de Grondgedanken - dat ass jo och scho gesot ginn - läit jo bekanntlech doranner, datt déi gréisste Struktur keng Aufgabe soll, däerf iwwerhuelen, déi vun enger méi klenger Struktur ënnendrënner besser respektiv méi effikass erfëllt ka ginn.

Den Titel 3 vum Traité gesäit ënner anerem vir, datt Zoustännegkeete vun der Unioun, déi net am Traité stinn, bei de Memberlänner bleiwen. Nom Subsidiaritéitsprinzip gëtt d'Unioun och nëmmen dann aktiv, wann an deene Beräicher, wou se een Deel Zoustännegkeet huet, déi entspriechend Objektiver vun de Memberlänner weder op zentralem nach op regionalem oder lokalem Niveau kënne verwierklecht ginn.

Am Hibléck vun Europa - ech mengen, dat ass wichteg - geet et dobäi virun allem emol drëm sécherzestellen, datt déi Entscheedunge biergerno, méiglechst biergerno getraff ginn, an datt déi national Identitéit respektiv och d'Gewunnechte vun de Memberlänner bestoe bleiwen. Wéi dat Ganzt an der Praxis fonctionnéiere soll, gëtt dann och an deem Protokoll, deen ech virdru schonn erwähnt hunn, iwwert d'Uwendung vun de Prinzipie vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit beschriwwen.

Déi Europäesch Kommissioun soll deemno - an de Ben Fayot huet dat och scho gesot, dat steet am Protokoll - bei all legislativ Propositioun eng Fiche derbäileeën, eng Fiche de subsidiarité, mat detailléierten Informatiounen, wou se erkläert firwat aus hirer Siicht de Grondsaz vun der Subsidiaritéit respektiv der Proportionalitéit agehale gouf. An dës Fiche soll dann och Informatiounen iwwert déi viraussiichtlech - dat ass wichteg - finanziell Auswierkunge vun der Propositioun respektiv déi zukünfteg Rechtsvirschréfte vun deem jeeweilege Memberland beinhalten.

An dat ass am Fong een Deel Kritik mengersäits. Am Géigesaz zu deem, wat ech eben elo gesot hunn, hate mir bei dëser Simulatioun - an de Roland Schreiner huet et och an engem Saz gesot - keng entspriechend Fiche mat Informatioune fir kënnen eben ze evaluéieren, ob de Grondsaz vun der Subsidiaritéit agehale gouf. Dat ass a mengen Aen awer trotzdeem e relativ grousse Manko, well wann een en Experiment mécht, da mussen d'Donnéeën eigentlech alleguerte stëmmen.

Wichteg ze soen ass, datt mer europäesch Gesetzespropositioune berücksichtege mussen, datt déi finanziell Belaaschtung - dat steet och am Protokoll - an de Verwaltungsopwand vun der Unioun respektiv vun den nationale Regierungen oder regionalen, lokale Strukturen ënnendrënner, an den ekonomeschen Acteuren, de Biergerinnen a Bierger, esou kleng wéi méiglech musse gehale ginn. Och dat e wichtege Saz am Protokoll.

Dann, an engem Zäitraum vu sechs Wochen hunn dann, wéi gesot, déi national Parlamenter Zäit, séier an effizient anzegräifen. Problem Zäit - dat ass och schonn ugeschnidde ginn. Wa se der Meenung sinn, datt ee legislativen Text, deen zu Bréissel proposéiert ginn ass, net konform ass zum Prinzip vun der Subsidiaritéit, an dëst geschitt mat engem begrënnten Avis un d'Presidente vum Europäesche Parlament, dem Conseil respektiv der Kommissioun, an dann, wann d'Zuel vun dësen Avisen, also déi, déi der Meenung sinn, dem Subsidiaritéitsprinzip wier net Rechung gedroe ginn, Minimum een Drëttel vun der Gesamtzuel vun den nationale Parlamenter iwwersteigt, muss déi entspriechend Propositioun iwwerpréift ginn. Souguer nëmmen ee Véierel vun der Gesamtzuel - och dorobber ass schonn higewise ginn - wann et sech ëm eng Gesetzesproposi-

tioun handelt op der Grondlag vum Artikel, am Kontext vun dem Espace Fräiheet, Sécherheet an der Justice.

Wéi dat elo an der Praxis spéider ausgeet, dat ass selbstverständlech nach ongewëss. Op jidde Fall - an dat mengen ech ass awer e ganz wesentleche positive Punkt -, duerch dëse Mechanismus kréien déi national Parlamenter eng zousätzlech an a mengen Aen och nei Bedeitung, well et hinnen erlaabt an engem ganz fréizäitege Stadium déi legislativ Initiativ vun der Kommissioun méi genee ze kucken, ze kontrolléieren an deementspriechend och ze reagéieren.

D'Kompetenz vun den nationale Parlamenter wiisst, well se bei der Kontroll vum Principe de subsidiarité direkt mat abezu ginn. Dat heescht d'Membere vun den nationale Parlamenter kréie méi Afloss. De Ben Fayot huet dorobber higewisen, an ech brauch dat och elo net méi genee am Detail ze maachen.

Här President, déi Resolutioun, déi eis virläit, ass d'Resultat effektiv vun där Aufgab, déi mer vun der COSAC gestallt kruten. Et handelt sech wéi gesot ëm e Projet pilote, wou mer dann de Contrôle vum Subsidiaritéitsprinzip simuléiert hunn duerch eist Parlament. Dat ass och an deenen aneren EU-Memberlänner geschitt. Opgrond vun dëser Simulatioun sinn dann déi Konklusioune gezu ginn, déi Der am Avis och erëmfannt.

Firwat ass fir dës Simulatioun den drëtte Paquet ferroviaire zréckbehale ginn? Ech mengen, datt dësen sech als Diskussiounsgrondlag ganz gutt gëeegent huet, well en eben aus enger Rei vun Deeler besteet, wou een dat ebe relativ prezis ka maachen. Ech wollt och nach eng Kéier soen, datt ech net elo nach eng Kéier op déi verschidden Zesummenhäng aginn. De Roland Schreiner huet dat mat vill Kompetenz a Prezisioun virdru gemaach, an dat kann een och am Avis dann noliesen. Ech wollt awer nach zwou respektiv dräi Iwerleeunge méi zum Schluss maachen.

Fir d'éischt emol, de Contrôle vum Subsidiaritéitsprinzip bei sämtleche Propositioune vu Bréissel duerch déi national Parlamenter dréit dozou bäi - dat ass och scho gesot ginn -, de Stellewäert vun den nationale Volleksvertriedungen opzewäerten. Dëse Prinzip erlaabt et, wéi gesot, relativ fréi an den europäeschen Décisiounsprozess anzegräifen.

Ee vun de Kritikpunkte vun dësem Mechanismus ass deen, datt et a mengen Aen awer eng relativ kuerz Zäit ass. Natierlech kann ee Gas ginn, an dräi, véier Kommissiounssëtzungen an Zäit vu sechs Wochen, déi ee vläicht och net grad zur Verfügung huet, wann de Mechanismus emol dréit. Mä op jidde Fall, wann et e komplexen Dossier ass, da gëtt et schwiereg an där kuerzer Zäit selbstverständlech all Aspekter op de Subsidiaritéitsprinzip hin ze kontrolléieren.

A wa mer dës Aufgaben an Zukunft anstänneg wëlle realiséieren, da musse mer eis zu Lëtzebuerg och déi noutwendeg Moyene ginn, an ech mengen, datt mer déi de Moment eben net hunn. Dat heescht natierlech méi Aarbecht fir d'Chamber, méi Aarbecht fir eis alleguerten, fir eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Da brauch ee méi Raimlechkeeten. Et brauch ee méi Ressources humaines, an ech géif och da mengen, datt den Neibau op där anerer Säit hei net duergeet fir deem an Zukunft ze entspriechen.

Näischtdestotrotz musse mer eis Gedanke maachen, wéi gesot, fir dës zousätzlech Aufgaben, déi awer ganz sënnvoll sinn, an Zukunft ze meeschteren. Ech wollt dann och ofschléissend den Accord vu menger Fraktioun fir dës Resolutioun bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Als nächste Riedner ass den Här Grethen ageschriwwen.

(Interruption)

Den Här Helminger huet d'Wuert. Här Helminger, wann ech gelift!

M. Paul Helminger *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen, mir hunn eis d'Aufgab opgedeelt. Ech wollt eng Rei Bemierkunge maachen zum Subsidiaritéitsprinzip a senger Applikatioun selwer, an de Kolleeg Henri Grethen wäert herno op de Fong vun deem wat mer hei diskutéieren agoen.

Ech wollt ufanks emol festhalen, datt dat wat mer amgaange sinn hei ze maachen, nach éier dee Vertrag, mat deem déi europäesch Constitutioun soll a Kraaft gesat ginn, approuvéiert ass, e Beispill ass woufir datt mer där Constitutioun sollen zoustëmmen. Well dat wat mer hei maachen ass en fait eng Illustratioun dovunner, datt an Zukunft, wann déi Constitutioun da ratifizéiert gëtt, déi national Parlamenter mat agebonne sinn an deen europäeschen Décisiounsprozess. An zwar iwwert déi Kontroll, déi mer kënnen doriwwer exerzéieren ob d'Unioun sech iwwerhaapt soll mat engem Problem beschäftegen oder net.

Mir wëssen, datt eng vun de Suergen, déi eis Bierger dobaussen hunn, déi eben ass, datt se d'Impressioun hunn, datt Europa sech ëm e ganze Koup Saache këmmert, ëm dat Europa sech eigentlech net soll këmmeren. Abee hei kréien déi national Parlamenter, also déi an éischter Instanz direkt gewielte Vertrieder vum Lëtzebuerger Vollek, d'Geleeënheet fir, éier eng Propositioun vu Bréissel wäit fortgeschratt ass, d'orange Luucht oder souguer d'rout Luucht unzemaachen an ze soen: Passt op, mir sinn der Meenung, datt dat hei eng Geschicht ass, déi besser soll um nationale Plang geregelt ginn, anstatt datt Europa sech esou dorëmmer soll këmmeren.

Elo si mer eis bewosst, datt deen Exercice, dee mer elo hei op Invitatioun vum COSAC maachen, zwar e Pilotprojet ass, mä eigentlech nach net ënnert deene reale Bedingungen ofleeft, wéi dat herno wäert de Fall sinn. Am positive Sënn hu mer et hei mat enger Proposition de directive ze dinn, déi scho relativ wäit fortgeschratt ass, wou och d'Regierung an déi Servicer an der EU, déi sech dorëmmer këmmeren, déi Texter schonn eng Zäitche laang haten, esou dass et méiglech war fir hei iwwert de Fong op eng Manéier ze diskutéieren, déi vläicht normalerweis, herno wa mer am reale Fall sinn, net besteet.

Zweetens, op där negativer Säit, hate mer awer och déi sou genannt Fiche de subsidiarité net, déi d'Kommissioun an Zukunft bei all hire Propositioune muss bäileeën, dat heescht wou si selwer argumentéiert, woufir datt si der Meenung ass, datt d'Kommissioun an domat Europa sech soll ëm déi Problematik këmmeren.

Mä dat mol op d'Säit gesat, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer et hei wierklech mat enger Demonstratioun ze dinn hunn, wéi déi national Parlamenter an domat Lëtzebuerg an alleguerten déi aner Memberstaten agebonne ginn, nach méi wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, a kënne matschwätzen iwwert dat wourëmmer sech Europa soll këmmeren.

Wéi gesot, wëll ech mech limitéieren op dat wat d'Applikatioun vum Prinzip vun der Subsidiaritéit ugeet an op déi Lektiounen, déi ee kann zéien aus deem Pilotprojet, fir dës Chamber.

Do ass dat Éischt wat opfält, ech wëll elo net all dat widderhuele wat d'Virriedner gesot hunn zum Fonctionnement vum Subsidiaritéitsprinzip, un deem ech strictement näischt auszesetzen oder näischt bäizefügen hunn, well si hunn dee Mechanismus total korrekt ausernee geluecht, ech wëll just ënnersträichen, dee Volume vun Aarbecht, deen effektiv riskéiert op eis duerzekommen.

Mir wäerten et an Zukunft - wa mer dat hei wëlle seriö huelen, an ech menge wierklech, datt mer et solle seriö huelen, well mir sinn eise Bierger dat schëlleg, besonnesch déi vun eis, déi Jo soen zu där neier Verfassung - mat enger Rëtsch honnerten am Joer vu Propositioune vun der Kommissioun ze dinn hunn, déi mer mussen hei an der Chamber duerchkucken a bewäerten, ob se dann dem Prinzip vun der Subsidiaritéit an accessoirement deem vun der Proportionalitéit entspriechen oder net.

Et ass also ganz kloer, Compte tenu och vun den Délaien, déi eis imposéiert ginn, sechs Wochen an deene mer Zäit hu fir dat ze maachen, datt mer eis do musse Prozedure ginn an datt mer eis mussen déi néideg Ressourcë ginn, hei an der Chamber.

Ech si ganz mat deenen d'accord, déi soen, datt mer an dësem Exercice eis net ofhängeg solle maachen nëmme vun deem wat d'Regierungsvertrieder an d'Regierungsservicer a -verwaltungen eis soen, mä datt mer eis also mussen en mesure setzen, fir eis e Bild doriwwer ze maachen, als Chamber, mä och als politesch Fraktiounen. Well mir komme jo net heiranner als onbeschriwwe Blieder, mir komme mat eise Sensibilitéiten heiranner. Mir wäerten alleguerten do eis Iddien hunn. Mir mussen also en mesure gesat si ginn, souwuel als politesch Parteien, als Fraktiounen, wéi als Chamber, fir där Geschicht do, deem zousätzlechen Opwand vun Aarbecht, deen do op eis duerkënnt, gerecht ze ginn.

Dat Zweet wat ech wollt soen, dat ass dee potenzielle Konflikt, dee mer hei hunn, tëschent Subsidiaritéit, der Applikatioun, der Vérificatioun vun der Subsidiaritéit an der Substanz vun de Saachen. Wa mer déi Debatten och hei verfollegen, déi besonnesch an deene Länner stattfannen, déi e Referendum iwwert d'Approbatioun vun der Constitutioun wëlle maachen, da stelle mer fest, datt ganz vill vun deenen Argumenter, déi gebraucht ginn, besonnesch vun deenen, déi géint déi Verfassung sinn, eigentlech Argumenter si vu Leit, déi mat dësem oder deem Aspekt vun der europäescher Politik net d'accord sinn. Dofir musse mer oppassen, datt wa mir elo eis ausspriechen driwwer, ob eppes dem Prinzip vun der Subsidiaritéit entsprécht oder net, datt mer d'Differenz maachen tëscht deem wou mer eigentlech mengen, jo, dat do wär eng Geschicht, déi Europa soll reglementéieren.

Ech huelen elo an dësem konkrete Fall d'Beispill vun deem Führerschäi fir Lokführer, wou mer jo effektiv alleguerten der Meenung sinn, datt dat eng gutt Saach wär, wann Europa sech dorëmmer géing këmmeren, mä wou et awer liicht kéint sinn, datt mer mat där Manéier, mat där Europa sech domadder ausernee setzt, net d'accord sinn an datt mer also do nach Reserven hätten.

Ech mengen am Kader vun deem ganze Prozess, an deem mer hei engagéiert sinn, a well mer jo och net eleng do stinn, fir datt déi Remarquen, déi zum Subsidiaritéitsprinzip seriö geholl gi sinn, mussen dat fundéiert Remarquen dozou sinn, ob Europa sech dann elo dorëmmer soll këmmeren oder net, a manner Remarquen dozou sinn, ob elo déi Manéier, wéi Europa sech drëm këmmert déi richteg ass oder net. Dat ass eng Fro, déi da muss herno am Kader vun den Négociatiounen iwwert déi europäesch Mesuren, déi do geholl ginn, diskutéiert ginn.

Nach weist och dat Beispill, wéi séier déi zwou Matièren do, d'Subsidiarité formelle an de Contenu vun där Propositioun, déi virläit, zesummenhänken. An dat féiert mech zu menger leschter Remarque.

Deen Avis, dee mer als Chamber ofginn iwwert de Prinzip vun der Subsidiaritéit, wéi wäit datt dee soll oder ka goen, an Directioun vun engem Mandat dann un d'Regierung, déi jo dann herno muss déi Direktiv zu Bréissel négociéieren. An ech mengen do solle mer awer relativ virsiichteg sinn, well, bon, ech weess och datt et do déi eng an déi aner Systemer gëtt, mä ech menge Lëtzebuerg als klengt Land ass bis elo gutt gefuer, an ech mengen all politesch Parteien oder bal all, déi, déi d'Verantwortung hate jiddefalls, hunn alleguerte materlieft, datt mer am Fong all Intérêt hätte fir zu Bréissel zu deenen ze gehéieren, déi eng gewësse Flexibilitéit kënne weisen. Also déi net op Bréissel gi mat engem imperative Mandat vun hirer Chamber: Dat do däerft der maachen an dat do däerft der net maachen.

Mir sinn elo hei gefuerdert fir eis iwwert de Prinzip vun der Subsidiaritéit auszeschwätzen. Et ass inévitabel, datt mer dobäi jo och d'Substanz vun deem wat um Dësch läit mat considéréieren. Mä ech géing dervir warnen, datt mer déi zwee total, dat eent mat deem anere vermëschen, an datt mer also do eis och déi Selbstdisziplin operleeën, fir datt mer do engersäits deem Rechnung droen, wat heiansdo am Intérêt ass, datt Europa eng Saach géréiert an Direktiven erausgëtt, an eisem eegenen Intérêt, an awer op där anerer Säit der Regierung deen néidege Fräiraum solle loossen, fir dann zu Bréissel dat ze négociéieren, wat wierklech an eisem Intérêt ass, quant à la substance.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Helminger. Als nächste Riedner ass den Här Felix Braz un der Rei.

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir beschäftegen eis haut mat engem Exercice, deen an engem Text virgesinn ass, deen nach net ugeholl ass an deen also nach net en vigueur ass. Et ass en prévision vun der Ratifikatioun an de 25 Länner vum Traité constitutionnel, wou d'COSAC déi national Parlamenter invitéiert huet, sech schonn eng Kéier mat deem Exercice ze beschäftege vun der Analys vun der Subsidiaritéit.

Dës Méiglechkeet ass ageschriwwen am Traité an der éischter Partie. Déi éischt an déi zweet Partie si jo déi, déi eigentlech déi nei sinn, an et ass e bëssen eng Ironie vun der Geschicht wann een elo kuckt, wéi och hei am Land d'Debatte lafen, en vue vum Referendum vum 10. Juli, dass d'Leit elo, déi éischte Kéier wou se encouragéiert gi sech mat deenen Texter ausenaner ze setzen, déi dann och liesen.

Dat ass eng gutt Entwécklung. Si entdecken dann och déi berühmt drëtt Partie, an dat ass déi, déi am allermannsten nei ass. Dat ass déi, déi praktesch onverännert ass oder am wéinegste geännert huet, an et kënnt eng Stëmmung op opgrond vun där drëtter Partie, déi bei Verschiddenen zu enger negativer Aschätzung vum Text féiert. Wat eigentlech schued ass, well grad an dësem Traité iwwerhaapt mol eng éischt an eng zweet Partie eng éischte Kéier derbäi sinn, déi ebe just déi drëtt Partie do wëlle contrebalancéieren. Dat ass e bëssen d'Ironie vun der Geschicht.

Mä mir mussen da probéieren, all déi déi fir de Jo wëlle plädéieren an deenen nächste Wochen a Méint, deen Aspekt do de Leit kloerzemaachen, dass eigentlech dat Neit tatsächlech d'Partien eent an zwee sinn, an eben net esou vill d'Partie dräi.

Den Här Fayot hat dat jo och um Radio sech erlaabt ze suggéréieren. En ass och schonn dofir kritiséiert ginn, well Leit him elo ënnerstellen, en hätt wëllen oflenke vun der drëtter Partie. Ech mengen net, dass dat seng Absicht war. Ech fannen, datt e Recht huet, wann e wëllt haaptsächlech op déi nei Partien d'Opmierksamkeet lenken, déi och sollen déi drëtt Partie besser encadréieren.

Mir maachen also haut een Exercice, deen an där éischter Partie do agedroen ass, an där Partie also, wou d'Unioun sech selwer an hir Objektiver definéiert. Déi Partie ass och relativ kuerz. Dat ass jo och ee Virworf, dee gemaach gëtt un den Traité, e wier esou laang an esou onlieserlech. Ech wëll och do just rappeléieren, datt déi éischt an déi zweet Partie, déi vun de Grondrechter, zesumme knapps 40 Säiten ausmaachen. Si hunn also och an der Längt eigentlech déi Kierzt, déi verlaangt gëtt vun Texter, déi esou Grondrechter beinhalten.

Zwee Protokoller sinn haut och an der Diskussioun. Dat sinn déi éischt zwee Protokoller, allerdéngs vun enger ganz laanger Lëscht vu Protokoller am Traité constitutionnel. Dat sinn déi zwee, déi sech mat der Roll vun den nationale Parlamenter beschäftegen, respektiv mat der Kontroll vun der Subsidiaritéit an och vun der Proportionalitéit.

Den 10. Juli, wann de Referendum hei zu Lëtzebuerg zum Vote kënnt, solle mir eis och mat deem, wat mir haut maachen, mat de Leit ausenaner setzen. D'Subsidiaritéit ass net nei an d'Proportionalitéit och net, mä et sinn awer ganz wesentlech Elementer doduerch, dass déi national Parlamenter elo eng Matsprooch op deem Punkt kréien. Natierlech kritt net all eenzelt Parlament verbindlech Rechter, déi décisiv kéinte sinn; dat géing sécherlech ze wäit goen an dat ass mam europäesche Gedanken net kompatibel, mä et ass awer sécher ee ganz wesentleche Fortschrëtt fir d'Europapolitik de Leit méi no ze bréngen an och eng Demokratiséierung vun ënnen no uewen ze maachen, an net nëmmen eng, déi vun uewen no ënne géing goen.

Den Traité wäert also net wéi eng Dampfwalz iwwer Lëtzebuerg ewechfueren, gradesou wéineg wéi e wäert iwwer aner Länner ewechfueren, an dat aus zwee Grënn. Den éischte Grond ass, well mir och duerch dësen Exercice vun haut jo méi mat um Lenkrad sëtze vun der sou genannter Dampfwalz, wéi dat ëmmer de Leit probéiert gëtt dobausse kloerzemaachen, an awer och well duerch dësen Traité a sengen Dispositiounen iwwert d'Kompetenze vun der Unioun d'Matsproocherecht vun den nationale Parlamenter eben däitlech verbessert a gesteigert gëtt.

Den drëtte Punkt, deen een och da muss, mengen ech, an dësem Kontext ënnersträichen, dat ass, dass d'Unioun just eng Compétence d'attribution huet. D'Unioun mécht contrairement zu deem, wat och oft duergestallt gëtt, net wat si wëllt, wou si wëllt, wéini si et wëllt. D'Unioun däerf nëmmen dat, wat hir expressis verbis am Viraus an engem Text attribuéiert ginn ass. All de Rescht ass nach ëmmer national Kompetenz an all de Rescht gëtt nach ëmmer vun den nationale Politiker, also och vun eiser Chamber hei, mat décidéiert.

Fir déi Attributiounen ze exercéieren, muss d'Unioun sech un zwee Prinzipien halen, de Prinzip wéi gesot vun der Subsidiaritéit, ëmmer do wou si keng exklusiv Kompetenz huet; där Fäll gëtt et jo vill. Si ass virdru scho vu verschiddene Virriedner zitéiert ginn. Ech ka mir dat erspueren.

Ech hat mir iwwregens d'Méi gemaach nozeliesen an der Sozialenzyklika vun der Kierch, der Quadrogesimo anno…

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

M. Felix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- …vum Pius XI, wou dat alles drasteet, a contrairement zu aneren Texter vun der Kierch fannen ech, ass deen Text do notamment um Punkt vun der Subsidiaritéit een erstaunlech modernen Text, an déi Leit, déi deen nach net gelies hunn, sollen dat maachen. Dat ass eng Notioun, déi net zu Onrecht hire Wee bis haut gemaach huet.

Een zweete Prinzip, deen och net onwesentlech ass, dat ass dee vun der Proportionalitéit, deen huet nach keen zitéiert, ech hunn dofir och als brave Bierger, deen um Referendum soll deelhuelen, mäin Text hei bei mir. Ech kann nëmme jiddferengem recommandéieren sech dat unzegewinnen.

(Hilarité)

An ech zitéieren dann och, wat zu der Proportionalitéit am Traité constitutionnel steet, fir dass och do d'Leit wëssen, wat dat ass: «En vertu du principe de proportionnalité, le contenu et la forme de l'action de l'Union n'excèdent pas ce qui est nécessaire pour atteindre les objectifs de la Constitution. Les institutions de l'Union appliquent le principe de proportionnalité conformément au protocole sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité.»

Firwat ass et interessant deen ze liesen? Majo, well déi national Parlamenter eben doduerch opgewäert ginn, datt si eng wesentlech besser Informatioun kréien, au point datt ee sech ka froen, ob mir als klengt Land net elo vun enger ganz schlechter Informatioun zu enger Iwwerschwemmung vun Informatioun riskéieren iwwerzegoen, doduerch eben och dass déi national Parlamenter hire Contrôle vun der Subsidiaritéit vun deenen eenzelne Projets d'acte législatif européen kënne virhuelen.

Bedauerlech ass awer, dass dee Contrôle sech nëmme bezitt - dat ass de Mëtten nach, mengen ech, vu kengem ënnerstrach ginn - op de Prinzip vun der Subsidiaritéit. De Prinzip vun der Proportionalitéit ënnerläit net engem nationale Contrôle. Do bleift et dobäi, dass d'Kommissioun an anerer sech selwer musse beschränken. Et ass op deene Plazen am Traité, wou iwwert de Contrôle vun der Subsidiaritéit a vun der Proportionalitéit Rieds geet, ganz kloer een Distingo gemaach tëschent der Subsidiaritéit, déi national an de Parlamenter ka kontrolléiert ginn, an der Proportionalitéit, déi a kengster Form enger Kontroll vun den nationale Parlamenter ënnerläit.

Do hunn d'Rédacteure vum Text op zwou Plaze schonn opgepasst eng Differenz ze maachen an der Formulatioun vun deenen Artikelen an och an deem Protokoll iwwregens, deen dovunner handelt.

Et kann een zwar duerchaus verstoen, firwat datt dat esou ass, mä et ass awer fir kleng Länner - besonnesch fir kleng Länner - méiglecherweis een Nodeel, well grad a klenge Länner d'Proportionalitéit eng Fro ass, déi net onwesentlech ass.

Wann een an den Detail geet vum Paquet ferroviaire, an den Impakt zum Beispill gesäit vun der Ouverture vum internationale Marché, wat dat a Prozenter ausmécht par rapport zu eisem Réseau a par rapport zu Réseauë vu grousse Länner, da gesäit ee schonn, dass och do de Prinzip vun der Proportionalitéit an eisen Iwwerleeungen eigentlech keen onwesentlechen ass, mä wéi gesot mir hunn déi Méiglechkeet net wéi mir si hu bei der Subsidiaritéit, fir dat kënnen ze kontrolléieren, respektiv ze kommentéieren, a mat anere Länner zesummen d'Kommissioun oder anerer zu enger Inflexioun vun hirer Politik ze bréngen.

Eng Aschränkung muss een och nach maachen, och erëm eng Kéier aus der Vue vun engem vläicht méi klenge Land. Wa mir wëllen de Contrôle vun der Subsidiaritéit maachen, wäerte mir an der nächster Zäit, wann dat richteg lassgeet, riskéieren iwwerschwemmt ze gi vun Dokumenter - virdrun ass schonn eng Zuel genannt ginn -, wou mir als klengt Parlament reell Schwieregkeete wäerte kréien, fir do matzehalen.

Komplizéierend kënnt dann nach dobäi, dass d'Kommissioun beispillsweis net zu all den Direktiven, Regulatiounen oder Recommandatiounen sech och d'Méi wäert maachen eng Justifikatioun ze schreiwen. Dat heescht, déi Qualitéit vun der Informatioun, déi mir wäerte kréien, wäert net fir all déi Texter déiselwecht sinn. Mir wäerte mat Momenter méi prezis, méi detailléiert Informatioune kréien. Mir wäerte bei aneren Texter déi prezis a mat Sécherheet interessant a relevant Informatiounen net ëmmer kréien. Och dat wäert eis Aarbecht net erliichteren. Ech wäert herno nach eng Kéier kuerz och agoen op d'Moyenen, déi d'Parlament sech eventuell muss gi fir kënnen domadder eens ze ginn.

Dëse Pilotprojet ass och dofir wichteg, well mir bis elo an der Regel jo - an dat gëtt elo anescht - als national Parlamenter déi europäesch Texter eréischt dann entdeckt hunn, an och hei am Land an den Zeitungen, an de Parteie politesch debattéiert hunn, wa si schonn zu Bréissel approuvéiert waren, an eigentlech net méi ze ännere waren. Dat heescht, et gouf een Décalage tëschent der nationaler politescher Debatt an der eigentlecher politescher Debatt, déi an deene Gremië stattfënnt, wou d'Regierung Lëtzebuerg vertrëtt, respektiv eis sechs europäesch Parlamentarier. Dat kann elo anescht ginn, an dat ass mat Sécherheet eng positiv Entwécklung.

Dëse Contrôle vun der Subsidiaritéit ass jo keng reng Formsaach, och dat ass scho gesot ginn. Et kritt een de Fong vun der Form net getrennt bei deem Kritär vun der Subsidiaritéit; et gesäit och jiddfereen e bëssen dat dran, wat e gäre wëllt aus politesche Grënn dra gesinn.

Mir kréien awer duerch dëst Instrument vläicht och d'Geleeënheet, dass an Zukunft wichteg europäesch politesch Décisiounen och dann hei national diskutéiert ginn, och vläicht an de Medië répercutéiert ginn, wann nach Zäit ass fir kënnen Afloss ze huelen op déi final Décisioun, an net zum Beispill wéi och bei ville Liberaliséierungen, dass engagéiert an hefteg debattéiert gëtt, wann et eigentlech scho laang ze spéit ass, wat de Prinzip betrëfft, an et et just nach ëm d'Applikatioun dovunner geet an ëm näischt méi.

Och soll d'Zesummenaarbecht tëscht den nationale Parlamenter verbessert ginn duerch de Réseau IPEX, deen amgaangen ass ze entstoen, och dat ass een Element, wat ee soll ënnersträichen, wat d'politesch Kontroll an d'politesch Matsprooch vun de Memberlänner aus gesi soll verbesseren.

Europäesch Politik gëtt also vill éischter debattéiert. Mir sinn och dofir da konfrontéiert gi mat dësem Pilotprojet, deen d'COSAC, agesat duerch den Traité vu Maastricht, wollt eng éischte Kéier maachen, a mir hunn als Testobjet den drëtte Paquet ferroviaire ausgesicht.

D'Transportkommissioun huet sech mat där Fro beschäftegt, a si sollt net nëmmen en Avis formuléieren, mä eigentlech och Erfahrunge sammele fir Léieren draus ze zéien, wat mir dann hei bei eis mussen änneren, preparéiere fir an Zukunft mat där neier Prozedur um Enn vun de Ratifikatioune kënne besser eens ze ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech mengen, dass et an Zukunft ganz vill Texter wäerte ginn. Et steet och an der Verfassungstraité dran, wéi eng Institutiounen alleguerten eis wäerte kënne mat Texter befaassen; dat si se praktesch all: iwwert d'Zentralbank, iwwert d'Cour de Justice, iwwert d'Kommissioun, d'Parlament an anerer. Praktesch all europäesch Institutioun kann en nationaalt Parlament mat engem Contrôle vun der Subsidiaritéit befaassen. Dat ass also en enorme Paquet vun Aarbecht, an do kënnt och nach erschwéierend derbäi, dass déi Fiches standards mat der Justificatioun am Exposé du motif a besonnesch och d'Étude d'impact, déi soll gemaach ginn, zum Deel nëmme bei ganz wichtege Projeten an där Prezisioun gemaach gëtt a bei aneren eben net.

Eis Prozedur wéi mer se hei intern gefouert hunn - de Kolleeg Schreiner huet se virdru schonn duergeluecht, ech brauch se duerfir net ze widderhuelen -, wëll ech just an dräi Punkte kuerz bewäerten.

Éischte Punkt: Dësen Avis wäert sech ënnerscheede vun de spéideren. En ass op eng Manéier méi liicht gewiescht opzestellen, well e bezitt sech op en Text, dee scho méi laang publik war an deen och schonn immens vill kommentéiert gi war, net nëmme vun der Politik, och vun de Gewerkschaften a vun der Société civile. Dat wäert an Zukunft anescht ginn.

Do wäerte mer den Text entdecken a bannen 42 Deeg musse mer dat Ee da geschielt hunn. An dat ass wierklech vun der Erausfuerderung hier, mengen ech, iwerhaapt net ze vergläiche mat deem relativ confortablen Exercice, dee mer dës Kéier hei gemaach hunn. Dee war net besonnesch schwiereg, a mir hunn nawell Schwieregkeete scho gesinn, déi sech wäerten opbauen.

Deen zweete Punkt: An deem heite Fall sinn déi national Parlamenter gefuerdert an net d'Regierungen. Den Här Schreiner huet et virdru scho gesot. Mir krute gehollef vun der Regierung, vun hire Beamten, mat Informatiounen, fir zu eisem Text ze kommen. Dat soll sech awer net méi widderhuelen. Dat ass fir dës Kéier, soen ech emol, gutt gewiescht, mä dat kann awer net d'Léisung sinn, dass mir als nationaalt Parlament eis an deenen dote Froen einfach domadder zefridde ginn ze waarden, wat d'Beamte vun der Regierung eis proposéieren, an dass mer da soen: Majo gutt, dat do kléngt jo verstänneg, et ass mam Minister ofgeschwat, da kommt mir maachen dat esou.

Dat ass net de Sënn vum Traité constitutionnel, et ass net d'Absicht vum Traité constitutionnel, an dat kann och net dat si wat mer an Zukunft maachen. Mir mussen…

(Interruption)

Wéi den Här Vogel géif soen, mir si keng „Moutonen", mä mir musse wierklech do als Parlament eis där Aufgab seriö stellen a mir mussen och duerfir d'Fro vun de Moyene stellen. Et ass sécher net elo de Moment, et ass ze fréi, fir d'Fro vun de Moyene schonn ze diskutéieren.

Et kann een och elo laang driwwer diskutéieren ob et um Niveau vum Parlament u sech ass oder um Niveau vun de Fraktiounen, oder vläicht vu béiden. Vläicht ass d'Wourecht, dass souwuel d'Parlament wéi d'Fraktioune méi Moyene bräichten. Mä et ass kloer, dass mer mat deene Moyenen, déi mer am Moment zur Verfügung hunn, keng Méiglechkeet hunn, eiser Aschätzung no, fir déi doten Aufgab an Zukunft seriö ze bewältegen.

Den drëtte Punkt ass deen, dass den Avis zur Subsidiaritéit keng Saach vun der Form eleng eben ass. D'Form an de Fong sinn, wéi ëmmer eigentlech, net däitlech ze trennen, an et wäert och an Zukunft esou sinn, dass de Contrôle vun der Subsidiaritéit och gebraucht wäert ginn, fir Inhalter ze beaflossen.

D'Fro ass gestallt, dee Moment wou d'Parlament säin Avis formuléiert huet, onofhängeg vun der Regierung - hänken ech hannendrun - vum imperative Mandat. Do kann och hei zu Lëtzebuerg eng Diskussioun opkommen. Déi wäert mat Sécherheet opkommen! Eng institutionell Fro an de Relatiounen tëschent Parlament a Regierung, dat ass kloer. Wann d'Regierung bis zu engem bestëmmtene Punkt en Avis formuléiert huet, deen noutgedrongen och de Fong beréiert, dann ass et natierlech fir eng Regierung net liicht, an et dierft hir och net liicht sinn, op Bréissel eng aner Meenung vertrieden ze goen.

Ëmgedréint ass et natierlech fir eng Regierung net onbedéngt ganz agréabel, an där do Zort Verhandlungen op Bréissel ze fueren, wa se am Réck eng Positioun huet a si däerf keng aner anhuelen. An dat ass en neie Moment an eiser Politik, notamment an der Relatioun mat der Europapolitik, wou, mengen ech, d'Regierung an d'Parlament sech an deenen nächste Méint a Jore méi wéi eng Kéier wäerte missen domadder befaassen, wéi ee mat deem doten ëmgeet, well en imperatiivt Mandat an där Däitlechkeet kann et kaum sinn.

Verhandlunge kann een net féieren, wann een nëmmen eng Positioun däerf anhuelen, mä trotzdeem muss awer d'Regierung dat, wat d'Parlament a sengem Avis gesot huet, respektéieren. An do ass um institutionellen Niveau och eng Diskussioun nach ze féieren an deenen nächste Méint a Joren.

Wat och nach eiser Meenung no wichteg ass, dat ass, dass den Traité virgesäit, dass eng Programmation commune vun den Aarbechte gemaach gëtt, och vun der Bréisseler Kommissioun, an och dat gëtt den nationale Parlamenter d'Méiglechkeet, méi fréi, méi décisif op déi Diskussiounen anzewierken, déi zu Bréissel lafen.

De Paquet Télécom, pardon, deen ass eréischt iwwermuer, de Paquet ferroviaire, deen drëtten, dee brauch ech elo net nach eng Kéier ze widderhuelen, do sinn d'Kolleege schonn drop agaangen. Den Här Schreiner huet och deen Avis duergeluecht, dee mer eestëmmeg geholl hunn an der Kommissioun.

Mir sinn eis eens, dass deen éischten Text vun der Ouverture vum Marché een ass wou mer wëssen, dass en net wäert ze évitéiere sinn, wou ee kann e bësse Bedenken hunn. Déi sinn och artikuléiert ginn. Mir wëssen och, dass d'Zertifikater vun de Chauffeure mat Sécherheet eng richteg Entwécklung sinn. Mir wëssen och, dass de Contrôle vun der Qualitéit beim Fret problematesch ka sinn, a mir wëssen eben och, dass d'Rechter vun de Passagéier eng positiv Entwécklung sinn.

Et kann een et awer - an dat war ee Moment an der Kommissioun de Fall - net pauschal verdäiwelen, schonn aus zwee Grënn net. Éischtens emol well et ze spéit ass fir dat ze maachen, aus deene Grënn, déi ech virdru genannt hunn. Déi Liberaliséierung ass amgaangen a si huet éischter d'Tendenz beschleunegt ze ginn. A wann een hei am Land Rieden hält, déi eppes anescht wëlle gleewen doen, da seet een de Leit eigentlech net d'Wourecht. A wann Der gesitt wat de leschten Dënschdeg an der Transportkommissioun vum Europäesche Parlament erauskomm ass, eben och do eng Beschleunegung souguer vun der Ouverture vum Persouneverkéier, vum nationale Persouneverkéier, da weess een, dass ee kann a soll probéieren, déi Elementer, déi hei zu Lëtzebuerg de Service public an de Service universel riskéieren a Gefor ze bréngen, ze bekämpfen.

Mä et soll ee sech awer net domadder zefridde ginn an an eng Position attentiste verfalen, well dat geet mat Sécherheet schif, well d'Entwécklung zu Bréissel, déi mécht hire Wee, an et huet nach kee Lëtzebuerger Transportminister déi opgehal kritt, kee liberalen a kee rouden. An ech mengen och, dass dat net an Zukunft wäert de Fall sinn, esou dass een awer hei am Land déi Froen, déi gestallt sinn, probéiere muss seriö ze beäntwerten.

Well déi Paquet-ferroviairen, déi komme jo och net vun ongeféier. Déi Paquet-ferroviairen, déi si net komm, contrairement zu deem wat och heiansdo gesot gëtt, well do iergendwellech wüst Liberaliséierer net hätte kënne gebändegt ginn, mä déi sinn och komm, well d'Zuelen notamment beim Fret bei der Eisebunn dramatesch réckleefeg waren. Well also dee Kader, dee virdru bestanen huet, absolut keng zefridde stellend Äntwerte méi bruecht huet. A wann ee System esou verseet, brauch ee sech net ze wonneren, dass aner Leit op aner Gedanke kommen an aner Iddie proposéieren.

An déi Zuelen, wann een d'Situatioun 2000/2001 mat 1970 vergläicht, weisen, dass am selwechten Zäitrahmen den Transport iwwert d'Strooss véier- bis fënnefmol multiplizéiert ginn ass, während gläichzäiteg den Undeel vum Transport iwwert d'Schinn vun 22% op ënner 8% erofgefall ass. An dat ass de Constat, dee jo och deene Leit d'Méiglechkeet ginn huet ze soen: Geet et dann net eventuell besser mat aneren, méi liberale Methoden?

Methoden, déi mer haut, mengen ech, praktesch an engem nationale Konsens net guttheeschen, wou mer eis awer mussen domadder beschäftegen, firwat dass dat dann och virdru schonn net gutt funktionéiert huet, fir dass mer kënne Léisunge fannen, déi eventuell dann Alternative sinn op déi reng Liberaliséierungslogik an Tendenz, déi tatsächlech den Dossier mat Momenter riskéiert ze iwwerhuelen.

Dat gesot, wëll ech och nach eng Kéier eng lescht Zuel awer nennen. Den Här Schreiner huet virdrun och schonn a senger Interventioun dovunner geschwat. Hien huet gesot, dass mer Léisungen, déi Europa brauch, och nëmmen iwwert d'Schinn wäerte kënne fannen, well mer mat der Politik iwwert d'Strooss, onofhängeg souguer vun Ëmweltaspekter, einfach eng Congestioun op der Strooss hunn, déi - den Här Schreiner huet d'Zuel genannt - an der Gréissenuerdnung vun 1% vum PIB vun der gesamter Unioun Käschten occasionnéiert fir d'Ekonomie.

Wat den Här Schreiner virdrun net gesot huet, wat ech awer gären nohuelen, dat ass dee Prozent vum PIB emol a Relatioun ze stellen. Dee Prozent vum PIB, dat ass dat wat d'Unioun am Moment d'Memberlänner kascht. De Budget vun der Unioun ass net méi grouss wéi dat! De Budget 2004 vun der Europäescher Unioun louch souguer ënnert deem 1% vum PIB vun der Unioun!

Just fir d'Gréissenuerdnung, well soss wann ee seet, dat ass 1% vum PIB wat dat kascht, dat kléngt net no schrecklech vill, dat ass eigentlech esou vill oder souguer nach méi wéi dat wat den Uniounsbudget fir e ganzt Joer ausmécht, vu sämtleche Politiquë confondues. Dat ass d'Gréissenuerdnung vun där mer schwätze fir d'Congestioun vun der Verkéierspolitik iwwert d'Strooss ze beschreiwen. An dat ass Grond genuch fir wierklech d'Eisebunn wëllen an hirer Benotzung drastesch eropzebrénge beim Persounentransport, awer och beim Transport vum Fret.

Duerfir ass et wichteg eiser Meenung no, fir dësem enormen Enjeu, souwuel ekonomesche wéi ekologeschen enormen Enjeu bäizekommen, dass éischtens europäesch Initiative geholl ginn, an zweetens awer och, dass se wierklech den öffentlechen Transport iwwert d'Schinn verbesseren an net nëmme bestehend Strukturen zerschloen, fir schlussendlech déi rentabel Strecken an d'Hänn vun der Privatwirtschaft ze ginn, an déi kontabel net esou rentabel Strecken der öffentlecher Hand dann awer ze iwwerloossen, well ee se trotzdeem muss bedreiwen.

Déi zwou virgeschloen Direktiven an déi zwee virgeschloe Reglementer si vun ënnerschiddlecher Qualitéit an hunn op Lëtzebuerg och ënnerschiddlech Auswierkungen. Mä well dee Rapport wéi gesot unanime war, wëll ech se lo net nach eng Kéier widderhuelen.

Ech wëll awer ofschléisse mat där enger oder anerer Fro un den Här Lux. Ech wär frou, Här Lux, wann Der eis kéint vläicht kuerz soen, wat schlussendlech den definitiven Accord beinhalt, deen Der fonnt hutt bei der Fro vun der Eurovignette, d'lescht Woch, wat sécher eng positiv Avancée ass.

Ech wëll awer och eng Aschätzung da vun Iech héieren, Här Lux, wann Der d'accord sidd, iwwert de Bericht, deen d'Transportkommissioun vum Europaparlament ugeholl huet, notamment déi méi rapide Ouverture, déi soll virgeholl gi vum Persounentransport an Europa.

An eng zweetlescht Fro zu der Direktiv vun de Rechter vun de Passagéier, do ass et eng Suerg vun de Gewerkschaften, dass dat net op Käschte geet vum Droit de grève. Och do wär et gutt, wann de Minister eis kéint soen, a wéi engem Sënn dass hie mengt, dass den Droit de grève do kann a Fro gestallt ginn a wéi seng Positioun dozou ass.

E véierten a leschte Punkt, just fir dem Minister nach eng Kéier den Opruff mat op de Wee ze ginn, dass mer mat der Tripartite Eisebunn net esou laang solle waarden. Den Här Minister seet zënter enger Weilchen op munneche Plazen, e géing dat preparéieren. Ech hat selwer d'Geleeënheet och bei verschiddene vun deenen Entrevuen dobäi ze sinn. Dat Gefill, wat ech hunn, Här Minister, ass, dass mëttlerweil alles gesot ass. Et ass och net fir d'éischt alles gesot ginn, an all déi Leit, déi un deene Ronnen deelhuelen, hunn déi Saache scho méi wéi eng Kéier gesot a si wäerten och bei hire Meenunge bleiwen. Deen Eenzegen, deen nach näischt gesot huet, ass de Minister selwer. Et ass alles bekannt, Här Minister. Wourop waart Der?

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den honorablen Här Gibéryen ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn haut hei eng Übung ze maachen, déi Neiland fir eist Parlament ass. Et ass e Projet pilote, dee mer opgrond vun enger Propositioun vun der COSAC hei zu Lëtzebuerg virun all deenen aneren EU-Memberstaten an dësen Deeg a Woche wäerten applizéieren, wou mer als Aufgab kritt hunn, fir am Kader vum Paquet ferroviaire ze kucken, wéi déi am Traité constitutionnel virgesinne Prozedur vun der Applikatioun vun der Subsidiaritéit kéint ugewannt ginn a wéi se an der Praxis géif funktionéieren a wou eventuell Problemer géifen opkommen oder och keng.

Ech menge wann een als sechste Riedner zu deem Thema kënnt, da leeft een de Risiko gären, datt ee villes muss widderhuele wat d'Virriedner gesot hunn, a well ech dat esou geduecht hunn, hunn ech geduecht, wann ech mech géif vläicht méi spezifesch mat dem Problem befaassen, ob mir als Lëtzebuerger Parlament de Prinzip vun der Subsidiaritéit géife richteg applizéieren, esou wéi mer mengen datt e géif am Traité, respektiv am Protokoll stoen, oder ob mer en net géife richteg applizéieren. Dofir entschëllegt mech, datt ech vläicht eng Rei vun Texter zitéieren, déi am Fong de Wee beschreiwen, wéi de Subsidiaritéitsprinzip Uwendung, menger Meenung no, misst fannen.

De Prinzip vun der Subsidiaritéit huet scho bestanen, mä hei an der Constitutioun am Artikel I-11 gëtt en awer fir d'éischt ernimmt: «Le principe d'attribution régit la délimitation des compétences de l'Union. Les principes de subsidiarité et de proportionnalité régissent l'exercice de ces compétences». An an deemselwechten Artikel gëtt festgehalen, am Alinea 3: «En vertu du principe de subsidiarité, dans les domaines qui ne relèvent pas de sa compétence exclusive, l'Union intervient seulement si, et dans la mesure où, les objectifs de l'action envisagée ne peuvent pas être atteints de manière suffisante par les États membres».

Hei gëtt also festgehalen, datt de Prinzip vun der Subsidiaritéit nëmmen do spillt wou d'Unioun keng exklusiv Kompetenzen huet. Ech wëll vläicht mol déi exklusiv Kompetenzen opzielen, déi d'Unioun huet: dat ass d'Union douanière, dat ass den Établissement des règles de concurrence nécessaires au fonctionnement du marché intérieur, la politique monétaire pour les États membres dont la monnaie est l'euro, la conservation des ressources biologiques de la mer dans le cadre de la politique commune de la pêche, la politique commerciale commune.

Dat sinn also déi Domäner wou d'Fro vun der Subsidiaritéit net spillt, wann exklusiv Kompetenze vun der Europäescher Unioun sinn. Se spillt also do wou d'Compétences partagées sinn, an dat sinn der zéng. Dat ass de Marché intérieur, dat ass d'Politique sociale, d'Cohésion économique sociale et territoriale, d'Agriculture an d'Pêche, Environnement, Protections des consommateurs, les transports, les réseaux transeuropéens, l'énergie, l'espace de liberté de sécurité de justice an les enjeux communs de sécurité en matière de santé publique pour les aspects définis an der Partie III.

Da muss een sech d'Fro stellen, wa mer gedeelte Kompetenzen hunn, wien determinéiert dann ob et d'Europäesch Unioun ass oder ob et déi eenzel national State sinn, déi d'Initiativrecht hunn. An do seet och den Artikel I-12 a sengem Ofsaz 2 kloer: «Lorsque la Constitution attribue à l'Union une compétence partagée avec les États membres dans un domaine déterminé, l'Union et les États membres peuvent légiférer et adopter des actes juridiquement contraignants dans ce domaine». An da kënnt awer ee wichtege Saz: «Les États membres exercent leur compétence dans la mesure où l'Union n'a pas exercé la sienne ou a décidé de cesser à l'exercer.»

Dat ass en interessante Saz, well d'Unioun huet also, wann een deen interpretéiert, d'Prioritéit virun den nationale Parlamenter, och bei deene gedeelte Kompetenzen. Ier een nationaalt Parlament also kann agéieren oder légiféréieren, muss fir d'éischt festgestallt ginn, ob d'Unioun hir Kompetenzen an deem Domän net exercéiert huet oder ob se an deem Domän op hir Kompetenze refuséiert huet. Et ass dëser Meenung no eng Belaaschtung an der Interpretatioun, well bis elo ëmmer gesot ginn ass, et kéint jiddfereen einfach légiféréieren an de gedeelte Kompetenzen. Neen, déi national Parlamenter kënnen nëmme légiféréieren, wann d'Europäesch Unioun net légiféréiert huet oder drop verzicht huet.

De Prinzip vun der Subsidiaritéit, datt op deem beschtméiglechen ënneschten Niveau décidéiert gëtt, ass also hei schonns bei der Applikatioun vum System vun der Subsidiaritéit net respektéiert. Hei gëtt vun uewen, also op europäeschem Niveau décidéiert, ob oder ob net déi national Parlamenter kënnen an dierfen aktiv ginn.

Am Artikel I-11, Ofsaz 3, gëtt dann och nach festgehalen, datt de Prinzip vun der Subsidiaritéit konform zum Protokoll zur Application des principes de subsidiarité et de proportionnalité geregelt gëtt. De Kolleeg Felix Braz huet virdun aus der Constitutioun zitéiert, awer et ass och wichteg, datt een herno aus dem Protokoll zitéiert, well dann eréischt de ganze Krees zougeet. D'Fro, déi sech stellt, an déi ass och scho virdrun ugeschnidde ginn, dat ass d'Subsidiaritéit an d'Proportionalitéit, oder ass et nëmmen d'Subsidiaritéit, iwwert déi déi national Parlamenter kënne befannen.

D'Äntwert ass kloer, nëmmen iwwert d'Fro vun der Subsidiaritéit kënnen déi national Parlamenter an dëser Prozedur befannen. An da ginn ech op de Protokoll, wat am Artikel 6 vum Protokoll steet: «Tout parlement peut, dans un délai de six semaines à compter de la date de transmission d'un projet d'acte législatif européen, adresser aux présidents du Parlement européen, du Conseil et de la Commission un avis motivé exposant les raisons pour lesquelles il estime que le projet en cause n'est pas conforme au principe de subsidiarité».

Dat heescht, och wa mer ëmmer am ganzen Text souwuel d'Subsidiariéit an d'Proportionalitéit fannen an och wann am Protokoll den Titel iwwert d'Subsidiaritéit an d'Proportionalitéit geet, esou seet den Artikel 6 awer ganz kloer, datt just iwwert d'Subsidiaritéit d'Parlamenter ze befannen hunn. Den Avis kann also nëmmen iwwert d'Subsidiaritéit, net awer iwwert d'Proportionalitéit ewechgoen.

Also d'Fro ass net, ob ee kann iwwert de Contenu diskutéieren, mä d'Fro ass, ob een de Contenu besser op nationalem Niveau wéi op europäeschem Niveau ka realiséieren. Dat ass déi Fro, déi am Fong hei an den Texter gestallt gëtt - net d'Fro iwwert de Contenu.

Déi Diskussioun iwwert d'Proportionalitéit, déi gëtt iwwerall diskutéiert, an duerfir huet d'Lëtzebuerger Presidentschaft bei der Kommissioun och nach eng Kéier nogefrot, fir gewuer ze ginn, wéi d'Kommissioun déi Fro vun der Proportionalitéit gesäit.

An engem Schreiwes vun der Kommissioun vum 22. Mäerz vun dësem Joer, wat vum Greffe de Memberë vun der Kommissioun vun den Affaires européennes hei vun der Chamber an der Presidentekonferenz zougestallt ginn ass, dat vun engem Eric Philippart, wat den Expert vun der Kommissioun an de Froen iwwert d'Subsidiaritéit ass, geschriwwe ginn ass, dat seet och ganz kloer: «Le représentant de la Commission a d'ailleurs tenu à souligner la différence entre le principe de subsidiarité et le principe de proportionnalité. Tandis que les parlements nationaux auront le droit de contrôler la subsidiarité des projets d'acte législatif sous le traité constitutionnel, la Commission n'entend pas se justifier par rapport au principe de proportionnalité.»

A weider schreift en a sengem Avis fir d'Lëtzebuerger Regierung: «Ainsi la Commission ne tiendra pas compte des objections éventuelles des parlements nationaux quant au principe de proportionnalité comprises dans l'avis motivé adressé aux institutions européennes.»

Et ass also ganz kloer. Och an eisem Avis, dee mir haut hei ginn, ech kommen herno nach drop, verweise mir a verschiddene Punkten als Argumentatioun op d'Proportionalitéit, wou awer kloer gesot ginn ass, datt déi net berücksichtegt gëtt, souguer wa se an den Avisen drasteet.

D'Fro, kann een natierlech och soen, ass: Wat versteet een ënnert der Proportionalitéit? Déi eng soen, et sinn d'Moyenen, déi ee sech gëtt fir eng bestëmmte Politik ze realiséieren. Déi aner schwätze méi vum Inhalt, an déi aner schwätze méi vun der Prozedur. An am Artikel I.11 Ofsaz 4 vum Traité gëtt och dës Fro geklärt an den Här Braz huet se virdrun och scho virgelies: «En vertu du principe de proportionnalité, le contenu et la forme de l'action de l'Union…» a sou weider. Déi zwee zielen zu der Proportionalitéit. Et ass also kloer, datt an der Proportionalitéit och de Contenu zielt.

D'Fro, ob mer den Inhalt vun dem Acte législatif, iwwert dee mer an der Prozedur iwwert d'Subsidiaritéit ze befannen hunn, kënne contestéieren, ass also kloer mat Neen ze beäntweren. Och wann et am Protokoll heescht «Le protocole sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité», an d'Kommissioun muss eng Fiche dobäiginn, déi souwuel d'Subsidiaritéit wéi och d'Proportionalitéit motivéiert, esou hunn déi national Parlamenter dat als Basis, awer net d'Recht fir kënnen driwwer ze debattéieren oder en Avis ofzeginn. Den Avis limitéiert sech ëmmer op d'Subsidiaritéit.

Den Avis, also d'Resolutioun, déi eis hei virläit, Här President, dréit zumindest an dräi Punkten deenen Texter net Rechnung. Well am Avis steet nämlech «Avis sur le respect du principe de subsidiarité et de proportionnalité». Woubäi dach awer kloer aus den Texter erausgeet, datt déi national Parlamenter keen Avis iwwert d'Proportionalitéit ofzeginn hunn!

Dobäi steet bei der éischter Proposition de directive hannen zum Schluss och erëm, wou d'Kommissioun eiser Chamber seet: «Or, ces conditions constituent en vertu de l'article 5 du protocole sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité, annexé au traité établissant une Constitution pour l'Europe, des éléments circonstanciés permettant d'apprécier le respect des principes de subsidiarité sinon de proportionnalité.» Och dat ass contraire zu den Texter, wéi mer se am Protokoll zum Traité virleien hunn.

An och am leschten, am véierten Avis, dee mer ofginn, soe mer zum Schluss: «En ce qui concerne les actions contre le gestionnaire…» - a sou weider - «pour atteindre les objectifs visés (principe de proportionnalité) car une telle responsabilisation n'existe pas pour les transports routiers.» Dat heescht, mir hunn also hei an eisem Avis eng Rei vun Argumenter opgeholl fir zu Konklusiounen ze kommen op Grond vun der Proportionalitéit, wou d'Kommissioun an d'Texter awer kloer soen, déi ginn net a Considératioun gezunn.

Et ass also kloer, nëmmen iwwert d'Subsidiaritéit hu mer ze befannen. Et ass net onwesentlech, well vill Leit och behaapten, datt een iwwert de Wee vun der Fro vun der Subsidiaritéit och kéint wesentlech d'Politik vun der Europäescher Unioun beaflossen. Dat ass nëmme limitéiert méiglech, well an eisen Avisen zu dëser Prozedur mer net kënnen iwwert d'Proportionalitéit, mä nëmmen iwwert d'Subsidiaritéit befannen.

Ech wollt spezifesch op dee Punkt agoen, well menger Meenung no e grousst Mëssverständnes do ass, an ech och der Meenung sinn, datt d'Kommissioun net kloer déi Trennung an hirem Avis gemaach huet, well et muss ee wëssen, wa mir en Avis eraginn, dee mer motivéieren op Grond vun der Proportionalitéit, dann huet e fir d'Kommissioun kee Wäert, well se ganz kloer seet, mir kucken déi Argumentatiounen net.

(Interruption)

Duerfir ass et jo gutt, datt mer mam Exercice sollen alleguer léieren, an duerfir maache mer jo och deen Exercice hei.

Wann awer elo e Parlament d'Fro vun der Subsidiaritéit invoquéiert, ka se also wéi gesot net iwwert d'Proportionalitéit befannen, mä just soen, dat wat am Acte législatif steet, kënne mir op nationalem Plang besser realiséieren, an dat muss da motivéiert ginn. Un avis motivé steet am Text, also wou e motivéiert, datt dat wat am Contenu vum Text steet, datt een dat kann op nationalem Plang besser realiséieren.

Et kann een also net nëmmen higoen a soen, wéi dat och zum Deel an eisem Avis erauskënnt, mir sinn der Meenung, mir géifen dat besser maachen, ouni et awer ze motivéieren. Et muss also och motivéiert ginn, wann ee gären eng Chance hätt, fir datt een domadder kann duerchkommen. An dat hu mer och net an eiser Resolutioun deementspriechend motivéiert, sou datt bei eiser Übung, déi mer hei maachen - mir léiere jo alleguer -, ech der Meenung sinn, datt mer an Zukunft musse genee wëssen op wat mer do aginn.

Et ass kloer, Här President, datt dat doten nach sécherlech vill Froen an och vill Jurisprudenze wäert mat sech bréngen. Et sinn der iwwregens schonn an deem Sënn geholl ginn - Jurisprudenzen, wat d'Subsidiaritéit ubelaangt, wat d'Proportionalitéit ubelaangt, déi awer kloer och soen, datt d'Proportionalitéit och de Contenu ass an net nëmmen d'Méiglechkeeten, déi ee sech gëtt, ob et en Akt ass, wat e legislatiivt Gesetz ass, eng Direktiv ass oder e Reglement, oder eng Recommandatioun, mä kloer och de Contenu, deen zielt.

Et war mer wichteg fir op déi Differenz hinzeweisen, well ech der Iwwerzeegung sinn, datt mer hei als Parlament déi Trennung, déi net onwesentlech ass, mä ganz wesentlech ass, net gemaach hunn.

Domadder muss een dann awer och soen, déi ganz Diskussioun wou mer am Fong einfach esou global soen, datt duerch dee Prinzip vun der Subsidiaritéit d'Parlamenter elo agebonne ginn, an datt mer doduerch déi an déi Méiglechkeet kréien, an dat kënne mer verhënneren, an dat wier net virkomm: Dat ass net de Fall! Dat wäert och an Zukunft net änneren, well mer net kënnen iwwert de Contenu befannen, mä mir kënne just soen: Dat, wat der do wëllt maachen, kënne mir besser maachen. Mä et gëtt dann awer gemaach, an et ass net esou, datt een et ka verhënneren.

D'Fro wat geschitt, wann een oder méi Länner am Kader vun der Subsidiaritéit hir Objectioun…

M. le Président.- Här Braz, wëllt Dir eng Fro stellen?

(Négation)

Ech hu geduecht, well Der esou haart geschwat hutt, mä dann ass d'Saach an der Rei. Här Gibéryen, fuert virun.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. D'Fro ass, wa Länner am Kader vun dëser Prozedur hir Objectiounen umellen, da mussen se éischtens soen, datt se en Avis motivé ofginn, dee kloer seet, ënner wat fir enge Konditiounen datt se d'Zil vum Text kéinten op nationalem Plang besser realiséieren, an et muss op d'mannst een Drëttel vun den nationale Parlamenter där Meenung sinn oder ee Véierel, deemno ëm wat et geet.

Dann ass et och net esou, datt wann een Drëttel vun den nationale Parlamenter eng Objectioun mécht, d'Kommissioun agéiere muss. Et ass ëmmer am Konvent geschwat gi vu gielen a vu roude Kaarten, mä d'Realitéit ass, datt d'Kommissioun net muss agéieren. Et steet wuel am Text: «Le projet doit être réexaminé.» Mä wann een dann awer e bësse méi wäit liest, da gëtt dat «réexaminé» erëm erkläert an da steet do: «À l'issue de ce réexamen la Commission peut décider soit de maintenir le projet, soit de le modifier, soit de le retirer.» Dat heescht, dat Réexaminéieren, dat kann och doranner bestoen, datt se seet: Ma, mir behalen eisen alen Text bäi.

Et ass also net datt ee mengt, wann een elo een Drëttel hätt, an et steet do, «doit être réexaminé», datt een dann een anere kritt. Also si kann och soen, mir halen eisen alen Text trotzdeem bäi, si kann en awer och ëmänneren a si kann en zréckzéien. Egal wat fir eng Décisioun datt se hëlt, si muss déi Décisioun motivéieren.

Wann dann en nationaalt Parlament net mat där Décisioun averstanen ass, da ka se iwwer hir Regierung higoen an e Recours bei der Cour de Justice de l'Union européenne maachen, wat ech awer perséinlech ëmmer géif fir eng schlecht Léisung halen, wann d'Politik muss hir Décisioune virun engem Geriicht entscheede loossen, wat am Fong politesch Froe sinn.

Ech wëll och nach kuerz op d'Prozedur, déi mer hei am Parlament haten, agoen. Opgrond vun enger Propositioun vun der COSAC ass déi ganz Prozedur gelaf, an eis Kommissioun huet den 21. Februar ugefaangen, an haut, de 26. Abrëll, hu mer d'Debatt an der Chamber. D'Kommissioun war zwar am Délai vun deene sechs Méint, sechs Wochen entschëllegt, fäerdeg. Et muss een och wëssen, si hat hir Fiche technique, déi an dem Text misst derbäi sinn, iwwer souwuel wat d'Subsidiaritéit, d'Finanze wéi d'Proportionalitéit ugeet, net derbäi, wat sécherlech méi séier soss och gaange wier.

Mä d'Fro, déi ee sech awer muss stellen, ass wéi mer dat an Zukunft kënne realiséieren. Et gëtt geschwat vu 400 Propositiounen am Joer. D'Kommissioun seet, datt si der Meenung wier, datt se bei 100 Propositioune géif eng Fiche technique derbäi maachen, a bei deenen aneren 300 wier se der Meenung, datt se se net bräicht derbäi ze maachen, mä datt se am Exposé du motif kéint kuerz drop agoen, well d'Envergure vun deenen eenzelne Moossnamen net esou grouss ass.

Et muss een awer wëssen, datt ee muss déi 100 liesen, an eventuell och een Deel vun deenen 300 anere liesen, wou d'Kommissioun vläicht seet, datt si der Meenung wier, d'Fro vun der Subsidiaritéit wier keng esou wesentlech, oder vun de Finanzen oder vun de Répercussioune vun den anere Méiglechkeeten. Dat muss awer dann net d'Meenung vun deenen eenzelne Parlamenter sinn. Et ass also och net esou, datt ee ka soen: Ma mir loossen dann déi 300 op der Säit leien a mir beschäftegen eis just mat deenen 100.

An da muss een och wëssen, datt mer déi jo gläichzäiteg erakréien. An et muss een och wëssen, datt d'Europäesch Kommissioun hir Congéen aneschters huet wéi d'Lëtzebuerger Parlament seng Congéen huet, an datt emol Zäite kënne sinn, wou mir hei am Parlament net esou tagen, wéi dat awer vläicht an aneren Institutiounen de Fall wäert sinn.

Duerfir musse mer eis also och hei intern iwwer eist Reglement eng Prozedur ginn, wann dat sollt a Kraaft trieden, wéi mer dat maachen, ob mer do den eenzelne Fachkommissiounen d'Méiglechkeet ginn, hir Avisen ofzemaachen, oder ob et all Kéiers muss duerch d'Chamber goen, wat da praktesch méi wéi sécher net wäert méiglech sinn. Also och do musse mer eng Léisung fannen, wéi mer dat Ganzt kënnen ofwéckelen, fir an den Délaien ze bleiwen.

An et muss een och soen, datt souguer déi franséisch Assemblée nationale an hirem Avis geschriwwen huet, datt et fir si net méiglech wier, fir déi Aarbecht do richteg ze maachen. Wa mir dann als Lëtzebuerger Parlament mengen, et wier fir eis och net méiglech, fir déi Aarbecht richteg ze maachen, ech mengen dann hu mer net iwwerdriwwen.

An da muss een och wëssen, datt d'Appréciatioun vun der Subsidiaritéit vu Land zu Land verschidden ass, datt, wann ee Land mengt, si géifen dat besser maachen, da muss nach laang net dat anert Land dat och mengen. Et ass och esou, datt déi eenzel Länner verschidden Intérêten hunn, aus engem anere Bléckwénkel kucken.

Souguer an de Länner intern hu mer am Kader vun dësen Debatte festgestallt, datt zum Beispill an Däitschland, déi hunn elo den Exercice gemaach a si hu gesot, komm mer kucken emol all Texter, déi 2003 komm sinn, ob mer mengen, déi wieren am Respekt vun der Subsidiaritéit gemaach ginn. Dunn huet dann d'Bundesregierung gesot, si wier der Meenung, an dräi Texter wier de Subsidiaritéitsprinzip net respektéiert ginn. De Bundestag huet gesot, senger Meenung no wiere bei 13 Texter de Subsidiaritéitsprinzip net respektéiert ginn.

Mir gesinn also, datt och souguer tëschent Regierung a Parlament aner Vuë kënne sinn, geschweige tëschent deenen eenzelne Länner. Wichteg ass awer - ech mengen dat war eng Diskussioun, déi mer hei gefouert hunn - ob sollten, well mer e bësse méi kleng sinn als Land wéi eis Noperen, d'Chamber an d'Regierung zesummen e Sekretariat oder eng Administratioun opbauen, déi sech mat där Fro befaasst.

Eis Meenung war kloer, datt een dat net sollt maachen, datt déi wuel zesumme schaffen, mä et sollt ee schonn déi Trennung vun der Legislativ a vun der Exekutiv bestoe loossen, an d'Chamber soll hir Prozedur maachen, sech à même setze fir kënnen hirer Roll gerecht ze ginn, an d'Regierung soll hiert maachen. Déi zwee kënnen sech jo ergänzen.

Wichteg ass awer och, datt mer d'Fraktioune mussen en mesure setzen, fir mat där doter Roll eens ze ginn, well soss ginn eis Debatten heibanne sécherlech och net esou wéi se mussen duerchgefouert ginn. An et ass kloer wann d'Chamber sech do mam Personal en mesure setzt, musse mer och higoen, wéi aner Parlamenter dat maachen, datt mer eng Antenn zu Bréissel am Parlament hunn, déi also no bei der Quell ass a weess wat geschitt ass. Am Abléck - den Här Fayot huet et gesot - hu mer eng Persoun do, mä déi ass am Prinzip elo nëmmen

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

•

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

zäitlech bedéngt, soulaang wéi d'Troika vun der COSAC fonctionnéiert, mä déi muss natierlech eiser Meenung no och doriwwer eraus fonctionnéieren.

Ech sinn och der Meenung, datt hei e gewësse Mouvement entsteet, wann dat heite sollt eng Kéier a Kraaft trieden, an zwar datt och wahrscheinlech tëschent deenen eenzelne Parlamenter wäert en Aktivismus entstoen, datt Länner, déi wierklech en Intérêt drun hunn, fir am Kader vun der Subsidiaritéit hir Argumentatioune virzebréngen, da bei aner Parlamenter intervenéieren a soen, hei mir maachen iech drop opmierksam a mir wiere frou wann dir och déi Meenung géift huelen, fir eleng de Seuil vun deem Drëttel a vläicht nach méi en héijen ze erreechen, fir eben hir Thees ze verstäerken.

An do sinn ech och der Meenung, datt d'COSAC, déi sech jo och elo e Sekretariat ginn huet, kéint am Fong och déi Roll huelen, fir eng Austauschroll tëschent deenen eenzelne Parlamenter ze spillen, fir en Austausch vun den Avisen ze maachen, fir datt mer eben och tëschent deene 25 haut a 27 Parlamenter muer kënnen higoen an eben deen Austausch do realiséieren, wat virun allem engem Parlament wéi dem Lëtzebuerger, wou d'Moyenen dach awer limitéiert sinn, kéint vun Notzem sinn, wat d'Matière ubelaangt, wann een do Informatioune kritt.

Et ass also net esou absolut positiv, déi Prozedur hei, mä si ass staark limitéiert. D'Parlament kann nëmmen a gewëssene Punkten agéieren, et kann nëmmen iwwert d'Subsidiaritéit reagéieren. D'Kommissioun muss net doropshi reagéieren, an duerfir mengen ech, sollt een dat net als déi grouss Errungenschaft dohinner stellen. Et ass e Fortschrëtt, mä et ass net déi grouss Errungenschaft, wéi verschidde Leit dat soen.

Wichteg ass awer och, datt mer als Parlamenter elo vun Ufank un, wann dat a Kraaft trëtt, mat an d'Diskussioun agebonne ginn, a vläicht schonn ier déi Texter komme kann ee schonn informéiert ginn iwwer eis Leit vu Bréissel, fir datt ee schonn am Virfeld ka matschaffen. An doduerch entsteet dann eng Diskussioun hei am Parlament, a wa se hei am Parlament entsteet, kann ech mer och virstellen, datt se éischter op d'Société civile iwwergeet, datt se op d'Chambres professionnelles iwwergeet, déi dann och a méi engem fréie Stadium kënne mat iwwert déi Prozeduren hei an iwwert déi Texter diskutéieren, wat sécherlech méi transparent ass, wat eis Europapolitik méi no bei de Bierger bréngt.

Wa mer d'Europapolitik méi an d'national Parlamenter bréngen, dann ass dat menger Meenung no deen eenzege Wee wéi mer d'Europapolitik kënne méi no bei de Bierger bréngen. Well wa mer se iwwert d'national Parlamenter méi diskutéieren, a wann dat sollt eng Kéier a Kraaft trieden, da wäert dat heibannen ee vun den Haaptsujeten an Zukunft sinn, an dat wier menger Meenung no e gudden Exercice am Interesse vun Europa.

Ech soen Iech Merci.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech wousst jo, dass den Här Gibéryen e grousse Spezialist vun der Subsidiaritéit wär.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen agedroen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Fraktiounskolleeg Paul Helminger ass ausféierlech op d'Aspekter vu Subsidiaritéit a Proportionalitéit agaangen. Ech kann mer dat also erspueren. Ech wollt eigentlech op de Fong vum drëtte Paquet ferroviaire agoen.

Wann d'Chamber dësen Exercice gemaach huet, dann ass dat eng gutt Saach, well ech nach ëmmer der Meenung war, dass d'Chamber sech misst am Virfeld vill méi mat europäeschen Dossiere befaassen, wéi dat an der Vergaangenheet vläicht de Fall war. Ech hätt mer gewënscht, dass mer och beim éischte Paquet ferroviaire a beim zweete Paquet ferroviaire déi Diskussioun gehat hätten, déi mer haut bezüglech dem drëtte Paquet hunn.

Den éischte Paquet ferroviaire, dee jo fir d'Lëtzebuerger Eisebunn eng ganz Rei vu Konsequenzen huet, och wann een haut nach - an dat ass monter amgaangen, ech bedaueren dat zudéifst - de Kapp an de Sand stécht. De Kapp gëtt an de Sand gestach, haaptsächlech vun den Eisebunnsgewerkschaftler, déi sech de Realitéiten net wëlle stellen, déi mengen, si kéinten hiren Truppen nach ëmmer verzielen, si géifen d'Saach riichten! Si brénge strictement näischt fäerdeg! Wann ech haut kucken, mir si jo nach ëmmer an der Virbereedung vun där faméiser Tripartite Eisebunn, déi eigentlech keng Tripartite dierft sinn, well wie schwätzt do mat wiem?

Do schwätzt eng Direktioun vun der Eisebunn, déi eigentlech eenzeg an eleng dem Transportminister muss follegen! Do schwätzt also d'Eisebunnsdirektioun mam Transportminister a mat de Gewerkschaften. Et soll een et also net Tripartite nennen, mä et soll een et eng Bipartite nennen. Da wier een eigentlech der Saach méi no. An d'Regierung muss dann den Eisebunner, mä net nëmmen den Eisebunner, dem Land soen, wou se wëllt hifueren, wat se wëllt - well dat ass jo Element vum éischte Paquet ferroviaire - mam Wuerentransport maachen.

E Wuerentransport, deen d'lescht Joer méi wéi 30 Milliounen Euro Defizit gemaach huet! Toute chose étant égale par ailleurs. Wéi se dat wëllen an der Zukunft riichten, wëssend, dass privat Opérateuren haut scho kënnen um Lëtzebuerger Réseau operéieren. Wéi se dann, wëssend, dass den Haaptclient vun der Lëtzebuerger Eisebunn, d'Sidérurgie, 80% vum Ëmsaz mécht, an dass d'Sidérurgie an engem Ëmfeld operéiert, wou se net an der Lag sinn, Cadeauen ze maachen.

Wann een also higeet an et seet een, mir wäerte scho mat der Sidérurgie eng Léisung fannen, eng gemeinsam Gesellschaft, da muss een awer och gläichzäiteg soen, dass déi gemeinsam Gesellschaft Konsequenzen huet, an dass se haaptsächlech Konsequenzen huet fir déi Leit, déi op der Eisebunn schaffen. Dat ass een deene Leit schëlleg! Wann een eppes anescht seet, wann een hinnen eppes anescht versprécht, da féiert een se an d'ler.

Et war ëmmer meng Suerg fir deene Leit wierklech klore Wäin auszeschëdden, an ech sinn duerfir desto méi traureg, dass weidergefuer gëtt mat där Vogel-Strauß-Politik. Dat ass, wësst Der, de Prinzip vum fréiere Statsminister Bech: Loosst den Dossier laang genuch leien, dann hu sech schonn 80% vun de Problemer geléist. Abee, deen heite Problem, dee gehéiert zu deenen 20%, déi sech net léisen, wann een se op d'laang Bänk schiebt.

Ech sinn also definitiv der Meenung, dass een den Eisebunner - an ech sinn do och mam Kolleeg vun der grénger Fraktioun d'accord - esou séier wéi méiglech, an och dem Land esou séier wéi méiglech soll soen, wat lass ass. Gläichzäiteg muss ech och warnen, Här President, well dat och Element vum éischte Paquet ass, virun där Décisioun fir elo d'Eisebunn ze chargéieren, déi ganz Infrastrukturaarbechte virzehuelen. Well Element vum éischte Paquet ass, dass de Gestionnaire vun der Infrastruktur onofhängeg ass an dass e muss en équitabelen Droit d'accès garantéieren.

Deen onofhängege Gestionnaire ass de Fonds du rail, a wann d'Eisebunnsgesellschaft do elo d'gutt an d'schlecht Wieder mécht, da riskéiere mer op d'mannst, dass mer iergendwann eng Kéier vu Bréissel gesot kréien, dass dat contraire ass zum Geescht vum éischte Paquet ferroviaire, d'selwecht wéi mer am éischte Paquet ferroviaire och musse festhalen, wien dann den Organisme de contrôle ass. Ech war ëmmer der Meenung, dat kéint den ILR sinn, an ech wier frou, wa mer och do géifen Opschloss driwwer kréien, wéi dat dann elo soll gehandhaabt ginn. Dat ass deen Organisme, deen herno iwwert d'Attributioun vun de Sillone muss befannen.

De Rapporteur, de Kolleeg Schreiner, huet jo hei ugeschwat, dass een esou e Gestionnaire brauch, dee muss derfir suergen, dass net déi eng d'Korinthen huelen an déi aner mussen d'Brout iessen, mä mir mussen esou e Gestionnaire kréien. Ech hu mech gebalegt derfir, dass mer zu Bréissel net missten eng nei Verwaltung opriichten, mä dass mer kéinten eventuell engem Organisme wéi dem ILR dat iwwerdroen. Mä mir mussen dat maachen, dat sinn d'Elementer vum éischte Paquet.

D'Elementer vum zweete Paquet, wou mer nach net mussen alles iwwerhuelen a wou ech och Problemer gesinn, wou ech als Minister géint den zweete Paquet ferroviaire fir Lëtzebuerg gestëmmt hunn, wou mer iwwerstëmmt gi sinn a wou mer awer och an der Flicht sinn, fir dat ëmzesetzen.

An da komme mer bei deen drëtte Paquet ferroviaire. Här President, fir deen drëtte Paquet hu mir jo als Chamber an der Kommissioun eng Unanimitéit gehat fir dat, wat mer hei festgehalen hunn a wat an där Resolutioun niddergeschriwwen ass, dann alleguer zesummen an deemselwechte Sënn ze gesinn. Dat ass jo eng formidabel Stäip fir déi, déi mussen op Bréissel verhandele goen.

Mä gläichzäiteg, Här President, an do wëll ech drop opmierksam maachen, ass et awer och eng onwahrscheinlech Gefor fir déi, déi dohinner verhandele ginn, a mäi Kolleeg Paul Helminger huet drop higewisen, dass mer déi néideg Flexibilitéit behalen. Hei huet d'Verhandlungsdelegatioun, wat den drëtte Paquet ferroviaire ugeet, Här President, vun haut u vun der Chamber en imperative Mandat! Eis Verhandlungsdelegatioun kann net zu Bréissel en Accord ginn zu eppes wat contraire ass zu deem, wat mir als Chamber hei festgeluecht hunn. Dat geet net, à moins de Minister kënnt erëm virun déiselwecht Chamber zréck a seet, ech hunn elo e Problem zu Bréissel.

Mä mat där Diskussioun hei an haut huet de Minister, och wann dat em vläicht net gefält, en imperative Mandat, an duerfir, Här President, war ech ee vun deenen, déi an der Kommissioun gewarnt hu virdrun, ze vill wäit ze goen. An doropshin ass jo deene Warnungen zum Deel Rechnung gedroe ginn. Ech si mat deem d'accord wat am Text vun der Resolutioun steet, mä ech wëll einfach nëmmen drop opmierksam maachen, deen imperative Mandat, dee steet elo am Raum, a wann de Minister oder seng Mataarbechter zu Bréissel verhandelen, da mussen se dee Mandat am Kapp hunn, a wa se domadder net eens ginn, da mussen se erëm virun d'Chamber zréckkommen.

A mir hu gesinn, Här President, wéi zäitopwändeg deen Exercice ass fir véier Texter. An et si vill Kolleegen dorobber agaangen, wat fir eng Moyenen ee sech muss an Zukunft ginn, wann ee wëllt déi Aufgab hei seriö huelen. Et ass zitéiert ginn, dass am franséische Parlament praktesch festgestallt ginn ass, dass souguer d'franséisch Parlament net an der Lag wier, dat mat, wéi soll ech soen, där noutwendeger Prezisioun ze maachen.

Ech bleiwen der Meenung, an dat hunn ech och an der Kommissioun gesot, dass mir hei zu Lëtzebuerg net sollten, wéi soll ech soen, d'Rad nei erfannen. Mir hu Leit, an däerf ech virausschécken, Här President, a Froe vun der Europäescher Unioun gouf et bis elo ëmmer bei eis am Land e ganz breede Konsens. Et ass äusserst selte virkomm, dass Regierungsmemberen aus europäesche Verhandlungen erausgaange sinn, ouni dass se d'Zoustëmmung vun der Chamber haten, wann se net d'Unanimitéit vun der Chamber an hirem Réck haten, mat deene Resultater, déi se erziilt hunn.

Ech sinn duerfir net der Meenung, baséierend op deenen historeschen Erfahrungen, dass mir deene Leit, déi fir eis op Bréissel verhandele ginn, solle Vertraue schenken. Dass mer deene Leit op eiser RP respektiv an deenen eenzelne Ministèrë wéinstens emol de Bénéfice du doute loossen. Wann déi Leit also dohinner ginn a si ginn eis als Chamber eng faktuell Informatioun, da brauche mir net hei an der Chamber e risege Service opzebauen, fir déiselwecht Aarbecht ze maachen, déi si scho gemaach hunn.

Duerfir war och mäi Wonsch an der Kommissiounssitzung, dass d'Beamten aus dem Ministère sollte kommen, fir eis hir Meenung iwwert déi véier Texter ze soen. Wa mir dann als Chamber, als Kommissioun anerer Meenung sinn, dann ass et net onbedéngt d'ganz Chamber, mä et sinn eenzel Fraktiounen.

Duerfir sinn ech der Meenung, Här President, statt dass, fir dës Aarbecht ze maachen, d'Servicer vum Greffe musse verstäerkt ginn, sinn ech nodrécklech der Meenung, dass d'Servicer vun deenen eenzelne Fraktioune misste verstäerkt ginn, fir an de Fraktiounen déi noutwendeg Aarbecht ze maachen.

Dee Problem do, dee stellt sech jo net muer. Dee stellt sech, hoffen ech als ee vun deenen iwwerzeegten Unhänger vun deem Traité iwwert d'Europäesch Verfassung, eréischt fir Lëtzebuerg, wann all déi aner Länner, wéi Lëtzebuerg och, den 10.Juli Jo zu där Verfassung gesot hunn. Dat hoffen ech instännegst, dass mer dann, wa mer dee groussen europäesche Projet realiséiert hunn, och kënnen dëse Problem an e puer Joer an Ugréff huelen, eis dann déi Moyene ginn, déi mer brauchen, fir um nationale Plang eis europäesch Aarbechte richteg ze maachen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wéi gesot, Här President, ech war frou, dass mer an der Kommissioun, dass mer och haut am Plenum déi Diskussioun haten. Ech maachen drop opmierksam, dass dat hei e Schratt an déi richteg Richtung ass. Ech muss warne virun de Konsequenzen, déi et och fir déi Leit huet, déi fir Lëtzebuerg verhandele ginn, a wëll ofschléissend soen, meng Partei, déi jo ëmmer fir eng flott Zukunft fir d'Lëtzebuerger Eisebunnswiesen ass, géif drëms bieden, dass mer den Eisebunner klore Wäin aschëdden, dass mer den Eisebunner soen, a wat fir eng Richtung den Zuch geet, an net mengen, dass een d'Rad vun der Geschicht kéint zréckdréinen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Elo huet den Här Minister Lux d'Wuert. Här Lux, wann ech gelift.

Et ass un Iech, Här Minister.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, als aachte Riedner ass et nach méi schwéier fir d'Method vun der Diskussioun, déi d'Chamber haut an engem Test souzesoen duerchgefouert huet, nach ze kommentéieren, besonnesch wou ee sech freet, wéi staark dass hei de Rôle vun der Regierung ze beuerteelen ass.

Déi eng waren der Meenung, et sollt eng strikt Trennung sinn tëschent der Aarbecht, déi d'Chamber hei mécht. Dee leschte Riedner huet éischter plädéiert, ech géif och éischter mengen an déi Richtung ze argumentéieren, dass Chamber a Regierung trotzdeem ëmmer sollten an Tuchfühlung matenee bleiwen, wa se, deen een an deen aneren, a sengem eegene Rôle amgaange sinn, déi Dossieren ze preparéieren.

Mä virun allem awer wëll ech aus der Erfahrung, an och wann een d'Bänk changéiert huet an der Tëschenzäit, soen, dass an alle Fäll de Prinzip gëllt, dass eng Stäerkung vun de Parlamenter ëmmer eng Stäerkung vun der Demokratie ass. An ech mengen dee Prinzip ass ëmmer richteg a gëtt och hei richteg, wann ee gesäit wéi vill Retard mer dach awer hunn hei um Niveau vum Parlament an deenen Diskussiounen, déi zu Bréissel lafen.

Wann ee 15 Joer als Deputéierten an der Chamber war an elo aacht Méint op där anerer Säit sëtzt an an zwee Ressorten am Conseil matschafft, da mierkt een, wéi grouss déi Distanz ass tëschent der Informatioun, déi een huet, tëschent dem Involvéieren an déi Prozeduren, déi lafen, an dofir ass sécherlech d'Method an der grousser Hoffnung déi mer hunn, dass de Verfassungstext déi 25 Parlamenter wäert duerchlafen a ratifizéiert ginn, scho grouss, dass et an déi Richtung geet.

Ech mengen och, dass déi Fro, déi de Kolleeg Helminger opgeworf huet, sécherlech eng richteg ass tëschent engersäits enger Tuchfühlung tëschent Parlament an der Regierung an hire jeeweilege Ministeren oder awer engem imperative Mandat. Déi Fro stellt sech natierlech. Ech mengen et gëtt eenzel Parlamenter haut schonn - dat dänescht fält mer direkt an - wou et en imperatiivt Mandat gëtt. Ech hunn an deene jeeweilege Conseilen elo schonn erlieft, wéi opgereegt an opgedréint dänesch Ministeren all Véirelstonn eraus an de Gank telefonéiere ginn, fir ze kucken ob se nach um Buedem vun der Verfassung sinn, wann een esou däerf soen.

Ech mengen och do sollt een éischter an d'Richtung vun deem goen, wat de Kolleeg Grethen an anerer gesot hunn, dass och hei - mengen ech - de Minister sécherlech eng Toile de fond soll hu vun deem wat d'Parlament denkt, mä dass dat awer kee strikt, imperatiivt Mandat soll ginn.

Ech mengen et gëtt jo verhandelt zu Bréissel. Deementspriechend brauch een eng Marge de manoeuvre. De Ressortminister muss natierlech wëssen, dass, wann en op Lëtzebuerg zréckkënnt, en hei net d'Mësstrauen ausgeschwat kritt, well dat wat en ugeholl huet vläicht ze vill wäit vun deem ewech geet wat d'Chamber denkt. Ech mengen och do muss e Wieselspill stattfannen. Ech mengen, dass och am Laf vun esou enger Prozedur d'Ministeren an hir jeeweileg Kommissioune ginn, fir ze informéieren, fir ze kucken ob d'Richtung nach ëmmer stëmmt.

Ech mengen also, dass een net esou strikt soll soen, et ass entweder en imperatiivt Mandat oder et ass net en imperatiivt Mandat. Ech mengen d'Wourecht wäert do - an ech menge besonnesch zu Lëtzebuerg wier dat noutwendeg - iergendwou dertëschent leien. Jiddefalls emfannen ech et an där Diskussioun iwwert den drëtte Paquet als éischter eng Chance wéi e Fardeau fir eng jeeweileg Regierung, d'Parlament hanneru sech ze wëssen a wéi gesot an deem Spill vun Diskussioun do kënnen sech ofzespriechen.

Ech denken och, dass d'Moyene vun der Chamber, wann ech dat aus menger Erfahrung däerf soen, oder awer vun de Fraktiounen oder vu béide jiddefalls musse staark ausgebaut ginn. Well wann ee gesäit nëmmen an deenen zwee Ressorte vum Transport a vun der Ëmwelt, wéi vill honnerten an dausende vu Säite Woch fir Woch traitéiert musse ginn, wann een dat also wierklech wëllt uerdentlech maachen, da muss déi Verstäerkung personell, u Ressources humaines, un intellektueller Aarbecht, déi muss kënne geleescht ginn, un analytescher Aarbecht, déi muss kënne geleescht ginn, natierlech ausgebaut ginn, well soss bleift d'Distorsioun vun der Capacitéit, déi d'Ressortministeren hu par rapport zum Parlament, ëmmer méi grouss.

Wien d'Informatioun an d'Kompetenz huet, huet ëmmer e Virsprong herno, esou dass ech scho géing plädéieren, mä dat steet mer net zou direkt, mä wann Der meng Meenung scho frot, da soen ech lech, dass ech mengen, dass d'Parlament an déi eenzel Gruppe da schonn hei mussen en Ausbau maachen.

Doniewent - an ech mengen de Kolleeg Gibéryen ass dorobber agaangen - ass jo och, an ech mengen dat muss ee soen, och wann et eng Avancée ass, d'Kontrollrecht vum Parlament net absolut. Ech mengen et gëtt eng Prozedur hei, déi bis zu engem Réexamen ka féieren. Hien huet zu Recht gesot, e Réexamen, dat heescht net, dass den Text geännert gëtt. Ech mengen d'Kommissioun kann duerno zur Konklusioun kommen, dass deeselwechten Text awer weider leeft, well se der Meenung ass, dass och de Réexamen keng nei Momenter fir si bruecht huet.

Mä ech denken awer dass, wann hei eng grouss Zuel vun nationale Parlamenter an eng Richtung ginn, dat e politeschen Drock op d'Kommissioun erzeugt. Mir hunn dat elo erlieft an der faméiser Bolkestein-Direktiv. Ech menge vun deem Moment u wou och an zwee grousse Länner eenzel Leit d'Bolkestein-Direktiv emol méi genau gelies hunn an ugefaangen hunn ze schéissen, wann ech dat däerf soen, huet dat schnell dozou gefouert, dass den Drock op d'Kommissioun dach awer ganz staark ginn ass.

Ech mengen och hei, wann aus ville Parlamenter deen Drock kënnt, dann huet dat net nëmmen en Afloss op d'Kommissioun, mä et huet natierlech och en Afloss op de Conseil. Well ech mengen do sëtze jo dann och Regierungen, déi Emanatioune si vun deene Parlamenter, déi jo en Drock erzeugen, an ech mengen dee geet jo net dann neutral laanscht déi, mä dee wäert da schonn dozou bäidroen, dass souwuel bei der Kommissioun wéi och um Niveau vum Conseil en Drock, e politeschen Drock entsteet, deen dann awer seng Répercussiounen op d'Texter wäert kréien.

Ech denken also, dass och d'Parlament hei, a wann ech mer déi Bemierkung nach däerf erlaben, et ass gesot ginn, déi sechs Wochen hei elo fir deen Avis iwwert den drëtte Paquet ferroviaire ass kuerz. Eenzel Parlamenter waren anscheinend jo dann ausser Stand fir an deem Délai hir Aarbecht ze maachen. Dat ass sécherlech richteg. Et muss een awer soen, hei war éischtens och fir d'Lëtzebuerger Chamber eng éischte Kéier wou dat gemaach ginn ass. Ech mengen, dass dofir excellent Aarbecht an der Kommissioun gemaach ginn ass, fir dat doten esou schnell ze traitéieren.

An ech denken dass, wann dat méi oft de Fall ass, sech jo dorauser och eng gewësse Method installéiert, dass een och eng Informatioun scho virdrun huet. Hei kënnt dat esou parachutéiert op eemol eng Kéier dohinner. Et war den drëtte Paquet. Et hätt och iergendeng aner Proposition de directive oder de règlement kënne sinn. Esou dass - mengen ech - och do dann awer aus dem Rodage herno eng Method entsteet, déi et misst erlaben, fir endéans vun deene Fristen dach awer en tant soit peu räsonnabelen Avis och kënnen ofzeginn.

Nun ass dat alles wat ech als Member vun der Regierung hei de Mëtteg zu Ärer Method, wéi Dir wëllt schaffen, wëll kommentéieren. Ech mengen, dass ech mech kloer dofir ausgeschwat hunn, dass een dem Verfassungstext den 10. Juli och hei am Referendum e kloere Jo soll ginn, well dat heimat och implizéiert, dass d'national Parlamenter méi Méiglechkeeten, besser Methode kréien, fir och d'Regierung ze kontrolléieren oder awer se ze ënnerstëtzen, esou wéi dann eben déi jeeweileg Meenungen sech maachen.

Nun zum Fong vläicht och nach e puer Bemierkungen, well ech mengen, dass dat jo och eng vun de Léieren ass, déi mer mussen heiraus zéien. D'Method an de Fong si ganz schwéier auserneen ze halen. Souwuel an der Beuerteelung vum Prinzip vun der Subsidiaritéit mierkt een, wann een d'Avisen an eenzelnen anere Parlamenter kuckt, dass se anescht ers beuerteelt ginn. Dofir ass dat schonn de Beweis, dass dat keng exakt Wëssenschaft ass.

Jiddferee beuerteelt dat entweder méi oder manner staark, souwuel dee Prinzip vun der Subsidiaritéit wéi och dee vun der Proportionalitéit. Et mierkt een oft, dass wann d'Leit quant au fond zu de politeschen Inhalter, déi zur Diskussioun stinn, Problemer hunn, dann hunn se oft d'Method fir se ze contrecarréieren, an ech mengen dee Prinzip, dee spillt sech dann och hei e bësse mat of, esou dass déi exakt Wëssenschaft esouwuel bei deem Punkt mengen ech ëmmer aneschters ze beuerteelen ass.

An da kënnt natierlech de Fong an d'Method, déi sinn och net dovun ze trennen, well et ass ganz kloer, dass deejéinegen, dee mat dem Fong Problemer huet, sech dann oft och un der Method ukrämpt, fir eng gewëssen Oppositioun ze maachen, esou dass, mengen ech, déi zwou Beuerteelunge keng exakt Wëssenschaft sinn an deementspriechend och ëmmer politesch ze beuerteele sinn.

Zum Fong dann och e puer Bemierkungen an e puer Äntwerten op déi Froen, déi gestallt gi sinn. Ech mengen engersäits ass dat d'Fro vun der Liberaliséierung am Beräich vun dem Eisebunnersecteur insgesamt. Elo kënnt ee soen, et ass müsseg nach dorobber laang prinzipiell zréckzekommen, well den Zuch effektiv op de Schinnen ass, duerch den éischten an den zweete Paquet. Och wa Lëtzebuerg beim zweete Paquet do eng aner Positioun hat wéi d'Majoritéit vun de Länner, esou ass et kloer, dass eng Ouverture vun de Grenzen den 1. Januar 2007 onausweichlech op eis zoukënnt, an ech mengen do sinn ech mat jidde Riedner d'accord déi soen, Lëtzebuerg ass da censéiert sech dorobber ze preparéieren.

Elo wëll ech net mat mengem Virgänger hei an eng Polemik eragoen, well ech dat bei all Geleeënheet versichen ze vermeiden. Ech muss allerdéngs soen, fir bei senge Wierder ze bleiwen, dass nodeem mer elo während véier Joer an där dote Fro de Kapp an de Sand gestach hunn, mer endlech amgaange si lues a lues de Kapp erauszezéien. Deementspriechend mengen ech, dass déi Tripartite, déi jo elo mat vill Inbrunst vu jiddferengem erwaart gëtt, déi hätt jo och am Joer 2002 oder 2003 oder déi hätt Ufank 2004 kënne stattfannen; si fënnt elo am spéiden Hiersch 2005 statt. Mä da fënnt se och statt, an ech mengen et ass dat wat mer an deene leschte Méint geleescht hunn.

Ech géif dann och dem Kolleeg Felix Braz wëlle soen, ech mengen, dass déi, déi um Hearing, wéi hien, zu Beetebuerg derbäi waren, misste verstanen hunn, dass déi Décisioun, fir sech déi Zäit ze gi fir d'Virbereedung dorobber, dass dat genau déi richteg Décisioun war. Net nëmmen aus engem psychologeschen Element eraus, mä och fir sech Zäit ze ginn, fir déi Rieder do erëm beieneen ze kréien an dofir ze suergen, dass e Klima entsteet, wat et erlaabt eng Rei vu Saachen ze maachen, déi een nach virun enger Zäit net fir méiglech gehal huet.

Dass de President vun der Chambre de Commerce um Hearing zu Beetebuerg Argumenter dohinner geluecht huet a se diskutéiert huet, och mat den Eisebunnergewerkschaften, ass schonn, fir Lëtzebuerger Verhältnisser, een enorme Fortschrëtt par rapport zu deem klasseschen, heiansdo klengkaréierten - soen ech - Denken, wat op deem Gebitt hei zu Lëtzebuerg existéiert.

A wa mer et elo fäerdeg bruecht hunn, genau d'lescht Woch, och den Accord ze fannen, dass souwuel d'Direktioun vun der Eisebunn wéi d'Gewerkschafte vun der Eisebunn, d'Arcelor an de Ministère du Transport an e gemeinsamen Aarbechtsgrupp elo antrieden, fir d'Optiounen ze diskutéieren, wéi eng gemeinsam Gesellschaft am Beräich vum Fret tëschent der CFL an der Arcelor kënnt ausgesinn, dann ass dat een enorme Fortschrëttt par rapport zu där Situatioun, déi ech virfonnt hunn am August 2004.

Esou dass dat wat ech gesot hunn, nämlech Optioune preparéieren, och déi Tripartite ze kucken, wat fir eng Méiglechkeeten hu mer, een enorme Fortschrëtt ass par rapport zu deem wat mer haten. Dofir setze mer eis och an d'Lag, fir Enn 2005 eis kënnen zesummenzesetzen a kloer ze gesinn, wou et soll higoen.

A wann Der sot, waart net, all Informatioune leien do: Ech woen ze bezweifelen, ob all Informatiounen do leien. Mä ech mengen, wann ee seet, mir brauche mar eng Eisebunn - an dat mengen ech war dat wat ech schonn um Hearing gesot hunn an och schonn hei gesot hunn -, déi en integréierte Betrib bleift, dat ass schonn eng staark Ausso par rapport zu deem wat Eenzelner wollte maachen. Mir brauche mar souwuel an deene Beräicher vun dem Fret wéi vun dem Voyageur wéi vun de Fonctions essentielles, déi mat drunhänken, ee gesamte Bléck vun deem wat eng Gesellschaft, eng Lëtzebuerger CFL, an Zukunft soll kënne sinn.

Ech mengen, dass dat schonn e Wee ass, a mir diskutéieren dann och iwwert déi Filialen, déi dann noutwendeg sinn am Beräich vum Fret, am Beräich vum Voyageur, am Beräich vun der Infrastruktur oder vun aneren, wéi zum Beispill der Fro vun der Verdeelung vun de Sillonen, ob do den ILR - dat ass eng Léisung, déi ech net ausschléissen - déi richteg Léisung ass oder ob et aner Léisunge gëtt, déi an anere Länner getest gi sinn, zum Beispill an der Bundesrepublik Däitschland, wou aner Méiglechkeete gesicht gi sinn.

Wann ech dann d'Formatioun huelen, do ass gesot ginn d'Chambre de Commerce. Weder d'Chambre de Commerce wëllt dat maachen, nach anerer. Och do mengen ech ass ze kucken, inwieweit dass et bei där Fonction essentielle och nach aner Iddie gëtt. Woubäi ech mat dem Kolleeg Grethen d'accord sinn, dass een net fir all déi Beräicher do nei Strukture soll bauen, nei Waasserkäpp soll opriichten an esou virun, déi vill Geld kaschten.

Dat féiert mech iwwregens och dozou, fir nach eng Ausso ze kréien, Här Braz, dass déi Iddien, déi elo mol um Dësch leien an haut nach do leien, fir onbedéngt musse fënnef Filialen um Niveau vun der Eisebunn ze maachen, jo och sech d'Fro muss gestallt ginn, ob eng Gesellschaft, wéi d'Lëtzebuerger Eisebunn, sech onbedéngt a fënnef Entitéite muss éparpilléieren, mat all deem Coût, deen dat mat sech bréngt. Och do mengen ech kënnt et méi schlank Solutioune ginn, wéi déi, déi geduecht sinn.

Dofir ass et mer net baang virun där Aufgab, déi do op eis zoukënnt, an dass mer herno, wa mer iwwert d'Strukturen an iwwert déi konzeptuell Ausriichtung, wou et natierlech richteg ass, an dat hunn ech den Eisebunner an deene leschte Méint eng dose Mol gesot, wat hei gesot ginn ass, och de Mëtten, dass wa mar d'Arcelor 70 oder méi souguer Prozent Clientë vun der CFL am Fret-Beräich, wann déi mar an engem offene Marché sech en aneren Opérateur sicht fir seng Routen, fir seng Fracht ze transportéieren, dann ass et natierlech kloer, dass et fir e Fret-CFL keng Zukunft gëtt.

Dat ass natierlech eng Donnée, déi muss jiddferee wëssen, an do muss och da jiddferee seng Verantwortung iwwerhuelen, wa mer wëllen hunn, dass et eng Zukunft fir de Fret ënnert enger Lëtzebuerger Gesellschaft soll ginn. Well mir kënnen et jo och maache wéi…

(Interruption)

…zum Beispill d'Hollänner oder d'Dänen et gemaach hunn, déi hire Fret einfach verkaaft hunn an domadder waren se all Problemer lass. Dee Wee wëlle mer net goen, well mer mengen, dass et eng Solution luxembourgeoise gëtt, wou och de Fret-CFL mar souguer vläicht eng ganz grouss Chance huet, fir an engem iwwerregionale Raum och mar kënne Frachten ze fueren an och Benefisser kënne generéieren, well dat dierft jo dann och noutwendeg sinn.

An ech denken och, dass souwuel am Fret-Beräich wéi am Voyageur, an de Kolleeg Roland Schreiner als President huet dat e puermol hei gesot, et däerft och noutwendeg sinn, dass d'Notioun vum Service public, d'Notioun vum Aménagement du Territoire, d'Notioun vun den environnementale Konklusiounen a Konsequenzen, déi de Beräich vun der Eisebunn a besonnesch an der Fracht huet, dass déi net einfach däerfen op d'Säit geschubst ginn. Do spillt mar och de Stat weider eng grouss Roll fir ze kucken, dass wa mer hei zu Lëtzebuerg eis de Fret ukucken, dass et eenzel Frachte gëtt, déi gefuer ginn, déi vläicht defizitär sinn, mä déi awer mengen ech fir d'Ëmweltnotioun, fir d'Kyoto-Ziler anzehalen an esou virun, ganz wichteg sinn. Ech wëll elo keng nennen; zum Beispill déi, déi an d'Géigend vu Rëmeleng ginn. Et kënnt een iwwert déi zum Beispill schwätzen.

Do stellt sech dann d'Fro, ob de Stat an déi Gemengen en Intérêt drun hunn, dass déi Fracht mar eriwwergeluecht gëtt op d'Strooss an dass da mat honnerte Camionen am Joer eppes gemaach gëtt, wat och mat der Eisebunn geet, an do muss de Stat an enger iwwergoender Aufgab, déi en huet, souwuel aus Grënn vun Aménagement du Territoire oder aus Ëmweltgrënn oder aus Grënn vu Service public säi Rôle spillen.

Dat wäert och mar wouer sinn am Beräich vum Voyageur. Dofir mengen ech jo och, déi dach awer kritesch virsiichteg Aschätzung, déi deen Avis vun der Chamber hei hëlt, par rapport zu der Liberaliséierung am internationale Voyageursberäich, wou dat sécherlech eng Roll spillt, dass dat eng Rei vun Äntwerte sinn, Här Braz.

Mir waarden also net! Am Géigendeel, mir si mat enger gudder Geschwindegkeet amgaangen déi Tripartite do ze preparéieren an eis an d'Lag ze versetzen, net nëmmen dann driwwer ze rieden an ze polemiséieren, mä dofir ze suergen, dass mer den 1. Januar 2007 wëssen, wou den Zuch vun der Eisebunn am Fret-Beräich hifiert.

Ech sinn och der Meenung, dass mer an där Tripartite en vue vun deem, wat den drëtte Paquet eis am Voyageursberäich bis dohinner seet, och schonn Äntwerte ginn op dat wat eis am Voyageursberäich dann erwaart. Dass mer also net nëmmen elo iwwert de Fret schwätzen, mä dass mer schwätzen iwwert dat wat d'Gesamtbild soll ginn, och am Voyageursberäich mat deenen Änneerungen, déi da kommen am internationale Beräich, och am Zesummenhank mam Cabotage, dass mer an der Lag sinn och do Äntwerten ze ginn.

A mir ass et enorm wichteg, dass mer do net zerschloen, dass mer do eenzel Opérateure maachen, mä dass mer e gesamte Bléck - en integréierten, wéi d'Gewerkschafte soen, et kann een och aner Ausdréck dofir gebrauchen - do behalen.

Ech wëll och dat heiten nach zur Liberaliséierung soen. Mir hunn als Lëtzebuerg och an där leschter Regierung jo keng Begeeschterung gewisen an den europäesche Gremie fir déi Liberaliséierung do. Souguer mäi Virgänger, dee sech där Liberaliséierungspolitik sécherlech méi no gefillt huet wéi ech, hat ëmmer eng kritesch Attitüd, eng kritesch bis souguer negativ Attitüd par rapport zu deem wat wëlles ass.

Ech soen dat an einfache Wierder wat de Kolleeg Schreiner virdru gesot huet an ech hunn dat zu Bréissel an deene leschte Méint öfters gesot: Wann d'Liberaliséierungspolitik nëmmen zur Aufgab sollt hunn, fir aus 25 öffentleche Monopolen herno dräi privat Sociétéiten ze maachen, déi sech just nach déi gutt Kotletten an déi gutt Bifdecker huelen an de ganze Rescht vereinsame loossen a kapott maachen, da mengen ech war déi Liberaliséierungspolitik de falsche Wee.

Dofir, wa mer scho vun dem Conseil vun en Donneschdeg schwätzen, hunn ech nach eng Kéier mat Nodrock - an ech spiere vu Conseil zu Conseil, dass ëmmer méi Ministeren dat och soen - drop higewisen, dass mer déi Evaluatioun vun deene bisherege Liberaliséierungsbestriewunge gären hätten, an dass mer gären hätten, dass se net eleng vun Technokrate vun der Kommissioun zu Bréissel gemaach gëtt, mä dass déi eenzel Memberstaten aktiv an intensiv an déi Evaluatioun mat agebonne ginn.

Et ass geschwat gi vun de Parts de marché, vum „modal split“ tëschent der Strooss an der Schinn. Wéi huet e sech dann entwéckelt an deene leschten zéng Joer? Wéi sinn d'sozial Besëtzstänn vun den Eisebunner? Wéi hunn déi sech entwéckelt? All déi Äntwerten do muss ee sech ginn, fir eng Kéier den Otem unzehalen. Dofir halen ech iwwregens och net ganz vill

dovunner, wann d'Transportkommissioun vum Europaparlament déi lescht Woch e Mëttwoch décidéiert huet, fir dat vum Voyageursberäich onbedéngt nach vun 2010 op 2008 virzezéien. Ech mengen et ass éischter noutwendeg, dass mer emol eng Kéier den Otem unhalen a kucken: Gi mer dann an déi richteg Richtung?

Well ech mierken - wéi gesot - ëmmer méi Ministere fannen, dass an hire Länner oft de Wee just an déi aner Richtung geet, an dass all déi Zilsetzungen aus dem Wäissbuch vun der Kommissioun iwwert d'Transportpolitik bis 2010 éischter amgaange sinn net agehalen ze ginn duerch déi Liberaliséierungspolitik, wéi dass se agehale ginn.

Zu der Fro vun deenen eenzelne véier Paquete gëtt et jo nach déi grouss Diskussioun tëschent dem Conseil an dem Europaparlament iwwer „paquet or not paquet". Dat ass jo eng vun de groussen Diskussiounen. Mir hunn ëmmer gemengt, dass en fin de compte aus där metaphysescher Diskussioun do schlussendlech d'Europaparlament eleng décidéiert, ob de Paquet erausgeholl gëtt oder net.

Wa se mat 31 zu 12 Stëmmen an der Transportkommissioun der Meenung sinn, dass déi Proposition de règlement iwwert d'Qualité Fret näischt daagt, dann ass op jidde Fall dee Paquet, esou wéi d'Kommissioun en dohinner geluecht huet, am Prinzip scho kee Paquet méi. Dat ass eng Diskussioun, déi bréngt eis net weider.

Et wär jiddefalls ganz sage, wann d'Europaparlament déi Propositioun, déi souwuel am Conseil en Accord politique fonnt huet wéi och ënnert de Sozialpartner en Accord fonnt huet, iwwert de Führerschäi vun de Maschinisten, iwwert d'Zertifikatioun, net nach géing onnéideg laang ophalen. Ech mengen dat wär eppes wat mer direkt kënnte maachen. Dat ass jiddefalls de Wëlle vun deene jeeweilege Regierunge fir do virunzemaachen.

Et gëtt, an ech mengen do wëll ech elo net nach eng Kéier déi Argumenter all widderhuelen, déi hei schonn de Mëtte virgeluecht gi sinn, keng Begeeschterung fir déi Reglementatioun iwwert d'Qualitéit am Frachtberäich.

Der Transportkommissioun hiert Resultat hunn ech elo grad gesot. Am Conseil hu mir, en vue vun dem Rôle vun e leschten Donneschdeg, an engem Tour de table d'Memberlänner gefrot, wellecher Meenung si wären. Ech mengen, 17 hu sech ausgedréckt an hu gesot, dass se der Meenung wären, dass se dat net wëllten. Esou dass mer der Kommissioun dat en Donneschdeg matgedeelt hunn, an et ass elo un der Kommissioun fir ze kucken, wat fir eng Konklusiounen dass se doraus zitt.

Ech denke jiddefalls, wa mer gläichzäiteg bei der Eurovignette, iwwert déi ech nach ee Wuert wäert soen, versichen, fir dem Rail méi Avantagen ze gi wéi der Strooss, fir de „modal split" gedréint ze kréien, dass mer net gläichzäiteg sollten higoen an dem Frachtberäich um Niveau vun der Eisebunn duerch eng ze vill iwwerdriwwe Reglementatioun, wat natierlech oft och e Coût generéiert, erëm déi Avantagen ewechhuelen an domadder et erëm méi schwéier ze maache fir dee faire Wettbewerb, dee mer endlech gären tëschent deenen zwee hätten. Dat ass fir mech nach ëmmer dat Haaptargument fir virsiichteg ze si wa mer an déi Richtung ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Schlussendlech ass et vun den Droits des passagers wou mer vill geschwat hunn iwwert d'Relatioun tëschent där doter Propositioun an der Cotif, wat mech iwwregens dozou gefouert huet, emol nozekucken, dass et héich Zäit gëtt, dass mer déi Cotif och emol hei am Lëtzebuerger Parlament deponéieren an diskutéieren a verabschieden. Dat ass och nach niewebäi ze soen. Et ass en Dokument wat och scho vill ze vill laang am Ministère läit an endlech misst heihinner bruecht ginn, fir dann och ratifizéiert ze ginn.

Ech denken, dass d'Kommissioun verstanen huet, no der Diskussioun vun en Donneschdeg, dass et utile wär fir ze soen, mir gesinn eis éischter um Niveau vun der Cotif, mat Ausnahm vläicht vun der Diskussioun iwwert d'Personnes à mobilité réduite. Ech mengen do ass jiddferee bereet méi wäit no vir ze goen.

Wat déi Fro ubelaangt vum Droit de grève, dat ass sécherlech eng berechtegt Fro. Ech hunn e juristeschen Avis zu där Fro ugefrot, well ech mengen et ass noutwendeg effektiv ze kucken, wéi sech déi Relatioun mécht, wann e Client hei en Opérateur verklot a Recht kritt, an deen Opérateur da weidergeet bei déi, déi um Ursprung waren, am Verursacherprinzip déi waren, déi de Streik ugeleiert hunn. Dat ass eng Fro, déi geféierlech ass, an ech wäert jiddefalls oppassen, a wat fir eng Richtung dass et geet. Ech mengen zu der Liberaliséierung, der véierter Propositioun, hätt ech alles gesot.

Schlussendlech e lescht Wuert iwwert d'Eurovignette. Dat wat de Kolleeg Braz gefrot huet, ech mengen, dass dat eng utile Décisioun endlech war, wou sécherlech jiddfereen dovun iwwerzeegt ass, dass dat do nach net onbedéngt der Weisheit leschter Schluss ass. Wann een den Avis vum Europaparlament kuckt, wann een d'Wäissbuch kuckt, dann hätt ee sech bei der Eurovignette nach eppes kënne virstelle wat méi wäit géif goen.

Ech denken zum Beispill un d'Tatsaach, dass een déi extern Käschte méi nach kënnt mat applizéieren an d'Berechnung vum Tarif wéi dat elo de Fall ass. Ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass de Rabatt, dee mer schlussendlech an den Text abruecht hunn, fir awer op déi néideg Stëmmenzuel ze kommen, net onbedéngt och vum Usaz hier eng richteg Décisioun ass, dass een dem Camionsverkéier, dee méi oft fiert, e Rabatt gëtt. Dat ass u sech de Géigendeel vun deem wat mer wëllen.

Mä ech mengen et muss een dofir suergen, dass een net iwwer 90 Stëmmen am Conseil huet, soss hätte mer en drëtten Échec erlidden, an ech mengen deen hätt d'Eurovignette ëm laang Zäit no hanne gedriwwen. Esou dass ech mengen, dass elo an der Diskussioun mam Europaparlament eng Rei vu Verbesserungen nach kënne kommen. Vläicht souguer bis zu enger Conciliatioun.

Wann ech dat ongefeier zäitlech ausrechnen, da kënnt eng Conciliatioun ënnert éisträichescher Présidence stattfannen. Wat fir een Dossier wär besser an enger Conciliatioun mam Europaparlament wéi d'Eurovignette bei den Éisträicher? Ech mengen dat géing schonn erlaben, dass déi Présidence géing Drock maachen, fir eng Rei vu Verbesserungen an déi richteg Richtung ze kréien.

Dofir, summa summarum, déi Stäerkung vun de Parlamenter hei ass och eng Stäerkung vun der Demokratie a sécherlech och eng Stäerkung vun de Regierungen, wa se zu Bréissel an op anere Plaze musse verhandelen. A wat d'Tripartite fir d'Virbereedung vun der Lëtzebuerger Eisebunn op d'Zukunft ubelaangt, esou kann ech Iech just soen, leet Äre Kapp a Rou.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

9. Demandes en naturalisation

D'Debatt ass domadder ofgeschloss a mir kommen elo un eisen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat sinn d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

(Le huis clos est prononcé à 18.04 heures.)

***

(Le huis clos est levé à 18.08 heures.)

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung zwielef Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat zwou Änerunge vum Numm a Virnumm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 26 avril 2005

1. AHMAXHEKAJ Avdullah, né le 25 mars 1965 à Isniq (Serbie et Monténégro), demeurant à Dudelange

L'intéressé est autorisé à porter les nom et prénom de AHMAXHEKAJ Jacky.

2. ASHRAFI Ali, né le 27 mai 1951 à Téhéran (Iran), demeurant à Senningerberg

3. ARAB Mitra, née le 2 février 1953 à Chiraz (Iran), demeurant à Senningerberg

4. DE COCK Edwig Ronald Gustaaf, né le 27 mai 1969 à Aalst (Belgique), demeurant à Wallendorf-Pont

5. COPUS Jean Louis Marcel Edouard, né le 6 septembre 1962 à Arlon (Belgique), demeurant à Rambrouch

6. FERNANDES FITAS Ernesto, né le 2 avril 1976 à Fão/Esposende (Portugal), demeurant à Rodange

L'intéressé est autorisé à porter les nom et prénom de FERNANDES Ernesto.

7. KRSlå Mirza, né le 29 décembre 1981 à Berane (Serbie et Monténégro), demeurant à Bastendorf

8. MC KAY Ciaran Pearse Hugh, né le 29 mai 1963 à Dublin (Irlande), demeurant à Biwer

9. PEREIRA NEVES Jonathan José, né le 27 mai 1983 à Paroquia el Recreo (Venezuela), demeurant à Esch-sur-Alzette

10. PEREZ Rose-Marie, née le 10 février 1962 à Villerupt (France), demeurant à Esch-sur-Alzette

11. POZEGlå Fatima, née le 2 avril 1970 à Rainci Donji (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Schifflange

12. WEYTEN Sophie Louis Irma, née le 14 février 1965 à Uccle (Belgique), demeurant à Holzem

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.09 heures)

Sommaire des séances publiques

Hommage à la mémoire de M. Jos Brebsom, Député honoraire page 300

Communications page 300

Dépôt d'une motion et ordre du jour pages 300-301

Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la politique d'expulsion du Gouvernement de demandeurs d'asile déboutés pages 301-306

Elo ass et och esou, dass mer et hei zu Lëtzebuerg jo souwisou net kënnten ëmsetzen, well d'Dispositions pénales nach feelen, an dofir wollt ech d'Madame Modert froen - d'Madame Stein huet et an hirem Rapport schonn ugeschwat elo grad -: Wéini ass domat ze rechnen, dass de Justizminister e Projet de loi déposéiert, fir dass mer ons Dispositioune kënnen am Code pénal complétéieren, fir Sanktiounen hei virzegesinn, wann et eng Kéier dozou géing kommen.

Ech weess och, dat ass en theoreteschen Exercice, mä wa mer Konventiounen aginn, da musse mer ons och d'Instrumenter ginn, fir déi Konventiounen dann duerno kënnen an d'Praxis ëmzesetzen.

Dat sinn déi puer Bemierkungen, déi ech wollt maachen, an domat bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur, als nächste Riedner ass den honorablen Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech wollt selbstverständlech der Madame Stein Merci soe fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport, dee si mat där gewinnter Prezisioun an Energie gemaach huet. Mir kennen se säit laange Joren, esouwuel als Presidentin vun der Kulturkommissioun wéi elo als Member an als Rapportrice vun dëser Kulturkommissioun. Si huet e ganz grousst Wëssen doriwwer a mir soen hir Merci fir hiren Engagement.

Här President, ech wollt e puer Wuert iwwert dës Konventioun soen, well se en interessant Beispill ass fir um Weltplang eng international Gouvernance duerchzesetzen. Mir wëssen, datt et net ëmmer einfach ass, dat internationaalt Recht, besonnesch um Gebitt vun der Kultur, duerchzesetzen, well d'Kultur jo vu ville Leit als eppes Mineures ugesi gëtt, woubäi et awer dann dat wesentlecht mënschlecht Gutt ass wat mer hunn.

Selbstverständlech geet a Krichszäiten villes duercherneen an ass besonnesch d'internationaalt Recht a Gefor fir mat Féiss gestouss ze ginn. Mir hunn dat a fréieren Zäite gesinn, mä mir gesinn et och andauernd elo an den heitegen Zäiten, well bei där Konventioun hei, déi jo eng international Konventioun tëschent Staten ass, muss een dobäifügen, dass et och ëmmer méi Opléisung vu staatleche Strukture gëtt, dass et also a Géigenden iwwerhaapt keng Strukture méi gëtt, déi kënne fir eppes responsabel gemaach ginn. Dat huet ee ganz gutt gesinn, wéi zum Beispill am Afghanistan vun den Taliban Weltkulturgidder zerstéiert gi sinn, wou natierlech herno näischt méi guttzemaache war.

Dës Konventiounen ass eppes äusserst Wichteges. Et ass viru kuerzem an Däitschland e Buch erauskomm vun engem däitschen Historiker, vum Götz Aly, iwwert den „Hitlers Volksstaat". An deem Buch gëtt ganz kloer gewise wéi e Stat, en l'occurrence dem Hitler säin Nazistat, mat Kulturgidder, en plus nach mat all deem wat net niet- und nagelfest war, säin eegene Krich bezuelt huet, dat heescht am Fong geholl besaten Natiounen ausgeplënnert huet a mat deem Ausplënnere säi Krich bezuelt huet. Dat ass och eng wichteg Erkenntnis, déi ee muss hunn, wann een iwwer international Kulturgidder schwätzt.

Sécher huet dës Konventioun am Fall vu Krich a vun Opléisung vu Strukturen net ganz vill Mëttel fir eppes ze verbesseren. Mä dës Konventioun ass ëmsou méi wichteg wann de Krich emol eriwwer ass a wann et drëm geet fir déi Responsabel ze sichen an och déi Kulturgidder, déi anzwousch geklaut a respektiv zerstéiert gi sinn, entweder zréckzeginn oder ze probéieren se op déi eng oder aner Manéier ze ersetzen.

Ech fannen also, dass een esou eng Konventioun, mat aller Skepsis, déi een natierlech kann hu vis-à-vis vun esou engem internationale Recht, ganz seriö muss huelen. Ech si mat der Madame Brasseur d'accord, dass ee sech do déi noutwendeg national Instrumenter soll ginn, fir se och um nationale Plang duerchzesetzen an et soll ee sécher och déi Auteure vun esou

Déifställ an Zerstéierung vu Kulturgidder verfollege wou een nëmme kann.

Dat gesot, wëll ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Konventioun bréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Domadder ass d'Riedner-lëscht erschöpft an d'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

Madame Modert, Dir musst lech ee Moment gedëllegen, den Här Adam freet d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Entschëllegt, Madame Statssekretärin, ech maachen et och ganz kuerz.

Ech wëll awer trotzdeem vun der Geleeënheet profitéieren och d'Zoustëmmung vun deene Grénge fir dësen zweete Protokoll vun Den Haag ze bréngen. Et wier nach vill méi flott wa mer eng aner Konventioun hei kënnte stëmmen, nämlech d'Konventioun fir op all Conflit armé iwwerhaapt ze verzichten. En attendant datt mer dann esou wäit sinn, menge mer, datt et awer scho richteg ass. Et gëtt ganz vill Beispiller, déi eis dat weisen. Et brauch een net zréckzegoen an den Zweete Weltkrich, et brauch een och net nach méi wäit zréckzegoen, wéi d'Muséeën sech an der Kolonialzäit gefëllt hunn, et gëtt nach als Beispill d'Zerstéierung vun Dubrovnik an et gëtt d'Zerstéierung vun de Statuen duerch d'Taliban an Afghanistan.

Mir mengen, et ass selbstverständlech richteg fir eis Kulturgidder ze schützen an et ass och duerch esou Konventiounen, déi esou komplizéiert solle si wéi si nëmme kënne sinn, fir datt déi Leit, déi wëlle Krich féieren, wa si dat bis liesen sech denken: Mir hu vläicht besser mir paken eis Bommen an a mir fänken iwwerhaapt net un, well duerch esou Konventioune kënne mer um internationale Geriichtshaff vun Den Haag verfollegt ginn. An dofir si mer selbstverständlech dofir fir déi Konventioun ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Elo ass et dann un der Madame Statssekretärin. Madame Modert!

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, Här President. D'Virriedner hu villes gesot vun deem wat ze soen ass, wann net esou wäit alles.

Ech wëll soen, datt et gutt ass, datt mir dëst Gesetz elo hei stëmmen, och wann et net ganz perfekt ass op deem engen oder anere Punkt. Am Inhalt kann een ëmmer eppes nach méi maachen. Et hunn och net sämtlech Staten ënnerschriwwen. Trotzdeem ass et gutt, datt mir dat Gesetz elo hei stëmme wäerten, well mir hu rezent Beispiller an der Geschicht gehat, wou mir gesinn hu wat mat de Kulturgidder geschitt ass, och wann natierlech de Mënscheschutz am Krich nach vill méi wichteg ass, wéi dee vun de Kulturgidder, mä et gëtt och Beispiller vun net bewaffnetem Konflikt, wou de Schutz vu kulturelle Gidder néideg gewiescht wär. Dofir ass et gutt wa mer dat Gesetz hei hunn.

D'Madame Stein huet an hirem ganz gudde Rapport alles gesot, wat am Projet drasteet. Ech wëll just een Element zousätzlech ervirhiewen. Et gëtt en neie System vu „Protection renforcée" fir Kulturgidder vun héchster Bedeitung fir d'Mënschheet, dat fält an Zukunft ënner d'Kategorie „Crimes de guerre". Dat ass jo awer eng Neierung, déi et derwäert ass fir se ze ënnerstréichen.

Op lëtzebuergeschem Plang wëll ech och e puer Saachen ausféieren. Dat éischt ass, datt mer als Kulturministère gesot hunn, déi Lëscht vun de Gidder, déi schützenswäert sinn, dat ass éischtens d'Lëscht vun de Monuments nationaux classés, mä dat sinn awer och, an dorobber hunn ech gehalen, alleguerten déi Saache wat Patrimoine national ass a wat am Patrimoine national läit; natierlech alles wat an der Nationalbibliothéik läit, wat an den Archive läit, wat an de Muséeën ass, dat gehéiert selbstverständlech och zu esou schützenswäerte Gidder.

Eng zweet Saach, déi ausféierungsméisseg op eis duerkënnt, dat ass, dass mer musse penal Bestëmmungen ausschaffe fir dat Gesetz hei, wann et bis ratifizéiert ass. An zwar sollte mer e separat Gesetz maache fir déi stroofrechtlech Moossnamen, fir de Code pénal ze complétéieren.

Ech hunn am Hierscht de Justizminister gefrot gehat, fir eis een Avis dozou ze ginn. De Procureur général d'État huet eis säi ginn am Dezember d'lescht Joer an de Justizminister wäert e separat Gesetz déposéieren, soubal wéi dës Ratifikatioun hei promulgéiert ass. Dat ass also an nächster Zäit.

Ech wëll doriwwer eraus och nach soen, datt dës Konventioun wéi gesot net nëmmen zur Applikatioun kënnt wa Staten ënnerenee Krich féieren, mä datt et och esou ass, datt individuell Leit eng international Responsabilité pénale aginn, wa se Handel mat deene Gidder dreiwen, déi heiriwwer solle geschützt ginn. An do wëll ech just eng Klamer opmaachen, fir ze soen, datt mer jo och nach eng Konventioun vun der UNESCO amgaange sinn ze ratifizéieren - d'Aarbechte sinn ugelaf an der Kulturkommissioun - iwwert den Import/Export an den „Transfert de propriétés illicites" vu Kulturgidder. Dat reit sech och an déi hei Matière an.

An dann hunn d'Virriedner mer zu engem Deel d'Wuert aus dem Mond geholl, well dat wollt ech och soen: Ech hoffen, datt mer dëst Gesetz hei ni wäerte brauchen. Ech hätt och léiwer wéi dëst Gesetz, datt et géif duergoe fir een Appel ze maachen, fir net nëmme kulturell an historesch Gidder ze respektéieren, mä nach vill besser, datt et iwwerhaapt keng Konflikter verbonne mat Gewalt a Krich méi sollte ginn an datt mer aner Méttelen hu fir Differenzen oder Divergenzen auszedroen. Mä trotzdeem ass et ganz gutt, wa mer dat Gesetz hei elo ratifizéieren.

Merci.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 4902.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei kenger Géigestëmm a kenger Enthalung ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), M. Norbert Haupert (par M. Fred Sunnen), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen direkt zur Diskussioun vun de Projets de loi 5178 bis 5181, genannt Paquet Télécom. Déi véier Projets de loi ginn an enger Diskussioun regruppéiert. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Maroldt, den Här Grethen, den Här Diederich, den Här Braz an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projets de loi 5178 an 5179, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

2. 5178 - Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques

5179 - Projet de loi portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques

5180 - Projet de loi portant:

1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5181 - Projet de loi

- relatif aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et

- portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle

Rapports de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications concernant les projets de loi 5178 et 5179

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et huet wuel seelen en technesche Beräich sech an esou kuerzer Zäit esou radikal verännert. Net nëmmen, datt d'Telekommunikatioun, vun där hei d'Ried ass, iwwert de Wee vum technologesche Fortschrëtt och nach 150 Joer no deenen diversen Entdeckungen, Télefonen an aner Telekommunikatiounsmëttel, nach ëmmer Quantesprëng mécht. Bei déi technesch Revolutioun à la téléfax, GSM, Internet an digital Televisioun ass och nach déi um organisationelle Plang dobäikomm, déi Europa hirem Telekommunikatiounssecteur ufanks den 90er Jore verschriwwen huet an déi als Dereguléierung bekannt ass.

Bis dohinner war d'Welt, op d'mannst an der Telekommunikatioun, an Uerdnung, well alles wat domat zesummenhung war a festen Hänn, nämlech an deene vun der Post. Déi war sengerzäit esouzesoe prédestinéiert derfir, sech der Vernetzung iwwer Kabel oder Hertz-Wellen unzehuelen, well et jo säit jeehier hir Missioun war, d'Verbindung, deemools déi per Schrëftverkéier, tëscht de Mënschen ze assuréieren.

Mä dunn ass déi sou genannt Dereguléierungs- oder Liberaliséierungswell vun déi Säit vum Atlantik hier iwwer Europa eragebrach an huet esou munches duerchernee gerëselt, wat bis dohinner an öffentleche Monopoler ofgeséchert a protegéiert war. Dozou huet och eis Post gehéiert, déi jo am August 1992 vun enger Statsverwaltung, déi se bis dohinner war, an eng Entreprise ëmgewandelt ginn ass, allerdéngs ouni datt, wéi an aneren europäesche Länner, gläich zu enger regelrechter Privatiséierung gegraff ginn ass.

D'Déngschtleeschtungen am Post-an Telekommunikatiounsberäich, déi bis dohinner der Post hir Chasse gardée waren, goufen och fir aner Opérateuren opgemaach. A fir datt déi Dereguléierung hir Uerdnung sollt hunn, huet d'Kommissioun zu Bréissel eng ganz Hickicht vu Regelen ausgebréit: Net manner wéi 21 Direktiven hunn d'Dereguléierung reguléiert. 2/3 dovunner ware geduecht, fir fir d'Harmoniséierung vun de Spillregele vun der Telekommunikatioun an Europa ze suergen. De Rescht sollt sécherstellen, datt och wierklech d'Konkurrenz géif spillen.

Säithier si ronn zéng Joer vergaangen an et muss ee scho soen, datt déi ganz Dereguléierung net ëmsoss war. Telefonéieren ass méi bëlleg a méi mobil ginn. An nei Forme vun Dateniwwerdroung sinn net fir d'lescht Dank deem oppene Maart entstanen, déi am Begréff sinn eis Gesellschaft gehéierlech ëmzekrempelen an eis de Wee an déi sou genannt Wëssensgesellschaft ze erliichteren.

A well an deenen zéng Joer sech engersäits esou munches gedoen huet an op där anerer Säit eng Rëtsch Erfahrunge mat den Deregularéierungsregele vum éischte Worf gesammelt konnte ginn, war eng Revisioun vun deem ganze Regelwierk net vu Muttwëll. Dofir gouf zu Bréissel eng nei Rutsch vu Bestëmmunge gestréckt, déi sech allerdéngs dës Kéier mat nëmme siwen Texter zefridde ginn huet an déi elo den Telekommunikatiounskader vun deemools complétéieren an à jour setze sollen.

Lëtzebuerg hat fir d'Ëmsetzung vun deenen neien Direktiven de Choix oder d'Alternativ, entweder seng eege Gesetzer vun deemools ëmzemodelen, oder awer d'grouss Botz ze maachen an déi al Texter duerch ganz neier ze ersetzen. Eis Regierung huet sech fir déi zweet Solutioun entschloss an de sou genannten Telekommunikatiounspak, deen zu Bréissel ficeléiert gouf, op véier verschidde Gesetzesprojete verdeelt.

Dat huet den Avantage, datt dat Ganzt e bësse méi iwwersiichtlech gëtt, an dat ass och net vu Muttwëll. Well et ass net esou einfach sech an deem Sammelsurium vu Regelen erëmzefannen, déi sech deels iwwerschneiden, deels awer och mat anere Regelwierker kollidéieren, well op deem weide Feld vun der Telekommunikatioun souwuel heiheem wéi um internationale Plang och nach aner Instanze matmëschen.

Wat ass dann elo an deem Telekommunikatiounspak? Et sinn am Ganze siwen Aspekter, déi hei verschafft ginn. Sechs dervu sinn an Direktive gepaakt, bei deem siwenten handelt et sech ëm eng Décisioun.

Do hu mer fir d'éischt d'Directive „cadre", déi all Zorte vu Kommunikatiounsréseauen ënnert een Hutt bréngt, also d'Télefonsnetz, Radio an d'Telediffusioun, Kabelréseau an esou weider.

(Coups de cloche de la Présidence)

Si hält doriwwer eraus fest, wéini e sou genannte „Branchëplayer" als dominant um Marché ze gëllen huet a wat vun neien Aufgaben op d'Kontrollinstanz zoukënnt, déi jo bei eis „Institut luxembourgeois de régulation" heescht.

Da kënnt d'Directive „autorisation", déi, wéi den Numm et seet, festhält, ënner wéi enge Konditiounen eng Entreprise am Kommunikatiounsberäich matmaache kann. Si féiert entre autres de Prinzip vum fräien Zougank op de Marché an, also ouni extra Autorisatioun.

D'Nummer dräi ass d'Directive „accès", déi den Zougank op d'bestehend Netzer séchert, och wann dës Netzer engem Konkurrent gehéieren.

D'Directive „service universel" raumt den eenzelne Staten d'Recht an, een oder méi Netzopérateuren ze forcéieren, e Basisservice unzebidden, fir de Fall datt net garantéiert ass, datt jiddfer Bierger op e Minimum vun Telekommunikatiounsdéngschtleeschtungen zréckgräife kann.

Dann d'Directive „vie privée et communications électroniques" soll, an den Numm seet et jo och schonn, dofir suergen, datt deem eenzelne Bierger seng Privatsphär protegéiert bleift. Eng Suerg, déi jo grad an eiser Zäit, wou Verschiddener no der totaler Transparenz jäizen, net op déi liicht Schëller ze huelen ass.

D'Directive „concurrence" hélt déi al Bestëmmungen iwwert d'Kompetitioun tëscht den Opérateuren erëm, déi sech allerdéngs mat der Zäit ëm eng Rëtsch Direktiven erweidert huet. An dofir, den Zweck bleift deeselwechten. Et soll dofir gesuergt ginn, datt de fräie Maart och wierklech am Telekommunikatiounsberäich spillt.

Bleift nach dee lescht Punkt, bei deem et sech net ëm eng Direktiv wéi gesot, mä ëm eng Décisioun handelt, also eng méi contraignant Form, déi de Kader fir de sou genannte „spectre radioélectrique" festhält. Domadder ass d'Gestioun an d'Koordinatioun vun den Äther-welle gemengt, awer nëmmen esouwäit wéi et sech ëm Kommunikatiounsnetzer handelt.

Dës lescht Décisioun, geneesou wéi d'Direktiv iwwert den Dateschutz am Telekommunikatiounsberäich an d'Dispositioun iwwert de Fonctionnement vun der Kontrollinstanz, also bei eis dem Institut luxembourgeois de régularisation, ginn a separate Gesetzestexter ëmgesat a festgeschriwwen. All déi aner Direktive ginn an engem eenzegen Text iwwert d'Réseauen an d'Déngschtleeschtungen an der elektronescher Kommunikatioun - e schrecklechen Titel - an d'nationaalt Recht transposéiert.

Dat mécht also zesumme véier Gesetzer, déi mer haut ënnert dem Sammelbegréff Telekommunikatiounspak diskutéieren an adoptéiere sollen.

Zum Projet 5178, eben dem Gesetz iwwert d'elektronesch Kommunikatiounsréseauen an -déngschtleeschtungen. An deem Text fanne mer wéi gesot de Gros vun den Direktiven erëm, déi et ëmzesetze gëllt. Den Text hält sech méi oder wéineger un d'Struktur vum Telekommunikatiounspak, deen ech elo grad a groussen Zich probéiert hu virzestellen, a riicht sech och am Contenu no deem, wat zu Bréissel festgehale gouf.

Am éischte Kapitel fanne mer nieft der Definitioun oder den Definitioune vun all de wichtege Begréffer, déi am Telekommunikatiounspak virkommen, déi nei Grenzzéiung, duerch déi elo sämtlech elektronesch Kommunikatiounsnetzer a -servicer ënner een eenzege Reguléierungsdaach kommen.

D'Kapitel 2 hält fest - an dat ass eng vun deenen éischter méi groussen Neierungen -, datt een als Opérateur keng extra Autorisatioun méi brauch, mä datt et mat enger Matdeelung, enger Notifikatioun un d'Iwwerwaachungsinstanz duergeet, wann een am Kommunikatiounsgeschäft wëllt matmëschen. Wat natierlech näischt drun ännert, datt ee sech weiderhin un d'Regele bei eis hei vum ILR muss halen.

Am Kapitel 3 geet et ëm d'Konkurrenz an ëm déi sou genannte Maartdominanz vun eenzelnen Opérateuren, zu deenen natierlech dacks déi fréier Post-Monopolistë gehéieren. Déi al Mächtegkeetsklausel, déi vun engem Maartundeel vu 25% u gespillt huet, gëtt elo duerch dee méi gängege Begréff vun der Position dominante ersat, dee jo unhand vu méi qualitative Kritären an net méi duerch e Prozentsaz ermëttelt gëtt.

D'Kapitel 4 beschäftegt sech indirekt och erëm mat der Konkurrenz oder mat de Konkurrenzdefizienzen, déi duerch déi al Monopolistë kënne weiderbestoen. Fir deem esou wäit wéi méiglech ofzehëllefen, kann d'Opsiicht agräifen an déi al Netzer fir nei Opérateuren opmaachen, oder iwwert de Wee vu Vernetzungen neien Opérateuren d'Chance gi matzehalen.

Am Kapitel 5 geet et dann ëm dee sou genannte Service universel, dee jiddferengem eng Aart Grondversuergung am Beräich vun der Telekommunikatioun garantéiere muss. Well de Service universel bei eis haut souwisou vun all deenen eenzelnen Opérateuren assuréiert gëtt, bleift déi virgesinne Méiglechkeet, datt d'Opsiicht ee bestëmmten Opérateur domat beoptraagt oder souguer dozou zwéngt bis op weideres Theorie.

Dat wat am Kapitel 6 festgehale gëtt, kënnt een d'Konsumenteklausel nennen. Hei gëtt nach eng Kéier widderholl, datt d'Opérateuren hir Servicer esou ubidde mussen, datt se fir de Client, also den Utilisateur, transparent a mat der Konkurrenz vergläichbar ginn.

D'Kapitel 7 rappeléiert d'Regelen, no deenen d'Opsiicht deenen eenzelnen Opérateuren hir Netznummeren zoudeelt - Dir kennt se, am Ament bei eis 021, 061 an 091 -, un déi dann déi individuell sechsstelleg Nummeren drugehaange ginn.

Am Kapitel 8 gëtt den Droit de passage iwwer oder duerch d'Terrainë vum Stat oder vun de Gemengen confirméiert. An deen Droit de passage soll allen Opérateuren et erliichteren hir Réseauen opzebauen.

Am Ënnerscheed zum Privatpropriétaire, mat deem den Opérateur sech fir d'éischt eens muss ginn, däerf den öffentleche Propriétaire keng Indemnitéit oder Pacht fir dat Passagerecht froen.

D'Kapitel 9 befaasst sech mat där net onwichteger Fro vun der gemeinsamer Notzung vun Infrastrukture wéi zum Beispill vu GSM-Antennen. Hei kann d'Opsiicht agräifen an d'Opérateuren dozou bréngen, sech vu Fall zu Fall zesummenzedinn, fir datt net jiddferee seng eegen Infrastruktur opriicht, wann och eng eenzel, oder well och eng eenzel et deet, déi da vu méi Opérateure benotzt ka ginn.

Schliesslech hu mer, ausser deem iwwert d'Sanktiounen an deem mat den Iwwergangsbestëmmungen, déi normalerweis an engem Gesetz erëmzefanne sinn, nach en 10. Kapitel. Dat befaasst sech mam ILR, obwuel eis Opsiicht jo an engem separate Gesetz behandelt gëtt. Hei geet et dann och nëmmen ëm ganz spezifesch Froen am Zesummenhang mat eiser Opsiicht, virun allem ëm d'Zesummewierken tëschen ILR an där neier Konkurrenzopsiicht, déi jo beim Wirtschaftsministère opgehaange gouf, an och ëm secteuriwwerschreidend a souguer international Kontakter vun dem ILR. Souwäit zum éischte vun deene véier Gesetzprojeten aus deem Pak.

Ech ginn zou, datt hien näischt Weltbewegendes enthält a sech virun allem drop beschränkt, d'Deregulariséierungsregelen – wat ee schéint Wuert – vun deemools opzefrëschen an op de leschte Stand ze bréngen. An dat ass net verkéiert, well schliesslech si mer hei an engem Beräich, deen an de leschte Joren eng rasant Entwécklung duerchgemaach huet, an deen nach ëmmer op der Iwwerhuelspuer am Verglach zu aneren Technologien ass.

Ausser Zweifel steet och, datt ouni d'Liberaliséierung vum Telekommunikatiounssecteur dës spektakulär Entwécklung kaum stattfonnt hätt, well eréischt duerch d'Spill vun der Konkurrenz de richtegen Driff entstanen ass.

Dass mat der Verbesserung an der Accélératioun vum Informatiounsaustausch tëscht de Mënschen d'Entwécklung an déi richteg Richtung goung, wot wuel keen ze bestreiden. Et heescht jo ëmmer, Wësse wär Muecht. Wann dat stëmmt, stellt d'Wëssensiwwermëttelung an d'Wëssensstreeung am grousse Stil, wéi se dank der Telekommunikatioun méiglech ginn ass, e grousse Sprong a Richtung Demokratie duer. Well nëmmen deen, dee weess, dat heescht, deen deen informéiert ass, ass och amstand, en connaissance de cause matzeschwätzen a mat ze décidéieren.

Dann zum Projet 5179, dem zweete Projet aus dem Kommunikatiounspak. Dee Projet bezitt sech op d'Verwaltung vun de Radiosfrequenzen. Allerdéngs muss een do direkt preziséieren, datt et an éischter Hisiicht net ëm déi Sendefrequenze geet, wéi mir se beim Radio a bei der Televisioun gewinnt sinn, mä ëm den Ensembel vun den elektresche Wellen, iwwert déi Signaler - ob analog oder digital, ob Sprooch, Biller oder Daten - transportéiert kënne ginn.

Am Contraire zu de Réseauen, mat deenen sech de Projet 5178 befaasst huet, hu mer bei de Radiowelle mat enger Matière ze dinn, déi net esou mir näischt dir näischt dereguléiert a liberaliséiert ka ginn. Firwat? Mä ganz einfach, well mir et hei mat enger Wuer ze dinn hunn, déi net beliebeg produzéiert an ëmmer erëm frësch opgeluecht ka ginn, mä mat eppes dat endlech - endlech par Oppositioun zu onendlech - ass, an dat ee weder regeneréieren nach reproduzéiere kann.

Duerfir ginn d'Radioswellen zu de rarë Ressourcë gezielt, op déi de Stat den Daum hält an déi een héchstens verpacht awer ni verkeeft. De Kader fir déi Mise à disposition vun de Radioswelle gëtt vun dësem Gesetz gezunn, allerdéngs nëmmen esouwäit, erëm eng Kéier, wéi et sech ëm Telekommunikatiounsréseauen handelt, déi an d'Kompetenz vun der Europäescher Unioun falen.

Geregelt gouf d'Gestioun vun de Radioswelle bei eis jo schonn ufanks der 30er Joren, an zwar fir e ganz bestëmmten Zweck. Deemools goung et ëm d'Schafe vun enger Radiosstatioun op Lëtzebuerger Buedem, allerdéngs net ëm e sou genannten öffentleche Sender, wéi se deemools iwwerall entstane sinn, mä ëm e private Sender, deen no kommerzielle Kritäre fonctionnéiere sollt a fonctionnéiert huet - a gutt, wéi mer entre-temps wëssen, well dat war d'Gebuertsstonn vu Radio Lëtzebuerg, eigentlech engem fransëische Sender op Lëtzebuerger Buedem, deem de Lëtzebuerger Stat seng Frequenzen natierlech géint Bezuelen an eng Rëtsch aner Ploe verpacht hat.

Laang Zäit goufen eis Frequenze fir soss näischt wéi fir Radio Lëtzebuerg a seng verschidden Emissioune gebraucht, bis dann déi modern Telekommunikatiounstechnik fir d'Transmissioun vun der Sprooch a spéider vun den elektroneschen Daten net nëmme méi op den traditionelle Kabel, mä och op d'Radioswellen zréckgegraff huet. D'Notzung vun de Radiosfrequenzen, där hir Gestioun bis dohinner eiser Post iwwerlooss war, ass schliesslech am Telekommunikatiounsgesetz vun 1997 geregelt ginn, allerdéngs ouni datt d'Frequenze vu Radio an Televisioun mat a bezu gi wären. Déi gi weider vum 91er Gesetz iwwert d'elektronesch Medië geregelt.

Eigentlech huet Bréissel an där ganzer Wellegestioun näischt oder net vill ze sichen, well déi gëtt net um europäeschen, mä um Weltniveau gemaach, an zwar vun enger Ënnerorganisatioun vun de Vereenten Natiounen, der Union Internationale des Télécommunications, ofgekierzt UIT, zu där hire Grënnungsmemberen iwwregens och Lëtzebuerg gehéiert. Mä well et hei och ëm Réseaue geet, an d'EU-Instanze sech fir déi zoustänneg fillen, hu si sech an der Vergaangenheet schonn emol dragemëscht a probéiert, vereenzelt Initiativen ze entwéckelen.

Dat ass dann alt emol an d'Box gaangen, wéi deemools wéi probéiert ginn ass, e paneuropäeschen „Pager"-System opzeriichten, deen awer leider laanscht de Maart oder laanscht d'Nofro vum Maart gaangen ass. Mä d'Saach ass och emol gutt ausgaangen, wéi mat der Frequenzen-Direktiv vun 1987, där mir de Réseau fir d'Mobiltelefonie an domat d'GSM-Revolutioun verdanken.

Dës Kéier beschränkt sech d'Kommissioun drop, nëmmen asoufern an d'Gestioun vun de Frequenzen anzegräifen, wéi et Iwwerschneidunge mat hirer Réseau- an Telekommunikatiounspolitik gëtt. Dofir fanne mir am Gesetzesprojet 5179 och dräi Direktiven erëm, déi schonn deelweis duerch de Projet 5178, also deen, deen ech lech elo grad virgestallt hunn, ëmgesat ginn. Et handelt sech dobäi ëm:

- d'Directive „cadre" iwwert déi gewësse Prinzipie fir d'Zoudeelung vu Frequenzen un d'Opérateure vu Kommunikatiounsréseaue festgehale ginn;

- d'Directive „autorisation", an där ënner anerem och d'Rechter an d'Flichten opgefouert ginn, déi déi eenzel Staten den Opérateuren als Virbedéngung fir d'Notzung vun de Frequenzen operleeë kënnen;

- a schliesslech déi sou genannt Décisioun „spectre radioélectrique", déi sech jo grad mat de Frequenzen, also mat dësem Sujet befaasst.

Et hätt ee sech kënne froen, ob et bei där grousser Iwwerlappung vun dëse Punkte mat dem Gesetzesprojet iwwert d'Réseauen net méi sënnvoll gewiescht wier, datt dat Ganzt mateneen zu engem eenzege Gesetz verschmolt gi wär. Mä well mir et hei mat enger Entwécklung ze dinn hunn, déi eréischt un hirem Ufank ass, a well nach keen dat ganzt Ausmooss vun der digitaler Revolutioun erfaasse kann, ass et vläicht net esou falsch, mat engem separate Gesetz d'Grondlag fir e globaalt Regelwierk ze schafen, dat mat der Zäit evoluéiert an dofir suergt, datt d'Funkfrequenzen, déi ëmmer méi seele Wuer, well ëmmer méi duerno froen, och optimal genotzt ginn.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert zum Zäitpunkt vun der Ëmsetzung vun dësem Telekommunikatiounspak ze soen. Eigentlech hätte mer jo dat, wat mer haut maachen, scho virun zwee Joer maache missen. Et stëmmt wuel, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi sech hu misse vu Bréissel soe loossen, si wären am Verzuch mat hirer Ëmsetzung. Mä et fält dach awer op, datt mir ëmmer méi an d'Trentele geroden, wann et ëm d'Ëmsetze vun den Direktive geet, déi jo haut den déckste Pak vun eiser Aarbecht an der Chamber sinn.

Wa mir awer elo scho Problemer hunn, fir zäitlech kënne matzehalen, wat gëtt dat dann eréischt wann d'national Parlamenter nach méi wéi bis elo agespaant ginn? Mir wësse jo, datt beim zweete Lissabon-Ulaf e gudden Deel vun der Aarbecht soll op den nationalen Niveau vertässelt ginn. Mir hunn eis och virgëschter hei mat engem Pilotprojet beschäftegt, bei deem et ëm d'praktesch Uwendung vum Subsidiaritéitsprinzip goung. Do hu mer e Virgeschmaach op dat kritt, wat op eis zoukënnt, wann de Verfassungsvertrag eng Kéier a Kraaft ass.

Wéi awer solle mir dat alles ronn kréien, wa mer elo schonn heiansdo d'Schlappe verléieren? Ech mengen dofir, et wier un der Zäit sech eeschtlech Gedanken iwwert den Oflaf vum legislative Prozess bei eis heiheem ze maachen an ze kucken, wéi déi eenzel Intervenanten - well et ass jo net ëmmer nëmmen un der Chamber wou et hänkt - sech besser organiséiere kënnten. Et sollt ee jiddefalls net waarde bis datt et esou wäit ass, éier ee sech op d'hënnescht Bee stellt. Well da kënnt et gäre sinn, datt mir alles iwwert de Knéi brieche missten, woumat der Saach a wuel och eis selwer bestëmmt net gedéngt wier.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projets de loi 5180 an 5181, den honorabelen Här Santer. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications concernant les projets de loi 5180 et 5181

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Titel vum Projet de loi 5180 «portant réorganisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation» kéint sech irreféierend unhéieren, well et hei eigentlech net ëm eng Reorganisatioun vum ILR geet, mä éischter ëm eng Reorganisatioun vun den Texter, déi d'Kompetenzen an d'Strukture vun deem ILR regelen.

Den ILR ass duerch d'Telekommunikatiounsgesetz vum 21. Mäerz 1997 an d'Liewe geruff ginn. Deemools huet den ILR nach Institut Luxembourgeois des Télécommunications geheescht. An de Joren 2000 an 2001 hu weider Gesetzer d'Attributioune vun deem Établissement public op aner Wirtschaftssecteuren ausgedehnt: D'Marchée vum Elektreschen, vum Gas an de Post-Servicer ënnerleien elo der Kompetenz vum ILR. Dofir ass jo verständlecherweis den Institut Luxembourgeois des Télécommunications an Institut Luxembourgeois de Régulation ëmgedeeft ginn.

An der Zukunft ass et nach net ausgeschloss, datt weider Secteuren ënnert d'Obhut vum ILR wäerte falen. Wann d'Kompetenze vum ILR an de verschiddene Gesetzer, déi sech op d'Secteuren uwenden, déi der Regulatioun vum ILR ënnerstinn, geregelt sinn, esou bleift déi intern Struktur a Funktiounsaart a -weis vum ILR nach am Telekommunikatiounsgesetz vun 1997 festgehalen. Dat Gesetz gëtt jo och duerch de Paquet Télécom ofgeschaaft.

De Projet de loi 5180 ass am Fong geholl d'Loi-cadre vum ILR. Sou eng Loi-cadre war scho vum Statsrot am Joer 2000 gefrot ginn. Mir hunn am Projet de loi 5180 d'Geschicht net nei erfonnt an déi heite Struktur an Organisatioun vum ILR aus dem Telekommunikatiounsgesetz erausgeholl an an engem eegestännege Gesetzestext mat klengen Ännerungen a Verbesserungen iwwerholl.

An anere Wierder hu mer eis a wesentleche Passagë vum heitege Projet de loi 5180 um Telekommunikatiounsgesetz vun 1997 inspiréiert. Mir wollten och, esou wäit dat gaangen ass oder méiglech war, e gewësse Parallellismus mat aneren Établissements publics, wéi der CSSF oder der nationaler Dateschutzkommissioun, bäibehalen.

Well mer kee Kadergesetz iwwert d'Strukturen an d'Organisatioun vun Établissements publics hunn, oder nach net hunn, hu mer eis vun enger Instruktioun, déi de Conseil de Gouvernement den 11. Juli 2004 ugeholl huet, inspiréiert. D'Telekommunikatiounsgesetz vun 1997, Gesetzer, déi vergläichbar Établissements publics regelen, an d'Instruktioun vun der Regierung vum Juli 2004 bilden also d'Grondlag vun dësem Projet de loi.

Éier ech lech elo déi grouss Zich vum Projet de loi wäert virstellen, wéilt ech lech just matdeelen, datt de Statsrot a verschidde Chambres professionnelles op dräi Punkte Problemer mam initialen Text vum Projet de loi haten. Et waren dat d'Mandatsdauer vun de Membere vum Verwaltungsrot an der Direktioun vum ILR, an de Fait, datt de Projet de loi weder d'Missiounen nach d'Ressourcë vum ILR opgelëscht hat. Op deenen zwee leschte Punkten, also d'Missiounen an d'Ressourcë vum ILR, hat de Statsrot souguer mat enger Opposition formelle gedroht. All dës dräi Froe sinn awer elo de manière satisfaisante am Projet de loi erëmzefannen.

Den ILR ass en onofhängegen Établissement public. Säi Sëtz ass zu Lëtzebuerg, mä kann duerch Règlement grand-ducal an eng aner Uertschaft verluecht ginn. Mir hate an der Kommissioun eng länger Diskussioun ob de Siège vum ILR sollt zu Lëtzebuerg sinn oder iwwerhaapt sollt am Projet de loi festgeluecht ginn. D'Solutioun, déi mer fonnt hunn, huet de Virdeel, datt se kohärent ass mat anere Gesetzer, déi Établissements publics geschafen hunn, an datt se am Aklang ass mam Gesetz vun 2002 iwwert de Registre de Commerce et des Sociétés, dee virschreift, datt d'Établissements publics musse mat hirem Siège an deem Register agedroe ginn.

Wat d'Missioune vum ILR ugeet, esou hält de Projet de loi nëmme fest, datt den ILR, ech zitéieren, «a pour mission la régulation des secteurs économiques, entreprises et opérateurs dans le cadre et dans les limites des pouvoirs lui accordés par les lois et règlements qui les régissent».

Implizit also verweist den Artikel 2 vum Projet de loi op aner Gesetzer, ënner anerem op d'Gesetz vun 2000 iwwert d'Organisatioun vum Marché de l'électricité, d'Gesetz vun 2000 iwwert de Post-Service an d'Gesetz vun 2001 iwwert d'Organisatioun vum Marché vum Gas, an natierlech net ze vergiessen d'Gesetzer, déi mer haut am Paquet Télécom ugeholl hunn. Esou kënnen och weider Wirtschaftssecteuren dem ILR ënnerstallt ginn, ouni datt dëst Kadergesetz speziell misst ugepasst ginn.

Esou wéi bei de Missioune stinn d'Ressourcë vum ILR net an dësem Projet de loi. Hei mussen erëm déi sektoriell Gesetzer a Betruecht gezu ginn. Dëse Verweis op aner Gesetzer erklärt sech doduerch, datt déi administrativ Taxë bei de Post-Servicer anescht geregelt ginn, wéi am Telekommunikatiounssecteur oder beim Gas oder beim Elektreschen.

D'Gesetz vun 2000 iwwert d'Post-Servicer seet, datt d'Fraisë vum ILR vum Stat ze droe sinn. An deenen dräi anere Secteure sinn et d'Opérateuren, déi d'Reguléierungskäschten droen. Wann een deeselwechte Modus operandi bei de Post-Servicer géif huelen, géifen esou d'Käschten op d'Entreprisen, déi am Postsecteur schaffen, drastesch an d'Luucht goen, wat weder wirtschaftlech nach par rapport zu der Direktiv 2002/19 vertrietbar wier. Well d'Käschtenopdeelung an de Secteuren, déi dem ILR ënnerstinn, grondverschidden ass, konnt eng eenheetlech Léisung am Kadergesetz net festgehale ginn, dofir also de Verweis op déi sectoriel Gesetzer.

Wat d'Struktur vum ILR ugeet, esou bleift hei d'Opdeelung tëschent engem Verwaltungsrot an der Direktioun oprechterhalen. De Verwaltungsrot besteet aus siwe Memberen, déi vum Grand-Duc op Propos vum Regierungsrot fir fënnef Joer genannt ginn.

D'Kommissioun huet dës vereinfacht Nominatiounskompetenz besser fonnt, wéi déi, déi am initiale Projet de loi stoung, wou eng ganz Rëtsch vu Ministèren hir Memberen an de Verwaltungsrot konnten ernennen. Well déi heiteg Mandatsdauer fir d'Membere vum Verwaltungsrot dräi Joer ass, ass am Artikel 25 de Mandat vun de Verwaltungsrotsmemberen, dee beim a Akraafttriede vum Gesetz en cours ass, fir zwee Joer verlängert ginn.

De Projet de loi gesäit och vir, datt d'Membere vum Verwaltungsrot mussen onofhängeg sinn. An anere Wierder, si däerfe kee Lien hu mat enger Entreprise oder engem Opérateur, deen der Iwwerwaachung duerch den ILR ënnerläit. D'Kommissioun huet dës Onofhängegkeet, déi am initiale Projet de loi stoung, mä duerno vum Statsrot erausgeholl gouf, erëm an de Projet de loi integréiert.

D'Kommissioun war der Meenung, datt, vu déi wichteg Missioun vum ILR a wesentleche Secteure vun eiser Wirtschaft, esou eng Onofhängegkeet en adequate Garde-fou ass, fir vermeintlech Interesseverstréckungen ze vermeiden. Dës Onofhängegkeetsverflichtung gëllt natierlech och fir d'Direktioun an d'Personal vum ILR.

D'Missioun vum Verwaltungsrot gouf preziséiert a vervollstännegt. Esou ass de Verwaltungsrot, dee prinzipiell d'Direktioun iwwerwaacht, och zoustänneg fir ënner anerem de Règlement d'ordre intérieur vun der Direktioun, d'Zuel vun de Beschäftegten oder déi verschidde Primen, Indemnitéiten oder Avantagen, déi d'Direktioun oder d'Personal bezéien, guttzeheeschen. De Verwaltungsrot muss och Actes de disposition, déi d'Direktioun ugeholl huet, oder Actes d'administration, déi iwwert d'Gestion journalière erausginn an de Budget vum ILR signifikativ belaaschten, approuvéieren.

D'Direktioun vum ILR setzt sech aus dräi Memberen zesummen. D'Direktioun fungéiert als Exekutivorgan vum ILR. Duerfir ass d'Kommissioun der Meenung, datt et onëmgänglech ass, datt déi Leit, déi an der Direktioun genannt ginn, déi néideg technesch Kompetenz a professionell Erfahrung kënnen opweisen, fir hirer Missioun kënne gerecht ze ginn.

Der Kommissioun no misst e Member vun der Direktioun op d'mannst een Ingénieursdiplom hunn, och wann diesbezüglech näischt am Projet de loi steet. Fir dem ILR ze erméiglechen, senger Missioun, déi dacks genuch en technesche Charakter huet, nozekommen, sinn d'Kompetenzen an d'Erfahrung um Niveau vun der Direktioun ausschlaggebend. D'Kommissioun wär also frou, wann dës Recommandatiounen, déi och am schréftleche Rapport erëmzefanne sinn, géife berücksichtegt ginn.

D'Membere vun der Direktioun gi fir eng Mandatszäit vu fënnef Joer genannt an hunn de Statut vum Statsbeamten. D'Mandatszäit vu fënnef Joer gouf aus der Instruktioun vun der Regierung vum 11. Juli 2004 iwwerholl. Déi initial Mandatsdauer vu siwe Joer wor vu säitens vum Statsrot an der Chambre des fonctionnaires kritiséiert ginn. Déi fënnefjähreg Mandatsdauer, souwuel beim Verwaltungsrot wéi bei der Direktioun, ass vun der Richtlinn, déi d'Regierung am Juli dann ugeholl huet, iwwerholl.

De Projet de loi gesäit och vir, datt d'Carrièrë vun dräi Agente vum ILR engem Attaché de direction, engem Ingénieur technicien an engem Expéditionnaire administratif, déi fälschlecherweis agestuuft goufen, erëm nei constituéiert gi mat fiktive Promotiounen. Den Text vum Artikel 23, deen dës Reconstitutioun virgesäit, ass vum Statsrot virgeschloe ginn, well den initialen Text vum Projet de loi an där Form vum Statsrot kritiséiert gi war an hie mat enger Opposition formelle gedroht hat. Den Text, wéi en am Projet de loi steet, deen d'Kommissioun elo ugeholl huet, dréit den Observatioune vum Statsrot a vun der Statsbeamtechamber Rechnung.

Schlussendlech ginn duerch dëse Projet de loi fënnef Employéë vum ILR zu Statsbeamten ernannt. Dës Ernennung geschitt no de Bedingunge vun enger Instruktioun vun der Regierung vum 5. Mäerz 2004.

Här President, de 5. Abrëll dëst Joer huet de Statsrot eis e Bréif geschriwwen an eis op verschidden Ännerungen, déi nach missten an de Projet de loi afléissen, opmierksam gemaach. All ausser eng vun deenen Ännerunge sinn d'Konsequenze vun engem Amendement, deen d'Kommissioun vum Statsrot iwwerholl huet. An zwar hat de Statsrot eis virgeschloen, a verschiddenen Artikelen, déi anglizistesch Schreifaart a -weis „et/ou" entweder duerch „et" oder duerch „ou" ze ersetzen. D'Kommissioun huet dann och décidéiert, deen Anglicisme ze ersetzen an iwwerall „ou" ze schreiwen, wou dann „et/ou" am Text war.

Elo ass awer de Statsrot mat deem Punkt an dräi Artikelen net averstanen a seet eis, mir hätten do net „ou" solle schreiwen, mä „et". De Sënn vun deenen dräi Artikelen ass awer kloer an d'Ännerungen, déi vum Statsrot proposéiert ginn, brauchen net an de Projet de loi anzefléissen. Mir brauchen also de Projet de loi 5180 net erëm eng Kéier op de Métier ze huelen.

De Statsrot huet an deemselwechte Bréif och eng Ännerung vum Artikel 13 gefrot. Dësen Artikel, deen de Statut vum Personal vum ILR festleet, ass vum Telekommunikatiounsgesetz vun 1997 iwwerholl an et ass deeselwechten, deen am initialen Text vum Projet de loi steet. Hei gouf weder vu Säite vun der Regierung nach vu Säite vun der Kommissioun Amendementer agereecht. Den Text, wéi e vum Statsrot aviséiert ginn ass, fënnt sech an deem Text erëm, dee mer haut wäerten ofstëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Kadergesetz soll dem ILR déi néideg Moyenë ginn, fir datt e seng fir eis Wirtschaft ouni Zweifel wichteg Missioun ausübe kann. Dat wäert net ëmmer einfach sinn, well d'Reguléierung an d'Iwwerwaachung vu Secteuren, déi dem ILR ënnerleien, däerfen net zu enger Iwwerreguléierung ausaarten, mä d'Intensitéit vun der Reguléierung an der Iwwerwaachung, déi net nëmme fir den ILR spillt, ass eng aner Debatt.

Ech géif lech also bieden, dëse Projet de loi, wéi e vun der Kommissioun ugeholl gouf, ze stëmmen, an ech soe fir dëse Projet Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Santer.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Elo komme mer zum leschte Projet - ech gi mech nach net.

M. le Président.- Ech hat gemengt, Dir hätt Merci gesot, fir ee Punkt.

(Interruptions)

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee leschten, mä net grad deen einfachste Projet vum Paquet Télécom, dréint sech ëm den Dateschutz am elektroneschen Telekommunikatiounssecteur.

D'Entwécklung vun de modernen Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologië stellt nei Erausfuerderungen duer, wat d'Sécherheet beim Ëmgang vu privaten Donnéeën an Informatiounen ugeet. Mir hu mam Gesetz vum 2. August 2002 eng ausféierlech, verschidde géife soe vill ze vill ausféierlech Gesetzgebung iwwert den Dateschutz. Iwwert dëst Gesetz vum 2. August 2002 hu mer eng europäesch Direktiv aus dem Joer '95 ëmgesat. Souwuel déi europäesch Texter wéi och par ricochet déi national Dateschutzgesetzgebung hu missen un déi technesch Begebenheeten an Ufuerderunge vum Telekommunikatiounssecteur ugepasst ginn.

Dës Upassung fënnt duerch zwou Direktiven aus de Joren 1997 an 2002 statt. Et geet an dësen Direktive virun allem drëm e Regelwierk opzezeechnen, dat als Zil de Schutz vu privaten Donnéeën an Informatiounen am Kader vun elektronesche Kommunikatioune verfollegt.

D'Direktiv 97/66 gouf vun enger méi rezenter Direktiv 2002/58 iwwerholl. Dës zweet Direktiv, déi am Fong geholl d'Prinzipie vun där éischter iwwerhélt, war ausgeschafft ginn, well nach eng ganz Rëtsch vu Froe mat där éischter net definitiv gekläert woren. Mam Projet de loi 5181 setze mer also dës zwou Direktiven zesummen ëm.

Dës zwou Direktiven iwwerhuelen d'Zilsetzung vun der genereller Dateschutzdirektiv vun 1995 a wennen dës Zilsetzung, also de Schutz vu privaten Donnéeën a vum Privatliewen, spezifesch op d'elektronesch Medien un.

Folglecherweis, gradesou wéi d'Relatiounen tëschent den Direktiven aus de Jore '97 an 2002 an der allgemenger Dateschutzdirektiv 95/46, esou ass dëse Projet de loi eng sectoriel Reglementatioun par rapport zum allgemengen Dateschutzgesetz vun 2002, deen och an dësem Secteur nach applicabel bleift. Dëse Lien tëschent där generaler Dateschutzgesetzgebung an dëser sektorieller Dateschutzgesetzgebung steet och am Artikel 1 vum Projet de loi.

Här President, fir mat de generelle Bemierkungen opzehalen, wollt ech lech informéieren, datt Lëtzebuerg de 6. Mäerz 2003 erëm eng Kéier vum europäesche Geriichtshaff veruerteelt ginn ass, wéinst Netëmsetzung vun der Direktiv 97/66. Wéi ech dat scho gesot hunn, wollt d'Regierung ofwaarden, bis datt all Froen, déi mat der Direktiv 97/66 net oder nach net definitiv gekläert waren, eng Äntwert kruten, éier mat der Ëmsetzungsprozedur hei am Land sollt ugefaange ginn.

Här President, ech wéilt mech a mengem mëndleche Rapport nëmmen op déi wesentlech Aspekter vum Projet de loi beschränken. D'Detailer kënnt Der mat Genoss bestëmmt a mengem schréftleche Rapport noliesen.

Beim Projet de loi 5181 geet et also drëm fir bei den elektroneschen Telekommunikatiounsmedië secteurspezifesch Dateschutzbestëmmunge virzegesinn. D'Opérateure vu Kommunikatiounsréseauen a Fournisseurs de services, dat heescht déi, déi Kommunikatiounsservicer ubidden, kréie speziell Obligatiounen operluecht. Esou mussen si all Mesuren huele fir d'Sécherheet vun de Kommunikatiounen ze garantéieren. D'Abonnéë mussen informéiert ginn, wann e Risiko fir d'Confidentialitéit vun de Kommunikatiounen oder e Risiko fir d'Sécherheet vum Réseau besteet a wat dergéint ënnerholl gëtt. D'Confidentialitéit vun de Kommunikatioune muss geséchert ginn. Dat ass hei eng Obligation de résultat fir den Opérateur an de Fournisseur de services.

Et ass also verbueden d'Kommunikatiounen ofzelauschteren, ze stockéieren oder ze iwwerwaachen. Dat gëllt och fir d'Données relatives au trafic, dat heescht déi Donnéeën, déi et erméiglechen datt d'Kommunikatiounen zustane kommen oder déi et erméiglechen d'Kommunikatiounen ze facturéieren.

Et gëtt natierlech verschidden Ausnahmen zu dësem Verbuet, d'Kommunikatiounen ofzelauschteren, ze stockéieren oder ze iwwerwaachen, zum Beispill wann een en Numéro d'appel d'urgence - zum Beispill den 112 - urifft, oder wann de Benotzer sech domadder averstanen erkläert huet, datt seng Kommunikatiounen iwwerwaacht ginn am Kader vum flagrant délit Artikel 40 vum Code d'instruction criminelle oder am Kader vum Repérage téléphonique oder der Iwwerwaachung vun den Telekommunikatiounen am Artikel 88.1 bis 88.4 vum Code d'instruction criminelle.

Eng weider Ausnahm bilt d'Ophuele vu Kommunikatiounen oder vun deenen Données relatives au trafic, wann dat am Kader vu geschäftleche Relatioune fir de Beweis vun enger Transaction commerciale stattfënnt. Dës Ausnahm spillt zum Beispill am Fall, wou eng Bank oder e Professionnel du secteur financier Bourse-Uerdere per Télefon matgedeelt kritt. Hei muss just de Client, dat heescht de Benotzer, deen deen d'Uerder gëtt, informéiert ginn, datt säin Télefonsgespréich opgeholl gëtt a wéi laang d'Télefonsgespréich gespäichert bleift.

Dës Informatioun brauch net bei all Télefonsgespréich gemaach ze ginn, mä eng generell Informatioun, zum Beispill an de Conditions générales de banque oder am Vertrag tëschent dem Client an der Bank, deen et erméiglecht, datt de Client der Bank oder dem Professionnel du secteur financier d'Bourse-Urdere per Télefon matdeele kann, geet duer fir de Bestëmmunge vum Gesetz gerecht ze ginn. Eng préalabel Informatioun bei all eenzelnem Uerder iwwer Télefon, wéi dat gefaart ginn ass, ass also net noutwendeg.

Den Artikel 5 vum Projet de loi beschäftegt sech mat den Données relatives au trafic. Wéi ech scho gesot hunn, sinn dat Donnéeën, déi et erlaben, datt d'Kommunikatioun zustane kënnt oder d'Kommunikatioun facturéiert gëtt. Dës Donnéeë kënnen ënner verschidde Bedingungen an dräi Fäll traitéiert ginn.

Éischtens, wann esou Donnéeë bei esou Enquêtë vun der Justice kënne wichteg sinn, muss den Opérateur oder de Fournisseur de services dës Donnéeën zwielef Méint laang opbewahren. Nëmmen d'Justiceautoritéite kënnen an dëser Zäit Zougréff op dës Données relatives au trafic kréien. No dëser Period mussen d'Donnéeën entweder geläscht ginn oder si mussen anonym gemaach ginn. Dat heescht, si däerfe weder d'Kommunikatioun nach de Benotzer identifizéieren.

Zweetens kënnen d'Données relatives au trafic traitéiert gi fir d'Opstellunge vu Rechnungen oder d'Bezuele vun enger Interkonnexioun zwëschen zwee Réseauen.

Drëttens kann den Opérateur oder de Fournisseur de services d'Donnéeën och traitéiere fir seng Servicer unzebidden, awer nëmme wann de Benotzer sech domadder averstanen erkläert huet, nodeems hien iwwert d'Zil an den Zweck vun dësem Traitement informéiert ginn ass. Natierlech kann de Benotzer säin Averständnis zu jidder Zäit erëm zréckhuelen.

Et gëtt och Donnéeën, Här President, déi méi detailléiert si wéi d'Données relatives au trafic. Et sinn dat Donnéeën, déi et erméiglechen eng Persoun, déi en Télefonsgespréich zum Beispill mat engem Handy féiert, genau ze lokaliséieren. Dofir heeschen se och Données de localisation. Ech brauch lech d'Wichtegkeet an d'Nëtzlechkeet vun esou Donnéeë bei strofrechtlechen Enquêten net ze erklären. Dofir gëllt och bei deenen Donnéeën d'Flicht fir den Opérateur oder de Fournisseur de services, fir dës Donnéeë während zwielef Méint fir d'Justiceautoritéiten zougänglech ze maachen.

Niewebäi mussen d'Localisatiounsdonnéeën och fir den Numéro d'appel d'urgence 112 zougänglech gemaach ginn. Och hei ass der Wichtegkeet vun esou Donnéeë bei enger Noutsituatioun net ze widderspriechen.

Fir weider Traitementer vun Données de localisation muss den Opérateur oder de Fournisseur de services entweder dës Donnéeën anonym maachen oder muss d'Averständnis vum Benotzer hunn. Dëst Averständnis kann entweder zu jidder Zäit réckgängeg gemaach ginn oder fir bestëmmte Kommunikatiounen oder bestëmmte Konnexiounen op e Réseau zäitweileg vum Benotzer verbuede ginn.

Des Weidere ginn am Projet de loi fënnef Servicer oder Situatioune geregelt, déi hautdësdags gängeg ugebuede ginn oder respektiv stattfannen ouni awer - bis elo zumindest - e klore rechtleche Kader kritt ze hunn. Dat ass zum Beispill déi detailléiert Rechnung. Eng net detailléiert Rechung muss gratis sinn. Den Opérateur oder de Fournisseur de services kann also a contrario fir eng detailléiert Rechnung Fraisë froen, muss awer net. Dat ass him iwwerlooss. Op enger detailléierter Rechnung däerfen net gratis Nummeren inklusiv Nummere wéi den 112 opgelëscht ginn. Dobäi däerf och eng detailléiert Rechnung d'Identificatioun vun deemjéinegen, deen ugeruff ginn ass, net erméiglechen.

Zweete Service ass de Renvoi automatique d'appel, also d'Déviatiounen. Wann Der eng Nummer wielt, kann, wann dëse Service aktivéiert ass, d'Kommunikatioun op eng aner Nummer weidergeleet ginn, entweder wann een net ophieft oder wann déi Nummer besat ass. Et kann also virkommen, datt eng Drëttpersoun esou eng Déviatioun vu sengem Télefonsapparat op eng Nummer vun engem aneren Abonné mécht. Dësen Abonné kritt d'Recht fir géint dëse Renvoi automatique d'appel, dee vun enger Drëttpersoun op seng Nummer gemaach ginn ass, virzegoen.

Drëtte Service, deen ëmmer méi ugebuede gëtt, sinn d'Identifikatioune vun der Nummer, déi ugeruff gëtt oder déi urifft. Wann dëse Service aktivéiert ass, muss deejéinegen, deen urifft, och ausserhalb der Europäescher Unioun, d'Méiglechkeet kréie fir datt seng Nummer net däerf identifizéiert ka ginn. Eng Ausnahm gëtt et, wann den 112 oder aner Numéros d'appel d'urgence ugeruff ginn. An deene Fäll gëtt d'Nummer vun deem, deen urifft, ëmmer ugewisen.

Deen, deen ugeruff gëtt, och wann dat aus engem Drëttstat de Fall ass, muss kënnen d'Identifikatioun vun der Nummer, déi urifft, verhën-

nere kënnen. Och muss de Fournisseur de services op Ufro, an dat gratis, d'Méiglechkeet ubidden, wann d'Identifikatioun vun der Nummer, déi urifft, verhënnert ginn ass, dësen Uruff net unzehuelen.

Als Regelung vun engem weidere Service gesäit de Projet de loi och vir, wéi eng Donnéeë vun engem Abonné an engem öffentlech zougänglechen Annuaire sollen ageschriwwe ginn. D'Tëlefonsbuch ass hei een ze restriktiven Ausdrock, éischtens well et sech hei net noutgedrongenerweis ëm e Buch handelt, och eng elektronesch Versioun ka méiglech sinn, an zweetens well et net nëmmen Tëlefonscoordonnéeë sinn. En Abonné muss informéiert ginn, wat fir eng Donnéeën, déi hie betreffen, an esou en Annuaire kommen, a muss och kënne festleeën, wat fir eng Donnéeën an deen Annuaire agesat ginn, an hie muss och d'Recht hu fir dës Donnéeë kënne läschen ze loossen oder geännert ze kréien.

An der Kommissioun hu mer eis och mat der Konsequenz vun engem falschen Androen oder engem net Androen an engem Annuaire befaasst. Mir hunn diskutéiert, ob een net an dësem Projet de loi soll eng forfaitaire finanziell Indemnisatioun festhalen, wann d'Donnéeën an engem Annuaire falsch oder iwwerhaapt net veröffentlecht goufen.

Sollt e Betrib, deem seng Donnéeë vergiess goufen an engem Annuaire publizéiert ze ginn an deen doduerch kéint e kommerzielle Schued erlidden hunn, Recht op eng forfaitaire Entschiedegung hunn? De Problem ass, datt et net ëmmer einfach ass ze behaapten, dass e schwaachen oder méi reduzéierte Chiffre d'affaires op eng net Veröffentlechung vun den Donnéeën an engem Annuaire zréckzeféieren ass.

Et muss een natierlech och soen, datt de Beweis vun engem Lien de causalité tëschent engem kommerzielle Schued an enger net Veröffentlechung oder enger falscher Veröffentlechung an engem Annuaire och op Grond vun deene klassesche Regelen vun der Responsabilité contractuelle schwéier hierzestellen ass. Mä eng forfaitaire Indemnisatioun géif de Risiko vun Abusë mat sech bréngen, wou, dobäi gesot, d'Grondlag vun der Entschiedegung net ze ëmschreiwen ass.

Ech verweisen och hei op den Artikel 45 vum Projet de loi 5178, dee virgesäit, datt den Editeur seng Datebank diesbezüglech esou séier wéi méiglech ännere muss a bei der nächstbeschter Geleeënheet säi Feeler behiewe muss.

Dee leschte Punkt, deen ech uschwätze wëll, si keng Servicer, déi ugebuede ginn, mä éischter de Géigendeel. D'elektronesch Kommunikatiounsmëttele kënnen och gebraucht ginn, fir d'Leit op déi eng oder aner Aart a Weis ze belästegen. Esou Belästegunge kënne stattfannen entweder, wann anonym ugeruff gëtt, dat sinn déi sou genannten Appels à contenu malveillant ou dérangeant, oder wann aus iergendwelleche kommerzielle Prétexter ee mat enger onméiglecher Unzuel vu Messagen iwwerschott gëtt.

Den Artikel 7 vum Projet de loi betrëfft d'Appels à contenu malveillant ou dérangeant. Deejéinegen, deen esou belästegt gëtt oder gestéiert gëtt, kann den Opérateur oder de Fournisseur de services froen, datt déi Nummer vun där dës Uriff kommen identifizéiert soll ginn. E Règlement grand-ducal wäert nach d'Modalitéiten, wéi dës Identifikatioun technesch soll stattfannen, preziséieren.

Dës Bestëmmung ersetzt net, mä au contraire ergänzt den Artikel 6 vum Gesetz vum 11. August 1982, deen eng Strof vun aacht Deeg bis ee Joer Prisong an/oder - elo däerf ech dat soen, de Statsrot héiert net mat - eng Geldstrof vun 251 bis 5.000 Euro virgesäit fir deen, dee wëssentlech eng Persoun iwwer Tëlefon oder soss belästegt huet. Esou wäert deen, dee vun der Anonymitéit vun de Kommunikatiounsmëttele profitéiert fir d'Leit ze belästegen, aus sengem donkelen Eck kënnen erausgeholl ginn.

Déi zweet Zort vu Belästegunge sinn déi Messagen iwwert de Fax, E-Mail oder SMS, manner dës Kéier iwwer Tëlefon, fir iergendwellech Produkter oder Servicer ugebueden ze kréien. Mir alleguerten heibanne ware schonn - a sinn nach haut - iwwer E-Mail-Adress oder soss elektronesch Kommunikatiounsmëttele vun honnerte vu Messagen iwwerschott ginn, fir sou genannte wonnerwierkend Produkter ze kafen.

Esou Communications non sollicitées, fir Clienten unzewerben, kënnen nëmme mam Averständnis vum Abonné stattfannen. Et ass hei de System vun „opt in“, dat heescht, fir an de Genoss vun engem Service ze komme muss een domadder averstane sinn. Beim System vum „opt out“ ass een am Contraire automatesch am Genoss vun engem Service mat dran an et muss ee soen et wëllt een en net méi. Mä hei ass et de System vun „opt in“, dat heescht et muss ee soen, et ass een domadder averstanen, fir déi Communications non sollicitées ze kréien.

Dëse Problem - pour la petite histoire - war ee vun deene Problemer, déi an der Direktiv 97/66 nach net geregelt goufen an duerno eréischt an der Direktiv vun 2000 konnte gekläert ginn.

Hei geet et nëmmen ëm kommerziell Messagen. Zum Beispill karitativ Zwecker sinn zwar net expressis verbis am Projet de loi ausgeschloss, mä falen net ënnert d'Notioun vu Prospection directe, déi eng kommerziell Konnotatioun huet an dorobber ausgeriicht ass fir nei Clienten ze kréien.

Wann een Abonné engem Verkeefer seng elektronesch Coordonnéeën, zum Beispill seng E-Mail-Adress, matgedeelt huet fir gewësse Produkter oder Servicer ze bestellen, da kann dee Verkeefer dës elektronesch Coordonnéeë benotzen, fir analog oder similaire Produkter oder Servicer unzebidden. An deem Fall huet awer den Abonné d'Recht - do komme mer erëm op den „opt out“ -, fir sech géint dës weider Ausnotzung vu sengen elektronesche Coordonnéeën ze wieren. Wann et sech ëm net elektronesch Coordonnéeën handelt, da muss d'Averständnis vum Abonné ëmmer do sinn.

E lescht Wuert zum Projet de loi. Am Titel vum Projet de loi steet, datt d'Artikelen 88-2 an 88-4 vum Code d'instruction criminelle geännert ginn. An dësen Artikelen ass festgehalen a wat fir Fäll a wéi an duerch wien d'Telekommunikatiounen an d'Korrespondenz kënnen iwwerwaacht ginn.

Dës zwee Artikele ginn net an hirer Substanz geännert. Well d'Post kee Monopol am Telekommunikatiounssecteur méi huet, sinn d'Referenzen un den Direkter vun der Post duerch eng Referenz un d'Opérateure vun der Post an der Telekommunikatioun, wat den Artikel 88-2 ass, duerch eng Referenz op den Opérateur des Postes beim Artikel 88-4 ersat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat déi parlamentaresch Aarbecht betrëfft wëll ech just ervirhiewen, datt de Statsrot a sengem Avis vum 4. Mee 2004 zwou Opposition-formellë gemaach huet. An zwee Artikele stoung, datt déi national Dateschutzkommissioun de Pouvoir géif kréien, fir d'Kategorië vun Donnéeën, déi net ënnert dës zwee Artikele géife falen, opzelëschten. De Statsrot huet gemengt, hei géif géint den Artikel 36 vun der Verfassung verstouss ginn, dee beseet, datt et nëmmen dem Grand-Duc virbehalen ass, fir Reglementer auszeschaffen, déi e Gesetz exekutéieren.

D'Kommissioun huet dem Statsrot senger Opposition formelle zwar Rechnung gedroen an do d'Kompetenz vun der nationaler Dateschutzkommissioun duerch eng Referenz op e Règlement grand-ducal geännert, zu dësem Punkt huet sech awer d'Kommissioun gefrot, ob d'Argumentatioun vum Statsrot nach ëmmer pertinent a richteg ass.

Duerch e Gesetz vum 19. November 2004, also nom Avis vum Statsrot, ass den Artikel 108bis iwwert d'Établissements publics an eis Verfassung agefouert ginn. Dësen Artikel beseet: «La loi peut créer des établissements publics», an e seet a sengem zweete Saz: «Dans la limite de leur spécialité, le pouvoir de prendre des règlements peut leur être accordé par la loi.»

Et kann ee sech also d'Fro stellen, ob opgrond vun deem neien Artikel 108bis eng Opposition formelle nach ëmmer ubruecht ass an ob een net der Dateschutzkommissioun de Pouvoir hätt kënne ginn, fir gewësse Lëschte vun Donnéeën auszeschaffen, fir dëst Gesetz ze exekutéieren. Well d'Kommissioun op Nummer sécher wollt goen, ass awer de Règlement grand-ducal, dee vun der Regierung a sengen Amendemente virgeschloe gouf, bäibehale ginn.

Här President, zum Schluss vu mengem mëndleche Rapport wollt ech iwwert d'Dateschutzgesetz vum 2. August 2002 e puer Wierder verléieren. Am initialen Text vun der Regierung war virgesinn, datt dëst Dateschutzgesetz punktuell sollt ofgeännert ginn. Dësen Deel gouf awer vun der Regierung aus dem Projet de loi geholl. D'Dateschutzgesetz soll generell iwwerpréift ginn opgrond vun den Erfahrungen, déi mer an de leschten dräi Joer mat dësem Text gemaach hunn.

D'Kommissioun an d'Regierung wollten sech net géint de Prinzip vun enger Iwwerpréifung ausschwätzen, an de Fait, datt duerch dëse Projet de loi d'Dateschutzgesetz net geännert gëtt, soll net esou ausgeluecht ginn. Mir wollten d'Ëmsetzung vum Paquet Télécom net nach méi laang aussetzen. Mir wollten op där anerer Säit d'Reform vum Dateschutzgesetz net iwwert de Knéi briechen.

Gläich sinn et dräi Joer hier wou mer eis e richtegt Dateschutzgesetz ginn hunn. Dat viregt Gesetz vun 1979 war scho säit laange Jore veraltert, souguer éier et ausgeschafft gouf, a gouf iwwerhaapt net méi ugewannt. Mam Gesetz vum 2. August 2002 hu mer also bei null ugefaangen. Lëtzebuerg hat iwwerhaapt keng Erfahrung op dësem wuel wichtege Gebitt. Et gouf keng Jurisprudenz, et goufe keng Texter op déi mer eis hätte kënne stäipen, just zwee Artikelen am Gesetz vun 1982 iwwert d'Vie privée. Also et war just eleng eng Direktiv vun 1995, déi mer ëmsetze sollten a wou mer och laang a Verzuch gerode waren.

Et ginn, heiansdo zu Recht, heiansdo zu Onrecht, Kritike géint d'Dateschutzgesetz gemaach. Mat verschiddene Kritiken, Remarquen, Observatiounen, Suggestioune kann een averstane sinn. Mä wat ech mer schwéier erkläre kann ass, wann elo vu verschiddene Säite Kritike gemaach ginn, wuelwëssend datt, wéi de Projet de loi 4735, also deen duerno d'Gesetz vum 2. August 2002 ginn ass, ausgeschafft gouf, iwwerhaapt keng Kommentare vun deeneselwechte Säiten ze héiere waren, oder wann dës Kommentare koumen, da wéi déi parlamentaresch Prozedur schonn eriwwer war.

Ech wollt Iech just matdeelen, datt déi deemoleg Kommissioun ëm déi zwielef Sëtzungen zu dësem Projet de loi hat an zwou Serië vun Amendementer gemaach huet, datt d'Commission du Travail et de l'Emploi e Rapport pour avis gemaach hat, an datt mer nach séllech Avisë kritt hunn, déi mer och akribesch analyséiert hunn an déi och am Detail an deem deemolege Rapport erëmzefanne sinn. Fir elo ze soen, mir haten lech gesot, dat geet schif, fannen ech staarken Tubak, a wann ech dat soen, da muss et wierklech staarken Tubak sinn.

(Hilarité)

No deenen éischte Jore vun der Uwendung vun dësem Dateschutzgesetz kënne mer eis e Bild maachen, wat mer mussen änneren, wat falsch gelaf ass, wou mer iwwert d'Zil geschoss hunn, wou mer ze vill administrativ Hürde gebaut hunn. Eng Iwwerpréifung vun dësem Gesetz sollt also esou séier wéi méiglech stattfannen, well iwwert d'Recht op d'Privatsphär eraus den Dateschutz zu engem Grondrecht sech amgaangen ass erauszeschielen, an ech bezéie mech hei op den Artikel II-68 vun der Europäescher Verfassung, dee bei de Grondrechter vun de Bierger vun der Unioun ganz kloer den Dateschutz festhält.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

An dësem Zesummenhang hunn ech och eng Motioun virbereet, déi d'Regierung opfuerdert, fir eng Reform vum Dateschutzgesetz der Chamber virzeleeën an dobäi op d'Erfahrunge vun alle Säiten, souwuel déi, déi d'Donnéeën traitéieren, wéi och déi, där hir Donnéeën traitéiert ginn, zréckzegräifen an onnëtz administrativ Prozeduren ofzebauen. Dës Motioun huet véier Ënnerschréften. Et feelt nach eng, mä ech ka mer virstellen, datt d'ADR-Fraktioun, déi nach net ënnerschriwwen huet, déi wäert ënnerschreiwen, well se mer gesot hunn, si géifen dës Motioun ënnerstëtzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'avant la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, le Luxembourg ne disposait pas d'une législation appropriée relative à la protection des personnes à l'égard du traitement de leurs données à caractère personnel, la loi du 31 mars 1979 étant devenue obsolète et communément inappliquée;

- que le manque total d'expérience en la matière explique, entre autres, certaines difficultés pratiques et surcharges administratives, peu compatibles avec le but recherché par le législateur, mises en exergue lors de la mise en œuvre de la loi du 2 août 2002;

- considérant que la loi du 2 août 2002 aurait dû être révisée dans le cadre du projet de loi 5181;

- que le projet de loi 5181, tel qu'il a été adopté par la Commission de la Fonction publique, de la Réforme administrative, des Media et des Communications le 12 avril 2005, ne contient plus le volet relatif à la révision de la loi du 2 août 2002, alors que cette révision nécessite un examen approfondi de la mise en œuvre de cette loi et des difficultés qu'elle a générées en pratique;

- vu la déclaration gouvernementale aux termes de laquelle «il sera procédé rapidement à une révision de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel avec comme objectif primaire de clarifier et de simplifier les procédures de façon à éliminer certains obstacles purement administratifs sans plus-value pour la protection de la vie privée et les libertés fondamentales»;

invite le Gouvernement

- à soumettre à la Chambre des Députés dans les meilleurs délais un projet de loi révisant la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel,

lors de l'élaboration de ce projet de loi et tout en restant dans le cadre de la directive 95/46/CE:

- à tenir compte de l'expérience acquise dans la mise en œuvre de cette loi et des besoins et exigences constatés en pratique tant du point de vue des personnes dont les données sont traitées que de celui des personnes traitant de ces données, et

- à veiller à alléger les procédures administratives surabondantes là où nécessaire.

(s.) Patrick Santer, Félix Braz, Henri Grethen, Jacques-Yves Henckes, Roland Schreiner.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, am Numm vun der Kommissioun géif ech also bieden, dëse Projet de loi, deen unanime an der Kommissioun ugeholl ginn ass, ze stëmmen. Ech soen Iech Merci, an dann ass et fäerdeg mam Rapport vun deenen zwee Projeten an doriwwer eraus mat de Rapporte vum ganze Paquet Télécom.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten Diskussiounsriedner ass den Här Maroldt. Här Maroldt, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. François Maroldt *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt un éischter Plaz deenen zwee Rapporteure vun deene véier Gesetzesprojeten am Numm vu menger Fraktioun e grousse Merci soe fir hir kompetent Aarbecht.

De President vun der zoustänneger Kommissioun, den honorablen Här Patrick Santer hunn eis op hir gewinnt kompetent Aart a Weis Opschloss ginn iwwert dës Projeten, déi, wéi mer grad héieren hunn, vu ganz komplexer an technescher Natur sinn. Si hunn et och verstanen d'Aarbechten zu dëse Projeten an der Kommissioun ze guidéieren, wat dozou bäigedroen huet, datt mer se relativ séier an an engem konstruktive Klima konnten ofschléissen.

Déi zwee Rapporteuren hunn et gesot, déi betreffend Direktiven hätte schonn am Juli 2003 an eis national Gesetzgebung transposéiert misste ginn. Mä och aner Länner an Europa hu sech e bësse schwéier gedoe bei der Transpositioun. Ech wëllt do nëmme Länner, wéi Däitschland, Griicheland, Frankräich, Holland an d'Belsch ervirsträichen, déi och alleguerten Enn Oktober 2003 eng Procédure d'infraction ageleet kritt hunn.

D'Kommissioun hat och eng Partie konkret Problemer opgezeechent, déi bei der Transpositioun an deene jeeweileg nationale Législatiounen optriede kënnen. Als Beispill kann een ufëieren, datt déi national Reguléierungsinstanzen onbedéngt e klore Profil vun hire Kompetenze musse kréien, fir datt dat gesamt Regelwierk einwandfrei ka fonctionnéieren.

En anere Punkt, ëm deen et bei der Kommissioun och gaangen ass, war virun allem d'Fro vun de Services publics an ëm d'Mechanismen, déi eventuell hu missen agefouert ginn, fir Fournisseuren ze designéieren, déi de Service universel sollen ubidden, an dat mat der Oplag fir domadder esou mann wéi méiglech eng Verfälschung vun de Maartkonditiounen hierzestellen a fir de Prinzip vun der net Diskriminatioun oprechtzeerhalen.

Ech wëll mech awer net an den techneschen Detailer vun de Projete verléieren, mä e puer generell Iwwerleeungen ustellen iwwert d'Wichtegkeet vun dësen Texter, esouwuel um Niveau vun de Medien a vun dem Kommunika-

tiounsstanduert Lëtzebuerg, wéi fir Europa selwer, an dat an engem Secteur, deen an de leschte Jore rasant Entwécklunge matgemaach huet. Et ass e Secteur, deem seng Wirtschaftskraaft nach net ëmmer épuiséiert schéngt an deen als Outil onerlässlech ass fir eis Wirtschaft u sech.

E puer Zuelen op europäeschem Niveau beleeën dat. Esou ass fir d'Joer 2003 de Marché vun den elektronesche Kommunikatioune méi gewuess, mat engem Taux tëschent 3,7 a 4,7% wéi d'Croissance nominale vum PIB vun der Europäescher Unioun selwer, déi sech bei 3% agependelt huet.

Och déi mobil Telefonie huet eng impressionnant Progressioun virgeluecht. An de Joren 1995 bis 2003 huet d'Zuel vun den Abonnementer ëm 42% pro Joer zougeluecht. 2003 hate mer an der Unioun vun deene 25 net manner wéi 364 Milliounen Abonnementer. Dat heescht, dass an der Moyenne op 100 Awunner 80 Abonnementer kommen. Lëtzebuerg stécht an dem Tableau ervir mat 120 Abonnementer op 100 Awunner, wäit viru Schweden mat 98, Italien 96 an der Tschechescher Republik 95. Eng ähnlech Progessioun gëtt et och am Secteur vun der Breetbandtelefonie.

Dir Dammen an Dir Hären, ech erënneren drun, datt d'Politik mat Bezuch op d'Telekommunikatioune bis un d'Enn vun den 80er Joren eng reng national staatlech Affär war. D'Diskussiounen hu sech an der Regel op d'Konzessiounsfroen am Beräich vum Fernseh beschränkt.

An der Tëschenzäit hunn déi elektronesch Kommunikatiounen e ganz grousse Stellewäert an Europa ageholl. Si gi mëttlerweil an engem méi breede Kontext gesinn, am Sënn vun enger Informatiouns- a Kommunikatiounspolitik, déi all implizéiert Partner um Informatiounsmaart mat aschléisst. Dat heescht esouwuel d'Produzente vun Informatiounstechnologien an d'Ubidder vun esou Servicer, wéi natierlech och déi, déi an de Benefiss vun esou Déngschtleeschtunge kommen, dat heescht de Konsument. Op dësen Aspekt kommen ech spéider nach eng Kéier zréck.

D'Strukturen an dësem Beräich waren deemno u sech ëmmer méi monopolistesch an oligopolistesch geprägt, wou sech de Stat nach eng grouss Main mise geséchert hat. Grad an Europa gouf dëse Beräich eng laang Zäit ëmmer als eng reng Infrastrukturpolitik ugesinn, déi an den zentralen Aufgabeberäich vum Stat gefall ass.

Eréischt an de leschte 15 Joer gouf eng entgéintgesaten Tendenz an dësem Politikberäich spierbar. Moto an dëser Entwécklung war a bleift déi Europäesch Unioun, déi versicht huet den ënnerschiddleche Stand vun der Technik an de Memberlänner, d'Differenze vum Volume an de Potentialitéiten op deene vereenzelten nationale Mäert, déi international Ramificatiounen, esou wéi d'Bezéiunge vun de staatleche Monopolentreprisen zu de Produzenten op e gemeinsamen, oder besser gesot, e gemeinschaftlechen Nenner ze bréngen, fir mat vill Fangerspëtzegefill déi al Strukturen opzebriechen.

Éischt europawäit Iddien an dës Richtung goufen am Dezember 1993 am Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun „Growth, competitiveness and employment: the challenges and ways forward into the 21st century" zu dëser Thematik ausformuléiert. An dësem Dokument gouf schonn detailléiert iwwert d'Verbreedung vun der Notzung vun Informatiounstechnologien, d'Entwécklung vu grenziwerschreidene Basisdéngschtleeschtungen, déi kontinuéierlech Realiséierung vun engem gemeinsame Regelwierk, den Ausbau vun der Formatioun an dësem Beräich, esou iwwert d'Stäerkung vun der technologescher an industrieller Leeschtungsfäegkeet vun Europa referéiert.

Déi 1994 agesaten Task force, déi dës Iwwerleeunge weider ausgedäitscht hat, ass deemools zum Schluss komm, datt d'Liberalisatioun an dësem Secteur misst beschleunegt ginn, mat engem Akzent op d'Interoperabilitéit vun den Informatiouns- a Kommunikatiounsstrukturen an -déngschtleeschtungen an den eenzelne Länner.

D'Décisioun vum Europäesche Rot, fir d'Strukturen am Beräich vun den elektronesche Kommunikatioune bis den 1. Januar 1998 ze liberaliséieren, war deemools e Kompromëss, Compte tenu vun den ënnerschiddleche Vuen a Viraussetzungen an deenen eenzelne Memberlänner vun der EU. Deemno war et nëmmen normal, datt sech verschidde Länner fir Iwwerganksbestëmmunge staark gemaach hunn. Ech erënneren drun, datt Lëtzebuerg, zesumme mat der Belsch, Frankräich an Däitschland, prinzipiell näischt géint de Prinzip vun der Liberalisatioun anzewenden hat, ma sech net wollt fir eng soforteg Ouverture vum Marché ausschwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, haut schreiwe mer 2005 a mir hunn erëm aner Rahmebedingungen, déi d'Adaptatioun vun engem eenheetleche Cadre réglementaire méi wéi jee noutwendeg maachen. D'Evolutioun vun der Technologie, d'Innovatioun bei der Offer vun den Déngschtleeschtungen, d'Präispolitik an déi qualitativ Amélioratioun duerch d'Aféiere vun der Konkurrenz an dësem Secteur hunn de Wee fir an déi villbeschwueren Informatiouns- a Kommunikatiounsgesellschaft opgezeechent.

D'Konvergenz vun den Télécommunicatiounssecteuren, vun der Radiodiffusioun a vun den Informatiounstechnologien huet de Marché grondleeënd revolutionéiert. Déi traditionell Trennung vu Reglementer nom jeeweilege Secteur ass hifälleg ginn, au vu vun der Konvergenz vun engem Secteur op deen aneren. D'Verbindung vu Mobiltelefonie an Internet sinn hei e gutt Beispill.

Déi virleiend Texter versichen dës Facteure mateneen an Aklang ze bréngen an e Regelwierk ze ficeléieren, wat fir déi kommend Joren en akzeptabele Cadre réglementaire duerstellt.

Här President, d'Liberalisatioun vum Secteur vun den elektronesche Kommunikatioune reimt awer net mat enger willkürlecher a wëller Dereguléierung, mä verfollegt an alleréischter Linn d'Zil fir d'Konkurrenz an dësem Secteur ze stimuléieren a fir dem Konsument ee gudde Service unzebidden, deen hie sech ka fräi eraussichen.

Ech wëllt un dëser Plaz nach eng Kéier zréckgoen an den Traité vu Maastricht aus dem Joer 1992, deen d'Grondprinzipie vun deenen ze ergräifende Moossnamen an dësem Schlësselwirtschaftszweig scho fréizäiteg erkannt huet.

Ech wéilt dofir kuerz e puer Extraiten aus dem Artikel 129B an 129C aus dem Traité zitéieren: «La Communauté contribue à l'établissement et au développement de réseaux transeuropéens dans les secteurs des infrastructures du transport, des télécommunications et de l'énergie. Dans le cadre d'un système de marchés ouverts et concurrentiels, l'action de la Communauté vise à favoriser l'interconnexion et l'interopérabilité des réseaux nationaux ainsi que l'accès à ces réseaux. (…) la Communauté établit un ensemble d'orientations couvrant les objectifs, les priorités ainsi que les grandes lignes des actions envisagées dans le domaine des réseaux transeuropéens. La Communauté met en œuvre toute action qui peut s'avérer nécessaire pour assurer l'interopérabilité des réseaux, en particulier dans le domaine de l'harmonisation des normes techniques.»

Den Text huet u sech dräi inhärent Aussoen. Et geet zum Éischten net dorëm déi national Monopolgesellschafte mir näischt dir näischt ze privatiséieren. Et geet zweetens och net dorëm fir eng total Ouverture vum Marché anzeféiere mat der Konsequenz vun enger totaler Dereguléierung. Et gëtt awer am Text dorop higewisen, datt et ëm eng kontrolléiert Ouverture geet, wou Clignotanten an Instanzen agebaut sinn, déi agräife kënnen, wann zum engen den Zougang zu de Réseauen a Fro gestallt ass, an zum aneren, wann d'Funktiounsfäegkeet vun der gesamteuropäescher Infrastruktur duerch mangelhaft Verbindungen oder duerch feelend Standarden hypothekéiert ass.

Wat 1992 wouer war, ass och bei der Reform, déi mir mat de virleiende Gesetzesprojeten alauden, net zur Onwouerecht ginn. Et geet net virrangeg dorëm fir ee Monopolbetrib op de fräie Marché ëmzeswitchen. Mä et soll zum engen de konkurrenzielle Marché verschäerft ginn an zum anere soll ee Beitrag zu deene verännerten technesche Rahmebedingunge geleescht ginn. En erfreelechen Nieweneffekt ass eng wesentlech Vereinfachung vum Regelwierk an eng besser Iwwerschaubarkeet vun de bestoende Rechtsgrondlagen.

Här President, ech hunn aganks scho gesot, datt de Paquet Télécom seng Wichtegkeet virun allem doraus zitt, well hie fir Europa a fir Lëtzebuerg, als Medien-, Informatiouns- a Kommunikatiounsstanduert, eng Grondlag ass fir dëse Secteur dauerhaft zu Lëtzebuerg ze konsolidéieren.

Et brauch een nëmmen den Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot vum 11. Mäerz 2005 ze consultéieren, deen ënner anerem dorop higedrängt huet, fir déi virleiend Gesetzesprojeten esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen - dat och am Hibléck op déi dringend Noutwendegkeet fir d'Missioune vum ILR nei ze definéieren.

Den Avis weist och dorop hin, datt sech déi europäesch Stats- a Regierungschefen um Sommet zu Sevilla am Juni 2002 dorop verstännegt hate fir den Aktiounsplang eEurope 2005 mat Liewen ze erfëllen. Dëse Plang setzt seng Prioritéiten ënner anerem nach op d'Sécherheet vun de Réseauen a vun den Informatiounen, op den Ausbau vun Online-Administratiounen, op eLearning an op de Commerce électronique.

De Plang gesäit an de Méiglechkeete vun der Informatiouns- a Kommunikatiounsgesellschaft een enormt wirtschaftlecht Potenzial fir eis a fir Europa, notamment um Niveau vun de Privatinvestitiounen a bei der Schafung vun Aarbechtsplazen. Eis öffentlech Déngschtleeschtunge kënnen optimiséiert ginn, an den Zougang vum Privatbenotzer gëtt duerch eng méi schnell, méi einfach Technologie gewëssermoossen demokratiséiert.

De Wirtschafts- a Sozialrot mengt awer, datt d'Regierung misst méi Efforte maachen um Niveau vun der sou genannter Signature électronique, fir dës an de beschten Délaië bei eis anzeféieren.

Um Niveau vum ILR plädéiert de Wirtschafts- a Sozialrot och nach dofir d'Missiounen an d'Kompetenze vum Conseil de la concurrence a vum ILR kloer ze délimitéieren, fir datt et zu kengem double emploi oder zu Kompetenzstreidegkeete kënnt. Et muss och zu enger klorer Ofgrenzung tëschent dem ILR an dem Statec kommen, wat d'Kollekt vun den Donnéeë fir Statistiken ubelaangt.

Ech wëllt awer och nach op zwou Remarquen aus dësem Avis zréckkommen, déi d'GSMen ubelaangen. Et ass fir d'Opérateure wichteg, datt de Plan sectoriel iwwert d'GSM-Antennen esou schnell ewéi méiglech ugeholl gëtt, fir datt Kloerheet op dësem Gebitt besteet.

Och gëtt dofir plädéiert, den UMTS-Réseau esou schnell ewéi méiglech anzeféieren. Aner Länner sinn eis do u sech e gutt Stéck viraus. Wa meng Informatioune stëmmen, si beispillsweis d'Belsch, Dänemark, Holland a Schweden eis do scho wäit viraus. Vläicht kann eis de Minister e puer Prezisiounen zu dëse Voletë ginn. Här Minister!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, een Aspekt, dee mir an dëser Diskussioun net dierfe vergiessen, ass d'Potenzial am Beräich vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. Ech denken hei virun allem un d'Fuerschung an d'Formatioun.

De Wirtschafts- a Sozialrot seet zum Beispill, ech zitéieren: «Le Luxembourg devra faire l'inventaire des activités de R&D pour identifier, notamment en collaboration avec le monde des entreprises, les niches où il veut et peut créer un niveau d'enseignement et de recherche de qualité et orienter la recherche vers les domaines stratégiques susceptibles d'engendrer des impacts positifs pour l'économie. (…)

En outre, le CES insiste pour que l'évaluation ne se limite pas à la recherche, mais qu'elle englobe également l'enseignement. (…) Le CES est d'avis que les activités de recherche universitaire pourraient démarrer dans les domaines où le Luxembourg dispose déjà d'avantages dus à l'accumulation de compétences ou bien dans les domaines en forte croissance, dont (…) les communications électroniques et par satellite.»

Et geet also dorëm, fir déi Beräicher, wou mir d'Spëtzt sinn, auszebauen. Dorënner falen ouni Zweiwel d'Informatiouns- an d'Kommunikatiounstechnologien. Mir hunn eng jonk Université du Luxembourg, déi an hire kruziaalste Jore stécht. Mir hu Lëtzebuerg als solches, wat zu engem Informatiouns- a Mediëstanduert erugewuess ass. A mir hunn CRPen, déi eng qualitativ héichwäerteg Fuerschung praktizéieren. Dës dräi Facteure stellen eng Chance duer virun allem um Niveau vun de Formatiounen, déi kéinten ugebuede ginn.

De Kontakt tëschent dem Héichschoulwiesen an deenen eenzelnen Acteure wier schnell hiergestallt. Symbiose kéinten doduerch entstoen, déi mëttel- a laangfristeg Lëtzebuerg als ee regelrechte Centre d'excellence an den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien eruwuesse loossen.

Ech erënneren dorun, datt d'Orientatiounsdebatt vum 13. Juni 2002 iwwert déi audiovisuell Medien ënnert der Fiederféierung vu mengem Fraktiounskolleeg Laurent Mosar schonn dës Pisten opgezeechent huet.

Dat setzt viraus, datt mir Entreprisen zu Lëtzebuerg kréien, déi sech dauerhaft wëllen installéieren an déi een Intérêt drun hunn, fir och um Niveau vun der Formatioun mat eiser Héichschoul zesummenzeschaffen.

D'Gesetzer vun haut de Mëtteg setzen deemno d'Jalone fir d'Attraktivitéit vum Standuert ze verbesseren a fir den Entreprisen am Secteur eng stabil Rechtsgrondlag ze verschafen.

Här President, ee leschte wichtegen Aspekt ass dee vum Intérêt fir de Benotzer an de Konsument vun den Déngschtleeschtungen an dësem Secteur, deen, ech hunn et scho gesot, mëttlerweil eng direkt an net méi ewechzedenkend Inzidenz op eiser allerguerten alldeeglecht Liewen huet. Ech denken, datt beispillsweis jiddfereen hei am Haus op d'mannst een Handy huet.

Dat neit Regelwierk gesäit eng verbessert Protektioun vum eenzelne Konsument am Beräich vun den Telekommunikatioune vir. Esou gëtt beispillsweis d'Nummer 112 obligatoresch, déi bestoend Obligatiounen iwwert d'Prozedure bei Plainten a bei Sträitfäll, esouwéi d'Transparenz virun allem an der Präis- an Tarifpolitik gi wesentlech verstäerkt.

Des Weidere ginn d'Fournisseuren dozou verflicht, hir Clienten adequat an ausräichend iwwer hir Déngschtleeschtungen an hir Produiten ze informéieren. Net zulescht kënnt et zu enger Harmoniséierung an enger wesentlecher Vereinfachung vun der Attributioun vun Internetsadressen a bei der Attributiouun vun Handysnummeren. Den „Portage", vun deem mer säit Ufank vun dësem Joer kënne profitéieren, ass do en éischte Virgeschmaach.

Net zulescht consacréiert dat neit Regelwierk de Service universel, dee verschidde Kritäre bei der Ausgestaltung muss entspriechen an dee räsonnabele Prinzipie bei der Präisformatioun vum Service universel muss entspriechen. Et sinn dëst alles Aspekter, déi scho vu menge Virriedner ugeschnidde goufen an op déi ech net méi wëll am Detail zréckkommen, déi awer doduerch net manner wichteg sinn.

Här President, fir meng Fraktioun a mech sinn dëst alles Grënn fir eis onageschränkt zu dësen Texter ze bekennen. Et si virun allem wichteg Texter fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, deen an dësem Secteur Kloerheet gebraucht huet, fir datt sech weiderhin eng Consolidatioun an en Ausbau ka vollzéien. Net zulescht sinn et Projeten, déi en direkten Intérêt fir den Normalverbraucher hunn, well se eng verbessert Transparenz schafen. Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësen Texter a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Maroldt. Als nächste Riedner ass den Här Henri Grethen ageschriwwen. Här Grethen, wann ech gelift, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei mat véier ganz wichtege Projete befaasst, d'Ëmsetzung vun enger ganzer Rei vun Direktiven, mat deene mer schonn am Verzuch sinn. Fir d'Bedeitung vun deene Projeten ze ënnersträichen, huet och d'Conférence des Présidents fir dës Projeten de Modell 3 gewielt, dee menger Fraktioun eng Riedezäit gëtt vu 60 Minutten.

(Hilarité)

Ech wëll awer ënnersträichen, Här President, dass d'Virriedner, souwuel déi zwee Rapporteure wéi och de mandatéierte Spriecher vun der CSV, schonn am Detail, ech géif souguer soe bis an déi klengst Detailer eran dës véier Projeten exposéiert hunn. Duerfir mengen ech, dass ech mech kann dovun dispenséieren si nach eng Kéier ze widderhuelen.

(Interruptions)

A well ech och de Souci kenne vun eisem President, deen op eng Straffung vun den Debatten ëmmer erëm drängt,…

(Hilarité)

…dee wierklech insistéiert, dass een awer déi Riedezäit soll esou kuerz wéi méiglech halen, wëll ech och déi sechzeg Minutten net voll ausnotzen.

M. le Président.- Dir hëlleft dem Vizepresident, Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, an deem Moment wou de Vizepresident d'Présidence vun der Chamber huet, ass e President.

M. le Président.- Merci, Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech hunn dee richtegen, dee gellege President, voll am A.

(Interruptions diverses et hilarité)

Ech hat haut de Muere mat him eng laang Diskussioun iwwer eist Reglement, wou d'Chamber och nach eng Kéier wäert domat befaasst ginn.

Här President, ech hu just eng eenzeg Suerg, déi ech awer hei wollt artikuléieren a wou ech schonn d'Geleeënheet hat dës Woch driwwer ze schwätzen, dat ass am Bezuch op den ILR. De Rapporteur schreift dat och a sengem Rapport op der Säit 2 vum Document parlementaire 5180[15], dass den ILR och kann an der Zukunft aner Missiounen iwwerdroe kréien, déi iwwert déi erausginn, déi en elo huet.

Ech denken do haaptsächlech un d'Attributioun vun de Sillonen am Eisebunnswiesen. Ech hat schonn d'Geleeënheet, dës Woch hei dorobber ze insistéieren. Leider ass den zoustännegen Transportminister, dee freet sech nach, deen ass nach amgaange mat sech zu Chouer ze goen, mä dat Einfachst wier, wann een dat och géif dem ILR iwwerdroen. Dat ass ee vun de Wënsch, déi ech hunn.

Mir hunn och als Kommissioun deementspriechend elo schonn de Projet 5180 esou artikuléiert, dass dat méiglech ass. Dat ass dee Wonsch, deen ech hu fir d'Zukunft. Mat deem Wonsch verbonne bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deene véier Projeten an hunn domadder nëmme 5% vun eiser Riedezäit ausgenotzt.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Als nächste Riedner ass dann den Här Diederich ageschriwwen. Här Diederich, wann ech gelift.

M. Fernand Diederich *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz schaaft de gesetzleche Kader, deen der Ouverture vun de Mäert, déi sech säit den 90er Joren entwéckelt hunn, souwéi den technesche Changementer, déi an där Zäit erfollegt sinn, Rechnung dréit mam Zil, d'Opmaache fir d'Konkurrenz vun de Réseauen an de Servicer vun den Telekommunikatiounen ze preparéieren.

Et geet dorëm, e substanziellen Deel vun den Texter vum Paquet Télécom, déi vun der Kommissioun vun der Europäescher Unioun ausgeschafft gi sinn, an nationaalt Recht ze transposéieren, an zwar véier Direktive vum Europaparlament a vum Conseil, eng Direktiv vun der Kommissioun souwéi eng Décisioun vum Europaparlament a vum Conseil.

A sengem Avis vum 4. Mee 2004 bedauert de Conseil d'État ënner anerem e gewësse Mangel u Rigueur wat d'Definitioune betrëfft, souwéi de Fait, datt de Projet de loi sech net ëmmer genee genuch un d'Texter vun de verschiddenen Direktiven hält.

D'Objektiver vum Gesetz bestinn doranner, e concurrencielt Ëmfeld fir de Secteur vun den elektronesche Kommunikatiounen an déi fräi Ausübung vun dësen Aktivitéiten am Respekt vun de gesetzleche Bestëmmungen ze schafen, souwéi den Zougang zu den elektronesche Kommunikatiounsréseauen an déi Interkonnexioun ze reglementéieren, mam Zil, eng nohalteg Konkurrenz ze favoriséieren, gläichzäiteg awer esou de Konsumenten Avantagen ze verschafen.

D'Rechter vun de Benotzer souwéi déi entspriechend Obligatioune fir d'Entreprisë gi festgeschriwwen. De Service universel am Beräich vun elektronesche Kommunikatioune gëtt definéiert an déi zwou Funktiounen, d'Reguléierung an d'Exploitatioun vun de Réseauen, gi getrennt.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nëmme ganz kuerz véier Artikelen aus dem Projet de loi ze zitéieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Am Artikel 5 vum Projet de loi gëtt e Comité national des Communications geschaaft, deen aus 20 Vertrieder maximal besteet, déi aus Ministèren a staatlechen Organisme kommen, an deen d'Regierung soll assistéieren a conseilléieren.

Den Artikel 9 seet, datt all Entreprise notifiée, déi Réseauen oder elektronesch Kommunikatiounsservicer offréiert, autoriséiert ass, d'Interkonnexioun mat anere Fournisseure vu Réseauen ze négocéieren a gegebenenfalls den Accès oder d'Interkonnexioun zu hire Réseauen op allen Deeler vum Territoire vun der Europäescher Unioun ze kréien.

Den Artikel 37 hält fest, datt all Utilisateur e Recht huet op den „droit universel" am Beräich vun den elektronesche Kommunikatiounen. De Service universel ka vun enger oder méi Entreprisen oder Gruppe vun Entreprisen assuréiert ginn, déi verschidden Elementer vum Service universel erbréngen oder verschidden Deeler vum nationalen Territoire couvréieren. Den ILR kontrolléiert, datt de ganzen nationalen Territoire couvréiert ass.

Laut Artikel 56 gëtt e Fong geschaf fir de Maintien vum Service universel, dee vum ILR géréiert gëtt.

Weider wichteg Dispositioune fanne mer ënner Kapitel 6, „droits des utilisateurs finaux", dem Kapitel 8, „droits de passage", an dem Kapitel 9, „partage d'infrastructures", op déi virdru schonn de Rapporteur prezis agaangen ass.

Dir Dammen an Dir Hären, eng einfach Ofännerung vum Lëtzebuerger elementaresche Kader hätt eng Upassung vum ofgeännerte Gesetz vum 21. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatioune souwéi vun alle groussherzogleche Reglementer un déi nei communautaire Bestëmmunge bedéngt. Mat Hiweis op déi fundamental Differenzen, déi tëschent dem alen an neie Kader bestinn, war et sënnvoll, dee bestehende Kader ze abrogéieren an duerch en neien Text ze ersetzen, zu deem ech heimat den Accord vu menger Fraktioun wëll ginn.

De Projet de loi 5179 huet als But deen Deel vum Paquet Télécom, deen d'Gestioun vun de radioelektresche Welle betrëfft, an nationaalt Recht ëmzesetzen. Fir d'Gestioun vun de radioelektresche Wellen ass d'Union Internationale des Télécommunications (UIT) zoustänneg. Dës Organisatioun vun de Vereenten Natiounen huet als Zil, d'Membere vun de Vereenten Natiounen zu engem rationellen Ëmgang mat de Ressources rares, déi d'Frequenzen duerstellen, ze bréngen, deen dem Intérêt général um internationalen Niveau Rechnung dréit.

D'Auteure vum Projet wëllen een eenzege reglementaresche Kader fir d'Réseauen uwennen, deen neutral ass vum Standpunkt vun den applizéierten Technologien an den Elementer, déi d'Réseaue constituéieren.

Dës Elementer kënnen Träger sinn, wéi de Koffer an d'Glas oder radioelektresch Wellen. Wann d'Konstruktioun vu câbléierte Réseauen aus Koffer oder Glasfaser op aner Ressources rares wéi d'Droits de passage ka stoussen, sou sinn d'radioelektresch Welle par nature Ressources rares, déi de Gesetzer vun der Physik ënnerleien. Dës Gesetzer imposéieren all Benotzer vu Frequenze Contrainten, am Fall wou een dës Welle wéilt valoriséieren an effikass a rationell gebrauchen, dëst besonnesch well d'Uwendungen, déi mat de radioelektresche Welle realiséiert kënne ginn, sech vervillfacht hunn. Zu den traditionellen Utilisateure vum Spektrum, de Radiodiffuseure sinn d'Opérateure vun de mobile Servicer an de Services à distance dozoukomm.

Am Gesetz gëtt festgehal, datt d'radioelektresch Welle Ressources rares sinn an datt d'Gestioun an d'Benotzung dovunner dem Stat reservéiert sinn. Kee kann op Lëtzebuerger Gebitt eng Frequenz oder ee radioelektresche Kanal benotzen, ouni déi dozou noutwendeg Autorisatiounen ze hunn. Dëst gëllt esouwuel fir d'Emissioun wéi fir den Empfank.

Ee groussherzoglecht Reglement, genannt „plan des fréquences", leet de Plang vun der Zoudeelung vun de Frequenze fest. Dës Zoudeelunge ginn an engem öffentleche Fichier festgehalen, dem Registre des fréquences, deen och iwwert d'Obligatiounen, déi domat verbonne sinn, informéiert.

De Minister vergëtt d'Lizenzen no objektive Kritären an op eng transparent an net diskriminatoresch Manéier, entspriechend dem Plan des fréquences an nodeem de Registre des fréquences consultéiert ginn ass.

Eng Rei Obligatioune sinn un d'Lizenze geknëppt, wéi d'Bezeechnung vum Typ vu Réseau oder Technologie, fir déi d'Benotzerrechter accordéiert gi sinn, d'Exigenzen en vue vun engem performanten an effiziente Gebrauch vun de Frequenzen, eventuell Exigenzen, déi d'Couverture betreffen, technesch Konditioune fir de Brouillage ze évitéieren an d'maximal Dauer vun der Benotzung.

Am Fall vun engem Brouillage kann de Minister all Mesurë beschléissen, déi dozou dinge kënnen, d'Ursaache vum Brouillage ze ënnerbannen. Dozou gehéiert och de Verbuet, d'Exploitatioun vun den Ariichtunge weiderzefëieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Dispositioune vun dësem Projet de loi stellen een optimaalt Basisinstrument duer fir d'natierlech Träger, déi d'radiophonesch Frequenze sinn, op eng rationell an effikass Manéier ze géréieren, dëst souwuel um nationale wéi um internationale Plang. An ech wëll heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen an nach eng Kéier nodréiglech dem Rapporteur scho Merci soe fir säin excellente Rapport, deen et eis op dës Manéier erlaabt huet vill méi kuerz ze äntweren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Här Braz, Dir kritt elo offiziell d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi véier Gesetzer vum Paquet Télécom sinn, dat ass schonn ënnerstrach ginn, ganz wichteg Gesetzer an ech wäert probéieren op déi Saachen, déi scho gesot gi sinn, net nach eng Kéier anzegoen. Ech wäert allerdéngs vläicht e bëssen een anere Bilan maache vun der aktueller Situatioun, wéi deen, dee bis elo gemaach ginn ass, an och bei deem enge Gesetzesprojet, beim 5181 iwwert d'Données personnelles an d'Protektioun vun de Leit vläicht och nach eng Fro opwerfen, déi bis elo nëmmen um Rand opgeworf ginn ass.

Dës Gesetzer hunn als Zweck, de Marché unique am Télécomberäich ze realiséieren, fir een aalt Wuert ze gebrauchen, dat awer hei an dësem Kontext ganz aktuell ass. Dëse Marché unique soll och doduerch realiséiert ginn, datt d'Direktiven elo eng technesch Neutralitéit kréien. Dat heescht, et gëtt elo generell vum Zougank zu Réseaue geschwat ouni sech opzehale mat der eenzelner Technik. Mä et ass eng generell Approche, déi technesch neutral ass, fir de Marché unique ze realiséieren.

Dat wäert och mat sech bréngen, dass nieft där méi grousser Konkurrenz an där méi séierer Entwécklung vun de Réseauen a vun den Angeboter et och esou wäert sinn, datt natierlech ee Stéck Privatiséierung domadder zesummenhänkt. Dat war ganz am Ufank vun der Entwécklung bei den Opérateurs historiques eng vun hire Suergen.

Si waren net onbegrënnt, mä trotzdeem huet d'Entwécklung net nëmmen negativ Säite gehat, mä si huet och fir de Konsument ganz vill positiv Aspekter gehat an dat muss een och kënnen unerkennen, och wann elo mat dësen Direktiven am Beräich vun der Télécom déi privat Opérateuren méi liicht et wäerten nach kréie wéi an der Vergaangenheet, fir sech méi séier kënnen ze entwéckelen, méi séier nach kënnen op Entwécklungen ze reagéieren an domadder misst och de privaten Opérateuren hir Part de marché duerch dës Texter kënne klammen.

Den Zougank zu dëse Réseauen ass haaptsächlech wichteg gewiescht fir déi Leit, déi am Telekommunikatiounsberäich, an der mobiler Telefonie aktiv sinn. Déi ganz breet Ouverture huet Virdeeler. Dat brëngt mat sech, dass zum Beispill d'Colocalisatioun méi grouss geschriwwe gëtt, dass d'Siten am Beräich vun der mobiler Telefonie méi kënne gedeelt ginn, dass also manner Antenne mussen ënner Ëmstänn opgeriicht ginn. Dat ka Virdeeler hunn am Beräich vun der Santé, dat kann och Virdeeler hunn am Beräich vun de Käschten. Et kann och Virdeeler hunn am Beräich vum Landschaftsschutz respektiv vum Urbanismus an de Stied, an dat ass dofir och an eisen Aen a priori eng positiv Entwécklung, dass déi Ouverture an deen Zougank méi séier ginn.

D'Kommunikatioun ka vill Pabeier ersetzen, d'Kommunikatioun ka vill Transport ersetzen. Et gëtt also och indirekt zumindest en Ëmweltaspekt an dësen Direktiven, deen een net négligéiere soll. Et soll een dann awer fairerweis hannendrun hänken, dass déi ganz E-Kommunikatioun och E-Waste produzéiert am Beräich vun de Komponenten, am Beräich vun de Qualitéite vun de Produiten entsteet och munchen Offall op deem schnellliewege Marché, wou et an Europa bis haut nach keng zefridde stellend an adequat Äntwert op déi rapid Entwécklung vun deem mobilë Marché gëtt.

Mäi Virriedner, den Här Maroldt, hat virdrun drop verwisen, dass sech dëse Secteur méi séier entwéckelt wéi den Duerchschnëtt vun der Ekonomie. Hien huet awer vergiess hannendrun ze hänken, dass en sech nach laang net esou séier entwéckelt wéi gemengt gi war.

Bis zum éischte Crash vum Nasdaq am Mäerz 2000 hu mer eis jo an där Bulle spéculative befonnt, wou d'nei Technologië Monts et merveilles versprach hunn am Beräich vun der wirtschaftlecher Entwécklung, dass d'Croissance géing ganz séier klammen. Fakt ass awer och, dass een haut muss feststellen, dass et wuel ee Secteur ass, deen an Expansioun ass, et ass awer och e Secteur, dee fir d'Croissance vun den nationalen Ekonomien a vum europäesche PIB net deen Impakt schlussendlech kritt huet, dee viru Jore gemengt gouf, an d'Croissance ass zënter dem Crash vum Nasdaq am Mäerz 2000 mat Sécherheet net esou séier virugaange wéi ee wollt.

Dat huet och Impakter gehat op d'Entwécklung vun der mobiler Kommunikatioun. Déi drëtt Generatioun vun der mobiler Kommunikatioun, déi sou genannten UMTS-Technik, leit och ënnert där doter Entwécklung.

Jiddferee ka sech erënneren un dat villt Geld wat noutwenneg war fir d'Opérateuren, fir un eng Lizenz ze komme vun der drëtter Generatioun. An déi Opérateuren, déi houschten haut nach ganz kräfteg ënnert der Laascht vun deem Käschtepunkt, well eben de Marché, nodeems si Lizenze deelweis ersteet hunn, hinnen ënnert de Féiss ewechgefuer ass an e bëssen déi Bulle spéculative och hinnen an den Hänn geplatzt ass. Sou dass déi Technik am Moment wuel ufänkt hire Wee ze maachen, mä wesentlech méi lues, wesentlech manner rapid, wéi dat gemengt gi war.

Au contraire gesäit een, dass bei den Handye vun der zweeter Generatioun eng Partie Techniken dobäikomm si wéi WiFi, wéi Bluetooth, déi déi méi einfach Technik vun der zweeter Generatioun awer elo nach zu neie Parts de marché bruecht hunn an net nëmmen déi Hightech-Technologie vun der drëtter Generatioun sech konnt duerchsetzen, mä dass do e bëssen eng kleng Paus agetrueden ass an deem dote Marché an eng kleng Stabiliséierung vum Marché, déi och guttdeet. Wann ee fënnef Joer zréckkuckt, war dat eng Entwécklung, déi praktesch mat Rationalitéit net méi ze gräife war. Elo si mer erëm e bëssen an engem Beräich, wou déi kleng Schrëtt och hire Sënn maachen.

Een Aspekt ass virdrun och schonn ugeschwat ginn, vum éischte Rapporteur, dem Här Thiel, deen drun erënnert huet, wéi wichteg dass am Kontext vun der Wëssensgesellschaft déi nei Informatiounstechnologië wieren.

Eppes ass awer och do net gesot ginn: Et gëtt bei dëser Diskussioun och e sozialen Aspekt. Wa vum Internet geschwat gëtt a vun deenen Technologien, muss ee vläicht och rappeléieren, dass 90% vun den Internetuschlëss weltwäit sech an den entwéckelte Länner befannen. 50% vun der Weltbevölkerung hunn haut nach emol net den Télefon. Mol net den Tëlefon! Do gesäit een, wou d'Problemer leien.

Et läit och eng Problematik am Beräich vun de Logiciels libres. D'Patentéierung - d'Brevetéierung besser gesot - vun de Logicielen huet natierlech och en Impakt op de Coût a wäert och d'Fracture digitale, déi tësche verschiddene Regioune vun der Welt besteet, net méi kleng maachen. An déi Logicielen, déi um Marché sinn, ouni datt se e Code source secret hätten, kënnen sech natierlech net entwéckelen, wann se op där anerer Säit mat der Brevetéierung vun de Logicielen an där Form wéi elo konfrontéiert sinn. Dat sinn och Realitéiten, déi am Beräich vun der Kommunikatioun a vun der mobiler Kommunikatioun musse genannt ginn.

D'Alphabétisation numérique ass och zu Lëtzebuerg nach ëmmer en Thema. Och zu Lëtzebuerg huet nach laang net jiddfereen Zougang, och emol net sproochlechen Zougang zu der Technologie. Och duerch de Coût vun der Technologie muss ee soen, si Grenzen, Barrieren haut nach ëmmer gesat, déi vill Leit dovunner ofhalen, op dës Technologie zréckzegräifen.

An e lescht Wuert zu deem Block: Wann ee schwätzt vun der Société du savoir, wann ee vum Wësse schwätzt, vun der Technologie, däerf een awer ni vergiessen, dass och d'Computeren an ähnlech modern Apparater deelweis nach ëmmer vun Aarbechter zesummegesat ginn, an dass dat sech net nëmmen am Beräich vum Wëssen ofspillt, mä dass och hei e groussen Deel Handwierklechkeet nach ëmmer verlaangt ass. Et soll een dat am A behalen, well soss huet ee vläicht net all d'Aspekter am A behalen.

Dat gesot, wëll ech kuerz op déi véier Projeten oder déi éischt dräi Projeten agoen, fir ze soen, dass mir déi éischt dräi, den 5178 bis 5180 inclus, ënnerstëtzen. Déi sinn eiser Meenung no insgesamt positiv, well se eng Entwécklung virubréngen, déi eiser Meenung no eng positiv Entwécklung ass. Dofir ass et och okay, wann de libre accès zu de Réseauen e Prinzip gëtt. Mir halen dat och dofir fir richteg, dass eng einfach Notifikatioun an Zukunft soll duergoen. Dat wäert mat Sécherheet méi Driff an deen dote Marché bréngen.

Et ass awer och dofir wichteg, dass souwuel d'Rechter wéi d'Obligatioune vun den Opérateuren elo e bësse méi prezis beschriwwe ginn. Mir sinn och domat averstanen, dass d'Position dominante um Marché op déi Aart a Weis definéiert gëtt, wéi se elo soll definéiert ginn, nämlech mat qualitativen Aspekter, a manner mat engem renge Pourcentage.

Et wär och nach eng drëtt Optioun ginn, déi éischter am Beräich vun der Loi de la concurrence da géing stattfannen, dat wär eng Ex-post-Kontroll. Dat ass e bëssen de Microsoft-Prinzip: Et léisst ee mol de groussen Opérateur gewäerden an iergendwann eng Kéier seet een, et fänkt u problematesch ze ginn. Mir optéieren och wéi am Projet éischter fir déi Ex-ante-Approche, déi hale mir fir méi zäitgeméiss a méi adequat fir dem Marché gerecht ze ginn.

De Service universel soll assuréiert ginn; d'Interopérabilitéit a -connectivitéit duerch de ganze Réseau soll och assuréiert ginn. Och dat si Punkten, déi mer kënnen ënnerstëtzen, gradesou wéi mer och kënnen de Mechanismus gutt heesche vum Service universel, wou elo de Service net méi engem Opérateur zougeschriwwe gëtt, mä wou de Service universel als Gesamtleeschtung vu sämtlechen Opérateure betruecht gëtt, mat engem bestëmmte Mechanismus fir dee kënnen ze déclenchéieren, wann en iren net méi zefridde stellend am Moment assuréiert wär.

Eng Remarque awer an dem Beräich zum Rôle vum ILR, deen an der Definitioun vum Service universel e ganz grousse Rôle, e ganz wichtege Rôle spillt. Et muss ee soen, dass d'Régulateuren am Prinzip de verlängerten Aarm vun der Kommissioun sinn. Et huet wuel all Land säi Régulateur. Och hei zu Lëtzebuerg ënnersteet de Régulateur engem Ministre de tutelle, mä et ass awer eigentlech an deem Konflikt tëschent europäescher Politik an nationaler Politik éischter déi Institutioun, déi op der Säit vun der Kommissioun steet.

Mir hätten eis och dofir gewënscht, dat hu mer an der Kommissioun artikuléiert, dass de Service universel zumindest deelweis an den Hänn wär vun engem wierklech nationalen, engem méi politesche Gremium, quitte dass den ILR e ganz wichtege Rôle ze spille gehat hätt. Mä mir mengen awer, dass do dem ILR seng Kompetenzen eigentlech ze wäit ginn, a mir hätte wierklech eng Preferenz gehat fir déi Definitioun vum Service public méi an den Hänn vun der nationaler Politik ze behalen an net nëmmen an deenen, déi à juste titre de verlängerten Aarm éischter vun der Kommissioun wéi vun der Regierung sinn.

(Interruption)

Ech kommen nach zum Traité, Här Jaerling. Do steet munches dran, wat Dir nach net gelies hutt.

(Interruption)

Dat gesot, komme mer gären iwwer zum Projet de loi 5179, zu deem net vill ze soen ass. Et geet ëm d'Gestioun vun de Fréquences radioélectriques. Et ass am Prinzip nach ëmmer eng national Kompetenz. Et war noutwendeg eng Harmoniséierung ze maache wéinst der mobiler Kommunikatioun, soss hätt déi sech net kënnen esou entwéckelen, wéi se sech entwéckelt huet. Et bleift awer am Wesentlechen nach ëmmer eng national Kompetenz mat e bësse méi Harmoniséierung wéi virdrun.

Wat allerdéngs eiser Meenung no an dësem Kontext och hätt kënnen diskutéiert ginn, dat ass den Aspekt vun den Emissiounen, vun der Puissance d'émission vun den eenzelnen Antennen. Et kann een et heirobber beschränken, mir hätten awer gäre gehat, déi aner Diskussioun wär matgefouert ginn. Dat ass net de Fall gewiescht. Mir bedaueren dat, mä mir kënnen awer insgesamt dësem Projet d'Zoustëmmung bréngen, well e keng gréisser Problemer duerstellt.

Den drëtte Projet de loi ass den 5180 iwwert den ILR, deem seng Kompetenzen, nodeems en ufänglech Institut Luxembourgeois des Télécommunications geheescht huet, mat der Zäit erweidert gi sinn op d'Elektrescht, op d'Post, op de Gas. Tendenz steigend! Déi Lëscht ass mat Sécherheet nach net ofgeschloss. Dofir ass et och noutwendeg, wann ee kuckt, wéi vill Marchéë liberaliséiert gi sinn - dat heescht, wéi vill Marchéë fir d'Konkurrenz opgemaach gi sinn -, dass een e Régulateur huet. Dat ass an Europa net jiddferengem seng Meenung.

Et gëtt och Tendenzen an Europa, déi mengen, dass een dat soll op den Niveau reng vum Konkurrenzrecht reduzéieren. Mir Gréng fannen dat net. Mir sinn entschieden dofir, dass een am Kader vun oppene Mäert, vu Konkurrenzmäert och engem Régulateur seng Pouvoirë gëtt, dass de Régulateur ka Spillregele festleeën, wou d'Konkurrenz ka stattfannen, an dass d'Konkurrenz net op deene Gebidder stattfënnt, wou se gesellschaftlech ufänkt kontraproduktiv kënnen ze ginn. Et mussen also minimal Regelen definéiert ginn; et musse minimal Qualitéiten definéiert ginn; et musse Rechter definéiert ginn; de Service public, de Service universel muss kënnen definéiert ginn; d'Transparenz muss kënnen an deene Marchéë stattfannen.

Dat si lauter Elementer, déi sech net automatesch astellen. Dat sinn Elementer, déi sech an engem konkurrenzielle Marché dann eréischt astellen, wann et e Régulateur gëtt, deen dofir suergt, dass déi elementar Spillregele respektéiert ginn, well de Rôle vum Régulateur - an dat kann een eigentlech net oft genuch ënnersträichen - ass net d'Intérêtë vun den Opérateuren ze verfollegen; de Rôle vum Régulateur - esou steet et an der Direktiv, esou steet et am Gesetz - ass et den Intérêt public ze verdeedegen, an net d'Zomm vun den Intérêts particuliers vun den Opérateuren. En huet e Rôle d'intérêt public ze spillen, fir dofir ze suergen, dass d'Konkurrenz net nëmmen den Opérateuren eppes bréngt, mä datt d'Konkurrenz tatsächlech esou ofleeft, dass de Schlusskonsument an d'Allgemengheet eppes dovunner hunn.

Dofir menge mer och, dass dat mat de renge Konkurrenzregelen net ze bewerkstellege wär, an dofir gesi mer och do kee Widdersproch tëscht dem Conseil de la Concurrence an dem ILR, au contraire, mir halen dat fir eng absolut noutwendeg Komplementaritéit, déi wierklech d'Qualitéit garantéiert, déi anerer esou net kéinte garantéieren.

Da muss een och eng Kéier verweisen op déi Diskussioun, déi gefouert ginn ass an der Kommissioun iwwer eng Loi-cadre fir d'Établissements publics. Do hu mer elo probéiert an der Kommissioun eis unzepassen un anerer, mä et läit nach ëmmer de Wonsch och vun der Kommissioun um Dësch un d'Adress vun der Regierung, sech mat der Fro vun enger Loi-cadre ze beschäftegen am Beräich vun den Établissements publics.

An deem Kontext, mengen ech awer, misst eng Fro och mol eng Kéier opgeworf ginn, déi ee seelen héiert hei am Land. Mir hunn dem ILR elo och an dësem Gesetz méi Rechter ginn, méi Kompetenze ginn, well säin Aufgabegebitt sech erweidert. Déi Leit, déi do schaffen, kruten elo méi e prezise Statut; si hu ganz vill Afloss a Rechter par rapport zu de Marchéen an den Opérateuren. Si hunn e Beamtestatut kritt. Dat muss och sinn. Si sollen ofgeséchert si par rapport zu Tendenze vum Marché, mä eng Fro ass net gestallt an dofir och net beäntwert ginn. Dat ass d'Fro vum Iwwergank vu Leit, déi bei engem Régulateur schaffen, eriwwer an d'Privatwirtschaft.

Et kann ee sech virstellen, wéi vill Wëssen datt e Beamte vum ILR, e Beamte vun anere Régulateuren an Europa accumuléiert während senger aktiver Zäit, wéi vill Hannergrondinformatiounen déi Leit kréien iwwer sämtlech Opérateuren op engem Marché. Dat ass e Wësse wat Milliioune wäert ass! Dat si Leit, déi kënne vun haut op muer an d'Privatwirtschaft wiesselen a si bréngen e Wësse mat, wou de „golden handshake" emol eng Kéier beim Agank wier an net bei der Sortie.

Mir hunn zu Lëtzebuerg vläicht deen een oder anere Fall gehat, wou ee kann driwwer diskutéieren. Ech verweisen awer am Ausland op den Här Bangemann deemools, deen och mat dësem geballte Wësse vum EU-Kommissär bei Telefónica a Spuenien schaffe gaangen ass, wou an Europa zu Recht en Tollé war, well dat selbstverständlech problematesch war.

An Europa sinn du Regelen agefouert ginn. Hei zu Lëtzebuerg hu mer Regelen, déi sinn net esou prezis. Ech wëll kengem eppes ënnerstellen, kengem dee beim ILR schafft a kengem héije Beamten an der Fonction publique, mä déi Fro - grad bei Régulateuren ass se vläicht nach méi akut wéi an de Ministèren - wéi een deen Iwwergank vun der Fonction publique an de Privatsecteur ka gestalten, déi Fro ass awer gestallt, an et muss jo net eng Kéier esou wäit kommen, dass mer de konkrete Fall hunn, dass mer e Lëtzebuerger Bangemann hätten, fir dass mer eis mat där Fro misste beschäftegen.

Mir missten eis eiser Meenung no elo schonn domadder beschäftegen: Wat sinn d'Passagen, wat sinn d'Rechter an d'Obligatioune vu Leit, déi bei engem Régulateur géinge fortgoen, fir sech iergendwou an der privater Wirtschaft néierzeloossen, mat hirem ganzen Insiderwëssen, wat natierlech ganz vill Geld wäert ass vum éischten Dag un.

Leschte Projet, dat ass den 5181, e Projet, deen och eng ganz Partie positiv Elementer huet, dat wëll ech net leegnen. E mécht eng sektoriell Reglementatioun am Beräich vun der Telekommunikatioun. Dat ass och verständlech: Nei Technologië brauchen nei Reglementatiounen. Dat ass a senge Pluspunkten och schonn opgeworf ginn. Mir stellen awer fest, dass dat schéngt e Beräich ze sinn, wou Lëtzebuerg sech schwéier deet. Mir hunn et net fäerdeg bruecht, d'Direktiv 97/66 - et de loin - an den Délaien ëmzesetzen. Déi war fälleg zënter dem 24. Oktober 1998. Dofir si mer 2003 da condamnéiert ginn.

Et ass bedauerlech, dass mer d'Gesetz vun 2002 net elo konnten änneren. Gutt, dat kann een à la rigueur nach vläicht packen. Mä et gëtt awer ee Punkt, an deen ass problematesch, dat hunn ech an der Kommissioun och gesot, dat ass d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2002/58 op deem Punkt deen een op Däitsch mat Vorratsdatenspeicherung bezeechent.

Dat ass also de Prinzip - de Rapporteur hat dat virdru kuerz erwähnt -, dass ee kann Daten, dass d'Opérateure souguer d'Obligatioun hunn, Donnéeë vum Trafic, déi am Normalen nëmme fir d'Facturatioun gebraucht ginn, an och d'Localisatiounsdonnéeë bei der Téléphonie mobile (wéi eng Nummer mat wéi enger Nummer a wéi enger Zell stoung, wou se matenee geschwat hunn) zwielef Méint laang ze späicheren.

Dat gëtt begrënnt mam Argument, dass dat wichteg wär a kéint a Police-Enquêten nëtzlech sinn. Dat ass richteg. A Police-Enquêtë kann enorm villes nëtzlech sinn. Wann an all Wunneng e Mikro wär, dat wär och nëtzlech. D'Fro ass awer ob dat ubruecht ass. D'Fro ass ob dat proportionell ass.

An déi Fro kritt doduerch méi Acuitéit, well jo um europäeschen Niveau elo och nach eng Initiativ komm ass vu véier Memberlänner, an zwar vu Frankräich, Irland, Schweden a Groussbritannien, déi de Virschlag vun enger Décisioncadre gemaach hunn, a spezifesch deem dote Beräich, fir eng Obligatioun doraus ze maachen. D'Direktiv huet eis elo net gezwongen, op deen dote Wee ze goen, et war eng Méiglechkeet. D'Majoritéit huet se gezunn.

Ausser deene Grénge waren se alleguerten dofir, och d'liberal Partei, där hire President nach viru kuerzem erkläert huet, op der Fro vun de Grondrechter, vun de Rechter vum Individuum wéilt déi liberal Partei besonnesch opmierksam sinn. An der Kommissioun hat se keng Bedenke fir problemlos eng obligatoresch Vorratsdatespeicherung iwwer zwielef Méint mat ofzestëmmen.

Duerch dee Virschlag vun deene véier Memberlänner si Leit an Europa ëm en Avis gefrot ginn: dat ass den europäeschen Dateschutzbeoptragten an dat ass dee berühmte Groupe de travail, deen agesat ginn ass opgrond vum Artikel 29 iwwert d'Protection des données.

Den normale System ass, dass déi Opérateuren hir Daten esou laang späichere wéi se dat brauche fir d'Facturatioun, a wann e Riichter, e Juge d'instruction Zweifel huet mat engem, da seet en, lauschtert emol, deen dote wëll ech mer gär méi no ukucken. Déi Méiglechkeet huet en à tout moment, fir haut schonn ze soen, späichert wann ech gelift deem dote seng Daten e bësse méi laang, deem dote musse mer kënnen e bësse méi op d'Fanger kucken. Dat ass bei Leit wou e Verdacht besteet.

Hei gëtt elo de Verdacht generaliséiert. Dat gëtt natierlech begrënnt mam Terrorismus - parfois il a bon dos, le terrorisme -, mä déi Leit, déi sech domadder beschäftegt hunn op engem juristesche Plang an déi dat verglach hu mat der europäescher Mënscherechtskonventioun, mat Uerteeler, déi scho komm si vum Europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff, déi soen awer ganz däitlech eng aner Saach.

Dat gëtt souwuel gesot vun deenen dote Leit wéi och iwwregens vun eiser Commission nationale vun der Protection de données - an ech wäert e puer Saachen doraus zitéieren, fir dass et, mengen ech, och fir déi Leit, déi eis nolauschteren a vläicht kucken, ganz verständlech gëtt ëm wat dass et geet.

Et geet also dorëms, d'Plaz, d'Numeroen, déi benotzt ginn, bestëmmte Services téléphoniques, fixes oder mobiles, SMSen an anerer kënnen ze späicheren iwwer eng bestëmmten Zäit, ouni dass e prezise Verdachtsmoment op deene Leit läit. Op eis alleguerten. All eis Date ginn an Zukunft e ganzt Joer laang gespäichert, net de Contenu - ausser bei den SMSen, well do ass nämlech d'Technik net esou vum Contenu ze trennen -, mä sämtlech Date gi vun eis alleguerten an Zukunft e ganzt Joer laang gespäichert.

Selbstverständlech huet net jiddfereen Zougank. Dat géing awer och nach feelen, géing ech soen! Wann dat en Argument ass fir dat heite guttzeheeschen,…

(Interruption)

…à la bonne heure! Also dat géing awer och just nach feelen, dass dat och nach ouni Problem kéint zougänglech gemaach ginn!

An et ass kloer, dass déi doten Donnéeën iwwer jiddferengem säi Liewen eppes aussoen. Souguer wann en net kriminell ass kann een, wann een déi doten Informatiounen huet, sech duerchaus e Bild iwwer jiddferee maachen, wat seng Preferenze sinn, wat seng Aktivitéite sinn. Dat sinn also keng harmlos Informatiounen, souguer wann een net ofgelauschtert gëtt am klassesche Sënn, dass ee matlauschtert, nom berühmte Knack - wéi dat fréier war - an der Leitung.

De Prinzip ass awer, dass all Interceptioun vun esou Donnéeën - all Interceptioun! - eng Violatioun vum Droit à la vie privée vun den Individuen a vum Secret vun der Korrespondenz duerstellt. Dat ass de Prinzip. Wéi all Prinzip huet e seng Ausnahmen, do si mer ganz d'accord. An et ass kloer, dass déi Ausnahmen, dass déi Interceptiounen also inakzeptabel sinn, ausser si géingen dräi Kritären entspriechen.

Dat si fundamental Kritären, déi am Artikel 8 Paragraph 2 vun der Europäescher Konventioun an och duerch d'Interpretatioun, déi de Geriichtshaff dovunner gemaach huet, drastinn. 1. Si brauchen eng Base légale. Déi schafe mer heimat. 2. Och d'Nécessitéit vun der Mesure «dans une société démocratique» ass ee Kritär. An 3. d'Konformitéit «à l'un des buts légitimes», déi an der Konventioun énuméréiert ginn.

Et gëtt schonn Uerteeler doriwwer. Déi europäesch Cour européenne des droits de l'homme seet zum Beispill am Uerteel an der Affär Klass - dat war an Däitschland -, datt e „besoin social pressant" muss virleien. Dat kann een nach interpretéieren. Si seet awer och ganz kloer, dass, an do liesen ech erëm eng Kéier, wann Der erlaabt, kuerz aus deem Uerteel vir, iwwert de Prinzip ewech: «Les États contractants ne disposent pas pour autant d'une latitude illimitée pour assujettir à des mesures de surveillance secrète les personnes soumises à leur juridiction. Consciente du danger, inhérent à pareille loi, de saper, voire de détruire, la démocratie au motif de la défendre,...»

Dat ass jo d'Perfidie vun der Argumentatioun vun deenen, déi déi aktuell Dispositioune vun dësem neie Gesetz verteidegen. Et sapéiert een d'Demokratie hannert dem Virwand se wëllen ze verteidegen! Dat ass d'Perfidie vun där Argumentatioun! An dat steet och schonn a méi alen Uerteeler, dass et esou Argumentatioune gëtt.

«…de saper, voire de détruire, la démocratie au motif de la défendre, elle affirme qu'ils ne sauraient prendre, au nom de la lutte contre l'espionnage et le terrorisme, n'importe quelle mesure jugée par eux appropriée.» Dat steet an engem Uerteel vun der Cour européenne des Droits de l'Homme.

Dee Stockage, dee globale Stockage vun Donnéeën, deen zur Routine erkläert gëtt an dësem Gesetz, dee mécht aus der erlaabter Surveillance a ganz exzeptionelle Fäll d'Regel! Dat wat an eisen international gültegen Texter als Ausnahmen, als Regel definéiert gëtt, gëtt mat dëser Dispositioun just einfach ëmgedréint. Mir deklaréiere mat där doter Dispositioun d'Ausnahm zur Regel an d'Regel zur Ausnahm. An dat kann an enger Demokratie, dat kann an engem Rechtsstat net sinn! Dat wäert och um europäeschen Niveau net duerchgoen. Da wäerte mer nach op dëst Gesetz mussen zréckkommen. Dat do ass an där Form eiser Meenung no net laang haltbar.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Et gëtt awer nach e weidert Beispill. Déi Mesuren, déi kënnen heiansdo natierlech praktesch sinn, utile, si kënne wënschenswäert sinn, si kënne souhaitabel sinn, mä si mussen awer an enger Société démocratique noutwendeg sinn, besonnesch wann dat zu deem systemateschen Enregistrement vun elektronesche Kommunikatiounsdate féiert. An ech zitéieren hei aus Berichter vum europäeschen Dateschutzbeoptraagten an aus Uerteeler, déi vun der Cour européenne des Droits de l'Homme kommen. Dat si keng Appréciatioune vun eis eleng, dat si gréisstendeels Zitater aus esou Texter.

Den Opérateuren ze imposéieren, déi doten Donnéeën ze halen, iwwert den Trafic, respektiv d'Lokaliséierung, ass jo eigentlech hinnen eppes opdroen, wat iwwerhaapt net hir Aufgab an iwwerhaapt net hire Problem ass. Si iwwerhuelen do eng Aufgab fir anerer mat, wat och erëm eng Kéier eng nei Derogatioun, eng Derogatioun sans précédent zum Prinzip vun der Finalitéit an dem But duerstellt.

A mir maachen eis et dann och nach immens einfach: Selbstverständlech geet dat op hir Käschte gemaach. De Stat dekretéiert ganz kammoud, dass mer dat esou maachen. E stéiert sech net eng Sekonn drun, dass dat ganz héich Käschte generéiert fir d'Opérateuren, Käschte selbstverständlech, déi de Schlusskonsument, dat heescht den normalen Handysbesëtzer op senger Rechnung herno muss droen. Op Lëtzebuergesch seet een, aus aner Leit hirem Lieder Rimmer schneiden, dat wär eng liicht Saach.

Ma hei geschitt genee dat. Genee dat geschitt. Dat gëtt den Opérateuren, obwuel et iwwerhaapt net zu hiren Aufgabe gehéiert, operluecht; si mussen et finanzéieren; de Schlussclient kritt et facturéiert an de Stat huet sech domadder och nach ganz op eng labber Aart a Weis am Widdersproch mam Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun placéiert. Wann dat net summa summarum eng gelongen Operatioun ass…

An dobäi gëtt et och aner Modeller. Déi international Konventioun beispillsweis iwwert d'Cyberkriminalitéit gesäit och vir, dass e Stockage individuel nëmmen au cas par cas ka gemaach ginn. Nom Modell „fast freeze - quick thaw", dat heescht, dass dat just de Contraire ass vun deem wat déi véier Regierungen elo proposéieren a wou mir eis schonn hei am Viraus un dat ugelehnt hunn, wat menger Meenung no europäesch net ganz wäit wäert kommen.

Et geet drëm, datt hei mol net e Soupçon méi verlaangt ass, et ass mol net méi e Soupçon verlaangt, fir dass där dote perséinlech Donnéeë kënne gespäichert ginn. Dat ass wierklech fir eis eng Entwécklung, déi bedenklech ass, déi net akzeptabel ass a wou mer hoffen, dass mer op déi sollen zréckkommen.

Ech zitéieren dofir dee leschte Saz nach eng Kéier vum europäesche Grupp «Artikel 29»: «Le groupe de travail est d'avis que la conservation obligatoire de tout type de données sur toute utilisation des services de télécommunications à des fins d'ordre public, dans les conditions prévues par le projet de décision-cadre,» - dat ass dat wat mir am Gesetz schonn iwwerholl hunn - «n'est pas acceptable dans le cadre juridique établi à l'article 8.», de la Convention européenne des Droits de l'Homme, hänken ech hannendrun.

Méi däitlech an einfach kann een dat net ausdrécken. Déi national Dateschutzkommissioun seet iwwregens genee datselwecht. Och do zitéieren ech een e bësse méi laange Passus, wou iwwregens déi national Dateschutzkommissioun selwer d'Déclaration des commissaires européens à la protection des données zitéiert. Ech liesen se vir: «Après un très long et très explicite débat, il a été établi, selon l'article 15 (1)» vun der Direktiv «que la conservation des données de trafic à des fins policières doit remplir des conditions strictes: dans chaque cas la conservation des données doit être prévue pour une période limitée et constituer une mesure nécessaire appropriée et proportionnelle dans une société démocratique.» An dat ass e ganz wichtegt Wuert!

«Lorsque des données de trafic doivent être conservées, sa nécessité doit être démontrée» - an et ass net pauschal ze beweisen, dass vu jiddferengem seng mussen zréckbehale ginn - «la période de conservation doit être aussi courte que possible» - et ass also och ganz kloer, dass dat heescht, dass se net fir jiddferee kann d'selwecht laang sinn; aussi courte que possible, et ass individuell festzemaachen, an net pauschal fir sämtlech Handysbenotzer am ganze Land - «et cette pratique doit être clairement établie par la loi, de façon à prévenir tout accès illégal ou autre forme d'abus. La conservation systématique de tout type de données de trafic pour une période d'un an ou plus serait clairement disproportionnée et par conséquent inacceptable.» Och dat un Däitlechkeet net ze iwwerbidden.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech kéint där Zitater nach méi drunhänken. Ech mengen awer de Punkt ass kloer gemaach. Ech wëll just awer duerfir ofschléisse mat engem leschten Zitat, an zwar iwwer Grondrechter an aus dem Traité iwwert d'europäesch Verfassung, dee vu ville Leit schlecht gemaach gëtt.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren, dass an deenen éischten zwou Partië vum Traité iwwer eng Verfassung fir Europa och iwwert déi dote Rechter Aussoen drastinn. Dat ass an der Partie 1, beim Artikel 51, deen heescht «Protection des données à caractère personnel», wou kloer drasteet wat de Prinzip ass. De Prinzip ass: «Toute personne a droit à la protection des données à caractère personnel la concernant.» Dat an net säi Contraire ass de Prinzip.

Och dat gëtt e weideren Acquis, wa mer hei zu Lëtzebuerg, an an deenen anere 24 Länner hoffentlech och, dësen Traité ratifizéieren. Net de Contraire ass de Prinzip, dat do ass de Prinzip. An et ass net de Prinzip, dass vu jiddferengem kënne privat Donnéeë gespäichert ginn iwwer ee ganzt Joer. Dat muss d'Ausnahm bleiwen. Och dat steet heidranner, ass heidranner verankert.

Dat steet och nach op enger anerer Plaz am Traité dran. An der zweeter Partie vun deem Text steet am Artikel 67 an am Artikel 68 erëm eng Kéier erwähnt, wat d'Prinzipie sinn, an de Rescht sinn d'Ausnahmen. An d'Ausnahme kënnen net verallgemengert ginn. De Prinzip, Artikel II-67, Respect de la vie privée et familiale. An do steet näischt hannendrun, Här Schiltz. Ech liesen herno och den zweeten Alinea gäre mat.

Beim Artikel II-67, Titel „respect de la vie privée et familiale", steet dran: «Toute personne a droit au respect de sa vie privée et familiale, de son domicile et de ses communications.»

Nächsten Artikel, do steet näischt hannendrun, dat ass de Prinzip. Dat a keng Ofschwächung dovun, an net de Contraire dovun.

Artikel II-68, do gëtt erëm eng Kéier deen Artikel vu virdrun zitéiert. Bien entendu gëtt et dozou Ausnahmen, dat ass deen Alinea 2 op deen Der wëllt verweisen, Här Schiltz. Natierlech gëtt et d'Ausnahm am Fall vun enger Enquête judiciaire, do si mer eis ganz eens. Mä de Punkt ass ebe just deen, dass dat d'Ausnahme sinn, an déi kënnen net op deeselwechte verallgemengerten Niveau gehuewe gi wéi de Prinzip, an déi Avisën, déi ech lech virdrun zitéiert hunn, loossen un Däitlechkeet näischt ze wënschen iwwreg.

Dat ass ee Grond fir sech mat dësem Text hei ze beschäftegen an eventuell den 10. Juli mat Jo ze stëmmen. An ech géing lech bieden, Här Schiltz, op déi zwou méi prinzipiell Froen, den Avis zu der Initiativ vun de véier Länner, d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung dozou, respektiv déi Fro vum Passage vun héije Fonctionnairen an d'Privatwirtschaft, notamment beim Régulateur, vläicht eng Stellungnahm vun der Regierung ze ginn; dofir stëmme mer beim leschte Projet mat Nee, bei deenen dräi éischte mat Jo.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Klein ageschriwwen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Merci de Rapporteure fir hir Rapporten an och fir dat Gescheck, dat se gewisen hunn, fir d'Kommissioun duerch déi ganz wichteg a komplex Matière hei ze féieren, komplex um Plang vun der Juristerei an och vun der Technicitéit. Dat war wierklech eng schwéier Matière, déi Neiland war fir deen een oder anere vun der Kommissioun.

Dir Dammen an Dir Häre, e puer Wuert zum ILR, zum Institut Luxembourgeois de Régulation. Et ass scho gesot ginn, mä ech wéilt et nach eng Kéier hei widderhuelen, dass d'Source vum deem Institut do op d'Gesetz vum 21. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatiounen zréckgeet, wat ofgeruff gëtt iwwert de Projet de loi 5178, dee mer haut sollen hei stëmmen, an deen de Libellé huet „Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques". Deemools huet den Institut luxembourgeois des Télécommunications, wéi en du geheescht huet, ganz wichteg Kompetenzen an Attributioune kritt, wann een dat Gesetz vun 1997 noliest. Den ILR war de Garant vun der korrekter Ëmsetzung vum Geescht an den Dispositioune vun deem Gesetz a vun deenen, déi nach kommen, oder duerno komm sinn, a wou den Institut och agebonne ginn ass.

Och déi aner Gesetzer, déi mer haut hei stëmme wäerten, am ganzen Dossier Télécom, ginn dem ILR wäitgehend Kompetenzen a Missiounen. E kann zum Beispill och zwéngend Décisiounen huelen, e beréit den zoustännege Minister, e mécht Propositiounen, e formuléiert Avisën, elo zum Beispill bei Geleeënheet zum Système de brouillage fir d'Ausschaltung vun de GSMen am Prisong. Déi Circulaire hu mer jo alleguer kritt, déi Leit, déi an der Kommissioun waren. D'Exécutantë vun dem Gesetz, déi hunn och ganz wichteg Funktiounen. En Deel vun de Fonctionnairen, déi vum Minister designéiert gi sinn, dat ass d'Gesetz vun 1997, hunn d'Qualitéit vum Officier de police judiciaire kritt.

Et ass just eng Fro do. Duerch d'Abrogatioun vum Gesetz vun 1997, wat geschitt elo mat deene Leit, déi déi Qualitéit kritt haten an déi se an Zukunft nach kéinte kréien, wann de Geescht vun deem Gesetz géing bleiwen? Mä dat ass jo ofgeruff ginn, oder et gëtt ofgeruff duerch den 5178. Wéi fonctionnéiert dat dann elo mat der Qualitéit vun den Officiers de police judiciaire, déi jo d'Attributioun hu fir Infractiounen zum Gesetz ze constatéieren an ze recherchéieren? Ech hunn elo déi legal Basis an deene Gesetzer vermësst. Sauf erreur de ma part hunn ech néierens gesinn, dass dat vun 1997 mat an en neit Gesetz iwwerholl ginn ass.

Lues a lues huet also den ILR méi grouss Missioune kritt, besonnesch och duerch d'Gesetz vum 24. Juli 2000 iwwert d'Organisatioun vum Elektrizitéitsmarché, de 15. Dezember 2000 d'Service-postalen, an 2001 wat de Marché vum Äerdgas ubelaangt. Et ass nach net um Enn, an nach nei Gesetzer wäerte geschafe ginn, duerch déi den ILR Kompetenze kritt.

Den ILR muss also eng robust Struktur kréien, eng nei Organisatioun, déi an dësem Projet de loi festgehale ginn ass. D'Organisatioun muss gutt fonctionnéieren an dat soll mat dësem Gesetz geschéien. Et ass en organescht Gesetz, wat eng autonom Organisatioun fir den ILR schaaft. Den ILR gëtt en Établissement public, en Établissement public, deen un déi generell Regelen sech ulehnt, déi an enger Regierungsinstruktioun vum 11. Juni 2000 festgeluecht gi sinn.

Mir hunn nach ëmmer kee Kadergesetz iwwert d'Établissements publics. Dat ass eng Situatioun, déi schonn x-mol reklaméiert ginn ass; et ass awer nach keent do. Ëmmerhin, déi hei Instruktioun gëtt prezis Orientatiounen, wou ee sech kann drun orientéieren. Mä och d'Kommissioun, déi zoustänneg Kommissioun huet dat nach eng Kéier kritiséiert, dass bis elo nach kee Kadergesetz gemaach ginn ass iwwert d'Établissements publics.

Wat d'Missioune vum ILR ubelaangt, do renvoyéiert dëst Gesetz op Texter, Gesetzer a Reglementer, déi him Kompetenzen zougestinn. Zum Finanzement vum ILR, do mécht och dat organescht Gesetz hei Referenz op aner Gesetzer, wou de Finanzmodus virgesi ginn ass.

Déi Inscriptioun do vun de Kompetenzen, vun de Missiounen a vum Finanzement, dat ass gefuerdert gi vun de Chambres professionnelles, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an och vum Statsrot. Deem ass dann och schlussendlech an dem definitiven Text Rechnung gedroe ginn.

D'Responsabilité civile vum ILR kann och vun Opérateuren, Clienten, déi geschiedegt gi sinn, invoquéiert ginn, nëmmen am Fall vun enger Faute grave, wat am Fong net konform ass zu deenen allgemenge Bestëmmunge vum Gesetz vun 1988 iwwert d'Responsabilitéit vum Stat a vun de Gemengen a vun den öffentleche Kollektivitéiten, wou virgesinn ass, dass och fir ee méi klenge Feeler oder manner grave Négligencë kann den Auteur vun engem Schued belaangt ginn. Hei ass dat net esou. Et muss eng Faute grave virleien, fir dass eng Aktioun, e Recours en dommages et intérêts ka géint den ILR gemaach ginn.

D'Nominatioun vun de Membere vum Conseil d'administration vum Établissement public ass och ganz kloer festgeluecht. D'Gesetz gesäit och vir, datt d'Membere vum Conseil d'administration onofhängeg musse si par rapport zu den Entreprisen oder den Organisatiounen, déi ënnert d'Surveillance vum ILR falen ënnert der Sanktioun vum Artikel 245 vum Code pénal, wat d'Immixtion ubelaangt. Dës Bestëmmung hat dem Statsrot net convenéiert an hien huet gesot, am Fong géing keen operationelle Lien bestoen tëschent dem Conseil d'administration an deenen Organisatiounen. Mir hunn dann als Kommissioun et méi ubruecht fonnt, fir dat stoen ze loossen, fir eng total Indépendance tëschent dem Conseil d'administration an deenen aneren, de Clienten oder den Opérateuren, anzeféieren.

De Kader vun de Beamten ass och festgeluecht ginn, souwuel am technesche wéi och am administrative Beräich, wéi d'Qualifikatioun, déi ganz diversifzéiert muss sinn, well jo d'Fonctionnairen - déi technesch an déi administrativ - an deene verschiddenste Beräicher mussen aktiv sinn. Si kënnen och - besonnesch déi, déi eng speziell Ausbildung hunn - eng supplementar Indemnitéit bezéien. Dat ass och am Hibléck, fir de Recrutement méi attraktiv ze maachen, eng ganz gutt Dispositioun.

Den Här Braz huet elo grad de Problem opgeworf iwwert de Passage vun engem, deen am ILR schafft, engem Fonctionnaire, dee sech do Erkenntnisser erworben huet, wéi dat sollt regléiert ginn, wann deen erëm zréck an de Secteur privé geet. Dat schéngt mer eng ganz interessant Fro ze sinn, déi enger ganz komplexer Diskussioun och misst ënnerworf ginn.

D'Fonctionnairen däerfen och kee Lien mat den Organismen hunn, wéi och d'Membere vum Conseil d'administration. Dat schéngt mer och eng ganz normal Saach, dat och ënnert der Sanktioun vum Artikel 245, wann dat net agehale géif ginn.

Wéi gesot, dat hei ass e ganz wichtege Projet de loi, wat de Fonctionnement vum ILR, d'Organisatioun, de Statut vun de Beamten, d'Fonctionnairë vum ILR ubelaangt, e wichtegt Kadergesetz, fir dass den ILR ka seng Missioun voll a ganz erfëllen. Dofir wëll ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Als leschte Riedner ass den Här Schreiner agedroen. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll nach e puer Wuert soen zum Projet de loi 5181 iwwert den Dateschutz am Secteur vun den Telekommunikatiounen. Fir d'alleréischt wëll ech awer domadder ufänken, dass ech dem Rapporteur, dem Patrick Santer, Merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Bericht an och déi Aarbecht, déi vill Aarbecht, déi hie sech am Virfeld domat gemaach huet.

Et ass e ganz wichtege Projet - an ech wëll net hei op all déi Aspekter nach eng Kéier agoen, déi hei scho gesot gi sinn -, mat deem mer déi zwou europäesch Direktiven iwwert den Dateschutz am Secteur vun der Telekommunikatioun an nationaalt Recht ëmsetzen.

D'Direktiven hu jo zum Zweck am Kader vum Marché intérieur vun der Telekommunikatioun eng Harmoniséierung vum Dateschutz, awer och vun der Transmissioun vun den Donnéeën an all deem, wat do hannendrun hänkt, ze realiséieren.

Et ass en importent Gesetz, dat ass scho gesot ginn, dat e Secteur couvréiert, deen duerch déi permanent a rasant technologesch Evolutioun ganz vulnérabel ginn ass, wou en ëmmer méi grousse Public op eng dach ëmmer méi einfach Aart a Weis an zu ëmmer méi gënschtege Konditiounen Accès kritt zu Donnéeën, déi eigentlech perséinlecher Natur sinn. Hei geet et ëm d'Vertraulechkeet vun de Kommunikatiounen. Et geet ëm d'Conservatioun vun den Donnéeën, a wa jo zur Conservatioun, da wéi laang an zu wéi enge Konditiounen? Mä virun allem muss et hei drëm goen a geet et och drëm, fir den Utilisateur oder de Konsument ze schützen an ze verhënneren, dass perséinlech Date mëssbraucht ginn.

Et geet also drëm perséinlech Donnéeë géint abusiv Traitementer ze schützen, ouni op d'Avantagen op där anerer Säit vun den neien Technologien ze verzichten. Dat ass e Spagat, e Spagat tëschent op där enger Säit den Intérêtë vun deem, deen d'Modalitéiten an d'Finalitéite vum Traitement festleet, an

op där anerer Säit de Rechter an de Fräiheete vun der betraffener Persoun. Esou en Equiliber ass ganz schwéier zustan ze bréngen an net ëmmer evident an der Praxis ëmzesetzen. Dat wësse mer an dat stelle mer och dagdeeglech fest bei der Applikatioun vum allgemengen Dateschutzgesetz aus dem Joer 2002.

Vill méi einfach wier et gewiescht, wa mer entweder all Traitementer vu perséinlechen Donnéeë verbueden oder alles ouni Aschränkung zougelooss hätten. Mä dës zwou extrem Situatioune si weder realistesch nach wënschenswäert. Et ass also héich Zäit ginn, dass mer och an dësem Beräich légiféréieren, net nëmme wéinst den europäeschen Obligatiounen, déi mer hunn, mä virun allem, well e groussen Handelsbedarf an deem ganze Beräich do besteet. Mir bekennen eis duerfir och als sozialistesch Fraktioun zu de Grondgedanken, déi den Direktiven an och dem Regierungsprojet hei zugronn leien.

Et ass awer interessant, och an deem Kontext ze ënnersträichen, dass den Ausgangspunkt vun der Direktiv net de Schutz vum Eenzelne géint de Mëssbrauch vun Daten, déi seng Persoun uginn, ass, mä et handelt sech hei ëm eng Marché-intérieur-Direktiv, wou et drëm geet duerfir ze suergen, dass den europäesche Bannemaart sech voll kann entfalen, dass d'Transmissioun vun Date méiglechst fräi zirkuléiere kann an dass et net duerch verschidden national Regelen, déi den Dateschutz oder d'Transmissioun vun Donnéeën uginn, zu Konkurrenzdistorsiounen tëschent den eenzelne Länner oder tëschent eenzelnen Entreprisë kënnt.

Duerfir also déi Vereenheetlechung respektiv Harmoniséierung vun den nationale Bestëmmunge wat d'Dateveraarbechtung an Europa ugeet. Et ass also am Kontext och, dat muss ee gesinn, vun enger Marché-intérieur-Direktiv wou mer eis mussen ausernee setze mat de Schutzbestëmmungen, fir perséinlech Rechter a Fräiheeten ze garantéieren.

Den Numm vum Projet de loi ass och duerfir vläicht e ganz bëssen irreféierend, well en eigentlech déi éischt Komponent, déi fräi Transmissioun vun den Donnéeën, wat eng vun den Zilsetzunge jo ass um europäesche Plang, net erëmgëtt, mä ausschliesslech eigentlech vum Dateschutz schwätzt respektiv vum Schutz vun der Persoun an dass hir perséinlech Daten net mëssbräichlech benotzt kënne ginn.

D'Fro, déi sech an dësem Zesummenhang och stellt, ass déi: Wéi kënne mer de Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vu perséinlechen Date mat dem Schutz vun der Privatsphär an Aklang bréngen? Et muss een also genau ofweien oder e genaut Ofweie maache vun deene verschiddene Wäerter, Grondprinzipien, déi hei a Konkurrenz zuenee stinn, fir ze probéiere méiglechst eng ausgeglachen, eng logesch Léisung ze fannen.

Och musse mer et fäerdeg bréngen, eng Rei vu Perséinlechkeetsrechter mat der technologescher Entwécklung ze verflechten an zu engem prekäre Gläichgewiicht ze bréngen. D'europäesch Direktiv huet dat grosso modo fäerdeg bruecht. Si fixéiert en akzeptabelen, e relativ héije Schutz um Niveau fir d'Persounen. Dat ass och gutt esou an dat spigelt sech och an enger Rei vu wesentleche Merkmaler vun deem neie reglementaresche Kader erëm.

Fir d'éischt emol d'Recht op Informatioun. D'Noutwendegkeet, dass am Prinzip jiddferee muss seng Zoustëmmung gi fir d'Veraarbechtung vun den Daten. De fräien Zougank zu den Daten. D'Recht sech ze opposéiere wann een net wëllt, dass seng Daten zu engem gewëssen Zweck benotzt a veraarbecht ginn. D'Recoursméiglechkeete bei enger onofhängeger Autoritéit respektiv bei de Geriichter an enger zweeter Phas. D'Iddi vun der Transparenz, déi verankert ass an dësem System. Dat alles si Punkten, déi eigentlech d'Positioun vum Bierger stäerke géigeniwwer enger exzessiver Dateveraarbechtung a méigleche mëssbräichleche Benotzunge vu perséinlechen Donnéeë vun de Leit.

Date sammelen a besonnesch d'Dateveraarbechtung, well et ass déi jo, déi hei viséiert ass, muss enger legitimer Zilsetzung entspriechen. Dat ass dee Grondgedanken, deen dëser ganzer Législatioun zugronn läit. Mä et geet net duer Regelen ze fixéieren a Gesetzer ze stëmmen. Et geet besonnesch drëm fir déi Regelen och bekannt ze maachen, fir dass se akzeptéiert ginn ähnlech wéi beim allgemengen Dateschutzgesetz vun 2002 an dass se da schlussendlech och respektéiert gi vun de Leit, vun all deenen, déi an dësem Beräich Dateveraarbechtung maachen.

Dann ass et natierlech och wichteg, dass et Kontrollorganer gëtt oder Kontrollmechanisme gëtt, fir d'Iwwerwaachung vun der Gesetzesausféierung kënnen duerchzeféieren. Dozou gehéiert jo och déi national Kommissioun, déi duerch d'Gesetz vun 2002 agefouert ginn ass, déi onofhängeg ass an déi d'Befugnis huet, anzegräifen an och disziplinaresch Moossnamen huele kann. Et ass also wichteg, dass een opkläert, informéiert an duerfir suergt, dass déi néideg Mechanismen, dass d'Ausféierung vum Gesetz och tatsächlech stattfënnt.

An enger entwéckelter an héich technologiséierter…

(Interruption)

Et ass e schwéiert Wuert, jo.

…Informatiounsgesellschaft muss genügend Fräiraum och an Zukunft bleiwen, fir d'Privatliewen, de Respekt vum Eenzelnen a senger Privatsphär. Op där aner Säit ass et natierlech och esou, dass d'Dateveraarbechtung haut e feste Bestanddeel ginn ass vun eisem ganze wirtschaftlechen a gesellschaftleche Liewen. Dass et do méiglech muss sinn, dat weider kënnen ze entwéckelen, fir dass mer net do hannendru geroden.

Mir sinn also als Fraktioun mat der Grondausriichtung vun dësem Text d'accord. Ech wëll awer vläicht nach eng Kéier d'Aufgabe vun engem modernen Dateschutzgesetz an Erënnerung ruffen, esou wéi mir et verstinn an et och schonn 2002 bei der Diskussioun vum allgemenge Gesetz zum Ausdrock bruecht hunn.

Éischtens emol, den Dateschutz, dee muss effektiv sinn. Dat heescht e muss op wesentlech Bedrohunge reagéieren an e muss enger ganz wierksamer Kontroll ënnerleien.

Zweetens, den Dateschutz muss risikogerecht ëmgesat ginn. Dat heescht de Schutz muss an enger vernetzter, enger all Beräicher ëmfaassender Dateveraarbechtung nach garantéiert bleiwen.

Drëttens, den Dateschutz muss verständlech sinn. Dat heescht e muss einfach, iwwersiichtlech a kloer strukturéiert sinn.

A véiertens, den Dateschutz muss och attraktiv sinn. Den Opwand, dat heescht déi Flichten, déi ee muss leeschten, mussen an engem vernünftege Verhältnis zum Ertrag och stoen. Den Ertrag, dat heescht Selbstbestëmmung, Vertrauen a Sécherheet, déi een duerch dëse System ka kréien.

Mir hu schonn iwwert d'Gesetz vun 2002 geschwat, an de Patrick Santer huet dat méi ausféierlech gemaach, huet och gesot, et entsprécht sécher net dëse Kritäre vun engem modernen a wierksamen Dateschutz. Et muss also onbedéngt zu weideren Adaptatioune vun der Gesetzgebung kommen opgrond vun der praktescher Erfahrung, déi gemaach gouf, an och mat deenen oft schwéierfällegen administrative Weeër, déi dësem Gesetz zugronn leien.

Mä awer och opgrond vun der gesellschaftlecher Entwécklung, speziell och am Informatiounsberäich, déi och nach net op dem Niveau vun haut wäert stoe bleiwen, mä sech wäert explosiounsaarteg an deenen nächste Jore weiderentwéckelen, a wou kee genau ka soen, a wat fir eng Richtung dat higeet.

An deem Sënn ënnerstëtze mir selbstverständlech och d'Motioun, déi de Patrick Santer hei agereecht huet, dass mer esou séier wéi méiglech mat enger Revisioun vum Gesetz vum 2. August 2002 befaasst ginn. D'Fro, déi bleift, ass déi, ob mer bei där explosiounsaarteger Entwécklung vun den Informatiounstechniken an enger globaler Welt vum Internet mat gesetzleche Regelen a Prozeduren iwwerhaapt nach kënnen eng Protektioun sécher a wierksam duerchzéien. Ass dat net einfach eng Illusioun, där mer eis higinn? D'Praxis vun den nächste Jore wäert dat weisen.

Als sozialistesch Fraktioun wäerte mer awer dëse Projet, well d'Grondausriichtung ganz sécher stëmmt, ënnerstëtzen. Mir mengen, dass et en éierleche Versuch duerstellt am Sënn och vum Gesetz 2002, fir verschidde Wäerter a Grondregelen, Grondfräiheete mateneen an Aklang ze bréngen, an aus dësen Iwwerleeungen eraus wäert eis Fraktioun dann och dësen Text stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Domadder ass d'Generaldiskussioun zu dësem Projet ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Jean-Louis Schiltz. Här Schiltz!

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn extrem vill hei gesot ginn zu deene véier Projeten. Ech wëll och sécherlech hei kee Résumé maachen. Ech si frou, datt mer esou wäit komm sinn, datt mer haut, wann d'Chamber dee Projet hei da stëmmt, zu der Transpositioun vun deem Paquet Télécom kommen, datt mer zousätzlech dat Gesetz iwwert d'Gestioun vun de Frequenzen - ech mengen, den Här Thiel huet et virdru gesot -, en Domän wou Europa eigentlech net vill domat ze dinn huet, mä dat och hei mat dran ass, och kënnen da stëmmen, an datt mer och dat Gesetz iwwert d'Organisatioun vum ILR an deem nämlechte Kader haut kënne mat um Ordre du jour hunn.

Ech hunn et gesot, ech wëll kee Résumé maachen hei vun deene verschiddenen Dispositiounen. Ech wëll awer op de generelle Kader agoen an ech wëll och deen een oder anere Punkt vläicht awer méi am Detail beliichten.

De generelle Kader ass deen, datt haut, zéng Joer nom Schluss vum staatleche Monopol, d'Fro ubruecht ass, ob duerch déi Ouverture, déi realiséiert ginn ass a wou mer haut nach e Schrëtt weiderginn, de Client - dat heescht mir alleguer - profitéiert huet.

Ech menge wat d'Mobiltelefonie ubelaangt ass d'Äntwert sécherlech jo. D'Präisser sinn erofgaangen, gi weider erof. D'Offer huet sech diversifiéiert, an ech mengen dat sécherlech am Intérêt vum Konsument. An d'Präisser gi weider erof. Wann Der kuckt, en Débit vun engem Megabyte, deen huet Ufank 2003 nach 129 Euro kascht, Ufank 2004 36 Euro an haut 29 Euro. Ech mengen dat ass nëmmen ee Beispill wéi deen dereguléierte Kader, deen neie Kader et awer erlaabt, datt d'Präisser erofginn.

Och wann ëmmer gesot gëtt, datt d'Präisser hei zu Lëtzebuerg nach a verschiddene Punkten ze deier sinn, wëll ech ervirhiewen, datt d'OECD an enger rezenter Etüd zur Konklusioun komm ass, datt Lëtzebuerg deen niddregsten Taux hätt wat e Panier vun Télefonsservicer ubelaangt par rapport zum Revenu net vun den Awunner hei am Land. Datt mer also do och, mengen ech, op engem Wee sinn, wou de Konsument scho vun deem ale Kader profitéiert huet a weider och wäert vun deem neie Kader profitéieren. Och wat d'Entreprisen ubelaangt, mengen ech, sinn d'Präisser amgaange kompetitiv ze ginn. Dat wäert sécherlech net ännere mat deem neie Kader, dat wäert weider an déi nämlecht Richtung goen.

D'Offer huet sech och diversifiéiert. Ech brauch lech net ze soe wat haut d'Offer alles ass. Ech mengen et besteet eng effektiv Konkurrenz, eng Konkurrenz, déi och an allen Domänen amgaangen ass sech auszebauen an déi och am Intérêt vum Konsument ass, net nëmme well se en Impakt op d'Präisser huet, mä well och d'Offer méi diversifiéiert ass a jiddferee sech dat kann erauswielen, wat en da wëllt.

D'Infrastrukturen hu sech an deene leschten zéng Joer net därmoosse weiderentwéckelt. D'Capacitéit vun de Réseauen ass zwar eropgaangen, mä et sinn net elo massiv nei Infrastrukturen opgeriicht ginn, sauf am Domän vun de Satellitten a vun der Téléphonie mobile. Mä wat déi terrestresch Installatiounen ubelaangt, sinn net massiv nei Infrastrukturen derbäikomm. Duerfir ass et och wichteg, mengen ech, datt deen neie Kader den Droit de passage organiséiert.

Et ass scho gesot ginn, datt de Partage vun Infrastrukturen organiséiert gëtt. Mir kréien dann och elo an noer Zukunft e Plan sectoriel iwwert d'Antennen. An den neie Kader virun allem, mengen ech, dréit der Entwécklung och Rechnung vun deene leschte Joren, andeem nämlech - an et ass och scho vun enger Rei vu Riedner ervirgehuewe ginn - virun all Aktioun den ILR eng Analys vum Marché mécht, wat em dann erlaabt, méi cibléiert, méi individuell, méi genau a méi op d'Spezifissitéite vun deene verschiddene Fäll ugepasst ze intervenéieren. Do kënnt also nach eng Verbesserung am Kader vun deem neie Paquet op eis zou.

Generell géif ech gär bei deem Paquet, nieft deene ville Charakteristiken, déi en huet, dräi spezifescher ervirhiewen. Et gëtt eng Simplification administrative realiséiert. De Paquet assuréiert eng effektiv Konkurrenz, a leschtendlech sinn och Regele virgesinn, déi sécherstellen, datt de Konsument weider vum Marché ka profitéieren, weider sech doranner erëmfënnt mat Garde-fouen, mat Garantien. Ech kommen herno dorobber ze schwätzen.

Et ass eng Simplification administrative aus deem Grond, well net méi fir alles muss eng Autorisatioun gefrot ginn. Am 5178 ass de Prinzip dee vun der Notifikatioun, an da kann den Opérateur ufänken ze schaffen. D'Kontroll gëtt effectuéiert op Basis vun der Analys vum Marché, wou dann och den ILR eng ganz Rei, e ganzen Arsenal vu Mesurë kritt huet, op déi een da kann zréckgräifen, fir do anzegräife wou et dann net klavéiert.

De System erlaabt eng effektiv Konkurrenz. Ech hu scho gesot, datt keng Lizenze méi ausgestallt ginn, mä wéi gesot, datt den ILR ex post intervenéiert an do kuckt wou et net klavéiert. De System ass och e System, deen der technologescher Neutralitéit Rechnung dréit. Dat heescht mir ginn net méi hin a mir reglementéieren dat eent esou an dat anert esou, well déi technologesch Neutralitéit esou haut ass, datt mer alles mussen an engem Kader appréhendéieren, well déi Servicer, déi jo duerch verschidde Moyenen diffuséiert ginn, déi nämlecht sinn, an et och duerfir wichteg ass, datt mer all technologesch Moyenen appréhendéieren.

Eng effektiv Konkurrenz ass och an deem Sënn wichteg, well mer nämlech higinn an deen Telekomskader op de Konkurrenzkader alignéieren - den honorablen Här Thiel huet et virdrun och ugeschnidden ënner anerem -, sou zwar datt all Mesure vum ILR, déi eng Inzidenz huet op d'Konkurrenzrecht, muss vum Conseil de la Concurrence guttgeheescht ginn.

A virun allem profitéiert vum System de Konsument, well - ech hunn dat schonn zweemol gesot - eng Konkurrenz do ass. D'Präisser wäerte weider erofgoen, d'Diversitéit vun de Produite wäert sech weider entwéckelen. Et sinn eng Rei Garde-fouen agebaut, d'Rechter vun den Utilisateure ginn definéiert. Ech ginn net dorobber an. Et ass en Arsenal vu Mesurë virgesinn, dee ka geholl gi fir do, wou et muss sinn, ze ajustéieren an och do wou et muss sinn ze sanktionéieren an ze intervenéieren.

Finalement - an dat ass ee vun deene Punkte wou ech vläicht e bësse méi laang wëll drop agoen - de Service universel, deen ass an deem neie Gesetz garantéiert. Et kënnt fir d'éischte Kéier zu enger Definitioun vum Service universel. Dat ass 1997 bemängelt ginn. De Service universel gëtt duerch véier Komponenten definéiert: de Festnetztélefon, d'öffentlech Kabinnen, d'Télefonsbuch an de Service de renseignements, dat heescht de Renseignement téléphonique. Véier Komponente wou nach e puer accessoire Komponenten derbäikommen op déi ech elo net wëll agoen.

Dat ass en Ensembel, dat ass eng Saach, déi och nach an der Evolutioun ass, well nämlech wéi et elo ausgesäit um europäeschen Niveau déi Fro vun deem, wat an dee Service universel erakënnt oder net, erëm wäert an deenen nächste Joren op de Métier geholl ginn. Do muss ee kucken, datt et zu enger kontinuéierlecher Adaptatioun am Sënn vum Konsument kënnt, ënner anerem an de Froe vum Internet, obwuel an där heiteger Definitioun schonn drasteet, datt dat Recht op e Festnetztélefon e funktionellen Accès op den Internet och beinhalt.

Wéi gesot, dat ass eppes, wat nach weider an der Evolutioun ass, a wou Lëtzebuerg och an Europa wäert dat soen, wat et ze soen huet am Intérêt vum Konsument, datt de Konsument e Service universel huet, deen eppes daagt. Wann ech soen, e Service universel deen eppes daagt, dann heescht dat och eng Surveillance vun deem Service universel. Dat heescht eng Surveillance vun der Qualitéit. D'Minimalqualitéit gëtt vum ILR festgesat, an den ILR surveilléiert och d'Präisser vun deem Service universel, ënner anerem par rapport zum Indice des prix à la consommation, an e kann och Encadrementsmesurë festsetzen, wat déi Präisser ubelaangt.

Finalement ass och nach wichteg ze soen, datt wann dee Service universel emol eng Kéier net méi sollt assuréiert ginn, kann et zu engem Appel d'offres kommen, a wann deen ouni Resultat ass, kann de Service universel enger oder méi Entreprisen imposéiert ginn. Ech mengen also, datt dat e Kader ass, dee stëmmt, e Kader ass, wou mer awer weider ëmmer periodesch wäerte kucken, ob en erëm stëmmt, well d'Evolutioun geet weider an et ass also net auszeschléissen, datt déi véier Komponenten elo op nationalem Niveau oder op EU-Niveau an deenen nächste Jore wäerten ännere.

D'Droitë vun den Utilisateure ginn och festgesat an deem Kader. Och dat ass eppes wat am Intérêt vum Konsument ass. Hien huet d'Recht op komplett Informatiounen, hien huet d'Recht op transparent Informatiounen, hien huet d'Recht op Informatiounen, déi vergläichbar sinn. Ech ginn do net an den Detail eran.

Finalement gëtt am éischte Projet, am 5178, och den Droit de passage an de Droit de partage vun den Infrastrukture regléiert. Dat war e Sträitpunkt am 97er Gesetz. Dat war e Punkt wou Lëtzebuerg och condamnéiert gi war am Joer 2003 vun der Cour de Justice vun der Communauté européenne. Dat ass eng technesch komplizéiert Fro, obwuel et esou ass, datt déi meescht Infrastrukture jo leien. Et ass scho gesot gi virdrun, d'Prinzipie vun 1997 bleiwen. Si ginn awer nei ausgeluecht. Si gi besser reglementéiert.

Et ass esou, datt et zu enger Konventioun kënnt, wann et e Passage ass iwwert den Domaine public, an datt eng Permission de voirie ausgestallt gëtt am Strossen- a Schinneberäich. Et ass esou - dat ass och vu menge Virriedner gesot ginn -, datt keng Taxen do kënnen imposéiert ginn, a virun allem gëtt den Akzent geluecht op d'Deele vun deenen Infrastrukturen. Dat heescht datt, all Kéiers do wou eng Demande kënnt, gekuckt gëtt, ob déi Demande net kann zefridde gestallt ginn, an deen, dee freet, eng Infrastruktur opzeriichten, eng existent Infrastruktur mat engem aneren deelt, an dann, wa se sech do net eens ginn, ass et och den ILR deen tranchéiert.

Virun allem ass am Gesetz och festgehale ginn, datt déi Infrastrukturen an deene mannst schiedleche Konditioune mussen opgeriicht ginn, datt se mussen esthetesche Kritäre Rechnung droen an datt se mussen Environnementskritäre Rechnung droen. Alles an allem bréngt eis dee Projet 5178 en zolitte Schrëtt weider. En erlaabt eis nach méi ee kompetitive Kader ze schafen, deen zur gläicher Zäit awer och d'Rechter vum Konsument festegt. Ech mengen dofir, datt dee Projet an déi richteg Richtung geet. Wéi gesot, et ass keng figéiert Matière; d'Matière geet weider. Ech mengen, mir hätten awer elo hei een zolitte Kader virgeluecht fir déi nächst Joren.

Op d'Frequenze wëll ech hei vläicht net weider agoen, mat Ausnahm vun engem Punkt; Den Här Klein huet d'Fro soulevéiert, ob déi Officiers de police judiciaire, déi am ILR mol eng Zäit bestan hunn, an haut och nach bestinn, ofgeschaf ginn. Et ass sou, datt Problemer deemools bestanen hunn am Beräich vum CB-Funk, dee vum noen Ausland erakomm ass. Deemools ass gesot ginn, datt et wichteg wier, fir déi Emetteure vu Radiodiffusioun ze kontrolléieren, dass och Leit, déi Kompetenzen am ILR hätten, géifen assermentéiert ginn als OPJ. Entre-temps huet de Savoir-faire vun der Police sech ausgebaut.

Den Artikel 9 vum 5179 gesäit elo eng ganz Rei Méiglechkeete vir, duerch déi de Minister och ka Leit mandatéiere fir dann do ze kucken, wou déi Brouillagë sinn a fir déi Mesuren ze huelen, déi musse geholl ginn. E kann och mam Accord vum President vum Tribunal deene Brouillagen en Enn setzen.

Den Artikel 9 - ënnen - gesäit vir, datt wann de President vum Tribunal an deene Kaderen, wou Saisien oder Perquisitioune wären, intervenéiert, hien een oder méi Officiers de police judiciaire designéiert, déi mat bei den Operatiounen dobäi sinn. Ech mengen also, dat wier am neie Gesetz iwwert dee Wee do couvréiert.

Beim 5180 iwwert d'Organisatioun vum ILR wëll ech mech vläicht dorobber beschränken, fir ze soen – zum Cadre organisationnel vum ILR – datt den IRL nei Funktioune kritt huet an datt den ILR och nach, selon le cas, nei Funktioune wäert kréien. Ech sinn der Meenung, datt all Kéiers do, wou mir mengen, datt een Organe de régulation besteet, wat gutt zousätzlech Missioune kann erfëllen, mir dat solle maachen, well et huet kee Wäert, datt mir nach 37 Autoritéite parallell kreéieren. Mä wéi gesot, et muss awer séchergestallt ginn, datt dat Institut déi Mesuren an dee Secteur och ka betreien.

Fir op dem Här Braz seng Fro anzegoe vum Iwwergang vun de Beamten an de Privatsecteur, géif ech soen, Här Braz, datt et jo esou ass, datt d'Politik net kann déi sinn, datt mir den Iwwergang vum Privatsecteur an den öffentleche Secteur a vice versa blockéieren. Ech mengen, dat ass net den Zweck vun der Übung. Mir kënnen d'Leit och net ustrécken.

Ech sinn awer mat lech eens, datt dat effektiv a verschiddene Fäll kann ee Problem duerstellen, och wann ech ze bedenke ginn a soen, datt déi Confidentialitéit an déi Obligatiounen u Secret, déi déi Beamten hunn, jo weider bestinn, och wa si net méi am Service vun deem Institut oder vun engem aneren Institut sinn. Dat ass also schonn een éischte Punkt, mengen ech, dee wichteg ass ervirzehiewen.

Op där aner Säit soen ech awer, datt, esou laang mir net an d'Richtung gi fir Iwwergäng ze blockéieren, ee sécherlech déi Fro do sollt traitéieren am Kader vun där méi weider Fro vum Statut vun den Établissements publics. Op Basis vun der Instruktioun, déi do ass, stelle sech sécherlech och esou Froe wéi déi heiten. Wéi gesot, et ka kee Blocage sinn, mä ech mengen awer och, datt een déi Fro konstruktiv soll ugoen.

Ech kommen dann, Här President, op dee leschte Projet, den 5181, deen eng Rei Saache reglementéiert, deen d'Sécuritéit vun de Kommunikatioune garantéiert, an d'Confidentialitéit vun de Kommunikatiounen, och eng Fro, déi den Här Santer opgeworf huet, regelt. Déi Fro vun den Transactions commerciales vun de Banken, bei deenen d'Gespréicher enregistréiert ginn, gëtt och do geregelt. Dat ass eng gutt Saach. Da gëtt och iwwert d'Identifikatioun vun de Linne geschwat, iwwert d'Annuairen; a finalement gëtt iwwert déi Fro geschwat vun der Conservatioun vun den Donnéeën.

Ech géif gären dozou eng Rei Remarquë maachen. Ech géif gär fir d'éischt soen, datt et jo net esou ass, wéi den Här Braz dat hei gesot huet, datt mir do eis am Domän vum Arbiträr befannen, well mir zwar nämlech eng genau Reglementatioun virgesinn hunn.

Ech weess och mech ze erënneren, datt ech an der Kommissioun lech e puer Mol gefrot hunn, wéi Dir lech da géift d'Ausriichtung vun deem Text virstellen. Do hutt Dir mir awer ni dorop geäntwert, Dir hutt ëmmer Blocage gemaach an Dir hutt gesot, Dir wäert eigentlech radikal dogéint. Dofir…

(Interruption)

Selbstverständlech!

M. le Président.- Den Här Braz huet d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Just dat heiten: Esou net, Här Minister, gell! Dat do ass e bëssen einfach!

Also éischtens, dat Wuert „arbiträr" hunn ech net gebraucht; dat Zweet, wann Dir een alternativen Text wëllt hunn zu deem, wat Dir virgeschloen hutt, do braucht Dir just den Avis zu dësem Projet de loi vun der Commission nationale de la protection des données ze liesen, déi hunn en Alternativtext virgeschloen, deen een ouni Problem hätt kënnen huelen. Schwätzt - dat wier méi fair - iwwert d'Argumenter, déi opbruecht ginn, d'Mënscherechtskonventioun Artikel 8 Alinea 2. Déi do Zocht Ënnerstellung ass e bëssen einfach.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications.*- Ech mengen, Här Braz, ech hunn lech näischt ënnerstallt hei.

Ech mengen, datt et esou ass, datt mir am Detail iwwert déi Dispositioun an der Kommissioun diskutéiert hunn, an datt och erkläert ginn ass, an ech ginn déi Erklärungen dann hei nach eng Kéier. Op Basis vun deenen Erklärungen ass net eng alternativ Formulatioun proposéiert ginn. Dir erlaabt mir awer dobäi ze bleiwen. Ech soen lech zum Beispill, datt wat d'Facturen ubelaangt jo eng Dispositioun vu sechs Méint drasteet. An ech soen och, datt déi zwielef Méint, déi hei drastinn, dat ass elo fir mech keen definitiven Dogma, dat heescht ech mesuréieren dat gären en vue vum Resultat vun deenen europäeschen Diskussiounen, op déi ech elo direkt hei wäert kommen.

Ech mengen, Dir hutt et selwer gesot, datt et bei där Dispositioun hei effektiv dorëm geet fir verschidden Donnéeën ze halen. Et sinn nëmme verschidden Donnéeën an net all Kategorië vun Donnéeën, well d'Kategorië vun Donnéeë ginn nämlech par Règlement grand-ducal festgemaach. Et ass also net all Donnée nécessairement.

Dat heescht, et gëtt genau determinéiert, wat fir eng Donnéeën do gehale ginn, a bei deenen Donnéeë besti jo massiv Garantien. Den Text vum Artikel, ëm deen et geet, ass jo net fir näischt - et ass den Artikel 5 - esou laang, an et ass net fir näischt, datt deen d'Obligatioun den Opérateuren operleet, datt kee kann zu deenen Donnéeën accédéieren. Dat ass also eng zousätzlech Garantie. Et ass esou, datt fir d'Facturen d'Donnéeën - ech hunn dat virdru gesot - sechs Méint conservéiert ginn. Hei sinn et zwielef Méint, dat ass also net wäit aus de Féiss.

Et ass och esou, datt allgemeng unerkannt ass, ech mengen och vun lech, datt et eng Dispositioun ass, déi utile ass, wann de Kader stëmmt, an de Kader stëmmt hei, am Kampf géint d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit.

Sou. Elo ass et awer esou, datt wa mir hei vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit schwätzen, datt et, mengen ech, awer absolut sënnvoll ass, datt et eng europäesch Regelung zu där Fro do gëtt, well wa mir wëllen d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit heimadder appréhendéieren, da schéngt et mir jo awer esou ze sinn, datt déi Durée de conservation muss an deene verschiddene Memberstaten déi nämlecht sinn.

Ech soen lech elo schonn, datt mir als Lëtzebuerger Regierung där Durée, déi wäert aus den europäeschen Diskussiounen erauskommen, wäerten dann hei och Rechnung droen. Ob et elo méi laang gëtt oder manner laang gëtt, dozou kommen ech.

Dir hutt richteg gesot, datt ee Projet de décision-cadre virgeluecht ginn ass vu Frankräich, Irland, Schweden a Groussbritannien. Dee Projet huet an enger éischter Phas eng Durée de conservation vun den Donnéeë vun zwielef bis 36 Méint virgesinn. Et leien elo Texter vir an den Diskussiounen, wou tëschent zwielef an 48 Méint diskutéiert ginn. Mir sinn also de Moment op dem Minimum vun deem, wat op europäeschem Niveau diskutéiert gëtt, a wa mir vu Bekämpfung vu Criminalité transfrontalière schwätzen, mengen ech, kann et och net esou sinn, datt de Subsidiaritéitsprinzip hei, deen lech jo och um Häerz läit, spillt, datt all Land dat ka selwer reglementéieren, da brauche mir à un moment donné eng europäesch Regelung.

Wéi gesot, d'Diskussioune sinn ugaang op Basis vun dem Projet décision-cadre, déi vun deene véier Länner virgeluecht ginn ass. Déi Diskussioune sinn nach laang net ofgeschloss. Et si jo och Parteikolleege vun lech, oder fréier Parteikolleegen, déi - well dat ass de Moment am Pilier JAI wou dat diskutéiert gëtt - do wäerte matdiskutéieren, an ech si gespaant och emol fir d'Meenung ze héieren da vu Leit wéi dem Här Schily zu där Fro do.

(Interruptions diverses)

Wéi gesot, dat wat mir hei virgesinn, sinn zwielef Méint. Wat virgesinn ass, sinn och net all Donnéeën, wat virgesinn ass, sinn déi Donnéeën, déi iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht ginn.

An da wëll ech awer vläicht nach eppes soen, dat ass, datt, wann e Recht constitutionnel verbrieft gëtt, a genau wéi Dir hunn ech och gutt Lecturen, wann e Gesetz constitutionnel verbrieft ass, dann heescht dat net, datt dat net ka reglementéiert ginn, an dann heescht dat och net, datt et zu deem Recht keng Ausnahmen dierfe ginn. Dir hutt dat selwer gesot. Mir hunn hei wéi gesot eng strikt Reglementatioun, déi eng strikt Durée virgesäit, déi strikt Konditioune virgesäit.

Fir op d'Europäesch Constitutioun zréckzekommen: Deen Artikel, ëm deen et geet, ass den Artikel II-68, wou Folgendes steet: «Toute personne a droit à la protection des données à caractère personnel la concernant.», dat hutt Der virgelies. An dann: «Ces données doivent être traitées loyalement, à des fins déterminées et sur base du consentement de la personne concernée ou en vertu d'un autre fondement légitime prévu par la loi.»

Ech menge mir wären hei an deem leschte Fall, mä wéi gesot d'Diskussioun geet op europäeschem Niveau weider, mir wäerten eis an deen europäesche Kader areien. En attendant hu mer déi do Dispositioun.

Voilà, Här President, ech kommen zum Schluss. Ech mengen, datt mer e Pak hei virleien hunn, deen et erlaabt, weider zu Lëtzebuerg kompetitiv ze sinn am Domän vun den Telekommunikatiounen, fir op e Punkt zréckzekommen, deen den Här Maroldt soulevéiert huet, datt dee Kader stëmmt, datt et e Kader ass, deen eng effektiv Konkurrenz erlaabt.

Datt et op där anerer Säit e Kader ass, deen d'Rechter vum Konsument, d'Rechter vum Utilisateur, d'Rechter vun eis alleguer fest verbrieft: Recht op Service universel, Recht op Informatioun, Recht op all Donnéeën. Och spillt sech nach dat Ganzt am Kader vum méi globale Protection-des-données-Gesetz of, well déi Dispositioune spille jo zousätzlech zu deenen, déi mer hei hunn.

Domadder wëll ech vläicht ofschléissen. Et ass richteg, datt d'Regierung wëllt dat Gesetz vereinfachen, an do wou fir d'Protektioun vun deenen individuellë Libertéën de Moment administrativ Hürde bestinn, déi näischt zu där Protektioun bäidroen, wëlle mer déi ofbauen. Dat ass eppes wat e bëssen Zäit hélt. Mir maachen dat gär an engem Worf. Mir wäerten dat an deenen nächste Méint maachen, an ech wäert dann d'Chamber mat deem Projet saiséieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen dann zu den Ofstëmmungen iwwert déi eenzel Projeten.

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet de loi 5178.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5178 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 5179.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5179 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5179 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), M. Norbert Haupert (par M. Marcel Oberweis), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Marie-Josée Frank), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5180.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5180 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert (par Mme Marie-Josée Frank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5181.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5181 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, bei 8 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Haupert (par Mme Marie-Josée Frank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Michel Wolter), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zur Motioun, déi déposéiert ginn ass vum honorabelen Här Patrick Santer.

Motion 1

Ech denken, dass zu där Motioun alles gesot ass. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Voilà.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze halen.

Voilà, ech stelle fest d'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

3. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet fir d'nächst Woch folgenden Ordre du jour proposéiert.

En Dënschdeg, den 3. Mee, um dräi Auer mëttes:

- eng Froestonn un d'Regierung;

- d'Question avec débat N°2 vum Här Claude Adam iwwert deen neie Lycée pilote an

- d'Interpellatioun vum Här Lucien Clement iwwert d'Gestioun vum Héichwaasser a vun den Iwwerschwemmungen.

E Mëttwoch, de 4. Mee, um hallwer dräi mëttes, eng Aktualitéitsstonn, déi vun der LSAP-Fraktioun ugefrot gouf iwwert d'Aids-Problematik an dann de Projet de loi 5419, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Tubak.

(Hilarité)

Ass d'Chamber domat averstan?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir sinn elo um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.52 heures)

MARDI, 3 MAI 2005

33E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. Heure de questions au Gouvernement
   - Question N°33 du 3 mai 2005 de Monsieur Roger Negri relative à l'extension du tracé Luxembourg-Gouvy-Liège, adressée au Ministre des Transports
   - Question N°34 du 3 mai 2005 de Monsieur Camille Gira relative à la réduction des participations de l'État à accorder aux communes et syndicats intercommunaux par le biais du fonds pour la protection de l'environnement, adressée au Ministre de l'Environnement
   - Question N°35 du 3 mai 2005 de Monsieur Marco Schank relative à la réduction des émissions de polluants atmosphériques, adressée au Ministre de l'Environnement
   - Question N°36 du 3 mai 2005 de Monsieur Félix Braz relative aux dépassements réguliers des teneurs maxima en métaux lourds et dioxines dans les légumes-feuilles cultivés dans les jardins exposés aux émissions de l'industrie sidérurgique (Differdange, Esch-sur-Alzette, Schifflange), adressée au Ministre de la Santé
   - Question N°37 du 29 avril 2005 de Monsieur Ben Fayot relative au génocide arménien, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
   - Question N°38 du 3 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative au diplôme d'ingénieur industriel, adressée au Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
   - Question N°39 du 3 mai 2005 de Monsieur Laurent Mosar relative au résultat d'élection présidentielle au Togo, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
   - Question N°40 du 3 mai 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'étude initiée par le Ministère de l'Agriculture concernant le secteur de viande au Luxembourg, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
   - Question N°41 du 2 mai 2005 de Monsieur Claude Adam relative à la circulaire de printemps adressée au personnel enseignant et aux administrations communales, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
   - Question N°42 du 3 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à l'actuel CATP «auxiliaire économe» qui serait transformé en «auxiliaire de vie», adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
4. Question avec débat N°2 de M. Claude Adam relative à la création et au fonctionnement du lycée pilote
5. Interpellation de M. Lucien Clement au sujet de la politique de gestion des crues et des inondations

   (Discussion générale)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre*.- Neen, Här President. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Vize-Premier.

1. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

a) 5468 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 16 février 2005 transposant la directive 2003/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 avril 2003 relative aux prescriptions spécifiques de stabilité applicables aux navires rouliers à passagers

Dépôt: à la demande de Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 29.04.2005;

b) 5469 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 16 novembre 2001 transposant la directive 94/58/CE du Conseil du 22 novembre 1994 concernant le niveau minimal de formation des gens de mer telle que modifiée par la directive 98/35/CE du Conseil du 25 mai 1998

Dépôt: à la demande de Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 29.04.2005.

3) Par lettre du 22 avril 2005 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 7 au 10 mars 2005:

- une résolution sur le commerce d'ovules humains;

- une résolution sur la conférence de révision du traité de non-prolifération prévue pour 2005 et les armes nucléaires en Corée du Nord et en Iran;

- une résolution sur la science et la technologie - orientations pour la politique de soutien à la recherche de l'Union;

- une résolution sur le Bélarus, et

- une résolution sur les délibérations de la Commission des Pétitions au cours de l'année parlementaire 2003-2004.

2. Ordre du jour

An hirer Sitzung vum 28. Abrëll hat d'Chamber fir dës Woch den Ordre du jour ugeholl, deen lech deen Dag duerno zougestallt gouf. Op Ufro vun der Regierung a mam Averständnis vun de Fraktiounschefe gëtt virgeschloen, muer als leschte Punkt de Projet de loi 5432, eng Konventioun iwwert d'Schafung vun enger Agence spatiale européenne, op d'Dagesuerdnung ze setzen. Bei dësem Projet de loi ass eng qualifizéiert Majoritéit nom Artikel 114 vun der Verfassung virgesinn.

Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Haut de Mëtteg hu mer eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Froe virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit a vun der Oppositioun.

Et ass allerdéngs esou, datt opgrond vun de Contraintë vu verschiddene Membere vun der Regierung, well mer jo allerguerte wëssen, datt eis Regierung an der Présidence ass…

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dat ass awer nei!

M. le Président.- Verschidde Ministeren hu Contrainten a kënnen net de ganze Mëtten hei bleiwen, esou datt mer déi Regel vu Majoritéit/Oppositioun e bëssen inverséiert hunn a fir d'éischt déi Froen huelen, déi un den Här Di Bartolomeo an un den Här Lux gestallt ginn.

3. Heure de questions au Gouvernement

Sou, déi éischt Fro ass d'Fro Nummer 33 vum Här Roger Negri un

den Transportminister iwwert d'Extensioun vun der Streck Lëtzebuerg-Gouvy-Léck. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°33 du 3 mai 2005 de Monsieur Roger Negri relative à l'extension du tracé Luxembourg-Gouvy-Liège, adressée au Ministre des Transports

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an den 80er Jore war d'Eisebunnslinn 42 vu Lëtzebuerg op Gouvy, och bekannt ënnert dem Terme Nordstreck, schonn eemol gefährdet. Deemools huet de Lëtzebuerger Stat fir den Erhalt vun dëser fir Lëtzebuerg eminent wichteger Streck d'Elektrifizéierung op der belscher Säit mat Lëtzebuerger Sue bezuelt. De Coût total vun dësem Invest louch bei 24,284 Milliounen Euro, an dovunner huet de Lëtzebuerger Stat 14,370 Milliounen Euro iwwerholl.

Elo, esou vill Joer méi spéit, sti mir nees virun därselwechter Problematik. D'belsch Eisebunn huet wëlles, dës Linn 42 vun enger internationaler Linn zu enger sou genannter Ligne rurale ze degradéieren. Dëst huet zur Konsequenz, dass hei erëm aalt Zuchmaterial fir Voyageuren agesat gëtt, an dass d'Verbindung a Richtung Lëtzebuerg lues a lues ausgeblutt gëtt.

Dës Haltung vun de Belsch ass duebel schued, engersäits natierlech wéinst dem Vernoléissege vun der Streck vu Léck op Lëtzebuerg, mä anerersäits och well elo dës Streck proaktiv opgewäert kéint ginn, wann ab dem Joer 2007 den TGV-Est vu Paräis op Lëtzebuerg fiert. Da kéint d'Nordstreck effektiv eng vill méi wichteg Bedeitung kréien. Dëst well een domadder wierklech eng Interkonnexioun zwëschent dem TGV-Est an dem TGV-Nord kéint hierstellen, esou dass een hei kéint eng Verbindung a Richtung Léck mat deenen haaptdäitschen Achse vu Köln, Hamburg a Berlin an domat fir Lëtzebuerg en Zesummeschloss vum TGV-Est a vum TGV-Nord hierstellen.

An dësem Kontext, Här Minister, wollt ech folgend Froe stellen: Wéi ass dee leschte Stand an dësem Dossier? Hutt Dir schonns mat Ärem belschen Homologue iwwert dës Problematik diskutéiere kënnen?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Den Här Transportminister, den Här Lux, huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fro betrëfft jo effektiv en Dossier, deen hei zu Lëtzebuerg vill a breet diskutéiert ginn ass an och an deene leschte Wochen an Deeg souguer fir eng gewëssen Opreegung gesuergt huet, och aus deem Grond, deen de Kolleeg Negri elo genannt huet, dass och an den Investitiounen de Lëtzebuerger Stat vill investéiert huet an dass och am „memorandum of understanding" vun 1991 eng Rei vu Verflichtunge fir déi zwou Säite virgeholl gi waren, wou ee muss soen, dass se net alleguer bis haut agehale gi sinn. Ech denken un den Artikel 5 zum Beispill, un e prezise Concept d'exploitation. Wann een dovun ausgeet, dass den Zweestonnentakt eleng net duergeet, fir ze soen, dass een domadder e Konzept huet fir d'Zukunft.

Wichteg ass, dass mer am Dezember, wéi déi Gerüchter opkomm sinn iwwer eng eventuell Deklassëierung vum Statut vun der Streck op der belscher Säit, natierlech déi néideg Kontakter opgeholl hunn, engersäits um politesche Plang an anerersäits awer och tëschent deenen zwou Gesellschaften. De belschen Transportminister, dee sech voll hannert d'Décisioune stellt, déi do vun der SNCB musse geholl ginn, an déi SNCB, déi eis elo viru ganz kuerzem, an zwar den 11. Abrëll, ech géing soe Gott sei Dank gutt Nouvellë ginn huet, an deem Sënn, dass se déi Gerüchter dementéiert a kloermécht, dass se net drun denkt fir un der Streck op hirer Säit um Statut eppes ze änneren, an dass och mëttelfristeg keng fundamental Ännerungen un der Streck an un hirer Bedeitung vun der belscher Säit géife geholl ginn.

Dat ass eis also matgedeelt ginn, via CFL. Ech hunn trotzdeem drop gehalen, dass weider déi zwou Gesellschafte solle mateneen diskutéieren, fir ze kucke wéi een awer à moyen terme och méi kéint eraushuelen aus där Streck. Dofir hunn zwou Réuniounen tëschent deenen zwou Gesellschafte stattfonnt, déi u sech och an engem gudde Geescht iwwert d'Bühn gaange sinn, woubäi een allerdéngs muss soen, dass mer op der belscher Säit virun allem Investitioune brauchen.

Dat kascht allerdéngs Geld, an dat wäert op der belscher Säit och zu relativ haarde Verdeelungskämpf an den Investitiounen um belsche Réseau féieren, dat ass ganz evident. An déi Iddien, déi jo vu Gewerkschaftssäit awer och hei an dësem Haus vu politescher Säit vun enger ganzer Rei vu Kolleeginnen a Kolleege schonn an de Raum gestallt gi sinn, nämlech déi international Bedeitung ze kucken, déi dat op eiser Säit huet, well fir eis ass et eng international Streck, während et op der belscher Säit eng Streck vum Service public ass, wat iwwregens eng Fro ass, déi mir eis och eng Kéier op eiser Säit musse stellen, mä ech mengen dat ass da vläicht fir iwwermar.

D'Fro ass also déi, wa mir déi Iddië fir mar iwwert déi Gouvyer Streck eng Ubannung ze kréien un eng grouss international TGV-Streck vu Köln eriwwer op Bréissel, da muss op der belscher Säit munches geschéien. Well ech mengen do fuere mer haut, wann ech dat gutt am Kapp hunn, 60 oder 70 km/Stonn. Dat brauche mer mam TGV net ze probéieren, dat huet kee Sënn.

Dat heescht also, géif ech soen als Äntwert op Är Froen, engersäits also gutt Nouvellen an deem Sënn, dass déi Gerüchter vum Dezember net der Realitéit entspriechen. D'Belsch denkt net drun, d'Bedeitung erofzehuelen. Domadder kann also och den Takt an alles wat drunhänkt weiderlafen.

Zweetens awer mengen ech vun eis d'Bestriewen um Ball ze bleiwen. Dofir hunn ech jo och ugekënegt, dass ech drun denken, fir Ufank 2006 an engem iwwerregionale Raum eng ministeriell Konferenz ze maachen, souwuel mat der belscher wéi der däitscher, wéi der franséischer Säit, fir eng Kéier de Point ze maachen iwwert d'Ubannunge vu Lëtzebuerg un de Réseau ferroviaire mat deenen dräi Länner, fir wierklech politesch ze kucken, wéi mer do weiderfueren.

Well mir hunn och grouss Suerge mat der däitscher Säit wou vill vun den Investitiounen zréckgestallt gi sinn an an Ostdäitschland fléissen, wat ee jo vläicht innenpolitesch an Däitschland ka verstoen, mä eis awer Suerge mécht, dass déi Investitiounen, déi mir op eiser Säit gemaach hunn, net honoréiert ginn, duerch déi gläichbedeitend a parallell Investitiounen op där anerer Säit, an dat géif ech gär mat mengen Homologuen nach eng Kéier zesummen diskutéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann, déi nächst Fro ass déi vum Här Camille Gira «relative à la réduction des participations de l'État à accorder aux communes et syndicats intercommunaux par le biais du fonds pour la protection de l'environnement». Här Gira!

- Question N°34 du 3 mai 2005 de Monsieur Camille Gira relative à la réduction des participations de l'État à accorder aux communes et syndicats intercommunaux par le biais du fonds pour la protection de l'environnement, adressée au Ministre de l'Environnement

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'lescht Woch mengen Aen net getraut, wéi ech op der Gemeng eng Circulaire vum Ministère de l'Intérieur gelies hunn, déi eis matgedeelt huet, dass de Ministère de l'Environnement décidéiert huet, eng substanziell Reduktioun vu senge Bäihëllefe virzehuelen, Bäihëllefe fir d'Gemengen iwwert de Fonds pour la protection de l'environnement eng Kéier am Beräich Naturschutz - iwwert déi wëll ech haut net diskutéieren -, mä déi déi mech haut virun allem interesséiere sinn déi am Beräich Energie spueren a kommunal Projeten am Beräich alternativ Energien.

Ech muss Iech wierklech soen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass dës Décisioun fir mech absolut onverständlech ass an och aus heiterem Himmel op d'Gemengen duerkënnt. Onverständlech, well grad elo eng gewëssen Dynamik an deem Secteur festzestellen ass. Ech kennen eng ganz Rei Gemengen, déi amgaange si sech Gedanken ze maachen, fir zum Beispill am Beräich Biomass Holzhackschnitzelanlagen eventuell ze installéieren.

Onverständlech, well mer awer hei jo wierklech am Beräich virun allem vun der Wäermt sinn, wou mer jo awer wëssen, dass grad an deem Beräich all Tonn CO_2, déi mer do aspueren, mer fir Kyoto guttgehale kréien, wat jo am Beräich Elektresch net de Fall ass.

Onverständlech och, well et total onkohärent mat deem ass wat eng aner Verwaltung vum Ministère de l'Environnement amgaangen ass ze maachen, nämlech eng positiv Werbung dobaussen ze maachen, bei de Gemengen, fir eppes mat hirem Schwachholz ze maachen.

Dofir hunn ech wierklech net verstan wou dat do hierkënnt an dofir wollt ech de Minister froen, firwat lo op eemol aus heiterem Himmel dës Reduktiounen, opgrond vu wéi enge Grënn, an ass eng Evaluatioun virdru gemaach ginn, fir op déi Tauxen ze kommen, déi elo do sinn.

Ech fannen et och bedenklech, wann een am Abrëll réckwierkend op den 1. Januar frësch Tauxë festleet, wann do Gemengen an der Tëschenzäit Projeten eraginn hunn. Ass mam Syvicol a mat de Gemenge geschwat ginn? Wéi ass et mat bestehende Projeten? An ass de Minister sech bewosst, dass mat deenen do Tauxen eng Rei Projeten, déi héchstwahrscheinlech komm wieren, riskéieren ze stierwen?

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Dann huet d'Regierung d'Wuert, nach eng Kéier den Här Ëmweltminister Lux. Här Lux!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, déi Froen, déi de Kolleeg Gira stellt, si jo net esou aus heiterem Himmel komm - och wa se hien esou getraff hunn -, wéi dat elo duergestallt ginn ass, vu dass innerhalb vum Fong déi éischt Sëtzung, déi sech mat dem Sujet vun der mëttelfristeger Finanzéierung vun den Investitiounen am Fong befaasst huet, de 7. Juni d'lescht Joer stattfonnt huet. Duerno huet de Fong nach eng Kéier de 16. November, de 17. Januar dëst Joer an de 14. Mäerz dëst Joer iwwert d'Tauxen an d'Aiden diskutéiert a Beschlëss virgeluecht. Ech géif soen, dass dat véier Grënn huet.

Deen ee Grond ass deen, dass mer eis effektiv musse Gedanke maachen iwwert déi mëttelfristeg Finanzéierung vum Fong insgesamt. Et ass esou: Wann een d'Investitioune besonnesch am Beräich vun den Déchetë kuckt, op déi ech nach zréckkommen, da gesäit een, dass mer e Réajustement vum Rhythmus vun den Dépensen effektiv musse maachen, fir ze kucke fir déi nächst fënnef Joer, well dee jo esou pluriannuel gespeist gëtt, iwwert d'Ronnen ze kommen.

Dat Zweet huet awer mengen ech domadder ze dinn, an dofir ass den heiteren Himmel jo awer net esou evident, dass mat den Tauxen, déi mer och um Niveau vun de Particulieren an de Reglementer gemaach hunn, sech jo och d'Fro gestallt huet, inwieweit dass mer zum Beispill bei der Fotovoltaik och eng Upassung géife virhuelen, parallell zu deem wat mer fir d'Reglementer fir d'Leit gemaach hunn doheem an hiren Investitiounen. Mir hunn dat also och missen um Niveau vun de Gemenge kucken. Ech mengen et géif kee Sënn ginn, wann eenzel Saachen do nach zu 40% - ech menge bei der Fotovoltaik waren et 40% - géife subventionéiert ginn. Duerfir ass also do och eng Adaptatioun gemaach ginn.

Deen drëtte Grond ass méi schwiereg a gëtt souwisou och an deenen nächste Méint a Jore méi komplizéiert. Dat ass dee vum Drock vun der Bréissler Kommissioun. Et ass esou, dass d'Gemenge bei der Bréissler Kommissioun ugesi ginn, wéi Privatentreprisen, an dass mer do elo scho puermol geschriwwe kritt hunn, esouwuel de Ministère de l'Économie wéi mir selwer, dass den Taux maximal op kee Fall däerf iwwer 40% goen. Fir déi 40% ginn awer souwuel d'Infrastrukturaidë wéi och d'Aspeisprime iwwert de Fonds de compensation gerechent. Sou dass mir esouguer fäerten, dass mat deenen Aiden, déi mer elo erofgesat hunn, wann do d'Aspeisprime iwwert de Fonds de compensation dobäikënnt, mer nach iwwer 40% Aide wäerte leien, vu dass eng Rei vun Aiden hei an eisem Fong bei 33% leien. Da si mer net ganz wäit ewech a mir fäerten, dass also elo schonn eleng d'Aspeisprime géing duergoen, fir iwwer 40% ze kommen, wou mer da géint de Code des aides vu Bréissel géinge verstoussen.

Wéi gesot, déi sinn also amgaangen eis do mat Argusaugen ze beobachten, fir dat wat mer op deem Gebitt maachen. Mä besonnesch déi Definitioun ze soen, Gemenge si gläichbedeitend mat privaten Entreprisen, dat muss een net gutt fannen. Ech mengen dozou hunn ech och meng Meenung, mä ech mengen et ass awer dat wat am Code des aides vu Bréissel festgehale ginn ass.

A véiertens, schlussendlech mengen ech brauche mer an engem gewësse Moment, an do géif ech gären op Iech zréckkommen, eng gewëssen Otempaus, well ech mer dach awer gären Zäit huele fir mol eng Kéier generell a prinzipiell ze kucken, wou d'Suen aus dem Fong iwwerhaapt higinn. Wann ech Iech soen, aus dem Fonds de protection de l'environnement, 50% vun den Ausgabe vun deem Fong ginn am Moment an d'Superdreckskëscht. Dat halen ech fir net normal, wann dann nach déi aner puer Deponien dobäikommen, da si mer op 65% vun de gesamten Ausgabe vum Fonds de protection de l'environnement, déi ginn eleng an de Beräich vun den Décheten.

An do, mengen ech, wär et noutwendeg an deen Exercice géife mer gäre bis zum Enn vum Joer maachen, fir wierklech ze kucken, ob de Fong net muss réajustéiert ginn, generell a sengen Dépensen. Ech mengen et ass net normal, dass 65% eleng an déi Richtung ginn. Dofir géif ech och gären eng Kéier prinzipiell kucken an dat och gären an der Kommissioun eng Kéier mat diskutéieren, an dofir hunn ech meng Leit och beoptraagt fir mol eng Kéier generell an deene leschte Joren ze kucken, wéi d'Entwécklunge sinn, well do ee Réajustement absolut noutwendeg wier.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Pardon.

M. le Président.- Voilà. Als nächst Fro hu mer d'Fro vum honorabelen Här Schank iwwert d'«réduction des émissions de polluants atmosphériques» un den Här Ëmweltminister.

- Question N°35 du 3 mai 2005 de Monsieur Marco Schank relative à la réduction des émissions de polluants atmosphériques, adressée au Ministre de l'Environnement

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, den 3. Februar d'lescht Joer huet den deemolege Statssekretär fir Ëmwelt e Programme national presentéiert, ee Programme national fir d'progressiv Reduktioun vun Emissiounen am Kontext mat de Polluants atmosphériques: Verkéier, industriell Anlagen, Stéit an esou weider, virun allem - Dir kennt se - Stéckoxiden, Schwefeldioxid, Ammoniak an déi sou genannt Composés organiques volatils, déi sou genannt COVen.

Dat sinn déi Substanzen, déi virun allem allem schold sinn un der Entstoung vum Ozon. An duerch d'Ëmsetzung deemools vun der Direktiv huet de Ministère sech engagéiert, fir all Joer ee Programm ze presentéieren, ebe fir déi progressiv Reduktioun vun deene Polluants atmosphériques.

Wat geschitt um Enn? D'Stéckoxide gi weider an d'Luucht. Mir hunn de Problem mat deem sou genannte Feinstaub vu virun allem Dieselmotoren, déi awer net nëmme schold sinn. Da wäerte mer deemnächst och erëm ee Problem mam Ozon kréien, wann de Summer méi no bäikënnt.

Meng Fro elo: Wat mécht d'Regierung am Kontext vun deem, wat ech elo gesot hunn? Wéi eng Prioritéiten, wéi eng Aktiounsfelder sinn do geplangt? An drëttens virun allem och: Gëtt konkret doru geduecht fir de Partikelfilter ze bezouschossen, respektiv och fir vläicht fiskal virzegoe fir déi Autoen, déi e Partikelfilter hunn, ze begënschtegen?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet dann nach eng zweete Kéier den Här Ëmweltminister.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, ech mengen et kéint een elo laang aushuele fir déi Froen ze beäntwerten, well do jo munches domadder verbonnen ass.

Engersäits géif ech generell soen, par rapport zu deenen Diskussioune vun deene leschte Wochen, dass dat en Dossier ass, wou ee gläichzäiteg muss Rou an Determinatioun behalen, e ganz eescht huelen, ouni awer mengen ech alles, wat an anere Länner disku-

téiert gëtt, direkt ze importéieren an dovun auszegoen, dass d'Situatioune gläichzäiteg och zu Lëtzebuerg esou dramatesch sinn.

Ech huelen de Feinstaub. Mir hu Vergläicher gemaach tëschent däitsche Stied, franséische Stied a Lëtzebuerger Stied, ech mengen dat kann een lech eng Kéier zoukomme loossen. Do gesäit een awer, wat fir een Ënnerscheed een an der Gravitéit huet. Mä ech mengen och dat wat do gesot ginn ass, ass esou, dass eenzel Miessplazen, wat jo ee vun den Awänn war, effektiv an der Direktiv prezis esou virgeluecht sinn. Dat heescht, d'Direktiv seet ganz prezis, dass net all Miessplaze sollten um Boulevard Royal sinn,…

(Interruptions)

…mä dass ee soll versichen e variéiert Ugebot vu Miessinstrumenter a -plazen ze maachen.

Ech mengen och, Här Schank, dass déi Zuelen, déi mir hunn, jo weisen, an Dir hutt et gesot, dass mir virun allem bei de Stéckoxiden e Problem hunn. Déi lescht Zuelen, déi mir de Mueren nach eng Kéier gekuckt hunn, soen, dass mir bei 17.482 Tonne Stéckoxide leie bei der leschter Miessung. Mir musse bis 2010 11.000 Tonnen erreecht hunn.

Eis geet et op anere Gebitter, bei de Schwiefeldioxiden, loosse mir soen, besser, an deem Mooss, wou déi lescht Zuelen do 2.401 Tonnen zu Lëtzebuerg weisen. Mir hunn en Zil ze erreeche vu 4.000. Dat heescht also, do si mir scho wäit ënnert deem Zil, wat 2010 ze erreechen ass.

Datselwecht ass och beim Ammoniak de Fall, wou 7.000 Tonnen de Riichtwäert sinn, a mir bei der leschter Zuel, wann Dir lech déi wëllt opschreiwen, bei 5.376 Tonne leien, tendenziell no ënnen, sou dass mir also do, wat d'Wäerter ubelaangt, gutt leien.

Ech mengen, dat ass keng Ausso iwwert d'Qualitéit, déi een da mécht, wann een dee gesamten Tonnage vun engem Land hëlt, well nëmmen den Intérêt ass op enger preziser Plaz ze kucke wat d'Situatioun ass.

Dir hutt geschwat vun deem Plan de réduction, dee virgestallt ginn ass. Deen huet sech virun allem bezunn op Anlage vun der Privatindustrie, wou d'Diskussioune mat enger Glasfabrik amgaange si gefouert ze ginn, fir hei eng Ëmrëschtung op Katalysatoren ze kréien, well dat eng vun de grousse Geforequelle war.

Dann ass natierlech d'Fro och, fir ze kucke wéi mir et am Beräich vum Transport maachen. Mir hu wëlles mat den Opérateuren zum Beispill am Transportberäich iwwer Ëmrëschtung vu Bussen ze diskutéieren.

D'Fro, déi sech stellt, dat ass bei dem renge Stëbs, wéi PM10, wou iwwregens d'Wäerter vu Bréissel à partir vun 2010 sollen d'selwecht bleiwen, sou dass also do keng Augmentatioun vun de Wäerter geplangt ass an deene Verhandlungen, déi bis elo stattfonnt hunn. Do stellt sech dann natierlech d'Fro, ob een an e Förderregime erageet.

Ech géing soen, dass déi Diskussioun am Rahme vun de Budgetsvirbereedunge fir 2006 um Niveau vun der Regierung ze féieren ass, géif mech awer éischter dofir ausschwätzen, fir eng al Diskussioun erëm opzehuelen an ze kucken inwieweit dass mir um Niveau vun der Fiscalitéit eppes maache wéi um Niveau vun der direkter Förderung. Ech géif dat ee gudde Moment fannen, fir dat elo ze maachen, mä ech mengen, dofir mussen déi eenzel Ministèren, déi hei betraff sinn, sech concertéiere fir dat fir de Budget 2006 ze diskutéieren an lech Propositiounen an deem Sënn ze maachen. Ech selwer wier op jiddfer Fall op, fir an déi Richtung ze diskutéieren.

Datselwecht ass dann och d'Fro, wat de Stëbs ubelaangt. Hei ass et esou, dass mir jo 35-mol d'Joer Eenzelwäerter kënnen iwwersteigen. Do si mir wäit dovunner ewech, a wéi gesot gëtt net zu Bréissel doru geduecht, fir 2010 méi streng Wäerter ze maache wéi déi, déi mir haut hunn.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mir un déi nächst Fro, déi vum honorabelen Här Braz iwwert d'Belaaschtung vun de Gäert duerch d'Industrieofgasen am Süde vum Land an dat Ganzt un den Här Gesondheetsminister. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°36 du 3 mai 2005 de Monsieur Félix Braz relative aux dépassements réguliers des teneurs maxima en métaux lourds et dioxines dans les légumes-feuilles cultivés dans les jardins exposés aux émissions de l'industrie sidérurgique (Differdange, Esch-sur-Alzette, Schifflange), adressée au Ministre de la Santé

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eng Fro op den Ordre du jour gestallt, déi ganz wichteg ass fir eng Partie Gemengen am Süden, notamment Déifferdeng, Schëffleng an Esch, an zwar geet et ëm d'Situatioun ronderëm d'Stolwierker, wat d'Loftqualitéit an d'Kulturen aus de Gäert betrëfft.

Zënter der Abetribnahm vun den Elektrostolwierker Mëtt der 90er Joren an dee Monitoring, deen dobäi gehéiert, beispillsweis iwwert de Bergerhof-Réseau, hu mir iwwert d'Joren eng Situatioun, déi ni stabel ginn ass. Et ass ëmmer nees op an of gaange mat der Qualitéit vum Geméis, haaptsächlech am Bezuch op Schwéiermetaller, awer och op Emissioune vun Dioxinnen a Furanen, a mir hu regelméisseg, notamment oder haaptsächlech am Wantergeméis, dat Geméis, wat also méi laang dobaussen ass, wat méi laang brauch fir ze wuessen, Dépassementer festgestallt, déi dozou gefouert hunn, dass d'Geméis schlussendlech fir net consommabel huet missen erklärt ginn.

Dat ass eng Situatioun, déi net tolerabel ass, d'autant plus wou d'Resultat vun der Analys ganz oft eréischt zu engem Zäitpunkt public gemaach ginn ass, wou d'Geméis scho giess wor.

An de vergaangene Joren ass oft op dee Problem do opmierksam gemaach ginn, a mir sinn och dofir - mengen ech - alleguerten d'accord fir ze soen, dass déi nei Regierung richteg reagéiert huet, wéi si eng Recommandatioun erausginn huet, déi seet, en attendant dass mir Stabilitéit an deene Saachen hunn, gëtt prophylaktesch recommandéiert kee Geméis an enger bestëmmtener Unzuel vu Gäert ronderëm déi Stolwierker unzeplanzen.

Dat ass wuel eng richteg Décisioun, et ass awer eleng nach keng Léisung. D'Fro ass elo gestallt, wéi et weidergeet. Mir mengen, dass et ganz wichteg ass, dass an dëser Matière hei ganz vill d'Öffentlechkeet informéiert gëtt. D'Leit wëlle méi wëssen, si maache sech Suergen, och wa si elo eng Recommandatioun kritt hunn, déi endlech emol verständlech a kloer war. D'Leit wëllen awer gäre wëssen, wéi et dann elo weidergeet, fir de wierklechen Ursaache vum Problem op de Grond ze kommen.

D'Arcelor seet, si wären net eleng responsabel, vläicht guer net responsabel, a verweisen do op bestëmmten Zuelen. Ëmgedréint muss een awer och soen, dass et nëmmen do, wou et Elektrostolwierker gëtt, och dee Problem do gëtt, wat awer misst erlaben eng Relatioun hierzestellen, déi net esou diskutabel ass.

Dofir wëll ech just un den Här Gesondheetsminister e puer Froe stellen, a bewosst och un de Gesondheetsminister, well mir an der Vergaangenheet deem säin Input an dësem Dossier vermësst hunn…

(Interruption)

Jo, ech stellen d'Fro direkt, da kommen ech zum Schluss, Här President. Entschëllegt, ech hunn net op d'Auer gekuckt. Ech maachen et ganz séier, Här President.

Dofir dräi Froen un de Gesondheetsminister: Wéi geet et weider an deem heiten Dossier? Wéi geet et weider notamment mat de Gespréicher mat der Arcelor? Gëschter Owend ware jo esou Gespréicher. Wéi wëll an Zukunft d'Santé hire Rôle an dësem Dossier definéieren? Ee Rôle, deen an der Vergaangenheet ënnert der viregter Regierung mangelhaft war.

Ech soen lech Merci an och Merci fir déi 30 Sekonne weider.

Une voix.- Et gëtt eng Sandauer dohinner gestallt.

M. le Président.- Här Gesondheetsminister, Dir hutt d'Wuert. Ech wäert och tolerant mat lech sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Bonjour, Här President. Merci fir d'Fro. Ech wëll hei soen, dass mer an deene leschte Wochen a Méint ganz vill d'Käpp zesummegestreckt hunn, a jiddfereen, mengen ech, souwäit ewéi dat bis elo méiglech war, seng Responsabilitéit iwwerholl huet.

Den Här Braz huet d'Problematik definéiert. Si ass net nei, si kënnt ëmmer erëm, an eng Solution miracle ass et bis elo net ginn. Vun der Biergerinitiativ vu Schëffleng zesumme mam Mouvement écologique Südregioun ass d'Initiativ ausgaang, fir déi zwee Ministèren anzeschalten, begleet vun de betraffene Gemengen - Schëffleng, Esch, an Déifferdeng hu sech deem Ganzen ugeschloss.

Mir si mat de Gemengen zesummekomm a mir hunn eis eens gesat iwwer eng Démarche, déi souwuel den Environnement wéi och mäi Ministère droen. De Lucien Lux war bei deenen Diskussiounen ëmmer mat senge Servicer dobäi, gradewéi ech selwer och mat eise Servicer dobäi war. Déi eenzel Ministèren hu gesot, ech sinn zoustänneg fir dat hei, ech sinn zoustänneg fir dat do. Mir hunn op Grond vun deenen Ofmaachungen, déi mir mat de Gemengen haten, déi mir mat deene betraffene Leit haten, d'Arcelor ugeschriwwen.

Mir hunn an der Zwëschenzäit eng éischt Réunioun um techneschen Niveau gehat, wou d'Arcelor bereet war konstruktiv matzeschaffen a sech net enger neutraler Expertise verschléisst, well jo Interpretatiounsdivergenzen do sinn, awéifern d'Arcelor selwer duerch d'Elektrostolwierker aleng betraff ass beziehungsweis aner Sourcen do sinn. Dat kann een iwwer neutral Expertisë feststellen a mir wäerten dat och maachen.

Um Ministeschniveau wäerten de Lucien Lux an ech uganks Juni, de 6. Juni, mat der Arcelor zesummentreffen. Mir wäerte jiddferfalls och dauernd déi betraffe Gemengen um Courant halen, a mir wäerten eng no där aner Moossnam, op déi mir eis gëeenegt hunn, an d'Praxis ëmsetzen; ob dat elo zousätzlech Miessunge sinn, ob dat Miessunge sinn zum Beispill vun Hingereeër, wou ee sech och net honnertprozenteg eens ass iwwert d'Verlässlechkeet vun deenen Donnéeën, oder aner Initiativen, déi nach solle kommen.

Ech wëll awer ënnersträichen, fir dass keng falsch Meenung opkënnt, dass d'Problematik ganz staark limitéiert ass ronderëm d'Sitë vun deenen Elektrostolwierker, well wéi wär et soss ze erklären, dass mir op e puer Honnert Meter Loftlinn vun deem enge Stolwierk festgestallt hunn, dass d'Loft esou reng ass, dass mir eng Ëmweltklinik kënnen installéieren? Et ass also ganz kloer esou, dass et limitéiert ass.

Ech mengen, et ass och wichteg gewiescht, dass dofir d'Gemenge mat deenen zoustännege Ministèren zesummegeschafft hunn an zum Beispill zu Déifferdeng och eng Informatiounsversammlung war a beispillsweis zu Esch an zu Schëffleng all eenzelne Stot ugeschriwwe ginn ass.

D'Fro, awéifern dass et gesondheetsschiedlech ass, kann een net mat allerleschter Sécherheet beäntwerten, mä wat awer sécher richteg ass, dat ass, dass mir dat gemaach hunn, wat mir ze maachen hunn. Léiwer eng net ganz populär Moossnam huelen, an de Leit soen: Loosst d'Fanger vum Blatgeméis ewech, besonnesch wann ee weess dat d'Analysen eréischt da kommen, wann dat meescht Geméis scho giess ass, wéi de Risiko fir d'Gesondheet a Kaf ze huelen.

Ech mengen, ech kann dofir de Gemengen nëmme Merci soen, dass si eis Décisiounen esou responsabel begleet hunn. Mir kënnen hinne versécheren, dass déi zwee Ministèrë Partneren an deem doten Dossier bleiwen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Et war très bien.

M. le Président.- Merci, Här Di Bartolomeo. Nächst…

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Här President!

M. le Président.- Madame Stein?

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Här President, däerf ech just eppes ergänzen? Den Här Braz huet vun Esch, vun Déifferdeng a vu Schëffleng geschwat, mä en huet vergiess ze soen, datt Esch Schëffleng ganz laang eleng am Ree stoe gelooss huet. Schëffleng huet ganz laang eleng geschafft! Mir hunn Analysen op eege Fauscht gemaach, déi eis vill Geld kascht hunn.

(Interruption)

D'Ministeren an d'Vertrieder vum Environnement a vun der Santé waren des Öfteren zu Schëffleng am Schäfferot.

M. le Président.- Jo, Madame Stein, Dir musst lech…

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Ech wollt dat just soen!

(Brouhaha général)

Elo ass op eemol…

M. le Président.- Et ass an der Rei. Mir huelen Akt dovunner a kommen…

(Brouhaha général)

Une voix.- Et huet awer misse gesot ginn, dat hei.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här President, och Schëffleng ass virdrun nach vum Ministère de la Santé ënnerstëtzt ginn.

(Interruptions diverses)

Mme Nelly Stein *(CSV).*- Genau dat hunn ech jo gesot! Den Här Minister huet et gesot.

M. le Président.- Mir huelen och Akt vum Här Wagner senger Deklaratioun a kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Fro vum honorabelen Här Fayot un den Aussen- an Immigratiounsminister betreffend de Génocide arménien. Här Fayot!

- Question N°37 du 29 avril 2005 de Monsieur Ben Fayot relative au génocide arménien, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, zwëschent 1915 an 1922 sinn am deemolegen Ottomanesche Räich eppes 1,5 Milliounen Armenier aus hire Stied an Dierfer deportéiert ginn an och exterminéiert ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass keen Zweifel no all deene geschichtlechen Aarbechten an och opgrond vun der UNO-Konventioun vun 1951 iwwert d'Preventioun vun de Crimes de génocide, dass et sech dobäi ëm e Génocide gehandelt huet.

Ech wëll ënnersträichen, dass d'Tierkei als Nofolgerepublik vum Ottomanesche Räich keng direkt geschichtlech Responsabilitéit dorunner huet. Si huet awer ëmmer och refuséiert fir déi Faiten als Génocide un der armenescher Bevölkerung unzeerkennen. Déi Unerkennung wär natierlech och am Intérêt vun der geschichtlecher Wourecht, besonnesch an engem Abléck wou d'Tierkei jo ganz enk un d'Europäesch Unioun erukënnt. Duerfir wollt ech un den Här Ausseminister zwou Froe stellen, déi eng a senger Qualitéit als President vum Conseil, déi aner als Lëtzebuerger Ausseminister.

Als President vum Conseil wollt ech e froen, ob Gespréicher an där Hinsicht mat der Tierkei gefouert gi sinn, wéi d'Haltung vun der Tierkei an deene Gespréicher, och am Conseil Association zwëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei sinn, an ob eventuell do eppes bougéiert. An da wollt ech en och als Lëtzebuerger Ausseminister froen, wéi d'Lëtzebuerger Regierung sech deem Problem vun der Unerkennung vum Génocide arménien vis-à-vis stellt.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet den Aussen- an Immigratiounsminister Jean Asselborn. Här Asselborn!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Fall, deen den Här Fayot elo kuerz skizzéiert huet, Armenien-Türkei, ass a mengen Aen e Fall wou d'Geschicht laanschtgaangen ass ouni dass se opgeschafft ginn ass.

D'Türkei huet zwar Armenien unerkannt als Land, mä ni diplomatesch Bezéiungen opgebaut. 1915-1916 bis an déi 20er Jore kenne mer d'Evénementer, déi sech tëscht dem Osmanesche Räich an den Armenier zougedroen hunn. D'Zuel vun den Affer variéiert - tëscht 300.000 an 1,5 Milliounen. Se läit héchstwahrscheinlech vill méi no bei enger Millioun wéi drënner…

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Armenier also, déi hiert Liewe gelooss hunn duerch Exekutiounen, duerch Guerilla, duerch Deportatioun, zum Deel jo bis a Syrien.

Derbäi kënnt nach an deene Relatiounen elo de Konflikt tëscht den Türken an den Armenier wat Nagorny-Karabach ugeet, wou jo Aserbaidschan mat implizéiert ass. D'Türkei huet aus historesche Grënn, aus sproochleche Grënn, aus kulturelle Grënn sech op d'Säit

vun den Azérië geschloen. D'Grenzen tëscht deenen zwee Länner sinn zënter 1993 zou.

Et ass och en Embargo vun den Türke vis-à-vis vun den Armenier ausgesprach ginn, deen awer deels iwwer Georgien opgehuewe gëtt. Allerdéngs muss ee soen, wat liicht positiv ass, tëscht Istanbul an Eriwan an och elo an Zukunft tëscht Antalya an Eriwan gi Flugverbindungen opgebaut.

Nun, mir hunn also engersäits déi Tragédie, die onmoosseg mënschlech Tragédie, anersäits och déi Relatiounen, déi absolut inexistent a ganz, ganz schlecht sinn tëscht Armenien vun haut an der Türkei vun haut. Mir haten - an den Här Fayot huet et gesot - en Associatiounsconseil mat der Türkei de 26. Abrëll. Deen Dag virdrun hate mer d'Ausseministeren hei zu Lëtzebuerg zesummen an engem CAGRE, Conseil Affaires générales, an am Numm vun deene 25 Ausseministeren hunn ech den Abdullah Gül, dat ass den Ausseminister vun der Türkei, ugeschwat op dat wat geschitt ass tëscht der Türkei an den Armenier.

Ech hunn him am Numm vun der Europäescher Unioun gesot, dass d'Geschicht muss opgeschafft ginn. Mir hei an Europa hunn dat gemaach nom Krich. Ech hunn him och am Numm vun der Présidence gesot, dass mer de Premierminister Erdoğan an d'ganz Regierung ënnerstëtzen, fir dass déi Historiker-Kommissioun tëscht den Türken an den Armenier un d'Schaffe kënnt. De President Kotscharian vun Armenien ass net ofgeneigt.

Am Numm vun der Présidence musse mer d'Türkei inspiréieren an encouragéieren, d'Réconciliatioun net ze verdrängen, d'Geschicht och net ze verdrängen. Dat wat d'Evénementer ware vun 1915-1916, wéi Dir richteg gesot hutt, huet sech am Osmanesche Räich zougedroen. Mir sinn also do op enger Pist wou mer, mengen ech, och an der Perspektiv vum 3. Oktober vun der Türkei nach musse Fortschrëtt erwaarden, an als Lëtzebuerger Regierung soll een ni d'Geschicht an d'Tatsaachen ignoréieren.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur nächster Fro, déi déi den Här Claude Meisch geriicht huet un den Här Minister vun der Kultur, dem Enseignement supérieur an der Recherche iwwert den Diplom vum Ingénieur industriel.

(Interruption)

Une voix.- Schhhhh!

- Question N°38 du 3 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative au diplôme d'ingénieur industriel, adressée au Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Claude Meisch *(DP)*.- Merci, Här President. Effektiv ech wollt eng Fro stelle wat den Diplom vum Ingénieur industriel ubelaangt a wat virgesinn ass, an Zukunft op der Uni Lëtzebuerg mat där doter Formatioun ze maachen. Et gëtt mer gesot, datt déi dote Formatioun net méi sollt ugebuede ginn. Déi vum Ingénieur industriel sollt ersat ginn duerch eng Formatioun, déi éischter un e BTS géing erënneren.

Dat gëtt engem ze denken, well ee weess, datt momentan ganz, ganz vill Ingénieur-industrielë gesicht ginn, souwuel um private Marché fir d'Privatbetriber wéi awer och fir Administratiounen, notamment och fir Gemengen. Datt an der leschter Zäit, an de leschte Joren d'Aufgabegebitt fir den Ingénieur industriel konstant erweidert ginn ass, zum Beispill duerch d'Aféierung vun engem Coordinateur de sécurité.

Et ass och esou, datt et am Ausland - bis ewell op jidde Fall - grosso modo esou ass an eisen direkten Nopeschlänner, datt d'Formatioun vum Ingénieur industriel soll oprechterhale ginn, an et kann ee sech froen, wa mer elo higinn an déi Formatioun hei am Land op der Uni Lëtzebuerg net méi ubidden, ob dann net herno ganz vill Leit mat där doter Formatioun aus dem noe Grenzgebitt géinge recrutéiert ginn, well et jo effektiv esou ass, datt se um Aarbechtsmaart gefrot ginn. Ech wollt duerfir den Héichschoul- a Fuerschungsminister froen, ob dat esou ass, a wa jo, firwat.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den Här Minister zoustänneg fir d'Héichschoulwiesen, den Här François Biltgen, huet d'Wuert. Här Biltgen!

M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Merci, Här President. Ech soen dem Här Meisch Merci dass e mer erlaabt, nach eng Kéier am Laf vun dëser Äntwert op de Problem vum Bologna-Prozess anzegoen, well ech mengen, dass d'Onverständnis vum Bologna-Prozess och à l'origine ass vun der Fro, déi e mer hei stellt.

Fir d'éischt e puer Virausschéckungen. Éischtens, d'Uni ass autonom fir Coursen unzebidden. Et ass de Conseil de gouvernance, deen op Propositioun vun de Fakultéite respektiv „gestreamlined" duerch de Rektorat Décisiounen hëlt.

Zweetens, dat wat an dësem Fall geschitt, mä ech ginn nach eng Kéier am Detail drop an, dat ass konform zu deem Gesetz wat mer och hei - ganz vill vun Iech waren derbäi - gestëmmt hunn, 2003.

Drëttens, wat extrem wichteg ass, hei handelt et sech ëm en „bachelor" professionnel, dat heescht ëm - an ech kommen nach eng Kéier op den Terme „bachelor" zréck, fir deen nach eng Kéier ze erklären - en Diplom, en Unisdiplom, deen haaptsächlech op de Beruff axéiert ass. An do hält den Héichschoulminister et mat folgender Erkenntnis, dass e „bachelor" professionnel soll och op d'Besoinen notamment vum Secteur privé ausgeriicht sinn. Esou dass dat, wat hei d'Uni décidéiert huet, op wat ech elo nach eng Kéier aginn, och op Wonsch ass vum Secteur privé, déi esou Leit brauchen.

Dann nach als lescht, d'Virbemierkung iwwert de Bologna-Prozess: De Bologna-Prozess baséiert op dräi verschidden Unisdiplomer. Bachelor, dräi Joer am Prinzip, awer mir schwätzen net méi vu Joren, mir schwätze vu Kreditten, 180 Kreditten, woubäi an der Regel an engem Joer 60 Kreditte kënne verdéngt ginn. Dann de Master, 300 Kreditten, wat am Prinzip fënnef Joer sinn. An dann den Doktorat, wat dann am Prinzip aacht Joer sinn.

Woufir ass dee Bologna-Prozess esou wichteg? Mir hunn eng grouss Konferenz zu Bergen, déi ech copresidéieren, mat der norwegescher Ministesch. Et ass ganz einfach. De Bologna-Prozess ass wichteg, fir dass mer an Europa en Universitéitsraum kréien, wou d'Diplomer, d'Studien esou mateneen interchangeabel sinn, dass mer Mobilitéit kréien, dass mer Unerkennung kréie vun deene Studien.

Dat ass natierlech eng Rupture mat eisem ale klassesche System, dee ganz staark op de franséische System ausgeriicht war, wou mer Bac+4 als Endding aller Möglichkeiten haten. Mir mussen, an dat wäert och eng Kéier den Här Wiseler am Statut ëmsetzen, dee klassesche Bac+4-System, dee fir eis elo wierklech iewescht Raison ass, ersetzen duerch dee Bologna-Prozess.

Wat d'Uni décidéiert huet, ass Folgendes: Dass den Ingénieur industriel ersat gëtt duerch en „bachelor" professionnel, dat vun der Rentrée 2005 un, also elo am Hierscht, deen och 180 Kreditten huet. Dat heescht, fir déi Leit, déi elo en cours sinn, gëtt deen ale Regime weidergefouert. Fir déi nei Leit gëtt den neie Regime agefouert.

Dobäi kënnt - an dat geet op eng Motioun zréck, déi och an dëser Chamber ugeholl gouf am Kader vun den Debatte vun der Uni -, dass déi Leit, déi dann de Bachelor hunn, kënne während engem weidere Joer Studie maachen, fir den Droit d'établissement ze kréien. Dat heescht, mir maachen hei en neie Bachelor, deen…

(Interruptions)

Also ech schwätzen dat Escher aus, an op Escher gëtt dat e Bachelor.

(Interruption)

Jo, mä hien ass en engleschen Escher.

(Interruption)

En hält zwar nach ëmmer zur Jeunesse, mä soss ass et gutt.

Gutt, also, den Diplom, dat ass also e Bachelor - wann dat lech berouegt -, wou een awer kann nach e Joer hannendrun hänken, fir da sech och kënne fräi nidderzeloossen. An ech mengen dat ass extrem wichteg. Dat geet och op eng Motioun vun der Chamber zréck, dass déi dote Leit kënnen e Betrib grënnen. Dat sinn also Leit, déi Unistudie gemaach hunn an déi awer kënnen och hiren eegene Betrib grënnen, wat bis elo net de Fall war.

An deem Sënn si mer och absolut am Aklang mam Artikel 6, Paragraph 6 vum Gesetz vun 2003, dee just déi dote Méiglechkeet virgesäit.

An dann ass et och ganz kloer, Här Meisch, dass mer hei e Bachelor maachen a kee BTS. Dat heescht, mir maachen hei en Unisdiplom an net en Héichschouldiplom. Et ass e groussen Ënnerscheed zwësche BTS an Unisdiplom, an et ass och net geduecht, dass mer géifen e BTS als Konkurrenz zu deem doten Unisdiplom aféieren, esou dass déi Gefor net besteet.

Da mengen ech och, dass mer hei net géint belsch an hollännesch Précédantë verstoussen. Mir maachen ebe just den Ënnerscheed hei tëschent den…

M. le Président.- Här Minister, Dir misst elo zum Schluss kommen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Jo.

…technesche Studien engersäits an eben de Studien, fir sech kënnen nidderzeloossen am fräie Commerce, an ech mengen, dass dat net nëmmen eppes ass, wat d'Chamber gefrot huet, mä wat och ganz gutt ass, fir eben déi dote Leit ze revaloriséieren. Ech halen op.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Fro vum Här Laurent Mosar iwwert d'Presidentewahlen am Togo. Här Mosar!

- Question N°39 du 3 mai 2005 de Monsieur Laurent Mosar relative au résultat d'élection présidentielle au Togo, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun enger décker Woch ware Presidentewahlen an der Republik Togo, wou den Här Gnassingbé, de Fils vum laangjährege Generalpresident Eyadéma, déi Wahle gewonnen huet mat iwwer 60%. Duerno ass awer déi Victoire net unerkannt gi vun der Oppositioun, déi e groussen Deel och vun der Populatioun op d'Stroosse geholl huet. Am Moment ass eng grouss Onrou an deem Land. Et si schonn e puer Honnert Doudeger ze bekloen an et gesäit och duerno aus, wéi wann net ausgeschloss wär, datt et eventuell do zu engem Biergerkrich géif kommen.

An de leschten Deeg ass ëmmer erëm méi gefrot ginn no enger Mediatioun vun der Europäescher Unioun, déi eventuell do kënnt um Terrain intervenéieren. Duerfir wollt ech eigentlech haut de Mëtte vum Ausseminister wëssen, wat d'Positioun vun der Europäescher Unioun an där konfliktueller Situatioun am Togo ass. Ob och do envisagéiert ass, eng Mediatioun ze maachen.

An da wollt ech awer och nach an deem Kontext drop hiweisen, datt an de franséische Medien behaapt ginn ass, et wär eng Positioun vun der Europäescher Unioun do gewiescht. Déi wär awer zréckgehale ginn, op Drock vun der franséischer Regierung. Och do wär ech frou, wann den Här Ausseminister eis géif soen, ob déi Informatioun richteg ass oder net.

M. le Président.- Den Här Ausseminister huet d'Wuert. Här Ausseminister. Da kommt!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President, léif Kolleegen a Kolleginnen, am Togo ass et e President ginn, Eyadéma, deen 38 Joer do un der Muecht war, ënnert dem Protektorat virun allem och vu Frankräich. An de Mann ass gestuerwen, de 5. Februar, zimlech onverhofft. Dir wësst jo, dass de Fils vun deem President sech dunn direkt déclaréiert huet, dass d'Constitutioun him et géif erlabe fir als President do ze fungéieren.

Nun, do huet d'CDAO, dat ass déi Organisatioun vu Westafrika, eng ganz wichteg Roll gespillt. Si huet net unerkannt wat nom Doud vum President geschitt ass. Dat war eng wichteg an eng richteg Roll, déi vun den Afrikaner selwer gespillt ginn ass.

De 24. ass et dunn zu Wahle komm an deem Land. Zwee Kandidaten, Dir kennt se, de Gnassingbé engersäits, an dann den Akitani déi aner Säit, d'Oppositioun. D'CDAO, wéi d'Wahle waren, haten 150 Observateure sur place. Allerdéngs waren déi nëmmen een eenzegen Dag do. Se ware just den Dag vun de Wahlen do. Se waren och net dobäi, wéi d'Bulletinen dépouilléiert gi sinn.

D'Wahle selwer waren nach roueg. Sonndes mëttes huet dunn d'Oppositioun d'Computere beschlagnahmt kritt an d'Situatioun ass ëmmer méi explosiv ginn. A wat do remarquabel ass, dat ass dass d'CDAO a Frankräich - ech betounen, d'CDAO a Frankräich - direkt gesot huet, dass déi Wahlen ofgelaf sinn, de façon satisfaisante.

Bon, d'Europäesch Unioun - Här Mosar, fir Iech ze berouegen -, d'UNO an anerer waren do vill méi zréckhalend a se hunn en Appel gemaach, fir dass erëm soll Rou antrieden.

Dënschdes dunn no de Wahlen ass d'Resultat bekannt ginn, Dir hutt et gesot, 60% fir deen een, 38% fir deen aneren.

Déi Violencen zu Lomé, mengen Informatiounen no, oder vun eisen Déngschter: Et si keng honnerten Doudeger. Bis elo wieren also 22 Leit gemuert ginn an honnert Blessëierter. Et sinn awer allerdéngs och scho 16.000 Réfugiéen. Virun allem am Ghana an am Bénin.

Déi Däitsch hunn, fir Iech dat och ze situéieren, ongeféier 270 Leit an deem Land wunnen, während d'Fransousen der 3.300 do wunnen hunn. D'Goethe-Institut ass e Freideg geplëmmt an zerstéiert ginn. Haut ass e wichtegen Dag an där Saach hei.

Haut soll d'Cour constitutionnelle - si hunn eng Cour constitutionnelle am Togo - Stellung bezéien. Dat kënnt ganz wichteg sinn.

Bon, d'Positioun vun der Présidence: D'Présidence, dat ass jo eppes wat net am Vakuum fonctionnéiert. Mir hunn eng Deklaratioun gemaach. Déi ass ze gesinn op eisem Site; déi ass dann duerch ganz Europa an och duerch d'ganz Welt gaangen. Ech weess net ob ech elo hei soll widderhuele wat drasteet, mä dat ass ganz kloer. Frankräich, wann esou eng Deklaratioun gemaach gëtt: D'Présidence proposéiert, et gëtt e Courrier gemaach an all Land kann da seng Positioun festhalen.

Op jidde Fall hu mir den 28.04. als Présidence déi Deklaratioun hei gemaach. Do félicitéiere mer dem Vollek am Togo, dass et iwwerhaapt participéiert huet, well et war ënner schwierege Verhältnisser wou dat stattfonnt huet. Mir hunn d'Violencë condamnéiert; mir hunn en Appel gemaach zum Calme a mir hunn alleguerten déi politesch Dirigeanten encouragéiert, fir Reconciliatioun an deem Sënn ze schafen an och fir e Prozess vun Transitioun fäerdeg ze bréngen.

Also hei si mer jo an engem Land, op engem Kontinent, deen Afrika heescht, an an Afrika gëtt et d'Union africaine; et gëtt d'CDAO zum Beispill a Westafrika. Ech mengen, et muss een esou vill Confiance hunn an déi Leit an an déi Organisatiounen, dass déi et selwer fäerdeg bréngе fir do Médiateur ze spillen.

Dir wësst jo, dass elo och de President vum Niger a vun Nigeria sur place sinn. Do gëtt wierklech dono gekuckt vun afrikanescher Säit, an dorëms geet et. Et wier wierklech gutt, wann d'CDAO dat géif fäerdeg bréngе fir do d'Mediatioun kënnen zu engem Resultat ze bréngen.

Ech wëll Iech allerdéngs och nach soen, zum Ofschloss, dass den 18. Mee hei zu Lëtzebuerg eng Réunioun ass mat der CDAO, also eng ministeriell Réunioun ass mat der CDAO, a selbtverständlech wäerte mer dat Thema hei, wat ee wichtegt Thema ass fir déi ganz Regioun, och do zur Sprooch bréngen.

Mir als Présidence, d'Europäesch Unioun en tant que telle, probéieren alles ze maachen, fir dass an deem Land de Fridden am Intérêt vun der Populatioun erëm hiergestallt gëtt.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vum honorabelen Här Mehlen un de Landwirtschaftsminister an et geet hei ëm de Fleeschsecteur. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°40 du 3 mai 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'étude initiée par le Ministère de l'Agriculture concernant le secteur de viande au Luxembourg, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat de 15. Februar schonn eng schréftlech Fro un den Här Minister gestallt iwwer eng staatlech Strategie am Beräich vun de Schluechthaiser am Allgemengen a méi am Speziellen iwwert d'Moderniséierung vum Mierscher Schluechthaus. Ech hunn de 16. Mäerz eng Äntwert kritt, an där de Minister eng Etüd an Aussicht gestallt huet, vun där éischt Resultater Mëtt vun dësem Joer géinge virleien.

Elo ass awer entre-temps mengen Informatiounen no passéiert, datt mat Bréif vum 7. Abrëll praktesch sämtlech Acteuren op deem Secteur hei am Land refuséiert hunn - dat sinn dräi Schluechthaiser plus zousätzlech sechs Fleeschveraarbechtungsbetriber - bei där Etüd do matzemaachen, mam Argument Décisiounen en faveur vun der Cepal géingen eng Concurrence déloyale pure et simple duerstellen.

Duerfir wollt ech den Här Minister froen, wat fir Konklusiounen datt hien aus dësem Refus zitt. Ech wollt en awer och froen, ob d'Regierung wëlles huet sech aktiv an dee Secteur anzemëschen, well dat wär eng fundamental nei Approche. Bis elo war et normalerweis esou, datt de Stat de legislative Kader stellt, datt en och d'Privatinitiativ iwwert d'Agrargesetz ënnerstëtzt, wa moderniséiert an ausgebaut gëtt, sech awer net an d'Décisioune vum Privatsecteur amëscht. D'Fro stellt sech, ob de Stat iwwerhaapt d'Recht huet fir aktiv an d'Wirtschaft anzegräifen.

Ech wollt och nach zousätzlech froen: Wéi ass déi quasi ënnerschwelleg Drohung ze verstoen, eng Verweigerung un där Etüd matzemaache géif riskéiere sech schiedlech op Bäihëllefen am Kader vum nationalen Entwécklungplang auszewierken? Soll hei Drock op Entreprisen ausgeübt ginn, déi sech bis elo ganz gutt am Konkurrenzkampf behaapt an entwéckelt hunn, fir eventuell a Strukture gezwongen ze ginn, déi hirer Entscheedungsfräiheet an enger oppener a fräier Wirtschaft géingen zewidderlafen?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden huet d'Wuert.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen huet drop higewisen, datt ech am Mäerz op eng Question parlementaire geäntwert hunn, woufir mer géinge mengen, datt eng Etüd fir de Fleeschsecteur an d'Fleeschveraarbechtung hei am Land ganz néideg wär.

Ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen: En Drëttel vun de Schluechtranner ginn an d'Ausland exportéiert, do gi se verschafft, do gi Fleeschprodukter produzéiert, do ginn Aarbechtsplaze geschaf, do gëtt Mehrwäert geschaf. Eng ganz Partie vun deene Carcassen, déi hei am Land geschluecht ginn, ginn och an d'Ausland exportéiert fir do valoriséiert ze ginn, also och do ginn Aarbechtsplaze verluer.

Dat ass keng nei Erkenntnis. Schonn zënter enger ganzer Zäit vun e puer Joer froen d'Bauerenorganisatiounen, datt de Fleeschsecteur misst reforméiert ginn, datt dee misst méi op Vordermann bruecht ginn. An déi Leit, déi elo da wëllen déi Etüd net matmaachen, déi hunn net méi spéit wéi am Mäerz 2003 selwer aus där Erkenntnis eraus, datt misst eppes reforméiert a changéiert ginn, eng Initiativ ergraff fir esou eng Etüd op d'Been ze stellen. Se hunn zesumme mat der Veterinärinspektioun e Cahier des charges ausgeschafft. Finalement hu se awer kee Konsens fonnt, fir déi Etüd do duerchzezéien.

D'Chambre d'Agriculture huet dorobberhin och probéiert fir d'Initiativ ze ergräifen, do hätt de Stat 80% bäigeluecht. No laangen Diskussiounen huet nach eng Kéier de Secteur net matgemaach, fir déi Etüd do ze maachen.

Mir hunn dunn auslännesch Expertë geholl am Kader vun der Zesummenaarbecht tëschent dem SEG an dem Herdbook. Déi hunn eng Etüd gemaach iwwert d'Situatioun am Mëllechsecteur, am Fleeschsecteur, am Ranner- an och am Schwéngssecteur.

An där Schlussfolgerung, déi se do gemaach hunn - an dat ass jo zesummen ausgeschafft ginn, souwuel mat de Verantwortleche vum Herdbook-Verband wéi och vun dem SEG a mat aneren Acteuren aus dem Secteur -, si se zur folgender Konklusioun komm: „Auf dem Sektor der Fleischverarbeitung sind Defizite unverkennbar. Strukturelle Verbesserungen könnten sich an bisher erfolgreichen Konzepten orientieren, zum Beispill Luxbrid beziehungsweise Cactus-Label.

Im Bereich der Schlachtungen ist eine neue tragfähige Konzeption zur Schlachthofstruktur unter Beachtung von Spezialisierung, Kapazitätsauslastungen und Wirtschaftlichkeit von Schlachtung, Zerlegung und Vermarktung erforderlich. Die vorhandenen Strukturen in der Schlachtung und Verarbeitung erscheinen nicht zukunftsfähig, die Erarbeitung einer neuen Konzeption hierzu ist deshalb zu empfehlen."

Dorobberhin, well déi concernéiert Acteuren sech jo net selwer konnten dozou duerchréngen eng Etüd ze maachen, huet d'Regierung da gesot, da wëlle mir eng maachen am Intérêt vum Secteur, vun de Baueren, déi dovun ofhänken, datt se hannert hinne Leit hunn, déi hir Produkter, mat deenen se sech vill Méi ginn, fir datt dat Qualitéit ass, fir déi ze verschaffen, fir e Mehrwäert ze schafen a fir och hei am Land e staarken agroalimentairë Secteur opzebauen.

Mir hunn also du Co Concept beoptraagt fir esou eng Etüd ulafen ze loossen. Si hu Kontakt opgeholl, an och d'Veterinärinspektioun, mat de Leit aus dem Secteur. Se waren e puermol zesummen. Déi Leit waren am Dezember vum leschte Joer zu der Opfaassung komm, datt ee soll esou eng Etüd maachen, dat wär wichteg. Mir hunn dono de Cahier des charges weider ausgeschafft mat Co Concept a wollten am Mäerz elo déi Etüd ulafe loossen. Mir hunn hinne geschriwwen, mir wëllten dat maache wéi bei där anerer Etüd, mat dem Secteur zesummen.

Mir hu se ugeschriwwen, ob se wëllte matmaachen, ob se wëllten och bereet si fir an engem Steierungsgrupp matzemaachen, fir datt déi Etüd soll vum Secteur aus matgedroe ginn, an datt déi Erkenntnisser, déi géifen erauskommen, och kënnte mat hinnen duerchgeschafft ginn. Si hu mer dann elo e Bréif geschriwwen de 7. Abrëll, deen den Här Mehlen zitéiert huet, se wéilten elo net matmaachen an der Etüd, a si ginn als Grond un, duerch déi Aktioun mat Cepal wär eng Concurrence déloyale gemaach ginn.

Ech hunn dorobber zréckgeschriwwen, datt dat mech géif ganz staark wonneren, éischtens mol, well wann de Kuelbecherhaff integréiert gëtt an eng besser Schwéngefleeschproduktioun, da kënnen nëmmen d'Schluechthaiser an d'Veraarbechter dovunner profitéieren.

Zweetens kann ech hinnen och vun hei aus soen, datt wa si Terrainen hunn, déi gradesou wäertvoll si wéi déi vun der Cepal, a si bidden dem Stat déi un, wäert de Stat, wann en se brauche kann, an e kann eng ganz Partie gebrauchen, bereet sinn zum nämlechte Präis och esou Terrainen opzekafen.

Ech gesinn also net, wou do soll eng Concurrence déloyale sinn. Et war menger Meenung no weider näischt wéi en Ophänger, fir net brauchen déi Etüd do ze maachen, déi menger Meenung no an der Meenung no vun allen Expertë bluttnoutwendeg ass.

M. le Président.- Här Minister, Dir misst zum Schluss kommen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Dofir hu mer hinnen och zréckgeschriwwen, datt mir der Meenung sinn, déi Etüd misst duerchgezu ginn. Mir hunn hinnen och gesot - an dat ass déi Fro, wou mer elo da sollen Drock ausüben -, mir mussen en neit Agrargesetz maachen, wat vun 2007 bis 2013 gëlle soll. Virdru muss en nationale Programme de développement rural gemaach ginn, dee vun der Bréisseler Kommissioun aus approuvéiert muss ginn. A fir fir deen iwwerhaapt eng Approbatioun ze kréien, muss eng Etüd, eng Evaluatioun ex ante gemaach ginn. Do muss also bewise ginn, datt déi Secteuren, an déi mer wëllen investéieren…

M. le Président.- Här Minister, ech muss lech bieden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Gitt mer nach eng Minutt, Här President.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Jo, jo, mä et deet mer Leed, all Minister huet sech haut de Mëtteg u seng Riedezäit gehalen. Et deet mer Leed, Dir sidd elo annerhallef Minutt driwwer. Mir hunn eben ee Reglement hei an der Chamber, dat ass esou.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Da géif ech awer och biede prezis Froen ze stellen, net där, bei deenen ee wierklech muss wäit aushuelen.

Ech soen lech, dat hei ass fir de Fleeschsecteur eng immens wichteg Problematik an och fir d'Baueren a fir d'Landwirtschaft mat.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Dir braucht nëmmen eng Heure d'actualité unzehuelen, da komme mer drop zréck.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Also ech wëll lech soen datt, wa mer net eng seriö Etüd, eng Gesamtevaluatioun hunn, da wäert d'Kommissioun net d'accord sinn, fir datt mer an Zukunft kënnen de Fleeschsecteur esou subventionéiere wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn. Dofir mengen ech d'Etüd wär am Intérêt vun der gesamter Landwirtschaft a vum Fleeschveraarbechtungssecteur bluttnoutwendeg.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Als Nächsten huet den Här Claude Adam d'Wuert mat der Fro iwwert d'Circulaire de printemps fir d'Schoulpersonal an d'Gemengen. Här Adam!

- Question N°41 du 2 mai 2005 de Monsieur Claude Adam relative à la circulaire de printemps adressée au personnel enseignant et aux administrations communales, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, d'Circulaire de printemps vun der Madame Minister huet e ganze Koup Froen opgeworf. Ech wëll der just hei véier opgräifen, wou ech mengen, datt se och relativ kuerz Äntwerten zouloossen.

Éischtens, och gutt Iddien, déi een am Beräich Schoul wëllt ëmsetzen, brauchen Zäit a musse preparéiert ginn. Hutt Dir, Madame Minister, Är Direktiv iwwert d'Hausaufgaben am Primaire mat de Schoulpartner Elteren, Schoulmeeschteren, Collège des inspecteurs oder aneren ofgeschwat?

Zweetens, fir datt d'Kanner an hirem Rhythmus an an hirem eegene Stil kënne léieren, schreift Dir: «Il y a lieu de prévoir plus de souplesse dans l'organisation de l'horaire hebdomadaire.» Wat verstitt Dir ënnert «plus de souplesse»? Wie proposéiert, wien décidéiert iwwer esou nei a soupel Horairen?

Eng drëtt Fro: Am Museksunterrecht sollen déi éischt an d'véiert Stroph vun eiser Nationalhymne geléiert ginn. An Dir schreift souguer, datt all Schüler am Uewergrad dës Hymne muss maîtriséieren, wat dat och ëmmer heescht, summen oder sangen, hoffentlech net schreiwen. Hutt Dir lech och Sanktiounen ausgeduecht, wann e Schüler am Uewergrad eis Nationalhymne net kann? Wat maache mir mat Schüler, déi aus reliéisen oder anere Grënn keng Nationalhymne sangen?

Eng véiert a lescht Fro. D'Inspektere ginn invitéiert fir eng regional Formation continue ze organiséieren. Dat ass eng gutt Saach an eng richteg Saach. Vläicht kënnt Der eis preziséieren, ob dës Formatioun an der Schoulzäit oder ausserhalb vun der Schoulzäit organiséiert gëtt, a wat dann eventuell d'Envergure vun deene Mesuren an engem Schouljoer ka sinn?

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Ech wëll soen, datt Der interessant Froe gestallt hutt. Et sinn der allerdéngs méi wéi véier gewiescht. Et ass minimum dat Duebelt. Ech muss och do soen, an do muss ech awer der Regierung Recht ginn, datt et schwiereg ass…

Une voix.- Schwéier!

M. le Président.- …a véier Minutten op all déi Froen, déi gestallt gi sinn, ze äntwerten, egal wéi interessant datt se sinn.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Et sinn awer véier Froen.

M. le Président.- Jo, mä an all Fro waren nach minimum dräi, véier Ënnerfroe mat dran.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech maachen dat ganz schnell, Här President.

M. le Président.- Voilà, Madame…

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech probéiere mech un d'Riedezäit ze halen.

M. le Président.- Ech hu vollt Vertrauen an Iech, Madame Delvaux, datt Dir dat packt.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Wann een direkt zur Saach kënnt, da brauch een net…

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Zielt dat do elo scho mat?

M. le Président.- Neen.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, éischt Fro: Ass direkt d'Circulaire de printemps mat de Partner ofgeschwat ginn? Jo. Wéi all Joer ass déi Circulaire de printemps un d'FAPEL, un d'Elteren, un d'Gewerkschaften an un d'Inspektere geschéckt ginn.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Ouh?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Zweet Fro: Méi Souplesse an der Organisatioun vun der Schoul wëllt an dësem Fall soen, dass ee soll op d'Kanner agoen an hire Rhythmus…

(Interruption)

Den Här Adam ass iwwerrascht iwwer meng Äntwert. Ech kann lech awer soen, dass et esou war.

Souplesse heescht, dass ee soll op d'Kanner agoen an hinnen Zäit loossen, well mir schécken d'Kanner jo an d'Schoul, fir dass se solle léieren a léiere léieren. An d'Aufgab vun den Enseignanten ass et, fir ze vérifiéieren, dass d'Kanner dat, wat se supposéiert sinn ze léieren, och geléiert hunn.

Drëtt Fro: Et steet an der Circulaire de printemps en Appel, dass d'Kanner alleguerten déi zwou Strophen, déi éischt an déi lescht, vun der Heemecht solle léieren. Dat ass eng Demande gewiescht vun eise patrioteschen Organisatiounen. Mir sinn dëst Joer am sechzegste Joer nom Enn vum Krich. Ech perséinlech fannen och, dass ee soll d'Heemecht kënnen, wann een zu Lëtzebuerg lieft. Et sinn awer keng Sanktioune virgesinn, wann een se net kann.

An dat Véiert ass iwwert d'Formation continue. Et ginn elo scho Formation-continuen organiséiert. Wa mer wëllen hunn, dass differenzéierten Unterrecht gemaach gëtt, dass Evaluatioun soll diskutéiert ginn, da mengen ech, dass et wichteg ass, dat regional ze organiséieren. Zum Beispill wéi den „Mila" agefouert ginn ass, si regional esou Konferenzen ofgehale ginn, fir d'Enseignanten domadder ze familiariséieren. Déi waren an der Schoulzäit. Näischt verhënnert awer, dass se och a fräien Nomëtteger sinn.

Merci, Här President.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Madame, fir Är Äntwert.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. An enger Minutt 20 sinn all d'Froe vum Här Adam beäntwert ginn.

(Brouhaha général)

Voilà, als lescht Fro hu mer haut eng Fro vun der Madame Viviane Loschetter, och un d'Ministesch zoustänneg fir d'Éducation nationale an d'Formation professionnelle, iwwert d'Ëmbenennung vum CATP «auxiliaire économe».

- Question N°42 du 3 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à l'actuel CATP «auxiliaire économe» qui serait transformé en «auxiliaire de vie», adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Jo. Merci, Här President. Also meng véier Froe betreffen deen CATP «auxiliaire économe», dee sollt, wann dat richteg esou ass, a CATP «auxiliaire de vie» ëmgeännert ginn oder gi sinn. Déi éischt Fro wier: Stëmmt dat? Ass deen een CATP duerch deen aneren ersat ginn? A wéi engem Kontext soll déi Wandlung stattfonnt hunn?

Zweet Fro: Ass an dësem Kontext mat de concernéierte Leit um Terrain geschwat ginn? Ass do sondéiert ginn, wat wéi sollt do gehandhaabt ginn?

Meng drëtt Fro ass: A wéi enge Lycéeë gëtt dann elo déi nei Formatioun CATP «auxiliaire de vie» forméiert? Wie forméiert déi nei Leit, déi do an deen CATP ginn?

A meng véiert Fro wär déi: Mécht dat Sënn fir elo schonn esou eng Ëmännerung vum CATP an en «auxiliaire de vie» ze maachen, wou mer jo awer och nach e Projet

de loi 5338 fir eng Kreatioun fir e Lycée pour professions éducatives et sociales hunn? Wär et net gutt gewiescht, datt déi zwou Formatiounen an deemselwechte Lycée stattfonnt hätten? Wéini soll dann och déi Formatioun ufänken?

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet d'Madame Minister vun der Éducation nationale, d'Madame Delvaux.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, wann ech der Madame Loschetter hir véier Froe suivéieren, da weess ech, dass se d'Äntwert schonn op all Fro vun deene véier weess! Well soss hätt dat sech net esou logesch enchaînéiert.

Also éischt Fro.

(Interruptions)

Jo. Neen, dat ass, wann een den Dossier kennt, weess een, dass si d'Äntwert weess. Ech ginn awer ganz gären…

Éischt Fro: Den CATP «auxiliaire économe», gëtt dee verwandelt an en CATP «auxiliaire de vie»? Dat ass richteg, dass déi Diskussiounen amgaang sinn, fir deem «auxiliaire économe» en aneren Numm ze ginn. Awer net nëmmen en aneren Numm, och méi eng breet Formatioun. Dat ass eng Demande gewiescht vum Ministère de la Famille a vun den Haiser um Terrain, fir déi Leit kënne méi polyvalent anzesetzen, dass se eng Formatioun also kréie fir mat Kanner, fir mat eelere Leit, mat Handicapéierte kënnen ze intervenéieren, während den «auxiliaire économe» eng reng Haushaltshëllef war. Also ass d'Äntwert Jo.

Déi zweet Fro: Ass do diskutéiert ginn? Jo, do ass diskutéiert ginn. Do ass en Aarbechtsgrupp säit dem Oktober 2003 amgaang dorunner ze schaffen, fir e Référentiel, wéi dat heescht, de Profil vun där Professioun auszeschaffen. Do si ganz vill Leit: d'Chambres professionnelles, d'Schoulen, de Ministère, dorunner associéiert gewiescht.

Déi drëtt Fro ass, mir hoffen, mir plangen dorunner fir deen neien CATP am Hierscht, am September lafen ze loossen, an zwar an deeneselwechte Lycéeën, déi bis elo den CATP «auxiliaire économe» ausgebilt hunn. An dat ass, wa meng Erënnerung richteg ass: den Norden, also Wolz, an dann d'École Sainte-Anne zu Ettelbréck, dat ass Bouneweg a mengen ech nach een, dee fält mer awer elo de Moment net an.

Déi véiert Fro ass: Dir frot, firwat dann net an deem neie Lycée zu Fenteng. Näischt verhënnert, dass eng Kéier am Lycée zu Fenteng och géifen CATPen ausgebilt ginn. D'Gesetz léisst déi Méiglechkeet jo op wann et gestëmmt ass. Ech wëll awer soen, dass mer elo scho Problemer hu vu Plazmangel an där Infrastruktur. Mir hunn och de Moment an deem Iwwergank, wou d'Gesetz nach net gestëmmt ass, och Problemer vu Leit, esou dass ech net ausschléissen, dass eng Kéier do déi CATPe kënnen ausgebilt ginn. Mä si sollen elo emol an deene Schoulen ausgebilt ginn, déi dat virdru gemaach hunn.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Ech hunn eng Fro.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Dir musst de President froen.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech hunn d'Fro gestallt, wien déi Leit da forméiert an deene Lycéeën? Dat war och nach eng Fro.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Vu dass mer et an deeneselwechte Lycéeën ausbilde wéi déi, déi bis elo den «auxiliaire économe» ausgebilt hunn, ginn ech dovunner aus, dass dat déiselwecht Leit sinn. Dat si jo Lycée-techniquen. Déi hunn natierlech déi Enseignanten a Proffen, an ech ginn elo éierlech zou, Madame Loschetter, dass ech net genau weess wéi eng Proffen op der Lëscht si fir elo op deenen Dixièmen do d'nächst Joer Cours ze halen.

Ech kann Iech vläicht nach soen, dass geplangt ass eng Dixième plein temps ze maachen, wou d'Kanner dann an der Schoul sinn, an dann d'Onzième an d'Douzième, do gi se op den Terrain. Do si se an der Léier an da kommen se een Dag an d'Schoul.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. Domat si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour ukomm.

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun der Dagesuerdnung, an do hu mer d'Question avec débat Nummer 2 vum Här Claude Adam iwwert d'Aféierung vum Engleschen op Septième. Den Här Adam huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro an no der Äntwert vun der Ministesch kann en och nach eng Zousazfro virdroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou, Madame Delvaux. Zéng Minutte Riedezäit fir op d'Froe vum Här Adam ze äntweren. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

4. Question avec débat N°2 de M. Claude Adam relative à la création et au fonctionnement du lycée pilote

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Merci och, Här President, datt Der richteg gestallt hutt, datt meng Fro effektiv ëm d'Aféiere vum Engleschen op Septième geet a vill manner ëm de Projet „neie Lycée". Déi Fro hätt een och kéinte stellen. Dat kann ee jo dann nach eng Kéier nohuelen.

Am Résumé vum Conseil de Gouvernement vum 8. Abrëll 2005 steet am Kontext zu Amendementer zum Projet pilote „neie Lycée": «Une innovation importante réside dans un amendement qui modifie la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement afin d'introduire l'apprentissage de l'anglais dès les classes de septième.»

An der Regierungserklärung steet am Kapitel „Éducation nationale", zum Enseignement des langues: «Devant une situation linguistique de plus en plus complexe et sensible, en raison notamment d'une immigration toujours plus variée, un réajustement de l'enseignement des langues se fait pressant.» Dir bekennt Iech och an der Regierungserklärung nach eng Kéier zum Trilinguisme an eisem Schoulsystem, an et steet och do: «Eu égard à l'importance de l'anglais, l'apprentissage plus précoce de cette langue sera envisagé.»

An der Regierungserklärung steet näischt Spezielles iwwert den Enseignement vun de Sproochen am neie Lycée. Duerfir wollt ech vun Iech, Madame Minister, e puer Prézisioune kréien.

1. Ass et richteg, datt d'Enseignéiere vun Englesch zumindest mol nach fir déi nächst Rentrée op d'Septième vum Lycée pilote beschränkt ass? Ëmmer virausgesat, datt mir d'Gesetz nach virun der Summerpaus stëmmen. Ech hoffen, Madame Minister, Dir kënnt eis do berouegen a ganz einfach mat Jo äntwerten.

2. Wéi an der Unterrechtskommissioun d'Fro gestallt ginn ass, wou déi Stonne fir d'Englesch op Septième da géingen hiergeholl ginn, huet den zukünftegen Direkter gemengt, datt d'Organisatioun vum neie Lycée dat ouni Problem géing erméiglechen. Gesitt Dir dat och esou?

Op wéi engen Iwwerleeunge baséiert d'Décisioun, Englesch schonns op Septième anzeféieren? Gëtt et eng Etüd op d'Auswierkunge vun esou enger Décisioun op d'Situation linguistique, déi jo, wéi Der an der Regierungserklärung richteg schreift, zu Lëtzebuerg extra komplex ass a sensibel ass? Si scho Gespréicher mat de concernéierte Milieuë gefouert ginn? Och ëmmer virausgesat, wa mer d'Englesch op de Septièmen alleguerte wëllen aféieren.

Hutt Dir schonns konkret Virstellungen iwwert d'Onkäschten an d'Organisatioun vun esou enger Mesure op alle Septièmen? Hu mir genuch Englesch-Proffe fir esou eng Mesure nach an dëser Legislaturperiod ëmzesetzen? An, Madame Minister, well Der jo esou schnell a prezis an Ären Äntwerte sidd, an Dir hätt nach e bësselchen Zäit: Wou si mer mam Projet „neie Lycée" drun? Wéini, Madame Minister, ass domat ze rechnen, datt mer hei an der Chamber kënnen driwwer debattéieren?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Adam. D'Wuert huet elo d'Madame Delvaux, Minister, zoustänneg fir d'Éducation nationale an den neie Lycée.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci. Ech fille mech zoustänneg fir all d'Lycéeën. Merci, Här President.

Also ech sinn e bësse verwonnert, well eigentlech ass e Gesetz déposéiert an doriwwer hu mer jo da gutt Zäit fir och an der Chamber ze diskutéieren. Dofir war ech eigentlech e bëssen erstaunt iwwert déi Froen hei. Mä ech äntwerten awer ganz gären dorobber.

Also déi éischt Fro. D'Englesch soll op Septième, wann d'Gesetz fir den neie Lycée, de Lycée pilote, virun der Summerpaus gestëmmt gëtt, da géif jo deen neie Lycée am September ufänken an da wär effektiv virgesinn, am neie Lycée Englesch op Septième ze enseignéieren. Woubäi ech wëllt préziséieren, dass de Programm virgesäit, dass mer d'Englesch op Septième limitéieren. Dir wësst jo, dass et véier Kompetenze ginn an de Sproochen: also liesen, schreiwen, héieren, also nolauschteren, a schwätzen. A mir géifen et limitéieren op d'Schwätzen, Nolauschteren, Liesen, an net d'Schreiwen am éischte Joer Englesch am neie Lycée. Esou vill zu Ärer Informatioun.

Déi zweet Fro, do weess ech net méi wat Der genau do gesot hutt. Herno stellt Der jo sécher nach eng Fro, da kann ech dat vläicht préziséieren.

D'Iwwerleeungen, firwat d'Englesch méi fréi anzeféieren, déi sinn an den Diskussiounen an de Koalitiounsverhandlunge geféiert ginn, well mer feststellen, dass alleguerten d'Länner ronderëm eis ganz fréi mam Engleschen ufänken.

D'Fransouse plangen elo e Gesetz, dass een am véierte Joer, dat heescht also schonn an der Primärschoul domat ufänkt; d'Schwäizer sinn och amgaangen, déi jo och e bilinguë System hunn, Englesch méi fréi anzeféieren. An ech mengen, dass mer traditionell ee groussen Atout hätten zu Lëtzebuerg mat eiser Villsproochegkeet an dass et drëm geet fir deen net ze verléieren. An dofir d'Iddi, d'Englesch méi fréi anzeféieren.

A wann ech mer dann iwwerleeën, wat kënne mer da méi fréi maachen, dann ass et jo fréistens op Septième, well ech éierlech gesot net gesi wéi mer an der Primärschoul elo Englesch-Proffen aféieren. Also ass et déi eenzeg Méiglechkeet, fir d'Englesch dann op Septième anzeféieren, wa mer et wëllte méi fréi maachen.

Gespréicher mat dem Milieu: Also d'Englesch-Proffe sinn natierlech selbstverständlech Demandeur. Ech wëll Iech och berouegen. Firwat hu mer deen Amendement gemaach? Wa mer wëllen d'Englesch eng Kéier op Septième aféieren, musse mer effektiv d'Gesetz änneren. Well am Gesetz stinn déi Branchen, déi op Septième enseignéiert ginn, an do ass de Moment keen Englesch derbäi. Dat heescht, wa mer eng Kéier wëllen op Septième Englesch aféieren, da musse mer d'Gesetz dofir änneren.

An dofir ass och virgesinn déi Dispositioun am Gesetz, an hannendru steet, dass mer iwwer Règlement grand-ducal dann d'Mise en vigueur kënne maachen. Dat heescht, mir hunn net gesot, dass mer d'nächst Joer mam Englesche géifen ufänken. Ech denken och net dorunner, well mer jo eng Etüd beim Conseil de l'Europe commanditéiert hunn, iwwert de Profil linguistique vun eisem Land, iwwer och d'Besoinen, d'Kompetenzen, déi mer wëllen erreeche mat eise Schüler, an dat gëtt jo eng grouss Diskussioun iwwert de Sproochenunterrecht hei zu Lëtzebuerg. An ech wëll jiddefalls dat ofwaarden, éier mer eng Décisioun huelen, wéi vill Englesch a wéi een Niveau Englesch mer op Septième wëllten aféieren. Esou dass déi Dispositioun am Gesetz steet fir deen Dag, wou mer dat wëlle maachen, dass mer et kënne maachen, mä net wëllen aféieren, ouni eng large Consultatioun.

De Coût, dee kann ech Iech net soen. Dat hänkt jo dovunner of, wa mer géife méi Schoulstonne maachen, da gëtt et natierlech e Coût supplémentaire. Wa mer net méi Schoulstonne maachen, dann ersetze mer jo einfach eigentlech déi eng Enseignanten duerch déi aner an da gëtt et net méi deier.

Englesch-Proffen, hu mer der genuch? Ech mengen, dat do ass déi ganz schwéier Fro. Wou hu mer genuch Proffen, a wéi engem Fach? Mir hunn e risege Problem souwisou bei alle Proffen a mir recrutéieren zwar ganz fläisseg, all Joer der méi, mä mir kréien net all déi Leit recrutéiert, déi mer eigentlech zur Verfügung kënnten hunn. Ech denken awer, dass am Englesche genuch Proffen ënnerwee sinn, dass mer déi Lacunë kënnten ausfëllen.

An dann déi lescht Fro: Wou ass de Projet „neie Lycée" drun? Deen ass am Conseil d'État a mir waarden op den Avis vum Conseil d'État.

Merci, Här President.

M. le Président.- Madame Delvaux, nach kuerz eng Zousazfro vum Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Madame Minister, Dir sidd erstaunt iwwer meng Fro. Ech mengen, dat wat ech zitéiert hu virdrun, wat am Conseil de Gouvernement geschwat ginn ass, dat ass och effektiv an der Press erëmkomm an et huet ee sech geduecht, datt dat sech géing op de Projet pilote bezéien. Mä dat war awer net esou sécher. Dofir ass mol Är éischt Äntwert fir ze soen: Ma dat bezitt sech op de Projet pilote.

(Interruption)

Ass dat net richteg?

M. le Président.- Nach eng Kéier, fir dat do kloerzestellen, d'Madame Delvaux direkt dozou.

(Interruption)

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Madame Delvaux, fir datt mer hei ganz kloer eis och richteg verstinn, wa mer elo ausgefrot hunn, ganz prezis d'Fro: Gëtt am Hierscht vun dëser Rentrée d'Englesch op Septième am Lycée pilote agefouert?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Jo.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech denken, datt et elo kloer an däitlech ass. D'Madame Delvaux huet mat Jo geäntwert. Lycée pilote, jo.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Et ass alles gesot.

M. le Président.- Dir kënnt awer nach eng Kéier eropkommen, wann Der dat wëllt. Dir hutt nach Zäit.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Neen.

(Hilarité)

M. le Président.- Gutt! Da wär och dee Punkt ofgeschloss an da kéime mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Interpellatioun vum Här Lucien Clement iwwert d'Gestioun vum Héichwaasser a vun den Iwwerschwemmungen. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Wagner, den Här Scheuer an den Här Kox. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Lucien Clement.

5. Interpellation de M. Lucien Clement au sujet de la politique de gestion des crues et des inondations

M. Lucien Clement *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir hate Chance, géif ech soen, dëse Wanter mam Wieder. De Schnéi, dee mer haten, ass ouni Reen ofgaangen an dofir si mer och vun Héichwaasser verschount bliwwen. Mä well mer Chance haten, a well d'Wiederkonditiounen esou ware wéi se waren, ass dës Interpellatioun vläicht och net esou aktuell, wéi se et gewiescht wier am Fall wou mer keng Chance gehat hätten.

(Brouhaha général)

Mä, Här President, näischt ass esou sécher wéi dat nächst Héichwaasser. Et kënnt esou sécher wéi den Amen am Gebiet an dann ass d'Thema Héichwaasser an och Héichwaasserschied erëm un éischter Front vun der Aktualitéit, an deemno dann och erëm Ursaach fir verschidde politesch Ufroen an Debatten esouwuel um nationale Plang wéi och um lokale Plang.

Dofir fannen ech u sech dësen Zäitpunkt ideal fir lassgeléist vun all Aktualitéitsdrock an all Misère, déi esou eng Héichwaasserkatastroph mat sech bréngen, elo haut an aller Rou an ouni Opreegung iwwert dëst Thema heibannen ze diskutéieren an ze debattéieren.

Viru ronn zwee Joer hate mer schonn esou eng Interpellatioun hei an der Chamber iwwert d'Problematik Héichwaasser an Iwwerschwemmungen. Dës Interpellatioun war vun eis selwer, Här President, deemools ugefrot ginn. Et war sécherlech eng gutt an och eng konstruktiv Debatt, ee Joer virun de Wahlen. Dunn ee Joer méi spéit hate mer Wahlen an all Parteien hunn an hire jeeweilege Wahlprogrammer méi oder manner däitlech kloergemaach, wat an dësem Domän nach ze geschéien hätt. Si hunn och méi oder manner däitlech kloergemaach, datt nach eppes misst geschéien.

Ech zitéieren e puer Sätz aus deenen eenzelne Wahlprogrammer.

Esou schreift zum Beispill d'Demokratesch Partei: „Neben der Renaturierung sind Maßnahmen zum Schutz des Hochwassers notwendig." D'LSAP schreift: „Hochwasserkatastrophen bewirken hohe volkswirtschaftliche Schäden. Die Sozialisten sprechen sich deshalb für höhere staatliche Beteiligung an Hochwasserschutzmaßnahmen aus, welche die Gemeinden vornehmen."

D'CSV schreift an hirem Wahlprogramm: „Dem Hochwasserschutz wird auch weiterhin verstärkte Aufmerksamkeit gewidmet werden. Die CSV setzt sich für vorbeugenden Hochwasserschutz ein, wobei es zunächst gelten wird die natürlichen Überschwemmungsgebiete zu erhalten, bezwecklich zurückzugewinnen. Wo dies erforderlich ist, muss deren Wirksamkeit durch kleinere bauliche Maßnahmen erhöht werden.

Prävention allein reicht jedoch kaum aus, um die hochwassergefährdeten Gemeinden entlang der großen Flüsse, wie zum Beispill Sauer und Mosel, zu schützen. Die CSV ist der Meinung, dass man hier nicht ohne technische Maßnahmen (Schutzmauern unter anderem) auskommen wird. Der Hochwasserschutz kostet Geld und die am meisten betroffenen Gemeinden sind finanziell kaum in der Lage sämtliche erforderlichen Schutzmaßnahmen zu finanzieren.

Hochwasser ist kein lokales oder regionales, sondern ein nationales Phänomen, da durch überall stattfindende Flächenversiegelung im ganzen Land die natürliche Absickerung und der ursprüngliche Wasserlauf gestört werden. Das Vorgehen gegen Hochwasser ist deshalb ein nationales Anliegen, dessen Finanzierung auf staatlicher Ebene koordiniert werden muss. Wir wollen studieren, inwieweit die nicht betroffenen Gemeinden zukünftig im Rahmen eines solidarischen Finanzierungsinstrumentes der Maßnahmen zum Hochwasserschutz einen angemessenen Beitrag zum Gesamtaufwand leisten können."

Den ADR schreift a sengem Wahlprogramm: „Wir wollen Hochwassergefahr in Zusammenarbeit mit den Landeigentümern durch ein flächendeckendes System von Rückhaltedämmen an ihrem Ursprung entgegenwirken. Punktuell sind zusätzliche Maßnahmen wie der Bau von Schutzwällen oder Mauern zu ergreifen."

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Bei deene Gréngen ass den Héichwaasserschutz éischter méi dürfteg behandelt ginn an hirem Wahlprogramm, oder ech hunn en net fonnt dodran, ausser: „Wir werden Wasserschutzprogramme, getrennte Kanalisationssysteme für Niederschlags- und Schmutzwasser sowie Regenrückhaltebecken fördern", hunn ech u sech näischt an deem Programm fonnt.

Dir gesitt, Här President, ech hunn dat heiten zitéiert, fir ze weisen, datt all Parteie virun de Wahlen der Meenung waren, datt hei a Saachen Héichwaasserschutz eppes misst ënnerholl ginn. Ech ginn dann och dovunner aus, datt sech un dëser Meenung och no de Wahlen näischt geännert huet. Mir wäerten dat sécher elo am Verlaf vun dëser Debatt vun deenen eenzelne Riedner, déi ageschriwwe sinn, héieren.

Dofir ass et och net weider verwonnerlech, Här President, datt een am Accord de coalition deen heiten Textpassage dann och erëmfënnt: «En matière de gestion des crues et des inondations, le Gouvernement établira un plan national des zones inondables et des zones de rétention des cours d'eau du pays. Un concept de gestion des risques liés aux crues et de protection contre les inondations définissant notamment les possibilités de financement des mesures anticrues sera mis en place. Les travaux de renaturation des cours d'eau seront poursuivis suivant un plan d'intervention prioritaire à établir par l'Administration de la gestion de l'eau.» Dat ass dat wat mer am Accord de coalition fannen.

Ech hat ufanks scho gesot, Här President, mir hätten dëst Joer Chance gehat. Dat heescht awer net, datt d'Héichwaasserkatastrophe vun 1993, 1995 a vun 2003 elo vergiess wieren. Si sinn haut net méi direkt aktuell. Mä si si mat Sécherheet och net vergiess, virun allem net bei deene Leit vergiess, déi direkt dovunner betraff waren. All Regioun uechtert Land, wou e Floss leeft, ob grouss oder kleng, ka vun Héichwaasser betraff ginn. D'Kritären oder besser gesot déi äusserlech Ëmstänn, déi zu Héichwaasser féieren, si bei all Floss bal ëmmer déi nämlecht. An d'Spueren an de Schued, deen ugeriicht gëtt, déi si méi oder manner och déiselwecht.

Et muss een allerdéngs soen, datt Héichwaasser op der Musel awer éischter mat Annonce kënnt wéi et vläicht bei der Sauer oder bei anere méi klenge Flëss de Fall ass. No Schnéischmelzen an de Vogesen, no undauerndem Reen oder no undauerndem staarke Reen ass direkt a ganz sécher och Héichwaasser ugesot. Mä wéi schonns gesot, d'Musel kënnt net iwwer Nuecht. Si kënnt net ouni Virwarnung, wéi dat bei anere méi klenge Flëss awer duerchaus de Fall ka sinn.

Héichwaasserprognose fir dee gréisste Floss an eisem Land sinn dank engem dach performanten Informatiounssystem als relativ fiabel unzegesinn, obschonns se awer ëmmer nach duerch nei technesch Mesurë kënne verbessert ginn. Déi eenzel Uertschaften un der Musel hunn ënnerschiddlech performant Informatiounssystemer.

Et konnt een de leschten Donneschdeg an der Zeitung liesen, datt zu Waasserbëlleg en neien elektronesche Pegelanzeiger géif installéiert ginn. Dat ass mat Sécherheet ze begréissen a wäert och den Awunner vu Waasserbëlleg zu gegebener Zäit eng grouss Hëllef a Saachen Héichwaasser sinn.

Och ass d'Zesummenaarbecht mat deenen eenzelne Statiounen aus Frankräich an Däitschland séier wichteg. Ech muss allerdéngs festhalen, datt den Informatiounsaustausch mat eisen Nopeschstaten séier gutt fonctionnéiert. Ech hu mech selwer kënne bei der Statioun zu Tréier informéieren an hunn eng ganz gutt Kollaboratioun mat Lëtzebuerg confirméiert kritt. Eng Tréirer Statioun, déi d'ailleurs séier performant équipéiert ass, wat Virwarnsysteme betrëfft mat Donnéeën iwwert d'Regeneinzugsgebiete vun der Musel a vun all hiren Niweflëss mat direktem Uschloss un déi betreffend Wiederstatiounen an esou weider. Ech hat och d'Impressioun, datt déi Statioun net nëmme gutt équipéiert ass, mä datt se och nach gradesou performant a gutt schafft.

Do wou een an dësem Domän hei zu Lëtzebuerg, Här Minister, nach verbessere kann, soll dat och gemaach ginn. Bei der Musel ass et op jidder Fall, wéi schonns gesot, net esou, datt een owes schlofe geet a moies steet ouni Virwarnung de Keller oder d'Haus ënner Waasser. Bei der Sauer, der Uelzecht, der Our oder anere Flëss kann dat schonn de Fall sinn, ouni datt een den Dag virdrun owes dorunner geduecht huet.

Dat alles ännert allerdéngs näischt un der Tatsaach, datt d'Musel trotz allem Schéine wat se mat sech bréngt - ech denken hei besonnesch un den Tourismus, un de Wéngert, un d'Landschaft, un de Floss selwer - awer och schonns vill negativ Spuren hannerlooss huet. All Héichwaasser, egal wou et am Land ass, ass als nationale Problem unzegesinn. Deemno ass en och esou ze behandelen. Hei dierfen déi betraffe Gemengen oder déi betraffe Regiounen net elenggelooss ginn. Hei muss déi national Solidaritéit spillen.

Et ass, Här President, ze einfach fir drop hinzeweisen, datt fir Waasser - egal wat fir eng Aart Waasser - hei zu Lëtzebuerg d'Gemengen eleng zoustänneg sinn. Et gëtt verschidden Ursaachen, déi zu Héichwaasser féieren. Et gëtt der, déi kann ee beaflossen. Et gëtt der, déi kann een net beaflossen, wéi zum Beispill de Reen, de Schnéi oder d'Wieder am Allgemengen. Aner Ursaachen, déi zu Iwwerschwemmunge féieren, kann ee beaflossen, oder au moins et kann ee se korrigéieren.

Eng Deelursaach vum Héichwaasser ass mat Sécherheet iwwerméisseg vill Reen an engem kuerzen Zäitraum. Mä dëse Ree fält jo awer net nëmmen an deenen Uertschaften, déi un engem Floss leien, neen, e fält am ganze Land an e fält an enger ganzer Regioun. Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir iwwerméisseg vill Schnéi, deen da mat Reen ofgeet. Ech mengen d'Gesamteinzuchsgebitt vun der Musel beleeft sech op 22.000 km² a betrëfft u sech dräi Länner oder dräi Regiounen, nämlech d'Lorraine, Lëtzebuerg a Rheinland-Pfalz.

Eng aner Deelursaach gëtt mat Sécherheet duerch de Mënsch selwer awer erbäigefouert. Ech denken hei un déi iwwerméisseg Versigelung vum Buedem, an dat ouni Kompensatiounsmesuren. Ech denken un d'Kanalnetzer, déi d'Waasser schnell, fir net ze soen ze schnell deenen eenzelne Flëss oder Baachen zoufëieren. Net dacks genuch gëtt hei, wa gréisser Bauprojeten ustinn, doru geduecht fir ufalend Iwwerflächewaasser fir d'éischt a Retentiounsbecken ofzefëieren.

Derbäi kënnt och nach, datt op ville Plazen am Land an der Zäit op deene falsche Plaze gebaut gouf. Eréischt d'Kopplung, Här President, vun all dëse Mechanismen, de Reen, de Schnéi, d'Versigelung, feelend Retentiounsbecken, zum Deel falsch Bebauungspolitik, féieren zu engem bestëmmte Moment zu Héichwaasser, ergo dann och zu zolitten Héichwaasserschied.

Well awer bal iwwerall am Land dës vu Mënschenhand ervirgeruffe Feeler gemaach goufen, a well de Reen och am ganze Land oder an der ganzer Regioun fält, duerfir geet d'Héichwaasserproblematik eis alleguer eppes un, an duerfir musse mir och alleguerten zesummen no Léisunge sichen. Allerguer, dat heescht un éischter Stell de Stat an d'Gemengen, mä an dësem Dossier géif ech soe sinn awer och d'Responsabilitéit an d'Solidaritéit vun all Eenzelne gefuerdert.

Här President, et gëtt Léisunge fir dem Misère Iwwerschwemmungen a Schied bäizekommen. Et gëtt zwar keng honnertprozenteg Léisungen, mä et gëtt der. D'Méiglechkeeten, dem Héichwaasser mat Mënschenhand entgéintzewierken, sinn zwar zu engem groussen Deel begrenzt, mä dat wëllt awer net heeschen, datt ee se duerfir net soll notzen.

Op däitscher Säit sinn déi Méiglechkeete genotzt ginn. Dee leschte baulechen Héichwaasserschutz op däitscher Säit ass vis-à-vis vu Waasserbëlleg zu Wasserliesch d'lescht Joer fäerdeg gestallt ginn. Bis erof op Bernkastel sinn esou zum Deel dach séier effikass Moossname realiséiert ginn. Bis zu 50-jähreg Pegele sinn esou an de Gréff ze kréien. Ech géif jiddfereen heibannen invitéieren, fir sech esou eng Schutzmoossnam emol ukucken ze goen, virausgesat en huet dann och déi néideg Zäit an och déi néideg Loscht dozou.

(Interruptions)

Et ass jo net nëmmen de Schutz eleng, dee wichteg fir déi jeeweileg Uertschaften ass, et entsteet och hannert deem Schutz e ganz anert, en neit Liewen an deenen Uertschaften. E Paradebeispill heifir ass Saarburg. E ganzen Deel vun dëser Stad, deen ënnerhalb vum Waasserfall läit, war virun de Schutzmoossnamen e wierklech verfalenen, dreckege Quartier ouni Aktivitéit, an et wollt och kee Mënsch méi do wunnen an et huet och kee Mënsch do gewunnt.

Haut, e puer Joer nom Installéiere vun deene Schutzmoossnamen, fënnt een do kleng Künstlergeschäfter, Atelieren, Haiser, déi restauréiert gi sinn, a selbstverständlech ginn dës Haiser dann och erëm zu Wunnzwecker genotzt. Et ass wierklech derwäert fir sech dat eng Kéier ukucken ze goen.

Wichteg schéngt mir awer och, datt een, wann ee vu Schutzmoossname schwätzt, de Leit allerdéngs kloermaache muss, datt et keen honnertprozentege Schutz géint Héichwaasser gëtt, an et wäert en och ni ginn. Mä wéi schonns gesot, dat däerf keen Argument oder keng Ursaach sinn, fir keng baulech Moossname virzehuelen.

Fazit ass awer, datt a Saachen Héichwaasserschutzmesuren Däitschland Lëtzebuerg mat Sécherheet zéng bis 15 Joer viraus ass. D'Etüden iwwert d'Héichwaasser an iwwer Héichwaasserschutz op der Musel an op der Sauer, déi de viregten Innenminister, den Här Wolter, an Optrag ginn huet, sinn ofgeschloss, an d'Resultater leie fir. Virewech geholl, de Schutz géint Héichwaasser ass technesch hei duerchaus machbar, wann en och net iwwerall mat deeneselwechte Moyene soll duerchgezu ginn.

D'Etüde gesinn net fir all Uertschaften déiselwecht Mesurë vir. Fir verschidden Uertschafte gëtt Linienschutz proposéiert, dat heescht am Kloertext, datt all Haiser geschützt solle ginn. Well d'Etüd sech awer och ausschwätzt iwwert de finanzielle Volet, gëtt bei aneren Uertschaften nëmmen en Objektschutz proposéiert. Et gëtt hei nom Kosten-Nutzen-Prinzip verfuer, dat heescht, wann ech zum Beispill zéng Milliounen Euro fir Héichwaasserschutz op där enger Säit bereetstellen oder investéieren, muss ech op där anerer Säit op d'mannst och fir zéng Milliounen Euro Haiser schütze kënnen, sou datt mer zu engem Ratio 1:1 op d'mannst kommen.

Schied, déi duerch grouss Iwwerschwemmungen entstinn, si meeschtens och verheerend fir d'Existenze vun deene Leit, déi et betrëfft. Et spillt hei och guer keng Roll ob dat Geschäftsleit, Wënzer, Handwierker oder Privatleit sinn. De Schued spieren se alleguerten, a jiddfereen op seng Aart a Weis.

An ech wëll duerfir och e Passage aus der Etüd zitéieren: „Der in der Untersuchung ermittelte mögliche Gesamtschaden für den heutigen Zustand an der Luxemburger Mosel ist beeindruckend: Falls heute ein Hochwasser wie 1983 auftreten würde, müsste mit Schäden von circa 38,6 Millionen Euro nur auf luxemburgischer Seite gerechnet werden. Die Schäden verteilen sich dabei sehr unterschiedlich auf die einzelnen Gemeinden."

Dir gesitt, et geet net hei ëm dräi Frang a fënnef Su, et si schonn immens Zommen, déi hei am Raum stinn. An dat beweist dann och sécherlech, datt et net vu Muttwëll ass, et ass souguer eng Rechtfertegung fir haut heibannen iwwer esou e Sujet ze diskutéieren.

Niewent enger ganzer Rei vu méi punktuelle Moossname gesäit d'Etüd och eng Verbreederung vum Muselbett ënnerhalb Réimech vir. Dës Mesure ass mat Sécherheet nëmme mam Accord vun eisem Nopeschland Däitschland méiglech an iwwerschreit mat gradsou grousser Sécherheet d'Kompetenzen a virun allem och d'Méiglechkeete vun der Réimecher Gemeng.

Ech hunn an deene verschiddenen Uertschaften an Däitschland gesinn, datt Maueren oder natierlech Wäll, déi eng Uertschaft schütze sollen, sech relativ gutt an d'Bild vun der Landschaft integréieren. Mä et ass net nëmmen dat wat ee vum Wall gesäit wat richteg vill Geld kascht. De Gros vum Käschtepunkt läit am Buedem selwer.

Et sinn dat Palplanchen, déi an de Buedem musse gerammt ginn, fir dat natierlecht Grondwaasser vum Floss ze eliminéieren. De ganze Kanalréseau muss mat Drockklappen ausgestatt ginn, fir den Offloss ze garantéieren an de Réckfloss selbstverständlech och ze verhënneren. Pompele mussen am Fall vun Héichwaasser dat ufalend Iwwerflächewaasser an de Floss transportéieren. Ech mengen, d'Stad Iechternach - an ech ginn dovun aus, datt den Här Scheuer herno och nach dorop zréckkënnt - huet kierzlech esou e System installéiert. Ech hoffe just an ech wënsche mer, datt de Succès vun dëser Mesure d'Erwaardunge vun de Leit och erfëlle wäert.

Dat alles awer, Här President, kascht vill Geld, esou vill Geld, datt eng eenzel Gemeng, déi betraff ass, dat onméiglech eleng opbrénge kann. Duerfir ass et wichteg, datt een, éier een iwwer Héichwaasserschutzmoossnamen diskutéiert, en zolitte Finanzplang mat enger Prioritéitelëscht stoen huet.

Dir, Här President, - elo ass et awer en anere President deen hei ass, mä et war den Här Weiler - hutt virun zwee Joer fir eng Solidaritéit ënnert de Gemenge plädéiert an iwwert de Finanzement dat heite gesot: „Hei wäert sech ganz séier erausstellen, wéi grouss d'Solidaritéit ënnert de Gemengen ass. Eng, denken ech, interessant Aufgab fir de Syvicol an de Conseil supérieur des Finances communales."

Esou ee Solidaritéitsfong, dat wier, géif ech soen, eng Méiglechkeet. Mä et gëtt och nach aner Méiglechkeeten. Haut gesäit d'Finanzéierung vum Bau vu Schutzmoossname géint Héichwaasser esou aus, datt déi concernéiert Gemeng 50% vun de Käschten dréit, an déi aner 50% vum Stat iwwerholl ginn. Dat mag e Modell sinn, dee funktionéiert. En huet jo och bis elo funktionéiert do wou e gebraucht ginn ass, mä ech mengen, datt et sech dobäi awer ëmmer ëm Beträg gehandelt huet net an där Gréissenuerdnung wéi d'Etüd vun der Musel se virgesäit.

D'Planung allerdéngs gëtt mat 80% vum Stat subventionéiert. Déi rezent Etüd iwwert d'Musel gesäit am Fall vu Réimech e finanziellen Opwand vu +/- 16 Milliounen Euro vir, d'Muselverbreederung bei de Caves Saint-Martin inclus. Well ech awer elo de Budgetsiwwerschoss am ordinäre Budget laut Konte vun der Stad Réimech kennen, an duerfir och weess, datt dat +/- 1,5 Milliounen Euro sinn, weess ech, datt d'Stad Réimech mat deem bestehende Finanzéierungsmodus vu fifty-fifty keen Héichwaasserschutz an där Gréissenuerdnung baue kann. Ech hunn elo vu Réimech geschwat, net well ech dat prioritär wëll gesinn, mä ganz einfach well ech déi finanziell Méiglechkeete vun der Stad Réimech kennen.

Ech sinn awer gradsou sécher, datt aner Gemengen, déi un deenen eenzelne groussen an och manner grousse Flëss uechtert d'Land leien - an deene Gemengen hir Finanzsituatioun ass lech, Här Minister, sécherlech bekannt oder op d'mannst ass si Äre Servicer bekannt -, datt déi Gemengen ähnlech gelagert Finanzprobleemer kréie wäerten, wa si Héichwaasserschutz an där Gréissenuerdnung baue wëllen oder baue mussen.

Egal wéi elo de Finanzéierungsmodell ausgesäit, sinn ech der Meenung, datt déi concernéiert Gemeng net soll méi wéi 10% vun de

Fraisën droen a wahrscheinlech och net droe kann. All anere Finanzéierungsmodell ass fir déi kleng Uertschafte laanscht d'Flëss finanziell net tragbar. Et misst menger Meenung no ee Programm opgestallt ginn, wéi mir en u sech vum Kläranlageprogramm hier kennen. Ee Programm, deen d'Zäitschinn, an där mir dee gesamten Héichwaasserschutz laanscht een an deeselwechte Floss wëlle realiséieren, festleet. Dat muss net alles an engem Joer gemaach ginn, et kann ee sech do schonn aacht oder zéng Joer virstellen - allerdéngs mat Prioritéiten. E Programm, deen de Finanzéierungsmodell och definéiert a selbstverständlech dann, wéi ech scho gesot hunn, Prioritéite festleet, wat fir eng Uertschaften am meeschte betraff sinn, a wou dann och déi baulech Moossname fir d'éischt sollen ugefaange ginn.

An Däitschland ass de Finanzéierungsmodell och 90:10, mat deem Ënnerscheed allerdéngs, datt do d'Land an net d'Gemeng de Bauhär ass. Do ass et also esou, datt d'Gemeng 10% vun de Käschten un d'Land rembourséiert. Mat Sécherheet, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee Modell iwwert deen een och hei zu Lëtzebuerg nodenke kann an och nodenke soll. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck.

National Solidaritéit gesinn ech awer net nëmmen um finanzielle Plang, obscho si hei séier wichteg ass, fir déi verschidde Projeten iwerhaapt realiséieren ze kënnen. National Solidaritéit geet fir mech méi wäit. All eenzel Gemeng am Land misst hire Bebauungsplang esou gestalten, datt haaptsächlech bei gréissere Bauprojeten oder Lotissementer Retentiounsbecke virgeschriwwe wieren. Datselwecht gëllt och fir de Stat beim Bau vu Stroossen, Schoulen, Altersheimer, Kliniken oder anere grousse Gebaier.

Wann ee kann, elo soen ech emol dräi Parkingen ënner ee grousst Gebai setzen, da mengen ech, da kéint een och ënnendrënner eppes maachen, fir bei ganz staarkem Reen d'Waasser e bëssen ze reguléieren, wat do fält. Duerch dës Bassins de rétention géif ee selbstverständlech verhënneren, datt d'Waasser eréi bis elo um schnellste Wee an deen nächste Floss oder an déi nächst Baach géif offléissen.

Vill esou dach éischter kleng Moossname géifen awer an hirer Gesamtheet een zolitte positiven Effet kreéieren. Och wann déi verschidden Héichwaasseren an hirem Mooss vu Verwüstung wuel mateneen ze vergläiche sinn oder datt ee si wuel matenee vergläiche kann, sou kann een allerdéngs déi gewalteg Waassermengen, déi d'Musel bei Héichwaasser féiert, net mat deene Menge vergläichen, déi aner Flëss hei am Land hunn.

Sou ass zum Beispill nozeliesen, datt d'Musel 1993, wou mir Katastrophenhéichwaasser haten - elo lauschtert gutt no, Dir Dammen an Dir Hären -, 4.200 m³ an der Sekonn an de Rhein déverséiert huet. Rechent een dat elo mol eng Kéier héich, mécht dat 252.000 m³ an der Minutt, dat mécht 15.120.000 m³ an der Stonn aus.

Dat, Här President, wëll ech Iech soen, si gewalteg Waassermengen. Ech kann Iech ee Lidd dovu sangen. Et brauch ee sech nëmme bei esou Saachen op d'Réimecher Bréck stellen ze goen, da gesäit ee wat do transportéiert gëtt.

Wéi gewalteg dat ass, wëll ech un deem Beispill dokumentéieren: De Barrage vun der Sauer huet eng Gesamtcapacitéit vun 58 Millioune m³. Dat heescht an anere Wierder a knapp véier Stonnen ass dee gesamte Barrage zu Réimech ënnert der Bréck passéiert. Beim Héichwaasser vun 1993 a vun 1995 si ronn 3.000 Millioune m³ Waasser duerch d'Musel gefloss: Dat ass ongeféier 50-mol dee ganze Stausee.

Ech hunn déi Chifferen hei genannt fir einfach emol eng Kéier ze illustréieren, wéi gewalteg déi Waassermenge sinn, an déi soll ee kennen, déi Chifferen, wann ee wëllt doriwwer diskutéieren.

Ech hunn dës Interpellatioun un d'Regierung ugefrot, éischtens, fir meng Meenung kënnen ze soen, an zweetens, fir iwwer verschidde Punkten Opschloss ze kréien.

Deen éischte Punkt war dee vum Finanzement. Meng Meenung dozou hunn ech elo grad duergeluecht. Ech kennen d'Iddië vun der Regierung net, ech sinn awer trotzdeem gespaant wéi d'Regierungspropos ausgesäit.

Deen zweete Punkt behandelt d'Fro iwwert d'Iwwerschwemmungszonen, déi a verschiddene Gemengen ausgewise goufen, an dat als Konklusioun no den Iwwerschwemmunge vun 1993 a vun 1995. Et gëtt mat Sécherheet Iwerschwemmungsgebidder, wou net dorop gebaut soll ginn, an och net däerf dorop gebaut ginn. Et handelt sech hei zum Deel och schonns ëm Terraien, déi net bebaut sinn, an déi als Retentioun eng Roll spillen. Wann awer wéi zum Beispill zu Iechternach Schutzmoossname scho geholl gi sinn, misst een d'Verbuet vum Bauen och, mengen ech, do nei iwerdenken.

Den drëtte Punkt ass d'Fro un d'Regierung: Wéi geet et weider? An dat ass och menger Meenung no ee ganz wichtege Punkt: Wéi geet et weider mat den Etüden iwwert d'Sauer, an notamment iwwert d'Musel? Éischtens, wie këmmert sech dorëm? Wéi gesäit den Här Minister den Timing oder besser gesot d'Zäitschinn, op där geschafft gi soll? Et wier u sech eigentlech schued, wann dës dach deier a virun allen Dénger och wäertvoll Etüde kee Suivi kriten, a si géifen am Tirang verschwannen.

Ech hat et schonn ugedeit, eng eenzel Gemeng ass menger Meenung no mat der Handhabung vun esou engem risegen Dossier ouni Ënnerstëtzung vum Stat oder vum Ministère einfach iwwerfuerdert. Hei wier et sécher wichteg a gutt, wa mir eng Cellule d'accompagnement oder de coordination am Ministère selwer installéiert hätten, déi sech, wann et politesch dann och gewollt ass, oder wierklech gewollt ass, ëm d'Ëmsetze vun der Etüd dann och géif këmmeren.

Dee véierte Punkt freet, ob schonn ee Plang oder ee Konzept do ass iwwert d'Renaturatioun a selbstverständlech och déi natierlech Rétentioun bei a vu méi klenge Flëss. Bei deene klengen oder sou genannten Niewefléss an och bei de Baache si Mesurë wéi d'Renaturéierung an d'Retentioun sécher vu grousser Wichtegkeet. Ee Landesplang, dee séier wichteg ass an deen och Prioritéite festleeë soll, ass hei virgesinn. Dofir froen ech, Här Minister: Wou sinn déi Aarbechten drun, oder wéi wäit sinn dës Aarbechten?

Dee fënnefte Punkt enchaînéiert gewëssermoossen un d'Fro vum Punkt dräi, wat de Suivi vun der Etüd ugeet. Et wier ausserdeem trotzdeem och interessant vum Minister ze héieren, ob nach aner Gemenge schonns Mesures anticrues lafen hunn oder envisagéiert hunn.

Dat gesot, Här President, sinn ech gespaant op d'Äntwerte vun der Regierung. Ech hoffe schonns, datt si esou ausfalen, datt endlech Mesurë machbar ginn, déi deene Leit hëllefen, déi Joer fir Joer baange mussen, wann et Wiederbedingunge gëtt, déi zu Héichwaasser féiere kënnen. Et ass mat Sécherheet, an ech mengen, dat hutt Dir alleguerten elo matkritt, déi, déi hei nogelauschtert hunn, net vu Muttwëll fir am Beräich…

Wat mengt Dir, Här Klein?

(Interruption)

Ech hu geduecht, Dir hätt eppes gesot, Här Klein.

Also, et ass mat Sécherheet net vu Muttwëll fir am Beräich vum Héichwaasserschutz, esou wéi Dir ëmmer sot, Här Minister, Neel mat Käpp ze maachen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Clement Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner ageschriwwen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen d'Iwwerschwemmunge vun 1947, 1983, 1993, 1995, haaptsächlech op der Musel an esou virun, sinn hei an der Chamber schonn a villen Débaten évoquéiert ginn. Et ass och geschwat ginn awer, dass net nëmmen Iwwerschwemmungen op der Musel an op der Sauer waren, mä dass mir och am Rescht vum Land Iwwerschwemmunge kannt hunn.

Ech ka mech iwwregens erënneren un een illustren Député-maire vun Esch, deen 1983 hei an der Chamber gesot huet, adresséiert un déi Miseler Leit, et hätt jo kee si ugestallt fir dohinner ze bauen.

(Hilarité)

E puer Méint duerno hate mir och riseg Iwwerschwemmungen zu Esch. Do gesäit ee wéi et ka goen, wann een oniwwerluecht Deklaratioune mécht.

Ech wëll och dorun erënneren, effectivement - och mäi Virriedner, den Interpellant, den Här Clement, huet schonn dorop higewisen -, dass mir dee leschten Débat hei 2003 an der Chamber haten.

Ech wëll dofir net méi ze vill op déi verschidden Ursaachen agoen. Mir kennen se alleguerten: accentuéiert Versigelungen, dat heescht d'Zoubëtonéiere vum Buedem, de Klimawandel an aner Ursaache sinn hei oft genuch schonn évoquéiert ginn.

Ech mengen eng Saach, déi terribel wichteg ass bei den Iwwerschwemmungen, dat sinn déi sou genannte Systèmes d'alerte. Mir brauchen effectivement e ganz performanten Informatiounssystem, fir dass mer esou schnell wéi méiglech gewarnt ginn. Deen Informatiounssystem – dat ass och erëm hei préconiséiert ginn - misst onbedéngt méi zentraliséiert ginn. Et ass och geschwat gi vu permanenten Télefonslinnen, notamment mat de Schleisbeamten, an esou virun.

Ech wëll och dorun erënneren, dass den deemolege Minister, den Här Wolter, 2003 hei an der Chamber op alle Fall seng Volontéit ausgeschwat hat, fir sou genannten Internet-Säiten op d'Been ze setzen, wou een dee Moment kéint déi verschidde Pegelstänn en permanence an en direct nokontrolléieren. Ech muss awer soen, wann een haut beispillsweis op den „Observatoire hydroclimatologique" geet, do fënnt een net vill, et sief da verschidden Télefonsnummeren. Vun deenen Internet-Säite fäerten ech ass op alle Fall bis elo net vill realiséiert ginn; och dofir meng Fro un de jëtzege Minister, wéi wäit mer domadder sinn.

Ech wëll beispillsweis awer dorun erënneren, dass et a Frankräich schonn zënter 20 Joer sou genannte Fluviometere gëtt, Fluviomètres parlants, wou ee regelméisseg informéiert gëtt. Preventiouns- a Fréiwarnsystemer, wéi se schonn zënter 1993 vun der Protection civile hei an deem Land agefouert gi sinn, mussen, no der Meenung vun der Demokratescher Partei, onbedéngt verbessert an ausgebaut ginn.

2003 hei bei deene leschten Debatten an der Chamber hat den deemolegen Innenminister och geschwat vun engem sou genannte Système de préalerte, fir d'Anzuchsgebidder vun der Sauer an awer och vun der Musel an deem sou genannte Waasserwirtschaftsamt zesummenzeleeën, ze konzentréieren. Och do kann de Minister eis vläicht Äntwerte ginn, wéi wäit dass mer entre-temps sinn.

Selbstverständlech kann een, wat d'Iwwerschwemmungen ubelaangt, d'Risikoen erofsetzen, beispillsweis duerch Renaturéierungsmesurë vun eise Waasserleef duerch Zones de rétention, duerch Retentiounsbecken. Och doduerch dass beispillsweis Bebauungspläng virgesinn, dass net däerf a sou genannte Gefahrenzone gebaut ze ginn. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass beispillsweis d'Ausbaggere vun eise Baachen a Flëss nëmme sollt als allerlescht Mesure geholl ginn, mä dass dat op alle Fall keng effikass Mesure ass.

Ech géif awer soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotz all deene preventive Mesurë muss eng adequat Protektioun garantéiert ginn, an et ass héich Zäit. Wuel sinn a verschiddene Gemenge flott Mesurë geholl ginn an deene leschte Joren. Ech wëll beispillsweis un d'Ierpeldenger Gemeng erënneren, ech wëll och un d'Stad Dikrech erënneren,…

Une voix.- Jo!

M. Carlo Wagner *(DP)*.- …déi Mesuren ergraff huet, oder d'Gemeng vu Bettendorf.

Une autre voix.- Oder?

(Hilarité)

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Och Berdorf huet gutt Mesuren ergraff, zu Bollendorf-Pont, a fir dass…

Une voix.- E kënnt ëmmer méi no!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Et gëtt méi waarm!

(Hilarité)

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Par contre, Här Scheuer, wat d'Gemeng vu Rouspert ubelaangt,…

(Hilarité)

…wou d'Leit därmoosse geplot si wat Steenem ubelaangt, do effectivement ass bis elo eng Etüd gemaach ginn, an et ass nëmmen ze hoffen, dass do déi néideg Mesuren awer esou schnell wéi méiglech ergraff ginn. Mesuren, déi Dir, Här Scheuer, zu Iechternach geholl hutt. Zwar fannen ech relativ spéit, mä ëmmerhin…

(Interventions diverses)

…si se virun engem décke Mount oder zwee Méint agewiehe ginn, sou zwar dass wa mer am Mäerz, Abrëll Iwwerschwemmunge kritt hätten, hätten se scho gewierkt, mä wa mer, wéi beispillsweis 1983 an 1993, schonn Iwwerschwemmungen am Dezember gehat hätten, hätte mer misse soen, den Här Scheuer huet ze spéit ugefaang.

(Interruptions diverses)

Mä ech wëll Iech awer félicitéieren, Här Scheuer, fir déi Mesuren, déi Der ergraff hutt. Ech hoffen, dass dat Ärem Stolz op alle Fall déi néideg Genugtuung bréngt.

Den Interpellant huet och d'éinescht déi verschidden Héichwaasserschutzkonzepter vun der Sauer ugeschwat, déi 1999 geholl gi sinn, an dat wéi gesot elo vun 2003 wat d'Musel ubelaangt, wou effectivement Etüde gemaach gi sinn an deenen 13 Uertschafte laanscht d'Musel wat d'Preventiounsméiglechkeeten ubelaangt, wou och gekuckt ginn ass ob potenziell Schied, déi eventuell kéinten entstoen, an haaptsächlech awer och wat déi rentabelst Mesurë wären a puncto Preventioun fir déi siwe Gemengen.

Ech muss awer soen, och zënterhier hapert et um Suivi. Esou seet beispillweis - hunn ech mer soe gelooss - d'Direktioun vun der Gestion des Eaux, dass se mat deene verschiddene Gemengen am Kontakt wär, fir weider ze kucke wat ee kéint konkret esou schnell wéi méiglech ënnerhuelen. Wann een awer mat verschiddene Gemenge laanscht d'Musel schwätzt, da wëssen déi näischt dovun. Do muss een also éischter soen, bis elo, trotz allem gudde Wëlle vläicht, „rien à signaler".

Wat Réimech ubelaangt, och do ass jo effectivement eng Etüd gemaach ginn. Et sinn och Mesuren ergraff ginn. Den honorabelen Interpellant huet d'éinescht de potenzielle Coût hei erwähnt, 16 Milliounen Euro, wat selbstverständlech enorm, enorm vill ass. Dat wär net nëmme fir Retentiounsbecken, mä dat do beispillsweis fält och am Kader vun der Solidaritéit mat där Gemeng, déi hannendrun ass, zesummen. Dat heescht beispillsweis, bei deem grousse Coût do wären och dee Moment Ausbaggerungsaarbechten am Ausgang vu Réimech virgesinn, fir dass net soll Bech-Maacher iwwerschwemmt ginn.

Mir mussen natierlech soen, an dat ass och richteg hei zum Virschäi komm, dass dat dote Montantë sinn, déi allgemeng selbstverständlech erschrecken. Net vill besser geet et mat der Mäerterter Gemeng, Mäertert, dat och enorm Problematiken huet, souwuel zu Waasserbëlleg wéi och zu Mäertert selwer, an net zulescht doduerch, dass et effectivement an där Gemeng ass wou dräi Flëss: d'Musel, d'Sauer an och d'Syre, zesummekommen, an zousätzlech och nach déi Gemeng en fait ee vun deenen déifste Punkten ass, déi hei am Land sinn. Mir sinn eis alleguerte bewosst, dass selbstverständlech mat där zounehmender Versigelung déi dote Problematiken ëmmer méi grouss wäerte ginn.

Zu Bur - hunn ech mer soe gelooss - sinn och nach keng grouss Spréng gemaach ginn, ausser dass eng sou genannte Zone d'inondation bestëmmt ginn ass. Mä do ass et awer och nach leider ëmmer Affaire à suivre.

Ech kommen op de Kärpunkt vun där ganzer Problematik, an dee Kärpunkt, dee schéngt mer ouni Zweifel beim Finanzement vun all deene Mesuren ze leien. Net nëmmen dass beispillsweis elo bei der lokaler Étude approfondie nach net gekläert ass, wéi vill dass de Ministère iwwerhëlt a wéi vill dass d'Gemeng muss iwwerhuelen, mä haaptsächlech - an den Här Clement huet dat richteg ugeschnidden - bei deem jëtzege Finanzéierungsmodus, dee mer hunn, dat heescht fifty-fifty, 50% fir d'Gemengen, 50% fir de Stat, do kënnen déi meescht Gemengen absolut net matmaachen, do si se carrément iwwerfuerdert, loosse mer eis näischt virmaachen.

Den Här Clement huet och d'éinescht ugeschnidden, dass et an Däitschland ganz anescht ass, dass do d'Bundesland, an dësem Fall da Rheinland-Pfalz, déi 90% iwwerhëlt, d'Verbandsgemengen déi aner 10%, an déi kleng Ortsgemeinden, wéi et se dohanne gëtt, déi gi souguer gratis mat duerchgeholl, dat heescht déi brauchen zu 0% ze participéieren.

Ech sinn och der fester Iwwerzeegung, dass, d'selwecht wéi och bei de Kläranlagen, beim Mode de financement, fir de Gemengen ze erlaben, effectivement op eng effikass Aart a Weis ze participéieren, de Stat misst 90% iwwerhuelen an d'Gemeng 10%. Domadder selbstverständlech hu mer awer nach net vill realiséiert.

Ech mengen och, dass endlech d'Waasserwirtschaftsamt, wéi soll ech soen, d'Koordinatioun vu sämtleche Mesuren, déi am Land ze huele sinn, misst iwwerhuelen, an dat méiglechst schnell. Dee Moment deem Mode de financement

entspriechend, wou den Här Clement an ech eis jo awer honnertprozenteg eens sinn, deementspriechend de sou genannte Plan pluriannuel suivant priorité opstellen, well selbstverständlech kann een och net vum Stat verlaangen, dass hie bei esou engem Mode de financement géif elo a kierzester Zäit, an een, zwee Joer, alles mateenee maachen. Dofir wéi gesot e Plan pluriannuel, dat wär op alle Fall terribel wichteg!

Am Résumé, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen och an deenen nächste Joren nach oft hei diskutéieren, mä effectivement wann d'Waasserwirtschaftsamt d'Koordinatioun net iwwerhëlt, wa mer net e Mode de financement fannen, deen de Moyens financiers vun eise Gemengen entsprécht, da fäerten ech wäerte mer nach laang nokucken. Dat kënne mer eis awer net leeschten! An den Här Clement huet d'éinescht d'Chifferë genannt, wéi vill de Schued ongeféier kascht bei Iwwerschwemmungen. Sousentendu selbstverständlech, dass déi Iwwerschwemmungen sech géife während e puer Joer répétéieren, ass dat dat Puerfacht vun deem ganze Coût, dee géif ufalen.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech awer och der Meenung, dass selbstverständlech all Gemenge missten deeselwechten Traitement kréien, dat wierklech de Prioritéiten no, wou déi gréisste Geforenzone sinn.

Ech wëll awer och nach ofschléissend, Här President, déi Geleeënheet hei net verpassen, fir haaptsächlech alleguerten deene Leit, déi am Fall vun der Nout vill Aarbecht geleescht hunn, e grousse Merci ze soen, an dat haaptsächlech eise Pompjeeën, déi wa mer Iwerschwemmungen hunn Dag an Nuecht ënnerwee sinn, an dat onentgeltlech. Hinnen e grousse Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Wagner. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Sou, elo huet ganz eleng den Här Scheuer d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech wäert mech duerchsetzen, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, à moins datt e Latinist heibanne mech elo korrigéiert, dann huet d'Interpellatioun mam laténgesche Verb „pellere" ze dinn, an dat heescht dreiwen, joen. Ech stelle fest, am Joer 2003 huet den Här Lucien Weiler den Här Innenminister Wolter gejot am Beräich vum Héichwaasser, an elo am Joer 2005 jot den Här Lucien Clement den Här Halsdorf.

(Interruption)

Ech muss awer soen, am Joer 2003 huet deen deemolegen Innenminister, den Här Wolter, et fäerdeg bruecht, fir de Kapp iwwer Waasser ze halen. En huet eng excellent Ried gehalen. Ech weess net, ob den Här Halsdorf elo déiselwecht hält, wann en se hält, dann huet en och eng excellent Ried gehalen.

Ech wëll an dësem Kontext och dem Här Wolter Merci soe fir déi Hëllef, déi en eis ginn huet, där klenger Stad, aus där ech kommen. Hie war an eng Versammlung komm an huet och do de Kapp duergehalen. Dat zur Interpellatioun. D'Regierung ass bis elo ëmmer geschount gi vun den Deputéierten aus der Majoritéit, wa se hir Kolleegen interpelléiert hunn. Dat war dës Kéier och beim Här Clement de Fall. Et ass awer zum Héichwaasser munches nach ze soen.

1996 huet de Regierungsrot den 10. Mee e Pabeier guttgehalen, an deen heescht Stratégie globale en matière de zone inondable, an dat ass en excellente Pabeier. Et ass ee Pabeier, deen duergeet fir eng ganz konkret Politik dodrop ze grefféieren.

Munches wat no 1996 geschitt ass, ass och an deem Pabeier schonn enthale gewiescht - alles wat hei gesot ginn ass - Système de préalerte, et sinn um Terrain Héichwaasserzonen ausgewise ginn, d'Gemenge si regelrecht waakrech ginn an hu Geld an hire Budget gesat fir ze investéieren. D'Bureaud'étuden hunn och bäigeléiert, a virun allem sinn am Stat an deenen eenzelne Verwaltunge Zelle geschaf ginn, déi d'Gemenge beroden, déi mat de Büroen zesummeschaffen an déi excellent Aarbecht leeschten. Et ass eng Kaart erauskomm; verschidde Regioune si festgeluecht ginn. Ech géif et bal en Héichwaassercadaster nennen, dee fir den Zentrum gëllt, fir de Westen a fir den Osten. Eng Serie vun deene Mesuren, déi virgesi sinn, déi proposéiert gi sinn, gëlle fir all déi Zonen, anerer ënnerscheeden sech do dervun.

Ech wäert elo net alles dat widderhuelen, wat gesot ginn ass. Ech beschränke mech op e puer ganz konkret Froen.

Éischtens déi Fro, déi och vum Här Wagner ugeschwat ginn ass, d'Fro no der Koordinatioun vun all deene Servicer, déi am Héichwaasserberäich beim Stat schaffen. Ech zitéieren do virun allem d'Waasserwirtschaftsamt, dat um Terrain bei technesche Léisungen an och anere Léisungen eng excellent Aarbecht leescht, wat och eng berodend Funktioun huet. Ech nennen awer och d'Forstverwaltung - all Fierschter huet domat ze dinn - an awer och den Naturschutz, deen, besonnesch wann et ëm Renaturéierung geet, e Wuert matzeschwätzen huet. Ech mengen, datt den Naturschutz virun allem am Beräich vun der Nohaltegkeet, vum nohaltegen Héichwaasserschutz munches a Bewegung gesat huet an och munches bidde kann.

Ech stellen net d'Fro no der Hierarchie vun deenen eenzelne Servicer, mä awer d'Fro no der Organisatioun vun dëse Servicer.

Dann an deemselwechte Kader vun der Zesummenaarbecht stellen ech och d'Fro no der Kollaboratioun mat eisen Noperen, ob dat d'Belsch, d'Fransousen oder déi Däitsch sinn. Mir sollen net vergiessen, datt d'Sauer op enger grousser Streck, an d'Musel ganz condominium sinn, wou eis Noperen d'office an de jure matschwätzen, egal wat op deem Floss geschitt, an egal wat och op der Lëtzebuerger Säit geschitt. Wien dréit do d'Verantwortung bei eis, a wéi leeft déi Kollaboratioun?

Zweete Volet, d'Fro no der nationaler Solidaritéit an d'Fro no der nationaler Responsabilitéit. An zwar verschidde Facettë vun der nationaler Solidaritéit, éischtens um Niveau vun de Finanzen, et ass elo geschwat gi vu 50%, et kann een natierlech och 90% froen, wéi dat den Här Wagner gesot huet. Da seet een, et ass Héichwaasser a Schmotzwaasser, an d'Héichwaasser gëtt esou behandelt wéi d'Kläranlage behandelt ginn. Wann den Här Halsdorf elo dat seet, dann huet e besser geschwat wéi säi Virgänger, den Här Wolter…

Une voix.- Nach besser geschwat!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Nach besser geschwat!

Mä säi Virgänger, den Här Wolter, dee war schonn net bei deene 50% stoe bliwwen, deen hat eng Rechnung gemaach, wou en dann och de Kanalsystem mat agebonnen hat an dunn ass en op 66% komm vun deem Ganzen. Also, wa mer déi 66% elo erauskréien, och dann hu mer generell scho munches gemaach.

An dem Kontext vun de Finanze stellen ech d'Fro, déi och eng Kéier am Raum stoung, nom Schafe vun engem Héichwaasserfong. Am Ufank ass gesot ginn, fir d'Affer vum Héichwaasser ze indemniséieren. Et kann een awer och iwwer en Héichwaasserfong Mesurë bezuelen, déi dann uechtert d'Land a besonnesch an deene Gemengen da geholl ginn, déi betraff sinn. Dat ass och e méiglecht Element vun der nationaler Solidaritéit.

Drëtte Volet: No der nationaler Solidaritéit stellt sech d'Fro no der nationaler Responsabilitéit. En Héichwaasser huet verschidden Ursaachen: Déi eng sinn ofhängeg vun eiser Härgott, do maache mer näischt, wéi den Här Clement dat souguer zouginn huet. Bei anere kënne mer awer eppes maachen: dat ass de Problem vun der Buedemversigelung. An dee Problem vun der Buedemversigelung spillt uechtert d'ganzt Land an e spillt fir d'Musel an e spillt fir d'Sauer, wou eben all Waasser, wat zu Lëtzebuerg produzéiert gëtt, oder erofkënnt vum Himmel, gesammelt gëtt an dann iwwert d'Grenz fortleeft a virdrun huet et munech Uertschaft iwwerschwemmt.

Ech maache folgend Suggestioun, Här Minister: Ech soen, datt misst nogekuckt ginn, wat fir eng Gemeng en Héichwaasserschutz kéint an de PAG abauen. An da gëtt d'Héichwaasserproblematik eng Fro vun Aménagement du territoire. Et kënnt een zum Beispill soen, datt a bestëmmte Gemengen e Regenüberlaufbecken sollt gebaut ginn, fir d'Offléisse vun de Waassermassen e bëssen zréckzehalen, fir datt d'Waasser Zäit kritt fir ofzelafen, an net alles op ee Koup kéim.

Dat ass déi eng Propos. Do kann een - an et ass nach Zäit fir et ze maachen - um reglementareschen Niveau, um Kontrollniveau am Innenministère munches erreechen, wat d'Gemenge selwer net onbedéngt bereet sinn ze maachen.

Dann, an deemselwechte Kontext, wa mer vu Regenüberlaufbecke schwätzen, da fënnt een datselwecht an der Natur, an do nenne mer dat natierlech Retentiounsfläche bei de Baachen a bei de Flëss.

E Wuert zu deene Retentiounsvolumen, Wa mir zu lechternach véier Retentiounsbecke bauen, dann investéiere mir an déi véier Retentiounsbecke ronn 12,5 Milliounen Euro. Dat ass Waasser, dat gëtt net bei eis produzéiert, dat gëtt op enger anerer Plaz produzéiert an dat kënnt och do zréckbehale ginn ouni datt et da bei eis erafléisst, mam selwechten Tempo a wou mir et da staue mussen, fir datt et nees offléisst. An esouguer wann een da 50% bäikritt, da bleiwen nach ëmmer sechs bis siwe Milliounen, déi da vun enger Gemeng ze droe sinn. National Solidaritéit, national Responsabilitéit.

A just zu deenen natierleche Retentiounsvolumen nach e puer Umierkungen. Et ass jo evident, datt esou Retentiounsvolumen net méi existéieren no enger bestëmmter Zäit, well d'Natur sech nees hiert Recht zréckgeholl huet. Mir schwätze vu Sand, dee sech gekippt huet. Da muss ausgebaggert ginn. Or, et muss ausgebaggert ginn op Terrainen, déi net der Gemeng gehéieren, un den Uferflächen an da musse Biotopen ugeluecht ginn. Do froen ech ganz einfach: Wie keeft déi Terrainen op? Wann ech d'Gemeng Steenem wëll schützen, muss ech an der Gemeng lechternach Terrainen ausbaggeren. Wann ech d'Gemeng lechternach wëll schützen, muss ech op der däitscher Säit Terrainen ausbaggeren.

Or, wie geet hin a forcéiert déi däitsch Säit fir Retentiounsvolume fir Lëtzebuerger Héichwaasser ze schafen. Do ass munches um Niveau vu bilaterale Relatiounen ze klären, do ass menger Meenung no munches um Niveau vun europäesche Programmen och nach ze bewegen. Dat zum Schafe vu Retentiounsvolumen an zu deene Froe vun Aménagement du territoire, vu Finanzement a vu Responsabilitéit beim Uschafe vun den Terrainen a beim Beschaffe vun deenen Terrainen.

Leschte Punkt, mäin Hobby, ech leeden iwwer zum Héichwaasserkadaster, dee jo geschaaft ginn ass, an deen Héichwaasserkadaster begleet vu verschiddene Règlements grand-ducaux, déi d'Gemengen octroyéiert kritt hunn. Dee Kadaster betrëfft op d'mannst 16 Gemengen an déi Règlements grand-ducaux hunn an deene Gemengen, wou Zones d'inondation ausgewise ginn, zu regelrechte Blocagen um Niveau vum Baumaart gefouert.

Ech huelen elo dat Reglement net auserneen, do geet et emol éischtens drëm datt d'PAPen net méi erlaabt sinn an zweetens gëtt d'Bauen nëmmen erlaabt, wann e puer Konditiounen erfëllt sinn, inklusiv déi, datt nëmme Baulücken dierfen opgefëllt ginn, inklusiv datt de Retentiounsvolume muss kompenséiert ginn. An ech erënneren drun, datt am Regierungstext vun 1996 de Begréff kompenséieren och méi differenzéiert gi war wéi just nëmme Waasserfläche kompenséieren. Do ass och vu Compensation financière geschwat ginn.

Dës Idee ass verluer gaangen.

Vill Gemengen hunn also Reglementer geholl, respektiv octroyéiert kritt, an d'Konsequenzen dovu si munchmol dramatesch. Dat ka quasi zu engem komplette Baustopp a verschiddene Gemengen an den Iwerschwemmungsgebitter féieren, an ech stellen d'Fro fir déi Gemengen, wou Mesurë geholl gi sinn, déi ganz Quartieren dréche leeën oder déi esouguer eng ganz Stad dréche leeën, Mesuren, déi laut techneschen, wëssenschaftlechen Angaben vun de Büroen a vum Waasserwirtschaftsamt vu vereedegte Beamten zertifiéiert ginn. Hei muss ee menger Meenung no déi Règlements grand-ducaux ophiewen, ganz ophiewen, net nëmmen an Etappen, an net nëmmen a bestëmmten Echelonen, mä ganz.

Entweder gräifen déi Mesuren oder se gräifen net, mä da muss d'Preuve du contraire erbruecht ginn, an d'Preuve du contraire, déi kann an dësem Fall nëmmen d'Natur bréngen. Eng ganz Serie vun deene Règlements grand-ducaux si sans objet, op jidde Fall wat den administrative Volet ugeet, dee vun de PAPen. Dat misst een direkt sträichen.

Dat wollt ech als Ofschloss suggéréieren.

Ech soe vun dëser Plaz aus dem Stat Merci fir déi Hëllef, déi mir kritt hu fir d'Stad lechternach ze sanéieren, déi zu engem Drëttel Zone d'inondation war. En Drëttel vun der Alstad ass och nach ëmmer baulech blockéiert wann d'PAPë gemaach ginn an dat kënne mer eis net erlaben.

Ech soen nach eng Kéier Merci fir d'finanziell Hëllef a virun allem och fir déi technesch Hëllef duerch d'Verwaltungen.

M. le Président.- Merci dem Här Scheuer. An als nächste Riedner ass agedroen, den Här Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „in tempo non suspecto", esou huet jiddefalls den deemolegen Innenminister Wolter op d'Interpellatioun, et ass scho gesot ginn, virun dräi Joer, dem jëtzege Chamberspresident geäntwert, fir iwwert déiselwecht Problematik u sech ze schwätzen. Also viru genee zwee Joer. An enger Joreszäit also wou selten Héichwaasser ze erwaarden ass. Souwäit ech den Här Wolter awer do verstanen hunn, wollt hien domat soen, mat klorem Kapp oder besser gesot mat dréchene Féiss iwwert d'Phenomeen Héichwaasser kënnen ze schwätzen.

No engem Weekend, besonnesch no dësem, mat 30 Grad Temperatur dobaussen, dat fir den 1. Mee, trëfft dës Feststellung sécherlech och fir de jëtzegen Interpellant zou. Et ass scho komesch sech haut iwwert d'Héichwaasser ze ënnerhalen, wou mer dach éischter iwwert de Reemangel misste schwätzen. Nom Summer 2003, mat exceptionnellen héijen Temperaturen an deenen zwee mëlle Wanteren, mat relativ wéineg Schnéi an domat och wéineg Waasser, ass de Grondwaasserspigel nach ëmmer vill ze déif.

A Frankräich schwätzen se schonn erëm vun engem extrem dréchene Summer 2005, mat ähnleche Situatioune wéi 1976. Fir mech ass dat ganz kloer, an net nëmme fir mech, eng Konsequenz vum Klimawiessel, e Klimawandel, dee säit den 90er Joren hei an Europa och ze beobachten ass, mat noweisbar mëlle Wanteren an domadder fatale Konsequenze fir eis Ëmwelt a fir de Mënsch. Ech komme méi spéit op d'Auswierkunge vum Klimawandel op d'Héichwaasser ze schwätzen.

Ech wëll dem Kolleeg Lucien Clement trotzdeem Merci soe fir seng Initiativ fir haut iwwert d'Héichwaasserproblematik souzesoen am Dréchenen ze debattéieren. Als Réimecher wësse mer allen zwee, an net nëmme mir zwee eleng, dass dat nächst Héichwaasser sécher kënnt. Ech wëll dofir och hei gläich virausschécken, an dat ass mengen ech vu menge Virriedner net esou betount ginn: En 100%ege Schutz gëtt et ni bei Héichwaasser, och wa mer nach esou héich Maueren a Walle bauen, den 100%egeSchutz ass net gewährt, obschonns mir säit Januar 2003 op der Musel vum Héichwaasser verschount goufen. A sech ass dat och erëm atypesch, well normalerweis hu mer all Wanter eng Kéier en Héichwaasser op der Musel stoen.

Dës Interpellatioun erlaabt mer awer op e puer Aspekter anzegoen, déi déi Zäit virun zwee Joer an der Debatt vum deemolege Minister Wolter ugeschwat gi sinn, an ech wäert op déi Froen herno zréckkommen.

Froe wéi: Huet d'Waasserwirtschaftsamt eng Verbesserung bei den Héichwaasserschutzmoossname bruecht? Et ass scho virdru vum Här Scheuer iwwert d'Koordinatioun Rieds gaangen. Inwiefern ass dann elo effektiv d'Koordinatioun um Terrain besser ginn? Wéi steet et mat de Preventiounen? Wéi steet et bei den Hëllefsmoossname wann Héichwaasser optrëtt a wéi ass et am Endeffekt mat där néideger Broschür, déi déi Zäit ugekënnegt ginn ass.

Säit de schlëmmen Héichwaasser vun 1993, 1995 an 2003 kann ech och feststellen, kënne mer alleguerte feststellen, dass a sech um Terrain jo awer e bëssen eppes passéiert ass, dat souwuel am Beräich vun den direkten Héichwaasserschutzmoossnamen, wéi de Linienschutz a Form vu Maueren, respektiv indirekte Moossnamen, déi ech esou nennen, wéi zum Beispill d'Renaturéierung vun de Flëss oder d'Schafung vun natierleche Retentiounsflächen.

Op der Musel bleift - an dat huet den Här Clement virdru schonn ausféierlech duergeluecht - nach ganz villes ze maachen. D'Konzept läit um Dësch, mä a sech musse mer dat schlussendlech elo um Terrain ëmsetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hunn natierlech eng ganz Rei vun Aspekter scho beliicht, dofir beschränken ech mech just op e puer zousätzlech Punkten nach. Dat Éischt ass

d'Héichwaasser als Konsequenz vum Wieder, natierlech. Héichwaasser als Konsequenz - ass och scho gesot ginn - vun der Flossbegradegung, vun der Versigelung an der Bebauung. An drëttens, wéi steet et, wa mer d'Héichwaasser a sech solle bekämpfen, mat der Koordinatioun vun den Hëllefsstellungen um Terrain. Dat sinn déi dräi Punkten, déi ech hei wëllt développéieren.

Zum éischte Punkt, Héichwaasser als Konsequenz vum Wieder. Ma selbstverständlech ass et nach ëmmer Héichwaasser ginn an et wäert och nach ëmmer Héichwaasser an Zukunft ginn. Vill Völker hu sech grad wéinst dem Héichwaasser bei d'Waasser ugesidelt, well mam Héichwaasser gläichzäiteg fruchtbare Buedem ugeschwemmt gouf. Usidelen heescht awer net direkt an d'Héichwaassergebitt bauen, esou wéi dat oft fälschlecherweis vu sou genannten héich ziviliséierte Völker, wéi zum Beispill hei zu Lëtzebuerg, gemaach gëtt.

D'Wiederverhältnisser sinn natierlech den Haaptausléiser vum Héichwaasser. Ouni Ree keen Héichwaasser, ouni Reen awer och kee Liewen. Wat awer ze beobachten ass, ass dass d'Heftegkeet an d'Intensitéit vum Nidderschlag zougeholl hunn, wat natierlech och Konsequenzen huet op d'Heftegkeet an d'Häufegkeet vum Héichwaasser selwer. An dëst net nëmmen an de klassesche Gebidder vu fréier wéi un der Musel an un der Sauer, wou mer soss ëmmer Héichwaasser hunn, mä dëst kann ee beobachten am ganze Land. An dat ass fir mech eng Konsequenz vun der globaler Klimaveränneerung.

Esou ännert logescherweis och d'Klima hei an Europa. Dat bréngt zum Beispill mat sech, dass déi stabil Héichdrocklag iwwert de Wanter net méi esou häufeg hei an Europa ze beobachten ass, a mir vill méi oft sou genannte Weststréimungen hunn. Ech wëll net weider an d'Detailer goen, mä Dir wësst alleguerten, d'Weststréimunge brénge bekanntlech de Reen hei an Europa eran.

Et stellt sech natierlech d'Fro vun der Responsabilitéit. Sécherlech, mir kënnen hei zu Lëtzebuerg d'Klima net eleng änneren an och net retten. Mä eleng d'Signalwierkung, déi vu Lëtzebuerg kéint ausgoen, wann dat sou genannten héich entwéckelt Land mat héijem Wuelstand eng Entwécklung opweise kéint, ouni op en exzessiven Energie- a Landverbrauch zréckzegräifen.

Une voix.- Très bien.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Wann ech awer d'Diskussiounen ëm déi erneierbar Energiereglementer hei zu Lëtzebuerg héieren, esou stellen ech just fest, obschonns mer aus Klimasiicht schonn d'Waasser laang bis zum Hals stoen hunn, dass mer et net fäerdeg bréngen, endlech hei Kloerheet ze schafen. Wa vläicht de Moment och éischter d'Sonn dobausse schéngt - anscheinend reent et awer elo endlech emol erëm dobaussen -, loosse mer awer säit Méint e ganze Wirtschaftssecteur hei total am Ree stoen. Aktive Klimaschutz ass nämlech preventiven Héichwaasserschutz.

Dofir, Här Minister, wollt ech Iech och dozou eng kleng Fro stellen. Fir eis Gréng ass ganz kloer, dass d'Gemengen och an deem Domän e ganz wichtegen Apport kënne bréngen. Dofir wär ech frou, wann Der herno kéint kuerz Stellung dozou huelen, firwat Der d'Gemengen, oder firwat den Innenministère d'Gemengen net endlech an deem Beräich aktiv schaffe léisst, well alternativ Energië brénge vläicht net direkt den Héichwaasserschutz vun haut, mä den Héichwaasserschutz vu muer.

Zum zweete Punkt, Héichwaasser als Konsequenz vun der Flossbegradegung an der Bebauung. Hei gesäit et aus als hätte mer endlech aus deene vergaangene Feeler geléiert an zumindest emol d'Erkenntnis kritt, dass mer eise Gewässer erëm dee Raum zur Verfügung zréck musse ginn, fir am Fall vu staarke Reefäll sech auszebreeden. Dofir ass et och nëmme logesch, dass, éier iwwerhaapt en Héichwaasserschutz a Form vun zum Beispill enger Mauer duerchgefouert gëtt, déi néideg Kompensatiounsmoossnam am Virfeld ausgewise gëtt.

Et weist sech awer, dass dëst an der Praxis net esou einfach ëmzesetzen ass. Och e Waasserwirtschaftsamt, mengen ech, huet hei nach net déi néideg Verbesserung bruecht. D'Kompetenzgerangel téschent verschiddene Ministèren ass nach ëmmer datselwecht bliwwen. D'Leit um Terrain, ech menge besonnesch déi un der Sauer, an do zu Steenem - et ass virdru schonn eng Kéier kuerz ernimmt ginn -, interesséiert dat op jidde Fall net vill. Déi verlaangen endlech do Kloerheet.

Dofir, Här Minister, vläicht kënnt Der mer och do kuerz op déi Fro äntwerten - et ass scho virdrun dovu geschwat ginn -: Gëtt et eng kloer Kompetenzopdeelung, wien a wéi a wéini an no welchem Schema Héichwaasserschutzmoossnamen duerchgeféiert ginn? Oder wéi ass et mat deene Retentiounsflächen, déi bis elo an deenen eenzelnen Héichwaassergebidder laanscht d'Sauer ausgewise sinn? Well et schéngt jo do ze sinn, wou dee gréisste Problem läit.

Wann am Fall vun der Sauer oder bei aneren nationale Flëss et nach mat lokale Moossnamen oft duergeet, esou ass dat bei der Musel - den Interpellant, den Här Clement, huet dat virdru schonn des Laangen a Breeden ugeschwat - net de Fall. Dat gëllt besonnesch fir Réimech. Wa mir nämlech Waasserschutzmoossname wëllen zu Réimech duerchféieren, da musse gläichzäiteg zu Bech-Klengmaacher Moossnamen duerchgezu ginn, an zousätzlech op der däitscher Säit Kompensatiounsmoossnamen duerchgefouert ginn.

De Waasservolumen - virdrun ass mat villen Zuele geschafft ginn - muss ech elo net kommentéieren, mä et weist sech, dass mir oder dass déi lokal Réimecher, Bech-Klengmaacher oder déi un der Musel net effektiv schlussendlech de Verursacher sinn. Déi Moossname sinn deemno net méi lokal ze gesinn, mä regional, an iwwersteigen da bei wäitem déi finanziell Rumm vun der jeeweileger Gemeng.

D'Ursaache vum Héichwaasser sinn och net nëmmen an der Gemeng selwer ze sichen, mä gi praktesch importéiert. Dëst erkläert ënner anerem, dass de finanzielle Schlëssel - dovun ass virdru vill geschwat ginn - vu 50% Stat a 50% Gemeng op der Musel dann net gräift. Dofir kann ech dem Interpellant seng Fuerderung vu méi enger héijer finanzieller Ënnerstëtzung, an net nëmme finanzieller - an dat ass och scho virdrun ugeschwat ginn -, logistescher, koordinatiounsméisseger Hëllefsstellung nëmmen ënnerstëtzen. Vläicht kënnt den Här Minister dann och dozou spéider Stellung huelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mä een Haaptproblem bleift awer och dann nach ëmmer, well ech mengen - et ass och scho virdru gesot ginn - d'Bebauung ass a bleift de gréisste Problem. Wa mer natierlech ëmmer nach erlaben, an Iwwerschwemmungsgebidder bauen ze goen, da schafe mer fir eis selwer de Problem. Et gëtt nämlech nach Gemengen, déi Bauterrainen an esou Gebidder ausweisen an och zouloossen.

Ech menge virdrun ass och scho vum Här Scheuer dat Reglement vun 2000 ugeschwat ginn, wou déi jeeweileg Gemengen opgefuerdert ginn, net méi dat zouzeloossen. Dofir och do eng Fro: Wëllt Der reglementaresch nach eng Kéier do awierken? Wa Jo, vläicht a Form vun deenen neie PAGen aus dem neie Bautereglement, déi an deene Gemengen elo entstinn, fir do eben dat festzeschreiwen a méi fest Contrainten dann ze maachen.

E leschte Punkt handelt nach iwwert d'allgemeng Informatiounspolitik. Och do hate mer virdru schonn héieren, dass den Internet, wéi en ugekënnegt ginn ass vum Här Wolter déi Zäit, nach net um leschte Punkt ass. Wat weider vum Här Wolter virun zwee Joer ugeschwat ginn ass an der Interpellatioun, ass déi sou genannte Broschür.

Eng Broschür sollt ausgeschafft ginn, mat deenen néidegen Informatiounen, besonnesch fir d'Leit, déi an esou Gebidder wunnen, opzefuerderen, selwer Moossnamen, kleng Moossnamen duerchzeféieren, dass de Schued am Endeffekt net esou héich ass. Dofir och do, Här Minister Halsdorf, vläicht kënnt Der nach nolauschteren, dass Der mer do d'Äntwert kënnt ginn, ob déi Broschür dann elo endlech fäerdeg ass, déi virun zwee Joer ugefuerdert ginn ass, a wéi laang mer do nach musse waarden.

An dann nach eng lescht Fro…

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Ech hunn zwee Oueren. Zwee Oueren!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- *Ah excellent!* Ech hunn der och zwee. Heiansdo geet dat zwar awer net esou richteg, ne?

(Hilarité)

Mä eng lescht Fro nach, an dat sinn déi sëllechen Télefonsnummeren, déi een och op deem Site gesäit, wann een déi eenzel Pegelstänn wëllt offroen. Ech mengen et sinn am Ganzen 21 Pegelstänn, déi ee mat ënnerschiddlechen Télefonsnummere kann ufroen, ouni System, déi eng mat sechs, déi aner mat aacht Zifferen. Ech wier frou wann Der do och kéint reglementaresch agräifen, fir dass et da vläicht eng eenheetlech Nummer gëtt, esou dass ee sech zréckfanne kann. Vläicht mat enger Extensioun eent, zwee, dräi an esou weider. Da géifen d'Leit am Fall vun Héichwaasser och méi séier d'Informatioune kréien.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Robert Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et kënnt ee mengen, et géif hei eng Debatt iwwert d'Héichwaasser am Oste gefouert ginn, wann een d'Riednerlëscht kuckt. Dat ass och vläicht keen Zoufall, well dat meeschte Waasser, wat esou iwwert d'Lëtzebuerger Land néiergeet, leeft iergendwou awer am Osten zesummen an dann ass et meeschtens och do wou et zesummeleeft, wou dee gréisste Misère entsteet, wann es ze vill beieneekënnt.

Ech sinn och der Meenung, och wann et zu allen Zäiten Iwwerschwemmunge gi sinn, esou wäit wéi een zréckkucke kann, datt d'Klimachangementer effektiv dozou bäigedroen hunn, datt mer Wiederphenomeener hunn, déi esou rapid Nidderschlëi mat héije Quantitéiten a kuerzer Zäit favoriséieren.

Et ass evident, datt eng Temperatursteigerung, wéi mer se an deene leschte Joren an Uecht geholl hunn a wou nogewisen ass, datt zum Beispill an deene leschten zéng Joer am Fong geholl déi wäermste Jore ware vun deene leschten honnert Joer, datt eindeuteg do eng Erwärmung vun der Atmosphär stattfonnt huet, déi physikalesch gekuckt et mat sech bréngt, datt d'Loft méi Fiichtegkeet kann ophuelen. A wann dann eng Kalfront do drop trëfft, dann ass meeschtens d'Katastroph fäerdeg.

Dat ass ee Phenomeen, deen eis soll dovir warnen do ze mengen, well esou laang näischt passéiert wär, et wär elo keng grouss Gefor méi do, datt dat sech erëm géing widderhuelen. Datt déi nächst Iwwerschwemmunge kommen, dat ass esou sécher wéi d'Amen am Gebiet.

Mir haten hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren ëmmer enorm Chance. Wann een iwwer Europa kuckt, wat sech a Spuenien, an Italien - wann een de ganzen Tour ronderëm mécht -, an Éisträich an an Ostdäitschland ofgespillt huet, da musse mer soen, datt mir hei ëmmer esou am Kär louchen, datt déi schwéier Onwiederen, déi Wiederzone mat deenen héijen Nidderschléi eigentlech ëm de Kär hei ronderëm gedréint hunn an datt mer onheemlech Chance haten. Dat wëllt awer net soen, datt zum Beispill d'Nidderschlagseinzuchsgebitt vun der Musel net eng Kéier gradesou kënnt betraff ginn, wéi dat vun der Elbe virun zwee oder dräi Joer.

Dofir déi Debatt hei, an domat schléissen ech mech och deenen un, déi soen, et ass eigentlech e gudde Moment, ouni Opreegung an ouni elo voll an der Aktualitéit ze sinn, fir datt mer hei sollen de Point maachen. Et ass och net déi éischt Interpellatioun. Et ass jo schonn op déi viregt higewise ginn. Ech selwer hat 1995 schonn eng gemaach an et ass effektiv noutwendeg vun Zäit zu Zäit ze kucke wou mer stinn. Wat ass vun deem, wat mer déi leschte Kéier gesot hunn, realiséiert ginn a wat hu mer nach ëmzesetzen? Wéi steet et mat de Finanzen, fir dat ëmzesetzen, well do huet sech jo d'Landschaft och e bësselche verännert? A wat fir eng Mesurë kënne mer ergräifen, déi déi héchstméiglech Effizienz bréngt bei deem geréngst méigleche Kapitalasaz? Dat ass och en Aspekt, deen een net däerf aus den Ae verléieren.

Mir, an ech wëll dat ganz kloer soen, sinn an alleréischter Linn fir d'Preventioun. Do gehéiert de Klimaschutz dozou. Do sinn ech honnertprozenteg mat d'accord. Dat ass eng laangfristeg Aktioun, wou mer alleguer an der Flicht stinn. Dat soll een hei erwähnen an do soll een och hannendru bleiwen, mä do kënne mer elo ganz kuerzfristeg net drop awierken. Mir wëssen, datt dat eng Geschicht ass, déi sech fréistens a Jorzéngte positiv wäert auswierken.

Mä Preventioun an deem Sënn, datt wann d'Waasser scho kënnt, datt mer probéieren et net esou séier wéi méiglech lasszeginn. Dat war laang Zäit d'Strategie: Kommt mir maachen d'Baache méi riicht a mir baggeren nach e bëssen aus a wa mer et lasssinn, da kënne jo déi, déi ënnendru leien - a mir wësse wien dat ass - kucken, datt se eens ginn. Dat ass eng Strategie, déi sécher d'Ënnermusel net schrecklech begeeschtert an de Rhein hannendrun och net.

Dofir, et ass wichteg, datt mir eis hei zu Lëtzebuerg Gedanken iwwer eisen Territoire maachen, mä et ass awer gradesou wichteg, datt um europäesche Plang eng koordinéiert Aktioun entsteet vu Preventioun a wann ech soe Preventioun, da schwätzen ech Zréckhale vu Waassermassen esou vill wéi et méiglech ass a probéieren se verzögert lues oflafen ze loossen. Domadder wëll ech net soen, dass et net géing dozou féieren, datt d'Flëss géingen usteigen, mä heiansdo geet et jo duer, dass een 20 oder 30 oder wann en héichgräift, 50 cm um Niveau ënnert deem bleift wat d'Spëtzt dann ass, dann huet ee schonn enorm vill bewierkt.

Wa mir iwwer Bassins de rétention schwätzen, da menge mer meeschtens esou Baséngen, déi glécklecherweis a leschter Zäit ëmmer méi ugeluecht ginn, wa Stroosse gebaut ginn, wa Parkinge gebaut ginn, wa grouss Infrastrukture gebaut ginn, wou vill Waasser opgefaange gëtt an ofgeleet gëtt. Dat ass eng gutt Saach, mä dat geet bei wäitem net duer wann ee wëllt effikass sinn.

Mir hunn - an ech soen dem Här Clement Merci dofir, datt en aus eisem Wahlprogramm dat och zitéiert huet - eis schonn ëmmer dofir agesat, fir net nëmmen an de Flossdelten, do wou d'Baache souwisou lafen, iwwer Renaturéierung méi Plaz ze schafen. Dat ass zwar e klenge Bäitrag, mä et ass net dat wat déi grouss Wierkung huet.

Déi grouss Wierkung hätte mer anzwousch anescht. Ech hunn emol eng Rechnung gemaach, ech weess awer net ob se richteg ass. Mir hunn ongeféier, wa mer d'Bëscher ewechloossen, wou mer net kënne ganz vill maachen, 128.000 Hektar landwirtschaftlech Fläch am Land. Dovunner sinn, mengen ech, 54% ongefëier Gréngland. Wann een dovunner d'Halschent nëmme géing huelen, dat si meeschtens grouss Wisebänn, déi relativ flaach sinn, mä dach awer enorm vill Waasserquantitéite kënnten ophuelen, wann een et do mat klenge Barragë géing probéieren, wou een dann e gewëssenen Duerchfloss hätt, wou een dat kënnt regléieren, wann dann eng Kéier a 24 Stonnen honnert Liter kommen, oder mir hunn och scho méi gehat, da kéint ee riseg Quantitéiten zréckbehalen. Et léisst een se iwwer 24 oder 48 Stonne verzögert oflafen a schonn huet een an de Flëss, do wou alles zesummeleeft, d'Crête gebrach. Dat schéngt mer déi Approche ze sinn, wou een den héchste Wierkungsgrad hätt bei deem geréngsten Investissement.

Mir schwätzen net vu Maueren. Mir schwätzen einfach vun Äerdhiwwelen, déi ee kann uplanzen. Dann huet een och nach an där Bezéiung eppes fir den Naturschutz gemaach. Mä, an da stousse mer schonn op de Problem, et muss een awer och mat de Propriétairen eens ginn. An ech setzen emol viraus, datt bei ville Leit de gudde Wëllen ass wann d'Viraussetzungen dofir geschafe ginn.

Mä dann däerf sech net eppes opbaue wéi et elo leider déi lescht Zäit e bësse geschitt ass téschent deenen, déi fir den Environnement zoustänneg sinn, an de Verwaltungen an de Propriétairen, well déi sech e bëssen iwwert den Dësch gezu fillen, mä et muss e vertrauensvollt Verhältnis geschafe gi wat et erméiglecht, datt een esou Mesuren ergräift, een de Leit och eng Entschiedegung iergendwéi dofir an Aussiicht stellt a virun allem en hëlleft herno ze botzen. Wann esou Waasser zréckbehale ginn ass, wësse mer, datt ëmmer e bëssen Dreck do ronderëm läit, datt si net de Misère domat hunn oder datt een se dann entschiedegt fir déi Aarbecht, déi se musse maache fir do propper ze maachen.

Domadder géinge mer ganz sécher vill méi erreechen, wéi mat esou „end-of-pipe"- Léisungen, och wann een dat favorabel gesäit, Här Clement. Ech kennen och déi Mesuren, déi déi aner Säit, ech mengen et ass net zu Waasserliesch, et ass zu Uewerbëlleg haaptsächlech wou d'Sauer riicht drop stéisst.

Schrecklech schéi gesäit et och net aus, mä fir déi Leit huet et sécher den Avantage, datt se méi roueg kënne schlofe wann et Héichwaasser gëtt. Dat sinn alles Moossnamen, déi ganz deier sinn, déi een och do soll maache wou et versprécht eppes ze bréngen, mä mat engem preventive System fir

grouss Waassermengen iwwer Land zréckzehalen, mat engem geréngstméiglechen Opwand, hätt ee wahrscheinlech e bessert Resultat.

Ech hat och eng Kéier eng Question parlementaire an deem Sënn gestallt. Déi ass mer deemools negativ beäntwert ginn an ech mengen, et wier och bis elo an deem Sënn, well do muss ee jo emol fir d'éischt kucke wou sinn d'Potentialer an da muss ee plangen, et muss ee kucke wéi een do virgeet, et muss een e ganze Programm opstellen, et muss ee sech mat de Leit, déi Propiétaire sinn, zesummesetzen, wahrscheinlech och mat de Bauerenorganisatiounen zesummesetzen, fir ze kucke wéi een do iwwert d'Ronne kënnt. Ech mengen, Här Minister - et géing mech och interesséiere wat Är Meenung dozou ass -, an deem Sënn wär bis elo nach net ganz vill passéiert.

Ech wëll och nach e Wuert zu de Renaturéierunge soen, déi sécherlech hiren ekologesche Wäert hunn, wou awer maasslos iwwerdriwwe gëtt, wa gemengt gëtt, dat wier elo déi Moossnam, wou sou schrecklech vill fir den Héichwaasserschutz géif gemaach ginn.

Ech huelen als Beispill de Réiserbann. Wann de Réiserbann vollgelaf ass wéi eng Buedbidden, dann ass et dem Waasser zimlech egal, ob d'Uelzecht ënnendrënner riicht gezunn ass an engem Gruef oder ob se am Zickzack do ronderëm leeft, dann ass et eng Buedbidden, wou ënnen esou vill fortleeft wéi uewen eraleeft. Dofir ass dat, wa manner Waasser fält, sécher eng Moossnam, déi dozou bäidréit, datt d'Waasser e bësse méi lues ofleeft. Mä wa mer wierklech en Héichwaasserzeenario hunn, dann hëlleft dat ganz sécher näischt méi.

Et soll een dat net iwwerdreiwen, an dofir froen ech mech och op där enger Säit: Dat si Moossnamen, déi hu bis elo relativ vill Geld kascht an do hu mer och net gespuert. Do si mer op jiddfer Fall méi séier virukomm wéi an enger richteger Strategie fir haaptsächlech an de Wisebänn, well um Akerland geet et net esou gutt, mä fir zum Beispill an de grousse Wisebänn ze probéiere Waasser zréckzehalen.

Eppes anescht sinn déi punktuell Moossnamen, déi mir wéi gesot begréissen, do wou se sënnvoll sinn. Do muss een sech effektiv en Investitiounsplang ginn. Mir ënnerstëtzen och, datt een de Gemengen hëlleft, besonnesch deenen, déi et brauchen. A mir si jo an enger e bëssen onméiglecher Situatioun hei am Land, datt et Gemenge gëtt, déi esou am Geld schwammen, datt se heiansdo bal net esou richteg wëssen, wéi si et solle lass ginn, an datt anerer wierklech Schwieregkeeten hu fir d'Enner beieneen ze kréien. Mir fannen, datt een awer deene Gemenge vläicht, déi do iwwerfuerdert sinn - heinansdo sinn et kleng Gemengen, déi awer ganz staark drënner ze leiden hunn -, vu staatlecher Säit hier e bësse méi sollt entgéintkommen.

Ech wëll och, wann ech bei de punktuelle Moossname sinn, e Wuert iwwert de Problem zu Steenem verléieren. Et liicht engem net ganz an, wann ausgebaggert gëtt, datt doduerch automatesch dann den Niveau ofgesenkt gëtt. Mä hei schéngt et haaptsächlech de Fall ze sinn op Grond vu speziellen topographesche Gegebenheeten, an et wier och absolut noutwendeg, wann ee gesäit wéi vill do ugeschwemmt ginn ass, och wann et e bëssen deier gëtt, datt do eppes geschitt.

Ech wollt nach e Wuert zur Versigelung soen. Et wier ganz vill dozou ze soen. Mir wëssen, datt d'Landwirtschaft zu engem Deel och dozou bäidréit. Duerch déi modern landwirtschaftlech schwéier Gefierer gëtt duerch Buedemverdichtunge ganz vill bewierkt, datt d'Waasser net méi esou kann anzéie wéi dat fréier mol de Fall war. Dat ass awer eppes, wat sech ganz schwéier ännere léisst.

Dofir ass et och ze begréissen, datt d'Grengland, wat eigentlech eng besser Capacité d'absorption huet, zougeholl huet. Et ass de Moment eng Tendenz fir - ech gebrauchen deen däitschen Term - die pfluglose Bestellung, dat heescht eng Buedembeaarbechtung ouni ze plouen, well beim Plouen effektiv déi Verdichtung, do wou de Plou ënnen duerch de Buedem geet, entsteet, fir lues a lues och ze bewierken, datt d'Capacitéit vum Buedem fir Waasser opzehuelen an ze stockéieren domadder soll verbessert ginn.

Ech wëll och an deem Zesummenhank vehement deene widderspriechen, déi soen, datt Drainagë géingen Héichwaasser förderen. Et ass just de Contraire. Dat ass nun en Thema, do kann een sech nëmme wonneren iwwer Leit, déi menge si wiere Spezialisten a sech och als Spezialisten ausginn, a wat fir en Unfug do verzaapt gëtt. E Buedem, deen drainéiert ass, dee gesond ass, deen ass porös, deen huet vill Huelraim och duerch déi Déieren, déi dra wunnen, déi do wullen a schaffen, deen huet eng Capacité d'absorption, déi ganz gewalteg ass, an e gëtt d'Waasser iwwer Drainage ganz lues of. Dat ka kee falsch maachen.

E Buedem, deen net drainéiert ass, deen naass ass, deen doudeg ass, deen ass wéi eng Betongsplaque, deen ass zou, an dat wat drop fält, dat leeft uewen driwwer of. Dofir alleguer déi, déi eng aner Theorie do verbreeden, déi sinn einfach um falsche Päerd. Leider, leider hu mer jo do deen Antagonismus téschent deenen, déi Agrarwirtschaft studéiert hunn, an deenen, déi dat dann awer e bësse falsch verstanen hunn an Ëmweltschutz wëlle bedreiwen.

D'Roll vum Barrage vun der Sauer dann nach an der leschter Minutt.

Här President, och do muss - dat war déi leschte Kéier nach en Thema - déi Capacitéit optimal genotzt ginn. Mir hunn haut d'Méiglechkeet, datt d'Cruën oder d'Nidderschléi ëmmer méi exakt virausgesot ginn - Gott sei Dank, dat hu mer virun enger Rei vu Joren nach net mat där Prezisioun gehat. Wann ee gesäit, wéi dat och déi leschte Kéier de Fall war, datt ganz héich Nidderschléi am Einzuchsgebitt vun der Sauer sollten néiergoen, da kann een och duerch Preventioun, dat heescht duerch preventiivt Waasserofloossen d'Capacité de rétention vum Stauséi notzen, doduerch datt een einfach méi eng grouss Capacitéit huet fir Waasser opzehuelen.

Voilà, ech hunn domadden dat meescht gesot, wat mir dozou ze soen hunn. Här President, mir wiere frou, wann eist Uleies fir preventiv virzegoen, fir der Preventioun Prioritéit ze ginn, wann dat beim Minister géing op en oppent Ouer falen. Ech denken, och wat déi aner Moossnamen ubelaangt, erwaarde mer vun him, datt hien hei Kloertext schwätzt, wat hien da gewëllt ass vu senger Säit, fir aktiv Héichwaasser-Schutzmoossnamen ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Voilà, domat ass d'Debatt ofgeschloss. An d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn also elo zwee Joer no deem Débat vun 2003 hei an der Chamber zesummekomm fir de Point ze maachen, wéi den Här Mehlen elo grad gesot huet, an enger Problematik, wou ech feststellen, dass all d'Intervenantë ganz konstruktiv a ganz sachlech mat diskutéiert hunn.

Dat ass och sécherlech esou, well mer an der leschter Zäit keng Problemer haten, well am Joer 2004 hunn ech nogekuckt, war d'Waasser, wat hei zu Lëtzebuerg niddergaangen ass, wäit - 16 oder 17% souguer - ënnert der Moyenne, déi mer an de leschten 30 Joer haten, esou dass mer net vill Problemer haten am Joer 2004. Och dëst Joer hu mer keng Problemer kritt mat Héichwaasser, wat vläicht dozou féiert, firwat dass d'Débaten awer ganz sachlech sinn an dass am Fong geholl net esou intensiv an esou massiv gefuerdert gëtt, wéi dat vläicht wier wa Problemer gewiescht wären.

Mä et muss een sech bewosst sinn: Wann esou Situatioune kommen, an där wäerten nees eng Kéier an deenen nächste Jore kommen, da si mer alleguerte gefuerdert. Gefuerdert sinn dann d'Pompjeeën, déi ugeschwat gi sinn, déi betraffe Leit, déi Misère hunn doheem, déi sécherlech sinn och getraff, esou dass een déi Joren 1993 a 1995 gäre vergësst. Mä dës Jore sinn awer déi, déi d'Basis bilde fir déi Gesetzgebung, déi mer haut hunn.

Wann een dat esou kuckt, da gesäit een am Fong geholl, dass dat d'Basis ass vun enger Mesure d'urgence. Et ass also an enger Zäit entstanen - an déi ganz Approche muss een och e bëssen esou kucken -, wou schnell huet misse gehandelt ginn. Ech sinn och der Meenung wéi vill Riedner heibannen, dass mer musse verschidden Elementer, déi haut diskutéiert gi sinn, op de Leescht huelen a verschiddener evaluéieren a kucke wéi mer do weiderkommen.

Den Interpellant Lucien Clement huet jo de Programme gouvernemental zitéiert. Do si jo déi grouss Achse vun deem, wat mer solle maachen, ugeschwat. Mir wäerten e Plan national des zones inondables kréien. Ech ginn herno kuerz dorop an, dat ass e Concept de gestion des risques, well dat soll och geschéien. Et soll och e Plan d'intervention prioritaire gemaach ginn am Kader vun de Renaturatiounen. Och do wëlle mer, wéi de Lucien Clement och ofgeschloss huet, Neel mat Käpp maachen an dat wäerte mer och hikréien.

Zu deem, wat an deene leschten zéng Joer gelaf ass, muss ee soen, dass d'Regierung mengen ech eng laangfristeg ausgeriichten Héichwaasserschutzpolitik gemaach huet, déi een als wierklech gutt dohinner ka stellen, well et huet sech munches gedoen, an dat wëll ech awer hei feststellen. Et kéint sécher munches nach méi effikass an nach méi effizient gemaach ginn, an et muss och nach munches gemaach ginn, an dorop wëll ech och nach agoen.

Tatsaach ass awer Folgendes: Ech hunn och eng Annex matbruecht iwwert de Pluriannuel, dee mer säit e puer Joer hunn, iwwert d'Investissementer bei Mesures anticrues. Do hu mer en Dokument, do sinn am Ganze 16 verschidden Dossieren, déi an der Prozedur sinn, mat enger Ventilatioun bis an d'Joer 2009, wou mer also kloer gesinn, dass an deenen nächste Joren zwielef Milliounen Euro sollen investéiert ginn, zwielef Millioune vum Stat an och zwielef Milliounen da vun de Partner, vun de Gemengen, mat ongefeier enger Ratio vun zwou Milliounen d'Joer. Mir gesinn also, hei ass eng kloer Strategie do. Do sinn och verschidden Ouvragë betraff, iwwert déi haut vill diskutéiert ginn ass, déi op der Musel also am Oste sinn an op déi ech herno nach kann agoen.

Mir hunn also am Ganze 16 Projeten, wat direkt Mesures anticrues sinn, mat Maueren, Terrassementer an esou weider, Diguen. Awer am Ganze si säit 1995 - an dat soll een net vergiessen - 78 Projeten hei am Land entaméiert ginn, deelweis fäerdeg oder sinn ugefaange ginn a ginn elo fäerdeg. Dir gesitt also, et ass net geschlof ginn, och wann d'Regelen haut e bëssen a Fro gestallt ginn. D'Regele si jo déi, dass mer soen, 80% vun de Käschte bei technesche Studie gi vum Stat geholl a 50% bei de Realiséierungskäschten, wann et Héichwaasser-Schutzmoossname solle sinn.

Gutt, mir kënnen an deem Rhythmus weiderfueren. Mir si bis elo weidergefuer an et wäert och net esou einfach ginn, fir dës Ratioen oder dës Pourcentagen ze änneren. Ech sinn awer der Meenung, et sollt een driwwer diskutéieren, a mir sollten och an der Regierung, an eisem Waasserwirtschaftsamt kucken, wéi eng Potenzialitéiten et do gëtt, fir un deenen Tauxen ze fréckelen, wëssend awer och, dass an deene leschte Joren esou vill investéiert ginn ass an deene ganze Beräicher, wëssend awer och, dass d'Situatioun net ëmmer déiselwecht ass. An de Lucien Clement huet dat jo och ugeschwat.

Mir hunn am Fong geholl, kéint ee bal soen, dräi Situatiounen. Mir hunn déi Situatiounen, wou mer Gewässer hunn, wat navigabel Gewässer sinn, laut dem Gesetz. Dat ass d'Sauer bis op Ettelbréck. Dann hu mer d'Musel, déi ass och als navigabel ze betruechten, an do ass de Stat mat am Boot. Do gëtt et och keng Subsiden, mä do gi Kofinanzementer gemaach. Dat heescht, do ass dem Stat seng Responsabilitéit als solch engagéiert.

Do muss een och herno kucken, an déi Diskussioun hu mer nach net gefouert, déi huet haut och kee Riedner gefouert: Wéi ass et mat deenen Ouvragë wann déi fäerdeg sinn? Wann där Zone sinn, wou de Stat dann am Fong geholl mat Propriétaire ass, wéi ass et do mat dem Entretien, mat all deenen Elementer? Déi Diskussioun, déi wäerte mer misse féieren, wéi de Stat sech do engagéiert a wéi d'Gemengen sech do engagéieren.

Anescht ass et natierlech wann et Gemenge sinn, wou Mesurë geholl ginn, déi keng navigabel Gewässer hunn. Do läit d'Kompetenz bei der Gemeng an do gëtt och mat Subsidë geschafft. Do hu mer also eng aner Logik. Mir hunn also hei zwee Systemen, an an deem System vum Kofinanzement hu mer och zwou Approchen. Do muss ech dem Lucien Clement Recht ginn, dass am Fong geholl an der Musel d'Envergurë vun de Gewässer, déi sech do bewegen, vill méi grouss sinn, an dass och déi Präisser, déi am Spill sinn, grouss sinn.

Obschonn, ech hu mer opgeschriwwen, hie sot, Réimech géif 16 Milliounen Euro kaschten, wann do géife Moossname geholl ginn. Do muss ech awer soen, dass am Fong geholl déi Etüd, déi gemaach ginn ass, e Katalog ass; dat ass eng Rumm, an do ass e Maximum dran an e Minimum dran. Do muss een och kënne mateneen diskutéieren. Deemno wéi een dee Maximum an dee Minimum mécht, kann déi Moossnam e bëssen zréckgoen, muss dat net esou vill sinn. Awer ech hu gesot, ech si gären op fir Diskussiounen do nach eng Kéier ze féieren an ze kucken, wat do dran ass a wat net dran ass.

Do ass och mengen ech dat, wat ech ganz positiv un där Interpellatioun hei fannen, dass mer elo an enger Zäit si wou mer a Rou nach kënnen eis eng Strategie ginn. Eng Strategie, déi komplex gëtt a vill méi komplex gëtt wéi se jee war, doduerch well mer verschidde Schinnen hunn, wou mer mussen investéieren. De Kader, wéi muer d'Waasser hei zu Lëtzebuerg géréiert gëtt, dee gëtt festgehale ganz kloer iwwert d'Waasserkaderrichtlinnen, déi mer vu Bréissel imposéiert kréien. Mä do si vill Elementer dran, an ech wäert och, mengen ech, am Juni kënnen éischt Dokumenter op den Dësch leeën, wéi mer wëllen d'Léisunge vun der Waasserkaderrichtlinn léisen.

Mä do sinn Elementer dran, an Dir kennt jo den Endsaz dovun, dat ass deen, dass eis Gewässer musse bis 2015 ekologesch a chemesch propper ginn. Mä do sinn Echéancen dran, an eng Echéance ass déi jo vum reelle Waasserpräis, deen ech ëmmer soen, bis 2010. Mä do sinn och Obligatiounen dran. An Obligatiounen zum Beispill vun eise Kläranlagen. Et ass haut nach net gesot, mä wa mir eis Kläranlage wëlle fit maachen, dass se der Direktiv entspriechen, da leeë mer 800 Milliounen Euro op den Dësch. Dat ass vill Geld.

Wa mer wëlle Renaturéierunge maachen, an nach net déi grouss Renaturéierungen, mä kleng Renaturéierungen, well et gëtt zwou Zorte Renaturéierungen, géif ech soen. Et gëtt déi wéi se elo zum Beispill am Réiserbann virgesi sinn, wéi se zu Schëffleng gemaach gi sinn, wéi se zu Walfer gemaach gi sinn. Dat sinn deier Renaturéierungen. An da gëtt et méi kleng Renaturéierungen, déi der Hydromorphologie och entspriechen. Wa mer nëmmen déi maachen, gi mer schonn nees eng Kéier 250 Milliounen Euro Geld lass. Et ass also iwwer eng Milliard Euro, déi do mussen, egal wéi, ausgi ginn, ouni all déi Elementer, déi mam Héichwaasser ze dinn hunn.

Mir mussen eis also Prioritéite ginn, an et ass wierklech derwäert global driwwer ze diskutéieren, an do gesinn ech dee grousse Mehrwäert vun dëser Diskussioun, déi mer hei féieren a gefouert hunn, fir am Fong geholl dëst als eng Aart Opbroch ze gesinn, wéi mer kënnen och d'Héichwaasserproblematik an dësem Puzzle vu villen Obligatiounen an Elementer esou positionéieren, dass am Fong geholl d'Gemengen an de Stat hiren Obligatioune kënne gerecht ginn, an d'Bierger, déi am Fong geholl am meeschte gehäit si wa Problemer sinn, fir do e Kompromëss ze fannen, deen e gudde Kompromëss ass an dee genuch Leit zefridde stellt.

Duerfir ass jo och d'Iddi vun der Regionaliséierung an de Moossname mat abegraff. Esou zum Beispill, wann ech nees op den Osten aginn, well mer jo vill driwwer geschwat hunn, wann ech zu Réimech a Bech-Maacher Polder wëll maachen, wat Sënn mécht, dann huet dat eng regional Bedeitung, an et ass jo ugeklonge bei verschiddene Riedner, da kréien ech jo en Effet iwwert d'ganz Regioun, an deen ass net negativ fir deen een, mä deen ass positiv global gekuckt. An ech mengen dat ass och déi Approche, déi mer mussen hunn.

Mir kënnen net all Héichwaassermoossnam huelen. Mir musse kucken am Fong geholl Kompromësser ze maachen. Mir mussen d'Käschten an och d'Käschtewierksamkeet an deen ekonomesche Profit kucken, dat ass jo ugeschwat ginn. Wann et ze deier ass, da kann een et sech net erlaben. Mir hu jo do ganz kloer e Grenzkostekriterium. Mir soen 1:2. Mir soen also, déi Moossnam muss esou sinn, dass wann ech zum Beispill e Schued géif kréie vun, wat soll ech soen, 100 Milliounen, da kann ech Moossnamen huele vu bis zu 200 Milliounen, fir déi 100 Milliounen ze vermeiden. Dat ass jo net schlecht. An dat ass eng Regel, déi och gutt ass, mengen ech, an déi och gutt dobaussen ze vertrieden ass.

Wann et natierlech elo esou ass, wann ech eng Moossnam huele vun 200 Milliounen an ech kann nëmmen e Schued vun zéng Millioune verhënneren, da kann ech déi Moossnam net huelen, well se vill ze vill deier ass. Also ech mengen dee Ratio vun 1:2 wier richteg an dee wier wirtschaftlech och vertrietbar. Dat ass jo an de leschte Joren och esou gemaach ginn, an duerfir huele mer och do eis Responsabilitéit a mir wëllen dann och do an déi Richtung weiderfueren.

(Interruption)

Wat sot Der?

(Interruption)

Dat ass Är Visioun vun de Saachen. Mä ech mengen, et muss een eng Linn hunn, an déi Linn soll een duerchzéien. Ech fannen dee Ratio vun 1:2 gutt, an en huet jo scho seng Erfahrungswäerter ginn an deenen zéng Joer wou mer elo do sinn, an d'Donnéeë sinn do. De Jos Scheuer huet d'Règlement-grand-ducalen ugeschwat. Et sinn 22 Gemengen, déi esou e Règlement grand-ducal hunn. Mir hunn eng Gemeng, déi en Naturschutzreglement huet, a mir hu sechs Gemengen, déi dat an hirem PAG geregelt hunn.

Dir wësst, d'Kaarte si verdeelt, mir wësse wéi et geet. Wéi et soll lafe mat de Règlement-grand-ducalen huet de Jos Scheuer ugeschwat. Hien huet geschwat vun de Baulücken, déi kënnen opgebaut ginn, an esou weider. An do muss ech soen, do ass meng Approche déi, dass Héichwaasser am Fong geholl, wéi den Här Kox et och gesot huet, ëmmer kënnt, an et kann een et ni honnertprozenteg vermeiden. Dat ass einfach esou. Et kann ee just de Schued verréngeren, an duerfir kënnen Héichwaassermoossnamen, déi dat verhënneren, net geduecht si fir nei Bauten ze erméiglechen, sensu stricto. Dat kann net sinn.

Et gëtt keng absolut Protektioun. Dat muss ee wëssen. Duerfir mussen déi Gemengen, wou Problemer sinn, am Prinzip aus deenen Zonen eraus bauen. Ech stelle mer awer vir, dass mer an deenen nächste Méint an och Jore kucken, fir fir déi Zones inondables e globale Plang, eng global Strategie ze fannen. Dat ass jo och am Regierungsprogramm gesot ginn. Dee Plan national wäerte mer kréien.

De Moment hu mer just, géif ech soen, Donnéeën iwwert dräi Gewässer: iwwert d'Attert, iwwert d'Uelzecht an deelweis iwwert d'Sauer. Wat mer elo wëlle maachen a wat och schonn am Rullen ass deelweis, dat ass dann och Donnéeën ze kréien iwwert d'Musel, d'Our, d'Syre, d'Äisch, d'Mamer, déi Schwaarz Ernz, déi Wäiss Ernz, d'Wolz, d'Klierf an d'Waark. Wa mer dat hunn, dann hu mer eng global Strategie fir d'Land. Da kënne mer och déi Vernetzunge vun deenen eenzelne Flëss kucken, well een hänkt jo e bësse vun deem aneren of, wéi een do da ka virgoen a wéi een do da kann am Fong strukturéieren a cadréieren.

Déi zweet Approche, déi mer och wëlle maachen an deenen nächste Méint, ass déi fir ze kucken, déi Règlement-grand-ducalen, déi baséieren am Fong geholl just op zwou Cruën, an zwar vun 1993 an 1995, an do gëtt ëmmer déi stäerkst geholl. Mir wëlle kucken, wat dat elo heescht, déi Cruën, a wat nach méiglech ass driwwer an drënner.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wa mer dat fäerdeg bréngen, dass mer am Fong geholl kënnen de Wäert vun deem Héichwaasser wat mer haten an engem gewëssen absolute Kontext gesinn, da bréngen mer et och fäerdeg, eng Reglementatioun ze kréien, déi méi differenzéiert ass. Do leeën ech Wäert drop fir ze kucken, wéi héichwaassergefährdet datt déi eenzel Zonen, déi mer dann definéieren, sinn, a wou dann eventuell ka gebaut ginn, wou guer net ka gebaut ginn, a wou vläicht nach manner Oplage sinn.

D'Tatsaach ass, an ech weess dat zum Beispill vu Bech-Maacher, do ass gebaut ginn och an Héichwaasserzonen. Mä do sinn dann ënne Garagen higesat ginn an dann de ganzen elektresche Volet ass op den éischte Stack komm. Dat si Méiglechkeeten. Op dat dat Bescht oder dat Gielt vum Ee ass, dat wëll ech am Raum stoe loossen. Mä ech gesinn also Potenzialer doranner, dass mer d'Règlement-grand-ducalen, déi mer hunn, versiche méi nuancéiert ze formuléieren, fir eis also do Méiglechkeeten ze ginn, méi nuancéiert virzegoen.

An do kréie mer och Instrumenter fir dat ze maachen. Do wëll ech besonnesch den Transnational Internet Map Information System on Flooding nennen, dat heescht d'TIMIS. Am normale Gebrauch gëtt dat esou genannt. Dat ass also am Fong geholl e System, e Konzept, wat am Einzuchsgebitt vun der Musel eis et méiglech mécht, e Modell ze maachen, wann Héichwaasser op der Musel kënnt, wat dann do geschitt an och ronderëm mat deene Gewässer. Do gi Geforekaarten opgestallt. Do gëtt am Fong geholl d'Iwwerschwemmung als e globaalt Konzept gekuckt fir dat ganzt Land.

Dee Modell, deen dann do entsteet, dee gëllt am Fong geholl fir déi dräi Länner, well mer jo hei mat de Fransousen a mat deenen Däitschen an engem Boot sinn. Do ginn dann déiselwecht Donnéeë verschafft. De Moment ass et jo esou, dass mer am Fong geholl dräi Previsiounen hunn an deenen dräi Länner, wat ech net gutt fannen. Et wier besser - dat hat den Här Kox och ugeschwat -, datt mer eng Previsioun géife kréien, a mir schaffen och dorunner fir dat ze kréien; e Modell also ze kréien, wou nëmme méi dee ganze Basseng nach just iwwer eng Previsioun - ech géif soen - interpretéiert gëtt an och ausgeschafft gëtt.

Wa mer dat fäerdeg bréngen, mengen ech, dann hätte mer och méi Elementer fir do nuancéiert virzegoen, a fir dann Décisiounen ze huelen, wou de Rapport vun der Leeschtung a vum Invest gutt ass, a wou mer da kënnen am Fong geholl verschidden Dossierë méi nuancéiert maachen. Also, hei ass eng vun de Konditiounen, déi mer mussen ausschaffen.

Da wollt ech op en anere Volet agoen, deen och ugeschwat ginn ass vum Interpellant, vum Här Clement, dat ass dee vun deenen Etüden iwwer „Hochwasserschutz an der Luxemburger Mosel" vun 2003 an och dee vun 1999 „Hochwasserschutzkonzept an der Sauer". Déi eng, déi vun der Musel sinn, dat muss ech och mol eng Kéier hei soen, sinn zu 100% finanzéiert ginn, mat 219.000 Euro, déi vun der Sauer nëmmen zu 80% mat 70.000 Euro. Dat ass elo net relevant.

Relevant ass awer fir festzestellen haut, no zéng Joer, dass an deem Dossier Sauer 43 Projeten entaméiert gi sinn, wou Moossname geholl ginn. Eleng d'Stad Dikrech huet 13 Moossname geholl fir d'Sauer an och hir Zouflëss. Zum Beispill Welschent, dat Réckhaltebecken, dat do gebaut ginn ass, dat ass jo net direkt un der Sauer, mä dat ass un der Waark. Mä an deem ganze Konzept si bis haut 43 Investissementer getätegt ginn, 43 Dossieren, wou dann d'Gemengen: Iechternach, Dikrech, Ierpeldeng, Bettenduerf zesumme Geld ausginn hunn a sech Moossname ginn hunn, fir déi Géigenden, géif ech soen, méi héichwaassersécher ze maachen.

Wat d'Musel elo ugeet, muss ee feststellen, dass mer do am Fong geholl nach net esou vill Opweises hunn. Dat, mengen ech, wier och normal, well am Fong geholl ass déi ganz Etüd eréischt Enn 2003 fäerdeg ginn. Den Här Clement hat dat jo och nach ugeschwat virdrun, an do stellen ech mer och vir, dass mer do gutt weiderkommen, an dass mer do och bis 2006 dann och kënnen, wéi hien et virdru gesot huet, Neel mat Käpp maachen. Well do sinn e puer Projeten, déi elo schonn um Rulle sinn. Do sinn e puer Moossnamen, déi deemnächst kënnen ëmgesat ginn.

Ech hunn nogesicht, wat sech am Fong geholl hei an dësem Raum elo mécht. Am Raum Rëmerschen gëtt de Moment eng Renaturéierung gemaach vun de Parcelles du ruisseau an der Millebach; zu Wellesteen gëtt eng Évacuation des eaux superficielles gemaach; zu Wuermeldeng gi Regularisatioune gemaach an op der Sauer gëtt och e Konzept ausgeschafft, fir géint d'Cruë vun der Sauer zwësche Wallendorf-Pont a Waasserbëlleg ze wierken.

An dann direkt Moossnamen, déi am Raum Oste gemaach ginn, dat sinn déi folgend: eng Mauer, Mesure de protection sur la Moselle vun enger Millioun, wou mer definéiere mussen, ob déi gemaach muss ginn, do ass esou vill festgesat; da laanscht d'Uertschaft Réimech nach eng Millioun; da laanscht d'Uertschaft Bech-Klengmaacher zwou Milliounen a laanscht d'Uertschaft Mertert 1,8 Milliounen an nach eng Kéier laanscht d'Uertschaft Waasserbëlleg 2,080 Milliounen.

Dir gesitt also, et si Gelder, déi prett sinn, déi kënne ventiléiert ginn iwwert déi nächst Joren. Et ass also net, dass do näischt geschitt ass, mä et ass wierklech de Wëllen do, och Neel mat Käpp ze maachen, an dann ze kucken déi Projeten, déi d'Gemenge mussen abréngen. Dat ass ganz wichteg. D'Gemenge mussen sech elo mam Waasserwirtschaftsamt un een Dësch setzen a Projeten ausschaffen. An da musse mer kucke wéi mer weiderkommen.

Wéi gesot, iwwert d'Regelen 50:50 an 80:20 sinn ech gär d'accord nach eng Kéier ze diskutéieren, an ze kucke wéi mer dann do kënnen am Fong geholl eng gewëssen Zefriddenheet kréien, an dat Gefill kréien, dass hei eppes gemaach gëtt, wou jiddfereen am Fong geholl sech esou solidaresch stellt, wéi mer dat gären hätten.

Da wollt ech nach e puer Wierder soen iwwert d'Renaturéierung. D'Renaturéierunge sinn ugeschwat gi virdrun, an dass dat keng Moossname sinn am Fong geholl, déi alles kënne bewierken, mä se kënnen awer munches, wat d'Héichwaasser ugeet, bewierken. Do war jo eng Analys gemaach ginn, an déi Analys hu mer elo bei d'Kommissioun op Bréissel geschéckt an am Juni gëtt se och virgestallt.

Laut där Analys hu mer hei zu Lëtzebuerg nach 57,8% vun den Haaptgewässer, déi ekomorphologesch an der Rei sinn. Dann hu mer 16,6%, wou mer kleng Änneronge musse maachen. Mir hunn 12,0%, wou mer e bësse méi Änneronge musse maachen, kann ee soen. A mir hunn 13,6%, wou et wierklech Problemer gëtt fir Renaturéierungen ze maachen, au sens large du terme.

Dat géif och kee Sënn maachen, well dat si Gewässer wéi zum Beispill eis Musel, déi navigabel musse bleiwen, oder wéi eise Stausee, wat nu mol e Stauséi ass. Do kann ee keng Moossnamen huele fir am Fong geholl den ekomorphologeschen Aspekt honnertprozenteg an de Gréff ze kréien. Mä all déi aner Gewässer kënne mer mengen ech esou an de Gréff kréien, an dat léisst sech maache mat 250 Milliounen Euro - ech hat et virdru gesot. Dës Aarbechte wäerten och deemnächst mat enger Strategie vu Prioritéiten opgesat ginn.

Dëslescht ware mer zu Schëffleng bei enger Renaturéierung, an do hat ech gefrot, dass d'Gemengen zesumme mat dem Waasserwirtschaftsamt a mam Ministère de l'Environnement sech un en Dësch solle setzen a sech eng Strategie solle ginn, wou mer Prioritéite setzen, fir dëse Volet vun der Ëmsetzung vun der Waasserkaderrichtlinie ëmzesetzen, fir dat hinzekréien, an dat wäerte mer och hikréien, wa mer eng kloer Strategie hunn, an och wa mer déi ganz Finanzéierung anescht gestalte wéi bis elo.

De Moment lafen alleguerten déi Aarbechten iwwer sechs Artikelen an de Budgeten. An ech stelle mer och do vir, dass mer dat méi regruppéieren, an ech stelle mer souguer vir, dass mer en extraen Artikel maachen an deem nächste Budget, fir am Fong geholl d'Waasserkaderrichtlinie ëmzesetzen, wat bis elo de Fall net ass, fir och do Transparenz ze behalen an ze gesi wéi mer am Fong geholl an deenen eenzelnen Dossierë weiderkommen.

Weiderkomme wäerte mer sécherlech och, wa mer d'Prévision des crues, wat ugeschwat ginn ass, de Système de préalerte och optimiséieren. Do ass nach munches ze maachen, muss ech éierlech soen, well de Moment ass et esou, dass jo d'Previsioune vun der Musel iwwert de Service de navigation gemaach ginn, deen dem Ministère des Transports ënnersteet; an déi vun der Sauer gi gemaach iwwert d'Administration des services de secours zesumme mat dem Waasserwirtschaftsamt.

Hei, mengen ech, misste mer fir d'Previsiounen dat fäerdeg bréngen, wat am Gesetz steet iwwert d'Waasserwirtschaftsamt, an zwar just esou eng Cellule ze kreéieren, wéi et am Gesetz virgesinn ass, an da mengen ech, kéinte mer do och méi effizient oder optimal schaffen.

De Problem ass natierlech de Personalproblem, dee mer hunn, an dee wëll ech och hei kloer an däitlech soen. Ech weess, datt am Joer 2000, wéi d'Waasserwirtschaftsamt gestëmmt ginn ass an der Chamber, gesot ginn ass, et sollen ongeféier 33 Leit an deenen nächste fënnef Joer engagéiert ginn. Tatsaach ass, dass der bis elo siwen engagéiert gi sinn iwwer en Numerus clausus. Dat ass natierlech keng optimal Situatioun.

Mä mir hunn de Problem mat der Personalpolitik beim Stat. Et kann een net einfach massiv astellen, well dat Problemer gëtt mat der Finanzéierung. Dat ass eng Realitéit an déi Realitéit musse mer onbedéngt an de Gréff kréien, well soss fäerten ech, dass mer Strofe kréien, well mer verschidden Elementer net kënnen ëmsetzen, an dat kascht och Geld. Also wësse mer, wou et higeet. Mir wëssen also wéi de Kader ass, a mer wëssen also, dass mer gefuerdert sinn, dass dës Interpellatioun net däerf einfach esou eng Aktioun si wéi der mol esou gestart ginn an der Chamber, mä hoffentlech kënne mer wierklech…

(Brouhaha général)

Hoffentlech kënne mer wierklech an e puer Joer, an zwee bis dräi Joer, mengen ech, méi kloer gesinn. Wa mer den TIMIS hunn, dee bis 2008 soll fäerdeg sinn, dann hu mer am Fong geholl GIS-Kaarte vun alle Gewässer vum Land, da kënne mer konkret Mesurë wierklech direkt ëmsetzen. Ech erwaarde mer also, dass mer an zwee, dräi Joer wierklech gutt weiderkommen am Interesse vun eise Bierger, am Interesse vun der Sécherheet vun eisem Land, am Interesse och vun der Liewensqualitéit, well Héichwaasser ass och e Stéck Liewensqualitéit. Et ass e wichtegt Element am Alldag, an do wëll ech gär mat Iech alleguerten un engem Strang zéien. Ech wënsche mer also, dass mer déi gutt Wënsch, déi mer eis hei alleguerten an de Raum gesat hunn, kënnen zesummen ëmsetzen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Clement huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll fir d'éischt dem Minister Merci soe fir déi Äntwerten, déi e ginn huet, mä seng Äntwerten hu mech net ganz esou zefridde gestallt.

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

M. Lucien Clement.- Dat ass normal. Ech hat eng Ausso gemaach, wat de Finanzement betrëfft. De Minister ass deem net nokomm, du moins huet en awer eng Ouverture an deem Dossier gemaach, well e gesot huet, de Stat ass Propriétaire, ergo komme mer zu engem Kofinanzement a sinn net méi an deem Zeenario vu Subsid, mä kommen an den Zeenario vu Kofinanzement. En huet awer keng Ausso gemaach, wéi dat soll sinn. Ech gi mol dovun aus, datt en do säi Bescht mécht, datt d'Gemengen do kënne matschwätzen.

En huet och gesot, am Raum Réimech wier ewell vill geschitt. Ech soen, wann ech Wellesteen kucke mat enger renaturéierter Baach, also et deet mer Leed: Ech hu vu Chifferen hei geschwat a vu Waassermengen, do ass et ongeféier, wéi wann eng Maus an d'Musel pisse geet, fir déi eenzel Baach, déi do draleeft. Elo schwätze mir hei vun anere Mengen.

En plus, wëll ech nach soen, datt dat Waasser, wat d'Musel op Lëtzebuerger Säit zu 95 oder 98% féiert, am Prinzip net direkt eppes mat de Baachen zu Lëtzebuerg ze dinn huet, loosse mer et mol esou soen, dat kënnt vu sosswou hier, ergo musse mer mat anere Mëttelen op der Musel hantéieren, mat engem richtegen Héichwaasserschutz, well mir kréien dat net an de Gréff. Wa mer e puer Baache renaturéieren op der Musel oder e puer Retentiounsbecke maachen, kréie mer dat do net an de Gréff.

Des Weideren hunn ech eppes e bësselche vermësst. Ech hat de Suivi vum Dossier ugeschwat: Wéi geet et elo weider? A wat fir enger Form geet et weider? Well ech wëll just nach eng Kéier drop hiweisen, déi Etüd, déi schwätzt zum Beispill vun enger Museelverbreederung. Déi Etüd seet och, datt d'Musel fir d'Fliessgeschwindegkeet a fir déi Gemengen, déi uewendru leien, wéi Bech-Maacher net ze vill ze belaaschten, muss d'Muselsbréck zu Réimech op däitscher Säit, op Pfeiler gesat ginn. Déi steet elo op vollem, festem Buedem, déi misst do op Pfeiler gesat ginn.

Ech hu gesot, mir brauchen do administrativ Hëllef vum Ministère, vun enger Cellule, déi am Ministère fonctionnéiert, well ech mengen, de Minister weess jo och, datt d'Gemeng Réimech éischtens emol d'Kompetenz net huet, fir dat däerfen ze diskutéiere mat deenen Däitschen, an zweetens och d'Moyenen net huet, fir dat ze diskutéiere mat deenen Däitschen.

Dofir wollt ech nach eng Kéier nofroen: Ass de Minister gewëllt esou eng Cellule anzesetzen oder seng Beamten ze beaflossen, fir déi Diskussioun iergendwann eng Kéier unzefänken, wéi déi Etüd soll weidergoen, notamment wat och den däitschen Noper ubelaangt?

M. le Président.- Merci, Här Clement. Dann nach eng Kéier ganz kuerz den Här Minister.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire*.- Jo, ech muss jo detailléiert soen, wéi am Fong geholl deen Zoustand ass vun deene Moossnamen, déi am Kader vun der Musel geholl ginn.

Do sinn déi dräi Uertschaften. D'Uertschaft Waasserbëlleg, do ass d'Etüd en cours, dat heescht also eng Studie ass gemaach, fir Waasserbëlleg am Fong geholl ze schützen. Et leie verschidde Varianten um Dësch, an elo gëtt driwwer diskutéiert, wéi eng do geholl gëtt.

Et ass och eng Étude géotechnique amgaangen. Déi muss jo och ëmmer gemaach ginn an esou engem Fall. Esou dass mer zu Waasserbëlleg kënne relativ séier Neel mat Käpp maachen, wéi den Här Clement virdru gesot huet.

Zu Réimech, do läit just eng Proposition de contrat vir, Här Clement, an déi muss elo diskutéiert ginn,

mengen ech, mat de Responsabele vun der Gemeng, mat eis, mam Waasserwirtschaftsamt, an doraus kënne mer da kucken, wéi mer dann deen Dossier géréieren. Wann do déi Iddi, déi Dir elo maacht, déi ech och sympathesch fannen, firwat net, wa sech do e Groupe de travail oder e Groupe ad hoc wëllt maachen, an dee soll dann do e Suivi maachen, hunn ech kee Problem domat. Mä mir musse fir d'éischt awer dozou kommen, dass déi Propositioun vum Kontrakt ënnerschriwwe gëtt.

An dann zu Bech-Maacher, dat ass déi drëtt Gemeng, déi concernéiert ass. Do ass de Kontrakt och approuvéiert vun der Gemeng an do ass d'Etüd och amgaangen. Dir gesitt also, mir sinn am Ufank, mä et geet scho gutt weider, a wa mer elo alleguerte gudde Wëlle weisen, da kréie mer och do eppes op den Dësch.

M. le Président.- Très bien. Merci, Här Minister.

Da si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm, eisen Ordre du jour ass erschöpft. Ech wëll lech nach drun erënneren, datt de Projet de loi 5432, eng Konventioun iwwert d'Schafung vun der Agence spatiale européenne, muer als leschte Punkt um Ordre du jour steet, an datt bei dësem Projet de loi eng qualifizéiert Majoritéit nom Artikel 114 vun der Verfassung virgesinn ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun dëser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.15 heures)

MERCREDI, 4 MAI 2005

34E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le rapport d'activité 2004 du Comité de surveillance du sida

   (Discussion générale)

2. 5419 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte anti-tabac, faite à Genève, le 21 mai 2003

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. Dépôt d'un projet de loi

4. 5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004

   (Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Här Minister, ech hunn d'Regierung gefrot, ob si eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dann ass et gutt.

Fir haut de Mëtteg huet d'Sozialistesch Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Aids-Problematik ugefrot. D'Riedezäit ass bei dëser Debatt nom Artikel 78-2 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Dokter Stein-Mergen, den Här Bettendorf an den Här Huss.

(Interruption)

Här Jaerling, et war mir net gemellt ginn, datt Dir géift d'Wuert ergräife, mä ech notéieren lech dann.

Da fänke mir direkt mat der Debatt un, an d'Wuert huet elo den Här Marc Angel als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

1. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le rapport d'activité 2004 du Comité de surveillance du sida

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech dësen Aktivitéitsbericht 2004 vum Comité de surveillance du sida mat deenen neien Zuele vun den HIV-Infektiounen zu Lëtzebuerg kritt hunn, hunn ech direkt d'Initiativ geholl fir och dës Problematik hei am Parlament mat lech a mam Minister ze diskutéieren.

Här Minister, et huet mech gefreet an deem Rapport ze liesen, dass Dir, soubal Dir am Amt waart, lech iwwert dës Problematik informéiert hutt an am Comité de surveillance deelgeholl hutt an och direkt d'Noutwendegkeet erkannt hutt, een neie Plan d'action auszeschaffen. Dir hutt och erkannt, dass den Haaptaccent vun esou engem Aktiounsplang op dem Volet vun der Preventioun leie muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zu Ärer Informatioun kuerz op déi erschreckend Zuele vum 2004er Bericht anzegoen. 60 nei Infektioune mam HIV-Virus am Joer 2000 zu Lëtzebuerg. 42 Männer an 18 Fraen, een absolute Rekord! Dës 60 Fäll sinn dat Duebelt vun der Joresmoyenne aus den 90er Joren. An et geet weider: Eleng dëst Joer, vum 1. Januar 2005 u bis haut, hu mir schonn zu Lëtzebuerg 24 nei Fäll. Aids gëtt et also nach ëmmer, an Europa a Lëtzebuerg erliewen eng zweet Well vun Aids-Fäll. D'Politik ass also elo gefuerdert.

Interessant ass och ze kucken, wéi déi 60 Leit sech mam HIV-Virus infizéiert hunn. 20 vun hinnen duerch Rapports homosexuels et bisexuels, dräi duerch Drogesprétzen, 35 duerch heterosexuell Rapporten, a bei zwee Fäll leie keng Donnéeë vir.

Och ass et interessant d'Altersgruppen ze analyséieren. Zéng Fäll vun de 60 neien Infektiounen 2004 hunn ënner 26 Joer; siwen Heteroan dräi Homosexueller. 28 Fäll, also bal d'Halschent, sinn zwësche 26 a 35 Joer. Vun deenen 28 Fäll sinn der 18 heterosexuell, aacht homosexuell an zwee hu sech duerch Drogesprétzen infizéiert. Bei der Altersklass 55 plus hu mir véier nei Infektiounen, dovunner sinn der dräi hetero- an een homosexuell. Wann ech dann zesummenzielen, alles wat ënner 35 Joer läit, hu mir 38 Fäll, also iwwert d'Halschent vu 60 Fäll si Fäll bei jonke Leit ënner 35 Joer.

Wat sinn eigentlech d'Ursaache vun dëser alarmanter Steigerung vun den Neiinfektiounen? Ech mengen, et muss ee festhalen, dass säit der Mëtt vun den 90er Joren den Interesse un dësem Problem bei de Medien, bei der Populatioun an awer och bei de Politiker e bëssen nogelooss huet. An et gëtt nach ëmmer d'Certitude bei villen, déi denken Aids géif si selwer näischt ugoen, a si liewen no deem Motto „Mir kann keiner was"; ähnlech wéi bei der Sécurité routière: Déi, déi rennen, mengen et géif hinnen näischt geschéien.

D'Perceptioun vum Aids huet sech och an der westlecher Welt staark verännert, säitdeem et glécklecherweis och Traitementer gëtt. Hei zu Lëtzebuerg ass kee Problem beim Accès un dës Traitementer - an der Drëtter Welt ass dat eng ganz aner Saach -, mä dës Traitementer hunn dozou bäigedroen, dass vill Leit soen Aids ass nëmmen hallef esou schlëmm an et ass heelbar. Neen, dat ass falsch, an dat muss een och ëmmer erëm ënnersträichen. An da gëtt et nach ganz vill Leit, déi mengen Aids wier haut nach just ee Problem eben an de sou genannten Entwécklungslänner.

Interessant ass awer och ze kucken, aus wat fir enge Regiounen déi 60 Matbierger kommen, déi 2004 hei am Land positiv getest gi sinn. 34 vun hinnen, also méi wéi d'Halschent, si Westeuropäer. Ee Fall ass en Osteuropäer, dräi Fäll si vum amerikanesche Kontinent an 18 Mënschen aus Afrika.

Dës Zuele beweisen, dass den HIV-Virus keng Differenz mécht zwëschen Aarm a Räich, zwësche Mann a Fra, zwësche Jonk an Al, zwëschen Hetero an Homo; den Aids kennt keng Grenzen. Beim Aids ass et wéi bei alle gesellschaftspoliteschen oder medezinpolitesche Froen: Och hei gëtt et e sou genannt soziaalt Gefäll. Hei hänkt et och oft vum soziale Status of, an dofir ass dat, wa mir herno iwwert d'Preventioun schwätzen, net esou einfach, an dofir muss déi Preventioun och ganz differenzéiert gemaach ginn.

Hei am Land funktionéiert d'Behandlung an de psychosoziale Suivi vun HIV-Positiven excellent. Och d'Recherche leeft gutt. Heizou muss een eisen Dokteren, de Chercheuren, dem Gesondheetsministère a senge verschiddene Ministeren an deene leschte Jore Merci soen, an awer och der Aids-Berodung vum Roude Kräiz gratuléieren.

Et ass d'Preventioun, déi hei zu Lëtzebuerg verstäerkt a verbessert muss ginn. Dëst ass net nëmme meng Meenung an déi vun de Leit um Terrain, mä och déi vu menger Fraktioun, an ech hoffen och Är heibannen.

Et geet also elo dorëms deen neien Aktiounsplang esou séier ewéi méiglech ze konkretiséieren an ze ënnerstëtzen. Et ass ganz wichteg dofir ze suergen, dass genügend budgetär a Personalmëttele fir eng besser Preventiounsaarbecht agesat kënne ginn.

Lëtzebuerg brauch een nationalen Aids-Koordinator, dee mat deene verschiddene Ministèren an ONGen zesummeschafft. Virun allem ass et wéi gesot wichteg d'Preventiounspolitik besser ze koordinéieren. Aids-Preventioun muss verstäerkt an eis Schoulprogrammer agebaut ginn. Hei wier nach ze ënnersträichen, dass et zu Lëtzebuerg nach ëmmer keng offiziell Éducation sexuelle an eise Schoule gëtt.

D'Preventioun muss och virun allem verstäerkt bei eisen net Lëtzebuerger Matbierger gemaach ginn. Och am Prisong muss dëst Thema behandelt ginn. Aids-Preventioun an Opklärung muss och verstäerkt gi bei den ONGen, déi mat de Réfugiéë schaffen. Well eis Gesellschaft, wéi ech virdru gesot hunn, zu Lëtzebuerg esou vielfälteg ass, ass d'Preventioun besonnesch schwéier, an een nationalen Aids-Koordinator kéint hei hëllefen an dës Aarbecht vereinfachen.

Ech ginn lech ee Beispill: Viru 15 Joer war d'Zuel vun den HIV-Positive bei Heroinofhängege besonnesch héich. D'Drogepolitik huet op dësem Gebitt enorm Effortë gemaach, mam Resultat dass 2004 vun de 60 neien Infektiounen nëmmen dräi Drogekranker sinn. Et ass ze erënneren, dass am Gesondheetsministère et e sou genannten nationalen Drogekoordinator gëtt. Also, wann een eng voluntaristesch Politik bedreift, da kritt een och Resultater. D'Politik ass gefuerdert. Ech sinn och sécher, dass d'Aarbecht um Terrain vun de Bénévolen, déi am Kampf géint den Aids hëllefen, besser gëtt, wa si wëssen dass d'Politik si nach méi ënnerstëtzt.

Erlaabt mir just e puer wichteg Acteuren, déi zur Preventioun bäidroen, opzezielen. Dat ass d'Aids-Berodung vum Roude Kräiz an eng Rei vun A.s.b.l.en, wéi Stop Aids Now, den DropIn, de Gesondheetsministère mat sengem Service AST an der Division de la médecine préventive, awer och vill aner Ministèren: den Immigratiounsministère, de Justizministère - wann et ëm d'Preventioun am Prisong geet -, den Educatiounsministère, de Ministère vun der Famill a vun der Jeunesse an awer och eis Gemengen.

Dofir soll also en nationalen Aids-Koordinator mat all dëse concernéierten Acteuren zesummeschaffen. Esou ee Koordinator kann dann um Terrain ëmsetzen, wat de Comité de surveillance recommandéiert. Dëse Koordinator géif och dofir suergen, dass déi dräi Niveaue vun der Preventioun gemaach géinge ginn.

D'Prévention primaire ass déi wichtegst. Hei geet et virun allem dorëms Informatioun an Opklärung iwwert d'Ustiechungsrisiken ze maachen, a virun allem och ee Marketing vum Gummi. Dës primär Preventioun muss souwuel beim grand public wéi och bei deene verschiddenen Zilgruppe gemaach ginn. Hei ass et och wichteg Face-to-face-Aarbecht um Terrain ze maachen. A wann ech Terrain soen, soll d'Preventioun net nëmmen hei an der Stad gemaach ginn, mä am ganze Land bei de Lëtzebuerger a bei den net Lëtzebuerger.

Déi sekundar Preventioun, dat ass déi, méi Informatioun iwwer Aids-Tester ze maachen an d'Leit ze iwwerzeegen sech testen ze loossen, wa se öfters de Partner wiesselen. Zu dësen Tester muss een erënneren, dass se gratis, anonym a fräiwëlleg sinn, an dat muss och esou bleiwen. Wichteg ass et och, dass wann ee positiv getest gëtt, et direkt eng psychologesch Betreiung gëtt.

Da gëtt et och nach déi tertiär Preventioun. Dat ass déi wou et drëms geet dofir ze suergen, dass déi HIV-Positiv sech richteg a seriö traitéiere loossen.

Dofir, all déi Grënn, déi ech opgezielt hunn, iwwerzeege mech dovun, dass et ganz wichteg ass, dass mer esou en nationalen Aids-Koordinator kréien. Doniewent sinn awer och déi finanziell Mëttele wichteg. Well Aids an eiser Gesellschaft nach ëmmer en Tabuthema ass, ass et fir d'Organisatiounen, déi um Terrain schaffen, net esou einfach Donën ze kréien. An Dir gesitt wann Dir d'Zeitungen opmaacht an a verschiddenen Annoncë kuckt, ass ganz selten en Don dobäi fir eng Aids-Organisatioun. Dofir ass et also wichteg, dass de Ministère hei nei a méi Moyenen opbréngt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Ofschloss nach den Dokter Robert Hemmer, de President vum Comité de surveillance du sida ze zitéieren. Hie seet: «Pour vaincre le sida au Luxembourg, il faut le vaincre dans le monde.» Dëst ass méi wéi jee wouer, well den HIV-Virus oder Aids all véier Woche weltwäit esou vill Doudeger zielt wéi den Tsunami am Dezember d'lescht Joer. 40 Millioune Mënsche si weltwäit infizéiert, dräi Millioune Mënsche stierwen all Joers un Aids. Et gi 14 Millioune Weesekanner duerch Aids, pro Dag gi 14.000 nei Infektioune registréiert an 8.000 Leit stierwen un Aids. Et ass also wichteg drun ze erënneren, dass Lëtzebuerg duerch seng generéis Entwécklungshëllef vun eiser Regierung säit 2001 d'Lutte géint den

Aids an den Accès zu den Traitementer an deenen aarme Länner zu enger Prioritéit gemaach huet.

M. le Président.- Här Angel, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Dëst ass gutt, besonnesch wou an deene leschte Woche vill Aussoen zu dësem Thema vum Vatikan komm sinn. Mir däerfen net wéi déi zu Roum d'Aen zoumaachen. Mir mussen drun erënneren, dass de Kondom nach ëmmer dee beschte Schutz géint den Aids ass.

Här Minister, ganz kuerz: Wat gëtt um europäesche Plang am Rot vun de 25 Gesondheetsministeren zur Bekämpfung vum Aids virgesinn?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass ageschriwwen: déi honorabel Madame Martine Stein-Mergen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt dem Marc Angel Merci soe fir dës Fro, och wa si net exakt zu deem Zäitpunkt um Ordre du jour stoung wou de Rapport erauskoum. Ech sinn nämlech der Meenung, d'Aktualitéit ass net de Rapport, mä d'Situatioun vun deene Leit, Männer a Fraen, déi dëse Moment um Virus erkrankt sinn. Si mussen a si kréien och an onsem Land all medezinesch Hëllef, déi de Moment zur Verfügung steet, fir méiglechst laang bei méiglechst gudder Liewensqualitéit ze iwwerliewen.

Dat ass u sech awer net d'Fro, déi mer eis haut musse stellen. D'Fro ass villméi déi, wéi et méiglech ass, dass um leschte Stand vun den Erkenntnisser bei deem wat mir entre-temps iwwert den HIV-Virus wëssen esou vill Leit sech esou behuelen, dass si sech konnten ustiechen. Wann den Aids an den 80er an 90er Joren ëmmer fir e puer Schlagzeile gutt war, an och deemools d'Wëssenschaftler op der ganzer Welt all hir Energien dragestach hunn dës nei Infektiounskrankheet ze erfuerschen, esou huet se haut däitlech u medialer Attraktivitéit verluer. Dëse Virus ass deemools och an enger Rekordzäit identifizéiert ginn, et sinn eng ganz Rei Medikamenter entwéckelt gi fir dës Krankheet ze behandelen. Mä, et ass wichteg fir et ëmmer erëm ze widderhuelen, mir kënnen si bis elo weder heelen nach existéiert eng Impfung.

Och hei zu Lëtzebuerg gëtt a gouf mat gefuerscht, virun allem de Laboratoire de rétrovirologie, dee scho säit 1991 besteet, iwwerwaacht engersäits d'Behandlung vun onse Patienten a bedeelegt sech anerersäits un der aktiver Recherche, haaptsächlech op neie Medikamenter.

Deemools, wéi d'Krankheet entdeckt ginn ass, war Aids d'Krankheet vun den Homosexuellen an den Drogéierten. Dat waren dann och Gruppen, déi d'Öffentlechkeet interesséiert hunn. Do konnt déi grouss Majoritéit vun de Leit sech nämlech soen, mat engem Schaueren iwwert de Réck, déi aarme Leit, mä Gott sei Dank dozou gehéieren ech jo net, da kann ech dat och net kréien. Déi grouss Majoritéit vu Leit huet sech also net nëmme vun deenen zwou Gruppen, mä och vun der Krankheet distanzéiert. Entre-temps wësse mer et besser wéi deemools. Iwwert d'Halschent vun den nei Infizéierte koumen dat lescht Joer aus der Grupp vun den Heterosexuellen.

Dee Message also, dass de Sida eng Krankheet ass, déi jidderee ka kréien, deen ongeschützte Geschlechtsverkéier huet, deen ass anscheinend net richteg eriwwerkomm. D'Fro, déi mir ons also mussen haut stellen ass: Ass de Message net kloer genuch? Ass en net verständlech, oder sprieche mer mat eise Campagnen déi falsch Leit un?

Déi Campagnen, déi esouwuel vum Ministère wéi och vun den Associatiounen, déi sech mam Aids befaassen, zum Beispill am Milieu vun den Drogesüchtege gelaf sinn, droen och hir Friichten. Eng ganz Panoplie vu Preventiounsmoossname sinn ugelaf. Esou sinn de facto Toxicomanë largement aus dem Grupp vun Nei-Infektioune verschwonnen, an dat well si éischtens informéiert sinn iwwert de Risque, an zweetens kënnen si déi gebrauchten Seringuë géint steriler antauschen.

Wéi ass et awer mat der Informatioun ausserhalb vun dësen Ex-Risikogruppen? Dee Message, an hei wëll ech dat vläicht berühmtesten Affer vun der Aidspandémie zitéieren, de Freddie Mercury, de Sänger vu Queen, dee schonn an den 90er Jore gesongen huet, „too much love will kill you". Dëse Message ass et, dee muss duerchkommen.

(Interruptions)

Mir mussen d'Informatioun bei déi Jugendlech droen. Meedercher a Jongen, déi Schoule besichen, sollten net nëmmen an hirer Éducation sexuelle gewuer gi wéi et funktionéiert fir Kanner ze kréien oder fir keng ze kréien, mä och wéi een Nee seet a wéini dass ee muss Nee soen, also am Résumé, wéi kann ech mech géint den Aids schützen.

Ech stelle mir vir, dass ee scho kënnt am sechste Schouljoer usetzen, well jo hei schonn en éischte Biologiesprogramm uleeft. Mir däerfen och net vergiessen, dass an dësem Schouljoer scho vill Kanner geschlechtsräif sinn, well jo net jiddereen d'sechst Schouljoer mat zéng oder mat eelef Joer packt, mä well der eng Rei méi laang do sëtzen.

Spéitstens awer no dem éischte Joer secondaire misst all Kand wësse wéi ee sech mat Aids ustécht a wat dat fir Konsequenzen huet. Ob een dat elo dem Titulaire iwwerléisst oder de Biosproff domat chargéiert, oder et an der Relioun oder Éducation morale et sociale usprécht oder esouguer Persoune vu baussen an d'Schoulen invitéiert, ass eigentlech egal.

Wichteg ass, dass dat Ganzt keng ze vill moralesch Connotatioun kritt, mä eng praktesch, bal technesch. Dës Krankheet soll als Krankheet ofschrecken, net déi Krank sollen d'Leit ofschrecken. An dësem Zesummenhank ass et mer och en Uleies ze vermëttelen, dass einfache Kontakt mat engem Kranken net zu enger Ustiechung féiert, net dass mer erëm esou eng Hysterie ausléise wéi an den 90er Joren. Den Thema Zwangstesten ass bei ons vum Dësch a muss och vum Dësch bleiwen.

D'Resultater vun dësen Ausnahme mussen sech an den Ustiechungsstatistiken ausdrécken. Déi vill 25- bis 35-Jähreg mussen eraus. Dat ass deen Alter, wou ee säi Liewen opbaut an net den Alter, wou ee säin Testament schreift, well léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Aids ass kee Schicksal, mä vermeidbar. Déi falsch Meenung, et wier eng Krankheet wéi déi aner, muss erëm aus de Käpp verschwannen.

40% vun den nei Infizéierte kommen aus Länner ausserhalb vu Westeuropa, en additionnellë Message, deen een net däerf aus den Ae verléieren; och ee fir ons Leit, fir ons Touristen. Doriwwer eraus, dass Sextourismus eng besonnesch knaschteg Manéier vun Exploitatioun an den Entwécklungslänner ass, beinhalt fir seng Adepten och e gewësse Risiko.

M. le Président.- Madame Stein, Dir musst zum Schluss kommen.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Ech wëll och mäi Schluss ewechloossen, well de Kolleeg Angel huet den Dokter Hemmer schonn zitéiert: «Pour vaincre le sida au Luxembourg, il faut le vaincre dans le monde.»

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf ageschriwwen. Här Bettendorf!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Demokratesch Partei hat den Thema Aids an hirem leschte Wahlprogramm ganz däitlech beschriwwen an et steet e flott Kapitel dodran, „Aids immer noch ein Thema".

Här President, fir Zäit ze gewanne liesen ech Iech net vir, wat mer deemools gesot hunn, mä ech stelle fest, datt mir honnertprozenteg richteg louchen. Dat Kapitel geet nämlech un: „Das Thema Aids ist in den vergangenen Jahren in unserer Gesellschaft zunehmend in Vergessenheit geraten. Trotzdem stecken sich hierzulande und weltweit immer mehr Menschen mit dieser Krankheit an", an esou weider an esou virun. Mir waren där heiteger Debatt also e gutt Stéck viraus, an ech kann den heitege politesche Responsablen nëmmen un d'Häerz leeën ze recommandéieren dat ze liese wat mir geschriwwen hunn.

De Rapport d'activité 2004 vum Comité de surveillance weist leider drop hin, an et gouf schonns hei gesot, dass 60 nei Fäll vun Infizéierungen d'lescht Joer hei am Land dobäikomm sinn. Dat ass en traurege Rekord, deen op e gewëssend iwwerdriwwend Sécherheetsgefill zréckzeféieren ass.

De Kolleeg Angel huet déi 60 Fäll statistesch ënnersicht a beluecht, esou wéi se am Rapport sinn. Lëtzebuerg läit dem Rapport d'activité no am europäeschen Trend vun enger sou genannter zweeter Ustiechungswell. D'Krankheet ass an engem gewëssene Mooss an deene leschte Jore banaliséiert ginn. De Schock, deen d'Ausbriechen oder d'Erkenne vun dëser Krankheet an den 80er Joren ausgeléist huet, ass iwwerwonnen. D'Précautiounsreflexer an d'Schutzmoossnamen hunn deemno och nogelooss.

Jidderee muss sech erëm bewosst ginn, datt den Aids eis all eppes ugeet, datt jidderee kann dovu betraff ginn, zumools eis jonk Matbierger mussen erëm nei a méi geziilt mat dem Thema sensibiliséiert ginn. Dës Krankheet trëfft net nëmmen e marginalen Deel vun eiser Populatioun an net nëmmen eng gewësse Populatioun. D'Preventioun muss groussgeschriwwe ginn. En Heelmëttel gëtt et bis haut leider nach net, och wann d'Laboratoirë weltwäit säit Joren intensiv an onermiddlech fuerschen.

Ech wëll hei nach op d'Wichtegkeet vun der medezinescher Fuerschung an der Fuerschung insgesamt hiweisen. D'Fuerschung kascht an et mussen deemno Effortë gemaach ginn, fir d'Fuerschungsaarbecht finanziell ze ënnerstëtzen. En Heelmëttel gëtt et net, et gëtt awer Traitementer, déi mat der Zäit ëmmer méi performant ginn. En Infizéierte kann haut dank engem adequaten Traitement iwwer 15 Joer oder méi weiderliewen an zwar net andeems en an engem Spidolsbett muss dohivegetéieren, neen, déi Leit kënnen e plus ou moins normaalt Liewe féieren, schaffe goen an an enger Famill liewen.

Éinescht huet d'Madame Stein en Englänner hei zitéiert, ech kënnt dee beschte Basketballspiller vun der Welt zitéieren, de Magic Johnson, dee schonn iwwer zéng Joer Aids huet…

(Interruption)

…- HIV-positiv ass, selbstverständlech - an deen nach ëmmer anstänneg ka liewen.

Wichteg schéngt mer och an deem Kontext d'net Ausgrenzung vun infizéierte Matbierger. Dat Beispill ass hei och schonns gesot ginn. Mir hunn zum Beispill e Gesetz wou dra steet, wann een den Examen mécht fir de Mariage, da muss een e Zertifikat vum Dokter bréngen, dass ee keng ustiechend Krankheet huet. Wéi mer dat gestëmmt hunn, hu mer den Aids ausgeschloss, an deen ass och haut nach ausgeschloss. Et ass vläicht wichteg,dass een nach eng Kéier dorun erënnert.

Weltwäit hunn am Joer 2004 sech 4,9 Millioune Leit mam HIV-Virus infizéiert. 3,1 Millioune Leit sinn d'lescht Joer un Aids gestuerwen. Dat sinn erschreckend héich Zuelen, mä et sinn se nach laang net alleguerten. Besonnesch betraff si Länner wéi am Moment Indien, afrikanesch Länner, wéi Sambia, Burundi, Kenia, wou Enn 2004 25,4 Millioune Leit infizéiert waren. A Südafrika liewe ronn 5,3 Milliounen Infizéierter, ouni China ze vergiessen, wou keng Zuelen do sinn, mä wou Millioune Leit am Ableck einfach elo stierwe gelooss ginn.

En Haaptproblem sinn déi vun den Elteren infizéiert Kanner, déi ouni Eltere grouss ginn, an Orphelinatë musse liewen, an hei kann haut scho mat Geld a Medikamenter de Kanner à la base gehollef ginn, eng ganz wichteg Saach.

Besonnesch an deene Regioune mussen immens Effortë gemaach gi fir de Problem an de Gréff ze kréien. Mir hunn an der Kommissioun eng Diskussioun gehat tëschent Deputéierte wat d'Influenz vun der kathoulescher Kierch an dem verstuerwene Poopst an dëser Problematik ubelaangt. Ech erlabe mer just dorop hinzeweisen, datt d'Kierch, notamment a villen afrikanesche Géigenden, eng gewësse Responsabilitéit ze droen huet, mä d'Kierch ass do ganz bestëmmt net eleng. Et gëtt an Afrika méi net Katholike wéi Katholiken. A China sinn all déi Infizéiert guer net Katholiken an dat huet net vill zur Verminderung vum Sida bäigedroen.

Et kann een nach vläicht ee Wuert soen zum Sang contaminé. A China gi Millioune vu Leit, déi duerch Blutttransfusioune contaminéiert ginn, stierwe gelooss. A Libyen sinn elo fënnef bulgaresch Infirmièren an een Dokter zum Doud verueerteelt ginn, well 425 Kanner iwwer Blutttransfusiounen infizéiert gi sinn. A Frankräich, wann een eng Blutttransfusioun kritt, muss no engem Mount d'Kontroll gemaach ginn, ob d'Blutt net infizéiert war. Mir hu Gott sei Dank hei zu Lëtzebuerg d'Croix-Rouge, déi déi Aarbecht exzellent mécht, de Plasma sammelt. Dat ass formidabel, mä ech ka mer awer och d'Fro stellen, ob een hei net géif soen, nom franséische Muster, ob een net sollt do och eng zweet Kontroll no enger Blutttransfusioun maachen.

Bon, et ass scho villes gesot ginn. Ech wëll nach just op de Fonds mondial de lutte contre le sida, la tuberculose et le paludisme hiweisen.

M. le Président.- Dir musst wierklech zum Schluss kommen!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Ech kommen zum Schluss.

M. le Président.- Jo, Dir sidd bei sechs an enger hallwer Minutt.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Wann Dir mech gestéiert hätt, dann hätt ech direkt reagéiert. Ech loossen Iech dësen Ziedel hei „Pourquoi les amis du fonds mondial". Da kënnt Der mer dee verdeelen un d'Kolleegen, dann ass d'Saach an der Rei.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Huss ageschriwwen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Aids-Problematik géif et eigentlech vill méi ze soe gi wéi een dat hei am Kader vun dëser Aktualitéitsdebatt ka maachen. Den 1. Dezember d'lescht Joer war bekanntlech déi offiziell Journée mondiale contre le sida, an dat mannst wat een haut muss soen ass, datt de Problem vum Aids absolut net geléist ass an am Géigendeel riskéiert an deene kommende Jore weltwäit nach vill méi dramatesch Ausmoossen unzehuelen.

E puer Zuele just wëll ech och hei bréngen, et sinn der eng Partie scho genannt ginn zu der internationaler Verbreedung vun Aids, ier ech op de Problem vu Lëtzebuerg zréckkommen. Weltwäit stierwen all Dag, dat muss ee sech emol virstellen, ongefëier 8.500 Leit un de Folge vun Aids. 4/5 dovun an Zentral- a Südafrika, mä och a Südostasien, an Europa a weltwäit.

A Länner wéi Südafrika sinn 21,5% vun der Bevölkerung infizéiert. Dat ass 1/5 vun der Bevölkerung. Wann ee sech do d'Entwécklung virundenkt, da kann et ee grujelen. A Sambia 15 bis 20%, am Mosambik 12,2%, an Tansania 8,8% an esou virun.

25 Milliounen Afrikaner an deene Länner sinn HIV-infizéiert, dovunner 57% Fraen a leider och scho vill Kanner. Weltwäit schéngen iwwer 40 Millioune Mënschen infizéiert ze sinn, a grad och an engem Riseland wéi China schéngt den Aids ëmmer méi rasant ëm sech ze gräifen.

No offiziellen awer zweifelhaften Zuele waren 2003 a China zwar nach nëmmen 840.000 Leit als offiziell Séropositif registréiert, mä de Problem schéngt awer rasant ëm sech ze gräifen.

Deen dramateschsten Aspekt vun Aids ass also ouni Zweifel ze gesinn an den aarme Länner vum Süden. A vu datt leider net vill Aussiicht op eng Verbesserung vun der Situatioun besteet, riskéieren d'Ekonomië vun enger ganzer Partie vun afrikanesche Staten, souwéi hir Educatiouns- a Gesondheetssystemer an eng total humanitär Katastroph eranzerutschen, trotz Entwécklungshëllef.

Schold un dëser dramatescher Entwécklung sinn net nëmme kulturell Traditiounen an deene Länner wéi déi weiderhi grasséierend Ënnerdréckung vun de Fraen, schold si virun allem och déi grouss Aarmut an den Analphabetissem, a schold si kloer och westlech Finanzinstitutioune wéi den FMI oder d'Weltbank, déi den dortege Regierungen insgesamt an och esouguer am Beräich vu sozialen Ariichtungen am Santéssecteur an esou virun eng sozial Austeritéitspolitik imposéieren.

A mat schold si finalement och déi grouss Reliounen, grad och de Vatikan vu Roum, mä net nëmmen hien, all déi grouss Reliounen oder Regierunge wéi déi vum Här President Bush, déi d'Schwéiergewiicht vun der Aids-Bekämpfung op Appeller zur sexueller Enthaltsamkeet riichten, anstatt anzetriede fir bëlleg oder gratis Preservativen an anzetriede fir bëlleg oder gratis Anti-Aids-Medikamenter.

Wien absolut aarm ass an näischt ze bäissen huet, dee ka sech selwer weder Preservativer nach Aids-Medikamenter leeschten, an esouguer wann zwëschenzäitlech de Präis vun dëse Medikamenter e Stéck zréckgaangen ass bleiwen se nach vill ze vill deier fir déi Aarm. Iwwert déi kommend nei Brevetsregelungen am Kader vun der Welthandelsorganisatioun OMC riskéieren d'Präisser am Intérêt vun den Aktionäre vun de grousse Pharmakonzerner geschwënn erëm an d'Luucht ze klammen.

Wann dat geschitt, dann ass Aidsbedingt, virun allem an Afrika, eng

nei Form vun Auschwitz virprogramméiert.

E puer Wuert zur Lëtzebuerger Situatioun. Och hei am Land schéngt trotz villen Efforten, déi an deene vergaangene Joren ouni Zweifel gemaach goufen, d'Zuel vun den Nei-Infektiounen erëm zouzehuelen. An och hei zu Lëtzebuerg stierwe vereenzelt nach Leit un de Folge vun Aids.

D'Opklärungsaarbecht iwwer Aids an déi preventiv Moossnamen, déi vun der Santé an Zesummenaarbecht mat enger ganzer Rei vun aktiven ONGen an d'Wee geleet goufen, mussen also weidergefouert ginn. An de Ministère ass an eisen Ae gutt beroden, wann en sech dobäi verstäerkt op d'Kompetenz an op d'Terrainsaarbecht vun all deenen ONGe stäipt, déi hei an der Diskussioun ënner anerem och vum Här Angel schonn erwähnt goufen: d'Aids-Berodung „Stop Aids Now"' oder och „Abrigado" oder „Jugend- an Drogenhëllef", wann et sech ëm de Lien mat der Toxicomanie handelt.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Déi preventiv Aarbecht muss sech wahrscheinlech iwwert déi méi allgemeng Opklärung eraus nach méi staark konzentréieren op déi sou genannte Risikogruppen, woubäi net eleng gratis Preservativer a beschtméiglech medezinesch Therapië vu Wichtegkeet sinn, mä och déi sozialpsychologesch an déi sozial Betreiung fir de Betraffenen an hirer Situatioun déi beschtméiglech Aussiichten ze assuréieren.

Här Minister, eng kleng Fro just an dësem Kontext: Am Rapport d'activité vun Ärem Ministère hunn ech gelies, datt fir d'Joer 2005 esouwuel d'Editioun vun enger Informatiounsbroschür wéi och d'Distributioun iwwer DVD vun engem Film virgesi waren, ass dat scho geschitt? Ass déi Distributioun schonn op engem méi breeden Niveau geschitt? A wéi soll et mat weidere preventive Mesurë weidergoen?

Et ass kloer, dass mir als Gréng all nëtzlech preventiv Mesuren an all sënnvoll wëssenschaftlech Fuerschunge wäerte politesch ënnerstëtzen. Mir wieren awer och frou, Här Minister, wann Dir als Gesondheetsminister, an Zesummenaarbecht mam Finanzminister, mam Ekonomiesminister a mam Minister fir Entwécklungshëllef, eng kloer Lëtzebuerger Stëmm an allen internationalen Institutiounen, wéi der OMC, dem FMI an der Weltbank géift erhiewen, fir datt an Afrika zum Beispill endlech eng realistesch a sozialverdréiglech Léisung vun der Aids-Problematik méiglech kënnt gemaach ginn. Och dat wier eng wichteg Pièce am Dossier, wann et ëm eis Glafwierdegkeet a Saachen Anti-Aids-Bekämpfung geet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Den Här Jaerling huet sech nach gemellt, dee virdrun net ageschriwwe war. Et ass an der Rei.

Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, et ass ëmmer erëm erschreckend, wéi trotz allen Opklärungsversammlungen a -campagnë periodesch de Fléau vum Aids sech ëmmer erëm bemierkbar mécht a wat e weltwäit fir e Schued uriicht. An et ass och erschreckend a scho skandaléis, dass, trotzdeem se d'Konsequenze vun hirem Handele kennen, et nach ëmmer spirituell a Groussmuechtoberheite gëtt, déi d'Benotze vu Preservativmëttele verdamen a fir hiert onverantwortlecht Virgoe mol net zur Rechenschaft gezu gin, e Virgoen, wat besonnesch an deenen ënnerentwéckelte Länner bei de gleewege Leit vill Schued am Zesummenhang mam Aids uriicht.

Awer och hei am Land si 60 nei Infektioune jo net grad näischt a beweisen eis erëm op eng schrecklech Aart a Weis, dass et ëmmer nach Leit gëtt, déi mengen de Virus vum Aids géif laanscht si fléien a géif nëmmen déi aner treffen. Oder d'Nouvellë vun eventuell heelende Medikamenter bréngen si zur Meenung, dass den Aids jo awer dann net méi liewensgefäierlech wär an zu all Moment kënnt geheelt ginn. Et ass déi Onbedenklechkeet, déi geféierlech ass an déi et unhand vu Campagnen heescht onbedéngt aus der Welt ze schafen.

Esou wéi och déi onsënneg Meenung muss bekämpft ginn, den Aids géif nëmmen a Kreesser vu Bi- oder Homosexuelle respektiv bei Suchtkranken optauchen. D'Chifferen, déi mer virleien hunn an déi hei schonn e puermol ernimmt gi sinn, léieren eis kloer eppes anescht. Vun deene 60 neie Fäll sinn der 35 - also iwwert d'Halschent - bei Heterosexuelle festgestallt ginn, 20 bei Homo- a Bisexuellen an dräi bei Infektioune vu Rauschgëft. D'Chiffere beweisen also ganz kloer, dass trotz eisem héije Wëssensstand an trotz eiser Opklärung nach ëmmer Leit duerch onvirsiichtegt Verhalen de Virus oprafen. Et heescht also oppassen, well verschount gëtt keen!

Dat Wichtegst ass also erëm eng Kéier d'Preventioun, a besonnesch déi differenzéiert Preventioun an Opklärung, mat enger optimaler Ënnerstëtzung vun der Politik fir déi Leit, déi um Terrain schaffen, dass déi och optimal vun der Politik begleet ginn. A wat nach besonnesch wichteg ass, dat ass, dass déi krank Leit net marginaliséiert ginn, sondern dass och eng Opklärung gemaach gëtt, wéi ee mat dëse Leit soll a kann ëmgoen, a wéi ee se soll betreien, wann ee mat hinnen direkte Kontakt huet.

Haut hu mer eng Diskussioun iwwert de Rapport gefouert an eng Analys dovu gemaach, a mir musse feststellen, dass mer net genuch gemaach hu fir ze verhënneren, dass nach Leit sech weider ustiechen. Et mussen also nei Efortë gemaach gi fir d'Situatioun an de Gréff ze kréien. An et ass hei kloer ervirgaangen, dass no dësem Réckbléck en neien Aktiounsplang muss kommen, fir dass mer net erëm d'nächst Joer mat nach schlëmmere Chifferen hei konfrontéiert ginn. Dofir ass d'Regierung gefuerdert, déi néideg Moossnamen ze ergräifen, an esou schnell wéi méiglech mam Comité de surveillance a mat der zoustänneger Kommissioun en effizienten Aktiounsplang auszeschaffen. An et wier och net vu Muttwëll, wann de Comité de surveillance du sida sech zu engem effikasse Comité de lutte contre le sida géif entwéckelen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Regierung huet elo nach d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn elo gutt 20 Joer, dass mer hei zu Lëtzebuerg mam Phenomeen vum Sida bewosst konfrontéiert sinn an et muss een haut soen, dass d'Situatioun och no 20 Joer nach ganz bedenklech ass a besonnesch no deene Statistiken, déi mer vum leschte Joer an och elo vun deenen éischte Méint vun dësem Joer hunn.

Den Aids hei zu Lëtzebuerg ass e seriöe Problem: E mécht d'Leit weider krank. De Sida ass net heelbar a weltwäit stierwen am Joer dräi Millioune Leit. Dat muss ee sech mol eng Kéier déclinéieren. Dräi Millioune Leit, dat ass de Géigewäert vu 15 Tsunami-Katastrophen all Joer an der Stëllt, méi oder manner an der Stëllt ouni dee Medierummel, dee mer - zu Recht - hate bei där Katastroph, déi mer Enn vum leschte Joer erlieft hunn.

Haut schwätze mer ganz vill iwwer eng potenziell Weltgripp, déi Millioune Leit kéint doutmaachen. Abee, mir brauchen déi Diskussioun iwwer potenziell Risiken, mä iwwerdeem solle mer net vergiessen, dass mer och haut scho mat enger reell existéierender Weltepidemie konfrontéiert sinn, déi gradesou vill futti mécht wéi déi hypothetesch Weltgripp, déi kéint op eis zoukommen.

Den Aids bleift déidlech, ass net heelbar an ass eng vun deene Krankheeten, ee vun deene Phenomeenen, déi am Joer weltwäit am meeschte Leit doutmécht. Et kann een d'Aen do virdrun net zoumaachen an och wann Eenzelner mengen, dass een deen dote Phenomeen duerch Enthaltsamkeet kéint léisen, dann ass dat doudsécher net de Fall.

Mir sinn hei zu Lëtzebuerg, wéi an deene meeschten aneren europäesche Länner, mat enger zweeter Well vum Sida konfrontéiert. Mir hate vläicht fälschlecherweis gemengt, Mëtt der 90er Jore wou d'Well erofgaangen ass, dass een déi Krankheet kéint an de Gréff kréien. Mä dat war nëmme vu kuerzer Dauer. Spéitstens zënter 1999 gesäit een, dass d'Zuelen erëm beängschtegend an d'Luucht ginn. Ufanks der 90er Jore bis Enn der 90er Joren hat d'Zuel sech stabiliséiert bei ëm 25 bis 30 nei Infektiounen d'Joer. 1999 ass se eropgaangen op 40, duerno huet se sech stabiliséiert op deem Niveau; 2003 ass se eropgaangen op 47 fir dann am leschte Joer 60 nei Infektiounen ze erreechen.

Wéi ass et méiglech, nodeem een eng Senkung vun den Infektiounszuelen hat iwwer eng Rei vu Joren, dass et zu enger neier Well hei zu Lëtzebuerg konnt kommen? Et gëtt eng Rei vun Explikatiounen, an de Marc Angel huet der eng Rei ginn. Déi aner Riedner, deenen ech Merci soe fir d'Aart a Weis wéi se de Sujet ugaange sinn, och. Mir hunn eis, oder besser, et huet ee sech un déi Krankheet gewinnt; si ass banaliséiert, doduerch dass een dermat lieft, doduerch dass et wierklech staark Fortschrëtter an der Medezin gi sinn a Medikamenter komm sinn, déi de Virus net konnte Meeschter ginn, mä en awer gebremst hunn. Doduerch ass vläicht déi falsch Impressioun opkomm, dass déi Krankheet heelbar wär.

Dat ass falsch! Si ass net heelbar an et ass net esou, dass ee mam Virus gradesou gutt kann iwwerliewen ewéi anescht. Et si Verbesserungen do, mä et muss een och wëssen zu wat fir engem Präis déi Verbesserunge sinn. Well et ass esou, dass, wann een infizéiert ass, ee säi Liewe laang ganz staark Quantitéite Medikamenter muss huelen. Ech hu mer soe gelooss, dass dat op bis zu 40 Pëllen den Dag ka goen. Dat ass zwar e Liewen, mä dat ass anescht wéi wann ee gesond ass. Et huet sech also déi falsch Meenung duerchgesat, dass déi Krankheet heelbar wär.

Wat och e Fait ass, dat ass, dass de Sida, anescht wéi den Honger an der Welt, e Phenomeen ass, deen exportéierbar ass.

Un den Honger an der Welt hate mer eis zu engem gewëssenen Zäitpunkt gewinnt, well en a Länner war, déi wäit vun eis ewech sinn. Beim Sida ass et esou, dass och déi Haaptproblematik nach a Länner ass, déi wäit vun eis ewech sinn, mä och net méi esou wäit, well déi Welle kommen ëmmer méi no un eis erun, an d'Nopeschländer vun der Communautéit sinn an der Zwëschenzäit och ganz staark dovu betraff. Do kënne mer d'Aen net méi zoumaachen. Mer kënnen net soen: Dat ass e Problem vun deene Länner. Well dee Problem do, dee wandert, an dee kritt een och net duerch zoue Grenzen an de Gréff - fir déi, déi vläicht fälschlerweis op esou Iddië sollte kommen -, dat ass net domat ze bewältegen.

Aneschters wéi nach virun e puer Joer - an dat ass hei richteg gesot ginn - ass de Phenomeen vum Sida net méi een, deen ee ka limitéieren op - déi souwisou scho Schëlleg an den Ae vu ville Leit - Toxicomanen an op Homosexueller. Dat ass net méi de Fall, dat war fréier de Fall, dat waren d'Haaptzilgruppen. Haut ass dat kaum nach de Fall, well wann ee kuckt, wéi d'Chifferen evoluéiert hunn, da waren am leschte Joer nach just dräi Toxicomanë bei deene Statistiken dobäi. An den Equiliber zwëschent Homoan Heterosexuellen huet sech och ganz seriö zu Gonschte vun den Heterosexuelle gewandelt; zwee Drëttel zu engem Drëttel.

Et muss een also feststellen, dass de Problem vum Sida hei zu Lëtzebuerg ee ganz préoccupanten ass. De Marc Angel huet d'Chiffere genannt, ech wëll hie just op engem Chiffer korrigéieren, dee vun den neien Infektiounen an dësem Joer, dat sinn net méi 24 nei Fäll, zënter haut sinn et der 27. Wann een déi dote Statistik extrapoléiert, da schloe mer am Joer 2005 erëm en neie Rekord, well da géife mer bei geschätztenen 80 Nei-Infektioune landen, wat ganz beängschtegend ass. An dofir, mengen ech, dass mer hei musse ganz konsequent handelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De Comité de surveillance du sida, déi Leit, déi och um Terrain schaffen, déi vill Organisatiounen, déi Joer an Joer aus um Terrain schaffen, hunn eng Rei vu Pisten entwéckelt an ech wëll hinnen - un der Spëtzt dem Dokter Robert Hemmer an dem Goedertsen Heng - fir hir exzellent Aarbecht, stellvertriedend fir alleguer déi, déi um Terrain schaffen, en häerzleche Merci soen. Virun allem Merci soen, dass se sech net domat begnüge fir eng Feststellung vun der Problematik ze maachen, mä konkret Propositioune maachen.

Et ass esou, dass mer net drop gewaart hu fir eng Diskussioun an der Chamber ze hunn, fir d'Virbereedungsaarbechte fir en neien Aktiounsplang anzeleeden. Et sinn eng Rei vu Réuniounen, déi an der Zwëschenzäit mam Comité de surveillance vum Sida stattfonnt hunn an et sinn och eng Rei vun éischten Direktiven ausgeschafft ginn, wéi esou en Aktiounsprogramm ausgesi kéint.

Ech mengen - an dat ass queesch duerch d'Diskussioune gaangen -, dass all Aktiounsprogramm, ob en neien oder en alen, d'Prioritéit op d'Preventioun muss setzen; dat ass eng Evidenz. Nëmmen dann, wann ee virsuergt, nëmmen dann, wann ee bewosst handelt, nëmmen dann, wann ee bewosst a responsabel mat senger Sexualitéit ëmgeet, kann een de Sida verhënneren.

Mä dat geet awer net duer. Mir hunn décidéiert, dass mer eng nei intensiv allgemeng Campagne lancéieren. Mä, nach eng Kéier, domat geet et net duer, mir musse méi an d'Déift eragoen, mir musse kucke wou déi eenzel Risikogruppe sinn an da musse mer geziilt op déi eenzel Risikogruppen zougoen. Ouni d'Aen zouzemaachen, och d'Kand beim Numm nennen an dann och eis d'Moyene gi fir, vill méi schwiereg wéi mat Campagnen, op déi eenzel Risikogruppen anzegoen.

Et ass virdru kuerz erwähnt ginn, déi Interviewë mat deene Leit, déi betraff sinn, mussen op fräiwëlleger Basis gemaach ginn. Net fir se auszequetschen, mä fir Pisten ze fannen, iwwer wat fir ee Wee déi Infektioune geschéien. Net fir dann d'Leit fänken ze goen a se un de Pranger ze stellen, mä fir kënnen drop ze reagéieren. Wa mer net genee wësse wou et hierkënnt, kënne mer och net cibléiert drop agoen. Dëst natierlech niewent de Campagnen an niewent de Preventiounsmoyenen, an do ass de Gummi ëmmer nach ee vun deenen effikassten hei an och an den afrikanesche Länner, och wann Eenzelner dat net wëllen esou gesinn.

Mir mussen och multidisziplinär virgoen, mir musse mat Partnerschafte virgoen, an et ass virdru gesot ginn, dass mer mat den Acteuren um Terrain, déi sech spezialiséiert hunn op d'Ausenanersetzung mat där Krankheet, mä awer och mat aneren Associatiounen, zesummeschaffen.

Mir waren elo déi lescht Woch zesumme mat der ASTI a mir wäerten och mat der ASTI zesummen e Programm entwéckelen, fir op déi betraffen - an dat soll een net leugnen - auslännesch Populatioun anzegoen. De Sida mécht keng Differenz zwëschent Lëtzebuerger an net Lëtzebuerger a mécht och keng Differenz zwëschent Schwaarzen, Gielen, Rouden oder Wäissen, dat soll een einfach a seng Ausenanersetzung mat där Krankheet mat eran huelen. Mir wäerten also déi Campagne relancéieren, méi an d'Déift a méi cibléiert virgoen.

Den Dokter Hemmer - an ech deelen dat, wat hie gesot huet - huet festgestallt, dass mer eigentlech erëm eng Kéier vu vir mussen ufänken. Wat net wëllt heeschen, dass an deene leschte Joren net vill a gutt geschafft ginn ass, do kéinten déi Resultater vläicht driwwer ewechtäuschen. Wann déi Campagnen, wann déi Aarbecht um Terrain net gewiescht wären, da wäre mer mat enger anerer Envergure vun där doter Krankheet konfrontéiert gewiescht.

Wat ech Iech just wëll soen, dass nun awer eng Rei Erfollegserliefnisser do sinn. D'Zuel vun deenen, déi de Sida net iwwerliewen, déi also stierwen, déi ass halbéiert vis-à-vis vun deem, wat mer Mëtt vun den 90er Joren haten. Mir kënne feststellen, dass bei den Toxicomanen duerch déi Moossname mat dem Echange vu Seringuën, déi Populatioun quasi net méi present ass an de Statistiken. Wou een awer net däerf soen, dass se keng Risikogrupp sinn, dat wär dee falsche Message, mä duerch eng geziilte Politik, duerch geziilten Aktiounen, konnt een do Erfolleger bréngen. Et kann een och net soen, dass keng Moyenen an d'Lutte géint de Sida investéiert gi sinn. An deene leschten zéng Joer sinn déi Budgetsmëttele verfënneffacht ginn a mir brauchen och an Zukunft weider zousätzlech Mëttelen.

Ech wëll vläicht op ee ganz wichtege Punkt agoen, dee vun e puer vun den…

M. le Président.- Här Minister, et deet mir Leed, mä Är Zäit ass scho massiv iwwerschratt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hu geduecht ech hätt 15 Minutten an enger Heure d'actualité, Här President!

M. le Président.- Dir hutt ganz Recht, Här Minister.

(Hilarité et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Wësst Dir, Här President, dat ass d'Macht vun der Gewunnecht, Dir mengt, Dir misst mech ëmmer zur Uerdnung ruffen, haut sinn ech awer e gudde Schüler an ech wäert probéiere mech drun ze halen.

(Hilarité)

M. le Président.- Ech hat mech verlooss op dat, wat d'Kol-

leege mer vun do ënne gewénkt hunn an ech gesinn, ech soll mech op mech selwer verloossen an net op dat, wat ech matgedeelt kréien.

M. Henri Grethen *(DP).*- Zumools vun de Kolleege vun der eegener Partei.

M. le Président.- Voilà, ganz genau.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Ech wollt just, éier ech zum Schluss kommen - an de President gëtt mer nach zwou Minutten - soen, dass een Element extrem wichteg ass an der Diskussioun iwwert de Sida, dass een se net kann op den nationale Plang oder souguer op den europäesche Plang limitéieren.

D'Lutte géint de Sida ass eng, déi sech éischtens op de Beräich Santé an zweetens op de Beräich Kooperatioun, op den nationale Beräich, op den europäesche Beräich an op den internationale Beräich muss konzentréieren an dofir, zesumme mam Kolleeg Jean-Louis Schiltz, hu mer eis während deene sechs Méint, déi mer haten an der Présidence, drop konzentréiert, fir aus dem Sida alleréischt prioritär Themen ze maachen an deene Conseilen, déi mer presidéieren.

Am Conseil vum Développement am Juni wäert de Sida als ee vun den Haaptpunkte stoen. Och am Conseil vun der Santé am Juni wäert de Sida als ee vun deenen Haaptpunkte stoen. An do wou mer wierklech frou doriwwer sinn, um Ofschloss-Sommet wäert de Sida als ee vun de prioritären Theme stoen, well nëmme wa mer gëeent iwwer Santé, iwwer Kooperatioun - wéi den Här Huss och richteg ënnerstrach huet - awierken op déi dote Krankheet, dann hu mer eng Chance se an de Grëff ze kréien.

Well och wa mer déi erfollegräichst Campagnen hei zu Lëtzebuerg hätten, kënne mer déi Krankheet net an de Grëff kréien, ouni d'Haaptinfektiounsherde ronderëm d'Communautéit an an den afrikanesche Länner duerch konsequent Politik ze bekämpfen. An dat ass nëmme méiglech duerch e fräien Accès zu de Medikamenter, duerch Preventioun an d'Bekämpfung vun den Ursaachen, déi dozou féieren, an do haaptsächlech d'Ënnerdréckung vun de Fraen an deene Länner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten an deenen nächste Wochen den Aktiounsprogramm fir de Kampf géint de Sida finaliséieren a mer hoffen och, dass mer Ënnerstëtzung kréien, fir dann éischt Akzenter an de Budget vum nächste Joer eranzekréien. Well, wann een esou een Engagement mécht, da geet dat sécherlech net ouni déi noutwendeg Mëttelen. Och wa mer an deene leschte Jore ganz vill dran engagéiert hunn, musse mer eis d'Mëttele gi fir méi eng cibléiert Virgangsweis.

An deem Sënn soen ech Iech ee ganz häerzleche Merci an och Merci, dass Der dozou bäigedroen hutt, dass mer eppes Wichteges maachen, dass mer an de Käpp vun de Leit déi falsch Messagë verhënneren, nämlech déi, dass den Aids ze banaliséiere wär, dass en heelbar wär, mä dee richtege Message ginn, dass den Aids nach wie vor eng vun deenen déidlechste Krankheeten ass an dass mer eis deementspriechend musse verhalen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 5419, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Tubak. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Bettendorf, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch!

2. 5419 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte antitabac, faite à Genève, le 21 mai 2003

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och wann ee Rapporteur ass iwwer ee Gesetz iwwert d'Fëmmen, dann heescht dat net, an dat war och e bëssen den Tenor an der Gesondheetskommissioun, dass een heihinner soll komme fir en Discours ze féieren iwwer Fumeuren oder net Fumeuren. Et heescht och net, dass ee sech méi un d'Adress vun deenen engen oder vun deenen anere soll riichten. An et heescht och net, dass ee soll hei grondsätzlech Iwwerleeungen iwwer Toleranz, Fräiheet, Respekt oder gudde Wëlle féieren, dat gehéiert eigentlech méi an eng Ethikskommissioun wéi an eng Gesondheetskommissioun, a mir si jo als Gesondheetskommissioun hei befaasst mat dësem Projet. An dee Projet huet als Kader eng Konventioun, déi mer haut solle mat eisem Vote ratifizéieren.

Et ass e bëssen eng exceptionell Konventioun, well et ass eng vun der Organisation Mondiale de la Santé, déi hir Base juridique an den Traitéë vun der Europäescher Unioun huet. Et ass e weltwäiten Traité, deen éischten a sengem Genre. An en huet eng erkläerten Absicht, eng duebel: fir Mënscheliewen ze retten a fir Krankheeten ze verhënneren, wann een et ganz global wëllt betruechten.

D'Doktesch Gro Harlem Brundlandt, déi d'Generaldirektioun hat, wou déi Kaderkonventioun 2003 hei zustane komm ass, an déi mir als Lëtzebuerger de 16. Mee 2003 ënnerzeechent hunn, huet et op de Punkt bruecht: «La convention marque un réel tournant dans le domaine de la santé publique. C'est aussi un tournant dans la collaboration internationale à l'heure de la mondialisation. Ainsi, les pays collaborent systématiquement pour protéger la vie des générations présentes et futures.»

Dat ass jo net näischt als Absicht, well ëmmerhi geet et ëm net méi an net manner wéi e weltwäite gemeinsame Gesondheetsplang, deen éischten an deem Genre, ech hunn et scho gesot, deen e gemeinsamen Effort vun alle Länner viraussetzt fir d'Bekämpfung vun engem weltwäite Problem mat fatalen Auswierkungen.

Bis elo hunn 62 vun 168 Länner dës Konventioun ratifiéiert - ech gi vläicht och do nach mat de leschte Chiffere vum Minister liicht korrigéiert, mä et geet awer an déi dote Richtung -, eng Konventioun, déi Auswierkungen huet op ganz vill Beräicher: Gesondheet, Soziales, Sanitärproblemer, wirtschaftleche Kontext an ëmweltpolitesch Problemer, déi domadder verbonne sinn. A wann een tatsächlech d'Ausso mécht, dass een hei e gemeinsamen Effort weltwäit mécht, dann huet een et wahrscheinlech och mat enger Saach ze dinn, déi et justifiéiert firwat een hei mat hir ëmgeet, wéi wa se eng Epidemie wier; vläicht gesi mer et jo och als Epidemie. Well tatsächlech gëtt jo gesot, dass den Tabagisme „la plus grande cause de maladies et de morts évitables" vun eiser Zäit ass.

Chifferen, e puer just: 1,3 Milliarde Fumeure weltwäit, 13.500 Doudeger all Dag, fënnef Milliounе Stierffäll elo schonn a wann et esou weidergeet an deem Rhythmus, da sinn et der 2020 zéng Milliounen all Joer, ee vun zéng Erwuessener stierft dodrunner.

Normalerweis, an et läit e bëssen Zynismus an där Ausso, loosse mir eis hei zu Lëtzebuerg jo net mat Zuelen esou beandrocken, déi weltwäit sinn. Ob dat d'Kannerstierflechkeet oder den Honger oder den Tubak ubelaangt, do si mer nawell meeschtens net onheemlech alarméiert dodriwwer, an och hei wann ech gelift den Zynismus berücksichtegen, zumools wann ëm déi 70% vun deene Stierffäll net an eise Breitegraden, mä an den Entwécklungslänner stattfannen.

Dofir, wann dat heiten nach net duergeet, baséiert op den Appel un d'Décideuren, dee mer ufanks des Joers kritt hunn am Numm vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer, déi sech mat enger ganzer Rëtsch vu Milieuen aus dem Gesondheetswiesen zesummegeschloss huet, d'Chifferen hei zu Lëtzebuerg, opgrond vun enger Etüd, déi ufanks des Joers duerchgefouert ginn ass:

Ongeféier 36% vun de Männer hei zu Lëtzebuerg fëmmen, ongeféier 26% vun de Fraen. 5 bis 600 geschätzte Stierffäll, déi reng, awer wierklech reng, op den Tubak zréckginn, ouni déi vill Krankheetsfäll opgrond vum Tubak ze erwähnen. An ee vun dräi Kriibsfäll, dat ass och elo scho gesondheetlech wëssenschaftlech ermëttelt, geet op d'Fëmmen zréck. Oder wann een et nach méi op Jugendlecher wëllt bezéien: bei deene vu 15 bis 17 Joer sinn ëm déi 24% ofhängeg, a bei där Kategorie vun 18 bis 24 Joer 47%. Am Kloertext: Bal al zweete Jugendlechen tëscht 18 a 24 Joer fëmmt méi wéi 20 Zigarette pro Dag.

Oder wann een et nach méi kloer wëllt soen, da bezitt ee sech op eng méi grouss ugeluechten Enquête vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi a verschiddene Länner duerchgefouert ginn ass, zum Beispill och bei eisen däitschen Noperen 2003.

Déi Chiffere sinn eigentlech ëmsou méi dramatesch, well an deene Statistiken, bei deene vu 15 Joer un, sinn en Deel vun hinnen einfach nach guer net mat dran, well do hu mer nämlech Statistiken, dass 10% vun de Jugendlechen, déi tëscht 12 an 13 Joer al sinn, scho Fumeur sinn. 10% vun deene Jonken tëscht 12 an 13 Joer si scho Fumeur an eisem däitschen Nopeschland. Ech kennen d'Chifferen net vu Lëtzebuerg, mä gleeft mer, se sinn net vill aneschters. Dee Chiffer klëmmt op 29% bei deenen, déi tëscht 14 a 15 Joer al sinn, an op 44%, also do komme mer scho gutt erun u geschwënn 50%, vun deenen, déi 16 bis 17 Joer al sinn.

Ech wëll elo net un d'Gefiller hei appeléieren, mä vill vun Iech hu jo Kanner, da wësst Der wat dat bedeit.

An den duerchschnëttlechen Astiegsalter an d'Fëmme läit bei 13,7 Joer.

13,7 Joer, wësst Dir wéi kleng se nach si wa se 13 Joer hunn? Da fänken se ebe schonn u mat fëmmen. An et gëtt och geschat, dass e ganz groussen Deel vun hinnen, an do kommen ech dann nach eng Kéier zréck op déi Chifferen, déi ech hei fir Lëtzebuerg genannt hunn, wa se bis 18 Joer sinn, schonn d'Halschent vun hinnen ofhängeg si vun den Zigaretten, also méi wéi 20 Zigarette pro Dag fëmmen.

Huet dat elo vill mat Loscht ze dinn, mat Fräiheet, mat Respekt, mat Toleranz? Ech weess et net. Well ëmmerhi soen der zwee Drëttel vun hinnen, wa se 18 Joer hunn: „Hätt ech nëmmen ni ugefaangen."

Dat ass vläicht awer eng Ausso, déi mer eis sollten zu Häerz huelen, wa mer déi ganz sentimental Diskussioune ronderëm d'Loscht féieren, loosst se dach gewäerden. Also wann et do ugeet, ech mengen do ass déi doten Diskussioun net appropriéiert, zumools wou och eng ganz Drogeproblematik drunhänkt. Ech wëll domadder beileiwe net d'Ausso maachen, dass all Fumeur herno och bei deene méi haarden Droge lant, mä et ass awer bekannt, dass Tubak eng Astiegsdrog ass, zesumme mat aneren, wéi och den Alkohol beispillsweis. An déi, déi eng klassesch Drogecarrière duerchlafen, fir et mol esou ze nennen, déi hu ganz oft mat béidem kombinéiert ugefaangen.

Dat heescht, et sollt een et och als Drogeproblematik astufen an och net zécke fir dat ze maachen, an doraus ergëtt sech da vill méi wéi eng Diskussioun ronderëm de Respekt oder d'Toleranz, eng Diskussioun iwwert d'Obligatioun, déi mer hunn, an och eng Diskussioun iwwert d'politesch Handlungsprioritéiten.

Dës Kaderkonventioun, wa mer déi haut approuvéieren, dann ass dat méi wéi just soen, elo hu mer eis mol e gudde Kader gesat, mä da sinn dat eng Rei vun Obligatiounen. Et ass virun allem en Engagement, fir d'Approbatioun vun dëser weltwäiter Konventioun, déi zënter Februar en vigueur ass, als Lëtzebuerger aktiv ze begleede - mam Akzent op aktiv - an zweetens fir eis op legislativem Plang déi Instrumenter ze schafen, déi eis et och erméigleche fir aktiv ze ginn.

Ech wéilt nach gären eng Kéier rappeléieren - vläicht ass dat an deene leschte Méint bei den Diskussiounen oft vergiess ginn -, dass mer haut schonn e Gesetz hunn iwwert d'Fëmmen, an zwar e Gesetz vum 24. Mäerz 1989, dat ëmgeännert ginn ass de 6. Januar 1995. Et ass e Gesetz «portant restriction de la publicité en faveur du tabac et de ses produits, et interdiction de fumer dans certains lieux».

Firwat vergiesse mer et? Et géing ee mengen, mir géingen elo bei null ufänken. Ëmmerhi steet awer schonn am Kapitel 2, Artikel 9 vun deem Gesetz do ganz däitlech, dass en Deel Fëmmverbuet an de Spideeler gëllt, an de Schoulgebaier, an de Sportshalen, an de Bibliothéiken, an de Muséeën an esou weider an esou fort. Dat ass also elo näischt Dramatesches, wa mer elo nei d'Diskussioun nees ukuerbelen, wéi eng Lieux publics dozou solle gehéieren.

Dat ass wuel och den Hannergrond, op dee mir eis haut baséieren, mat eisem heitege Wëssensstand, mat deenen Erkenntnisser an der Gesondheetspolitik, déi mer haut hunn - zum Beispill wat d'Kriibsfuerschung ubelaangt, zum Beispill wat déi dramatesch Entwécklung mat ëmmer méi jonke Fumeuren ugeet, zum Beispill wat gesondheetlech nogewise Gefore beim Passivfëmmen op der Aarbechtsplaz sinn, an zum Beispill wat d'Wierkung ass vun deenen ëm déi 4.000 chemesche Substanzen, déi an enger Zigarett enthale sinn, op den Organismus vum Mënsch - an duerch déi mer domat eng Obligatioun hunn, fir eis Législatioun net nëmmen unzepassen an ze ergänzen, mä fir se ganz dréngend ze adaptéieren an nach weider auszebauen.

Et ass e ganze Mix vun Handlungsfelder, déi hei ugeschwat sinn. Zum Beispill de Schutz vun de Mineuren, d'Verbuet vun der Publicitéit, dat zum Deel och schonn am Artikel 4 vum Kapitel 1 vum 95er Gesetz zréckbehale gouf, d'Verfügbarkeet vun den Zigaretten - iwwer Automaten drukommen, an de Geschäfter, wéi gi mer domadden ëm? -, d'Protektioun vun den Nonfumeuren, net nëmmen op der Aarbechtsplaz, d'Präisser vun den Zigaretten, d'Tubakssteier, Stéchwuert Begleedung vun de Fumeure beim Entzuch, d'Roll vun eise Krankekeese beispillsweis an och d'Produktreguléierung a vill anerer nach.

Wat de legislative Kader betrëfft besteet also Handlungsbedarf, an zwar dréngenden Handlungsbedarf, wat gläichzäiteg heescht, dass dann och en dréngenden Diskussiouns- an Handlungsbedarf ass fir ënnereneen eng kloer Positioun ze kréien. De Minister huet jo schonn zesumme mat aneren Acteuren domat ugefaangen an dat ass och richteg esou.

Mir brauchen also eng Rëtsch vun Adaptatiounen zu eiser Législatioun. Mir brauchen awer och eng Rei vun neie Gesetzer, zum Beispill e Gesetz iwwert d'Steier- an d'Präispolitik am Ëmgank mat den Tubaksproduiten. Do sollte mer oppassen, dass mer bei Adaptatiouns- a Kompensatiounsfroe keng falsch Akzenter setzen, weder gesondheetspolitesch nach sozialpolitesch - Stéchwuert Index. Hei musse mer Kohärenz beweise bei deenen Décisiounen, déi mer huelen, soss kann dat nees genee an de Géigendeel vun deem ëmfalen, wat mer eigentlech gären hätten.

Da brauche mer och e Gesetz iwwert d'Restrictiounen an d'Verbuetsbestëmmungen, wat d'Vente vun de Produiten ubelaangt, virun allem och bei deene Keefer, déi vun eise Grenzen aus erakommen. Do hänkt jo e ganze wirtschaftleche Pilier un där Vente drun. Dann och e Gesetz iwwer repressiv Mesurë géint de Commerce illicite an d'Surveillance vum Commerce transfrontalier. Do musse vill Ministèren zesummeschaffen: d'Santé, den Intérieur, d'Finanze mat der Douane, d'Justiz an esou weider.

Dann d'Interdiction de la vente aux mineurs - dat ass en élaboration krute mer scho gesot - oder och Reglementatiounen iwwert d'Publicitéit an de Parrainage, wou mir jo déi nei Direktiv ofwaarden, déi am Moment nach blockéiert ass duerch d'Interventioun vun eisen däitschen Noperen, oder och d'Responsabilité pénale et civile, déi et am Detail ze definéiere gëllt. Ech hunn elo mol nach net geschwat vun deem ganze Volet Etiquetage an Information du public, Sensibilisation an esou weider an esou fort.

D'Zeeche stinn also - an da sinn ech scho bal um Schluss ugelaangt - eindeuteg an och onausweechlech op Ännerung vun der aktueller Législatioun, net zulescht och dofir dass dës Ratifikatioun haut um Ordre du jour steet. Et kënnt also zu enger Ausdehnung, enger obligatorescher Ausdehnung vun de Restrictioune fir d'Publicitéit an et kënnt och zu enger Ausdehnung vun der Interdiction de fumer dans certains lieux. Dat ass elo scho sécher.

Wann et nom Wonsch vum Statsrot geet, da ginn dës Bestëmmunge wäit a se bezéien sech net nëmmen op eng ganz Rëtsch vu Lieux publics…

M. le Président.- Madame Rapportrice, ech bieden Iech elo zum Schluss ze kommen.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Jo.

…, mä och op Caféë beispillsweis. Mir sollten also net vergiessen, dass den Handlungssputt ganz grouss ass.

Ofschléissend eng perséinlech Appréciatioun.

Ech si fest dovunner iwwerzeegt, dass et op Grond vun dëser Convention-cadre an deene Gesetzer, déi nach drunhänken, weder zu engem Volleksopstand kënnt, wat d'Emsetzung ubelaangt, nach zu engem Polizeistat, wat d'Kontroll ubelaangt - well et ass net vill Police an de Fligeren - oder och zu enger wierklecher Polariséierung vun zwou Gruppen, déi sech eigentlech géigeniwwerstinn. Dat war net esou an der Gesondheets-

kommissioun, an ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass dat och net an dësem héijen Haus wäert esou sinn.

Op alle Fall géing ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord fir dës Convention-cadre mat op de Wee ginn.

M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Stein-Mergen ageschriwwen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech fir d'éischt der Rapportrice villmools Merci soe fir hire gutt recherchéierte Rapport, deen alleguerten d'Facettë vun de Konsequenze vun der OMS-Kaderkonventioun beliicht. Ech wëll dofir just nach op e puer Aspekter agoen, déi ons wichteg schéngen.

D'Diskussioun an dësem Thema ass wéi all Diskussioun ëm Themaen, déi vill Leit direkt betreffen, an der Öffentlechkeet zimlech ondifferenzéiert gefouert ginn. Och dovunner huet d'Rapportrice scho geschwat. Ëmmer erëm gouf jiddferengem seng Fräiheet ugefouert, fir ze fëmmen oder net. Or, d'Theorie, dass et jiddferengem selwer iwwerlooss ass ze fëmmen oder net, an dass jiddferengem seng perséinlech Fräiheet direkt betraff wier, ass an zwou Hypotheese falsch.

Déi éischt Hypothees ass déi, dass nëmmen deen eng fräi Décisioun hëlt, wann en am volle Wësse vun alle Konsequenzen handelt. Déi zweet Hypothees ass déi, dass jiddferengem seng Fräiheet do ophält, wou deem anere seng ugeet.

Fir d'éischt zur éischter Hypothees. Eng wierklech fräi Décisioun kann also nëmmen deen huelen, wann een am Wësse vun alle Konsequenze steet. Or, dat ass bei deene meeschten Tubaksofhängegen net de Fall. Den Alter an deem Jugendlecher, jo Kanner, den éischte Kontakt mat der Zigarett hunn - mir hunn et jo elo grad héieren, 13 Joer an e puer Méint -, ass leider nach ëmmer amgaangen erofzegoen.

Elo ass et zwar e Fait, dass d'Kanner an der Schoul duerchaus iwwert d'Geforen am Zesummenhank mam Fëmmen informéiert ginn. Hei muss een och eng Kéier ervirsträichen, dass zum Beispill d'Association contre le cancer bei deene Jonke mat hirer Smokebusters-Campagne ganz staark present ass. Mä wann een esou jonk ass, da weist een d'Konsequenzen, déi jo och eréischt vill méi spéit optrieden, ganz wäit vu sech.

Wat kraazt een - fir an hirem Slang ze bleiwen - 14-Jähregen, dass hie vläicht a 40 oder 50 Joer eng Gefässkrankheet oder Kriibs ka kréien? Den Image vun dëse Krankheeten ass dee vum héijen Alter, a Gott sei Dank si se dat jo och majoritär. De Marlboro-Cowboy ass zwar u Longekriibs gestuerwen, mä hie war jo och schonn al. Fir si ass et also wichteg, dass net nëmmen déi negativ Konsequenzen ugeschwat ginn, mä dass déi positiv Messagen, déi se aus der Publicitéit kréien, ënnerbonne ginn.

Vläicht mussen ons Informatiounscampagnen an de Schoulen och nach e bësse méi dissuasives ginn, e bësse méi realistesch nach, fir hinnen d'Loscht um Fëmmen ze huelen. Firwat sollten si net zum Beispill e Patient mat enger Folgekrankheet kenne léieren, ee mat enger Laryngectomie? Dat sinn déi Leit, déi kee Kehlkopf méi hunn. Oder een, deen de ganzen Dag un enger Sauerstoffbomm hänkt? Dat wier vläicht méi reell an ofschreckend. Ech sinn iwwerzeegt, dass sech och fräiwëlleg Patiente géife fannen, fir deen Exercice matzemaachen.

Et ass awer e Fait, dass de Mënsch sech virun esou Messagë schützt. Säit et déi ellen Ziedelcher op den Zigarettepäck gëtt, gëtt et och Pochetten ze kafe fir d'Zigaretten dranzemaachen, dass een d'Ziedelcher net méi gesäit.

E weidere Message, deen een der Jugend muss nobréngen, ass dee vun der Sucht. Mir hunn am Zesummenhang vum Fënnefjoresplang zur Suchtpreventioun rezent doriwwer geschwat. Tubak oder all déi Stoffen, déi dem Tubak zougesat ginn, biergen en extrem héicht Suchtpotential. Jugendlecher sollte wëssen, ier se den éischte Pak Zigarette kafen, dass et eng Sucht ass, egal ob dat op Tubak, Alkohol oder illegal Drogen ass.

All Mënsch huet individuell eng aner Äntwert op dëst Suchtpotential vun deem Stoff. Déi eng si kloer méi a Gefor wéi anerer. Och wat den Entzuch ubelaangt, sinn déi individuell Reaktioune verschidden - deenen enge geléngt et opzehalen, deenen aneren net.

Mir sinn haut an der Medezin à même deem Patient, dee wëllt ophale mat fëmmen eng gewëssen Hëllef unzebidden. Dëse Mechanismus fonctionnéiert iwwert dat perséinlecht Bild, wat all Mënsch sech iwwer säi perséinleche Gesondheetszoustand a säi Liewenswandel mécht.

Wéi gëtt dëst Bild vermëttelt? Mir hu scho geschwat vu senger eegener Perséinlechkeet a sengem eegene Suchtpotential, et spillen awer och eng Rei äusserlech Facteure mat.

D'Meenung an de Modell vun der Famill, vun de Kolleegen a Frënn, d'Rollemodeller an der Gesellschaft, den Afloss vun der Educatioun an déi Wäerter, déi si vermëttelt, mä och déi öffentlech Meenung, wéi si sech zum Beispill dozou stellt op öffentleche Plazen ze fëmmen, beaflosst deen Eenzelnen. Aus all dësen Informatioune rechent jidderee sech säi perséinleche Risiko aus a gëtt doduerch méi oder manner staark motivéiert säi Verhalen ze veränneren.

Ausléiser zu dëser Verhalensännerung sinn - mir nennen et an der Verhalensfuerschung „triggers of change" - verschidde Momenter. Zum Beispill wann een aus dem Frëndeskrees krank gëtt, oder bei de Fraen ass et oft dann, wa si déi éischt Falen entdecken oder zum Beispill wann de Präis fir den Tubak spierbar an d'Luucht geet an ee vläicht muss op eppes aneres verzichte fir seng Zigarett ze kafen. Wann dëse Moment dann do ass, dann ass et un de Professionellen ze profitéieren an dem Patient bäizestoe bei sengem Entzuch.

An der Formation spécifique vun de Generaliste gëtt et säit den 90er Jore Modulë vun Tabacologie. Den Dokter léiert wéi e sengem Patient esou effikass wéi méiglech kann hëllefen. Hie muss déi richteg Argumenter hu wann hie mierkt, dass de Patient zeideg ass fir den Entzuch ze riskéieren. Och vu verschiddenen Associatioune gi ganz vill Coursën ugebuede fir deenen Tubaksofhängegen ze hëllefen, mä ophale muss natierlech nach ëmmer jidderee selwer.

Ech wëllt nach eng Kéier ganz kuerz op den Afloss vum Tubakspräis op d'Fëmmverhale vun deene Jonken agoen. Den Haut Comité d'experts cancérologues, huet a sengen Helsinki-Recommandatioune schonn 1996 gesot: «Il est prouvé que les augmentations de prix dissuadent de fumer, surtout en ce qui concerne les enfants. Pour que cet effet soit maintenu, les prix doivent être augmentés régulièrement.»

D'Spezialiste roden zu enger europäescher Harmoniséierung vun der Steierpolitik a Richtung op en héije Verkafspräis. Doriwwer eraus proposéiere si awer och eng Limitatioun vun der Vente u Jugendlecher a si géint de Self-service an Automate fir Tubaksprodukter. Dës sënnvoll Mesure gëtt vun der Konventioun préconiséiert a mir wäerten se da sécher och deemnächst an engem Gesetzesprojet erëmfannen - d'Rapportrice huet schonn dovunner geschwat.

Ech mengen, mir hate mat dësen Ausféierunge gewisen, dass de Begréff vun der fräier Décisioun unzefänken ze fëmmen, staark muss relativéiert ginn. D'CSV-Fraktioun ass iwwerzeegt, dass eng ganz Rei gesetzlech a reglementär Mesuren amstand si ville Jonken ze hëllefen net unzefänken.

Ech wëll do nach kuerz iwwert déi zweet Hypothees schwätzen an där d'Kritiker vun der Conventioncadre Onrecht hunn. Wou deem Nächste seng Fräiheet ugeet, hält engem seng eege Fräiheet op. D'Philosophie ass et eben net deem Eenzelne seng Fräiheet anzeschränken, mä d'Recht vun deene Leit, déi net fëmmen, ze garantéieren. Si sollen den Nuisancë vum Passivraachen net ausgesat ginn. Dass dat schiedlech ass, ass eendeiteg, an dat huet schliesslech dozou gefouert, dass d'Populatioun, déi net fëmmt, no Moossname freet, fir vum Législateur dergéint geschützt ze ginn. Et ass ze diskutéieren, awéiwäit mer do dem Beispill vun Irland an Italien noginn d'Fëmmen op öffentleche Plazen ze verbidden.

Mä ech stelle mer awer nach eng aner Fro: Wéi ass et bei de Leit doheem? Wann een dovunner ausgeet, dass een no enger Stonn an engem Bistro duerch Passivfëmme geschiedegt ginn ass, wéi ass et da mat schwangere Fraen, déi fëmmen? Wéi ass et mat de Kanner an engem Stot, wou andauernd den Damp an der Loft hänkt? En Embryo kritt bei engem Strapp Zigarett vun der Mamm Häerzklappen, dat ass bewisen. Kanner aus engem Stot, wou gefëmmt gëtt, hunn erwisenermoosse méi oft Asthma. Och hei gëllt et unzegräifen an d'Argument vun der Gesondheet vun de Kanner rifft no enger Iwwerleeung, awéiwäit een duerch Campagnë méi speziell kann Elteren oder zukünfteg Eltere sensibiliséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Gesondheetsminister Johny Lahure huet am Joer 1994 e Wäissbuch iwwert d'Gesondheet zu Lëtzebuerg erausginn. Dëst Buch war en interessante Bäitrag d'Couranten an allen Domäne vun der Santé eemol festzehalen an op dëser Basis Ugréffspunkter ze definéieren a Strategien ze entwéckelen. Ech sinn iwwregens iwwerzeegt, dass net nëmmen d'Gesondheetsberuffer, mä och d'Politiker sech géifen iwwer eng nei Oplag vun dësem nëtzlechen Instrument freeën.

Firwat ech awer dovunner schwätzen, dat ass, well d'Buch eng flott Statistik enthält iwwert d'„années de vie perdues". Dat sinn déi Jore bis 65 Joer, déi déi Leit net erliewen, déi fréizäiteg stierwen. Am Ganze waren dat zum Beispill 1990 13.675 Joer bei 941 Doudesfäll. Et ass ënnersicht ginn, wat d'Ursaache fir dës „années de vie perdues" waren an hei schléit de Kriibs mat 22,8% zu Buch, d'Gefässkrankheete mat 13,8% an d'Otemweeskrankheete mat 2,7%. Dat maachen zesummen 39,3% vu Krankheeten, déi zu engem groussen Deel dem Fëmmen zouzerechne sinn. Dës Zuele sollen eis dann encouragéieren d'Anti-Tubak-Konventioun vun der OMS sou séier wéi méiglech ze ratifizéieren.

An am Intérêt vun der Santé publique géif ech Iech heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi brénge. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et am Prinzip ëm d'Unhuele vun der OMS-Konventioun fir de Kampf géint den Tubak. Domat hu mir als Demokratesch Partei guer kee Problem, well si ass vu Lëtzebuerg de 16. Juni 2003 ënnerschriwwe ginn an dat ënnert engem DP-Gesondheetsminister, dee Carlo Wagner geheescht huet, an enger Ausseministerin, déi d'Lydie Polfer war.

Mir hunn der Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch, hire Rapport an der Santéskommissioun eestëmmeg guttgeheescht an ech soen der Rapportrice och Merci fir hiren exzellente Rapport.

Eis Diskussioun vun haut dréint sech awer genausou vill ëm dem neie Gesondheetsminister säin ugekënnegt neit Gesetz. Ech gesinn dofir eisen Débat vun haut och e bëssen als en Débat d'orientation un ebe fir da kommend Gesetz - dat am Géigesaz zu der Madame Rapportrice.

Jiddereen, ob e fëmmt oder net fëmmt, weess hautdësdags, datt den Tubak der Gesondheet schuet. Een dee fëmmt ass sech bewosst, datt hie senger Gesondheet keen Déngscht erweist. Et kann haut kee méi kommen a behaapten hien hätt net en connaissance de cause gefëmmt. D'Risikoen an d'Gefore si säit längerem bekannt an d'Sensibiliséierungscampagnë lafe scho säit Joren a gi mat der Zäit ëmmer méi schlagkräfteg. Sou sollen an der Zukunft net nëmmen Texter op den Zigarettepäck ze liese si wou op d'Geforen higewise gëtt, mä et sollen och ofschreckend Fotoen op d'Päck derbäikommen - d'Madame Stein huet eis elo grad erkläert, dass et haut awer och scho Pochettë gëtt, wou een déi Päck dann erëm kënnt doranner verstoppen.

Déi bescht Method fir perséinlech dem Tubaksproblem, dat heescht der Tubaksofhängegkeet aus dem Wee ze goen, ass déi, fir iwwerhaapt net mat Fëmmen unzefänken. Et gëtt der och déi schonns bei der éischte Kéier därmoossen den Dégoût an d'Fëmme kréien, datt si duerno hiert Liewe laang keng Zigarett méi upaken. Dat ass awer nach laang net ëmmer de Fall an eng héich Unzuel vu Leit kommen net méi oder ganz schwéier vum Tubak lass.

Dorauser ergi sech folgend Erkenntnisser:

- Haaptsächlech muss eis Jugend sensibiliséiert an informéiert ginn; an dat huet bis haut net richteg geklappt. Déi meescht Fëmmerte fänken am ganz jonken Alter mam Tubakkonsum un. Am Rapport steet, datt d'Unzuel vun deene méi jonke Fëmmerten och nach haut ëmmer zouhëlt. Mir mussen also weider Effortë maache fir ze verhënneren, dass eis jonk Matbierger an d'Tentatioun komme fir iwwerhaapt unzefänken ze fëmmen.

- Déi, déi schonns ugefaangen hunn, musse mer dovunner iwwerzeegt kréien, sou fréi wéi méiglech opzehalen; wat éischter wat besser. An deem Kontext ass och e Verkafsverbuet u Jugendlecher ënner 16 Joer ze begréissen.

- Déi Tubaksofhängeg mussen och an hiren Efforten, fir hirer Sucht lasszeginn, ënnerstëtzt ginn.

De Rapport seet eis, datt ronn 50% vun deenen déi fëmme wëllen ophalen, woubäi 33% näischt an deem Sënn wëllen ënnerhuelen. Ech kéint mer virstellen, datt ënnert deenen 33% eng Majoritéit vu Jonke sinn, déi d'Fëmmen nach net als problematesch emfannen. D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass d'Substitutiounsmëttele wéi d'Nikotinspatchë sollte vun der Krankekeess rembourséiert ginn.

Wat mir besonnesch opfält ass, datt ëmmer méi jonk Meedercher ufänken ze fëmmen, duerch d'Groussgaass trëppelen an den Damp esou richteg déif an d'Long eranzéien. Wéi nennt een dat? Égalité des chances.

Misst een net dëse jonke Meedercher kloermaachen, wat dat fir hir spéider Kanner mat sech brénge kann? An et wier vläicht och gutt wann och Fraenorganisatioune sech géifen hei vehement zu Wuert mellen.

Här President, erlaabt mer hei awer och, virun enger Stigmatiséierung vun de Fëmmerten an eiser Gesellschaft ze warnen. Domadder léist ee kee Problem. Et ginn der héchstens neier geschafen. Beim Cannabiskonsum zum Beispill gëtt et esouguer Politiker hei am Haus, déi dat banaliséieren. An déiselwecht verdäiwelen den Tubak. Fir mech bleift eng Drog eng Drog an…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Wien ass dat?

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Oh, et sinn der souguer vun Ärer Facultéit, et waren der ganz staark dobannen.

(Interruption)

Jo.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech géif den Här Bettendorf bieden opzehalen ze polemiséiere mat esou engem eeschte Sujet wéi deem doten an enger Fraktioun heibannen ze ënnerstellen, wann et ëm Droge géing goen, hei géing eng Fraktioun oder een hei am Parlament d'Drogeproblematik banaliséieren.

(Interruption)

Här Bettendorf, schwätzt hei zum Sujet wann ech gelift a schwätzt hei net iwwer aner Saachen.

(Brouhaha général et interruptions diverses)

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Bausch, loosst elo den Här…

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Den Här Bettendorf huet zum Cannabis geschwat an net zu den Drogen am Allgemengen, an duerfir fannen ech déi Interventioun do super déplacéiert, Här Bausch!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, ech muss lech soen, ech sinn net gewinnt als Politiker ze léien, mä ech kennen anerer, déi dat regelméisseg maachen.

(Interruptions)

M. le Président.- Berouegt lech elo all an den Här Bettendorf fiert weider.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Et brauch een och net ze pauschaliséieren. Et ginn déi sou genannte Ketteraucher. Anerer fëmmen nëmme geleeëntlech. Déi eng fëmme well se d'Gefill hunn, ouni Tubak géif et net méi goen. Anerer fëmmen heiansdo, well se dat als e klenge Plëséier emfannen.

Ech mengen d'Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi mer haut ëmsetzen, huet och net d'Verdäiwelung vun de Fëmmerten am Sënn. Hei gëtt villméi de politesche Wëllen ausgedréckt, fir progressiv den Tubakskonsum weltwäit ze reduzéieren.

Ech brauch hei net op all Eenzelheete vun der Kaderkonventioun anzegoen, well déi sinn aus dem Rapport vun der Madame Lydia Mutsch kloer ervirgaangen.

Ech wëll awer och déi Beschëllegungen, déi eise Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, hei virun e puer Wochen der DP an dësem Dossier gemaach huet, zréckweisen. Mir brauchen eis hannert kenger Tubakslobby ze verstoppen. D'DP steet voll a ganz hannert dëser OMS-Konventioun a wäert déi och haut stëmmen.

Mir warnen awer virun engem Sträit Fëmmert/net Fëmmert. D'Kaderkonventioun gesäit vir, datt déi verschidde Signatairë méi wäit kënne goe wéi et vun der OMS festgehale gouf.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt och hei de Proportionalitéitsprinzip sollt ugewannt ginn: Méi wäit Jo; ze wäit Neen. Den Artikel 6 énoncéiert finanziell a steierlech Mesuren - ech komme vläicht nach drop zréck, Här Minister -, déi an deenen eenzelne Länner kënne geholl ginn. Am Kloertext heescht dat, datt en Eropsetze vum Tubakspräis an d'Ae kéint gefaasst ginn, fir d'Demande ze drosselen.

Effektiv kënnen héich Präisser ofschreckend op potentiell Fëmmerte wierken. Déi, déi schonns ofhängeg sinn, wäerten awer wuel kaum vun esou Mesurë profitéieren. Dëslescht huet e franséische Student um Radio gesot, vu datt de Pak Zigaretten elo esou deier wier, géif hien elo keng méi kafen. Hie géif elo nëmmen nach Zigaretten heesche goen.

Ech wëll niewebäi nach bemierken, dass d'Accisen op den Zigaretten dem Lëtzebuerger Stat ronn 25 Milliounen Euro am Joer 2002 abruecht hunn. 2003 sollen et der 33 Millioune gewiescht sinn a fir 2004 waren et der 57 Milliounen. Hei kann eng ähnlech Diskussioun wéi déi vum Tanktourismus gefouert ginn.

Wann de Lëtzebuerger Stat esou vill méi Accisen erakritt, dann ass dat net, well mir Weltmeeschter am Fëmme sinn, mä well mat eise Präisser d'Camione vun Tubak an Zigaretten iwwert d'Grenze ginn. Ech krut dëslescht eng Invitatioun fir e Fousstour an den Hautes Fagnes. De Präis vum Mëttegiesse war net an Euroen uginn, mä et konnt ee säi Mëttegiesse mat enger Staang Boule-d'Or-Filter bezuelen, och mat Lëtzebuerger Steierbännercher. Ech weess, hei kënnt op eis politesch Responsabel nach ganz vill Aarbecht duer.

Här President, ech kommen elo zum Schutz virum Tubaksdamp op der Aarbechtsplaz oder an öffentleche Gebaier. Wat de leschte Punkt ubetrëfft, dee vun de Lieux publics intérieurs, esou besteet e Fëmmverbuet schonns säit 1989. Allerdéngs gëtt dat Fëmmverbuet net iwwerall agehalen. Esou zum Beispill hei an der Chamber, oder ass ons Chamber keen öffentlecht Gebai?

(Interruption)

Wa mer also en neit Gesetz kréien, da muss et eent si wat Kapp a Fouss huet. Jo, mir hunn och ënnert ons Tubaksdrogéierter, an ech géif déi net virun d'Trap oder virun de Palais oder hei virun d'Chamber fëmme schécken, mä ech géif an der Chamber e Raum schafe wou ka gefëmmt ginn.

Da kommen ech zu de Lieux de travail intérieurs. D'Gesetz vum 6. Januar 1995, wat dat vun 1989 ëmgewandelt huet, mécht eng Oplëschtung vun deene Plazen, wou et verbueden ass ze fëmmen. Op dëser Lëscht sinn d'Restauranten an d'Caféen net drop. Elo kënnt ëmmer méi d'Meenung op, de Statsrot seet dat och, do misst och elo Fëmmverbuet gëllen.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt all Mesuren, déi zu engem bessere Schutz virum Tubaksdamp bäidroen, wéi et d'Kaderkonventioun jo och virgesäit. E bessere Schutz heescht awer net onbedéngt, datt iwwerhaapt net däerf gefëmmt ginn oder keen Zigarettendamp méi däerf toleréiert ginn. Et gëtt och nach manner radikal Léisunge wéi déi, déi de Gesondheetsminister schonns ugekënnegt huet. Vun engem totale Fëmmverbuet an de Restaurante war ufanks Rieds, wéi et schonns an Irland an an Norwegen applizéiert gëtt. Am Mäerz dunn huet et an enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro vum Claude Meisch geheescht: «des espaces fumeurs bien séparés pourraient être aménagés sous des conditions à définir».

Ech erënneren hei gären drun, datt d'Fëmmverbuet, conformément zum Gesetz vum 6. Januar 1995, net operluecht ka ginn „dans les fumoirs spécialement aménagés à cette fin par l'exploitant des lieux".

D'Demokratesch Partei ass kloer géint en totalen a radikalen an direkte Fëmmverbuet an de Caféen a Restauranten. Et handelt sech hei net ëm öffentlech Raimlechkeete wéi eng Post oder eng Gare. Et handelt sech och net ëm e Büro. Et handelt sech ëm e Lieu de rencontre, wou een net muss higoe wann een net wëllt, ausser awer d'Personal wat do schafft. Ech weess wat Passivfëmme bedeit, wor ech dach 25 Joer laang vun null bis 25 Joer an enger Wiertschaft, wou et ëmmer schwaarz vun Damp war, a meng Mamm huet no 45 Joer Wiertsfra fënnef Joer gebraucht, bis si erëm clean war.

D'DP wäert sech och an der Zukunft dofir asetzen, fir datt d'Recht vun den net Fëmmerten op propper Loft besser zur Geltung kënnt. Mir sinn nach wie vor der Meenung, an do hu mer eis Meenung vu virun de Wahlen net geännert, och wann hei probéiert ginn ass virun e puer Wochen dat op eng polemesch Aart a Weis ze demonstréieren. De Gesondheetsminister huet hei e Saz aus engem klengen Text virgelies, dee scheinbar aus enger DP-Enquête ervirgaange wier. Dobäi huet et sech ëm eng Äntwert op eng Fro vun enger Privatpersoun iwwer Email gehandelt.

Mir hu gesot, Här Minister: „Unter DP-Gesundheitsminister Carlo Wagner wird im Rahmen der Gesundheitserziehung der Tabakkonsumbekämpfung eine große Bedeutung angemessen. Erinnern wir an die verschiedenen Anti-Tabak-Kampagnen, die vom Gesundheitsministerium gestartet wurden.

Allgemein sind wir ebenfalls der Meinung, dass das Recht der Nichtraucher auf saubere Luft besser geschützt werden soll. Besonders an öffentlichen Stellen muss das Rauchverbot gemäß dem Gesetz aus dem Jahre 1989 strenger angewendet werden. Restaurants sind eigentlich nicht mit öffentlichen Stellen („lieux publics") gleichzustellen. In Restaurants oder am Arbeitsplatz sollten systematisch zum Schutz der Nichtraucher rauchfreie Zonen die Regel darstellen, die abgegrenzt von Rauchzonen sein sollen.

Rauchfreie Zonen dürfen nicht einfach nur als eine Ausnahme oder Luxus gelten; es sollen keine rauchfreien Inseln im Sinne einer Begünstigung (sprich Extrawurst) für Nichtraucher eingerichtet werden, sondern die Raucherzonen müssten zur Ausnahme werden. Es gilt allerdings eine friedliche Koexistenz zwischen Rauchern und Nichtrauchern anzustreben. Eine Politik zum Schutz der Nichtraucher darf nicht zu einer Hexenjagd gegen Raucher ausarten, auch darf das Rauchen nicht wie teilweise in den USA kriminalisiert werden."

Dat hu mir viru ronn zwee Joer gesot, an déi Meenung vertriede mir nach haut. D'Schafe vu méi fëmmfräien Zonen ass ze encouragéieren, wa méiglech getrennt mat enger adequater Entlüftung fir Fëmmzonen, sou datt och d'Personal méiglechst propper Loft kann anootmen.

Mir leeën awer weiderhi Wäert op eng friddlech Koexistenz zwëschen Tubakskonsumenten an net Tubakskonsumente nom Motto: „Meng Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ugeet." Dat gëtt elo hei fir d'drëtt gesot.

Wann ech dëse Saz aus eisem liberale Manifest vu viru méi wéi 12, 13, 14 Joer zitéieren, dann ass dat well ech mengen Oueren net konnt gleewen, wéi den Här Mars Di Bartolomeo dësen Text op der Televisioun auswendeg virgedroen huet a fir sech an Usproch geholl huet. Ech hätt net gemengt, dass hien op esou excellent DP-Literatur géif zréckgräife fir de Leit seng Politik ze explizéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir hutt de Message vun de leschte Wahlen nach net verstan. Mä ech wäert Iech en awer an Erënnerung ruffen, de Message vun deene leschte Wahlen.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, ech weess, Dir sidd mat mir eens, zu enger Hexejuegd däerf et net kommen.

D'DP kritiséiert och weiderhin, datt elo per Gesetz vun uewen erof soll ee Verbuet imposéiert ginn. Firwat net méi Vertrauen an d'Horesca hunn? Firwat net dem Beispill vun Holland, Éisträich oder Däitschland folgen an op de Wee vun engem Accord goen? Wat Rout/Gréng an Däitschland fäerdeg bréngt misst dach och am klenge Lëtzebuerg méiglech sinn.

Misst hei net nom Prinzip vun der Subsidiaritéit gehandelt ginn, an der Horesca d'Chance gi ginn déi Saach an de Gréff ze kréien? Am Rapport steet 70% vun den Employeuren am Horeca-Secteur wäre géint ee Fëmmverbuet. D'Horesca selwer seet an hirer Publikatioun vum Mäerz, et wieren 80%, déi dogéint wären.

Déi concernéiert Leit fäerte ganz einfach, datt si een net négligeablen Deel vun hirer Clientèle verléieren. Si sinn awer bereet Efforten ze maachen, fir datt déi Leit, déi net fëmmen - an dat ass statistesch gesi jo ëmmerhin d'Majoritéit -, besser geschützt ginn.

Här President, erlaabt mir nach eng Kéier op deen Accord zréckzekommen, deen den 1. Mäerz 2005 zwëschent der Dehoga (deutscher Hotel- und Gaststättenverband) an dem Bundesministerium für Gesundheit und Soziale Sicherung zustane komm ass.

Heivu concernéiert sinn all Betriber an Däitschland, déi regelméisseg Iessen zerwéieren an iwwer 75 m² respektiv 40 Sëtzplazen hunn. Bis zum 1. Mäerz 2006 solle mindestens 30% vun deene Restaurateuren 30% vun hire Raimlechkeete fir net Fëmmerte reservéieren. Dat Joer dorop sollen et 60% vun de Restaurateure sinn, a 40% vun de Raimlechkeeten, a bis zum 1. Mäerz 2008 solle mindestens 90% vun de Restauranten ee Minimum vu 50% vun hire Raimlechkeeten den net Fëmmerte reservéieren. Dozou gehéiert natierlech eng adequat Kennzeechnung.

Ech wëll dat Dokument vun der Dehoga hei an der Chamber deponéieren, fir dass et och deenen aneren Deputéierte kann zougestallt ginn. D'Demokratesch Partei fuerdert de Gesondheetsminister op, dach och op de Wee vun esou engem Accord ze goen amplaz vun enger gesetzlecher Zwangsjackett.

Ass esou ee Gesetz net dach awer een Agréff an déi individuell Fräiheet vum Eenzelnen? Wie soll dann d'Anhale vun esou engem Gesetz kontrolléieren, d'Police oder den Agent municipal? Dat ass e ganz wichtegen, e springende Punkt. Wie verbaliséiert? Wie gëtt verbaliséiert? De Client? De Wiert? Ech weess et net! Ech mengen, mat Knëppele fänkt ee keng Vullen. Mir sollen eis nom däitsche Muster een Zäitraum ginn an deem mir den Idealfall wëlle realiséieren.

Näischt verhënnert ee Restaurateur a senger Entrée ze affichéieren, dass bei him am Restaurant net gefëmmt gëtt. Dat gëtt et schonns op verschiddene Plazen hei zu Lëtzebuerg.

Zu der Konventioun, déi mir mat eisem Gesetz vun haut an d'Lëtzebuerger Recht ëmsetzen, wëll ech awer nach kuerz rappeléieren, zu wat mir eis mat der Ënnerschrëft vun der Konventioun engagéiert hunn. Do si véier Punkten: „l'obligation d'information", ee staarke politeschen Engagement, international Kooperatioun, a véiertens - an do läit wierklech de grousse Problem - „la reconnaissance de l'importance d'une assistance technique et financière pour faciliter la reconversion économique des cultivateurs de tabac ainsi que des travailleurs dont les moyens de subsistance sont gravement compromis par l'application des programmes de lutte antitabac".

Honorabel Deputéierten, dat ass net d'Tubakslobby, mä dat sinn aarm Leit!

(Interruption)

A meng Zäit ass ofgelaf.

Europa huet an der Zäit 80 Milliounen Euro an de Maroc investéiert, fir dass do d'Cannabisplantagë sollte verbrannt ginn. D'Marokkaner hunn dat gemaach. Mir Europäer hunn deenen hir aner Wueren awer net ofkaf. Wat hunn d'Bauere gemaach? Si hunn erëm neie Cannabis ugeplanzt. Marokko läit 14 km vun der spuenescher Grenz ewech, an haut hu mir de Cannabis erëm massiv an Europa dran.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Op alle Fall mir als Demokratesch Partei wäerten dëst Gesetz stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Als nächste Riedner hu mir den honorabelen Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Villmools Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, dass déi Gréng dëse Projet de loi iwwert d'Ëmsetzung vun der OMS-Kaderkonventioun am Kampf géint den Tubak wäerte stëmmen.

Wann d'Gesondheetsschied an d'Doudesfäll duerch Tubak an Nikotin net esou gravéierend wieren, wier et bal esouguer scho langweileg hei nach eng Kéier doriwwer schwätzen ze missen. Mä nach gëtt et ze vill Leit, déi vun hiren Zigaretten ofhängeg sinn an net dovunner lasskommen, an nach gëtt et ze vill Fëmmerten, déi net nëmmen déi eege Gesondheet op eng schläichend Aart a Weis op d'Spill setzen, mä déi doduerjer an Innenraimlechkeeten och d'Gesondheet vun hire Matmënschen a vun hire Kanner op d'Spill setzen.

Wann an der Ëmweltmedezin vun enger sou genannter Pollution de l'habitat geschwat gëtt, da gehéiert do op jidde Fall och d'Fëmmen zu enger vun deene problemateschste Belaaschtungen. Beim Fëmmen ënnerscheet een tëschent dem Haaptstroum vum Zigarettendamp, deen de Fëmmert direkt anotemt, an dem sou genannte Niewestroum, oder dem Schwielbrand, deen da jiddfereen an engem geschlossene Raum matanotemt, ob e wëllt oder net.

Grad dësen Niewestroum vum Zigarettendamp oder dat passiivt Matfëmmen ass no alle virleiende wëssenschaftlechen Donnéeën héich gesondheetsgefäierlech. Vun all deene ville chemesche Molekülen, déi doranner enthale sinn, gëllen der schätzungsweis 800 als Kriibs erreegend. Den Taux oder d'Konzentratioun vu verschiddene vun dëse Substanzen ass esouguer am Niewestroum munchmol vill méi héich wéi am Damp selwer, deen de Fëmmert anotemt.

Beim Formaldehyd zum Beispill ass d'Konzentratioun am Niewestroum bis zu 50-mol méi héich, den Anilin 30-mol méi héich, den Nickelgehalt ass 31-mol méi héich, Kadmium siwemol méi héich, d'Nitrosamine 440-mol méi héich am Niewestroum wéi dat am Damp ass, deen de Fëmmert selwer anotemt. Beim Benzpyren, deen noweisbar Kriibs erreegend ass, héich Kriibs erreegend ass, ass d'Konzentratioun véiermol esou héich am Niewestroum wéi am Haaptstroum, deen de Fëmmert selwer anotemt.

Passiv matfëmmen ze mussen ass also kee Kavaléiersdelikt, mä eigentlech ee Problem vu Kierperverletzung an ee grousse Problem vun der öffentlecher Gesondheet.

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, dës Zuelen? Firwat dës Opzielungen? Ganz einfach, well anscheinend nach ville Leit, déi ongenéiert an zouene Raim oder Buroe fëmmen, net bewosst ze si schéngt, wéi staark si net nëmmen hir eege Gesondheet, mä och déi vun deenen anere Leit an de Raim op d'Spill setzen - vu Bëbeeën a Kanner mol iwwerhaapt net ze schwätzen.

Wann een och weess, wéi vill Krankheeten duerch dee Gëftmix am Zigarettendamp provozéiert ginn, an dat sinn der ganz vill, da kann ee sech nëmme wonneren, wéi vill Leit, och intelligent Leit, trotzdeem nach fëmmen. Typesch Folge vum Zigarettendamp sinn Allergien, Otemweeërkrankungen, Asthma, Mëttelohrentzündunge bei Kanner an Zëmmeren, wou gefëmmt gëtt, Arteriosklerose, Häerzinfarkt, Hireschlag, Osteoporos, a munche Fäll Beenamputatioun, a scho wéi gesot Bronchialkriibs, Kehlkopfkriibs, Longekriibs an esou virun.

Et ass dofir och kloer a richteg, datt d'Weltgesondheetsorganisatioun Kampagne géint den Tubakkonsum lancéiert, an hei eben dës Kaderkonventioun, déi et soll erméigleche konkret Moossname géint den Tubakkonsum ze ergräifen.

Als Gréng wäerte mer all positiv Moossname vun de Majoritéitsparteien op dësem Gebitt ënnerstëtzen, ob et sech ëm preventiv oder ëm kurativ Moossnamen handelt. Mä, et ass fir eis awer essentiell, datt wann nei Gesetzer oder Reglementer gemaach ginn, datt dann awer och muss dofir gesuergt ginn, datt dat dann awer och iwwerwaacht a kontrolléiert gëtt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir hate jo schonns e Gesetz vun 1989, dat d'Fëmmen an enger Rei vu Banneraim verbueden hat, well praktesch awer guer keng Kontrolle gemaach goufen, ass d'Fëmmen a Büroen oder op Aarbechtsplazen an och hei an der Chamber einfach monter virugaangen.

Als Gréng ënnerstëtze mer d'Initiativ vum Gesondheetsminister, fir a Restauranten zu engem Fëmmverbuet ze kommen. Et wier an eisen Aen awer méi einfach a méi sënnvoll d'Fëmmen insgesamt an allen öffentleche Raim ze verbidden, well d'Problematik vum Passivfëmmen ass déiselwecht, ob et sech ëm Büroen, Schoulen, Spideeler, Restauranten, Caféen oder ëm öffentlech Raim handelt.

Mir ënnerstëtze selbstverständlech och all Moossname géint d'Publizitéit fir den Tubak oder géint de Sponsoring vu Manifestatiounen duerch d'Tubaksindustrie, wa se vum Ministère a vun dëser Regierung wäerte virgeschloe ginn. Sou wéi mer virun allem am Intérêt vun der Gesondheet vun de Jonken der Meenung sinn, datt d'Zigarette misste méi deier ginn, fir hei à la source ze handelen an nei Fëmmerten ënnert de Jugendlechen, ënnert den 12-, 13- a 14-Jährege vum Astieg an d'Nikotinsucht ofzehalen.

Eng regelméisseg a progressiv Erhéijung vun den Tubakspräisser, déi dach am interregionalen an am internationale Vergläich hei zu Lëtzebuerg absolut niddereg am Moment leien - dofir hu mer jo dee ganzen Tubaktourismus -, wier a

mengen Aen op jidde Fall gerechtfäerdegt; wann ee bedenkt, wéi vill käschtenintensiv Krankheeten duerch den Zigarettekonsum geschaaft ginn, Krankheeten, déi eis Krankekeese belaaschten, a wann een och weess, wéi vill Steiersuen de Stat all Joer bäisteiert, fir de Budget vun dëse Krankekeesen eenegermoosse kënnen an der Riicht ze halen.

Dir Dammen an Dir Hären, an der Diskussioun nom Gesondheetsminister sengen Ukënnegungen ass vu munchen, net vun allen Nikotinofhängegen, an Zeitungsartikele gemengt ginn, elo géif op eng Kéier op eng diktatoresch Aart a Weis an hir perséinlech Fräiheet agegraff ginn. Dat ass an eisen Aen natierlech Kabes. Si behalen natierlech d'Recht op d'Fëmmen, dat, wat si hir Fräiheet nennen, mä sou wéi dat och op aner Gebidder de Fall ass, wou et Rechter gëtt, mä och Aschränkungen, sou soll et och hei sinn.

Et ass erlaabt an et gëtt d'Fräiheet mam Auto ze fueren, et ass awer net erlaabt mam Auto mat 100 duerch eng Uertschaft ze fueren, dat ass da gesetzlech geregelt. Wat op deem Gebitt richteg ass, dat muss och hei gëllen. An eisen Ae gëtt d'Fëmmen, d'Fräiheet fir ze fëmmen, fir kee Fëmmert ageschränkt, hie ka roueg virufëmmen, hien däerf och roueg seng Gesondheet ruinéieren, wann en dat wëllt maachen, mä et kann net sinn, datt hien duerch säi Fëmmen an engem geschlossene Raum aner Leit zwéngt passiv mat ze fëmmen, an doduerjer eventuell och krank ze ginn an doduerch eventuell och esouguer Longekriibs a sou virun ze entwéckelen; dat kann net sinn.

Dës international Conventioncadre ass an eisen Aen also absolut begréissenswäert a mir hoffen, datt elo dann awer och relativ schnell déi noutwenneg reglementaresch oder gesetzlech Projeten nokommen a Saache Verbuet an Innenraim, a Saache vu Sponsoring a Publizitéit oder a Saache vu Fiscalitéit. A mir drängen drop, dass dës Reglementer dann awer och kontrolléiert an agehale ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Nach zwee Punkte kuerz zum Schluss.

Deen éischten, wat den europäesche Kontext ubetrëfft, wou et an eisen Aen, Här Minister, endlech zu engem drasteschen Iwwerdenke vun der Subventionéierung vun den Tubaksbaueren an Europa misst kommen…

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- …, well et kann een net glafwierdeg engersäits hei héich Subventioune weiderhin deene Leit ginn an anerersäits aus Gesondheetsgrënn de Konsum vun dëse Produkter bekämpfen.

An eng zweet Saach ass, déi eis awer och ganz wichteg schéngt bei alle Mesuren am Kampf géint den Tubak…

(Interruption)

Et muss een hinnen da Reconversiounsmesuren ubidden, dat ass ganz kloer, Här Mehlen, ech si ganz mat Iech averstanen.

…, wann engersäits streng Mesurë géint d'Passivfëmmen an Innenraim ergraff ginn, wat mir ënnerstëtzen, sou menge mir awer och, datt genuch a ganz vill Mëttele missten agesat ginn, fir de Fëmmerten, déi bereet sinn opzehalen, ze hëllefe vun hirer Nikotinofhängegkeet ewechzekommen. Dat misst an eisen Aen esouguer ee vun den Haaptpunkte vun allen Antitubakskampagne sinn, niewent der Suerg fir iwwer cibléiert Preventiounsmesuren, grad och Jonker, Jongen a jonk Meedercher, dovun ofzehalen, iwwerhaapt zur Zigarett ze gräifen.

An en allerleschte Punkt, fir datt ech dat elo hei net vergiessen: Wa mer als Chamber - hoffentlech unanime - dës Kaderkonventioun géint den Tubak wäerte stëmmen, da misst et jo dach awer och evident sinn, datt mer hei bei eis an der Chamber selwer gläich missten ufänken. Hei am Sall ass d'Fëmme jo verbueden, mä dëst Fëmmverbuet misst sech op all Raim an all Büroe bezéien, wou e Fëmmert net alleng an engem Raum schafft.

Här President, loosst eis grad hei mat engem gudde Beispill virausgoen an dës Konventioun gläich selwer fir eis eege Raimlechkeeten…

Une voix.- Den Här Scheuer huet opgehalen!

M. le Président.- Dierf ech lech ënnerbriechen? Dir hutt de falsche President attackéiert.

(Hilarité)

Ech hu viru 25 Joer opgehale mat Raachen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President Scheuer, deen elo hei den Här President Weiler ersetzt, da kann ech lech nëmme gratuléieren zu Ärem Beschloss vu viru 25 Joer.

Ech géif lech da wëlle bieden, dem Här President Weiler, deen de Moment net hei ass, matzedeelen, datt ech hie géif bieden, datt mer sollen déi Convention-cadre hei an der Chamber insgesamt uwennen an net nëmmen heibannen am Raum, mä a sämtleche Büroen, a sämtleche Bürossëtzungen an an alle Raimlechkeeten, wou net een alleng an engem Büro sëtzt, well wann een alleng doranner sëtzt, da soll e kënne fëmmen, well e jo dann nëmme sech selwer a senger Gesondheet schuet.

Ech mengen et wier wichteg, datt mer eis selwer géife mam Wuert huelen an do déi Saache maachen, déi mer da musse maachen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech wäert dat do ausriichten, Här Huss. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, ech wëll och der Madame Rapportrice félicitéiere fir deen ausféierleche Rapport, deen hei virbruecht ginn ass, an deen och dat erëmgëtt, wat d'Kommissioun an dësem Kontext festgehalen huet.

Lëtzebuerg huet de 16. am Heemount 2003 d'Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun ënnerschriwwen. Dës Konventioun wëllt aktiv géint de Konsum vum Tubak virgoen. Si ass och déi éischt Konventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi en Thema vun der Gesondheet direkt betrëfft.

Dës Tatsaach misst och déi Leit iwwerzeegen, déi nach ëmmer mengen, d'Fëmme wier awer net esou geféierlech, an och mengen, datt d'Kampagn géint d'Fëmmen net onbedéngt eng vun de Prioritéite vun enger gudder Gesondheetspolitik misst sinn.

Ech wëll hei net verfeelen drun ze erënneren, datt mäi Frënd, den Dokter Jean Colombera, a senger Interpellatioun iwwert de Kriibs - déi éischte Kéier iwwregens, datt iwwert de Problem vum Kriibs an der Chamber geschwat ginn ass -, virun zwee Joer schonn drop opmierksam gemaach hat, dass en Drëttel vun de Kriibserkrankungen duerch den Tubak verursaacht ginn an datt mer hei zu Lëtzebuerg sou schnell wéi méiglech Mesurë mussen huelen, fir de Prozentsaz vun de Leit, déi fëmmen, däitlech ze reduzéieren.

Während senger Interpellatioun hat den Dokter Colombera fir d'Joer 2002 folgend Chiffere genannt: 35% vun de Männer fëmmen a 25% vun de Fraen, dat war eng Moyenne vun 30%.

Haut musse mer feststellen, dass fir d'Joer 2004 36% vun de Männer a 36% vun de Frae fëmmen. Dat heescht, datt méi Leit haut fëmmen, wéi zu deem Zäitpunkt, wou den Dokter Colombera op d'Thema Kriibs an der Chamber opmierksam gemaach huet.

Mir wëssen, datt d'Preventioun eng Politik vu laanger Dauer ass, mä hei zu Lëtzebuerg schéngt sech net vill ze bewegen, wat dat Thema ugeet.

Mir brauchen nëmmen d'Chifferen ze kucke vun deene Leit, déi fëmmen. Am Joer 1987 hate mer 33% vun der Bevölkerung, déi gefëmmt huet, 1993 waren et der 29, 1998 32, 2001 30, 2002 30, 2003 33 an 2004 31. Mir bleiwen also trotz der bishereger Preventiounspolitik bei ëm déi 30%.

Trotz all deem wat mer wëssen iwwert déi Schied, déi den Tubak uriicht, schénge vill Leit sech de Konsequenze vum Fëmmen net bewosst ze sinn. Vläicht well se d'Konsequenzen dovun net direkt gesinn an d'Laangzäitschied ënnerschätzen. Kloer ass awer leider, datt eng vun dräi Kriibserkrankungen op de Konsum vum Tubak zréckzeféieren ass.

No Aussoe vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer stierwen hei zu Lëtzebuerg all Joer méi wéi 500 Leit un de Suitë vum Genoss vum Tubak. Alleng dës Chiffere missten eis dach dozou brénge méi aktiv géint den Tubak virzegoen a missten dach och all d'Fëmmerten erschrecken.

Säit 1987, säit bal 20 Joer, bleift d'Zuel vun deene Leit déi fëmme bal konstant. Dat hätt och déi zoustänneg Leit drop opmierksam maache missen, datt an der Politik, déi se bedriwwen hunn, fir de Konsum vum Tubak ze reduzéieren, eppes net geklappt huet an datt zousätzlech Mesuren hätte geholl misse ginn, respektiv datt aner Mesuren hätte misse geholl ginn a mir hätten net op eng Weltgesondheetsorganisatioun dierfen ze waarden, fir festzestellen, datt mer e gravë Problem hunn an datt mer eppes hätte misse maachen.

Alleng d'Tatsaach, datt am Regierungsprogramm een eenzege Saz steet, deen den Tubak betrëfft: «Le Gouvernement déposera un projet de loi visant à améliorer la protection des non-fumeurs. Des consultations antitabac spécialisées seront offertes», weist drop hin, datt am Joer 2004 d'Wichtegkeet vun dësem Thema nach ëmmer net erkannt ginn ass.

Och wa mer et begréissen, dass sech elo lues a lues eppes beweegt an dass d'Taxë liicht erhéicht gi sinn, ass et kloer, dass dës Mesure eleng net duergeet. D'Fondation luxembourgeoise contre le cancer huet iwwregens eng Erhéijung vum Präis vu mindestens 10% virgeschloen. Dës Erhéijung wier ëmsou méi wichteg, well se d'Zuel vu Persounen, déi fëmmen, virun allem bei Jugendlechen, erofsetze kënnt. Déi Jugendlech hunn nach net esou vill Suen zur Verfügung. Dofir kann de Präis een Argument méi si fir ee Jugendlechen, sech géint d'Fëmmen ze décidéieren.

Déi Zuelen, déi eis zur Verfügung stinn, weisen drop hin, datt d'Opklärungscampagnë bei de Jugendlechen net genuch gräifen. Un de Chifferen, déi mer vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer hunn, ass net nëmme beonrouegend, dass d'Zuel vun deene Leit, déi fëmmen, net erofgeet, mä datt och de Prozentsaz vu Jonken tëschent 18 a 24, déi fëmmen, lues awer sécher klëmmt.

2004 hunn 28% vun de Jugendlechen tëschent 16 a 17 Joer gefëmmt an 53% vun de Jugendlechen tëschent 18 a 24 Joer. 53% also, dat ass iwwert d'Halschent. Dës Chiffere sinn ëmsou méi beonrouegend, wa mer wëssen, datt déi Jugendlech, déi fréi ufänken ze fëmmen, méi Schwieregkeeten hu vum Fëmmen ewechzekomme wéi en Erwuessenen, deen eréischt méi spéit ufänkt.

Mir hunn d'Statistike vu Jugendleche vum Alter vu 16 Joer un, wëssen, datt awer ëmmer méi fréi gefëmmt gëtt an datt et guer net rar ass e Jugendleche mat 12, 13 Joer mat enger Zigarett an der Hand ze begéinen. Dofir misst besonnesch an deem Altersberäich méi intensiv preventiv gewierkt ginn an och mol festgestallt ginn oder analyséiert gi bei deene Jugendlechen, déi vu 16 Joer un an de Statistiken erfaasst ginn, ob déi net och scho mat 12, 13 Joer ugefaangen hu mat fëmmen. Dat ass nämlech eppes wat aus de Statistiken net erausgeet.

Här President, d'Campagne géint den Tubak ass en nationaalt Thema wat eis alleguer betrëfft an net nëmmen déi Leit, déi fëmmen. A wa Leit mat de Konsequenze vun hirem Tubakskonsum liewe mussen - an hei wëll ech net iwwert d'Passivfëmme schwätzen -, musse mir als Solidargemeinschaft dës Konsequenze matdroen, iwwer eis Krankekeesen, iwwer eis Pensiounskeesen, wa Leit duerch d'Konsequenze vum Tubak an d'Invaliderent falen. Well loosst eis net vergiessen, den Tubak huet net nëmme Kriibs als Konsequenz, mä och Häerzproblemer an och Longeproblemer, déi et engem Mënsch onméiglech maache kënne weiderzeschaffen.

Ech wëll hei nach eemol opgräifen, wat mäi Frënd den Dokter Colombera a senger Interpellatioun vun 2003 gesot huet. Mir musse véier Mesuren esou schnell wéi méiglech afëieren: en effikasse Preventiounsprogramm. Well d'Preventioun virun allem bei de Jonken esou wichteg ass, misst besonnesch an deem Beräich alles op d'Bee gesat gi fir ze verhënneren, datt ugefaange gëtt mat fëmmen.

Zweetens, dat totaalt Verbuet vun der Publicitéit a vum Sponsoring iwwer Tubak. Besonnesch bei deene Jonken, déi jo ëmmer ideal Virbiller sichen, a well Verschiddener sech dozou verleede loosse coolen Typë mat enger Zigarett am Bak oder mat enger Fläsch Cognac am Grapp gären nozeäifen. Dofir ass et wichteg, dass d'Publicitéit fir gesondheetsschiedlech Produiten iwwerhaapt verbueden oder zumindest staark muss ageschränkt ginn.

Dann dréttens en totaalt Verbuet, fir an öffentleche Gebaier ze fëmmen. Dat Verbuet, dat schonn deelweis ausgeschwat ass, an et ass schonn hei gesot ginn, awer net esou richteg respektéiert gëtt, misst generaliséiert, awer och kontrolléiert ginn, wou awer kloer misst definéiert ginn, wat öffentlech Gebaier sinn. An de Spideeler zum Beispill ass et verbueden ze fëmmen, et ginn awer ofgetrennte Fëmmecken ageriicht. A wann Der do d'Dier opmaacht, da kritt dee ganze Stack eng Nikotininhaléierung. Esou schlëmm ass et wann een d'Fëmmen an engem Eck konzentréiert, wou dann och nach net déi néideg Entlüftung ass.

Dat heescht also, wann ee Fëmmecken ariicht, dann awer och wann ech gelift mat deenen néidegen Entlüftungen, fir net dass, wann een d'Dier opmécht, dann awer d'ganz Noperschaft mat eng Nikotinkris kritt!

D'Fro stellt sech vum Fëmmen op der Aarbechtsplaz an och do a besonnesch a geschlossene Raim stellt sech dann d'Fro vum Passivfëmmen an do missten d'net Fëmmerten op déi eng oder aner Aart a Weis geschützt ginn. Et ass natierlech ze soen, e generellt Verbuet op der Aarbechtsplaz ze fëmmen, géif zum Beispill an engem Stolwierk zur Farce ginn, well een do jo awer nach aner Saachen anotemt wéi den Tubaksdamp a wou ech da mengen, dass den Tubaksdamp nach dee mannste Problem wier.

D'Fëmmverbuet an de Restaurante war an der leschter Zäit en héichgespilltent Thema, dat een och manner emotional hätt kënnen ugoen. Et ass e Fait, datt do, wou Fëmmverbueder sinn, wéi an de Fligeren, respektiv an de Kinoen, wou et ausgeschwat ginn ass, sech dru gehale gëtt. Mir sinn awer, am Zesummenhang mat de Restauranten an de Caféen, fir méi e soft Virgoen. Mir sinn der Meenung, datt et eventuell géif duergoen, datt een an de Fënstere vun den Etablissementer kloer misst schreiwen, hei gëtt gefëmmt oder hei gëtt net gefëmmt. Oder datt publizéiert gëtt, datt getrennte Raimlechkeeten do si fir d'Fëmmerten an d'net Fëmmerten, dann hätt jiddfereen de Choix.

Mä wat awer hei vläicht als Mesure vergiess ginn ass ze soen, dat wier zum Beispill wann nei Raimlechkeeten, öffentlech Raimlechkeete gebaut ginn, iwwert de Kommodo-Inkommodo, eng adequat Entlüftung mat virzeschreiwen. Dat wier och e Wee fir effektiv deem Problem entgéintzekommen. Well de Problem vum Matfëmmen ass jo dee Problem meeschtens vun enger schlechter Entlüftung oder vun enger klorer Oftrennung vu Fëmmraim an net Fëmmraim. Dofir géif ech mengen, dass awer iwwert de Wee vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur bei neje Gebailechkeeten, déi fir d'Öffentlechkeet ageriicht ginn, och misst dofir gesuergt ginn, dass eng adequat Entlüftung misst mat virgesi ginn.

Da véiertens eng Politik vun héijen Tubakspräisser. Wa mer eng Politik vun héijen Tubakspräisser wëllen ugoen, dann awer mat zwee Objektiver. Éischtens natierlech fir méi Leit vum Fëmmen ofzehalen, besonnesch Jonker. An zweetens awer, datt déi Suen, déi zousätzlech do erakommen, awer dann och mussen der Sécurité sociale zegutt kommen, dat heescht am Fong dä Institutioun, déi fir d'Schied muss opkommen.

A Frankräich hu se déi Politik vun héije Präisser bedriwwen an dunn hu se da mat Houfert festgestallt, dass de Kaf vun Zigaretten erofgaangen ass. An ech betounen de Kaf, awer net onbedéngt de Konsum, well besonnesch an de Grenzgebidder vu Spuenien a Lëtzebuerg, wou d'Zigarette bal zwee Euro de Pak méi bëlleg sinn, do bléit de Schwaarzhandel.

Wann een zum Beispill a Lëtzebuerg ausrechent, wéi vill Zigaretten dass verkaaft ginn, an ee weess, dass nëmmen 33% vun de Leit fëmmen, da misst theoretesch all Fëmmert 136 Päck Zigaretten den Dag fëmmen, fir dat, wat hei am Land verkaaft gëtt, opzebrauchen. Beim Bensin ass et zum Beispill ähnlech. Do misst jiddferee 1.600 Liter op 100 Kilometer verbrauche fir dee Konsum vu Bensin hei opzebrauchen, deen eleng hei am Land verkaaft gëtt, fir nëmmen ee Beispill ze ginn. An do gesäit ee jo, wéi de Schwaarzhandel am Fong besonnesch mat den Zigarette bléit.

Och wa mer eis nëmme fir Lëtzebuerg zoustänneg fillen, esou schéngt et mer awer, datt mer am Interesse vun de Leit an eisen Nopeschlänner misste mathëllefen dem Schwaarzhandel, dee manifestement méi Ëmsaz huet wéi eise legale Maart, een Enn ze setzen.

Wat eis hei am Land betrëfft, do kënne mer nëmmen hoffen, dass esou schnell wéi méiglech déi noutwendeg Mesurë geholl gi fir dës Kaderkonventioun ëmzesetzen.

Elo hu mer vun der Weltgesondheetsorganisatioun eng Basis vir-

geluecht kritt, op där mer kënne schaffen a wou mer dat Bescht am Interesse vun de Fëmmerten an net Fëmmerten an eisem Gesondheetswiese kënne maachen.

Wann ech elo nach eng Kéier un d'Fëmmen an de geschlossene Raim erënneren, dann erlaabt mer, dass ech awer hei eng Bemierkung géif maachen, déi mer awer wichteg schéngt. Wann een d'Wiel huet an e Raum ze goe fir ze fëmmen oder net ze fëmmen, da geet een eran oder et geet een net eran, mä da kënnt ee gewéinlech awer eraus an eng vun der Industrie verschmotzte Loft, wou een net ka fortlafen a wou et endlech un der Zäit wier, dass mer dat Thema och emol eng Kéier géifen am Interesse vun der Gesondheet vun de Mënschen hei am Land zur Diskussioun bréngen; mer och emol eng Kéier géifen driwwer schwätzen, wat fir eng Schied, dass d'Ëmweltverschmotzung duerch d'Industrie hei am Land uriicht.

An deem Sënn soen ech Iech Merci a mir géife selbstverständlech déi Konventioun hei och stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Regierung huet elo d'Wuert. Den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer haut d'Geleeënheet hu fir dës Konventioun ze stëmmen an domat en Text ze ratifizéieren, dee mer als ee vun deenen éischten ënnerschriwwen haten, schonn am Joer 2003.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et ass e wichtegen Text, wou d'international Communautéit sech eens ginn ass, dass den Tubak a staarkem Mooss gesondheetsschiedlech ass an dass et wichteg ass sech en Aktiounsprogramm ze ginn, fir där Gesondheetsschiedlechkeet entgéintzewierken. Dat war en Duerchbroch, dee sengerzäit erreecht gi war, well déi Unanimitéit bis dunn net bestanen hat, och wann d'Wëssenschaft scho laang zu där Evidenz komm war, dass d'Fëmmen an all Alter, besonnesch awer bei deene ganz Jonken, an extrem héije Mooss gesondheetsschiedlech ass.

E puer Chifferen niewent deenen, déi virdru genannt gi sinn: Néng vun zéng Longekriibse sinn op d'Fëmmen zréckzeféieren. Bei den Häerzinfarkter ass d'Proportioun zwar net grad esou héich, mä do ass ëmmer nach d'Fëmmen ee vun den Haaptfacteuren, déi zu den Häerzinfarkter féiere kënnen. Bei enger ganzer Rei vun aneren organeschen Erkrankungen ass den Tubak zumindest matschëlleg.

Den Tubak ass och matschëlleg, dass ganz vill Leit stierwen. Zu Lëtzebuerg sinn et der ëm 600, also vill méi wéi déi Affer, déi mer an dem Stroosseverkéier hunn, a vill méi wéi déi, déi mer duerch den illegalen Drogekonsum hunn. Ech wëll net soen, dass déi aner Faiten ze bagatelliséiere sinn, mä ech wëll dat just als Argument huelen, fir dass mer eis endlech och ëm déi dote bekannten Doudes- a Krankheetsursaach vill méi këmmere wéi an der Vergaangenheet, well den Tubak, dat soll een esou soe wéi et ass, ass ee vun deene bekannten an Haaptkrankmécher, déi et op dëser Welt gëtt. Also ass et eis Verantwortung fir dorop ze reagéieren.

Ech sinn numol net Tubaksminister, ech si Gesondheetsminister, a wann ech déi doten Erkenntnis hunn, da muss ech mech dofir asetzen, fir alles wat méiglech ass ze maachen, fir d'Leit virun den negative Folge vum Tubakskonsum ze schützen.

Mir stinn net eleng do, wa mer déi Konventioun haut ratifizéieren. Et sinn iwwer 100 Länner, déi se ënnerzeechent hunn; et sinn an der Zwëschenzäit 64 Länner, déi se ratifizéiert hunn. Mir sinn dat 65. Land. Et sinn 13 europäesch Memberstaten, déi se ratifizéiert hunn. Mir sinn de 14., also ass et eng grouss Majoritéit, déi hannert der Konventioun steet.

Ech wollt eigentlech haut aus där Konventioun net eng Orientéierungsdebatt maache fir déi nächst Schrëtt, déi mer maachen, mä ech sinn awer dem Här Bettendorf ganz dankbar, dass en dat gemaach huet, aus dëser Diskussioun iwwert d'OMS-Konventioun eng Orientéierungsdebatt, wéi mer solle virufueren, well ech hunn eigentlech vu véier oder fënnef Fraktioune bedingungslos d'Zoustëmmung kritt, fir dee Wee ze goen, deen d'Regierung aschléit, ech hu just vun enger Fraktioun gesot kritt, dass mer ze radikal wären.

Wann ech also d'Konklusioun zéien, dann ass eng ganz grouss Majoritéit an dëser Chamber der Meenung, dass dee Wee, dee mer an der Regierungserklärung agéschloen hunn, an dee mer elo mat enger ganzer Rei vu konkrete Moossname wëllen ëmsetzen, dee richtege Wee ass.

Ech zéien, mengen ech, dann d'Konklusioun doraus, dass mer sollen op deem dote Wee virufueren. Wann ech dat gewousst hätt, wann ech déi Méiglechkeet gehat hätt, Här President, dann hätt ech eng Motioun abruecht, mä leider kann…

M. le Président.- Déi Zäite sinn eriwwer.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Déi Zäite si leider eriwwer.

Ech stelle fest, dass eng Fraktioun, an zwar d'DP, géint dat Fëmmverbuet an de Restauranten ass, esou wéi ech dat virgeschloen hunn. Ech hu keng aner…

(Interruptions)

Ech hu keng aner Stëmme jiddefalls dozou héieren.

(Interruption)

Ech wëll bei dëser Geleeënheet der Rapportrice e ganz grousse Merci soe fir deen excellente Rapport an och de Kolleegen aus der Chamber fir déi gutt Interventiounen.

Ech sinn och frou, dass d'Kolleege vun der DP kloer gesot hunn, dass se hannerun där Konventioun stinn. Dat war net ëmmer esou kloer, well Dir wësst, dass ënnert der viregter Regierung den deemolege Gesondheetsminister zwar proposéiert hat fir se ze ratifizéieren, mä säi Kolleeg Wirtschaftsminister der Meenung war, dass ee soll waarde bis dass d'europäesch Direktiv géif virleien. Deemools huet d'Regierung dat - ech kann Iech d'Texter weisen…

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Wagner?

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, ech géif den Här Minister invitéieren, fir fir dat, wat en elo hei gesot huet, dann och de Bewäis ze bréngen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, ech trieden deen un. Ech hu just déi Dokumentatiounen net bei mer, well ech net mat Regierungsréitberichter vun zéng Joer dorëmmer lafen, mä ech ginn, Här President, wann Dir dat wëllt…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Sou laang ware mir net an der Regierung.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- …Iech déi doten Dokumentatioun bei där nächster Geleeënheet selbstverständlech op den Dësch vun dëser Chamber.

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Wagner?

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Neen, Här President, keng Zwëschefro, mä just awer eng Richtegstellung. Den Här jëtzege Minister huet vläicht…

M. le Président.- Dat ass zwar de Moment net virgesinn, Här Wagner, mä wann de Minister d'accord ass, dann ass et an der Rei.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Glift?

M. le Président.- Dat ass net esou virgesinn, Dir kënnt Froe stellen, mä fir Kommentaren ze maachen…

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Ech stellen dem Här Di Bartolomeo d'Fro, ob en eben d'Lëtzebuerger Positioun, wat den Tabagissem ubelaangt um europäeschen Niveau an deene leschte Joren net suivéiert huet.

Et ass nämlech esou, dass Lëtzebuerg op europäeschem Niveau zu Bréissel sämtlech Initiativen, wat den Tabagissem ubelaangt, sämtlech Direktive matgedroen huet. Dat just als Richtegstellung, mä meng Fro war dann: Weess de Minister dat net?

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech weess selbstverständlech, Här Exminister, dass Lëtzebuerg ënner Ärer Regie sech ugeschloss huet un de Recours vun deenen Däitsche vis-à-vis vun där Direktiv, déi am Moment ënnerwee ass, an dat och d'Argumentatioun war, fir dës Konventioun net ze ratifizéieren.

Dat kënnt Dir nokucken, an Dir wësst dat, well do gëtt et Bréifwiesselen zwëschen Ärem fréiere Ministère an anere Regierungsstellen, déi dat beleeën, well Dir hutt selwer - an ech kann Iech do deen Text ginn, deen hunn ech nämlech dobäi - der Regierung proposéiert, Här Exminister, dass se soll ratifizéiert ginn, mä d'Regierung ass Iech net op deem dote Wee gefollegt. A wann Dir éierlech sidd, da gitt Dir dat zou.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech hunn eng Fro un de Minister: Wat fir eng Regierungskompositioun war et, déi dës Konventioun ënnerschriwwen huet an hei am Parlament déposéiert huet?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- A wat fir eng war et, déi se ratifizéiert huet, a wat fir eng war et, déi se net ratifizéiert huet?

Ech huele meng Kolleegen als Zeien, déi hei setzen, dass et net esou evident war, fir se ze débloquéieren, well Dir se gutt zougemauert hat.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Vous êtes un populiste!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, ech géif…

M. le Président.- Loosst eis zur Serenitéit zréckkommen, a fuert Dir mat Ären Ausféierunge weider.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Voilà! Ganz gär, ganz gär!

Ech stellen also fest, dass eng eenzeg Fraktioun an där Orientéierungsdebatt, déi mer hei hunn, net op der Positioun vun der Regierung ass.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Dir eng Tëschefro vum Här Jaerling?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, selbstverständlech.

M. le Président.- Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här Minister, ech wollt froen, ob Dir nogelauschtert hutt wéi ech geschwat hunn.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech, an ech war mat ganz ville Punkte vun Iech d'accord.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Da misst Dir jo awer héieren hunn, dass ech gesot hunn, dass mir net mat engem absolute Fëmmverbuet d'accord sinn, an dass mir aner Propositioune gemaach hunn, wéi zum Beispill gesot hunn, dass mer et de Restaurateure fräiloossen oder zu de Restaurateure soen, si sollen an hirer Fënster ukënnegen, hei gëtt gefëmmt an hei gëtt net gefëmmt, oder se sollen ubréngen, mir hu Fëmmecken an net Fëmmecken.

Ech hunn och eng Propos gemaach, do zousätzlech iwwer Kommodo an Inkommodo bei neie Gebaier eventuell Entlüftungen an deene Raimlechkeeten eranzemaachen.

Mä mir hunn eis net kloer fir e Fëmmverbuet ausgeschwat. Dat ass falsch! Dat ass falsch!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et ass ganz interessant ze wëssen, dass Dir dann net fir d'Fëmmverbuet an de Restaurantë sidd.

(Hilarité)

Ech muss Iech soen…

Une voix.- Den Här Colombera wär bestëmmt dofir!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, den Här Colombera huet och an déi dote Richtung plädéiert, mä den Här Colombera ass leider net méi do. Mä zréck…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Neen, Här Jaerling, ech mengen, et wier elo alles gesot. Loosse mer elo dem Här Minister nolauschteren a sengen Ausféierungen. Dir hutt d'Méiglechkeet fir herno eropzekommen an ze soen, wat Dir nach um Häerz hutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Zesummenhang mat där Orientéierungsdebatt, déi mer haut de Mëtteg hunn, drop hiweisen, dass de Regierungsprogramm an deem dote Punkt ganz kloer ass. D'Preventioun vu Suchtkrankheeten - an et sinn net nëmmen zwou Zeile gewiescht, déi doriwwer am Regierungsprogramm waren -, ob dat Suchtkrankheete sinn, déi op sou genannte legal Drogen zréckzeféiere sinn, wéi och Suchtkrankheeten, déi op illegal Drogen zréckzeféiere sinn, d'Preventioun dovun huet am Regierungsprogramm eng alleréischt Prioritéit, dat gëllt fir d'Preventioun virun Alkohol-, Tubaks- awer och Medikamentsofhängegkeet.

D'Regierung huet ugekënnegt, dass se e Gesetz géif deponéieren, dat de Schutz vun deenen, déi net fëmmen, verbessert. D'Regierung huet ugekënnegt, dass se spezialiséiert Consultatiounen, fir vum Tubak lasszekommen, géif ubidden. All dat wär ze maachen an all dat sinn och Punkten, déi an der OMS-Konventioun virgeschloe ginn, sou dass mer eng ganz Rei vu Punkten, déi an der OMS-Konventioun stinn, an deenen nächste Wochen a Méint wäerte mat Liewe fëllen.

Ech wëll och soen, dass déi Initiativen, déi mer huelen a Saache Schutz virum Tubak, nëmmen een Element sinn, mä e wichtegt Element vun deem Gesondheetsplang, dee mer amgaang sinn opzestellen. An ech sinn dofir frou, dass d'Martine Stein drop higewisen huet, dass virun zéng Joer, ënnert dem Johny Lahure, e ganz gutt Wäissbuch opgestallt ginn ass. Mir sinn och amgaang als Basis vum Gesondheetsplang dat Wäissbuch ze aktualiséieren.

Wéi geet et elo weider no dem Vote vun der OMS-Konventioun? Mir wäerte ganz schnell de Bilan vun deem 89er Gesetz zéien, wou eng Rei vu Moossname scho realiséiert gi sinn, déi elo an der OMS-Konventioun widderholl gi sinn. Mir wäerten e Gesetz deponéieren an der Chamber - ech hoffe virun der grousser Vakanz -, wou eng ganz Rei vun Elementer an der Transpositioun vun der Regierungserklärung wäerte kommen. Dozou gehéiert d'Recht, d'verbréiftent Recht, fir dampfräi kënnen ze iessen. Hei geet et net ëm Initiative géint Fëmmerten, mä fir elementar Rechter fir ouni Damp däerfen ze genéissen.

Da wäerte mer an deem Gesetz d'Interdiction de vente vun Tubaksprodukter u Mineure proposéieren - och dat ass en Element, dat an der OMS-Konventioun ass - a gläichzäiteg och en anere Punkt aus dem Regierungsprogramm realiséieren, nämlech d'Interdiction de vente vun Alkohol oder Alkopops u Mannerjähreger.

Dann och Prezisiounen a Saache Publizitéit, wou aner Schrëtt iwwert d'EU-Direktiv wäerte kommen, déi méi incisiv wäerte sinn.

Dann hu mer eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der Educatiounsministesch a mam Aarbechtsminister engagéiert fir éischtens an de Schoulen zousätzlech Schrëtt ze maache géint Ofhängegkeet, zweetens Schrëtt ze maachen an der Aarbechtswelt fir kënnen de Schutz vum net Fëmmert ze verbesseren.

Mir kommen do ganz gutt virun a mir hunn am Moment eng Initiativ lafen zesumme mat de Spideeler fir tubaksfräi Spideeler ze avantagéieren. Dat ass ee vun de Schwéierpunkten, déi an dëser Campagne dëst Joer wäerte lancéiert ginn an am Hierscht wäerte mer eng cibléiert Campagne a Richtung Jugendlecher maachen, wou den Haaptmotto ass: „Looss se stiechen." Well dorëm geet et, een deen d'Zigaretten zu deem richtegen Alter stieche léisst, dee brauch herno net dovun entwinnt ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e puer Suggestioune komm - just ganz kuerz dozou -, déi ganz gutt waren, déi ech och ganz gären ënnerstëtzt hätt, wéi zum Beispill, mat der Horesca eens ze gi fir fräiwëlleg Restauranten ouni Tubak ze entaméieren. Ech wëll soen, dass dat iwwer Jore scho méiglech war an dass ech dat Ugebuet virun dräi Méint och un d'Horesca gemaach hunn. Sage und schreibe ee Restaurant huet an der Zwëschenzäit sech als dampfräi deklaréiert, dat ass d'Postkutsch zu Esch. Fir déi, déi net wëssen, wéi agréabel dass et ass ouni Damp ze iessen, kann ech Iech…

(Interruptions)

M. le Président.- Dir musst awer elo net onbedéngt Propaganda hei maachen, Här Minister.

(Hilarité et interruptions)

An dann ass et och esou lues Zäit, datt Dir zum Schluss kommt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécu-*

rité sociale.- Jo, selbstverständlech, Här President.

Ech hunn héieren zu Dikrech wär och ee Restaurant, deen dat géif envisagéieren, dee kënne mer dann och an nächster Zukunft nennen.

M. le Président.- Sou, Här Minister, kommt zum Schluss, wann Dir wëllt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech kommen zum Schluss.

Här President, ech mengen, et ass e ganz eeschte Sujet iwwert dee mer diskutéieren. RTL hat fir den 1. Abrëll e Witz lancéiert, deen drop erausgelaf wär, dass een deene Leit, déi wëllen ophale mat fëmmen, géif eng Prime ginn. Dat war selbstverständlech en Abrëllsgeck.

Op deen dote Wee wäerte mer net goen, mä ech mengen, an ech widderhuelen dat nach eng Kéier, wat ech scho gesot hunn: All deene Leit, déi ophale mat fëmmen oder net domat ufänken, kann een eng Prime ubidden, déi wäertvollst Prime, déi een hinne kann ubidden, nämlech d'Gesondheet. Een deen net fëmmt lieft méi laang a lieft virun allem besser.

Ech soen Iech Merci.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot. Här Jaerling, op Grond vu wéi engem Artikel vum Reglement frot Dir Iech d'Wuert?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech kennen d'Reglement net auswenneg, Här President…

(Hilarité)

…, mä ech weess awer, dass ech d'Recht hunn, fir nom Här Minister ze schwätzen.

M. le Président.- Also Parole après ministre.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, ech géif schonn en Artikel fannen, also do ass kee Problem.

Une voix.- Genau.

M. le Président.- Da faasst lech kuerz.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat maachen ech ëmmer.

Ech wëll just kloerstellen, dass ech net kann zouloossen, wann den Här Minister hei eng Desinformatioun mécht iwwert dat wat den Här Colombera hei gesot huet. Den Här Colombera huet zu kengem Moment de Radikalismus hei am Zesummenhang mam Fëmme gepriedegt. Den Här Colombera huet hei virun dräi Joer dat gemaach…

(Interruption)

…, wat d'Regierunge virdru scho laang hätte solle maachen, an zwar konkret Proposen hei op den Dësch geluecht, wéi ee géint d'Fëmme kann ugoen.

An dann déi zweet Saach, wou Dir elo…

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

Neen.

An da kënnt déi zweet Saach, Här Minister. Dir hutt hei gesot, dat mat enger Prime ze gi fir d'Fëmmerten, dat wär eng Farce. Ma da wëll ech lech soen: Sou laang, wéi Dir d'Erhéijung vum Tubak am Index dra loosst, da gitt Dir de Fëmmerten eng Prime, well da maacht Dir se méi räich, fir hir Zigaretten ze kafen. Dofir stellen ech lech dann d'Fro: Sidd Dir dann och bereet d'Erhéijung vum Tubak aus dem Index erauszehuelen?

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Vläicht eng Äntwert dozou, Här Minister?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Jo, ganz, ganz gären, Här President. Selbstverständlech hu mer hei net d'Geleeënheet, fir all déi gesammelt Wierker vum Här Colombera nach eng Kéier nozeliesen, mä ech géif lech déi awer…

(Brouhaha général)

…nach eng Kéier presentéieren. Selbstverständlech huet dës Regierung och e Gesamtkonzept iwwert d'steierlech Behandlung vun den Zigaretten a vum Tubak, a selbstverständlech huet dës Regierung och Virstellungen, wéi een, wann een Taxë fir gesondheetlech Zwecker an Taxen aus gesondheetlechen Iwwerleeunge schaaft déi da répercutéiert am Index. Déi Diskussioun ass awer net ofgeschloss.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun der Diskussioun zu dësem Projet ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5419.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

•

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens
•
Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
•
An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
•
An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Éier mer dann zum nächste Punkt…

(Interruption)

Jo, Här Huss?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ech si frou, datt dat unanimement esou décidéiert ginn ass. Ech hat a menger Ried, do war Dir leider net hei, dofir wollt ech lech dat kuerz widderhuelen…

M. le Président.- Ech hunn Är Ried héieren, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen, ech kennen Är Interventioun.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Hutt Dir dann och matkritt, datt ech lech gebieden hunn, datt Dir sollt suergen, datt wa mer e Gesetz hei stëmme wat an déi do Richtung geet, datt mer dat och hei sollen uwennen?

M. le Président.- Jo, ech hunn Är Ried ganz héieren, integral, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen.

(Hilarité et interruptions)

A fir de Rescht ass et de Büro vun der Chamber, deen décidéiert wéi mer an där do Prozedur virginn.

Éier mer elo zum nächste Projet vum Ordre du jour kommen, wëll ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Krecké d'Wuert ginn, dee wëllt en Dépôt maachen. Här Minister Krecké.

3. Dépôt d'un projet de loi

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, et freet mech lech matzedeelen, dass de Grand-Duc mech mat Datum vum 25. Abrëll beoptraagt huet an d'Autorisatioun ginn huet, hei e Projet de loi ze déposéieren, deen heescht, autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.

- Projet de loi 5471 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.

Voilà, Här President.

M. le Président.- Ech ginn dem Här Minister Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommissioun weidergeleet gëtt.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun vum Projet de loi 5432, d'Konventioun iwwert d'Schafung vun enger Agence spatiale européenne. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Thiel, d'Madame Flesch an den Här Angel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

4. 5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et fält mir e bësse schwéier fir lech an de Weltraum matzehuelen, mat deenen terrestresche Problemer, déi mer hei gewenzelt hunn.

(Hilarité)

Mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, deen eng Konventioun an zwee Accordë soll ëmsetzen. D'Konventioun befaasst sech mat der Kreatioun vun der europäescher Weltraumagence aus dem Joer 1975. Den éischten Accord behandelt dann d'Protectioun an den Echange vu klassifizéierten Informatiounen aus dem Joer 2002. Den zweeten Accord, deen interessantsten dovunner, ass dee mat der Memberschaft vu Lëtzebuerg bei der europäescher Weltraumagence, der ESA, aus dem Joer 2004.

Wéi ech dee Rapport geschriwwen hunn, hat ech dauernd e Bild viru mer. Ech hat d'Bild viru mer vum 21. Juli 1969. Deemools wor ech Zeie ginn, wéi den Neil Armstrong deen éischte Schrëtt gemaach huet bei der Moundlandung. En huet gesot deemools, op englesch zwar: „Ee klenge Schrëtt fir mech, mä ee gewaltege Schrëtt fir d'Mënschheet."

An esou ee gewaltege Schrëtt mécht och Lëtzebuerg haut, andeem et dann der ESA bäitrëtt.

De Projet selwer ass déposéiert ginn de 17. Januar 2005, den Avis vum Statsrot koum eran den 22. Mäerz, an der Chamberskommissioun ass alles den 14. Abrëll erklärt ginn an an der Sitzung vum 26. Abrëll ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn.

An hirem Wäissbuch zur europäescher Weltraumnotzung schreift d'Europäesch Kommissioun awer schonn, dass grad déi friddlech Notzung vun den Erkenntnisser aus der Weltraumfuerschung ee qualitative Sprong fir d'Europäesch Unioun duerstellt, an dat op sozialem, technologeschem, wirtschaftlechem Plang.

D'Memberschaft vu Lëtzebuerg bei der ESA gëtt eis also ganz vill Méiglechkeeten, eis elo mat eranzebréngen. Si ass eng logesch Suite vun dem sou genannte Programm ARTES, engem Fuerschungsprogramm fir Telekommunikatioun. Eleng fir dee Projet gëtt Lëtzebuerg an de Joren 2000 bis 2006 zwielef Milliounen Euro aus. Mä duerch de Bäitrëtt zur ESA kënnt dann awer den ARTES zu Enn, no der Transitiounsphas vu sechs Joer.

D'europäesch Weltraumagence ass gegrënnt ginn am Joer 1975. Si war e Pendant zur amerikanescher NASA. Wuelverstanen, d'ESA ass friddlechen Zwecker zougewannt, wou d'NASA deelweis och militäresch Zwecker verfollegt.

D'Haaptaufgab ass a bleift kloer, eng Kooperatioun ze maachen tëschent allen europäesche Länner fir d'Notzung vum Weltraum. Lëtzebuerg wäert elo als dat lescht vun de 15 europäesche Länner, no Griechenland, och dësem Club da bäitrieden. Et gëtt eng „task force" geschaaft zwëschent der ESA a Lëtzebuerg, fir ebe während sechs Joer eis drop virzebereeden.

D'ESA selwer ass och eng europäesch Gemeinschaft, well si huet nämlech Zentren an Holland, an Däitschland, an Italien an an der Belsch. Duerch dës Adhésioun kann och Lëtzebuerg dann nach méi staark an d'Telekommunkatioun an an de Satellitteberäich eraklammen. Dat hëlleft eis onsen Deel an enger globaliséierter Welt bäizesteieren; an notamment de Mediaport vu Betzduerf wäert hei e bedeitende Rehaussement erliewen.

Jiddferee weess et och, déi elektronesch Kommunikatioune per Satellit sinn an de leschte Jore ganz staark ausgebaut ginn, notamment am Sënn vun der Wëssensgesellschaft, un déi mir alleguer gleewen. Och doniewent wäert ons Universitéit sech an dësem Gebitt erabréngen, an dat duerch d'Fuerschung an och duerch d'Léier.

Vläicht zwee kleng Projete vun der ESA aus där viller, grousser Serie erausgepickt: Dat ass engersäits den HUBBLE-Projet, mat deem mir lo bal un d'Enn vun eisem Weltraum kënne kucken, an dann déi sou genannt METEOSATellitten an och den ENVISATellit. Engersäits kënne mer d'Wieder kontrolléieren, erofspille loossen, an anerersäits kënne mer Klimadaten ophuelen an eis Ressources naturelles op der Äerd besser gestionnéieren.

An och kënne mer am Speziellen de Kyotoprotokoll iwwerwaachen. An aus deem Projet wiisst erëm een neien eraus, de sou genannte GMES, de Global Monitoring Environment Security Programm.

Wat nun de finanziellen Impakt fir Lëtzebuerg ubelaangt, et ass ee ganz modesten. Mir klammen do era mat engem Adhésiounsbäitrag vun nëmme 700.000 Euro. A well awer d'ESA selwer tëschent obligatoreschen an och fakultative Projeten a Programmen ënnerscheet, bezuele mer nëmme fir déi obligaresch Projeten 0,21% vum Bruttoinlandprodukt, dat sinn 1,2 Milliounen, fir am Laf vum Joer bei Projete matzemaachen.

Interessanterweis awer - d'ESA ass éierlech mat ons - huet se de „juste retour", dat heescht si passt op, dass keen, wann ee Geld investéiert doranner, ze vill bezilt. No fënnef Joer gëtt de Kont gemaach an da gëtt zu engem Land gesot: Du hues méi investéiert, elo kanns du dech méi a Projete bedeelegen, fir dass de „juste retour" agehale ka ginn.

90% vun den abezuelte Mëttele fléisse souwisou erëm zréck an d'Industrie européenne, fir eis méi staark an der Weltraumnotzung ze maachen. Mir kréien domat e besseren Zougang zum Wëssen an enger Technologie op engem Marché, wou sech niewent den Amerikaner mëttlerweil och d'Chineesen, d'Japaner an d'Brasilianer breet maachen.

Ee ganz spezielle Punkt wëll ech och dem GALILEO-Projet dann zoumudden. Mir kréien domadder d'Chance, dass mer eis an der zweeter Generatioun vun de sou genannten Telekommunikatiouns- a Satellittennavigatiounsprojete kënne bedeelegen.

D'Europäesch Unioun kritt endlech eng Méiglechkeet sech lasszekapselen vun dem amerikanesche GPS; déi Méiglechkeete kréie mer elo. Interessanterweis awer musse mer 30 Satellitten eropschéissen; 27, déi mer direkt brauchen, dräi an der Reserv. An déi ginn an enger Héicht iwwer Europa getässelt vun 23.000 km. An duerch d'Triangulatioun, duerch d'Spill vun dräi Satellitte kënne mer einwandfräi ons Positioune festleeën.

Interessant gëtt dat op alle Fall fir de Stroosseverkéier, fir de Schëffsverkéier an och zum Beispill fir d'Landwirtschaft. Et kann ee sech virstellen, dass iergendwann eng Kéier de Bauer mat engem Empfänger op sengem Trakter fiert a genee weess, duerch e Piepser: Elo sinn ech um Enn vu mengem Kadasterplang ukomm. Dat kann alles gemaach ginn, wann dee Projet hei duerchgeet.

Am Ganze schätze se 140.000 nei Aarbechtsplazen, eleng an deem Beräich GALILEO. Lëtzebuerg wäert der bestëmmt och dovunner kréien.

Ee leschte Volet awer nach, ee wichtege Punkt war den Avis vum Statsrot. De Statsrot huet gemengt a senger Liesung vun dësem Projet de loi, mir kéinten hei eventuell en Transfert de souveraineté erleiden. Dat wier de Fall gewiescht wa mir duerch d'Adoptioun vum Joresbudget vun dem Conseil vun der ESA all Décisioune missten droen. Dofir wär dann den Artikel 114, Alinéa 2, vun der Verfassung an d'Spill komm. Och de Ministère huet dat an der Chamberskommissioun gesot, war awer enger anerer Meenung, huet awer herno gemengt aus juristesche Grënn an och wéinst den Délaië sollte mer eis awer dem Statsrot sengem Avis da ralliéieren. Soss hätte mer vläicht riskéiert, dass bei deenen éischten Opträg, déi elo vergi ginn, Lëtzebuerger Entreprisen net méi dobäi hätte kënne sinn.

Duerch de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg bei d'ESA kënnt et zu enger „added value" op verschiddene Plänge, op dem wëssenschaftlechen, dem technologeschen, dem industriellen an och dem wirtschaftleche Beräich. Grad an der Rumm vun der Lissabonstrategie muss een dëse Schrëtt begréissen, well mer elo einwandfräi op de Wee vun där sou genannter performanter Wëssensgesellschaft higinn.

Mëttlerweil huet sech awer och schonn an eisem Land e Grupp vun dynamesche Mënschen aus der Wirtschaft beieneegesat an eng Plattform gegrënnt, de GLAE. Hir Aufgab a Missioun wäert da sinn, d'Notzung vun der europäescher Weltraumfuerschung nach méi op Lëtzebuerg ze axéieren an domadder och e weideren Ausbau vun eiser dynamescher Wirtschaft erbäizebréngen.

Grad elo brauch Lëtzebuerg Mënsche mat enger Visioun, grad elo wou mer wëssen, dass d'industriellt Standbeen net méi esou fest ass, wou onse Bankeberäich och an enger globaliséierter Welt sech nei muss positionéieren, musse mer nei Weeër goen. An nei Weeër sinn hei mat der ESA de Weltraum mat eranzebréngen op eng friddlech Aart a Weis ze notzen.

Interessanterweis zum Schluss dann: Mir klammen hei an d'ESA eran, an engem Joer, wou mer de 50. Doudesdag feiere vum Albert Einstein. Dee Mënsch, deen eis duerch seng Relativitéitstheorie de Weltraum opgemaach huet. An den 100. vum Jules Verne, dem éischte Visionär, deen a sengem Buch „Vun der Äerd op de Mound" eis déi Saach schonn e bësse virgezeechent huet.

Ech hunn am Ufank gesot: Ee klenge Schrëtt fir de Mënsch, ee gewaltege fir eis Gesellschaft. An ech mengen, och elo dierf Lëtzebuerg no de Stäre gräifen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner hu mer den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, dat mir elo stëmme sollen, geet - an den Här Marcel Oberweis huet et schonn ugedeit - zimlech wäit iwwert d'Rentabilitéitsconsidératiounen eraus, déi een am Zesummenhank mat enger Memberschaft vu Lëtzebuerg an der europäescher Raumfahrtagence ESA ka maachen.

A sengem grëndleche schréftlechen an net manner interessante mëndleche Rapport huet mäi Kolleeg Marcel Oberweis och schonn op déi gesamtwirtschaftlech Auswierkunge vun der ESA-Memberschaft higewisen. Déi soll een effektiv net ënnerschätzen.

Dofir erlaabt mir dëse Projet an dee méi breede Kontext vun der ekonomescher Entwécklung vun eisem Land ze setzen.

Mir Lëtzebuerger gehéiere jo bekanntlech zu deene räichsten Natioune vun der Welt. Mir sinn zwar net d'Nummer 1, wéi d'OCDE ëmmer behaapt - well déi vergësst jo ëmmer d'Frontaliere mat anzerechnen -, mä mir sinn am Spëtzepeloton. Dat war schonn an der éischter Halschent vum vergaangene Jorhonnert de Fall, wéi mer dee siwentgréisste Stolproduzent vun der Welt waren an domat méi wéi genuch Sue verdéngt hunn, fir eis ekonomesch a vläicht och politesch iwwer Waasser ze halen an eis Eegestaatlechkeet ze behalen.

Duerno si mer déi aachtgréisst Finanzplaz vun der Welt ginn. Gott sei Dank just zur Zäit, fir iwwert déi batter Restrukturéierung vun eiser Stolindustrie ewechzekommen, déi ënner aneren Ëmstänn wuel zu enger nationaler Katastroph gefouert hätt. Vun de 70er Joren un hu mir du ganz bequem vun de Revenuë vun eiser Finanzplaz gelieft, déi lues a lues esou eng Aart Selbstverständlechkeet fir eis ginn ass.

Mir hunn eis ouni weideres un de Gedanke gewinnt, datt den Herrgott e Lëtzebuerger wier, a mir domat fir ëmmer op der gewonnener Säit wieren. Dat huet och méi oder wéineger bis viru kuerzem geklappt. Mä säit enger Zäit trëppele mir mat eise Banken op der Plaz. Ënner anerem och dofir, well eis Noperen eis net méi esou gewäerde loosse wéi fréier. Fir de Moment gesäit et jiddefalls net no enger Neioplo vum Boom vun den 90er Joren aus, wou mer Zouwuessrate bis zu 10% an engem Joer haten.

Derbäi gi mer eis och nach méi bewosst, wéi ofhängeg mir vun deem enge Secteur gi sinn, deen eleng, trotzdeem hien e bëssen ageknéckst ass, nach ëmmer een Drëttel vun eisem Statsbudget finanzéiert.

Do geet et net méi duer mat e bëssen Diversifizéierung hei an e bësse Steieravantagen do, wa mir eis ekonomesch Zukunft op e séchert Fëllement wëlle setzen. Mir mussen eis, ob mer wëllen oder net, no Alternativen ëmkucken, déi dofir suergen, datt mir eis eisen Train de vie weider leeschte kënnen, wann et mol eng Kéier méi lues mat eiser Finanzplaz goe sollt. Ofgesinn dovu wier et och e méi berouegend Gefill, wa mir net méi esou ofhängeg wiere vun engem eenzelne Wirtschaftssecteur, wéi mir et am Moment vun der Finanzplaz sinn.

Elo kann een awer net esou einfach en neie Wirtschaftscréneau aus dem Zylinder zauberen. Esou eppes kritt een - wann iwwerhaapt - nëmmen a laanger an haarder Klengaarbecht zustanen. Ongeféier sou wéi wann een e grousse risege Puzzel géif zesummebastelen. Mir hu jo scho méi där Uleef geholl, fir eis Ekonomie ze diversifizéieren a wann een dovunner voll

an d'Schwaarzt getraff huet, da war et den SES-Projet, mat deem eist Land sech als dee gréisste Satellittenopérateur weltwäit positionéiere konnt.

Mäi Virriedner huet mat Recht op déi méiglech Verbindung tëschent der SES an der ESA higewisen an d'Opportunitéiten ervirgestrach, déi sech mat den ESA-Programme fir eis Satellittebedreiwer opdinn.

Mä et ass net bei där enger Entreprise deemools bliwwen. Entretemps ass zu Betzduerf en Unzéiungspol entstanen, deen, wa mir et richteg upaken, zur Wéi kënnt gi vun enger ganz neier an zukunftsträchteger Wirtschaftsbranche, well haut schaffen am Beräich vun der Weltraumtechnik eng ronn 350 Leit hei am Land. Si verdeele sech op eng hallef Dosen Entreprisen, déi nëmmen drop waarden, datt mir hinnen d'Dier fir d'ESA opmaachen. Zum Deel hu se scho bewisen, datt si an hirem Beräich zum Beispill beim Bau vu Parabolantennen duerchaus mat der internationaler Konkurrenz mathale kënnen, sou datt se och an der ESA ouni weideres hire Mann wäerte stellen.

Dobäi hält sech och - wéi de Marcel Oberweis et schonn ugedeit huet - de Risiko, deen eise Stat mat sengem Engagement beim europäesche Weltraumprogramm ageet, nu wierklech a Grenzen, well mir vu virera plus au moins sécher sinn, datt mir quasi déi ganz Mise iwwert de Wee vun Opträg fir eis Entreprisen erëm erakréie kënnen.

Här President, d'Memberschaft an der ESA ass awer net nëmmen eng Chance fir déi Lëtzebuerger Betriber, déi schonn an der Iwwerdroungs- an an der Weltraumtechnik doheem sinn. Si wäert och eiser Uni zousätzlech Perspektiven opmaachen, well mir hei an engem Beräich sinn, an deem d'Fuerschung grouss geschriwwe gëtt.

Dank der SES hu mer eis schonn e gewëssene Know-how am Satellitteberäich ugëeegent, souwuel an technescher Hisiicht wéi och a puncto Management an an der Juristerei. Dorobber kënne mir baue fir en neie Créneau an eiser Uni opzemaachen, déi sech jo virun allem an der Fuerschung a bestëmmtene Beräicher en Numm maache wëllt.

D'Retombée fir eis Ekonomie, nei Perspektive fir déi Entreprisen, déi sech an dësem Hightechberäich virgewot hunn, an den zousätzleche Fuerschungskick fir eis Uni, dat si gewëss där Grënn genuch fir dem Lëtzebuerger Bäitrëtt zur ESA säi Segen ze ginn. A well domat och nach d'Ausiicht op eng Diversifizéierung vun eiser Ekonomie verbonnen ass, déi natierlech hëlleft eise Wuelstand weider ze consolidéieren, fält et mir alles aneschters wéi schwéier fir den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Als nächst Riednerin ass d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee Projet, dee mer hei virun eis leien hunn, ass e gudde Projet. E brëngt der Lëtzebuerger Wirtschaft ganz sécher eppes, a mir wäerten als DP-Fraktioun dee Projet stëmmen.

Ech wéilt och dofir dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen den Historique gemaach huet, d'Analys gemaach huet am Detail, wat de Projet ka vu Méiglechkeete fir Lëtzebuerger Betriber opmaachen, an deen also domadder d'Zukunftsperspektiven entwéckelt huet.

Ech wëll also net hei alles dat répétéieren, wat hie gesot huet a wat hie geschriwwen huet, dat ass jo entre-temps gewosst.

Ech gehéieren net zu deenen, déi mengen, dass mir elo e Champion an eng Weltmuecht am Weltall géinge ginn, doduerjer dass mer der ESA bäitrieden. Mä dach sinn ech iwwerzeegt, dass et eng ganz gutt Saach ass, well et eben, wéi gesot, eng ganz Partie nei ekonomesch Méiglechkeeten opmécht fir d'Lëtzebuerger Betriber, notamment nom Prinzip vum „juste retour".

An Zukunft wäerte Programmer wéi GALILEO - bei deem mer matmaachen - eng wichteg Roll fir Europa spillen, souwuel um wirtschaftlechen, mä och um strategesche Plang. De GMES zum Beispill - d'Äerdobservatioun mat villfältegen Applikatiounen - wäert och e wichtege Pilier vun der zukünfteger Weltraumpolitik ausmaachen an de Rapporteur huet jo drop higewisen.

Méi speziell ass de Moment de Budget vun der ESA an der Diskussioun, deen och vun der Kommissioun iwwert deen nächste Recherchebudget gespeist gëtt. Do géing ech de Minister wëlle froen: Wou sinn do d'Diskussiounen drun? An ech wéilt hien nach froen: Wéi ass et weider mam Conseil de l'espace, deen esou wäit mer gesot ginn ass, schonn hätt sollen am Abrëll ënner Lëtzebuerger Présidence stattfannen, mä deen nach net zustane komm ass, well nach eng Rei Froen opstinn an haaptsächlech well déi finanziell Punkten nach net ofgekläert sinn. Dofir hunn ech de Lien gemaach tëschent dem Budget engersäits an dem Conseil de l'espace anersäits.

De Projet, dee mer haut diskutéieren, ass déposéiert ginn duerch den Ausseminister, wat normal ass, well et d'Approbatioun vun enger internationaler Konventioun ass. Mir hunn - ech muss soen zu menger Iwwerraschung - dee Projet an der Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur diskutéiert.

Mir schéngt et, dass ee sech awer ka froen, notamment au vu vum Avis vun der Chambre de Commerce a vum Groupement luxembourgeois de l'aéronautique et de l'espace, dee jo bei der FEDIL ugesiedelt ass, ob deen Dossier net besser an der Ekonomie wier, well et fir Lëtzebuerg virun allem en ekonomesche Projet a manner e Rechercheprojet ass, well dat en ekonomeschen Aspekt huet, éischter wéi e Rechercheaspekt.

Ech wëll drop hiweisen, dass bei der Europäescher Kommissioun et de Kommissär Verheugen ass, dee fir deen Dossier zoustänneg ass. Ech hale fest, dass och den Här Thiel, an deem wat hien elo just hei gesot huet, de Projet an de wirtschaftleche Kontext gesat huet. Et géing mech interesséieren zu där Froestellung d'Meenung vun der Regierung ze kennen.

En anere Punkt schéngt mer ze sinn, dass een zu Lëtzebuerg an deem Kontext vun der Recherche a vum Lien zur Industrie méi eng konzentréiert a koordinéiert Démarche misst hunn, déi Recherche an Ekonomie zesummebréngt - a wéi mer wëssen ass Luxinnovation jo hei och concernéiert. Also mir schéngt et, dass eng Vernetzung vun Intérêt wier, och fir ons Betriber.

Dann, Här President, erënneren ech mech drun, datt am Koalitiounsaccord steet, dass eng Aart Wäissbuch oder Plan directeur fir d'Lëtzebuerger Weltraumpolitik soll ausgeschafft ginn. Wéi gesot, ouni mer do ze vill Illusiounen ze maachen, géing ech nawell gäre wëssen, wat d'Iddi vun der Regierung à ce stade zu där Fro ass a wou d'Regierung an der Preparatioun vun deem Wäissbuch de Moment drun ass.

Zesummefaassend, Här President, begréisse mir als DP-Fraktioun dee Projet, deen deene wéinege Lëtzebuerger Betriber, déi eng excellent Aarbecht an dësem Domän maachen, nei Méiglechkeeten opmécht. Et kann nëmme positiv sech auswierke fir ons Ekonomie.

De Conseil d'État war der Meenung, dass d'Approbatioun vun der Konventioun en Transfert de Souverainité kéint beinhalten an dass mer mussen den Accord mat der spezieller Majoritéit vum Artikel 114, Paragraph 2 vun onser Verfassung stëmmen. D'Regierung war dans un premier temps net esou dovun iwwerzeegt, huet sech awer schliesslech dem Conseil d'État ralliéiert, sou wéi och d'Kommissioun. An deem Mooss wou de Conseil d'État déi Fro opgeworf huet, schéngt et ons och am Intérêt vun der Sécurité juridique ze sinn, dass mer dee Projet no de spezielle Bestëmmunge vum Artikel 114, Paragraph 2 vun onser Verfassung stëmmen. Mir fir onsen Deel wäerten dee Projet op jidde Fall stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächsten an als leschte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, léif Frënn, gläich am Ufank wëll ech Iech soen, dass d'LSAP-Fraktioun och hiren Accord heizou gëtt an ech wollt dem Rapporteur Marcel Oberweis villmools Merci soen.

Dëse Projet 5432 besteet, wéi gesot, aus deenen dräi Deeler:

1. Mir approuvéieren d'Konventioun, wou d'ESA kreéiert ginn ass, dat war den 30. Mee 1975, déi kritt also elo 30 Joer Enn des Mounts, a wann Der den Exposé des motifs gelies hutt, gesitt Der, dass et sech hei ëm eng Success story handelt, déi 30 Joer laang dauert.

2. Mir approuvéieren och den Accord vum 19. August 2002 zwëschent der ESA an hire Memberstaten iwwert d'Protectioun an den Echange vun deene sou genannten Informations classifiées. Dëst, mengen ech, ass och wichteg fir Lëtzebuerg a fir seng Betriber, déi an deem Domän vum Espace a vun der Aéronautique aktiv sinn.

3. Deen drëtten Deel, dee wichtegsten Deel, do geet et jo ëm eis Vollmitgliedschaft bei der European Space Agency.

Wann ee Biller vu Lëtzebuerg kuckt vun engem Satellit aus, da gesäit ee wahrscheinlech just e klenge Punkt. Wann een awer Lëtzebuerg a seng Politique de l'espace géing ukucken, dann ass dat kee klenge Punkt méi, mä da kann ee soen, do si mer trotzdeem e „big player". Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass d'SES Astra an och elo d'Mammefirma SES Global déi gréisste private Satellittebedreiwer si weltwäit.

Säit dem Joer 2000 bedeelegt sech Lëtzebuerg och um Programm ARTES - wéi scho gesot gi war - vun der ESA. Deemools hate mer de Projet de loi 4750 hei gestëmmt an de Conseil d'État hat deemools gesot: Ma gitt dach direkt Member vun der ESA. D'Regierung huet awer gesot: Mir wëllen awer d'Resultater ofwaarden. A si huet ofgewaart. D'Resultater waren och gutt, well mir haten e Retour vun 1,03 an dee Retour géographique, dee jo hei festgesat ass, dee kann nach bis op 1,21 eropgoen.

Wa mir also elo Vollmember sinn, da sinn déi 15 al EU-Länner Member, an och déi zéng nei Länner hu scho groussen Interesse zu Paräis bei der ESA ugemellt.

Vläicht ass et och nach interessant ze bemierken, dass och Kanada mat associéiert ass bei verschiddene Projeten - an dat ass och wichteg fir och Know-how an Technologië vun där anerer Säit vum Atlantik ze kréien.

Säit November 2004 gëtt et jo och op EU-Niveau eng Politique de l'espace, déi sech allerdéngs an d'Aktivitéite vun der ESA areit. Et gëtt also elo e Conseil conjoint vun deenen zoustännegen EU-Ministere mat dem Conseil vun der ESA.

Erlaabt mer och eng Remarque ze maachen: Den Artikel 254 an deem drëtten Deel vun der Europäescher Verfassung traitéiert och just déi europäesch Politique de l'espace.

Duerch eis Memberschaft bei der ESA hu mir also elo vill Know-how a kënnen eis eege Politique de l'espace besser gestalten a mir kënnen och méi aktiv an der europäescher Weltraumpolitik matschaffen.

D'Avantagë vun eiser Mitgliedschaft leien awer net nëmmen um politesche Plang, mä wéi gesot virun allem um wirtschaftlechen an um industrielle Plang an och um Plang vun der Recherche. Bei dësem Projet de loi si mer wierklech voll am Lissabonprozess dobäi.

Et ginn duerch eis Participatioun bei der ESA vill nei Opportunitéiten op. Well d'ESA ganz vill Recherche- an Développementsprojeten huet - an et ass virdru scho gesot gi vu Virriedner -, kritt hei d'Uni, besonnesch den Technoport zu Esch, eng grouss Roll ze spillen.

Niewent deenen technologeschen industriellen Aspekter, wëll ech fir d'Uni awer een Aspekt ënnersträichen, deen ech och an der Kommissioun gesot hunn, dat ass deen Aspekt vum Droit de l'espace. Wa mer d'Uni hunn, déi jo och e Laboratoire de droit huet, da mengen ech, kann een do vill am Domän vum Droit de l'espace maachen, well hei an Europa nach net esou vill Fakultéite spezialiséiert sinn op deen Droit de l'espace.

Mir kënnen als Uni Lëtzebuerg och enk zesummeschaffe mat der International Space University vu Stroossbuerg, déi Programmer huet fir Ingénieuren, Ekonomisten, Juristen, fir deene méi eng breet Formatioun am Domän vum Espace ze ginn.

An ech wëll drun erënneren, das d'ESA formidabel Programmer huet fir „young graduates", wou dann och Lëtzebuerger Unisabsolvente kënnen deelhuelen.

Ech kommen awer elo dann, wéi gesot, nach eng Kéier zu deem wichtege wirtschaftleche Punkt. D'ESA beschäftegt a senge verschiddenen Zentren an Europa 40.000 Mënschen direkt, indirekt sinn dat der iwwer 250.000. An, wéi gesot, d'ESA géréiert eng Onzuel vu Kontrakter a Milliardenhéicht, an duerch eis Memberschaft kënnen déi Lëtzebuerger Entreprisen e Stéck vun deem Kuch matkréien. Dat ass jo, wéi virdru scho gesot ginn ass, duerch de Prinzip vum geografic return geséchert.

Wa mer haut ofstëmmen, ass dat wichteg, an ech si frou, dass hei déi ganz administrativ Prozeduren net ze laang gedauert hunn, well mir si jo vu verschiddene Leit drop higewise ginn, dass, wa mer dat verschleefen, da verschidden Entreprisen net méi un deem wichtege Projet GALILEO kënne matmaachen. An deen ass wichteg, well mer doduerch als Europäer net méi esou ofhängeg si vun den Amerikaner hirem GPS-Programm.

A wat vläicht och interessant ass, de Projet GALILEO gesäit véier Kontrollzentre vir. Zwee vun deene Kontrollzentre sollen an Europa sinn. Ech mengen, et wier vläicht interessant, wa mer ee vun deene Kontrollzentren hei op Lëtzebuerg kéinte kréien, entweder zu Esch um Technoport oder zu Betzduerf um Mediaport.

Duerch d'ESA kritt Lëtzebuerg och méi Méiglechkeeten am Domän vun den Telekommunikatiounen a ka bei Programmer matmaache vu Satellittennavigatioun an och vu Beobachtung vun der Äerd, wat um ëmweltpolitesche Plang och ganz wichteg ass.

Um Technoport zu Esch gëtt schonns haut nogeduecht mat de Partnere vum CRP Henri Tudor via de CITI - dat ass de Centre d'Innovation par les Technologies de l'Information - iwwer eng interaktiv Télevisioun per Satellit.

De Minister vun der Kultur, Recherche an Héichschoulwiesen huet Luxinnovation den Optrag ginn, de Kontaktpunkt vun der ESA zu Lëtzebuerg ze sinn. Déi national Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun an der Recherche huet also als Missioun eis Betriber iwwert d'ESA-Programmer ze informéieren, awer besonnesch eis Betriber an eis Centres de Recherche publics ze begleeden an hiren Démarchë bei der ESA.

D'Objektiv ass d'Projeten ze promouvéieren am Kader vun den Appels d'offre vun der ESA.

All dëst geet jo an d'Richtung vun der Regierungserklärung 2004, déi seet, dass d'Recherche an d'Innovatioun eng vun de grousse Prioritéite sinn.

Et ass och ze begréissen, dass d'Wirtschaft sech excellent op eisen ESA-Bäitrëtt preparéiert huet. De Lucien Thiel huet scho vum Groupement luxembourgeois de l'aéronautique et de l'espace, GLAE, dee béi der FEDIL ugesiedelt ass, geschwat. Dat ass also e privilegiéierten Interlocuteur vun der Regierung an dësem Domän.

De GLAE erméiglecht nämlech Synergien op nationalem an op europäeschem Plang a grad wéi Synergien zwëschent dem Secteur public an dem Secteur privé.

Et ass och interessant nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass an deem Groupe de travail ESA-Lëtzebuerg, déi „task force", déi jo an der Konventioun virgesinn ass, wou während sechs Joer eng Période transitoire virgesinn ass, dass do de Ministère de la Recherche, de Ministère de l'Économie, de Kommunikatiounsministère an och de Ministère vun der Défense kënnen zesummeschaffen. Do wëll ech e bëssen op dat hiweisen, wat d'Madame Flesch schonn ugeschwat huet. Ech mengen et ass wichteg, dass de Ministère de l'Économie do wierklech agebonne gëtt, an ech hoffen, dass besonnesch déi zwee Ministeren, dee vun der Recherche an dee vun der Ekonomie, do zesumme kommunikéieren an un engem Strang zéien.

Une voix.- Haaptsächlech hir Beamten.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Voilà.

Dee Groupe, vun deem ech elo geschwat hunn, deen ass jo do fir auszelotsen, wéi eng nei Betriber vun der ESA zu Lëtzebuerg profitéiere kënnen. Et sinn heiduerch iwwregens och schonn zwee nei Betriber an d'Land ugelackelt ginn.

Op de finanziellen Aspekt, mengen ech, ass de Marcel Oberweis agaang. Ech wëll just zum Schluss soen, dass dëse Projet de loi, mengen ech, eng gutt Saach ass fir eist Land an och fir seng Betriber.

Ech soen Iech Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo nach d'Regierung. Den zoustännege Minister, den Här François Biltgen, huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Merci, Här President.

Sommaire des séances publiques

4902 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999 pages 341-342

5178 - Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques

5179 - Projet de loi portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques

5180 - Projet de loi portant:

1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5181 - Projet de loi

- relatif aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et

- portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle pages 342-352

Ordre du jour page 352

Communications page 352

Ordre du jour page 352

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°33 du 3 mai 2005 de Monsieur Roger Negri relative à l'extension du tracé Luxembourg-Gouvy-Liège, adressée au Ministre des Transports page 353

- Question N°34 du 3 mai 2005 de Monsieur Camille Gira relative à la réduction des participations de l'État à accorder aux communes et syndicats intercommunaux par le biais du fonds pour la protection de l'environnement, adressée au Ministre de l'Environnement page 353

- Question N°35 du 3 mai 2005 de Monsieur Marco Schank relative à la réduction des émissions de polluants atmosphériques, adressée au Ministre de l'Environnement pages 353-354

- Question N°36 du 3 mai 2005 de Monsieur Félix Braz relative aux dépassements réguliers des teneurs maxima en métaux lourds et dioxines dans les légumes-feuilles cultivés dans les jardins exposés aux émissions de l'industrie sidérurgique (Differdange, Esch-sur-Alzette, Schifflange), adressée au Ministre de la Santé page 354

- Question N°37 du 29 avril 2005 de Monsieur Ben Fayot relative au génocide arménien, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration pages 354-355

- Question N°38 du 3 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative au diplôme d'ingénieur industriel, adressée au Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche page 355

- Question N°39 du 3 mai 2005 de Monsieur Laurent Mosar relative au résultat d'élection présidentielle au Togo, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration page 355

- Question N°40 du 3 mai 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'étude initiée par le Ministère de l'Agriculture concernant le secteur de viande au Luxembourg, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural pages 355-356

- Question N°41 du 2 mai 2005 de Monsieur Claude Adam relative à la circulaire de printemps adressée au personnel enseignant et aux administrations communales, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle page 356

- Question N°42 du 3 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à l'actuel CATP «auxiliaire économe» qui serait transformé en «auxiliaire de vie», adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle pages 356-357

Question avec débat N°2 de M. Claude Adam relative à la création et au fonctionnement du lycée pilote page 357

Interpellation de M. Lucien Clement au sujet de la politique de gestion des crues et des inondations pages 357-364

Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le rapport d'activité 2004 du Comité de surveillance du sida pages 364-367

5419 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte anti-tabac, faite à Genève, le 21 mai 2003 pages 367-373

Dépôt d'un projet de loi page 373

5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004 pages 373-375

Dir Dammen an Dir Häre, mol fir d'éischt e grousse Merci un de Rapporteur, de Marcel Oberweis, deen hei säi Fachwëssen ënnerstrach huet. Och Merci deene verschiddene Riedner. Dir hutt scho bal alles gesot wat ech hei kéint soen, dofir wëll ech just op e puer Froen agoen.

Erlaabt mer awer virdrun ze soen, dass ech wierklech frou sinn, dass mer haut deen heite Projet scho stëmmen. Et ass eng Geschicht, déi ganz kuerz ass. Et war nach zum Schluss vun der viregter Regierung meng Virgängerin, d'Madame Hennicot, déi ESA ënnerschriwwen huet. Mir hunn dunn an dëser Legislaturperiod ganz séier de Projet fäerdeg gemaach an ech si frou, dass mer en haut kënne stëmmen. Well doduerch, dass mer offiziell Member ginn - mir sinn déi lescht vun deene 15 an der ESA -, kënne mer wierklech ganz vill maache fir d'Diversification économique zu Lëtzebuerg. Ech wëll erënneren un 1984; do hu mer ugefaange mat der Satellittenaventure. Mä hei ass e weidere Schrëtt, an et ass oft genuch gesot ginn.

Dass et den Héichschoul- a Rechercheministère ass, dee sech drëm bekëmmert, dat huet eng Partie Ursaachen. Éischtens ass an der Regierungserklärung festgehale ginn, dass d'Politique de l'espace zu mengen Aufgabe gehéiert, an déi wäert ech och versichen uerdentlech auszeféieren. Et kënnt derbäi, dass een net kann eng Trennung maachen tëschent Ekonomie, Betriber an einfach Innovatioun, op där enger Säit, an op där anerer Säit Stat a Recherche publique. Déi Saache musse méi no uneneen erubruecht ginn, wéi mer et och an der Regierungserklärung ënnerstrach hunn, an dofir schaffe mer och zesummen. Bei deenen enge Fäll, do huet de Wirtschaftsministère de Lead. Bei deenen aneren huet de Forschungsministère de Lead. Hei, mengen ech, ass et richteg, dass de Forschungsministère de Lead huet, och well vill iwwert d'Universitéit kënnt a well mer hei wierklech laangfristeg musse plangen a laangfristeg Recherche musse maachen; kleng alldeeglech Recherche geet hei net duer.

Mir hu selbstverständlech - an den Här Angel hat et virdru scho gesot - an där „task force" och déi aner Ministèren, notamment natierlech de Ministère de l'Économie, mat erageholl. Da gëtt et och nach e Groupe d'accompagnement, wou eigentlech Leit um Terrain - vun der Wirtschaft - dra genannt ginn. Dat leeft och. Do kënnt zum Beispill selbstverständlech och Luxinnovation mat derbäi; dat ass fir eis eng Evidenz. Mir schaffen also hei zesummen.

Dann ass d'Fro: Wou kënne mer an Zukunft Marchéë kréien zu Lëtzebuerg? Éischtens am Telekomsberäich an am Navigatiounsberäich, zweetens bei Terminalen, drëttens beim Equipement vu Buedemstatiounen, do ass wierklech d'Chance, dass mer Marchéë kënne kréien. Ech wëll erënneren, dass mer an den ARTES-Programmen, wou mer scho matgemaach hunn, do 103% „juste retour" haten. Dat heescht, mir hunn eigentlech liicht méi erauskritt wéi mer eragestach hunn.

Dann zum Programme directeur. Do hu mer eis e Rapport gefrot, wat d'Potentialitéite si vun der Lëtzebuerger Weltraumindustrie. Dee Rapport hu mer kritt; deen iwwerschaffe mer elo, an am Hierscht wäerte mer mat engem Projet de programme directeur selbstverständlech och an d'Chamber kommen. Do si mer ganz aktiv amgaangen dat ze maachen.

Dann e Wuert iwwert den Traité. Am Traité gëtt d'Politique de l'espace eng Compétence partagée vun der EU mat de Memberstaten; mir preparéieren dat elo schonn duerch den zweete Conseil «Espace», deen de 7. Juni um Kierchbierg stattfënnt. Mir wollten e schonn am Abrëll maachen. Dat war vläicht e bësse fréi fir d'Kommissioun, déi nach net alles fäerdeg hat. Well do muss nämlech d'Kommissioun mat der ESA zesummeschaffen. Dat ass net nëmmen Europa. Dat ass Europa mat ESA, wou och aner Länner dra sinn. Also de 7. Juni wäerte mer den zweete Conseil «Espace» hunn.

Dann e lescht Wuert zum Artikel 114. Mir mengen eigentlech net, dass ee misst iwwert den Artikel 114 goen. Mä ech menge mir sollen dat wierklech esou maache wéi de Statsrot et virschléit. Well dat Schlëmmst, wat mer elo kéinte maachen, ass, wa mer Rechtsonsécherheet géife schafen. Dofir géif ech lech bieden, hei wierklech unanime dee Projet ze stëmmen. Et ass vläicht e klenge Schrëtt fir d'Mënschheet, mä e grousse Schrëtt fir Lëtzebuerg.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5432.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger et Carlo Wagner;

MM. François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Déi nächste Sitzunge si virgesi fir den 31. Mee, den 1. Juni an den 2. Juni. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech matgedeelt. D'Sitzung ass elo opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.29 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

«Chamber aktuell»

Depuis le 21 janvier 2005, Chamber TV vous propose tous les **vendredis** *à* **19.00 heures** *un* **résumé** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

L'émission est **rediffusée** *le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures.*

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 9 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
0283	M. Jacques-Yves Henckes	Introduction d'un nouveau passeport
0300	M. Gast Gibéryen	Connaissance de base de la langue luxembourgeoise (naturalisation)
0304	M. Laurent Mosar	Simplification de l'octroi de visas (décret «Volmer»)
0306	M. Jean-Pierre Koepp	Étude relative à l'impact du canotage sur l'écosystème du cours d'eau frontalier «Sûre»
0317	M. Gast Gibéryen	Approbation d'une loi antiséparation par l'Assemblée populaire nationale de Chine
0318	M. Marc Angel	Cartes d'identité blanches
0319	M. Roland Schreiner	Bâtiment «Jenker» du Lycée technique Mathias Adam à Differdange
0320	M. Marcel Oberweis	Fonctionnement des stations biologiques
0321	M. Marc Angel	Travaux de construction de l'Unité spéciale de sécurité à Dreiborn
0322	Mme Claudia Dall'Agnol	Introduction d'un dossier médical digital
0323	M. Fred Sunnen	Extension du Lycée technique de Bonnevoie (LTB)
0324 cf. 0348	M. Niki Bettendorf	Situation financière de l'association «Amiperas»
0325	M. Ben Fayot	Évolution des prix sur le marché immobilier
0326	Mme Marie-Josée Frank	Loi portant réforme de l'assurance maladie et du secteur de la santé et instaurant le système de budgétisation prévisionnelle et flexible des hôpitaux
0327	M. Claude Meisch	Homologation de diplômes de pays tiers
0328	M. Roger Negri	Rapport de l'UNICEF relatif à la pauvreté des enfants
0329	M. Laurent Mosar	Locaux du Service des Dommages de Guerre corporels
0330	M. Ben Fayot	Institution européenne «Euratom»
0331	Mme Anne Brasseur	Durée de la formation des enseignants de l'enseignement préscolaire et primaire
0332	M. Henri Grethen	Politique des transports publics
0333	M. Henri Grethen	Avenir de la compagnie aérienne Luxair
0334	M. Marc Spautz	Cadence des lignes d'autobus
0335	M. Marc Spautz	Installation d'un arrêt supplémentaire sur la ligne autobus «Luxembourg - Stadtbredimus - Remich»
0336	M. Roger Negri	Construction d'un vélodrome
0337	M. Jacques-Yves Henckes	Concentration du gaz «Radon»
0339 cf. 0343	M. Claude Meisch	Liste électorale de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics
0340	M. Laurent Mosar	Politique tarifaire de la société Coditel
0341	Mme Nancy Arendt	Trouble neurologique du cerveau «épilepsie»
0342	M. Romain Schneider	Construction du Centre intégré pour personnes âgées à Wiltz
0343 cf. 0339	M. Roland Schreiner	Liste électorale de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics
0344	M. Aly Jaerling	Utilisation de pièges à mâchoires
0345	M. Emile Calmes	Double nationalité
0346	M. Robert Mehlen	Décharges pour déchets inertes
0347	M. Marcel Oberweis et M. Ali Kaes	Organisation de la filière bois-énergie
0348 cf. 0324	M. Niki Bettendorf	Situation financière de l'association «Amiperas»
0350	M. Camille Gira	Zones de protection des eaux
0351	M. Camille Gira	Ancien pilote en chef de Luxair travaillant pour le compte de la Direction de l'Aviation civile
0352	M. Xavier Bettel	Installation d'un parc à éoliennes dans les communes de Redingen, Rambrouch, Wahl et Ell
0353	M. Xavier Bettel	Diffusion de publicité dans les cases des enseignants
0354	M. Marc Spautz	Primes d'apprentissage
0355	M. Félix Braz	Directive européenne relative au droit au regroupement familial
0357	M. Carlo Wagner	Poursuites judiciaires au niveau de la coopération transfrontalière en matière d'infractions au Code de la Route
0358	Mme Anne Brasseur	Aides financières pour études supérieures
0359	Mme Anne Brasseur	Site Internet du département ministériel de l'enseignement supérieur
0360	Mme Françoise Hetto-Gaasch	Fluidité du trafic sur la route d'Echternach
0361	M. Marco Schank et M. Ali Kaes	Construction du Centre intégré pour personnes âgées à Wiltz
0362	M. Robert Mehlen	Impact de la radiation de la téléphonie sans fil sur la santé humaine
0363	M. Félix Braz	Attribution des autorisations de séjour provisoires
0364	M. Henri Kox	Fonds de compensation (énergies renouvelables et cogénération)
0365	M. Henri Kox	Connexion directe au réseau électrique de la Centrale nucléaire de Cattenom
0366	M. Robert Mehlen	Dette du groupe Cepal au niveau des cotisations de la sécurité sociale
0367	M. Jean Huss	Incident de contamination à la Centrale nucléaire de Cattenom
0368	Mme Christine Doerner	Trafic de poids lourds dans le centre-ville de Bettembourg
0369	M. Aly Jaerling	Revêtement de sol des Administrations de l'État
0371	M. Aly Jaerling	Visite du Dalaï-Lama à Luxembourg
0372	M. Marcel Oberweis et M. Marco Schank	Valorisation des boues de station d'épuration
0373	M. Roland Schreiner	Rotondes de Bonnevoie
0374	M. Claude Meisch	Plan d'aménagement général d'une commune (infrastructures souterraines communales)
0375	M. Emile Calmes	Système d'extinction de feu - FM200
0376	Mme Colette Flesch	L'Automobile Club de Luxembourg (ACL) et les questions de circulation routière, de sécurité et de mobilité
0377	M. Jos Scheuer	Mouflon
0379	M. Félix Braz	Commission de surveillance des cinémas
0380	M. Xavier Bettel	Portabilité des numéros téléphoniques mobiles
0383	M. Emile Calmes	Transformation d'anciens halls d'exposition à Wiltz par l'Objectif Plein Emploi
0384	M. Aly Jaerling	Zone d'activités commerciales à Sterpenich (Ikea)
0385	M. Lucien Clement	Transfert d'un numéro d'immatriculation personnalisé
0386	M. Xavier Bettel	La surveillance électronique en matière pénale
0387	M. Marc Spautz	Implantation de stations à essence à proximité de zones résidentielles
0389	M. Xavier Bettel	Nombre de piétons heurtés par des voitures
0390	M. Marc Spautz	Système informatique en matière de radiographie dans les hôpitaux
0393	M. Lucien Thiel	Émission de titres de propriété nominatifs par la société Arcelor
0394	M. Xavier Bettel	Tentative d'évasion du Centre pénitentiaire de Schrassig
0395	M. Xavier Bettel	Transplantation d'organes

Chamber TV

an der Stad: *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*

zu Déifferdeng: *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanwen:** *um Kanal S 29*

Question 0283 (3.2.2005) de **M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)* concernant l'**introduction d'un nouveau passeport:**

Den 1. November 2005 féiert Däitschland en neie Reespass an. Dësen elektronesche Pass mat agebautem Funkchip soll bedeitend méi deier fir d'Bierger ginn. Hannergrond vum neie Reespass ass de gemeinsame Kampf vun allen EU-State géint den intemationalen Terrorismus, awer och d'Droung vun den USA vum 26. Oktober 2005 un EU-Touristen ouni Visum net méi eranzeloossen, wa se net iwwer esou en neie Reespass mat biometreschen Date verfügen.

Am neien däitsche Pass sollen Ofdréck vum lénken a rietsen Zeigefanger dra sinn, eng digitaliséiert fotograféiert Gesiichtserkennung an den Numm an de Gebuertsdatum. Eng Anerkennung (Iris-Scan) soll awer an Däitschland net an de Reespass kommen. Dës Date ginn dann um Chip vum Pass gespäichert a bei enger Grenzkontroll gëtt dann deen neie Pass un e Liesapparat gehal. Iwwer Funkwelle gëtt de Reesenden dann esou detailléiert identifizéiert.

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéini gëtt zu Lëtzebuerg deen neie Reespass agefouert a wéi eng Date sinn dorobber gespäichert?
2) Mussen d'Bierger d'Käschte vun deem Pass selwer droen a wéi héich wäerten déi Käschten dann ausfalen?
3) Wie stellt deen neie Reespass aus, wéi eng nei Apparater musse fir deen Zweck ugeschaaft ginn a wéi deier wäert dee ganzen Opwand da kaschten?
4) Ass den Dateschutz mat deem neie Reespass fir all Bierger garantéiert? Kann dee Schutz och bei Reesen an aner Länner garantéiert ginn?

Réponse (4.5.2005) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*:

En réponse à la question de l'honorable Député relative à l'introduction d'un nouveau passeport, je peux vous fournir les informations suivantes sur l'évolution de ce dossier.

En date du 13 décembre 2004, le Conseil de l'Union européenne a adopté le règlement N°2252/2004 établissant des normes pour les éléments de sécurité et biométriques dans les passeports et documents de voyage délivrés par les États membres.

Dans une première étape, les États membres doivent prévoir le stockage de la photo faciale sur un support électronique pour le 28 août 2006 au plus tard. Dans la nouvelle série de passeports que le Luxembourg émet depuis le 15 septembre 2004, la photo digitalisée du titulaire est imprimée dans le passeport et stockée dans une base de données. À partir de là, l'enregistrement de la photo sur un support électronique ne requérra que l'installation de l'équipement nécessaire au Bureau des Passeports, flanquée de l'application informatique adéquate. Aucun changement ne sera à apporter à la procédure de demande et de délivrance des passeports. À ce moment, les négociations avec notre producteur sont en cours.

La seconde étape concerne l'intégration des empruntes digitales dans les passeports et documents de voyage. Vu que certaines spécifications techniques doivent encore être définies par la Commission, la date d'entrée en vigueur pour ces derniers identifiants biométriques reste en suspens (par estimation en 2008). L'introduction des empreintes digitales nécessitera un équipement spécial ainsi qu'une formation adéquate des agents qui procéderont à la prise des empreintes.

Le Ministère en collaboration avec d'autres services est en train d'étudier les modalités de la mise en place d'un tel système. Suite à une demande de l'Union européenne de proroger de dix mois le délai au-delà de la date-butoir du 26 octobre 2005, fixée par le Congrès américain, et étant donné que la majorité des pays européens ne sera pas prête à cette date au niveau technique pour délivrer un passeport avec une image faciale stockée sur une puce, la Chambre des Représentants a estimé qu'une prorogation de ce délai était «peu probable». Il faudra donc attendre une décision définitive à cet égard.

Nonobstant la situation très sensible qui existe actuellement entre l'Union européenne et les États-Unis, il faut admettre que le volet technique en rapport avec l'intégration de données biométriques dans les passeports s'avère beaucoup plus compliqué qu'initialement prévu.

Ignorant actuellement le coût de production d'un passeport biométrique, il est prématuré de se prononcer sur le montant à payer pour l'obtention d'un tel document. De toute façon, l'arrêté grand-ducal en vigueur sur les «passeports à l'étranger», daté du 31 mai 1934, devra être remplacé par une loi adaptée à la nouvelle situation. Il devra le cas échéant être tenu compte des coûts engendrés par l'introduction d'éléments biométriques dans les passeports.

En ce qui concerne la sécurité et la confidentialité des données stockées sur la puce du passeport, celles-ci devront être garanties. À cet effet, un organe spécialisé, appelé communément «certification authority», devra être créé avec la mission d'établir et de gérer la diffusion des clés d'accès (PKI). Un certain nombre de questions d'ordre technique devront être résolues préalablement.

Question 0300 (15.2.2005) de **M. Gast Gibéryen** *(ADR)* concernant la **connaissance de base de la langue luxembourgeoise (naturalisation):**

D'Gesetz vum 22. Februar 1968 "sur la nationalité luxembourgeoise" gesäit a sengem Artikel 7-4° vir, datt "la naturalisation sera refusée à l'étranger lorsqu'il ne justifie pas d'une intégration suffisante, et, lorsqu'il n'a pas au moins une connaissance de base de la langue luxembourgeoise, appuyée par des certificats ou documents officiels".

An der Praxis ass awer elo e groussen Duercherneen, well aus dësem Gesetzestext net erauszeliesen ass, wat genee ënner enger "connaissance de base de la langue luxembourgeoise" an de "certificats ou documents officiels" ze verstoen ass. D'Resultat dovunner ass, datt an all Gemeng déi am Artikel 7-4° virgeschriwwe Konditioun op eng aner Manéier interpretéiert gëtt, wat zu enger grousser Rechtsonsécherheet féiert a mat Sécherheet och net esou vum Législateur gewollt war. De Prinzip muss awer sinn, datt déi sensibel Problematik an all Gemeng op déiselwescht Manéier behandelt gëtt.

An dësem Zesummenhang hunn ech dofir folgend Froen un den Här Minister:

1) Wat ass genee ënnert enger "connaissance de base de la langue luxembourgeoise" ze verstoen a wou ass dat genee definéiert?
2) Wat huet ee genee ënnert der Bezeechnung "certificats ou documents officiels" ze verstoen a wou ass dat genee definéiert?
3) Wier et net op Grond vun den Onsécherheeten, wat genee ënnert deenen uewen opgefouerte Begréffer ze verstoen ass, ubruecht de Gesetzestext ze preziséieren oder wéinegstens de Gemenge kloer Uweisunge vu Säite vun der Regierung zoukommen ze loossen?
4) Misst dës sensibel Problematik net am Intérêt vun der Saach landeswäit duerch de Stat ofgestëmmt a koordinéiert ginn?

Réponse (6.5.2005) de **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice:*

La formulation "connaissance de base de la langue luxembourgeoise" a été retenue dans le cadre d'un amendement adopté par la Commission juridique de la Chambre des Députés. C'est donc avant toute chose à la Chambre des Députés de s'exprimer sur l'interprétation des textes élaborés par elle.

Les documents parlementaires relatifs au projet de loi 4743 aboutissant à la loi du 24 juillet 2001 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise précisent que les certificats ou documents officiels attestant les connaissances linguistiques en luxembourgeois dans le cadre d'une demande de naturalisation pourront être des pièces attestant que l'impétrant a suivi des cours de luxembourgeois, mais aussi une déclaration écrite de son employeur. Les termes de connaissance de base de la langue luxembourgeoise visent une certaine pratique de la langue luxembourgeoise par des notions de base dans le cas où au départ aucune connaissance de cette langue n'est donnée, en tenant compte des connaissances et capacités générales de chaque demandeur.

D'un point de vue procédural, le conseil communal de la dernière résidence de l'étranger est au préalable entendu dans son avis motivé. Le conseil communal se prononce en séance secrète sur base du dossier du requérant qui contient entre autre un questionnaire-type rempli au commissariat de police compétent lors d'un entretien avec le demandeur, et qui se prononce sur les connaissances linguistiques du requérant, ainsi qu'un certificat signé par l'officier de l'état civil de la commune de résidence attestant le degré de connaissance active et passive de la langue luxembourgeoise.

L'appréciation des conditions de naturalisation, et des connaissances linguistiques en particulier relèvent toutefois en dernière analyse d'une appréciation en opportunité de la Chambre des Députés, conformément à l'article 10 de la Constitution.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun der Madame Frank passt ganz genee an d'Thema vum Weltdag géint den Tubak, an dofir soen ech hir och Merci fir d'Fro. Et ass eng ganz gutt Geleeënheet fir ze ënnersträichen, dass déi Bestriewunge vun der Regierung, fir d'Leit vum Tubak lasszekréien, sech net géint déi Leit riichten déi fëmmen, mä sech fir d'Gesondheet vun de Leit asetzen, déi nach net d'Fangere vum Tubak kënnen ewechloossen an déi nach fëmme mussen, well se net fräi si fir kënnen opzehalen.

Just e klenge Säitebléck op dat wat am Regierungsprogramm steet. Dir fannt do erëm, dass d'Regierung e Gesetz wëllt erabrénge fir de Schutz vun deenen, déi net fëmmen, ze verbesseren, gläichzäiteg awer d'Méiglechkeeten, fir deenen ze hëllefen, déi wëlle lasskomme vum Fëmmen, ze verbesseren iwwer Berodungsservicer, iwwer Therapieméiglechkeeten.

Mir sinn am Moment amgaang, eng ganz Rei vun Initiativë virzebereeden, ënner anerem um reglementaresch-gesetzleche Plang, wou et noutwendeg ass fir kloer Spillregelen ze schafen, anerersäits am Beräich vun der Berodung, Sensibiliséierung, an och vun der Zesummenaarbecht op enger ganzer Rei vu Gebidder. Ech konnt gëschter mat den zwee Kolleegen, dem Biltgens Fränz an dem Claude Wiseler, eng Initiativ virstellen, wou mer eis dofir asetzen, fir och op der Aarbechtsplaz déi ze schützen, déi net wëlle matfëmmen, wat e weidere Schrëtt ass an déi Richtung, déi mer eis am Regierungsprogramm virginn hunn.

De Projet de loi, deen ugekënnegt ass, wäert virun der Vakanz an d'Regierung goen an dann hoffentlech och deemnächst kënnen an der Chamber deponéiert ginn. Ech mengen, dat wat d'Madame Frank ugeschwat huet, ass, dass effektiv d'Zigarett net - wéi dat ganz oft fréier duergestallt ginn ass - en Zeeche vu Fräiheet ass, mä poulriicht an d'Ofhängegkeet eraféiert, an eng Ofhängegkeet, déi dozou féiert, dass een net méi Nee ka soe wann ee wëllt, och wann ee wéilt Nee soen.

Aus den Ëmfroe geet ervir, dass ëmmerhi 50% vun deenen 30% vun der Populatioun, déi nach fëmmen, ganz gär géifen dovu lasskommen, wa se et kéinten. Dofir mengen ech, dass déi Ausso och eng ganz wichteg ass an eis soll motivéieren, fir eis net nëmmen drop ze beschränken, e béise Fanger ze maachen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, Är Zäit ass elo gläich ofgelaf an Dir sidd nach net bei der Äntwert un d'Madame…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir vertraut mir net! Ech wollt lech elo de Wee gi fir datt Dir kënnt ophale mat fëmmen, mä Dir gitt mer net d'Geleeënheet fir dat ze maachen.

(Hilarité)

M. le Président.- Da musst Der lech tommelen, fir mech iwwerzeegt ze kréien. Dir hutt nach 30 Sekonnen Zäit.

Une voix.- Dat packt Der net, Här Di Bartolomeo.

Une autre voix.- Dir hutt nach Zäit, Här Minister!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, ech hunn der nach…

Fir deene Leit ze hëllefen, déi wëllen ophalen, awer net kënnen. D'Fondation contre le cancer, d'Ligue, bidde Consultatiounen un, an déi wäerte mer och weider ënnerstëtzen. Derniewent verlaangt d'Kohärenz, dass mer, wann et Mëttele gëtt, déi de Leit kënnen hëllefe fir opzehalen, déi och ënnerstëtzen.

Do gëtt et déi Medikamenter, déi awer net ouni Niewewierkunge sinn, déi ugebuede ginn, a wou ech der Madame Frank ka soen, dass ech d'Krankekeesen - well de Minister ass net eleng zoustänneg fir dat ze décidéieren - wäert chargéieren, fir d'Fro vum Remboursement op den Ordre du jour ze huelen, ze kucke wat am Ausland an deem dote Beräich leeft a mat den Erfahrungen am Ausland a selbstverständlech opgrond vu medezinescher Indikatioun ze envisagéieren, fir déi dote Produkter ze rembourséieren.

Ech wëll awer soen, dass dat keen Allheelmëttel ass an dass et net e Wonnermëttel ass, mä dass d'Motivatioun fir opzehalen…

(Coups de cloche de la Présidence)

…eng Viraussetzung ass, fir kënnen opzehalen, an dass dat hei just en Hëllefsmëttel ka sinn, dat heescht d'Motivatioun ass dat Allerbescht an deen éischte Schrëtt fir kënnen opzehalen.

Ech soen Iech villmools Merci, Här President, fir d'Gedold.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Als nächst Fro hu mer d'Fro Nummer 44 vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafe vun engem Statut fir d'«assistants éducatifs à domicile». Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°44 du 31 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à la création d'un statut pour les «assistants éducatifs à domicile», adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass et hautdësdags net ëmmer esou einfach ass, fir Famill, Bildung, Beruff kënnen ënner een Hutt ze kréien, fir déi verschidden Intérête kënnen och am Dagesoflaf esou organiséiert ze kréien, dass do jiddfereen sech erëmfënnt. Duerfir sinn am Laf vun deene leschte Jore vu Gemengen, vum Stat, vun A.s.b.l.en, vun aneren Träger ganz, ganz vill Strukture geschafe ginn: Crèchen, Foyer-scolairen, etc., etc..

Trotzdeem mierkt een, dass d'Demande ëmmer méi grouss ass wéi dat wat un Offer momentan besteet, an do war d'Iddi fir ze kucken, vläicht ouni d'Schafung vu gréissere weideren Infrastrukturen dozou ze kommen, ebe Leit dozou ze bewegen, éischter op aner Leit hir Kanner kënnen opzepassen, och doduerjer hir Kenntnisser an hir Fäegkeeten, déi se vläicht bei der Erzéiung vun deenen eegene Kanner bewisen hunn, kënnen an den Déngscht vun hire Matmënschen ze stellen, als sou genannten Tagesmütter kënnen aktiv ze ginn.

Elo ass et awer esou, dass do momentan kee klore Statut besteet, obschonn eng Rei vun Associatiounen d'Vermëttlung och maachen, an et ass esou, dass am Koalitiounsaccord och d'Iddi opgegraff ginn ass, fir do esou e Statut ze schafe respektiv fir d'Vermëttlung kloer Strukturen anzeféieren, déi souwuel op vläicht kommunaler wéi och regionaler Basis herno kënne funktionéieren, dass deen, deen esou eng Tagesmutter sicht, och weess, wouhin e sech ka wenden, an dass deen, deen als Tagesmutter oder vläicht Tagesvater da wëllt seng Déngschter ubidden, och weess, wou e vläicht eventuell Leit ka fannen, déi esou e Service nofroen.

Ech selwer hat virun enger Rei vu Méint eng Proposition de loi an deem dote Sënn hei déposéiert, an ech wollt d'Madame Familljeministesch froen, wéi wäit et mat hiren Iwwerleeungen do ass am Ministère, wéi wäit hire Projet do momentan ausgeschafft ass, fir ze kucken, ob mer do weiderkommen an deem doten Dossier, well ech der Meenung sinn, dass vill Leit dobaussen dorobber waarden.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. D'Wuert huet elo d'Madame Ministesch zoustänneg fir d'Famill.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Här Meisch fir d'éischt Merci soe fir déi explizit Fro, déi hie gestallt huet. Dann ass et och méi liicht fir heirobber ze äntwerte wéi wann een nëmmen ee Saz kritt an een net richteg weess wat eigentlech soll gefrot ginn.

An deem heite Fall wëll ech soen, dass mer am Fong op zwee Niveauen amgaang sinn ze schaffen. Dat eent ass e Reglement wat mer huelen iwwert d'Maison-relaisen, wou Der eng Kéier och erëmfannt, dass méi liicht Iwwergäng geschafe ginn zu deene bestehenden Infrastrukturen, wat eng Kéier d'Crèchë sinn, wat eng Kéier d'Foyer d'accueile si vun de Schoulkanner, an och ze kucken, wéi wäit kann een nach do zum Beispill Dageseltere géif ech léiwer dofir soen, fir net ëmmer erëm ze soen Dagesmammen, mä Dageseltere mat aschalten. Och zum Beispill am Fall wann e Kand krank gëtt, fir dass een dann net onbedéngt muss soen, ee vun den Eltere muss doheem bleiwe fir sech ëm dat Kand ze këmmeren, mä wéi gesot, dass een do méi eng fléissend Iwwergäng fënnt.

Dat Zweet dat ass, Dir frot wou mer dru si mat deem Projet iwwert d'Dageseltere selwer. Do ass bei eis am Haus dee Projet esou wäit gediehen, dass mer e konnten an de Conseil de Gouvernement ginn, an ech hoffen, dass mer do net ze vill Oppositioun kréien, esou dass ech, ouni allze vill optimistesch ze sinn, awer domadder rechnen, dass mer kënnte virun der grousser Vakanz deen ewell hei an der Chamber déposéieren.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Jacobs. Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 45 vum Här Marc Angel iwwert d'Hëllefsservicer.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Dat sinn ech jo och!

M. le Président.- Jo.

- Question N°45 du 30 mai 2005 de Monsieur Marc Angel relative aux domiciliations de secours, adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm eng Problematik an dësem Land, déi besonnesch an der Stad bemierkbar gëtt, a ganz besonnesch hei zu Bouneweg. Et gëtt ëmmer méi Leit hei an dësem Land, déi keen Dag iwwert dem Kapp hunn, also keng Wunneng hunn. Automatesch hu si keen Domicile, also keng Adress. Wann déi Leit awer den RMG wëlle bezéien, da brauchen si esou eng Adress.

Et gëtt och Noutléisungen, an dat ass zum Beispill hei an der Stad de Foyer Ulysse, an och nach e puer aner Plazen am Land, wou esou Haiser sinn, wou déi Leit dann eng Adress kënne kréie fir hiren RMG ze kréien.

An deem Kontext wollt ech aus der Regierungserklärung een Extrait virliesen, an deem steet: «Le Gouvernement procédera à la réforme de la loi du 28 mai 1897 sur le domicile de secours et l'arrêté royal grand-ducal du 11 décembre 1846 sur la réorganisation et le règlement des bureaux de bienfaisance d'après les principes arrêtés au rapport du 3 juin 2003 qui a été soumis pour approbation aux Ministres de la Famille et de l'Intérieur.»

Wichteg ass och nach ze soen, dass «Il est proposé d'envisager le regroupement des offices sociaux en bureaux régionaux garantissant ainsi une meilleure efficacité.»

Also, do wollt ech d'Madame Ministesch froen, wat da festgehale ginn ass den 3. Juni 2003. Dat soll jo am Ministère de la Famille an am Intérieur aviséiert ginn. An do wollt ech froen, wéini mir vläicht en Avant-projet kënne kréie fir déi Reform vun deene Gesetzer aus dem 19. Jorhonnert.

Ech mengen, déi Iddi vun der Regionaliséierung ass ganz wichteg, well et kann een och net vun all kleng Gemeng verlaangen, datt si en Office social huet, deen esou gutt funktionéiert wéi an deene grousse Gemengen. An ech mengen déi ganz Reform ass och wichteg, well dat de Leit och Rechter gëtt. Bis elo gëtt et eng Obligation morale vun de Gemengen, mä wa mir dat Gesetz reforméieren, kréien déi Leit och Rechter vis-à-vis vun de Gemengen, an ech mengen dat wier eng gutt Saach.

Ech wollt froen, falls et nach e bësse méi laang géif dauere mat der Reform, ob een net eng aner Noutléisung kéint fannen, andeem een iergendeng legal Basis géing schafen, fir dass déi Leit wéi an der Belsch oder an anere Länner eng Adresse de référence an hire Gemenge kréien, an deene Gemengen, wou si opgewuess sinn a wou si scolariséiert gi sinn. Ech mengen, dat wier wichteg, dat géing och deene Leit mat der Regioun, déi si kennen, nees vläicht Kontakt ginn. Dofir wollt ech Iech froen, wou Dir mat deene Projeten dru sidd.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Marie-Josée Jacobs, Ministerin fir d'Famill.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann dem Här Angel leider net esou eng positiv Äntwert gi wéi dem Här Meisch, well dat ee Projet ass, deen enorm komplex ass, a wou een net an esou enger kuerzer Zäit elo eng Äntwert doriwwer fënnt.

Dat, wat am Regierungsprogramm drasteet, hat den Här Angel hei gesot. Ech denken, datt et wichteg ass och ze soen, datt mir do wëllen endlech festleeën, datt déi Leit, déi schlecht dru sinn, fir net ze soen insolvabel sinn, awer och nach d'Recht behalen elo an Zukunft ee Minimum vu Stroum a vun Hëtzt ze kréien.

Et ass en Aarbechtsgrupp, deen agesat gouf vun de Ministères de l'Intérieur a vun der Famille, fir eben iwwert deen Avant-projet, iwwert deen hei Rieds goung, ze schwätzen. Deen ass wéi gesot ganz komplex. Et geet do eng Kéier ëm d'Recht op Sozialhëllef, d'Recht net méi ofzehänke vun engem Office social oder vun engem Aarmebüro, wéi dat heiansdo heescht, mä wéi gesot fir do e richtegt Recht ze schafe mat engem Recours. Et géif och nach doranner bestoen, dass an deem Recht soll festgehal ginn, datt d'Leit sollen informéiert ginn an och administrativ begleet ginn an d'Affiliatioun an d'Sécurité sociale, eng Mise au travail, eventuell och Placementer an Institutiounen an och nach eng ganz Partie vun anere Punkten.

Dat Zweet, dat ass: Wien ass oder wie kann do Bénéficiaire dovunner sinn? Een drëtte Prinzip ass dee vun der Vereinfachung vun den Domiciles de secours; véiertens de Statut vun den Office-socialen; fënneftens och d'Bedeelegung vum Stat; a sechstens de Regroupement vun den Offices sociaux, vun deem den Här Angel elo geschwat huet.

Vu datt mir gesinn, datt dat also vill a komplizéiert Verhandlunge ginn, muss een och elo hei soen, datt als ganz groussen a wichtege Punkt awer och d'Autonomie communale heidra spillt, an datt et och wichteg ass, datt d'Gemenge mat op esou ee Wee ginn. Et ass elo hei gesot ginn, et ass virun allem zu Bouneweg, wou dat méi problematesch ass. Dat ass richteg, well eben do de Foyer Ulysse ass, deem seng Mataarbechter eng Kéier och vun dëser Plaz aus verdéngen, datt een hinne Merci seet fir déi Aarbecht, déi si do maachen. Mä awer och op anere Plazen am Lëtzebuerger Land an anere Gemengen gëtt dat dote gemaach a bestinn esou Infrastrukturen.

Et kann een natierlech ëmmer bedaueren, datt et der net méi sinn. Ech géing och vun dëser Plaz elo fir d'x-te Kéier en Appel maachen och un déi grouss Gemengen, besonnesch am Süden, ze kucken, datt mir méi Infrastrukturen esou zur Verfügung kréien, fir och deene Leit kënnen ze hëllefen.

Dann hu mir awer doriwwer eraus - an dat war och eng aner Fro vum Här Angel - gesot mat dem Intérieur a mat dem Ministère vun den Affaires étrangères a vun der Immigratioun ze kucken, ob et eng Méiglechkeet gëtt op méi engem einfache Wee ze kucken, datt déi Leit op eng Lëscht kënne kommen, datt si awer en Domicile kréien, iwwert dee si da vun enger Rei vun Hëllefe kënne profitéieren, well si iwwerhaapt do kënnen ageschriwwe ginn.

Mir wëssen, datt een den RMG nëmme ka kréien, wann een en Domicile fixe huet. Mir wëssen, datt een op anere Plazen och nëmme kann Hëllefe kréien, wann dat erreecht ass, sou datt mir dat probéieren ze maachen, mä ech denken awer, datt och näischt do ass, wat elo géing d'Gemengen ophalen, wa si wëlle mat op dee Wee goen, datt mir op anere Plaze sou Domicilen oder esou Plaze kënne festleeë fir eben deene Leit déi Méiglechkeet ze ginn, an domadder och ze verhënneren, datt wierklech awer och ze vill eng grouss Mass vu Leit mussen an der Stad sech aschreiwen, wat domadder och zu Problemer féiert do an deem Quartier, wou mir wëssen, datt dee souwisou ewell net einfach ass.

Also, jiddfereen ass niewent eis, déi mir eiser Responsabilitéit selbstverständlech bewosst sinn, do gefuerdert fir ze hëllefen, fir eng Hand mat unzeleeën, fir och déi Leit, déi keng grouss Lobby hunn, ze ënnerstëtzen, an net nëmmen déi, déi am haartste jäizen op der Strooss oder déi am meeschten nogelauschtert kréien. Dofir ass et wahrscheinlech ëmsou méi wichteg, dass awer jiddfereen sech beméit fir ze kucken och fir déi Leit eng digne an uerdentlech Äntwert ze fannen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Fro Nummer fënnef. Mir inversëiere véier a fënnef, well dat d'Ministere besser arrangéiert.

Lo also d'Fro Nummer 47 vun der Madame Lydia Mutsch iwwert d'Generalversammlung vun der UCM. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Ech hu proposéiert ze inversëiere wéinst der Presenz vun de Ministeren.

- Question N°47 du 31 mai 2005 de Madame Lydia Mutsch relative aux mesures décidées dans le cadre de l'assemblée générale de l'UCM en novembre 2004, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 9. November 2004 huet d'Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie eng Rei Mesuren décidéiert, mat der erklärter Absicht fir d'Entwécklung vun de Recetten a vun den Dépensen am Gréff ze behalen, awer och gläichzäiteg fir ee Changement an den Attitüden am Ëmgang mat eisem Gesondheetssystem ze bewierken.

Mengen Informatiounen no läit de Bilan vun de Krankekeese vum Joer 2004 elo vir. Ech wéilt als éischt vum Minister gäre wëssen, wéi dee Bilan ausgesäit a wéi eng Konklusioune senger Meenung no dorauser ze zéie sinn.

Des Weidere sinn déi ugeschwate Mesuren do iwwer een halleft Joer en vigueur, an ech wéilt och wëssen, ob a wéi si gegraff hunn a wéi hir Auswierkungen op d'Finanze vun eise Krankekeese sinn, awer och op d'Verhale vun den eenzelnen Acteuren zum Beispill am Ëmgang mat de Medikamenter - mir haten hei zum Beispill am Kader vun enger anerer Debatt iwwert den Abus vun Antibiotiquen oder anere Medikamenter geschwat -, an och wéi et mat den Efforten ass zum Beispill am Secteur hospitalier, wou jo och Aussoe gemaach gi waren.

Wat mech och géing interesséieren, dat wieren déi éischt Konklusioune vum Comité de pilotage, deen déi dote Mesurë jo sollt begleeden. Ausserdeem wier et och interessant hei gewuer ze ginn, ob de Conseil scientifique seng Aarbechte schonn opgeholl huet, well hie sollt jo ënner anerem Recommandations de bonne pratique médicale ausschaffen.

Ofschléissend wéilt ech och gären de Minister froen, ob hien eis kéint soen, wéi eng Prioritéiten um Krankekeesenniveau fir d'Joer 2006 virgesi sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den Här Gesondheetsminister ass prett fir eng Äntwert; den Här Gesondheetsminister, deen an dësem Fall schwätzt als Minister vun der Sécurité sociale.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir kennt d'Geschicht: Am Oktober ware mir mat engem Defizit vu ronn 100 Milliounen Euro an de Krankekeese konfrontéiert, an an der Generalversammlung vum 9. November, déi d'Madame Mutsch ugeschwat huet, sinn eng Rei vu Mesuren décidéiert ginn, fir den Equilliber vun de Krankekeesen am Joer 2005 erëm hierzestellen.

D'Madame Mutsch huet gefrot, wéi de Bilan fir 2004 ausgesäit. Effektiv läit dee Bilan an der Tëschenzäit vir, an deen ass liicht, awer nëmme liicht méi gënschteg, wéi dat virge-

si war fir 2005. Mir ginn dovunner aus, dass mir mat deene Moossnamen, déi décidéiert gi sinn an déi zum Deel - an dat kann een elo scho soen - gräifen, op dee Bilan kommen, dee mir virausgesinn hunn, dat heescht ee fragilen Equiliber fir d'Joer 2005, wat ganz kloer zur Konklusioun féiert, dass och wann eng Rei vu Moossname gräifen net Entwarnung ka sinn an dass mer d'Entwécklung bei de Krankekeese ganz opmierksam am A musse behalen. Mir mussen, wann Elementer sech weisen, déi net normal sinn, dorop reagéieren.

D'Madame Mutsch huet eng Rei vu konkrete Froe gestallt. De Steiergrupp, deen d'Entwécklung bei de Keese soll dauernd am A behalen, an net nëmmen e puer Woche virun der Generalversammlung, dee fonctionnéiert. Deen ass a ronn 30 Sëtzungen an der Zwëschenzäit zesummekomm fir och d'Strategien ze entwéckelen, wéi mer an Zukunft mat de Krankekeese sollen ëmgoen. Wa gréisser Dossieren do sinn, gëtt dee Steiergrupp erweidert.

De Conseil scientifique, dee soll definéiere wat nëtzlech an noutwenneg am medezinesche Beräich ass, ass iwwer Règlement ministériel geschaf. D'Doktere wäerte bis Mëtt Juni hir Vertrieder eraginn. Dee Conseil scientifique huet awer informell schonn ugefaang mat schaffen, wäert also gutt Praktiken an der Verschreiwung an an der Behandlung vun de Krankheeten opzeechnen an déi, an dat ass wichteg, den Dokteren zoukomme loossen, fir dass se och déi beschtméiglech Praktike kënnen applizéieren.

Eng flott Initiativ war dee gemeinsamen Appell vum Gesondheetsminister zesumme mat den Dokteren, fir och schonn ouni Konklusioune vum Conseil scientifique sech op dat Nëtzlecht an dat Noutwennegt anzeschéissen.

Ganz gutt Aarbechte si geleescht gi bei der Beobachtung vun der Entwécklung vun de Krankmeldungen a mir sinn amgaang dee System ze perfektionéieren. Ech muss lech awer schonn elo soen, dass et, obwuel mer feststellen, dass ganz vill Doktere responsabel ëmginn, mer hei zu Lëtzebuerg konfrontéiert si mat - an ech zécken net fir dat esou auszeschwätzen - enger Minoritéit vu Krankeschäinsautomaten, wou een uewen 29 Euro agehäit a wou ënnen e Krankeschäin erauskënnt. An ech muss lech soen, déi Krankeschäinsautomaten, déi kréien de Stecker erausgezunn, well dat mat Medezin näischt méi ze dinn huet. Esou abusiv Praktiken treffen och beim Gros vun den Dokteren op wéineg Versteesdemech. Et gëtt natierlech och Beispiller, déi een op Assuréssäit ka bréngen.

Bei de Medikamenter, d'Madame Mutsch huet déi Fro gestallt, encouragéieren d'Resultater bei den Antibiotiquen, wou am Joer 2004 vis-à-vis vun 2003 de Konsum ëm 13% erofgaangen ass. Nodeem d'Campagne lancéiert war, am November, ass de Konsum ëm 18% gefall, a wéi se voll gegraff huet, am Dezember, ëm 35%. Dat wëllt net heeschen, dass d'Leit net méi déi Medikamenter kréien, déi se brauchen, mä datt se se nëmmen dann huelen, wa se se brauchen.

Déi nächst Prioritéit ass de Spidolssecteur, deen dynameschsten, dee mer am Juni wäerten ugoen a wou mer mam Secteur eng Rei vu Moossnamen ausgehandelt hunn, déi elo mussen implementéiert ginn.

Konklusioun - Här President, wann ech déi fënnef Sekonnen nach däerf hunn -: Encouragéierend Resultater, mä e ganz fragilen Equiliber, esou dass mer weider en Appell mussen un all Acteure lancéieren, fir am partnerschaftleche Geescht an am Responsabilitéitsgefill deen dote Wee weiderzegoen.

Ech soen Iech en häerzleche Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vun der Madame Viviane Loschetter iwwert d'Enseignants vacataires bei der Uni Lëtzebuerg. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°46 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative aux «enseignants vacataires» décrits dans l'article 39 de la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg, adressée au Ministre de l'Égalité des chances

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Et ass eigentlech eng Fro aus dem Ressort vun der Uni Lëtzebuerg. Ech hat se awer bewosst un d'Chancëgläichheetsministesch gestallt, ebe fir déi horizontal Kompetenze vum Chancëgläichheetsministère ze ënnersträichen. Bon, ech stellen d'Fro, an da sinn ech gespaant wie mir dann drop äntwert.

Et ass esou, datt am Gesetz vun der Uni Lëtzebuerg am Artikel 39 drasteet, datt: «Les enseignants vacataires sont employés à plein temps auprès d'un autre employeur que l'université».

Elo wëssend datt et effektiv eng ganz Rei vu kompetente Frae sinn an och waren, déi eng Rei Coursë gehalen hunn, déi awer op anere Plazen, ënner anerem zum Beispill och zu Léiweng an der Éducateur-gradué-s-Schoul, waren, mä och déi an der Schoulmeeschterausbildung Coursë ginn hunn, déi awer op enger anerer Plaz kee plein temps haten, an déi duerch deen Artikel am Gesetz eben net méi kënnen e Vacataireposten op der Uni Lëtzebuerg huelen, wat natierlech och den Taux vun de Fraen, dee schonn niddereg ass, op der Uni Lëtzebuerg nach erofdréckt, op jidde Fall net encouragéiert.

Dofir meng Fro un d'Chancëgläichheetsministesch, ob si net mengt, mat den horizontale Kompetenzen, déi de Chancëgläichheetsministère jo awer sollt hunn, sprich Mainstreaming, ob do net eppes, wat manifestement net an deem Sënn iwwerluecht gi war, kéint redresséiert ginn. Oder, d'Fro anescht gestallt, wat d'Chancëgläichheetsministesch gedenkt ze maachen, fir dass esou Saachen net méi virkommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Ech denken, dass de Minister zoustänneg fir d'Uni Lëtzebuerg déi horizontal Kompetenz huet, fir hei op d'Fro vun der Madame Loschetter ze äntwerten.

M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- E puer Virbemierkungen, ier dass ech zum Haaptpunkt kommen.

Éischtens, hei geet et ëm e Gesetz, an dat Gesetz ass gestëmmt. Ech ka mech och net erënneren, dass Är Fraktioun, Madame Loschetter, déi Zäit géint dat Gesetz gestëmmt hätt wéinst deem dote Punkt. An och d'Madame Chancëgläichheetsministesch, déi selbstverständlech horizontal Kompetenzen huet, huet awer nach ëmmer Kompetenzen innerhalb vun eisem Rechtsstat. Dat heescht mat allem Engagement, deen se huet, deen ech kennen, ka si net, gradesou wéineg wéi ech, e Gesetz ausser Kraaft setzen. Dat elo mol scho fir d'éischt fir dee Punkt.

Zweetens, wat gewënscht war an deem Gesetz, dat war ganz einfach dat, dass e Vacataire, deen op der Uni ass - där mer der elo iwwregens relativ vill hunn, well mer déi vun der Vergaangenheet matgeholl hunn, an där mer der an der Zukunft och brauchen, well et gëtt der ëmmer manner a mir brauchen och an Zukunft Vacatairen, einfach fir och Leit ze hunn, zum Beispill där, déi am Privatsecteur sinn -, net nëmme soll vun der Uni ofhängeg sinn. Also keng Vacatairen, déi u sech e prekären Aarbechtskontrakt mat der Uni hunn, mä déi an iergendengem, se kënnen och Indépendant sinn iwwregens, déi eben en anere Beruff hu vun deem se liewen an dat heiten zousätzlech maachen. Dat war d'Iddi.

Recht hutt Der, wann Der sot, dass „plein temps" vläicht irreführend ass. Do soen ech awer och, dass et nach ëmmer esou eppes gëtt am Liewe wéi eng Interpretatioun vun de Gesetzer, dee Moment wou se net wéi dinn a wou se konform sinn zu deem wat de Gesetzgeber wollt. Wat eis dozou an der Uni bréngt, wier selbstverständlech dat, de plein temps net op d'Spëtzt ze bréngen, fir ze soen: Du muss 40 Stonne schaffen. Mä ech kann lech och Beispiller gi vu Leit, déi net 40 Stonne schaffen, déi awer Vacataire sinn op der Uni. Dat heescht, mir maachen eng soupel Applikatioun vun deem dote Prinzip. Esou dass déi Suergen, déi Der hutt, déi sinn och an der Praxis gewaart.

Ech hu schonn e puermol hei an dësem Raum gesot, ech profitéieren nach eng Kéier dovu fir ze rappeléieren: Ech menge vill Leit, déi un der Uni interesséiert sinn, ech denken och un de Ben Fayot, deen huet och gesot, mir sollen elo net ufänken, un deem Gesetz do hei an do épluchéieren ze goen. Mir sinn eis eens, dass mer virun Enn vun dëser Legislaturperiod sollen e Bilan zéie vun deem wat d'Gesetz bruecht huet an dann e Rapport do leien hunn, dass direkt déi nächst Regierung, déi nächst Chamber kann dat Gesetz adaptéieren. Woubäi ech mer och kéint virstellen, dass dat doten adaptéiert gëtt, an deem Sënn wéi ech virdru gesot hunn: E Vacataire soll ee sinn, deen net nëmme fir d'Uni schafft, mä deen aner Sources de revenu huet wéi déi vu senge Coursën, déi en op der Uni gëtt.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Madame Minister Jacobs!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances.*- Här President, ech wéilt just ee Wuert dobäi soen, fir déi Fro vun der Madame Loschetter, ob d'Chancëgläichheetsministesch awer kënnt intervenéieren. Ech denken, dass esou wéi an der Vergaangenheet, an och bei aneren Dossieren, wa mer mierken, datt iergendwou eppes ass oder gesot kréien, datt iergendwou Ongläichheete sinn, da kann ee selbstverständlech um Niveau vun deene verschiddene Ministèren de Leit dat soen, well ganz dacks ass dat jo do net gewosst.

Also wann Der esou Saache bemierkt - well da si mir och net déi Éischt, déi dat gesot kréien -, mä wann dat ass, dann ass et kloer, datt mer och probéieren ze hëllefen dat an d'Rei ze kréien, an net datt mer eis dofir net géingen interesséieren. Mä et bleift ëmmer, datt de Ministère an de Minister, deen zoustänneg ass, selbstverständlech d'Responsabilitéit huet. A mat deenen horizontale Kompetenzen huet een net d'Recht fir engem anere virzeschreiwen, wat en ze maachen huet. Mä e ka probéieren, iwwer e gudde Wee an eng gutt Interventioun, awer de Leit ze hëllefen zu hirem Recht ze kommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Déi nächst Fro ass eng Fro vun der Fraktioun vum ADR. Den Här Jaerling wëllt vum Aarbechtsminister Informatioun hunn iwwert d'Ausbezuele vun Entschiedegunge beim Centre national de formation professionnelle continue. Elo ass awer de Minister de Moment net heibannen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Oh, ech mengen, hie weess wat ech mengen.

(Hilarité et interruptions)

M. le Président.- All déi nächst Froen, déi kommen, sinn…

Ah, elo ass den Här Aarbechtsminister erëm do. Dann, Här Jaerling, hutt Dir d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

- Question N°48 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative au paiement des indemnités auprès du Centre national de formation professionnelle continue, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, am CNFPC, dem Centre national de formation professionnelle continue, gëtt et eng Rei Weiderbildungsmesuren, déi mat enger Entschiedegung rémunéréiert ginn. Et ass mer elo zougedroe ginn, dass dës Entschiedegunge länger Zäit net bezuelt goufen an och nëmmen nach solle bis am Heemount dëst Joer bezuelt ginn.

D'Ursaache fir d'net Ausbezuele vun den Entschiedegunge solle bei engem Reglement leien, wat net rechtzäiteg verfaasst an och net publizéiert ginn ass. Des Weideren ass och d'Kompetenzopdeelung tëschent deenen zwee Ministèren net grad förderlich gewiescht, fir dass déi Entschiedegungen am Fong solle rechtzäiteg ausbezuelt ginn. Engersäits ass den Educatiounsministère zoustänneg fir d'Weiderbildung an den Aarbechtsministère fir d'Ausbezuele vun den Entschiedegungen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

En Deel vun den Erwuessenen-Entschiedegunge sollen elo ausbezuelt gi sinn, déi vun de Jugendlechen awer nach net. Wann elo déi Entschiedegunge vum Heemount un net méi bezuelt solle ginn, fannen ech dat einfach schlëmm, et verstéisst och géint déi ugekënnegt Bildungsoffensiv an ass konträr zur ugekënnegter Idee vum lifelong learning. Déi Entschiedegungen haten enger Rei vu Jonken an Erwuessenen den Usporn ginn, fir sech weiderzebilden. Déi Entschiedegunge waren och besonnesch fir Familljen, déi net vill Revenuen hunn an deenen hir Kanner awer nach eng Weiderbildung onbedéngt brauchen, eng substantiell Ënnerstëtzung.

Et kann net sinn, dass dës Entschiedegungen elo aus pure Finanzgrënn ofgeschaaft ginn!

Dofir meng Froen un den Här Aarbechtsminister: Wéisou ass dat Reglement, fir déi Entschiedegunge kënnen auszebezuelen, esou laang net verfaasst ginn a publizéiert ginn, dass do Problemer entstane sinn? Sinn déi ausstehend Entschiedegungen all ausbezuelt? Wann Neen, wéini gi se ausbezuelt? Stëmmt et, dass déi Entschiedegungen ab dem Heemount 2005 net méi sollen ausbezuelt ginn? Wa Jo, kann den Här Aarbechtsminister mer soe firwat? Ass déi finanziell Situatioun vum Stat esou dramatesch, dass elo grad muss bei deene gespuert ginn, déi duerch eng Weiderbildung sollen eng Chance um Aarbechtsmaart kréien?

M. le Président.- Den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, zu dëser Fro hunn ech kee Problem um Fong ze äntwerten, ech hunn awer e Problem mat der Prozedur. An deem Sënn, dass genee dat dote mer gefrot goufen iwwer eng schréftlech Fro vun der Madame Vera Spautz; eng schréftlech Fro vun där ech muss zu menger Schan zouginn, dass mer se net - dat sinn och esou déi Avatarë vun der Présidence - dans les délais utiles schréftlech beäntwert hunn, obwuel d'Madame Spautz meng mëndlech Äntwert krut. Mä schréftlech ass se nach net erakomm. Dat war eng Fro vum 23. Mäerz. Ech ginn Iech elo déi Äntwert.

Ech hunn elo just de Problem, eigentlech misst ech Iech elo dann déi schréftlech Äntwert hei virliesen op Franséisch. Et sief dann Dir géift mech dispenséieren dat virzeliesen, mä dat ass eng Saach, déi sech un d'Madame Spautz adresséiert, vu dass si awer hei Prioritéit huet. Wa se d'accord ass…

Une voix.- …dat Wuert „Heemount" iwwersetzen.

(Hilarité)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, de Juin, dat ass…

M. le Président.- Här Minister, ech géif proposéieren Dir géift…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- An deen nächste Mount ass de Karschnatz - just fir Iech ze informéiere wéi dat weidergeet.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Minister, ech géif da proposéieren Dir géift déi Äntwert a lëtzebuergescher Sprooch ginn. Ech ka mer virstellen, datt d'Madame Spautz och domadder d'accord ass.

Une autre voix.- Mir verstinn och Franséisch.

M. le Président.- Ech sinn dovunner iwwerzeegt.

Mme Vera Spautz *(LSAP).*- Ech sinn domadder d'accord, well ech frou sinn endlech eng Äntwert dann ze kréien. Jo.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dir hat se jo scho mëndlech kritt.

De Problem ass deen, dass mer effektiv hei verschidde Problemer hunn. Deen een ass deen, dass de Fonds pour l'Emploi eng Section spéciale huet fir d'Formation professionnelle, wat Misère mécht an deem Sënn, dass de Fonds pour l'Emploi do ass fir Demandeurs d'emploi ze ënnerstëtzen an d'Formation professionnelle awer nach aner Viséen huet. Dat leeft awer iwwert de Fonds pour l'Emploi mat deem Sënn, dass de Ministère de l'Éducation nationale u sech zoustänneg ass an dat iwwer mäi Ministère muss ausbezuelt ginn. Dat heescht, mir sinn eigentlech just Payeur. Mir hunn näischt mat der Saach ze dinn, mir si just Payeur.

De Problem ass deen, dass mir an eisem Haus, wéi all Haiser, e Contrôleur financier sëtzen hunn, an dass et entgéint deem wat a verschidde Pressenorgane stoung, notamment an där allersatireschst, hei net Beamte vu mengem Haus dergéint ware fir eppes auszebezuelen, mä dass de Contrôleur financier gesot huet, hie kéint dat net méi ausbezuele, an en huet also meng Ënnerschréft réckgängeg gemaach, well keng Base légale, respektiv réglementaire virläit - op dee Punkt kommen ech nach eng Kéier zréck.

Mir hunn du laang verhandelt mam Contrôleur financier, a wéi mer bal eens waren, huet awer dunn d'Direction vum Contrôle financier gesot, dass se dat net kéint akzeptéieren.

Ech hunn dunn dat gemaach, wat ech net gäre maachen, mä ech soen dat dann direkt dem Här Grethen, da weess hie Bescheed, dass hie mech elo deemnächst convoquéiert, ech hunn dunn e „passer outre" gemaach, wat mer natierlech dann direkt d'Foudren unzéie kann vun der Comexbu a vun der Cour des Comptes. Ech sinn also absolut bereet, fir och déi Affär an d'Comexbu erklären ze kommen, well ech mengen do eng Partie Argumenter ze hunn, fir mäi „passer outre" ze erklären.

De Problem ass, dass déi Indemnités de formation schonn an deene vergaangene Joren ausbezuelt goufen ouni Base légale. Ech hunn du selwer nach d'Initiativ geholl an der viregter Regierung - d'Madame Brasseur weess sech drun ze erënneren - am PAN-3-Gesetz, wat mer am Joer 2003 gestëmmt hunn, fir eng Base légale ze schafen. Elo kënne mer endlech dat bezuelen, mir hunn d'Base légale. Mir hunn awer nach keng Base réglementaire.

Mir haten an enger éischter Phas e Projet de règlement ausgeschafft, deen awer och vum Statsrot negativ aviséiert gouf, an zënterhier hu mer nach eng ganz Partie Iwwerleeunge gemaach, déi mer och elo vläicht an der Debatt uginn, nämlech déi vum Problem vun der Employabilitéit vun de Leit, well ee vun de Problemer deen ass, dass wa mer Demandeur d'emploi denken, dass et do net drëm geet fir Leit ze beschäftegen einfach esou an enger Formatioun, mä dass et drëm geet duerch déi Formatioun se op eng Schaff ze kréien.

D'Formation professionnelle kann awer aner Viséeën hunn, an dat ass e bësselchen dee Punkt, dee mer hei hunn, den Ënnerscheed ze maachen, tëschent deem wat d'Formation professionnelle mécht an tëschent deem wat de Fonds pour l'Emploi ka maachen, well de Fonds pour l'Emploi, dee muss d'Leit kënnen op d'Aarbechtsplaz bréngen.

Dofir hu mir eng Partie Problemer och gehat mat verschidden Associatiounen, déi natierlech wollte Leit ausbilden, ouni dass déi elo direkt géifen op eng Schaff kommen, wat d'Schwieregkeet mat sech brëngt, dass een nëmme Sue ka kréie vum Fonds pour l'Emploi wann een Demandeur d'emploi ass. Da wa mer se zwéngen, sech als Demandeur d'emploi anzeschreiwen, da setze mer eise Chômage artificiel an d'Luucht, well déi Leit awer vläicht net onbedéngt - ech denken do si ganz vill Fraen nämlech och dobäi - wëlle schaffe goen, mä si wëllen awer weidergebilt gi fir vläicht spéiderhin eng Kéier dat ze maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat sinn also déi Punkten, déi mer elo amgaange sinn ze léisen a mir hunn do en Aarbechtsgrupp agesat zwëschent dem Ministère vun der Éducation nationale an dem Ministère du travail. Mäi „passer outre" leeft elo bis de 15. Juli, dat heescht sämtlech Leit…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, passez outre!

(Hilarité)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wëll lech just soen, Här President, dass ech annerhallef Minutt virdru gespuert hunn. Ech hat alt gemengt ech kéint kompenséieren,…

(Hilarité)

…mä Dir sidd nach an deem ale Regime vun der Schoul, bei lech gëtt et kee Kompenséieren. J'en prends acte.

Also nach eng Kéier, ech hunn e „passer outre" gemaach. D'Leit kréien dat ausbezuelt bis de 15. Juli. Bis dohinner hu mer nei Proposen um Dësch leien, an da wäerte mer och mam Contrôle financier wahrscheinlech en Accord fannen, fir dat doten auszebezuelen.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech ginn lech awer nach déi schréftlech Äntwert op der Madame Spautz hir Fro.

M. le Président.- Très bien. Déi nächst Fro ass déi vun dem Här Aly Jaerling iwwert d'Indemnité de réemploi, och un den Aarbechtsminister. Här Jaerling!

- Question N°50 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative à l'indemnité de réemploi, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, wann eng Persoun, déi bei der ADEM ageschriwwen ass, eng Plaz unhëlt oder eng Persoun, déi entlooss gëtt, eng Plaz unhëlt, wou se manner verdéngt wéi op hirer urspréngleche Plaz, dann huet se Urecht op en Ausgläich vun der ADEM, op d'Indemnité de réemploi.

Et gëtt Leit, déi eng Plaz unhuelen, souguer a Beschäftegungsmesuren, fir net doheem ze vergadderen an déi meeschtens de Mindestloun kréien an dofir op déi Indemnitéit ugewise sinn. Mir solle frou sinn, wann nach Leit bereet sinn dee Schrëtt ze maachen, an dofir sollte mer och dofir suergen, datt se dat wat se zegutt hunn och an engem räsonnabelen Délai kréien. Leider ass et awer esou, datt d'Ausbezuele vun där Indemnité de réemploi alt bis zu fënnef Méint hannendran ass, well anscheinend d'Servicer iwwerlaascht sinn.

Dofir meng Froen un den Här Aarbechtsminister: Ass d'Ausbezuele vun der Indemnité de réemploi duerch d'Iwwerlaaschtung vun de Servicer e Problem? Wa Jo, wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, datt d'Leit hir Suen an engem vernünftegen Délai zougestane kréien, an zwar wéi versprach all Mount? Oder gëtt et aner Ursaachen, wuerfir déi Indemnitéit net rechtzäiteg ausbezuelt gëtt?

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet nach eng Kéier an eng leschte Kéier den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, den Här Jaerling stellt mer eng Fro iwwert d'Regelméissegkeet vum Ausbezuele vun der Indemnité de réemploi. Dat ass richteg, ech kréien doséinst och regelméisseg Bréiwer. Ech hunn dofir och nach eng Kéier ganz kierzlech d'Direktioun vun der ADEM drop opmierksam gemaach - well dat leeft iwwert d'ADEM - mer ze soen, wuerfir et verschidde Mol méi laang dauert. Dat hänkt wierklech vun den Dossieren of.

Et ass selbstverständlech esou, dass mer ganz vill Dossieren hu vun där Aide de réemploi, et ass eng immens wichteg Moossnam fir Leit ze incitéiere schaffen ze goen, well mer oft de Problem hunn, a mir komme vläicht herno an der Debatt erëm drop zréck, dass och Leit net ëmmer, och Demandeurs d'emploi, interesséiert si schaffen ze goen, well se soen: „Ma eigentlech fir déi puer Suen! Elo maachen ech näischt an ech kréie Suen, a wann ech da Sue kréien, dat Wéinegt wat ech méi kréien - oder heiansdo kréien ech manner, dofir ginn ech net." Dofir ass d'Aide de réemploi eng vun eisen am meeschten efficacë Mesuren. An dofir wiisst déi Zuel och steeteg vun den Indemnités de réemploi.

Dat huet eppes heiansdo domat ze dinn, wéini d'Dossieren erageréecht ginn; et huet och eppes domat ze dinn - dat ginn ech ganz gären zou an hoffen dann, dass d'Chamber mer Ënnerstëtzung gëtt an der nächster Debatt -, dass mer vläicht méi Leit - an dofir stinn ech awer an - méi Leit drop gesat hu fir den Demandeurs d'emploi ze hëllefen, wat mol nach net ëmmer duergeet, well ech nach regelméisseg Reklamatioune kréien. Nach haut hunn ech zwee Bréiwer kritt vun Demandeurs d'emploi, déi mer gesot hunn, si hätten eigentlech ni eng Assignatioun kritt. Gutt, dat ass net ëmmer richteg, wat d'Leit schreiwen, mä ech ginn deem awer ëmmer no. Mir hunn also versicht an der ADEM haaptsächlech d'Leit drop ze setzen, fir ze kucken dass mer deene Leit, déi eng Schaff sichen, kënnen hëllefen. Dofir kann dat Retardë kréien. Ech wäert mech mat der Direktioun vun der ADEM zesummesetzen, fir dat ze maachen.

An där schréftlecher Fro, déi den Här Jaerling eraginn hat, huet e geschriwwen, ob gewënscht wär - ech wëll dorop agoen, well et schréftlech war an doduerjer un d'Press gaangen ass -, ob geduecht fir déi Aide de réemploi ofzeschafen. Dat steet an Ärer schréftlecher Fro dran.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen, dat war meng Fro vu virdrun.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ah, okay! Dann äntwerten ech nach eng Kéier op déi Fro vu virdrun, ech kompenséieren erëm eng Kéier d'Zäit: Also dat ass Quatsch.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann eng lescht Fro, déi vun der Madame Loschetter iwwert d'Aarbechtszäit. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°49 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à la proposition de directive concernant l'aménagement du temps de travail, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Jo, ech hunn eng Fro iwwert d'Aarbechtszäitdirektiv, dat heescht Aménagement du temps de travail. Et ass ee vun de wichtegste sozialpolitesche Dossieren, déi mer elo hei an der Présidence hunn.

Et ass och esou, datt eisen Aarbechtsminister am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence muss mat enger gewëssener Diplomatie un deen Dossier do erugoen. D'nächst Woch ass de Sozialsommet, wou ënner anerem och iwwert déi Aarbechtszäitdirektiv geschwat gëtt, an dofir wollt ech am Fong geholl profitéieren, fir haut am Kader vun der Chamber awer och eise Lëtzebuerger Aarbechtsminister ze froen, wéi dann d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung an deem Dossier ass.

An zwar wollt ech méi prezis wësse wéi wäit déi Lëtzebuerger Regierung zum „opt-out" steet; wat de Lëtzebuerger Aarbechtsminister d'nächst Woch um Sozialsommet wäert vertrieden; ob d'Lëtzebuerger Regierung dem Vote vum Europaparlament kann nogoen, oder wat fir eng Kompromësser d'Lëtzebuerger Regierung wäert maachen.

Zu därselwechter Direktiv wollt ech am Fong geholl och d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung wëssen zum Temps de garde. Et ass e bëssen onkloer fir eis, an dofir wollt ech déi Saach hei och nach ënnersträichen, a wär frou, wann den Aarbechtsminister eis eng Äntwert kéint ginn, well zu engem gewëssene Moment am Europaparlament zwee vun dräi Europadeputéierte vun der CSV - d'Madame Lulling an d'Madame Hennicot - an engem kruzialen Amendement géint d'Urechnung vum Temps de garde als Aarbechtszäit gestëmmt hunn, den Här Spautz awer net. Si hunn zwar herno fir de gesamte Bericht gestëmmt.

Dofir wollt ech am Fong geholl froen, wat d'Positioun ass. Sinn se do ëmmer enger Meenung? Gëtt do eng eenzeg Positioun vertrueden, a wat seet den Aarbechtsminister d'nächst Woch am Sozialsommet zu der Urechnung vum Temps de garde?

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den Här François Biltgen, Aarbechtsminister, huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, Här President, ech stelle mat Bestierzung fest, dass meng regelméisseg Efforten, zënter dass ech Minister sinn, fir an d'Kommissiounen ze goen an d'Kommissioune regelméisseg iwwert d'europäesch Dossieren ze ënnerhalen, einfach onfruchtbar sinn. Well ech nämlech dat doten elo, ech weess net wéi oft schonn, an der Aarbechtskommissioun en long et en large explizéiert hunn.

Mir sinn nämlech eis och eens gewiescht, dass ech den nächste Méindeg, 6. Juni, um 16 Auer zréckkomme fir lech ze soen, wat do erauskënnt.

Une voix.- Dann ass et scho gelaf, Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, mä ech hu virdrun alles an der Kommissioun gesot.

Elo kommen natierlech eng Partie nei Momenter. Jo mä, wann Dir e bëssen Zeitunge gelies hätt, géift Der déi nei Momenter kennen, mä da soen ech lech, wat an den Zeitunge steet.

Här President, ech brauch e bësse méi laang Zäit hei!

De Problem ass deen, et muss een nämlech wësse wéi eng Direktiv et ass. D'Aarbechtszäitdirektiv ass ee vun deene kruziale Punkte vum sozialen Europa, an do brauch een e bësselche méi Zäit wéi elo just hei sou aus der Hëft ze schéissen.

Also d'Aarbechtszäitdirektiv ass aus dem Joer 1994. An där Aarbechtszäitdirektiv ass virgesinn, dass d'Referenzperiod véier Méint ass, a während enger Referenzperiod vu véier Méint ee ka maximal 48 Stonne schaffen. Dat steet 1995 dran, allerdéngs steet 1995 dran, dass ee kann en „opt-out" maache vun där 48-Stonne-Woch.

„Opt-out", dat wëllt soen, de Patron an de Salarié kënnen eens ginn, fir méi laang ze schaffe wéi 48 Stonnen an der Woch. Dat war deemools geduecht fir d'Engländer. Allerdéngs steet an der Direktiv selwer «un État membre», an dat ka jiddferee sinn. Dat ass dat, wat elo Misère mécht, well notamment vun deenen neie Memberlänner eng Partie wëllen op deen „opt-out" goen.

Ech kommen nach eng Kéier op d'48-Stonne-Woch zréck. 48 Stonnen, dat wëllt net soen, dass keng Iwwerstonne méiglech sinn. Och no der Direktiv vun 1995 kann ee bis zu 72 Stonne schaffe pro Woch, virausgesat et kompenséiert een innerhalb vu véier Méint fir op 48 Stonnen zréckzekommen an der Referenzperiod.

An där Direktiv vun 1995, 1994 besser gesot - et ass 1994 - stoung awer och, dass d'Kommissioun misst e Rapport maachen iwwert den „opt-out" no zéng Joer. Dee Rapport huet d'Kommissioun gemaach, an an deem Rapport huet d'Kommissioun festgehalen, dass den „opt-out" net soll ofgeschaaft ginn, mä dass den „opt-out" soll verlängert ginn. Dat ass ee vun de Sträitpunkten tëschent de Sozialpartner, awer och tëschent de Länner, dass den „opt-out" soll verlängert ginn. Et muss een och wëssen, dass entre-temps déi Arrêtë SIMAP/Jaeger waren. D'Arrêts SIMAP/Jaeger, déi sech un…

Jo, wann et lech net interesséiert, dann…

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt just d'Positioun vun der Regierung hunn, wa se d'nächste Kéier op de Sommet geet. Et ass jo léif, dass Dir eis dat erklärt, mä Dir äntwert net op meng Fro.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also, elo wëll ech lech mol soen, ech weess éischtens näischt vun engem Sommet. Ech kennen näischt vun engem Sommet. Wann ech Zäit hunn, géif ech lech vläicht gären erklären ëm wat et geet. Well e Sommet gëtt et net, also ech kenne kee Sommet, wou ech elo misst goen.

Ech hunn allerdéngs iwwermar, an dofir sinn ech och ganz interesséiert, wann ech hei schwätzen, de Sozialministerrot, wou dee Punkt um Ordre du jour ass, an dat hunn ech lech d'leschte Kéier an der Kommissioun erkläert. Dofir hunn ech lech gesot, dass ech géif de 6., den nächste Méindeg, bei lech komme fir ze soen, wat erauskomm ass.

Ech erklären lech elo nach eng Kéier d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung, wéi ech se d'leschte Kéier an der Kommissioun erkläert hunn. Mä dofir brauch ech awer e bëssen Zäit. Well ech mengen, dass Dir net alles verstanen hutt.

Mä nach eng Kéier also, zënterhier sinn d'Arrêtë SIMAP/Jaeger komm.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Jo, lauschtert, de Minister ass amgaangen hei eng Fro ze erklären, déi ganz wäit gestreet ass. Entweder si mer elo d'accord, datt en dat a Rou mécht, an da lauschtere mer no, oder awer wann alles erkläert ass, da brauch de Minister dat net nach eng Kéier hei ze erklären.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also, et muss een einfach wëssen, dass och zum Beispill a Frankräich déi Aarbechtszäitdirektiv een Element ënner ville war - well et war net nëmmen d'sozial Europa a Frankräich wat virstoung, et waren och ganz aner Saachen -, mä am sozialen Europa war d'Aarbechtszäitdirektiv ee vun de kruziale Punkten. Dofir wann ech scho mierken, dass an der Kommissioun net alles verstane gëtt, wat ech gesot hunn, da sinn ech frou et elo hei nach eng Kéier ze erklären, well et ass wierklech e politesche Problem, dee wichteg ass.

Also, mir hunn engersäits den „opt-out"-Problem an dann hu mer SIMAP/Jaeger. Do huet d'Cour de Justice gesot, entgéint deem wéi d'Länner et normalerweis virdru gemaach hunn, dass solle Perioden, wou en Dokter, eng Infirmière oder soss Gesondheetspersonal am Spidol sinn, awer net schaffen, dass déi net méi sollen als Aarbechtszäitperiod considéréiert ginn, mä als Roueperiod. Déi Arrêts SIMAP/Jaeger waren en zweet Element.

D'Kommissioun huet dunn déi zwou Saachen, an dat fannen ech richteg esou, matenee verknäppt, fir ze soen: Gutt, mat SIMAP/Jaeger komme mer de Länner entgéint, a mir soen déi Aarbechtszäit, déi Period wou d'Leit am Spidol schlofen oder wat och ëmmer, an

net schaffen, déi zielt net als Aarbechtszäitperiod, mä en contrepartie gi mer méi streng mam „opt-out“.

Déi Diskussioun, déi hate mer elo während ville Joren a Méint, wat mer domadder maachen, woubäi et natierlech zwee grouss Campë gëtt.

Et gëtt engersäits dee Camp, zu deem och Lëtzebuerg traditionell gehéiert, dee seet: „opt-out“, dat ass eng Häresie par rapport zum Aarbechtsrecht. Et muss ee wëssen, d'Aarbechtsrecht huet u sech ugefaangen, andeem ee gesot huet, et kann net sinn, dass den Employeur mam Salarié eens gëtt, well et ass een dee Staarken een dee Schwaachen an de Salarié ass dee Schwaachen, also musse mer dee schützen. Mam „opt-out“, dass kënnen den Employeur an de Salarié eens gi fir méi wéi 48 Stonnen an der Moyenne ze schaffen, dat ass an deem Sënn eng Häresie. Et gëtt dee Camp, deen huet eng gewësse Minoritéit, an et gëtt deen anere Camp, dee seet Fräiheet, „freedom of choice“, wéi d'Engländer dat nennen, du muss kënne bereet sinn ze schaffe wéi s de wëlls.

Eist Argument war ëmmer dat fir ze soen, majo hei ass d'Base légale „Sécurité&Santé“. Ech ginn ëmmer als Beispill de Fait, dass ech mer natierlech ka virstellen, dass ee mat 25 Joer vun der Uni kënnt an da bereet ass, bis 35 Joer 80 Stonnen d'Woch ze schaffen a keng Vakanz ze maachen. Entweder huet en da mat 35 Joer esou vill verdéngt, dass e kann an d'Karibik fuere bis zum Rescht vu sengem Liewen, oder - an dat ass leider méi oft fir mech de Fall - e schafft an engem Secteur wou en net dat verdéngt an ass mat 35 Joer gesondheetlech esou ugeschloen, dass en dann herno eng Belaaschtung gëtt fir eis Gesondheetssystemer. An ee vun deene wichtegsten Elementer am Lissabon-Prozess ass jo just, de Gesondheetssystem an d'Sozialsystemer laangfristeg ofzesécheren.

Zënterhier hu mer Blocage. D'Hollänner hate versicht während hirer ganzer Présidence erauszekommen. Dat hat ech, mengen ech, och schonn hei an der Chamber, souguer och öffentlech an der Chamber gesot, net nëmmen an der Kommissioun. Déi haten e Virschlag gemaach, deen awer du vun alle Säite refuséiert ginn ass, notamment vun der Kommissioun.

Et muss een nämlech d'Prozedur kenne wéi et geet. D'Prozedur ass déi, dass d'Kommissioun um laangen Hiewel sëtzt. Mä mär hunn hei Codécision. Wat heescht dat? De Conseil an d'Parlament mussen eens ginn. Am Parlament geet et duer eng Majorité relative ze hunn, also eng Majoritéit vu 50%. Am Conseil muss een entweder eng Majorité qualifiée hunn oder, wann ee wëllt géint eng Propos goe vun der Kommissioun respektiv déi d'Kommissioun net matdréit, muss een eng Unanimitéit hunn.

Mat enger knapper Majoritéit, 53 géint 47%, ass d'Kommissioun ganz wäit gaang am „opt-out“, an deem Sënn dass se gesot huet, no dräi Joer gëtt et keen „opt-out“ méi. Dat ass also eng Positioun, déi ganz däitlech an deem Sënn ass vun deene Länner, déi éischter déi sozial Approche hunn, a ganz däitlech vun Ufank un - an do gouf et vill Deklaratiounen, déi Der konnt, wann Der lech e bëssen d'Méi gemaach hutt, an den Zeitungen, an der Tëlee a sou weider noliesen - vum Tony Blair a Konsorten, fir ze soen, dat kënnt fir eis iwwerhaapt net a Fro, dass den „opt-out“ ofgeschaf gëtt.

Elo läit de Ball erëm zréck, nach net direkt beim Conseil, mä fir d'éischt bei der Kommissioun, well d'Kommissioun muss sech ëmmer prononcéiere par rapport zu den Amendementer vum Europaparlament. D'Kommissioun muss da soen, entweder ech akzeptéieren dat Amendement oder ech akzeptéieren dat Amendement net. Wann d'Kommissioun en Amendement net akzeptéiert an de Conseil wëllt doriwwer ewechgoen an eng Positioun huele wou en dem Europaparlament Recht gëtt, muss en eng Unanimitéit hunn.

Elo muss een natierlech wëssen, dass dat onméiglech ass an deenen heite Froen, wa mer wëlle weiderkommen nëmme mat enger Majoritéit. Och déi ass schwiereg, well op deenen zwou Säite Minorité-deblocagë sinn.

De Problem ass also elo deen: Wat mécht d'Kommissioun? D'Kommissioun huet haut de Mëtten, wéi Der dat vläicht matkritt hutt, eng nei Propos op den Dësch geluecht an d'Kommissioun seet notamment fir den „opt-out“, dass no dräi Joer Schluss ass an dass awer kënne Länner, déi wierklech Schwieregkeeten hunn dat ëmzesetzen, eng Derogatioun bei der Kommissioun froen. Déi Propos ass elo eréischt de Mëtte just erauskomm. Déi Propositioun, do muss ech elo héiere wat en Donneschdeg d'Leit dozou soen.

D'Zil vun der Lëtzebuerger Présidence ass éischtens, e Kompromëss ze fannen, well wa mir en Accord politique an éischter Lecture hunn ënner Lëtzebuerger Présidence, da geet nämlech de Ball zréck bei d'Europaparlament an da kann d'Europaparlament erëm eng Kéier weiderschaffen un deem Dossier.

Wa keng éischt Lecture ofgeschloss gëtt ënner Lëtzebuerger Présidence, ass et net gesot, dass iwwerhaapt eppes duerno geschitt mat där Fro dass dann den „opt-out“ géif weiderfueren. Dat ass elo e bësselchen de Punkt. Selbstverständlech hätt ech gär esou e gutt wéi méigleche Kompromëss. Dat gëtt eis ganz Diskussioun, déi mer en Donneschdeg do féieren. Dofir ass et elo wichteg ze wëssen, wat déi eenzel Länner soen. Et muss een natierlech wëssen, dass d'Saach net méi einfach ginn ass doduerch dass d'Englänner Wahlen haten, quitte dass ech mat deemselwechte Minister do nach ze dinn hu wéi virdrun.

A Frankräich wësst Der wéi de Referendum ausgaangen ass. Dat stäerkt d'Positioun vu Frankräich an deem doten Dossier net. An ech weess och nach net - ech hu just héieren, dass en neie Premier do ass -, ech sinn nach net gewuer ginn, obwuel ech versicht hat et gewuer ze ginn, mä dat sinn ech iwwert d'Press bis elo nach net gewuer ginn, ob mäi Kolleeg nach ëmmer mäi Kolleeg ass.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Esou, Här Biltgen, Dir musst awer elo zum Schluss kommen. Dir hutt eis hei wierklech ganz...

(Interruptions diverses et hilarité)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, gutt, Här President, da maache mer eng Kéier en Débat d'actualité iwwert...

M. le Président.- Jo, Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wär souwisou ganz frou, also ech hu kee Problem fir net nëmmen an der Kommissioun ze schwätzen iwwer europäesch Dossieren, mä och am Plenum, well ech mengen, dass ee vun de Problemer mat dem Versteesdemech par rapport zur Europapolitik deen ass, dass mer net genuch iwwer Europapolitik schwätzen. Mä si ass just heiansdo méi komplex fir dass ee se kann an zwou Minutten ofhaken.

M. le Président.- Jo. Mä dofir hunn ech lech och zéng Minutte ginn an dofir soen ech lech och elo Merci, dass Der dat esou explizit behandelt hutt.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt awer eigentlech soen, ech hunn dat matkritt, d'Madame Loschetter wollt am Fong awer och wëssen, wat da genau d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ass an deem ganzen Dossier.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Jo, dat war d'Fro.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Mir hunn hei elo e klengen Exposé gehale kritt wat d'Positioun ass vu ganz Europa. Mä wa mer an Zukunft wëllen de Subsidiaritéitsprinzip am nationale Parlament eescht huelen, da musse mer zu allen Dossiere wëssen,…

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- …wat d'Lëtzebuerger Regierung wëlles huet ze vertrieden. Dat hu mer net gesot kritt.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Genau dat! Genau.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also et muss een emol éischtens den Ënnerscheed maachen tëschent deem, wat d'Lëtzebuerger Regierung wëllt, an tëschent deem, wat d'Lëtzebuerger Présidence muss maachen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Majo, wat ass dat dann?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung hunn ech awer op d'mannst zéngmol a verschiddenen Instanze vun der Chamber gesot! Mir si géint den…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dann hätt Der se nach eng Kéier hei solle soen! Dat war d'Fro vun eis. Wann dat esou ass.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- D'Fro, Här Bausch, déi d'Leit dobaussen interesséiert, dat ass net wat d'ursprünglech Positioun vun der Regierung ass, mä dat ass wat herno erauskënnt!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Well wann d'Lëtzebuerger Regierung déck an d'Flilleke klappt an herno bleift den „opt-out“ bestoen, dann hu mer e Problem mam sozialen Europa! An et geet der Lëtzebuerger Présidence drëm fir hei en uerdentlechen Dossier ze maachen!

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President!

M. le Président.- Den Här Bausch nach eng Kéier ganz kuerz an da gëtt déi Fro hei ofgeschloss!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech muss lech soen, wann hei eng Deputéiert vun enger Fraktioun eng Fro stellt, eng ganz prezis Fro stellt, nämlech - an egal wat fir engem Dossier datt dat ass - wat d'Positioun ass vun der Lëtzebuerger Regierung zu engem Dossier x, da mengen ech, datt et normal wär, datt et net um Minister wär ze jugéieren, wat hie mengt wat elo wichteg ass wat een dorop sollt eventuell äntwerten, mä datt e soll prezis op d'Fro äntwerte vun der Deputéiert. Dat schéngt mir awer eng Evidenz ze sinn!

M. le Président.- Ech plädéieren dat zanter Méint hei!

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Maja! Merci, Här President.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wëll nach eng Kéier soen, dass Der lech wierklech d'Saach einfach maacht mat deem doten Dossier, deen e wichtegen ass vum sozialen Europa.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Mä mir hunn näischt gesot! Mir hu just hei…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mä mir sinn an enger Présidence! An d'Lëtzebuerger Présidence muss kucken, dass mer uerdentlech erauskommen!

(Brouhaha général)

Une voix.- Majo! Dat hu mer jo gesot!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen! Dat hutt Der visiblement net gesot!

M. le Président.- Sou, ech mengen elo wär et Zäit, dass mer déi Debatt definitiv ofschléissen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dir hutt hei versicht, Demagogie ze maachen!

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Ech soen dem Här Minister Merci a mir hunn domat dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss, d'Heure de questions. Mir kommen dann zu der Modifikatioun vun eisem Ordre du jour, déi mer haut de Mëtteg décidéiert hunn.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Wann Der lech alleguer berouegt hutt, da komme mer zur Motioun vun der…

(Interruption)

…honorabeler Madame Anne Brasseur, déi hei an enger Motioun freet, dass d'Ministesch vun der Éducation nationale soll hir Positioun betreffend d'Hausaufgaben iwwerdenken an eng large Diskussioun mat dem Milieu concerné soll organiséieren.

D'Madame Brasseur huet als Auteur vun der Motioun fënnef Minutten Zäit, an déi aner Fraktiounen alleguerten hu jiddereng fënnef Minutten Zäit fir zu der Motioun ze schwätzen, iwwregens och d'DP-Fraktioun. Voilà, Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

5. Motion de Madame Anne Brasseur relative aux devoirs à domicile

Mme Anne Brasseur *(DP), auteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Chamber Merci soen, dass se mat der Modifikatioun vum Ordre du jour d'accord war, fir dass mer haut kënnen, wann och nëmme kuerz, awer wéinstens Stellung huelen…

M. le Président.- Entschëllegt nach, Madame Brasseur, der Uerdnung halber. D'Motioun ass nach ëmmer nëmmen ënnerschriwwe vun lech. Ass se iwwerhaapt gedroe vu fënnef Leit heibannen?

Plusieurs voix.- Oh jo, jo!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dann ass et an der Rei. Dann ass d'Motioun recevabel an och d'Diskussioun. D'Madame Brasseur huet d'Wuert. Madame Brasseur!

Mme Anne Brasseur *(DP), auteur.*- Nach eng Kéier Merci, Här President.

(Interruptions)

Une voix.- Schhhhhh!

Mme Anne Brasseur *(DP), auteur.*- Der Chamber also Merci fir dass mer d'Méiglechkeet hunn haut iwwert déi Motioun ze debattéieren, well d'Ausso vun der Madame Educatiounsminister Mady Delvaux am Ufank vun hirem Mandat, si wier am Fong géint d'Hausaufgaben, huet fir ganz vill Opreegung gesuergt.

Si huet zwar déi Ausso, déi se an engem Interview gemaach huet, duerno relativéiert, mä ech muss awer soen, dass, wéi d'Circulaire de printemps erauskoum, eng Circulaire, déi sech un d'Enseignantë wennt an un d'Gemenge fir d'Schoulorganisatioun fir déi nächst Rentrée, dunn d'Onsécherheet an de concernéierte Milieuë vill, vill méi grouss ginn ass, wat wierklech net gutt ass. Dat ass net gutt! Dat féiert zu Onsécherheet bei de Schüler selwer, bei den Elteren an och bei den Enseignanten!

Et ass an onsen Aen ongesond, wann e Kand bei enger Léierin, déi Hausaufgaben an der Klass gëtt, op eemol seet: Meng Mamm huet gesot, d'Hausaufgabe wiere verbueden, mir brauche keng ze maachen. Et ass och ongesond, Här President, wann d'Léierpersonal ugeruff gëtt vun Elteren an da gëtt gefrot: Vu wéini u sinn dann d'Hausaufgabe verbueden? Et ass des Weideren ongesond, wann Eltere bei den Enseignanten intervenéieren a soen: Ma haalt lech dach net un déi Instruktioune vum Minister!

An et ass net gutt wa verschidden Enseignanten driwwer nodenken, wéi se da laanscht déi Circulaire kommen. All dat ass wierklech net gutt fir d'Schoul an also ass et och net gutt fir d'Kanner. Dat also zu der Form.

Wat de Fong awer ubelaangt vun der Problematik vun den Hausaufgaben, esou wëll ech ënnersträichen, dass an onsen Aen d'Approche vun der Madame Minister net déi richteg ass, an dass, och wann et sech haaptsächlech hei ëm kleng Kanner handelt, besonnesch bei deene klenge Kanner d'Hausaufgaben e wichtege Rôle spillen. Den Apprentissage huet nämlech nëmmen Erfolleg, wann een d'Matière fir d'éischt erklärt kritt, se da léiert ze applizéieren an dann übt, an nach eng Kéier übt, an nach eng Kéier übt. An dat kann net nëmme während der Schoulzäit geschéien.

Selbstverständlech mussen d'Kanner vu klengem un dru gewinnt ginn, hir Hausaufgabe selwer ze maachen a selwer ze üben. Mä dat sollen se effektiv vu klengem u léieren, vum éischte Schouljoer un. Ze soen, d'Kanner sollen, wa se am éischten an am zweete Schouljoer sinn, doheem näischt schreiwe mussen, dat ass ganz falsch! Well éischtens sinn d'Kanner an deem Alter nach schrecklech frou dat kënnen ze weisen, wat se geléiert hunn, zweetens ass et enorm wichteg, dass d'Kanner an deem Alter hir Feinmotorik üben, an dat kann eben nëmme geschéien andeem ee ganz vill Übungen och doheem mécht.

Des Weideren ass et esou, dass kleng Kanner, déi nach gären Hausaufgabe maachen, domat d'Elteren och méi abannen andeem se voller Stolz den Elteren dat weisen, wat se bis dohinner geléiert hunn.

D'Léierpersonal muss an onsen Aen och d'Méiglechkeet kréien, an déi meescht hunn dat jo awer elo op eng ganz gutt a verstänneg Aart a Weis gemaach, d'Hausaufgaben un déi reell Besoinë vun de Kanner vun der Klass unzepassen, an dat variéiert vun Dag zu Dag. Dat variéiert vun de Matièren. Dat kann een net virschreiwen!

Dofir si mer der Meenung, dass et net gutt ass, dass ee prezis Virschréfte mécht, wéini ee wellech Hausaufgaben däerf ginn. Well soss komme mer zu där Situatioun, dass en Enseignant sech méi muss ëm d'Virschréfte këmmeren, wéi ëm de pedagogesche Sënn vun den Hausaufgaben, an dann hu mer wierklech en Déséquilibre geschaaft.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Kanner solle bei den Hausaufgaben Ënnerstëtzung kréien, an dofir froe mer an der Motioun, dass d'Gemenge sollen d'Hausaufgabenhëllefen, déi elo schonn deelweis bestinn, ausbauen.

Ech hunn eng Fro dozou. Et gëtt eng Partie Gemengen, déi hu schonn enorm Efforten do gemaach, an do gëtt et speziell Hausaufgabenhëllef fir kleng Kanner. Wat geschitt elo mat deene Coursen nieft der Schoul? Wat geschitt mat deem Personal, dat jo, wéi mer all wëssen, meeschtens kee festen Aarbechtskontrakt huet? Och dat si Froen, déi do misste geklärt ginn.

D'Madame Delvaux huet de Wee vum deelweis Ofschafe vun den Hausaufgabe gewielt, well se gesot huet, si wier der Meenung, d'Hausaufgabe wieren ongerecht. An dofir wëllt si se dann zum Deel ofschafen. Wat geschitt, wa se ofgeschaaft sinn? Mä just de Contraire vun deem wat d'Madame Delvaux wëllt erreechen!

D'Kanner, déi d'Chance hunn, an engem Milieu opzewuessen, wou d'Elteren sech fir d'Schoul interesséieren, wann do d'Kanner heemkommen a wa se keng Hausaufgab hunn, da gi se gefrot wat se an der Schoul gemaach hunn. Si soen eventuell eppes op, liesen eppes vir oder si schreiwen och eppes. Déi aner Kanner, déi déi Chance net hunn, déi kommen heem, paken de Schoulsak emol net aus, well et ass jo keen deen duerno verlaangt, weisen och net doheem wat se gemaach hunn, an da gëtt den Ënnerscheed tëschent deenen engen an deenen aneren ëmmer méi grouss, an dat au détriment vun deenen…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Madame Brasseur!

Mme Anne Brasseur *(DP), auteur.*- Här President, ech huelen och nach Zäit. Ech hu mat menge Kolleege vun der DP-Fraktioun geschwat,…

M. le Président.- Ah, très bien.

Mme Anne Brasseur *(DP), auteur.*- …dass ech déi Zäit och nach huelen.

Esou dass den Ënnerscheed tëschent deene Kanner, déi d'Chance hunn, an engem Milieu opzewuessen, wou no der Schoul gekuckt gëtt, mat deene Kanner, déi déi Chance net hunn, ëmmer méi grouss gëtt, well déi eng dann awer nach eppes fir d'Schoul maachen ausserhalb vun der Schoulzäit, an déi aner hu leider da Pech, déi maache guer näischt.

An amplaz den Ënnerscheed méi kleng ze maachen, gëtt e méi grouss. Dat fanne mir profund ongerecht! Duerfir soll een Hausaufgabe gutt doséiert fir jiddferee ginn an dat esou applizéiere mat gesondem Mënscheverstand, an och soll ee se esou gi fir dass d'Kanner et fäerdeg bréngen, se eleng ze maachen.

Mir sinn der Meenung, dass een de Kanner vun Ufank un an der Schoul soll bäibréngen, dass ee regelméisseg en Effort muss maachen, an zu deem regelméissegen Effort gehéieren nun d'Hausaufgaben. Dat ass eng Attitüd vis-à-vis vum Apprentissage. Et ass och eng Attitüd vis-à-vis vun der Aarbecht. Et gëtt eng Attitüd, déi ee vu klengem u muss léieren, fir duerno regelméisseg Efforten ze maachen, fir gutt gemaachten Aarbecht ze hunn, fir d'Kanner och op muer virzebereeden.

Well mer der Meenung sinn, dass déi Approche, déi d'Madame Minister gewielt huet iwwert d'Hausaufgaben, net déi richteg ass, hu mer eben an der Motioun gebieden, dass d'Madame Minister soll nach eng Kéier hir Positioun reconsidéréieren, an dass soll eng Diskussioun driwwer gefouert gi mat alle Milieuen, well et resüméiert sech nämlech net nëmmen op d'Hausaufgaben.

Dat ass ee Stéck vun deem Ganzen, a mir géingen ons wënschen, dass e largen Débat kënnt stattfannen, an net dass duerch esou Deklaratioune wéi déi, déi d'Madame Minister gemaach huet, si wier géint d'Hausaufgaben, Opreegung ervirbruecht gëtt, a finalement, dass d'Kanner derbäi déi Leidtragend sinn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. D'Wuert huet gefrot den honorabelen Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech wollt fir d'éischt eppes soen zu der Fro, déi ons fir d'éischt beschäftegt, nämlech d'Demande de modification vum Ordre du jour. Mir hunn als LSAP an der Presidentekonferenz géint déi Heure d'actualité geschwat, well mer gemengt hunn, dat wier eng Circulaire ministérielle, eng intern Note vum Ministère, déi un d'Enseignantë geet an un d'kommunal Autoritéiten iwwert den internë Fonctionnement vun der Schoul.

Mir hunn hei an der Chamber nach ni iwwer eng Circulaire de printemps diskutéiert. Do sinn eng ganz Partie spezialiséiert Punkten dran, déi natierlech den internë Fonctionnement vun der Schoul concernéieren, an ech mengen dat ass eppes wat net an der Plénière hei Ulass gëtt fir eng breet Debatt.

Ech hätt et sécher och verstan, wa wierklech elo Onkloerkeeten dra gewiescht wieren, wann déi zoustänneg Leit, déi déi Kloerheet hätte wëllen hunn, an der zoustänneger Kommissioun eng Debatt doriwwer gefrot hätten, och mat der Ministesch am Detail iwwert deen Text ze schwätzen, well wann ech nämlech deen Text liesen, déi Circulaire de printemps, geet net aus deem Text ervir, dass et keng Hausaufgabe méi gëtt.

D'Madame Brasseur huet gesot, d'Hausaufgabe ginn ofgeschaaft. Si ginn net ofgeschaaft an dëser Circulaire!

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Neen! Ech hunn d'Madame Delvaux zitéiert!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Ech liesen elo en Text, Madame Brasseur. Ech si kee Schoulexpert wéi Dir, ech probéieren e bëssen d'Schoul ze verstoen,…

(Interruption et hilarité)

…dofir hunn ech deen Text intensiv gelies, vu vir bis hannen, an ech hunn net doranner gelies, dass d'Hausaufgaben ofgeschaaft ginn. Ech mengen och, dass mer hei an deem Cas de figure de la part vun der DP an engem Versuch sinn, fir eng Schouldiskussioun, déi sécher bei den Elteren doheem an och bei den Enseignantë vill Intérêt erviirifft, esou en Débat, fir hir Parteipolitik ze instrumentaliséieren!

(Interruptions)

Ech mengen, d'Madame Brasseur muss sech domat offannen, dass se net méi Educatiounsministesch ass, an dass eben am Joer 2004 e Koalitiounsprogramm ofgeseent ginn ass, deen an der Schoul déi Politik, déi si ebe während fënnef Joer konnt maachen, net iwwerholl huet. Ech mengen dat ass och de politesche Fong vun dëser Affär.

Ech menge wat den Débat iwwert d'Schoul ugeet, hu mer hei an dëser Chamber schonn Débate gehat iwwer PISA. Mir wäerten och nach vill Débate kréien iwwert de Projet de loi vum nei Lycée. Mir wäerten de Projet de loi iwwert d'Reform vum Gesetz vun 1912 heihinner kréien, an, Här President, d'Madame Minister vun der Éducation nationale ass amgaangen, eng ganz Partie wesentlech Viraarbecht ze maachen, déi een och schonn éischter hätt kënne maachen, iwwert d'Beschreiwung vun de Kompetenzen, déi mer de Kanner wëllen an der Schoul ginn, iwwert d'Beschreiwung och vun der sproochlecher Situatioun. Dat sinn alles Viraarbechten, déi natierlech hei och am Plenum vun der Chamber Ulass ginn zu enger breeder Debatt.

Dann, Här President, wollt ech just ee Wuert soen iwwert déi Motioun, déi ons hei virläit. Ech wëll wierklech elo net op all Detail agoen. D'Madame Brasseur huet gesot, et soll een den Enseignantë keng prezis Virschréfte ginn, wéi se sollen déi Hausaufgaben organiséieren. Ech constatéieren, dass an där Circulaire de mai déi eenzeg prezis Virschréft déi ass, dass een de Kanner am éischten an am zweete Schouljoer keng schréftlech Hausaufgabe soll ginn, dass soss aner Hausaufgabe selbstverständlech net ausgeschloss sinn.

Ech constatéieren awer, wann ech déi Motioun vun der Madame Brasseur kucken, dass an där Motioun eng Partie ganz prezis imperativ Demandë sinn, déi ech als solch eigentlech net kann novollzéien. Ech mengen, do gi wierklech Saachen dohinner geschriwwen déi, wann een dat esou géif applizéieren an der Schoul, den Enseignanten an den Elteren e ganz zolitte Carcan iwwerzéie géifen, fir eben d'Schoul fonctionnéieren ze dinn.

An ech muss och soen, dass ech eng Partie Kontradiktioune fannen, Här President, an der Motioun vun der DP. Engersäits gëtt op Répétitioun, op indispensabel Aufgaben higewisen, och op Devoirs écrits fir déi Allerklengsten, an da gëtt op där anerer Säit awer gesot, déi Hausaufgaben mussen adaptéiert ginn un den Alter vun de Kanner. D'Kanner mussen se u sech selwer realiséieren, si mussen onofhängeg léiere schaffen - näischt aneschters wéi och iwwregens an där Circulaire de printemps do steet.

Ech mengen déi Circulaire de printemps, wat den Inhalt ugeet, esouwäit wéi ech se als Laie verstinn, ass eng ganz verstänneg Circulaire. Et ass eng Circulaire, déi d'Hausaufgaben net ofschaaft, déi och eng ganz nuancéiert Positioun zu den Hausaufgaben hélt, an déi eben och den Enseignantë grad wéi den Elteren an de Kanner an der Schoul deen néidege Fräiraum gëtt fir sech ze entwéckelen.

Mir wëllen aus der Schoul keen Thema vu Parteipolitik maachen. Mir wëllen d'Schoul esou reforméieren an entwéckelen zum Wuel vun de Kanner an zum Wuel vun hirer Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Freet nach een d'Wuert zu dëser Motioun? Den Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen dem Här Fayot seng Meenung net esou ganz, wat déi Circulaire de printemps ugeet. D'Circulaire de printemps huet éischter Veronsécherung bei den Elteren, beim Léierpersonal a bei de Gemengeverantwortlechen ervirgeruff wéi fir Kloerheet gesuergt.

Dofir hu mir och déi Aussoe vun der Madame Minister kritiséiert, ënner anerem och déi wat d'Hausaufgaben ugeet. Déi Gréng sinn der Meenung, dass ee fir d'éischt misst iwwer Schoulprogrammer, Schoulzäiten, eng Redefinitioun vum Schoulmeeschter, d'Structures d'accueil et d'encadrement schwätzen, ier ee sech géing an den Detailer verléieren.

An där Circulaire de printemps stinn awer och nach eng ganz Rei aner Saachen, déi fir eis problematesch sinn. Et geet schonn un, datt vun engem Accompagnement des travaux à domicile geschwat gëtt an ënnerscheet gëtt vun enger Aide aux travaux à domicile. Dat eent fält ënnert d'Kompetenz vum Familljeministère. Dat anert ënnert d'Éducation nationale. Do sinn d'Gemengen da relativ schlecht dru fir erauszefanne wéi se dann elo hir Hëllef sollen nennen; dovunner ofgesinn, datt d'Gemenge sech froen, ob se hir Hëllefen iwwerhaapt solle bäibehalen.

Eng ganz Rei aner Froe sinn opgeworf ginn. Zum Beispill am Précoce, do gëtt gesot: «Il est recommandé aux communes d'augmenter le nombre de plages de fréquentation.» Mä et gëtt awer net ausgeschwat, wéi eng Recommandatioun dass dat da soll sinn. Sollen dat Hallefdeegméiglechkeete sinn oder wéi soll dat ausgesinn?

A vun der zweeter Persoun am Précoce heescht et op eemol nëmme méi, et soll en Éducateur oder eng Éducatrice sinn. Am Plan-cadre steet: «une deuxième personne de préférence». Wat maachen dann elo déi Gemengen, déi zum Beispill en Éducateur gradué agestallt hunn oder einfach eng deuxième personne ouni Qualifikatioun? Déi stellen sech Froen op déi se an der Circulaire keng Äntwert fannen. Et gëtt nach Beispiller. Ech erspueren eis déi.

Mat der Invitatioun vun der Demokratescher Partei un d'Madame Minister, si soll hir Positioun iwwerdenken, do si mir natierlech averstanen. Ech bedaueren et selbstverständlech, datt d'Madame Minister elo net hei ass. Et ass e bësse komesch driwwer ze diskutéieren, fir en Appel u si ze maachen, a si kann net bei eis sinn.

Et ass scho laang a breet iwwer Hausaufgaben diskutéiert ginn. Do si scho vill Diskussioune gefouert ginn. Bis elo ware fir mech d'Konklusiounen ëmmer relativ kloer. D'Hausaufgabe sollen net ze laang sinn. Si solle gutt preparéiert ginn. Wa Schoulmeeschteren oder Léierinnen domadder net esou gutt eens gi wéi se dat missten, da misst och eng Instanz do sinn, déi se drop hiweist datt se hir Praktik missten änneren.

Mir wäerten awer leider d'Motioun vun der Demokratescher Partei net kënne matstëmmen an dat wéinst zwou Formulatiounen, déi an der Motioun stinn. Déi eng fannen ech schrecklech. Do steet: «- convaincue que tout apprentissage ne peut se faire que moyennant des répétitions régulières» Also mam beschte Wëllen, wa mer awer nëmme léieren duerch Répétitioun, do feelt mer awer ganz villes.

Déi zweet Ausso fannen ech och fuerchtbar: «- estimant que les devoirs à domicile sont indispensables pour tout apprentissage dès le plus jeune âge». Also, dat ass awer eng Positioun, déi kann ech mam beschte Wëllen net deelen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt ee ganz gutt ka Schoul halen, zumools an engem éischte Schouljoer, ouni mussen Hausaufgaben ze ginn. Also, déi zwou Formulatioune ginn eis eendeiteg ze wäit. Duerfir kënne mer d'Motioun net matstëmmen. Mir wäerten eis dann enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet nach den Här Henckes gefrot. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv ass déi Debatt iwwert d'Hausaufgaben eng Debatt, déi fir ganz vill Oprouer gesuergt huet am Land. Ech erënnere mech notamment un den Artikel am „Lëtzebuerger Wort", an deem notamment och vu Säite vum Koalitiounspartner, vun der CSV an notamment vum Fraktiounschef gefuerdert ginn ass, datt déi Circulaire do sollt revidéiert wann net zréckgezu ginn. Esou hat ech et wéinstens verstanen. Ech hat och een Ablack geduecht, datt d'CSV-Fraktioun hei awer och géing dozou Stellung huelen.

M. le Président.- Ech ënnerbriechen Iech ee Moment. Gedëllegt Iech mol, dat ass nach alles méiglech.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ah, kënnt dat nach?! Ech soen dat dofir, normalerweis ass et déi Fraktioun, déi ëmmer esou séier schwätzt an d'CSV schwätzt meeschtens virum ADR. Mä et ass jo awer ëmmer nach gutt, datt si och nolauschtere wëllt wéi mir ons dozou stellen.

Ech wollt nëmmen drop resüméieren, datt et awer wichteg wier, datt d'CSV och géing zu dësem Problem Stellung huelen. Ech hoffen, datt si deen Ablack och déiselwecht Wierder wäert gebrauche wéi déi, déi am „Lëtzebuerger Wort", oder wat jo haut „d'Wort" heescht, komm sinn.

Mir hunn zu dësem Problem ënner anerem och eng Stellungnahm an enger Pressekonferenz geholl. Mir sinn der Meenung, datt et am Prinzip esou muss sinn, datt déi Hausaufgaben - den Ausdrock Hausaufgaben ass u sech vläicht elo falsch, mä et ass awer e Begréff, deen allgemeng verständlech ass - ee Contrôle vun de Connaissancen sinn an dee soll an der Schoul stattfannen. Dat huet ee fréier d'Silenz genannt.

Mä op jidder Fall soll do d'Méiglechkeet sinn, datt d'Schoulkanner am Prinzip dat an der Schoul maachen, datt si eng Assistance hunn, datt se Leit hunn, déi hinne kënnen op hir Froen äntwerten, an datt dat also am Prinzip an der Schoul soll stattfannen. Quitte datt herno d'Elteren awer och kënnen, wa si et wënschen, soen, datt si sech géingen dorëmmer këmmeren. D'Kanner sollen doheem hir Hausaufgabe maache kënnen, wann dat gewollt ass.

Et ass also éischter fir ze kucken, datt een déi Ongerechtegkeeten, déi mer an onsem System hunn, aus dem Wee raumt, an déi dora bestinn, datt verschidden Elteren net kënnen oder net wëllen sech ëm hir Kanner këmmeren, well do eng Iwwerbelaaschtung heiansdo ass. Dofir ass et wichteg, datt dat soll an der Schoul stattfannen.

Deen zweeten Deel, dee wichteg ass, dat ass, datt d'Gemengen natierlech och mussen déi néideg Hëllef kréien, finanzieller Natur, fir kënnen dat doten ze organiséieren. An dofir menge mer, datt déi Dispositiounen, déi hei an der Motioun vun der Demokratescher Partei ugi sinn, an déi richteg Richtung ginn, an datt ee mat den Elteren zesummen, mä och mat den Enseignanten eng Kéier déi ganz Matière nach eng Kéier nei diskutéiert, an datt ee kuckt fir e Konsens ze fannen.

Wat d'Considéranten ugeet, do si mer mat e puer Saachen net d'accord. An et ass och dowéinst, dass mer wäerten ons bei dëser Motioun enthalen. Mä ech mengen et ass awer wichteg, datt de Problem nach eng Kéier diskutéiert gëtt an datt och déi zoustänneg Chamberkommissioun hiren Avis dozou sollt kënne ginn.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo als leschte Riedner den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint mech bei ganz villem deem uschléissen, wat den Här Adam am Numm vun der Grénger Fraktioun zum Sujet gesot huet, wat sech och am Wesentlechen net an alle Punkten ënnerscheet vun deem, wat den Här Fayot am Numm vun der LSAP gesot huet.

Dat schéngt mer ee vun de Problemer an der Diskussioun ze sinn, déi mer hei hunn. Nämlech dass déi traditionell Circulaire de printemps, déi zu relativ vill Diskussioun gefouert huet, e manifesten Décalage huet tëschent deem wat d'Deklaratioun no bausse war an dem Contenu, deen no bannen an der Circulaire weider développéiert gëtt. An deem Kontext hu mer als Koalitiounspartner eng Rei vu Froe gestallt, déi mengen ech wichteg sinn, a mir hunn och d'Fro an de Kontext probéiert ze setzen an deem mer gären hätten, datt se diskutéiert gëtt.

Net besonnesch gutt huet eis gefall, muss ech soen, d'Argumentatioun vun der Ministesch, déi se reduzéiert huet op d'Ongläichheet vun de Familljeverhältnisser doheem. Wann een iwwer Ongläichheete schwätzt, an där gëtt et der, där gëtt et der och an de Familljestrukturen doheem, menge mer, dass et eng Rei aner Ongläichheete géif ginn. Et gëtt d'Ongläichheet vum Kand par rapport zum Kand: Dir kënnt an därselwechter Famill mat deemselwechten Engagement vun den Eltere ganz verschidde schoulesch Resultater bei Kanner kréien.

Et ass e manifesten Décalage um Niveau vun deem, wat vun Enseignant zu Enseignant och enseignéiert gëtt; och do besteet net fir all Kand déiselwecht Ausgangspositioun.

An net zulescht - an dat huet den Här Adam och gesot - besteet e relativ groussen Décalage tëschent de Gemengen hei zu Lëtzebuerg, wat dann an a ronderëm, virun allem ronderëm d'Schoul als Support am Fong ugebuede gëtt, fir deene Kanner, ëm déi et eis jo haaptsächlech hei geet, nämlech déi Kanner, déi Léierschwieregkeeten hunn, ze hëllefen, fir déi ze ënnerstëtzen, fir esou wäit wéi méiglech an hirer Schoul ze kommen. Tëschent de Gemengen, déi scho praktesch e „full-fledged" Service niewent der Schoul hunn, an aneren, wou dat praktesch nach net besteet, bestinn extrem grouss Differenzen.

Mir mengen, dass Hausaufgaben dozou sollen déngen, fir Saachen, déi an der Schoul scho behandelt gi sinn, ze verdéiwen, fir se ze widderhuelen, fir se ze üben an dass besonnesch léierschwaach Kanner méi musse widderhuele vläicht wéi Kanner, déi méi séier Saache begräifen.

Duerfir hate mer och gemengt, dass een déi Diskussioun an eng wierklech wichteg Diskussioun soll abannen, nämlech déi iwwert d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Schoul, sou wéi se och am Regierungsprogramm, Här Fayot, definéiert ginn ass. Mir mengen, dass een eng Diskussioun muss doriwwer féieren, wat de Bildungsauftrag vun der Schoul ass, wat d'Moyenë sinn, a virun allem wat d'Zilsetzunge sinn. An dass d'Hausaufgab nëmmen een Deel vun där Diskussioun ass, an dass een déi Fro definitiv eréischt ka beäntwerten, wann ee weess, wéi d'Schoul vun der Zukunft hei zu Lëtzebuerg soll ausgesinn.

Gi mer a Richtung Ganzdagsschoul? Gi mer a Richtung vun net Ganzdagsschoul mat schoulescher Betreiung ronderëm? Gi mer a Richtung vun net Ganzdagsschoul mat schoulescher Betreiung am Kader, à l'intérieur vun der Schoul? Dat sinn Optiounen, déi ee kann huelen, an d'Froe vun der Hausaufgab, vun der Intensitéit an och vun der Répétitioun dovunner, déi stellen sech aneschters en fonction dovun, wéi en fin de compte d'Schoul vun der Zukunft fir muer ausgesäit.

Ech mengen net, dass mer um Fong vun deem wat den Optrag ass a wat eis Erausfuerderung ass eng grouss Differenz hunn, an dofir wëll ech och am Numm vun der CSV-Fraktioun soen, dass mer eis hei net instrumentaliséiere loossen. Mir hu kee Kaméidi mat eisem Koalitiounspartner. Mir sinn am Kader vun deem, wat am Regierungsprogramm besteet, op, a mir hätte souguer gären, dass déi Diskussioun iwwert d'Schoul gefouert gëtt.

Mir hu just bedauert, dass hei en Element vun enger Gesamtdebatt erausgebrach ass, ier mer déi Debatt gefouert hunn. D'Ministesch huet se par ailleurs ugekënnegt, nämlech opgrond vun deenen OECD-Experten hiren Etüden, opgrond vun Etüden, déi se amgaangen ass ze maachen, iwwert d'Finalitéit an d'Objektiver vun der Schoul vu muer.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun, déi nach vun den Häre Grethen, Henckes, Meisch a Wagner ënnerschriwwen ass.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot. Da maache mer dat.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt…

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- …mat 38 Nee-Stëmmen, 10 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marco Schank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Domadder ass och dee Punkt vun eisem Ordre du jour erledegt.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5472, verschidden Accorden iwwert d'Besteierung vun den Zënsen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch an den Här Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

6. 5472 - Projet de loi portant

1. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est des Antilles Néerlandaises des 13 mai 2004 et 27 août 2004;

2. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est d'Aruba des 13 mai 2004 et 9 novembre 2004;

3. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

4. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

5. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Ile de Man des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

6. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Turks et Caïcos des 23 novembre 2004 et 1er avril 2005;

7. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Anguilla des 23 novembre 2004 et 21 janvier 2005;

8. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Cayman des 23 novembre 2004 et 31 mars 2005;

9. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le territoire d'outre-mer du Royaume-Uni, Montserrat des 23 novembre 2004 et 7 avril 2005;

10. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Vierges Britanniques des 23 novembre 2004 et 11 avril 2005;

11. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, viru genau siwe Wochen hu mer hei e Gesetz gestëmmt, wat d'Direktiv - mir nennen et Direktiv - iwwert d'Quellesteier, d'Direktiv iwwert d'Besteierung vun de Revenus de l'épargne ëmsetzt an eist Recht.

(Coups de cloche de la Présidence)

Deemools ass eng Motioun vu mengem Kolleeg Laurent Mosar ugeholl ginn, déi zwou Saache gefrot huet: Engersäits, et soll opgepasst gi mam Datum, well awer dat hei eng heikel Geschicht ass; an zweetens, et soll opgepasst ginn op all déi Konditiounen, déi notamment vu Lëtzebuerg deemools gestallt gi sinn am Virfeld vun der Direktiv, ob déi och all erfëllt sinn, éier mer lassleeën.

D'Konditioune waren haaptsächlech déi, datt d'Drëttlänner sollten d'selwecht behandelt gi wéi mir. Dat heescht, datt d'Drëttlänner sollten équivalent Mesuren ergräifen, fir datt déi Steierdispositiounen och bei hinne gräifen, an datt do keng steierlech Konkurrenz, also keng Concurrence déloyale entsteet. Dir kennt déi Drëttlänner, dat waren d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco, Andorra a San Marino.

Et war och Amerika. Amerika ass ee Fall à part, do wëlle mer eis net weider doriwwer ausloossen. Mat Amerika huet Lëtzebuerg u sech och en Accord à part, deen anerer och getraff hunn, an do sinn déi do Froen zum Deel geregelt ginn iwwert deen Accord, net tëschent de Staten, mä tëschent der amerikanescher Steierverwaltung an de Finanzopérateuren zu Lëtzebuerg.

Niewent den Drëttlänner - an dat ass déi zweet Konditiioun, déi an der Direktiv steet - gëtt et sou genannt ofhängeg Territoiren an associéiert Territoiren. A bei deenen ass gesot ginn, déi mussen déi identesch Moossnamen aféiere wéi d'europäesch Länner. Identesch Moossnamen heescht entweder eng Quellesteier oder awer Kontrollmatdeelung. Do war d'Angscht am gréissten, datt dat net géif klappen, well déi aner Accorde mat den Drëttlänner, déi si gemaach ginn allerguer tëschent Oktober an Dezember, du waren déi schonn ofgeschloss.

Do war net de Problem, mä de Problem war ebe just bei deenen Territoiren, an dat sinn der zéng. Déi sinn an dräi Kategorien opgedeelt: Dat eent sinn déi zwou Inselen, déi vun Holland ofhänken, dat anert sinn déi zwee Territoiren, déi direkt vun England ofhänken, an da sinn et déi associéiert Territoiren, dat ass Jersey, Guernesey, Isle of Man, Turks and Caicos an Anguilla a Cayman Isles.

Wéi si mer elo mat deene verbliwwen an deenen Accorden? Ma, véier vun deene Länner hu sech fir d'Formel vum Échange d'information, vun der Kontroll mat deenen ausgeschwat. Sechs hunn der sech ausgeschwat fir déi Formel, déi mir hunn, mir mat de Belsch a mat den Éisträicher an Drëttlänner, nämlech eng Quellesteier ze erhiewen.

Dat ass de Contenu vun deenen Accorden, déi mir elo sollen hei ratifizéieren, woubäi een natierlech d'Fro ka stellen: Wéisou musse mer eis hei mat Accorde mat Territoires dépendants an associés ofginn, währenddeem mer eis net hu misse mat deenen Accorden ofginn, déi mat den Drëttlänner getraff gi sinn? An do si mer an engem anere Film, well déi Accorde vun der Europäescher Kommissioun getraff gi sinn, währenddeem déi hei op bilateralem Niveau, sous forme d'échange de lettres elo kënnen hei festgehale ginn.

Et si bal déiselwecht Mesuren, hunn ech gesot, déi eng hunn den Échange d'information, déi aner hunn eng Quellesteier. Allerdéngs bei deene sechs Quellesteierlänner, pardon, -territoiren, sinn der dräi, déi net onbedéngt aus der Rei danzen, mä déi e spezielle Regime hunn, an zwar sinn dat d'Cayman Isles, d'Turks and Caicos, an déi dispenséiere Lëtzebuerg dovun eng Quellesteier ze erhiewen.

Elo kënnt Der soen, an der Praxis mécht dat net vill aus. Ech weess net wéi vill Clientë mer vun do hunn, mä op alle Fall gi mer do entbonnen, fir eng Quellesteier ze erhiewen. Dat ass interessant, well genau datselwecht d'Schwäiz och gemaach huet mat de Quellesteierlänner an der Unioun. Also, fir déi brauche mir keng Quellesteier ze erhiewen.

D'Cayman Islands hunn ni gesot, definitiv, dat braucht Dir net ze maachen. D'Turks- an d'Caicos-Inselen hunn dat als eng provisoresch Mesure gemaach, well si selwer keng direkt Steiere kennen, also géif et do och kee Sënn maachen. Souwäit da mat den Drëttlänner, mat den Territoires associés et dépendants.

Elo kënnt awer an deem Text hei op eemol och d'Schwäiz erëm eng Kéier zum Virschäin. Dat muss een explizéieren. Dat huet mat der Quellesteier u sech näischt ze dinn, mä et huet einfach domat ze dinn, datt deen Accord, deen d'Schwäiz mat der Europäescher Unioun geschloss huet, och aner Mesuren nach virgesäit, notamment virgesäit, datt déi europäesch Direktiven iwwert d'Mères/filiales an iwwert d'Intérêten a Redevancë vun der Schwäiz an deem Accord iwwerholl ginn.

Dat huet eng Répercussioun op eis Accorde mat der Schwäiz an op eis Steiergesetzgebung. An dofir musse mir ee Paragraph vun eiser Steiergesetzgebung ännere fir en accord mat deem Accord ze sinn, deen d'Schwäiz mat der Europäescher Unioun getraff huet.

De Statsrot hat weider keng wesentlech Remarquen. En huet op zwou Saache just gehalen. Dat eent war, hien hätt gär gehat, datt d'A-Kraaft-Trieden heivunner soll synchron lafen - an dat ass absolut logesch - mat dem A-Kraaft-Triede vun der Quellesteierëmsetzung.

Dir kënnt Iech erënneren, datt mir do virgesinn haten, datt d'Ëmsetzungsgesetz selwer soll den Dag no deem Mount, wou et am Mémorial erschéngt, a Kraaft trieden. Dat wëllt heeschen, datt d'Regierung sech e bësse Sputt verschaaft huet bis da wierklech och déi lescht Gewëssheet do wier, datt d'Konditiounen all erfëllt wieren. Dee Sputt ass doduerch gewährleescht, an en ass och an dësem Fall hei mat deenen Accorde gewährleescht, sou datt nom 7. Juni dat a Kraaft triede kann.

De 7. Juni ass e wichtegen Dag, well de 7. Juni den Ecofin ass, an um Ecofin de Constat gemaach gëtt, ob d'Konditiounen all erfëllt sinn. Dat heescht nom 7. Juni kann d'Publikatioun gemaach ginn, an da kann d'Quellesteiergesetz den 1. Juli a Kraaft trieden, sou wéi et geplangt war, neierdéngs geplangt war - well et sollt jo virdrun den 1. Januar sinn -, sou wéi et elo geplangt ass a wéi et virgesinn ass. Dofir ass déi Synchronisatioun, ass dee Parallelismus vun deenen zwee Gesetzestexter wichteg.

Dann huet de Statsrot nach ee Wonsch ugemellt, deen e bëssen e formalistesche Charakter huet. Hien huet gesot, e wollt vläicht domadder e bëssen der Chamber entgéintkommen, dat hei sinn elo zéng Accorden, déi getraff ginn, da muss d'Chamber am Fong d'Méiglechkeet hunn déi zéng Accorden individuell ze akzeptéieren, dofir si se dann eenzel opgezielt an dofir si se och am Intitulé eenzel opgezielt. Dofir hu mir wahrscheinlech dee längsten Intitulé vun der Geschicht vun dësem Haus, mä dat entsprécht dann och erëm eng Kéier dem Volume vum Gesetzesprojet. Ech huelen un, datt kee Mënsch hei am Haus de Volume huet, esou déck ass dat Gesetz, obschonn dat nëmmen 19 Zeilen huet; dat anert sinn d'Échanges de lettres.

Also wéi gesot, dat sinn och e puer Besonnechkeete vun dësem Gesetz oder vun dësem Gesetzeswierk, an deem et jo net u Besonderheete gefeelt huet, wat awer meng Fraktioun net wäert dorun hënneren dofir ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den Här Meisch.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleift just dem Lucien Thiel als Rapporteur vun dësem Projet de loi villmools Merci ze soen an ze félicitéieren. Hien huet dat ganz explizit erkläert. Ech kéint et bestëmmt net besser maachen. Dofir wëll ech och net nach eng Kéier op den Detail zréckgoen a mech dorop beschränken den Accord vun eiser Fraktioun ze brëngen.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Jo, Här President, ech wollt och d'Geleeënheet ergräife fir dem Här Lucien Thiel, dee jo wierklech en Insider ass, Merci ze soe fir seng Aarbecht an dësem Kontext vun all deene Gesetzer iwwert d'Quellesteier, d'Fiscalité - loosse mir soe Fiscalité sur l'épargne. Hien huet do wierklech och mat deenen zoustännege Verwaltungen a mat deem zoustännege Ministère ganz gutt Aarbecht geleescht. Hien huet déi Texter prezis analyséiert. Mir kënnen eis selbstverständlech senge Konklusiounen uschléissen, a meng Fraktioun wäert dëst och matstëmmen.

M. le Président.- Voilà, dann ass d'Debatt ofgeschloss. Ah, den Här Henckes. Enschëllegt, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Et ass effektiv een zimlech voluminösen Dossier.

Ech wëll just vun der Geleeënheet profitéiere fir eng Fro un den Här Minister ze stellen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Schwäiz eng Ausleeung vun den Accorden a vun hirer Gesetzgebung huet, déi net déiselwecht war wéi déi lëtzebuergesch. Dat war eng Situatioun nach virun e puer Wochen. Anscheinend hätt sech déi Situatioun elo nees verbessert, sou datt Rapprochementer an ähnlech Ausleeunge géinge bestoen, well et ass geféierlech, datt wa Lëtzebuerg sech engagéiert fir d'Quellesteiergesetzgebung an d'Accorden, déi hei leien, ënner enger gewëssener Form auszeleeën, ënnert der Kontroll vun der Cour européenne de Justice, an dann d'Schwäiz an aner Länner d'Ausleeunge vun der Gesetzgebung a vun den Accorden aneschters maachen.

Dofir wollt ech froen, ob do Rapprochementer gemaach gi sinn, an ob deene Kritiken a Problemer, déi ech opgeworf hat bei der leschter Debatt iwwert d'Aféierung vun der Quellesteier, scho konnt Rechnung gedroe ginn.

M. le Président.- Den Här Bausch.

Ech erënneren drun, datt net méi spéit wéi am Februar 2005 d'Lëtzebuerger Présidence a sengem Ministerrot vun der Chancëgläichheet eng Deklaratioun ënnerschriwwen huet, déi genau dës Tatsaachen iwwert de Fraechômage an déi oft prekär Situatioun vun der Fra um Aarbechtsmaart beschreift. Si erkennt all déi Problemer un a si schléit eng Rei Virsätz vir, wéi zum Beispill, an ech zitéieren do nach eng Kéier: «intensifier les efforts afin de lutter contre l'exclusion sociale et de surmonter les obstacles à la participation des femmes au marché de l'emploi» - oder nach eng aner wichteg Mesure - «de développer, parallèlement aux mesures destinées à accroître la compétitivité et la productivité, des stratégies destinées à augmenter le nombre de femmes actives et d'emplois de qualité pour ces dernières, à garantir et à protéger les droits des femmes actives et à supprimer les barrières structurelles».

Här President, ech ginn dovun aus, esou wéi dat an der Regierungsbänk gesot gëtt, datt d'Regierung aus engem Mond schwätzt, an dass, wann d'Chancëgläichheetsministesch esou eng Deklaratioun ënnerschreift, si dëst och mam Aarbechtsminister ofgeschwat huet, an deen eis dann och déi konkret Instrumenter zur Ëmsetzung vun dëser Politik ka virweisen. Dat beinhalt natierlech eng ganz Rei vu Mesuren an eng proaktiv Fraebeschäftegungspolitik.

Mir proposéieren och an dësem Dossier méi mat de bestoende Gremien ze schaffen, mä och méi d'Partenaires sociaux ze sensibiliséieren, notamment mat legislative Mesuren. Frankräich huet virun enger Woch elo just e Projet de loi ofginn, wou d'Gläichheet an de Salairë gesetzlech soll verankert ginn. Et gëtt also vill Méiglechkeeten aus Chancëgläichheet Gläichheet ze schafen an notamment per Gesetz.

An dësem Kontext wier et och wichteg eng Oplëschtung an eng Evaluatioun ze maache vun de Strategien oder vun all de Plans d'action, déi eben den Aarbechtsministère a Kollaboratioun mam Chancëgläichheetsministère gemaach huet oder plangt ze maachen. Vläicht wier et och wichteg an dësem Kontext dem Comité du Travail féminin méi eng grouss Roll ze ginn an och alt erëm eng Kéier Synergië mat bestoenden Institutiounen ze schafen.

Als Konklusioun, Här President, géing ech gäre soen, datt et wichteg a batter noutwendeg ass, éischtens eng grouss a kohärent Form vun der Prise en charge vum Chômage ze maachen; zweetens méi courageis Weeër ze goen, mat de Leit um Terrain ze schwätzen, d'Innovatioun gutt ze preparéieren, eng Prioritéit draus ze maachen, wat natierlech dann och bedeit, datt ee muss dran investéieren, och finanziell. Et ass also méiglech. Et ass eng Saach vu Prioritéit, mä et ass och eng Saach vun Ëmdenken. An et ass virun allem eng Saach vu politeschem Courage fir Innovatioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass sécherlech keen einfacht Thema, wat mer haut hei zur Debatt hunn, mä et ass awer bluttnoutwendeg net nëmmen driwwer ze schwätzen, mä och konkret Mesuren anzeleeden.

De Statec huet d'lescht Joer houfrech eng Croissance vu 4,5% ugekënnegt. De Chômage ass awer am gläichen Zäitpunkt ëm 14,9% geklommen. Wann een awer all Leit berücksichtegt, déi net aus den Zuele vun der ADEM erausginn an awer op der Sich no enger Aarbecht sinn, da geet de Prozentsaz op 30 erop. Dat geet och kloer aus dem Statec sengen Analysen ervir.

Besonnesch bedenklech sinn déi dramatesch Zuele bei der Jugendaarbechtslosegkeet bei deene Jonken tëschent 17 a 24 Joer, wou de Prozentsaz säit dem leschte Joer vun 11,7% op 18,3% geklommen ass.

Festzestellen ass, dass mer eis lues a lues dem europäeschen Niveau upasse wat d'Aarbechtslosegkeet ubelaangt. Mir brauchen also net méi hei vun enger atypescher Aarbechtslosegkeet ze schwätzen. Mir sinn elo an därselwechter Situatioun wéi aner Länner.

All déi, déi gemengt hunn, mir hätten en Aarbechtsloseproblem, dee mer ouni Weideres zu all Moment an de Gréff kéinte kréien, kucken all Dag méi domm aus der Wäsch.

Här President, an dobäi ass et Mëtt d'lescht Joer gutt ugaangen, mat de gudde Virsätz an de Versprieche, awer virum Broochmount.

D'LSAP hat grouss op hire Plakaten ugekënnegt „Mir paken et un". Si hunn no de Wahlen d'Méiglechkeet kritt fir d'Saach an d'Hand ze huelen. Et schéngt awer, datt de Chômage esou e glëtschege Problem ass, datt och d'Sozialisten e bis haut nach net ze pake kritt hunn.

Op der CSV hirem „séchere Wee" schéngt et ëmmer méi glëtscheg ze ginn, well och si fale méi wéi oft op d'Nues. An hire Wee ass elo schonn esou glëtscheg, dass d'Aarbechts- an d'Sozialofsécherung ëmmer méi ewechrutscht an dass meeschtens Europa soll d'Schold hunn un där Schmierseef, déi lues a lues Seefeblosen aus eisem sozialen Aarbechtsrecht maachen.

Wat kënne mer iwwerhaapt ënnerhuelen, fir de Chômage ze begrenzen? E Chômage, deen duerch eng ultraliberal Politik an Europa gefördert gëtt, an dës Politik géif mat deem ominöse Verfassungstraité nach staark verschäerft ginn.

De Chômage arrangéiert besonnesch déi, déi gäre bëlleg Aarbechtskräften hätten, an déi kritt een, wann et ëmmer méi Leit gëtt, déi eng Aarbecht sichen. D'Konsequenze vun där neoliberaler Politik do mussen awer déi eenzel Memberstate selwer droen. An déi dinn hei am Land besonnesch wéi, well mer elo feststelle mussen, dass déi atypesch Aarbechtslosegkeet, déi mer ëmmer vun de Regierungen ageriet kritt hunn, eng ganz normal Aarbechtslosegkeet ass. Den Aarbechtslosen, déi en Job sichen, ass et egal, wéi mer déi Aarbechtslosegkeet nennen. Si hätte gären en Job. Si hätte gären dat Recht op Aarbecht, wat hinne vun eiser Verfassung garantéiert gëtt a wat hinnen och glécklecherweis nach erhale bleift, well de Verfassungstraité, deen hinnen nach just d'Recht ze schafe garantéiert hätt, nach net a Kraaft trëtt an och hoffentlech ni a Kraaft triede wäert.

Wou awer musse mer den Hiewel fir d'éischt usetzen? D'Regierungserklärung ass zimlech vague a léisst all Méiglechkeeten op. Do steet an der Introductioun: «Façonner le droit du travail de manière à garantir un équilibre optimal entre les besoins de flexibilité des différents acteurs et de la sécurité des aspirations des salariés».

Eent ass sécher: D'Flexibilitéit, déi ass wäitgehend garantéiert. Garantéiert duerch Deelzäitaarbecht, Deelzäitverträg, duerch flexibel Aarbechtszäiten, duerch Interimsgesellschaften an och duerch Téleeaarbecht, déi sech ëmmer méi ausbreet. Awer och duerch de POT, de Plan d'Organisation de Travail, deen am Pan-Gesetz agefouert gouf, an duerch verschidde Kollektivverträg, wou d'Iwwerstonnen eréischt bei 195 anstatt bei 173 Stonnen de Mount uginn. A wou am Horaire mobile esouguer d'40-Stonne-Woch am Horecasecteur a Fro gestallt ass.

Dat ass sécherlech d'Flexibilitéit, déi vun der Regierung gemengt ass. A wou dann och nach ugekënnegt gëtt, datt d'Regierung d'Sozialpartner géif ënnerstëtzen, wa se schéi brav an där Richtung weiderfueren, et pour cause.

Här President, wat kënne mer hei am Land awer konkret maachen, fir de Chômage ze reduzéieren? Sollte mer net emol fir d'éischt kucken, déi Saachen an de Gréff ze kréien, déi nei Aarbechtsplaze verhënneren, wéi zum Beispill systematesch geschafften Iwwerstonnen? Wieren do net méi Kontrollen ubruecht? Mä wie kéint déi maachen? Vläicht d'Douane, anstatt op de Grillfester ze kontrolléieren, ob deen een oder deen anere kee Schiertech um Kapp huet.

Oder wéi zum Beispill d'Zréckgräifen op ëmmer méi Zäitverträg. Dat ass och e Problem. Wéi zum Beispill d'Beschäftege vu Schwaarzaarbechter. Oder d'Beschäftege vu Leit, déi an der Pensioun sinn a Plaze besetzen, déi eigentlech fir Jonker missten zur Verfügung gestallt ginn. Oder Plazen, déi besat gi vu Leit mat engem zweeten Job. Ech denken do zum Beispill un de Persounentransport vu Leit, déi an der Pensioun sinn oder schonn en Job hunn, déi beschäftegt gi fir Auslandsreesen ze maachen. Oder am Beräich vun de Sécherheetsfirmen, wou pensionéiert Polizisten a Gendarmen, esouguer aus dem Ausland, beschäftegt ginn, fir Nuetsiwwerwaachungen ze maachen.

Ass et nach normal, datt mer zouloossen, datt déi Leit, déi méi wéi véiermol de Mindestloun verdéngen, nach eng zweet Steierkaart kréien, a wou bei Verschiddenen den Aarbechtsminister och nach muss säin Accord ginn? Oder Leit, déi eng Pensioun hunn, déi iwwer véiermol de Mindestloun erausgeet.

Ech denken awer och un d'Téleeaarbecht, déi net reguléiert ass an déi ëmmer méi Iwwerhand kritt, wou just d'Aarbecht als Wuer bezuelt gëtt an d'Aarbechtszäit net méi honoréiert gëtt a wou d'Sozialpartner sollen eng Léisung fannen, soss misst de Législateur agräifen.

Et wier wichteg, datt de Législateur direkt mol en Zäitlimit setzt, bis wéini datt d'Sozialpartner sech musse gëeenegt hunn. Well soss geet et wéi bei der Horesca, dann négociéieren se während bal 50 Joer, gi sech dann awer net eens an da gëtt légiféréiert. A wat do erauskomm ass bei der Horesca, dat wësse mer jo elo, wéi et an der Praxis ausgesäit.

A während deem ganze Pallawer sinn et d'Salariéen, déi d'Konsequenze mussen droen. Hei muss direkt Kloertext geschwat ginn an d'Regierung soll direkt hir Verantwortung huelen, awer och d'Parlament, fir dass et keng esou Gesetzer méi zouléisst.

Här President, solle mer net endlech emol konkret Mesuren aféieren, déi et eis erméiglechen deene Leit, déi op eisem Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn, eng Prioritéit ze ginn? Anstatt datt mer einfach nokucke wéi ëmmer méi Aarbechtskräften importéiert ginn. A wou d'Interimsgesellschaften zu 80% an de Grenzgebidder recrutéieren an eis ADEM deem net nokënnt. An déi dann déi fest Aarbechtsplaze précariséieren, well et ass jo e gefonnent Friesse fir d'Patronat, wa se kënnen op Interimsgesellschaften an op Leit zréckgräifen, déi se mueres aus dem Bett ruffe wa se se grad brauchen, an da brauchen se keng fest Aarbechtsplaze méi ze schafen.

Dat ass eng Gefor fir eisen normalen Aarbechtsmaart. An et ass e Skandal, wann hei am Land eng nei Mëtteleisestrooss gebaut gëtt op ARBED-Belval an iwwer 200 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi dann importéiert ginn. Während déi Leit, déi bei Arcelor schaffen, an d'Cellule de reclassement versat ginn, déi gréisstendeels vum Stat, also vum Steierzueler finanzéiert gëtt. A mer bal 10.000 Aarbechtsloser op eisem Aarbechtsmaart hunn, wou der sécherlech genuch drënner gewiescht wieren, déi deen Job hätte kënnen iwwerhuelen.

Kommt also wann ech gelift net heihinner soueren, mir kréichen eise Chômage net an de Gréff, wann Der higitt an Der verschenkt Aarbechtsplazen, déi mer hei am Land schafen, schonn am Virfeld un d'Ausland. An dat och nach mat dem préalablen Accord vun de Gewerkschaften.

Mer sollen also kucken, dass mer eis Aarbechtsloser ënnerdaach kréien, an do mussen déi néideg Viraussetzunge gesat ginn. An do brauche mer net méi helleg ze si wéi de Poopst, och wann den Aarbechtsminister aus enger chrëschtlech-sozialer Partei kënnt.

Well eis Nopeschlänner, déi kucken net ëm, wann et ëm hir Interesse geet.

Ech kennen d'Äntwert, déi ech ëmmer erëm dorobber kréien: Mir kënnen dat net maachen. Mir sinn ze vill un Europa gebonnen. Mir mussen déi europäesch Dispositioune respektéieren.

A wéi mer gebonne sinn! Säit dem Traité vu Maastricht huet d'Zuel vun de Mindestlounbezéier hei am Land eng steigend Tendenz. A wann deen neie Verfassungsvertrag géif a Kraaft trieden, da kéinte mer eis drop gefaasst maachen, datt et mam Lounniveau nach méi schnell biergof géif goen.

Dat wär d'Konsequenz, well eben ëmmer méi Leit op eisen Aarbechtsmaart drängen an hir Aarbecht zu ëmmer méi niddrege Präisser ubidden an domadder Aarbechtsplaze besetzen. An dat sinn och Leit, déi mat enger héijer Qualifikatioun och manner qualifizéiert Aarbechtsplazen unhuelen, och dat ass eng grouss Gefor, an domadder eis manner qualifizéiert Leit iwwerhaapt keng Chance méi kréien.

(Mme Nelly Stein prend la Présidence)

Dat ass och eng Realitéit, mat där mer konfrontéiert sinn an där mer musse Rechnung droen a wou mer musse Mesurë fannen, fir dass dat ophéiert.

(Interruption)

Mat wéi engem Traité?

Une voix.- Mam Traité vu Bréissel.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen, mam Traité net. E war mat engem Text d'accord an herno ass deen Text do geännert ginn an ëmgebastelt ginn. A wéi mer e richteg gelies haten, a wéi ech en emol eng Kéier haart virgelies hat, do huet e verstanen an do huet en och nee gesot.

Une voix.- Ah!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Madame Presidentin, mer fannen awer och ëmmer méi Beschäftegungsinitiativen…

(Interruption)

Wann ech gelift, Här Minister?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- …, dass Äre Vertrieder iwwerhaapt näischt verstanen huet.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dach, hien huet dat verstane wat en deemools dohigeluecht kritt huet a mer ware jo och am Ufank net domat d'accord.

(Interruption)

An herno si jo awer all déi Ajoutë bei deen Traité derbäikomm, déi virdrun net do loungen. An do ass d'Diskussioun komm an do hu mer eng nei Diskussioun gefouert a mir hunn op eisem Kongress ganz kloer nee gesot. An esou einfach wéi et ass...

Mme la Présidente.- Här Jaerling, Dir kënnt elo weiderfueren! Loosst lech net ausernee bréngen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech si jo amgaang, Madame Presidentin.

Mme la Présidente.- Fuert elo an Ärer Ried weider.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ma neen, ech hu mer dat esou opgebaut, dass ech mer fënnef Minutte gelooss hu fir ze äntwerten.

Madame Presidentin, mir fannen awer och ëmmer méi Beschäftegungsinitiativen um parallellen Aarbechtsmaart erëm. Beschäftegungsinitiativen, déi en zweeten Aarbechtsmaart amgaange sinn opzebauen, an déi Aarbechten zougespillt kréien, déi eigentlech missten der Privatwirtschaft zugutt kommen.

Anstatt Ausschreiwungen ze maachen, esou wéi dat am Marché-public-s-Gesetz virgesinn ass, ginn iwwer Konventioune vun de Gemengen Aarbechtsplazen einfach u Beschäftegungsmesurë verdeelt. Den normalen Aarbechtsmaart gëtt doduerch iwwergaangen a konkurrenzéiert. Awer net well déi Beschäftegungsinitiativen d'Realiséierung vun de Projete méi bëlleg ubidden. Loin de là. Mä well einfach déi normal Bedingunge vum Marché-public-s-Gesetz ëmgaange ginn.

An der Regierungserklärung gëtt ugekënnegt, datt e Gesetz soll agefouert ginn, wat de Beschäftegungsorganisatiounen eng legal Basis gëtt, wat soll eng sozial Effizienz garantéieren an eng finanziell Transparenz bei de Beschäftegungsinitiativen. Wann also elo e Gesetz fir finanziell Transparenz soll suergen, da stellt sech awer d'Fro, ob da bis elo keng Transparenz do war. Huet de Stat keng Kontroll iwwert déi Organisatiounen, déi jo awer staark staatlech subventionéiert ginn? Déi Initiative sollen och nëmmen e limitéierten Accès op de Marché public kréien, a gesetzlech Dispositioune sollen all déi déloyal Konkurrenz vis-à-vis vun der Privatwirtschaft verhënneren.

Am Januar…

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Frënd Jaerling, de Buergermeeschter vu Fréiseng,…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Madame Presidentin, kënnt Der just mäi Mikro hei ausmaachen.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- …wann ech dat dierft soen, huet och während zwee, dräi Joer gutt Aarbecht mat Beschäftegungsinitiativen…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- De Mikro ass nach ëmmer un.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- …duerchféiere gelooss. An en hat all déi Problemer net mat deene Beschäftegungsinitiativen, déi Dir elo opgezeechent hutt. Och do huet en eppes net richteg gelies oder verstanen, bis Dir em et virgelies hutt, wahrscheinlech.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech wëll soen, do huet e mech net gebraucht, well en huet aus der Praxis eraus gemierkt, datt déi Initiative seng Gemeng dräimol esou deier géife ginn, wéi wann en et vu Privatentreprisë maache gelooss hätt, an duerfir huet en déi Beschäftegungsinitiativ och net méi bei sech akzeptéiert. Dat ass d'Realitéit. Wann Der schonn en Zwëscheruff maacht, dann ëmfrot lech fir d'éischt!

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Jo, da maachen ech dat elo. En huet se nämlech net opgeléist, en huet säi Sigle nach ëmmer, en huet e just in Ruhestellung gesat bis no de Gemengerotswahlen. Wann en dann nach d'Chance huet, fiert e sécher weider domat. Et muss een oppasse mat deenen Aussoen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hunn lech just dat gesot, wat d'Realitéit ass. Dat Eenzegt wat ass, dat ass datt et effektiv stëmmt, datt déi Initiativ nach um Site vun der Gemeng Fréiseng dropsteet, mä déi ass guer net méi aktiv, an e wäert se och net méi beschäftegen.

Mme la Présidente.- Här Jaerling, wëllt Der elo weiderfueren. Den Här Castegnaro ass scho laang fäerdeg, en hat och net gefrot, mä mir sinn e bësselche méi tolerant elo. Fuert elo weider, Här Jaerling, an ech géif deenen aneren de gudde Rot ginn, net méi ze ënnerbriechen, soss komme mer jo ni hei un d'Enn.

Une voix.- Mir schummen eis.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Also, Madame Stein, ech verstinn lech ganz gutt, well ech hunn och d'Pizza geroch.

(Hilarité)

Am Januar 2003 huet d'Sozialistesch Partei sech géint de Gesetzesprojet iwwert d'Beschäftegungsinitiativen ausgeschwat an esouguer verlaangt en zréckzezéien. Elo steet en awer an enger Regierungserklärung, déi d'Sozialiste mat ënnerschriwwen hunn. Ass dat op e plötzleche Sënneswandel hinzefëieren, oder spillt hei alt erëm eng Kéier d'Dominanz vun der CSV? Gëtt et iwwerhaapt eppes an der Regierungserklärung wat vun de Sozialiste selwer staamt, oder huet de Jean-Claude den Éischten den Text redigéiert an d'LSAP just mat den Aen zou ënnerschriwwen?

Wat ass sozial Effizienz?

Une voix.- Elo provozéiert Der erëm!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ass dat wann ee mat Steiergelder Beschäftegungsinitiative fördert, déi um normalen Aarbechtsmaart méi futtimaachen, wéi se an hirem Beräich gutt maachen? Wat heescht e limitéierten Accès op de Marché public, fir datt d'Concurrence déloyale ageschränkt gëtt? Och wann nëmmen e limitéierten Accès op de Marché public zougelooss gëtt, esou gëtt et nach ëmmer Moyenë fir iwwer Konventioune mat de Gemengen dat ze ëmgoen.

Et kënnt fir den ADR op kee Fall a Fro, datt déi Beschäftegungsmesuren an deem Rhythmus an op déi Aart a Weis ausgebaut ginn an och nach gesetzlech verankert ginn, fir datt se de Betriber nach méi Konkurrenz kënne maachen. Well d'Konkurrenz trëfft besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber, déi de Gros vun deenen Aarbechte kënnten iwwerhuelen, wa se seriö ausgeschriwwe géife ginn. Wa mer Mesurë brauche fir Leit, déi bal guer net méi um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze bréngen sinn, da sollen déi vun der ADEM géréiert ginn.

Besonnesch bei Jonken, déi schlecht qualifizéiert sinn, muss eben dann d'Ausbildung erweidert ginn. Dat bréngt hinne méi wéi wa se an Equipen zesummegeknautscht ginn, an dat bréngt hinnen op jidde Fall méi, wéi wa se vun enger Beschäftegungsmesure an déi aner gehäit ginn.

Méi ideal wier et nach, wa mat de Betriber géifen Ofkommesse getraff ginn, fir se an den normalen Aarbechtsmaart ze integréieren. Ofkommessen, déi misste finanziell begleet ginn, déi awer méi sënnvoll a méi bëlleg wieren, wéi dat wat elo versicht gëtt mat Beschäftegungsinitiativen opzebauschen. Beschäftegungsinitiativen, jo, awer sënnvoller an net zu egal wat fir engem Präis.

Madame Presidentin, da kënnt nach derbäi, an dat gëtt bei verschiddene Gemenge schonn zum Usus, datt se Leit jorelaang beschäftegen iwwer CAT-Kontrakter. Während där gläicher Zäit awer gi Leit agestallt, fir déiselwecht Aarbecht ze maachen, déi déi richteg Parteikaart hunn oder dem richtege Sportsveräin ugehéieren. Och dat sinn Nieweneffekter vu gutt gemengte Beschäftegungsmesuren, déi voll derniewent ginn.

De Betriber gëtt virgehäit, datt se géifen hire Bilan duerch Beschäftegung vu bëllegen Aarbechtskräfte sanéieren. Op där anerer Säit loossen awer déi, déi de Betriber dat virgeheien, et zou, datt op de Gemenge Leit jorelaang an CAT-Kontrakter beschäftegt ginn.

Une voix.- Très bien.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Madame Presidentin, am Zesummenhang mam Beschäftegungsproblem gesäit d'Regierungserklärung ënner anerem vir, en externen Audit bei der ADEM duerchzezéien. Dat schéngt eis eng vernünfteg an noutwendeg Mesure. D'ADEM huet déiselwecht Problemer héchstwahrscheinlech wéi mir alleguer. Si huet de Laascht net esou richteg gesi kommen, gouf awer als Éischt domadder konfrontéiert. An do stellen sech effektiv e puer Froen.

Sinn d'Unzeeche vun enger steigender Aarbechtslosegkeet an eisen Nopeschlänner an an Europa net erkannt ginn, well mer an der Illusioun gelieft hunn, mir kënnten op ëmmer an éiweg 10 bis 15.000 Aarbechtsplazen d'Joer hei am Land schafen? Wéisou ass net fréizäiteg reagéiert ginn, wéi festgestallt ginn ass, datt d'Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn, haaptsächlech vun importéierten Aarbechtskräfte besat gi sinn? D'ADEM huet Effortë gemaach a puncto Jobdescription a Betreiung vun den Aarbechtslosen. Dat ass ouni Zweifel ze beweisen an dat klappt och. Quitte datt et en neie System ass, kann een awer sech selwer vun der Effikassitéit dovunner iwwerzeegen.

Mä dat geet net duer! Wat mer brauchen ass nach méi eng offensiv Aarbechtsmaartverwaltung, déi esou konzipéiert ass, datt se och genuch Moyenen huet, fir op d'Betriber zouzegoen. A mir brauchen och eng effikass Administratioun, déi sech der Réinsertion professionnelle unhëlt. Et geet net duer, datt mer e Gesetz maachen iwwer en internen an externe Reclassement vun deene Leit, déi aus der Invaliditéit erauskommen, wann d'Begleetmoossnamen net kloer definéiert sinn a wa keng kloer Richtlinne gesat ginn, wéi zum Beispill den interne Reclassement muss geschéien.

Am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle steet den interne Reclassement wuel dran, kann awer ouni Problem ëmgaange ginn. A wann dann intern reclasséiert gëtt, dann zum ënneschte Loun, ouni datt déi Betraffen, laut deem bestehende Gesetz, Urecht hunn op eng Indemnité de réemploi, wat jo elo soll glécklecherweis geännert ginn. Déi, déi awer elo während zwee Joer an deem Fall sinn, kréien näischt. Duerfir muss onbedéngt e Reglement dat internt Reclassement klären, fir jiddferengem déiselwecht Chancen ze ginn.

Den Här Minister huet och hei geschwat vum sozialen Engagement vun de Betriber. Mir hunn haut vu villem geschwat, mir hu vu Gläichberechtegung geschwat vun der Fra, mä mir hunn awer eng Kategorie vu Leit vergiess, dat sinn déi Behënnert. D'Gläichberechtegung fir déi Behënnert um Aarbechtsmaart. Mir mussen och emol duerfir suergen, datt d'Betriber de gesetzleche Prozentsaz, dee gefuerdert ass fir Behënnerteplazen ze schafen, dee musse mer awer emol kucken, datt dee respektéiert gëtt, a ganz besonnesch bei de Gemengen an och beim Stat, woubäi bei verschiddene Gemengen dee Prozentsaz ganz wäit hannendrun hippt. Och dat gehéiert zu der Diskussioun iwwert de Chômage, och dat gehéiert zur Diskussioun iwwert d'Chancëgläichheet.

Madame Presidentin, d'Haaptursaach vun eisem Chômage soll anscheinend um Manktum u Qualifikatioun leien, wat effektiv och stëmmt. Et stëmmt zum Deel, werft awer eng Rei vu Froen op. Wie war dann an de leschte Joren zoustänneg fir d'Educatioun? Wat ass versäumt ginn, datt mer esou e Réckstand an eiser Qualifikatioun hunn? Ass et vläicht doduerch, datt all Kéiers wann en neien Educatiounsminister kënnt, dat ganzt Konzept geännert gëtt an iwwerhaapt kee seriöe Suivi méiglech ass, an datt mer dann all Kéiers erëm eng Kéier vu vir ufänken?

Wichteg ass fir eis, datt besonnesch déi Jonk, déi Schwieregkeeten hunn, sech an der normaler Lafzäit ze qualifizéieren, ebe méi laang an der Formatioun kënne bleiwen. Mir haten am Laf vun der Debatt iwwert d'Educatioun eng deementspriechend Motioun deponéiert, déi awer hei ofgelehnt gouf. Engersäits kräischt Der, datt mer net genuch qualifizéiert Leit hunn, anerersäits verwerft Der awer dann eng Propositioun, déi méi e laange Wee virschléit, fir datt méi Leit eng Chance hunn, fir qualifizéiert ze ginn. Et ass ëmmer nach besser, Jugendlecher méi laang an der Schoul ze halen, wéi hinnen als Onqualifizéierten de Chômage ze ginn oder se vun enger Beschäftegungsmesure an déi aner ze geheien.

D'Schoul kann hinnen eng Chance vermëttelen. D'Beschäftegungsmesuren an de Chômage bréngen hinnen net vill, an duerfir wëll ech déi Motioun dann hei nach eng Kéier deponéieren, fir jiddferengem eng Chance ze ginn, säin Iertum vun deemools ze revidéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement prévoit en son article 1er que tout enfant âgé de six ans révolus avant le premier septembre recevra pendant neuf années consécutives l'instruction telle que prévue par la loi;

- considérant que la France connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 16 ans et que la Belgique connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 18 ans;

- considérant que le niveau de formation est primordial pour l'insertion professionnelle;

- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire n'a plus la même valeur symbolique et donc le même sens que lors de son instauration en 1912;

- considérant qu'il s'agissait alors d'une obligation pesant sur les familles et les contraignant à faire instruire leurs enfants plutôt que d'en exploiter la force de travail;

- considérant qu'à l'époque il s'agissait pour la société d'exhausser le niveau global de formation pour développer en chacun ses capacités citoyennes et la possibilité de contribuer au développement économique et social du pays en s'assurant un niveau de vie décent;

- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire pèse davantage sur les jeunes que sur les familles;

- considérant qu'il est manifeste que l'école a bien du mal à prendre en charge un certain nombre de jeunes, surtout quand elle les a engagés, parfois depuis la première primaire, dans la spirale de l'échec, les excluant progressivement en quelque sorte de tout projet scolaire positif;

- considérant que dans l'état actuel des choses, sortir les jeunes à 15 ans de l'école revient à les renvoyer à la rue;

- considérant qu'une prolongation de l'obligation scolaire permet de former les jeunes à un plus haut niveau de qualification professionnelle;

- considérant qu'il est évident que les structures actuelles de l'école sont inadéquates, qu'il est indispensable que l'école fasse œuvre d'invention pour offrir des voies alternatives à un certain nombre de jeunes qui ne peuvent plus entrer dans un projet de scolarisation à temps plein;

demande au Gouvernement

- de prolonger l'obligation scolaire à 16 ans;

- de trouver des manières nouvelles d'accomplir l'obligation scolaire à temps partiel à partir de 13 ans;

- d'aboutir à transformer l'obligation scolaire en une obligation de la société d'amener tous les jeunes à un niveau de formation et de qualification minimum facilitant l'insertion professionnelle.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

(Interruptions)

Ben, Här Glesener, dat weess ech, d'Majoritéit huet ëmmer eng besser Motioun wéi déi aner, mä wann Är Motioun gutt ass, da stëmmen ech se selbstverständlech och.

Mme la Présidente.- Här Jaerling, adresséiert lech un d'Chamber.

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Da schwätzen ech awer an e leere Raum, Madame Stein, a bal en eidele Raum.

Här President, wat d'Educatioun ubelaangt…

(Interruptions)

Une voix.- Et ass Madame President.

Une autre voix.- Dat ass eng Déformatioun.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Entschëllegt, et kann ee sech och emol iren.

Madame President, wat d'Educatioun ubelaangt, wëll ech hei awer net verfeelen d'Wichtegkeet vum Handwierk ervirzehiewen. Just an deem Beräich, wou Main-d'oeuvre feelt, gëtt net genuch an d'Educatioun investéiert.

D'Beruffsorientéierung muss och dozou déngen, de Jonken d'handwierklech Beruffer erëm schmackhaft an zougänglech ze maachen. An ech géif mengen, do kënne mir alleguerten an ech och mea culpa soen, well mir nom Krich gemengt hunn, eis Kanner dierfte jo dach net hir Fanger knaschtech maache a missten iergendwéi e Beruff oder eng Qualifikatioun kréien, wou se sech net méi brauche knaschtech a midd ze maachen. Mir hunn et gutt gemengt, mä mir gesinn awer wat doraus entstanen ass, dat heescht, dass mer eng falsch Beruffsorientéierung gemaach hunn, net nëmme vun de Schoulen aus, mä och vun den Elteren aus, déi einfach gemengt hunn, hir Kanner missten eppes Besseres gi wéi anerer.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Déi Kanner, déi esou an e falsche Beruff drainéiert gi sinn, dovunner sinn ech iwwerzeegt, sinn net onbedéngt glécklech; se verdénge vläicht méi Geld, mä si sinn net onbedéngt zefridden.

Dofir musse mer eis Beruffsorientéierung e bëssen no der Wirtschaft ausriichten an eis Leit, eis Kanner an déi Beruffer drainéieren, déi d'Betriber brauchen. A just do ginn déi meeschte Plazen nämlech vu Grenzgänger besat.

Mir mussen och duerfir suergen, dass grad am Handwierk net jiddfereen an den öffentlechen Déngscht zitt, an eis d'Fro stellen, wéi mer an Zukunft déi Konkurrenz zum Privatsecteur och kënne limitéieren.

Och wat déi paramedezinesch Beruffer ubelaangt, muss méi investéiert ginn. Och do si mer ze vill op d'Ausland ugewisen, an och do musse mer Méiglechkeete schafen, fir all Beruff hei kënnen am Land selwer auszebilden. Och an deem Beräich schaffen zum Beispill Infirmièren als Aide-soignanten, well hir Diplomer als Infirmière net unerkannt ginn, oder well se net als Infirmière geholl ginn an dann eben deen Job als Aide-soignante akzeptéieren, dee se ugebuede kréien. An do géif ech mengen ass an Zukunft nach vill Potenzial, wou Aarbechtsplaze geschafe ginn, mä wou awer och déi néideg Qualifikatioun muss virbereet ginn.

D'Recht op individuell liewenslaang Formatioun war hei an enger Motioun vun eis gefuerdert ginn an ass leider vun dëser Chamber ofgelehnt ginn. Dat ass bedauerlech. Et ass awer do dernieft erfreelech, dass et awer elo an der Regierungserklärung festgehalen ass, an ech hoffen, dass dat net erëm an der Regierungserklärung ee vun deenen eidele Sloganen ass, déi ni wäerte realiséiert ginn, well d'individuellt Recht op liewenslaang Ausbildung muss e Recht vum Salarié ginn, fir sech selwer kënnen auszebilden, wann eben de Betrib et net wëllt, oder wann e sech wëllt weiderbilde fir en aneren Job ze sichen. Déi Chance muss jiddferengem individuell garantéiert ginn.

Et freet mech, dass den Här Minister eis haut bestätegt huet, dass awer d'Indemnitéit, déi am CNFPC fir d'Ausbildung bezuelt gëtt, net a Fro gestallt ass, an dass déi och iwwert de 15. am Heemount eraus nach weider wäert bezuelt ginn. Dat ass eng erfreelech Nouvelle an déi Leit, déi dat betrëfft, wäerten him och dofir dankbar sinn.

Här President, fir mech ass eent kloer: All Initiativ, déi ouni Ëmweeër agesat gëtt, fir fest Aarbechtsplazen ze schafen, kann ech ënnerstëtzen. All Mesure awer, déi manifest d'Schafe vu festen Aarbechtsplaze verhënnert oder der esouguer a Fro stellt, kann ech net guttheeschen. Fir mech huet de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart eng absolut Prioritéit. Bei all Projet, deen hei am Land realiséiert gëtt, muss versicht ginn iwwer normal Soumissiounen ze fueren, an net iwwer Entreprises générales.

Et kann net méi sinn, datt all grousse Projet un déi zwou oder dräi selwecht grouss auslännesch Boîtë verschenkt gëtt an eis Betriber op der Streck bleiwen. Wann ech gesinn, dass um Rond-point zu Steebrécken eng hollännesch Firma Blumme planzt, während honnert Meter méi wäit zwee Lëtzebuerger Gäertner hir Gäertnerei hunn, da stellen ech mer awer eeschthaft d'Fro, ob der e puer se hei am Land net méi all beienaner hunn.

Musse mer esou Opträg wierklech esou opbauen, datt se nëmme kënne vun auslännesche Firmen ausgefouert ginn? Mir soen Neen, do muss eng Ännerung kommen.

Une voix.- Très bien!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Aarbecht fir eis Betriber ass Aarbecht fir eis Leit. Ech begréissen och, dass elo den Här Minister hei gesot huet, fir dass Chômeuren sech kënnen als Indépendant etabléieren, géif eng Dier opgemaach ginn a géif och eng Hëllef zustane kommen. Ech sinn net der Meenung, dass déi Leit iergendwéi no zwee Joer einfach Faillite ginn. Ech mengen, wann een d'Méiglechkeet opmécht, da soll een deene Leit eng Chance ginn. Ech sinn awer och der Meenung, dass et net dann esou duerf sinn, wann een oder deen aneren dat net packt, dass en dann déi Sue muss zréckbezuelen.

Mir hu schonn hei an anere Projeten esou vill Milliarden an de Sand gesat, dass mer awer dann net elo dierfen dofir op déi puer Sue kucken, wann elo iergendee klenge Betrib Faillite mécht.

Een anere Problem, deen awer onbedéngt muss ugeschwat gi bei de Betriber, sinn déi onméiglech administrativ Schikanen, iwwert déi och muss geschwat ginn, a wou d'Betriber och Problemer hunn, a wou d'Betriber sech och iwwerleeën, ob se nach weider Leit astellen, well bei all Persoun, déi se weider astellen, ginn d'administrativ Schikane méi grouss. Och do muss e bëssen normaliséiert ginn, an och do muss de Betriber entgéintkomm ginn, fir dass déi Betriber ënnerstëtzt ginn.

Da schwätze mer ëmmer dofir, fir héich technologesch Betriber hei an d'Land ze kréien, déi esou mann polluéiere wéi nëmme méiglech. Dat si gutt Initiativen, déi sinn och ze begréissen, mä mir mussen awer och erëm eng Kéier iergendwéi Betriber hei an d'Land kréien, déi aarbechtsintensiv sinn, an déi och Aarbechtsplazen ubidde fir net esou qualifizéiert Leit. Dat ass dat, wat feelt. An et gehéiert och zur Komplementaritéit vun engem Aarbechtsmaart, vun enger Wirtschaft, dass och Aarbechtsplaze geschafe gi fir Leit, déi net esou qualifizéiert sinn, well där behale mer, egal wat fir een Educatiounssystem mer hunn. Do sollen och Chancë geschafe gi fir déi Leit.

Mir sinn also alleguer gefuerdert fir eisen Aarbechtslosen eng Aarbecht ze verschafen, esou wéi mer hinnen se an eiser Verfassung garantéieren. Wa mer dat net fäerdeg bréngen, da sinn ech der Meenung, datt de Stat hinne soll esou laang de Chômage bezuele bis se eng hunn; dat verbonnen awer mat enger adequater Weiderbildung, fir datt se erëm eng zousätzlech Chance kréie fir op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Dat géif nach vill méi bëlleg gi wéi dee ganze Klimbim, dee mer ronderëm deen normalen Aarbechtsmaart opbauen. An dat géif och déi Verantwortlech aus der Regierung dozou féieren, esou schnell wéi méiglech aktiv ze ginn, wann de Chômage iwwerhand hëlt.

Ech wëll ofschléissend nach bemierken, datt mer fir deen nächsten Débat iwwert d'Aarbechtslosegkeet jo net erëm wäerte musse waarde bis déi nächst Présidence. Et wier awer ze wënschen, datt ënnert dëser Présidence nach eng Rei sozial an aarbechtsrechtlech Akzenter gesat kënnte ginn. Akzenter, déi déi sozial schwaach Länner an Europa sozial virubréngen, ouni awer eis Rechter ze bradéieren, esou wéi dat am Verfassungstraité geschitt wier.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als leschte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Marcel Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu meng Ried, déi ech sollt halen, op menger Plaz leie gelooss. Ech wëll mech da ganz kuerz faassen, éischtens well et scho spéit ass an zweetens well meng Kolleege Virriedner enorm vill Positives hei gesot hunn, mat deem ech zu engem allergréissten Deel kann d'accord sinn.

D'Noutwendegkeet vun dëser Debatt ass ënnerstrach ginn duerch d'Presentatioun, déi de Minister Biltgen hei gemaach huet, virun allem awer och op Grond vun deenen Interventioune vun de Kolleegen aus de Fraktiounen, mä virun allem awer op Grond vun enger dramatescher Situatioun, déi sech hei zu Lëtzebuerg entwéckelt, dat heescht d'Zounahm vun der Aarbechtslosegkeet. Ech mengen, et ass richteg a gutt, datt mer eis hei an der Chamber mat deem Thema ausenaner setzen.

Et ass esou, datt mer net haut een Débat d'actualité, net een Débat d'orientation féieren, soss hätt ee kéinte méi wäit aushuelen a méi zum Wiese vum Chômage schwätzen, mä d'Regierung war der Meenung, datt an dësem Moment et noutwendeg wier fir niewent de Consultatiounen, déi se mat de Sozialpartner amgaang ass duerchzeféieren, och eng Rei konkret Propositioune vun der Chamber, vun den Deputéierten ze héieren, fir dorop dann och ze reagéieren.

Ech weess net, ob den Aarbechtsminister zefridden ass mat deene konkrete Propositiounen, déi haut de Mëtteg hei gemaach gi sinn. Bon, ech waarden dann of, wat de Minister zu all deem ze soen huet, wat haut de Mëtteg hei proposéiert ginn ass.

D'Konklusiounen, déi mer haut awer mussen zéien, ech mengen déi musse mer zéien op der Basis vun dem PAN-Gesetz vun 1999. Doriwwer eraus musse mer och déi Debatt haut, déi Konsultatioun, déi d'Regierung gefrot huet, mat afügen an deen Débat d'orientation sur l'emploi, dee mer am November 1997 hei veranstalt hunn, an deen Débat d'orientation sur le marché de l'emploi den 23. Oktober 2003 an d'Aktualiséierung vum PAN-Gesetz vum 17. Dezember 2003.

Also mir hunn eis scho während deene leschte Joren des Öfteren hei an der Chamber mat der Entwécklung vum Chômage befaasst a mat Propositiounen, déi dozou ubruecht wieren, fir Vollbeschäftegung hei zu Lëtzebuerg hierzestellen.

D'Rieden, déi haut gehale gi sinn, gläiche ganz staark deenen, déi während deene Jore virdrun hei an der Chamber och gehale gi sinn, mat dem Ënnerscheed, datt 2002 mer hei 5.500 Demandeur-d'emploien haten, am Hierscht 2003 hate mer der 7.200, an haut am Abrëll hu mer 9.674 Demandeur-d'emploien. Do gesäit een also, datt d'Zuel sech praktesch verduebelt huet.

Wann ech déi Leit derbäizielen, wéi och schonn hei gesot ginn ass, déi sech an deene sou genannte staatleche Beschäftegungsmoossname befannen, da komme mer op vill méi eng héich Zuel vun ëm 13.000, 14.000 Leit, déi keng fest Aarbechtsplaz hei zu Lëtzebuerg hunn.

Ech wëll kuerz drun erënneren, 1997 hate mer dee groussen Débat hei, deen dann och dozou gefouert huet, datt mer no der Tripartite dat PAN-Gesetz hei duerchdiskutéiert hunn a gestëmmt hunn. D'Zil vum PAN-Gesetz war deemools fir d'Massenaarbechtslosegkeet ze verhënneren a fir enger weiderer Aarbechtslosegkeet virzebeugen. Ech mengen, deemools, 1999, hu mer zu engem gréissten Deel dat Zil erreecht.

Mä vun 1999 u stelle mer fest, datt opgrond vun enger Rei vu Moossnamen, déi awer do elo nach getraff gi sinn, d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg zouhëlt. Dat ass virun allem och drop zréckzeféieren, datt an deene leschten zwee, dräi Joer net méi deen Zouwuess u konkreten Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg vollzu ginn ass, wéi dat kuerz an deene Joren 1999, 2000 an 2001 nach de Fall war.

Duerfir stelle mer fest, an ech mengen dat geet ganz kloer och aus deem ervir, wat de Minister gesot huet a wat déi meescht Kolleegen hei presentéiert hunn, datt et mat dem PAN-Gesetz a mat deene Moossnamen, déi mer hunn, haut net méi duergeet. An duerfir erwaart d'Regierung sech och positiv Virschléi vum Parlament.

Ech wëll e puer positiv Akzenter setzen. Ech fannen et gutt, an am Numm vu menger Fraktioun kann ech dat soen, datt d'Regierung déi lescht Woch en Avant-projet op den Instanzewee ginn huet, wou se virun allem op zwee Aspekter vum Chômage ageet, an zwar ass et de Problem vun der Formatioun - an ech kommen nach dorop zréck -, wou eng Rei Moossnamen, déi ech elo net méi wëll erwähnen - Dir kennt se -, virgesi sinn, an doriwwer eraus virun allem awer och eng Rei Moossname wëllt treffen, fir d'Laangzäitaarbechtslosegkeet an de Grëff ze kréien a virun allem fir deene méi eelere Chômeuren oder de Mënschen, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, eng Chance ze ginn, erëm eng Kéier eng vollwäerteg Aarbechtsplaz ze fannen.

Et ass dramatesch, an de John Castegnaro huet dat gesot, mä et ass eng Realitéit, datt mer eis musse Gedanke maachen, wéi brénge mer et fäerdeg, nach Leit ab 45 Joer ze beschäftegen. Et ass e Skandal, datt ee mat 45 Joer schonn zu deenen aklasséiert gëtt, déi vläicht ze al si fir den Aarbechtsmaart. Wann et awer eng Realitéit ass, datt déi Leit Problemer hunn, eng Aarbechtsplaz ze fannen, ech mengen dann ass et noutwendeg, datt mer Moossnamen treffen, fir datt déi Leit méi Chancë kréien, erëm eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Duerfir fannen ech et eng gutt Initiativ, déi d'Regierung e Freideg geholl huet an der Rumm vun deem Avant-projet de loi mat deem mer eis wäerten hei an der Chamber och befaassen, fir virun allem dorop hinzewierken, datt déi Leit, déi ab 45 Joer Problemer kréien, datt do speziell Moossnamen zu hire Gonschte presentéiert ginn, fir datt se eng Chance kréien, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Doriwwer eraus ass et wichteg, datt och de Sozialdialog weider intensivéiert gëtt, an d'Berodunge mat de Sozialpartner sinn eng Konditioun sine qua non fir Lëtzebuerg, wou mer gutt Erfahrunge gemaach hunn, an déi och muss weider ausgedeent an ausgebaut ginn.

Duerfir ass et och gutt, datt d'Regierung dee Froebou un d'Sozialpartner geschéckt huet, fir Äntwert ze kréien - deen nächste Mount am Juli, mengen ech, ass et -, fir esou eng Rei Moossnamen, déi mer 1999 a virdu getraff hunn, ze aktualiséieren an ze versichen, fir déi Moossnamen opgrond vun der heiteger Entwécklung ze verbesseren an doduerch dann d'Méiglechkeeten ze schafen, datt mer dee Problem vun der Aarbechtslosegkeet besser an de Grëff kréien.

Mir hu probéiert - an ech ginn op déi aner Saachen net an, well meng Kolleegen hunn dat virdru schonn zur Genüge hei gemaach -, mir hunn eng Motioun preparéiert wou mer dem Regierungswonsch nokommen an eng Rei konkret Propositioune maachen, déi et méiglech maachen, eiser Meenung no, dee ganze Problem besser an de Grëff ze kréien. Ech ginn elo net op déi Motioun am Detail an, Här President. Ech wëll awer déi Motioun hei am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen depouséieren, an ech wëll ganz kuerz e puer Schwéierpunkte vun där Motioun, eis konkret Propositiounen un d'Adress vun der Regierung, hei virdroen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

constatant:

- que malgré une certaine reprise économique au courant de l'année 2004, la situation de l'emploi au Grand-Duché reste préoccupante;

- que la croissance économique et son corollaire, la progression de l'emploi salarié, ne se sont pas traduits par une baisse du chômage qui, au contraire, ne cesse d'augmenter depuis octobre 2001;

- que le chômage de longue durée, partant le chômage structurel, risque d'augmenter de manière significative, frappant surtout les personnes sans qualifications, les personnes âgées ainsi que les travailleurs à handicaps ou encore à taux de capacité réduite;

- que cette corrélation paradoxale entre la croissance de l'emploi et du chômage caractérise notre marché de l'emploi et reflète la complexité de la matière;

- qu'en effet, si l'inadéquation entre l'offre et la demande d'emploi s'explique en partie par le manque de qualifications respectivement de qualifications requises des demandeurs d'emploi, d'autres facteurs jouent également un rôle important dans la montée du chômage au Luxembourg tels que l'exiguïté du marché du travail national dans le cadre de la Grande Région, les restructurations, la spécialisation des tâches, la disparition des emplois non ou peu qualifiés ou encore le compartimentage du marché de l'emploi;

- que les réponses simplistes pour lutter contre le chômage consistant surtout à démanteler notre protection sociale et à apporter des modifications importantes au niveau du droit du travail ne sauraient à long terme améliorer la situation sur le marché de l'emploi;

- que la problématique du chômage nécessite une approche globale associant les différents acteurs concernés, alors que la politique de l'emploi est un élément de la politique économique, ainsi que de la politique de l'éducation et de la formation;

- qu'il est un fait que l'Administration de l'Emploi joue un rôle clé à l'intersection de l'offre et de la demande d'emploi, et qu'il échet d'adapter son fonctionnement aux contraintes actuelles, tant du point de vue personnel qu'organisationnel;

invite le Gouvernement

- (1) à adopter une approche globale de la politique de l'emploi, notamment:

- en associant à celle-ci tous les acteurs concernés et notamment tous les ministères intéressés, à savoir le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, ainsi que le Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur;

- en rapprochant le monde économique du marché de l'emploi luxembourgeois respectivement en rapprochant la politique de création d'emploi des politiques de formation et de lutte contre le chômage en veillant

(a) à mieux connaître les besoins de l'économie afin d'adapter les profils des salariés, demandeurs d'emplois et chômeurs en conséquence, le tout en mettant en œuvre l'ensemble des moyens législatifs et budgétaires des divers ministères en vue de la formation des personnes concernées;

(b) à tenir compte notamment lors de chaque implantation, agrandissement restructuration, etc. d'entreprises au Luxembourg du facteur «impact sur l'emploi», et surtout sur l'emploi résident, respecti-

vement de l'aspect «lutte contre le chômage» en associant à un stade précoce des représentants du Ministère du Travail et de l'Emploi ainsi que de l'ADEM à la genèse des décisions économiques;

- (2) à améliorer ou étoffer l'arsenal de mesures en faveur du maintien de l'emploi, voire à explorer de nouvelles pistes en la matière, et ce dans l'optique d'une transition du maintien de l'emploi vers le maintien à l'emploi, en réfléchissant entre autres à la mise en place d'un audit social d'une entreprise afin d'anticiper les mutations en matière d'emploi ou au recours à l'outplacement comme outil en faveur de l'emploi, voire à l'opportunité de modifier la législation sur le prêt de main-d'œuvre dans le sens d'un élargissement des possibilités prévues pour recourir à cet instrument;

- (3) au niveau de l'ADEM:

- à moderniser, en l'adaptant aux contraintes nouvelles, l'organisation et le fonctionnement de l'ADEM en vue de recentrer son rôle vers une stratégie plus axée sur le travail personnalisé avec les demandeurs d'emplois et sur l'activité quotidienne sur le terrain, afin d'optimiser encore davantage ses services en tenant compte, le cas échéant, des recommandations de l'OCDE;

- à doter à cette fin l'ADEM de manière prioritaire en personnel qualifié supplémentaire aux fins d'activité de conseil et de placement respectivement de coopération avec les employeurs;

- à veiller à la mise en place de formations ciblées en faveur des agents dont la mission consiste dans le travail direct avec les chômeurs et les employeurs;

- (4) à mettre en œuvre dans des délais raisonnables les réformes prévues par l'accord de coalition du 4 août 2004 en matière d'éducation et de formation initiale notamment la réforme du Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires dont l'objectif est d'aboutir à une plus grande synergie entre orientation scolaire et orientation professionnelle;

- (5) à inciter les entreprises à prendre conscience de leur responsabilité sociale notamment en multipliant les campagnes d'information quant à leurs obligations mais également quant aux nombreuses aides étatiques dont elles peuvent bénéficier;

- (6) à activer de manière très précoce les demandeurs d'emploi et à les motiver à s'impliquer encore plus dans leurs projets d'emploi notamment en les responsabilisant davantage p.ex. par le biais d'un contrat entre l'ADEM et le demandeur d'emploi qui fixe les objectifs à atteindre, les droits et obligations de chacune des parties;

- (7) à concevoir les moyens pour offrir un travail aux personnes éloignées du marché de l'emploi pour des raisons personnelles, notamment un état de santé déficitaire et à prévoir dans ce cadre un rôle spécifique pour les initiatives sociales pour l'emploi.

(s.) Marcel Glesener, John Castegnaro, Ben Fayot, Ali Kaes, Michel Wolter.

Éischtens emol stelle mer fest, an do beschéinegen ech awer näischt, dass de Chômage net nëmmen zougeholl huet, mä och während deenen nächste Méint a Jore wäert weider zouhuelen, wa mer et net fäerdeg bréngen, de Problem geziilt an de Grëff ze kréien.

Zweetens, fir de Chômage ze bekämpfe soe mer ganz kloer an eendeiteg, datt et net a Fro kënnt, iergendwellechen Ofbau vu sozialrechtleche Bestëmmungen an aarbechtsrechtleche Bestëmmungen als Bekämpfung vum Chômage duerchzezéien. Ech mengen, dee sozialen Niveau, dee mer hunn, déi aarbechtsrechtlech Schutzbestëmmungen, déi mer hunn, un déi gi mer net rüttelen, well dat féiert mat Sécherheet net zu méi Aarbechtsplazen, an dat féiert och net dozou, datt mer Vollbeschäftegung besser kënne realiséieren.

Mir vermëttelen awer der Regierung de Wonsch, an ech huelen un, datt d'Chamber och do derhannert steet, datt et misst zu engem verbesserten a verstäerkten institutionellen Zesummewierken tëschent dräi Ministèren zumindest kommen, an zwar den Travail, d'Economie an d'Educatioun. Eng Rei Kolleegen hunn déi Situatioun bemängelt, well déi net effikass genuch ass. Eh bien, mir ginn der Regierung effektiv de Mandat dat ze maachen, dat institutionellt Zesummewierken.

Da weider Moossnamen treffen am Zesummenhang fir d'Laangzäitaarbechtslosegkeet an de Grëff ze kréien an doriwwer eraus och eng Rei nei Moossnamen an nei institutionell Weeër sichen, fir e verbesserte Formatiounsangebot, deen awer joborientéiert muss sinn - an ech kommen drop zréck -, an Ugrëff ze huelen, an dann zesumme mat de Betriber un e Sozialkomponent net nëmmen ze appeléieren, mä och unzereegen, datt d'Betriber net nëmmen eng Missioun hunn, fir an der Wirtschaft sech ze betätegen, mä doriwwer eraus och eng sozial Funktioun hu vis-à-vis vun der Mënschheet.

D'Madame Minister huet d'Chamber iwwert d'Schwieregkeeten informéiert, déi de Moment d'Kreatioun vun esou enger Carrière mat sech bréngt. Et ass schwiereg, d'Konditioune vun der Formatioun a vun der Certificatioun ze definéieren, déi d'Kandidate missten erfëllen, fir sech dem Examenconcours fir déi nei Funktioun ze stellen - zum Beispill e Cycle vu véier Joer Universitéitsstudien oder op universitärem Niveau a praktescher Philosophie oder an enger ähnlecher Disziplin -, ouni a Konflikt ze komme mat de Konditiounen, déi d'Kandidate fir déi bestehend Funktioune vum Professeur de lettres mat der Spezialitéit Philosophie erfëlle mussen.

D'Kommissioun huet d'Madame Minister an dësem Räsonnement suivéiert an huet en Amendement ugeholl am Artikel 2. Am Paragraph 1 ass den drëtten Tiret, dee libelléiert war «des professeurs de lettres ou de sciences» ersat ginn duerch déi folgend zwee nei Tireten: «des professeurs de lettres des spécialités suivantes: philosophie et formation morale et sociale, langues ou lettres, histoire, géographie» an «des professeurs de sciences des spécialités suivantes: mathématique, physique, chimie, biologie, géographie».

Den Intitulé «Projet de loi portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique» gëtt adaptéiert a komplettéiert mat deene sechs Gesetzer, déi modifizéiert ginn an engem Gesetz, dat abrogéiert gëtt. D'Kommissioun ass nämlech der Meenung, datt d'Opziele vun alle Gesetzer, déi duerch dës Législatioun concernéiert sinn, spéider Recherchen erliichtert.

Den Artikel 1 hält fest, datt déi viséiert Etablissementer d'Lycéeën an d'Lycée-techniquë begräifen, déi eng eenzeg Administratioun bilden.

Den Artikel 2 fixéiert de Kader vum Personal, dat all Lycée an de fënnef opgeféierte Carrièren niewent engem Direkter ka begräifen. An der Carrière supérieure vum Enseignement, an der Carrière moyenne vum Enseignement, an der Carrière supérieure vun der Administratioun - hei sinn d'Fonctionnairë vun der Carrière vum Psycholog opgeféiert. An der Carrière moyenne vun der Administratioun stinn déi nei Funktioune vum Éducateur gradué, dem Assistant social a vum Informaticien diplômé. An der Carrière inférieure vun der Administratioun: Nei ass hei d'Funktioun vum Éducateur.

Niewent den opgeféierte Fonctionnairen, kann de Kader vum Personal vun de Lycéeë Kandidaten an de Carrières enseignantes vum Enseignement postprimaire esou wéi Stagiairë fir déi verschidde Fonctiounen an der administrativer an technescher Funktioun begräifen.

Den Artikel 3, Employés et ouvriers, énuméréiert d'Chargés d'éducation, déi administrativ an technesch Employéen an d'Aarbechter, mat enger ganzer oder partieller Tâche, entweder à durée indéterminée oder à durée déterminée.

Den Artikel 4 fixéiert d'Konditioune vun der Admissioun vum Stage a vun der Nominatioun.

De Conseil d'État huet estiméiert, datt d'Professeurs de lettres et de sciences och am Besëtz vun engem Lëtzebuerger Diplôme de fin d'études secondaires oder secondaires techniques musse sinn, oder vun engem auslänneschen Diplom, deen als équivalent ugesinn ass. Dës Konditioun gëllt fir all déi aner Funktiounen an et ass evident, datt d'Professeurs de lettres ou de sciences se och mussen erfëllen. Dës Dispositioun huet also missen am Artikel 4 bäigesat ginn.

Wat d'Konditioune vun der Admissioun vum Stage ubelaangt, mussen d'Professeurs de lettres ou de sciences d'Homologatioun vun hiren auslänneschen Titren a Graden noweisen.

Mat der Kreatioun vun der Université de Luxembourg muss d'Schafung vun enger Base légale envisagéiert ginn, déi d'Admissioun virgesäit vu Leit, déi am Besëtz si vun engem Lëtzebuerger Diplom, deen universitär Studie vu véier oder méi Jore sanktionéiert. Dofir muss gesot ginn, datt et sech kann ëm Lëtzebuerger Diplomer handelen, oder ëm auslännesch Diplomer, déi homologéiert gi sinn nom Gesetz vum 18. Juni 1969.

Am Alinea 9 gëtt festgehalen, datt d'Schoulmeeschtere vum Enseignement préparatoire rekrutéiert ginn ënnert de Schoulmeeschtere vum Enseignement primaire oder ënnert de Kandidaten, déi admissibel si fir d'Funktioun vum Schoulmeeschter vum Enseignement primaire.

Am Alinea 18 steet, datt d'Fonctionnairë vun der Carrière vum Redakter a vum Expéditionnaire administratif, déi déi administrativ Gestioun an engem Lycée solle maachen, ënnert de Fonctionnairen oder Stagiairë vun deeneselwechte Carrièrë vun der Regierungsverwaltung rekrutéiert an an de Lycée détachéiert ginn.

An all Lycée kann ee Fonctionnaire oder Stagiaire vun der Carrière vum Redakter autoriséiert ginn, den Titel Secrétaire ze droen, ouni datt doduerch weder säi Rang, nach säi Gehalt geännert ginn.

Entgéint dem initialen Text proposéiert am Artikel 5 d'Kommissioun, den Accès zur Funktioun vum Lycéesdirekter net op d'Kandidaten aus der Carrière vum Grade E7 ze limitéieren, mä op all Kandidaten aus der Carrière supérieure vun de Graden E5 bis E7 auszedehnen. D'Kandidate mussen op d'mannst fënnef Joer dem Personal vun der Carrière supérieure ugehéiert hunn. An alle Lycéeë kënnen d'Fonctionnairen aus der Carrière supérieure, déi an de Graden E5 bis E7 klasséiert sinn, op d'Funktioun vum Directeur adjoint genannt ginn.

D'Funktioun vum Directeur adjoint ass am Grad E7ter klasséiert, wann den Titulaire ënnert den Enseignanten aus dem Grad E7 rekrutéiert gëtt, am Grad E6ter, respektiv E5ter bei Rekrutéierung aus de Graden E6, respektiv E5.

Den Direkter an den Directeur adjoint gi vum Grand-Duc genannt. Fir d'Direktioun vum Régime préparatoire kann de Lycéesdirekter sech assistéiere loosse vun engem Chargé de direction à tâche partielle ou complète, deen ausgewielt gëtt ënnert de Fonctionnairë vun der Carrière moyenne ou supérieure.

De Chargé de direction gëtt vum Minister genannt. D'Dauer vu sengem Mandat a seng Attributioune ginn duerch Règlement grand-ducal definéiert. Hie kritt während sengem Mandat eng Prime non pensionnable, déi variéiert en fonction vum Volume vu senger Tâche, ouni awer kënne 45 Indexpunkten ze dépasséieren.

Den Artikel 6 begräift eng Rei Modifikatiounen, déi duerch dëst Gesetz an aner Gesetzer virgeholl ginn. Esou gëtt zum Beispill den Artikel 19, Paragraph 1 vum Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Regime vun de Gehälter vun de Statsbeamte folgendermoosse geännert:

Um Schluss vum Stage pédagogique ginn d'Stagiairen an deene verschiddene Funktiounen, E2 bis E7, als Kandidate fir déiselwecht Funktioun nominéiert an hir Carrièrë gi reconstituéiert. Während där Zäit vun hirer Kandidatur ginn an hirem Traitement Reduktiounen tëschent 18 an 30 Indexpunkte virgesinn, ouni datt hiren Traitement ënnert dem véierten Échelon vun hirem Grad leie kann. De Kandidat, dee säin Travail de candidature net mat Succès um Enn vun der Kandidaturperiod presentéiert huet, behält seng Nominatioun als Kandidat an d'Reduktioune gi weider applizéiert. Um Schluss vun der Kandidatur gëtt de Kandidat, dee mat Succès ofgeschloss huet, a senger Funktioun nominéiert an d'Reduktioun gëtt supprimëiert.

Den Artikel 17 vum Gesetz vum 5. Juli 1991 gëtt folgendermoosse geännert: D'Contrats à durée déterminée tëschent dem Stat an de Gemengen engersäits, an de Chargés de direction vun enger Klass vum Préscolaire oder vum Primaire, de Chargés d'éducation vun de Lycéeën, den Agents socio-éducatifs, de Chargés de cours du Service de la Formation des Adultes, de Chargés de cours du Service de la Formation professionnelle, de Chargés de cours vum Centre de langues, de Chargés de cours vun dem Service de l'Éducation différenciée an de Chargés de cours vum Centre de logopédie anerersäits, kënne méi wéi zweemol erneiert ginn, souguer fir eng Gesamtdauer, déi iwwer 24 Méint erausgeet.

Den Artikel 7 enthält eng Rei Iwwerganksbestëmmungen. Esou ginn am Alinea 1 d'Funktioune vum Professeur de sciences commerciales, vum Instituteur d'enseignement technique, vun der Institutrice d'enseignement ménager agricole a vum Secrétaire vun den Établissements scolaires oprecht erhalen, am Kader vum Personal vun de Lycéeën, fir Titulairen déi am Déngscht sinn oder am Congé sans traitement, wann dëst Gesetz a Kraaft trëtt. Den Alinea 2 enthält déiselwecht Bestëmmunge fir d'Poste vun de Chargés de cours.

An den Alineaë 5 bis 8 ginn déi perséinlech Situatioune vu véier Enseignanteën aus dem Lycée technique pour professions de santé geregelt, deenen duerch fréier Gesetzer net Rechnung gedroe ginn ass, esou bei der Reorganisatioun vun den öffentlechen a private Schoule fir Infirmièren an Infirmieren. Si kommen heimat an de Genoss vun deeneselwechten Iwwerganksbestëmmunge wéi hir Kolleegen, op der Basis vum Gesetz vum 11. Januar 1995, dat dës Reorganisatioun festleet an d'Kollaboratioun tëschent dem Ministère vun der Éducation nationale an dem Ministère vun der Santé reglementéiert.

Am Alinea 10 geet et ëm een ARBED-Aarbechter, zënter 1997 mat engem CATP als Schräiner am Lycée Michel-Rodange. Hie gëtt an dësem Etablissement zum Stage fir d'Funktioun als Handwierker zougelooss a vum Examen-concours dispenséiert.

Den Alinea 11 leet fest, datt den Aarbechter, dee säit 1992 am Lycée technique agricole zu Ettelbréck beschäftegt ass, als Employé de l'État am selwechte Lycée kann engagéiert ginn. Hie gëtt autoriséiert den Titel Bibliothécaire vum Lycée technique agricole d'Ettelbruck ze droen.

Den Alinea 12 bestëmmt, datt eng Employée de l'État, déi den Diplom als Éducateur gradué huet an am Lycée technique d'Ettelbruck affectéiert ass, op d'Funktioun vum Éducateur gradué ka genannt ginn. Si ass vum Examen-concours, vum Stage a vum definitiven Examen d'admission dispenséiert.

Den Artikel 8 hält fest, datt all gesetzlech Bestëmmungen, déi contraire zu dem neie Gesetz sinn, ofgeschaf sinn, mat Ausnahm vun de grossherzogleche Reglementer, déi a Kraaft bleiwen esoulaang se net duerch Règlements grand-ducaux ersat ginn, déi op Basis vum neie Gesetz geholl goufen.

Am Artikel 9 gëtt festgehalen, datt ënner enger verkierzter Form op d'Gesetz ka Referenz gemaach ginn, andeem nëmmen de Punkt a) aus dem Intitulé gebraucht gëtt: «Projet de loi portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique».

Am Artikel 10 proposéiert d'Kommissioun een Datum fir d'Akraafttriedung vum neie Gesetz anzeschreiwen, an zwar fir d'Rentrée scolaire 2005/2006.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech wëll heimat och den Accord vun eiser Partei zum Gesetz ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Als éischt Riednerin ass d'Madame Marie-Thérèse Gantenbein ageschriwwen. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen *(CSV).*- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, den Enseignement ass ëmmer erëm ee vun deene grousse Chantieren, eng vun deene groussen Erausfuerderungen, där eng Regierung sech stelle muss. De Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass een Deel dovun.

Wann et an dësem Projet och net ëm déif gräifend Schoulinhalter geet, dann ass et awer e wichtege Projet, well et en noutwendege Projet ass, deen eise Lycéeën a Lycée-techniquen eng eenheetlech Visibilitéit a méi eng kloer Lisibilitéit gëtt, déi béid net ze ënnerschätze sinn.

Dëst Gesetz gouf, wéi scho gesot vum Rapporteur, vun der fréierer Ministesch Anne Brasseur déposéiert, vun der jëtzeger Ministesch iwwerholl an amendéiert opgrond vum Avis vum Statsrot an opgrond vu Recommandatiounen a Propositioune vun der parlamentarescher Kommissioun.

Fir d'Alleréischt géif ech awer gären e grousse Merci soen dem Rapporteur vun dëser Gesetzesvirlag, dem honorabele Fernand Diederich. Hien huet eng kompetent Aarbecht geleescht an an der Kommissioun si mer relativ schnell, an zwar an dräi Sëtzungen, duerch dëse wichtegen Text gaangen, deen déi bestehend Législatioun an engem eenheetlechen Text harmoniséiert.

Zum anere ginn eng Rei nei administrativ Carrièren an eise Schoulen an d'Liewe geruff, an d'Fonctionnairen aus dem SPOS ginn an de personelle Kader vun de Schoulen integréiert. Op déi meeschte Froen, déi mer an der Kommissioun gestallt hunn, konnte mer, mengen ech, räsonnabel Léisunge fannen, déi bei de Betraffenen op keng gréisser Oppositioun wäerte stoussen. Zu gudder Lescht bezitt sech den Aspekt vun der Harmonisatioun och nach op vereenzelt Carrièren a verschidde Beruffsparten, déi während Joren an der Loft houngen, an déi duerch den Artikel 7 iwwert d'Dispositions transitoires regulariséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Organisatioun vum Personal, souwuel am Enseignement secondaire wéi am Secondaire technique, ass bis dato duerch eng Rei Gesetzestexter reglementéiert. A muneche Postprimärschoule gëtt haut souwuel den Enseignement secondaire wéi och den Enseignement secondaire technique ugebueden. Si ënnerstinn deemno och därselwechter Direktioun, déi de personelle Kader ze organiséieren huet. An dës Entwécklung geet och nach weider; et gouf och éineschters dorop higewisen.

E Lifting vun der bestehender Législatioun ass also net vu Muttwëll, well d'Schoulorganisatioun no eenheetleche Prozeduren oflafe kann. Meng Fraktioun an ech, mir kënnen eis deemno total hannert d'Zilsetzung vun dëser Gesetzesvirlag stellen.

Et gouf mat dësem Text och dovunner profitéiert fir weider Modifikatiounen un der bestehender Législatioun virzehuelen, déi sech virun allem op verschidde Carrièrë bezéien. Ech entschëllege mech duerfir, wann ech dat eent oder dat anert widderhuelen, mä dat ass nun eemol den Inhalt vun deem Gesetz. Esou sinn an der Carrière supérieure vun der Administratioun d'Fonctioun vum Psycholog, an der Carrière moyenne déi vum Assistant social a vum Éducateur gradué, an der Carrière inférieure d'Carrière vum Éducateur agefouert ginn.

Domadder ass d'Personal vum SPOS, dat bis elo am personelle Kader vum CPOS, dat heescht dem Centre de psychologie et d'orientation scolaires, integréiert war, an de personelle Kader vun eise Lycéeën an eisen technesche Lycéeën integréiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wat esou reglementaresch kléngt an ausgesäit, an och ass, huet a mengen Aen awer e Stellewäert, op deen ech wëllt kuerz agoen. Eis Schoulpopulatioun huet sech fundamental geännert, well d'Gesellschaft sech geännert huet. An dës Schoulpopulatioun ass de Produkt vun enger Gesellschaft am Wandel an dréit u sech d'Konsequenze vun dësem Wandel a vun dëser Veränerung.

D'Roll vum Psycholog, vum Assistant social, vum Éducateur gradué a vum Éducateur ass eminent wichteg, well d'Schoul ass scho laang net méi nëmmen d'Plaz vun der Wëssensvermëttlung a vun der intellektueller Formatioun vun de Schüler a Studenten. Mir wëssen et, fragiliséiert Familljen; och eng gewëssen Orientéierungslosegkeet mécht sech breet, och e gewëssene Wäerteverfall an eiser Gesellschaft si Barrièrë fir d'Schüler an d'Studenten um Wee vun der Sich no hirer eegener Identitéit. An déi Barrièren hunn eng vermindert oder gestéiert Opnahmefäegkeet am Unterrecht zur Konsequenz.

De Mënsch Schüler an de Mënsch Student als Ganzt ze betruechten an hien net eleng ze loosse mat senge Suergen, senge Problemer, sengen Ängschten, heiansdo mat sengen Existenzängschten, dat ass de Rôle vum Service de psychologie, deem säi Personal elo zum Staff vun all Lycée gehéiert.

Ech weess, villes, fir net ze soen dat meescht an de Schoule leeft gutt. Et ass awer net ze verkennen, datt Problemer wéi Sucht, Drogen, Gewalt a Mobbing Fakten an traureg Realitéiten an eise Lycéeë sinn. Hei kann nëmme mat engem konsequente professionellen a liewensnoen Travail socio-éducatif gehollef ginn. Ech géif mer och wënschen, datt d'Orientation scolaire an eise Lycéeën enger Evaluatioun an enger Redefinitioun ënnerzu géif ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert zum Préparatoire, deen zënter 1994 an den Enseignement technique integréiert ass. Mir wëssen, datt et e schwieregt Schoulpflaster ass, deem d'Politik eng besonnesch Opmierksamkeet schëlleg ass: Der Schoulpopulatioun an och dem Personal, deem vill Fangerspëtzegefill, vill Kraaft, vill Ausdauer, vill Motivatioun an och vill Engagement ofverlaangt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Schoule schaffen ëmmer méi mat der Entwécklung vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, fir eis Schüler op d'Ufuerderunge vun der Zäit an dësem Beräich besser erunzeféieren. Aus dësem Grond gouf d'Carrière vum diplomëierten Informatiker och an d'Carrière moyenne vun der Administratioun integréiert.

Den Ëmgank mat den neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien ass haut fir vill Schüler eng Selbstverständlechkeet, well se fréizäiteg, souwuel an der Primärschoul wéi och doheem, un de Computer erugefouert goufen. Si si gewinnt mam Computer ze liewen, de Computer ass en Outil de travail wéi d'Buch oder e Bic.

Et dréint sech hei ëm en ekonomeschen Enjeu, wann eis Schüler sech mat de Standarde vun der elektronescher Dateveraarbechtung beschtens auskennen, fir als kompetitiv Aarbechtskraaft op den Aarbechtsmaart ze gelaangen. Et ass duerfir wichteg, datt eis Schoulen iwwer qualifizéiert Personal verfügen, wat ëmmer op der Plaz ass an zum Staff gehéiert.

Eng lescht wichteg Neierung ass d'Harmonisatioun vun den Nominatiounskonditioune vun den Direkteren an den Directeurs adjoints am Enseignement secondaire a secondaire technique. An dësem Kontext ass ervirzehiewen, datt d'Kommissioun der Meenung war, d'Kandidature fir dës Posten net nëmmen op de Grad E7 ze beschränken, mä och op den E5 an den E6 auszedehnen. Dëse Virschlag huet duerfir och säin Néierschlag am virleienden Text fonnt.

En anere wichtegen Aspekt vun dësem Projet, dee mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, ass deen iwwert d'Opportunitéit fir d'Carrière vum Professeur de formation morale et sociale am Text virzegesinn. A wéi de Rapporteur schonn ausféierlech doriwwer bericht huet, géif ech mer erlaben dat ze iwwergoen a weider nëmmen drop hinzeweisen, dass an der Kommissioun d'Fro gestallt ginn ass, ob d'Professeurs de formation morale et sociale - dat heescht d'Spezialisatioun „Philosophie" gouf duerch d'Formation morale et sociale complétéiert - och kéinten en Direkter- oder en Adjointsposten iwwerhuelen. Do huet d'Ministesch eis versécher, datt et keen Argument géif gi wat dogéint géif schwätzen, well déi allermeescht jo eng Formatioun an der Philosophie hunn.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 4. Januar 2005 ënner anerem och nach drop higewisen, datt d'Professeren an de Sproochen an an de Sciencen iwwer e Premières- oder Treizièmesdiplom, oder iwwer en équivalenten Diplom, dee se aus dem Ausland kritt hunn an deen zu Lëtzebuerg unerkannt ass, musse verfügen. Doriwwer eraus mussen si hir auslännesch Diplomer no den Dispositiounen aus dem Gesetz vum 18. Juni '69 iwwert den Enseignement supérieur homologéiere loossen. Nei ass, datt och Lëtzebuerger Diplomer duerch d'Uni Lëtzebuerg ausgestallt kënne ginn, déi natierlech och homologéiert musse ginn. Dëse Remarquë konnt sech d'Kommissioun virbehaltslos uschléissen.

Dir Dammen an Dir Hären, e leschte Punkt, dee mer an der Kommissioun op Basis vum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics duerchdiskutéiert hunn, ass deen iwwert d'Schafung vun engem sou genannten Administrateur en charge des multiples tâches organisationnelles techniques, deen ënnert der Responsabilitéit vun der Direktioun géif agéieren.

Virun allem um Niveau vun de para- a perischouleschen Aktivitéiten huet sech an de leschte Joren an eise Schoule ganz vill gedoen. Fir d'Organisatioun vun dësen Aktivitéite wiere gutt strukturéiert Direktiounen noutwendeg. Déi Déchargen, déi verschidde Proffe géife fir dës Aufgaben zougestane kréien, géife laut der Beamtechamber der Envergure vun der Aufgab net gerecht ginn.

Déi Responsabel aus dem Ministère haten sech an der Kommissioun an enger éischter Phas dofir ausgeschwat, d'Missioun vun esou engem Attaché méi kloer ze definéieren. D'CSV-Membere waren och der Meenung, datt sech de Corps enseignant an deem Fall besser op seng eigentlech Tâche kéint konzentréieren. Dëse Virschlag ass awer finalement net vun der Kommissioun zréckbehale ginn, fir um bestoende System weiderhi festzehalen. Eng Léisung, mat där d'CSV-Fraktioun awer och liewe kann.

Ech perséinlech sinn der Opfaassung, dass d'Direktioun e „Contact épidermique", wéi d'Beamtechamber et nennt, dat heescht en direkte Kontakt mat an zu de Schüler an de Proffe muss hunn. De Bien-être vun de Schüler an de Studenten, de Bien-être vun de Proffen, PISA 1 a PISA 2, d'Gestaltung vun der Schoul vum drëtte Jordausend, och déi spezifesch Identitéit vun de verschiddene Lycéeën, d'Wëssen ëm d'Verantwortung fir d'Formatioun vun den nächste Genera-

tiounen, brauchen Direktiounen, déi Zäit hunn, fir dëser Missioun gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt d'Haaptelementer vun dësem Text schonn alleguer duergeluecht goufen. D'CSV-Fraktioun stellt sech hannert d'Zilsetzung vun dësem Text, dee seng Feierprouf bei der nächster Rentrée scolaire wäert hunn an dee virun allem d'Organisatioun vum Personalkader an de Lycéeën, déi souwuel de Classique wéi och den Technique ubidden, wesentlech wäert vereinfachen. An deen dozou bäidréit, dass all eenzelne Lycée e geschlossene schoulesche Liewensraum fir d'Schüler, fir d'Studenten, fir d'Personal a fir d'Direktioun ass.

Mam Accord vu menger Fraktioun schléissen ech of a soen Iech Merci fir Är Gedold an Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, souwuel de Rapporteur, den honorablen Här Diederich, wéi d'Spriecherin vun der CSV, déi honorabel Madame Gantenbein, sinn esou am Detail op dëse Projet de loi agaangen, dass ech dat wierklech net méi muss maachen.

Ech muss Iech soen, an dat soen ech à titre personnel, dass et mech freet, dass dëse Projet esou in extenso hei explizéiert ginn ass. Et ass e Projet de loi, deen am Januar 2004 déposéiert ginn ass, an engem ganze Kader. Nämlech d'lescht Joer ass hei ee Gesetz gestëmmt ginn iwwert de Fonctionnement, iwwert d'Strukturen, iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an de Lycées techniques, an dat hei ass de Corollaire dozou, fir dass een d'Personalstrukturen och an engem Gesetz huet.

Well, wéi de Rapporteur dat virdrun explizéiert huet, sinn et ganz vill Gesetzer ginn a si wore souguer zum Deel contradictoire. An et kann dach net sinn, dass mer an engem System, wou et ee Patron gëtt, dat heescht d'Éducation nationale, an engem Type d'enseignement, dat heescht den Enseignement postprimaire, dass mer am Fall sinn, dass, je nodeem wou een d'Nominatioun kritt, d'Referenz op aner Gesetzestexter spillen. An de But dovun, dat wor dat alles an engem Gesetzestext zesummenzebréngen.

Wéi d'Madame Delvaux sech an der Kommissioun ausgedréckt huet, ass dat hei e ganz komplizéiert Gesetz, well mer hei an d'Personalstrukturen an an d'Definitioun vu verschiddene Carrièren eraginn.

Ech wëll op dëser Plaz all deenen Expertë Merci soen, déi a fënnef Joer mir d'Méiglechkeet ginn hunn, e bësse méi kloer ze gesinn an dëser ganz komplizéierter Matière. An ech mengen et ass och wichteg, dass mer elo déi gesetzlech Basis hei schafen, dass jiddfereen, deen am Enseignement secondaire oder Enseignement secondaire technique schafft, ee Referenzgesetz huet, wou seng Carrière och dann dran definéiert gëtt.

Deen Text hei ass am Januar 2001 déposéiert ginn, an et wor am Fong dru geduecht dee parallell mat deem iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën ze stëmmen. Dat ass awer net gemaach ginn, well den Avis vum Conseil d'État louch net vir; dat ass awer elo nogeholl ginn.

Elo an der Kommissioun sinn eng Rei Ännerungen un deem Projet komm; Ännerungen, mat deenen ech selbstverständlech och d'accord sinn. Besonnesch eng Ännerung, déi ech ganz gutt fannen, dat ass déi, dass mer et fäerdeg bruecht hunn den Terme vu Professeur de formation morale et sociale eranzebréngen. Dat ass keng Fonctioun beim Stat, well et do keng Ausbildung gëtt, esou wéi d'Madame Gantenbein dat virdrun explizéiert huet. Mä et ass awer wichteg, dass mer ernimmen, dass et déi Fonctioun gëtt, an dofir hu mer dat un d'Philosophie ugepasst. An ech fannen et wichteg, dass mer och eng Referenz dorop hunn, net nëmmen an de Coursen, mä och op där anerer Säit bei den Enseignanten.

Zur Formation morale et sociale wollt ech nach soen, dass an deene leschte Jore ganz vill Effortë gemaach si ginn, fir Enseignanten auszebilden. Well et geet net duer Philosophie studéiert ze hunn, et muss een och nach d'Fachrichtung „praktische Philosophie" studéiert hunn, wat awer net iwwerall enseignéiert gëtt op den Universitéiten, fir mat där Matière eens ze ginn.

Dofir ass vun enger zoustänneger Kommissioun vu Philosprofesseren e System ausgeschafft ginn, mat Hëllef vun auslänneschen Experten, fir eng ganz gutt Formatioun an deem Domän ze maachen. An ech mengen dat ass och wichteg esou, well dat Fach, dat kritt ëmmer méi Bedeitung, besonnesch an enger Zäit wou déi Wäerter, déi ee siche geet, net méi esou ganz kloer palpabel sinn a wou mer deene Jonke mussen d'Méiglechkeet gi Strukturen ze erkennen, Valeuren ze gesinn a wou se an engem oppene Geescht drun erugeféiert ginn. Dofir sinn ech ganz frou, dass déi Formatioun och elo leeft.

Bei engem Projet de loi wéi deem heiten, Här President, do kéint een natierlech iwwer alles am Schoulwiese schwätzen, am Secondaire oder am Secondaire technique, wéi zum Beispill iwwert de Critère de promotion, wou vill driwwer ze soe wier, wéi beispillsweis iwwer e Règlement de discipline, wou vill driwwer ze soe wier. Ech wäert dat awer net maachen. Ech respektéieren d'Reglement an ech wäert mech un dësen Text halen, fir Iech just nach ee Punkt ze relevéieren an dat ass dee vun de Chargés d'éducation am Secondaire an am Secondaire technique. Do huet d'Madame Minister an der Kommissioun gesot, si géing deen och probéieren ze léisen an ee Moment hat se souguer geduecht dee mat dësem Projet ze léisen.

Mir hunn e Problem am Enseignement well mer ëmmer mussen - an d'Organisatioun gëtt dat esou hier - op Leit zréckgräifen, déi keng definitiv Ustellung kréien. Dat war am Primaire esou mat all deene Konsequenzen, déi mer kannt hunn, an duerfir sinn ech frou, dass mer do konnten e Gesetz driwwer stëmmen, fir dat awer an uerdentlech Bunnen ze bréngen, an dass déi Leit, déi dovu betraff waren an déi jorelaang gutt Déngschter am Enseignement geleescht haten, och eng Sécherheet hunn. Et ass natierlech kee Fräifahrtsschäi fir an den Enseignement ze kommen ouni Qualifikatioun. Dat kann et net sinn.

De Problem ass awer am Postprimaire nach net geléist. Ech muss dat zouginn. Ech hätt léiwer gehat, ech wier selwer do e Schratt virukomm. Duerfir sinn ech frou, dass d'Madame Delvaux gesot huet, dass se do un der Elaboratioun vun engem Projet de loi wieren, dee méi komplizéiert ass wéi dee vum Enseignement primaire, well am Enseignement primaire gëtt et en Enseignant unique, an am Secondaire huet een d'Spezialitéiten, an do ass et vill méi schwiereg, dann d'Attributioun vun de Posten ze maachen. Ech wier frou wann d'Madame Minister ons kënnt soen, wéini si rechent, dass e Projet de loi kënnt op den Instanzewee goen, fir de Problem vun de Chargés d'éducation an dem postprimairen Unterrecht kënnen ze regelen.

Dat sinn déi puer Remarquen, déi ech zu dësem Projet wollt maachen. An ech si frou, dass dat e Projet ass, dee vun där jëtzeger Majoritéit och opgegraff ginn ass, an dass en och d'Approbatioun vu wéinstens der LSAP- a vun der CSV-Fraktioun - déi aner hu mer jo nach net héieren - kritt. Déi aner Fraktioune wäerte mer jo nach héieren. Ech op jiddfer Fall bréngen den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Scheuer.

Une voix.- En ass net do.

M. le Président.- Den Här Scheuer schéngt net do ze sinn. Da komme mer zum nächste Riedner, dat ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hale mech e bësse mat der Madame Brasseur, ech wëll och deene Virriedner Merci soe fir d'Ausféierlechkeet an ech wëll mech och kuerz faassen. Ech gi ganz kuerz an op den Exposé des motifs vun dësem Gesetzestext. Do si fënnef Ziler opgezielt, déi mat dësem Gesetz sollen erreecht ginn.

Éischtens, an engem eenzegen Text sollen déi verschidden Dispositiounen zesummegefaasst ginn, déi d'Personalkaderen an de Lycéeën an an de Lycée-techniquë betreffen.

Zweetens, dës verschidden Dispositioune sollen harmoniséiert ginn, well mëttlerweil ëmmer méi Lycéeë souwuel Lycée technique wéi och Lycée classique sinn.

Mir begréissen dës Ziler ausdrécklech a sinn och der Meenung, datt se mat dësem Gesetz erreecht ginn. Mir wënschen eis, datt all Lycée an Zukunft souwuel Schüler vum Lycée technique préparatoire, vum Lycée technique a vum Lycée ophëlt. Nach méi schéi wier et jo, wa mer an den ënneschte Klassen eng Filière unique hätten, mä hei zu Lëtzebuerg schénge mir jo déi Eenzeg ze sinn, déi net um dräigliddrege Schoulsystem, deen et just am däitsche Sproochraum gëtt, wëlle peche bleiwen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Déi éischt zwee Ziler sinn an der Rei. Op dat drëtt Zil wëll ech e bësse méi am Detail agoen, duerfir setzen ech dat un de Schluss. Mat dem véierten Zil, d'Leit vum SPOS an de Personalkader vun de Lycéeën ze integréieren, schéngt eis elo och eng iwwerfälleg Mesure geholl ze ginn, a mir stëmmen deem zou. Mir mengen et wier och vläicht eng Geleeënheet driwwer nozedenken, wéi dann de Service de Guidance de l'Enfance an de SREA besser an d'Primärschoul kéinte verankert ginn. An datt mir als fënneft Zil och nach eng Rei Carrièresproblemer léise kënnen, dat ass nun emol den Avantage vun engem klenge Land wou alles méi iwwersiichtlech ass, a mir fannen dat och ganz an der Rei.

Ech kommen nach eng Kéier zréck op dat drëtt Zil, «élargir les cadres du personnel par la création de nouvelles carrières dans l'administration». Do di mir eis e bësselche méi schwéier mat. Grad ewéi d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics si mir der Meenung, datt et dem Gesetz hei e bëssen u Gehalt feelt. Et ass e ganz konservatiivt Gesetz, dat schonns eng ganz Rei Froen aus der Vergaangenheet zefridde stellend regelt. Eis feelt awer e courageierte Bléck no vir, d'Aplange vu Besoinen, wou mir elo schonns wëssen, datt si op eis zoukommen.

Dozou gehéiert zum Beispill d'Aféierung am Personalkader vun engem Administrateur, dee sech ëm eng ganz Rei technesch an administrativ Problemer géing këmmeren. D'Statsbeamtekummer freet esou e Posten, an de Statsrot hätt och kee Problem domat. D'Chamberkommissioun mengt, datt d'Lycéesdirektere jo ëmmer d'Méiglechkeet hätten, sech Enseignanten erauszesichen, déi dann eng Décharge kréichen, fir d'Direktioun bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen. Dat ass richteg, huet awer och virun allem een Nodeel: E Professer huet net onbedéngt déi néideg Kenntnisser am Management, déi hei verlaangt sinn.

Wa mir eis also eens sinn, a PISA huet et jo bestätegt, datt eis Schoule méi Fräiheet, méi Autonomie brauchen, da musse mir eis och Gedanken driwwer maachen, wéi eng Struktur d'Schoulen eventuell an Zukunft brauchen, fir hir Autonomie och sënnvoll kënnen ze gebrauchen. Dobäi schwätze mer natierlech ëmmer vun enger relativer Autonomie vun de Schoulen, net vun enger totaler Fräiheet.

Ech zitéieren aus engem Buch, „Institutioneller Schulentwicklungsprozess" vum Dalin. Dee mécht de Verglach vun der Fräiheet vun der Schoul mat engem Hond un der Léngt. D'Professeren an d'Professeschen hunn am Prinzip d'fräi Wahl vun hire Methoden a kënnen an all Himmelsrichtunge goen, allerdéngs ëmmer nëmmen esou wäit wéi hire Meeschter, den Direkter oder respektiv de Ministère, se fortloossen.

Anerersäits ass et awer och fir eng Ministesch oder en Direkter praktesch onméiglech, innovatiivt Handelen an Denken ze erzwéngen. Eng Schoul ass ënner anerem och eng öffentlech, net profitorientéiert Organisatioun. Wéi all Organisatioun ass eng Schoul net statesch, mä entwéckelt sech bestänneg weider. Et ass esou, datt kolleegial Kulturen, wou d'Leit offen an zesummeschaffen, der Weiderentwécklung vun de Schoulen am meeschten hëllefen.

Mir mengen et wier duerchaus sënnvoll, den Direktiounen d'Méiglechkeet ze ginn, eng Rei vun hiren administrativen an techneschen Aarbechten u speziell ausgebilte Leit weiderzeginn. D'Direktiounen hätten da méi Zäit, sech ëm hir pedagogesch Aarbecht ze këmmeren, wéi zum Beispill d'Betreiung vun de Proffen an de Schüler, d'Abezéie vun alle Membere vun der Organisatioun Schoul, fir hir zukünfteg Planungen.

Mir sinn der Meenung, datt et gutt gewiescht wier, déi Aufgabe vu Management, déi an Zukunft bestëmmt nach ëmmer méi grouss ginn, méi explizit virzegesinn. Et wier wahrscheinlech och interessant gewiescht, an der Direktioun Plaz ze maache fir Leit, déi net onbedéngt Enseignantë sinn. Dat géing eventuell fir frësche Wand suergen.

Ofgesi vun dëse Remarquen, menge mir awer, datt d'Gesetz am Groussen a Ganze ganz vill positiv Aspekter huet, an ech bréngen och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, ech wollt Iech froen, den Här Mehlen ass och nach ageschriwwen. Kënnt deen och nach?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Also, Här President, ech wollt meng Membere vun der Fraktioun entschëllegen. Dir wësst, datt onsem Fraktiounschef seng Mamm gestuerwen ass, an doduerch hunn e puer Kolleegen et fir richteg fonnt, fir haut bei deem Begriefnes derbäi ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, wat mer hei virleien hunn, huet de Mérite, datt et eng Harmoniséierung an eng Codificatioun vu bestehende Gesetzgebungen virhëlt, an datt et och verschidden interessant Neierunge mat erabréngt. An deem Sënn kënne mer och mat deem Gesetz d'accord sinn. Mä et sinn e puer Punkten, wou mer awer net domat d'accord sinn.

Een, deen ass vläicht manner wichteg, mä en ass awer hei scho vun e puer Virriedner ugeschwat ginn, dat ass deen, datt mer net d'Geleeënheet genotzt hunn, fir de Postë vum Attaché à la direction à tâche partielle oder complète virzegesinn. D'Chambre des Fonctionnaires huet mat Recht dat gefuerdert. Mir ginn och net midd, dat heiten an der Chamber ze fuerderen, schonn zënter Joren, well et ass wichteg, datt, a jee no der Importenz vun de Gebaier, déi administrativ Tâchen net vun Enseignantë beluecht ginn, déi sech sollte besser op den Enseignement konzentréieren.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, firwat et all Kéiers muss mat Déchargë goen, wann esou Tâchë vun Directeur adjoint an de Lycéeë virgesi sinn. Et misst een och d'Méiglechkeet schafe vun enger Indemnitéit, déi deen Ablack och manner op de Volume vun den Enseignantsstonnen, déi kënnen enseignéiert ginn, géing drécken.

Mä den Haaptpunkt awer, woufir mer net kënne mat deem Gesetz hei d'accord sinn, läit an der Dispositioun déi seet, ech wëll se nach eng Kéier ganz virliesen, fir datt ee ganz genau gesäit, wourëmmer et geet: «Par dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail, les contrats à durée déterminée conclus entre l'État ou la commune, d'une part, et le chargé de direction d'une classe de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire, le chargé d'éducation des lycées, l'agent socio-éducatif d'une administration ou service dépendant du département de l'éducation nationale, le chargé de cours du service de la formation des adultes, le chargé de cours du service de la formation professionnelle et le chargé de cours du Centre de langues Luxembourg, le chargé de cours des instituts et services d'éducation différenciée et le chargé de cours du Centre de logopédie d'autre part, peuvent être renouvelés plus de deux fois, même pour une durée totale excédant 24 mois.»

Mir fannen et skandaléis, Madame Minister. Mir hunn hei schonn oft gesot, datt et zweeërlee Regimer fir d'Employés privés gëtt. Mir mengen, datt hei déiselwecht Gesetzgebung misst all Kéiers fir jiddfereen ubruecht ginn. Et ass a mengen Aen esouguer anti-constitutionnel wat hei geschitt, well hei verschidde Leit net déiselwecht Rechter kréien.

An ech hätt gär, Madame Ministerin, datt Der Iech am Laf vun der Zäit och dovunner iwwerzeege loosst, datt dës Dispositioun misst geännert ginn. Si ass net richteg, si ass falsch. An dofir wäert Der verstoen, datt mer mat dësem Gesetz net d'accord sinn, well mer dat déi ganzen Zäit gefuerdert hunn. An hei gëtt et just nach ausgeweit.

Dat Zweet, wat een an dësem Kontext och muss soen, dat ass datt all déi Employés privés, déi fir Stat a Gemenge schaffen, natierlech och d'Chargés de cours, och nach keng Rechter hunn um syndikalistesche Plang. Si däerfe weder aktiv nach passiv un den Delegatiounen deelhuele fir d'Personal.

Do huet d'Cour constitutionnelle gesot, dat wier anti-constitutionnel. Dat gëtt vun där leschter Regierung, mä och vun dëser Regierung net bëuecht.

Et ass regrettabel, datt hei vun der Regierung keng kloer Linne kommen an datt net déi néideg Refor-

men duerchkommen. An ech erënneren drun, datt ech eng Proposition de loi an deem Sënn déposéiert hat. Dat sinn déi Grënn, Madame Ministerin, woufir den ADR géint dëst Gesetz wäert stëmmen.

M. le Président.- Et schéngt keen Orateur méi do ze sinn. Dann hätt elo d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt Iech Merci soen, un éischter Plaz dem Rapporteur fir säi Rapport, mä all deenen Intervenantë vun de Mëtteg fir dee feinen Débat an dee largen Accord zu dësem Gesetz. Dat kann ech esou interpretéieren, dass et e Gesetz ass, wat eigentlech net weider iwwer pedagogesch Inhalter handelt, dat och net innovativ ass, mä et ass en nëtzlecht Gesetz.

Et ass e Gesetz wat d'Fonctionnement oder wat d'administrativ Aarbecht sécher méi einfach mécht, well mer jo an engem Text alleguerten d'Dispositiounen iwwert d'Astelle vun dem Personal vun de Lycéeën a vun de Lycée-techniquë sammelen. Dat ass also wierklech en utilen Exercice, well et och Contradictiounen ofschaaft. An dofir denken ech fënnt dat Gesetz och déi breet Zoustëmmung.

Et ass richteg, dass dat Gesetz hei de Corollaire ass vun dem Gesetz, wat am Juni 2004 gestëmmt ginn ass, iwwert d'Organisation des lycées. Et ass virdrun déposéiert ginn an et ass also indispensabel, dass mer dat Gesetz hei stëmmen. Besonnesch wat d'SPOSen ugeet, well an deem Gesetz iwwert d'Organisation des lycées drasteet, dass de SPOS ënnert der administrativer Tutelle oder ënnert der Hierarchie vum Direkter steet, an ouni dëst Gesetz ass dat eigentlech praktesch net machbar, well heimadder elo d'Personal vun de SPOSen an d'Gesetz an an de Kader vun de Lycéeën transposéiert gëtt.

Dofir wëll ech net all déi gutt Résuméën, déi iwwert dëst Gesetz gemaach gi sinn, nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëllt just op déi eenzel Punkten agoen, déi hei vu verschiddene Riedner ervirgehuewe gi sinn.

Dat éischt iwwert d'Professeurs de philosophie, déi elo den Ajout dobäi kréien, dass se och Professeur de philosophie et de formation morale et sociale sinn.

(Interruption)

Also ech sinn net President!

(Hilarité)

Dat heescht, dass eigentlech d'Philosophiesprofessere rekrutéiert ginn. Wat déi fundamental Ännerung ass, dass domadder déi Leit, déi de Stage organiséiere fir d'Proffen, dass déi en Optrag kréien, dass an déi praktesch Formatioun vum Stage pédagogique dee Volet vun der Formation morale et sociale mat erakënnt, wat mengen ech eng wichteg Aufgab ass, fir de Stellewäert an och d'Qualitéit vun deem Fach ze ënnersträichen.

Dann ass dee leidege Problem vun eise Chargés de cours an de Lycéeën. Ech kann dem Här Henckes säin Opschräi do deelen a soen, et ass eigentlech net an der Rei, dass de Stat sech eng Derogatioun gëtt zum Aarbechtsrecht, andeem e méiglech mécht, dass een e Contrat à durée déterminée méi laang ka verlängeren, fir méi laang wéi de Privatpatron dat kënnen ze maachen.

Déi Dispositioun ass et gi fir sämtlech Lycéeën, dass een also eigentlech kann e Contrat à durée déterminée ëmmer erëm erneiert kréien. Déi eenzeg, déi déi Méiglechkeet net haten, dat war de Centre de langues an d'Formation des adultes, a grad do hu mer riseg Problemer mat Leit, déi ëmmer erëm Kontrakter kréien. Esou dass dat hei Gesetz déi Derogatioun eigentlech einfach nach eng Kéier confirméiert, déi mer schonn haten. Doduerch gëtt se net méi legitim.

Ech wär immens frou wa mer eng Léisung hätten, wou mer net bräichten dorobber zréckzegräifen, also dass mer eng aner Méiglechkeet hätten. Nun ass et awer beim Stat esou, entweder ass een dran oder et ass een eraus. An deem Sënn ënnerscheet dat sech vun engem Privatpatron an duerfir, ouni dass ech glécklech sinn iwwert déi Léisung, sinn ech awer frou, dass mer déi Léisung elo an dësem Gesetz hunn, well mer och an Zukunft a wahrscheinlech ëmmer an de Schoule Leit brauche mat Contrat à durée déterminée, notamment fir ze ersetzen; well mer jo do ëmmer mussen op Leit zréckgräifen.

Ech wëll awer parallell ee Gesetz maache fir d'Chargés de cours am Secondaire - d'Madame Brasseur huet mech gefrot, wéi et domadder wär -, well mer wëllen eng ähnlech Mesure maache wéi déi am Primaire gemaach ginn ass, fir dass mer Leit, déi laang an der Éducation nationale dra sinn an déi ëmmer erëm eng Tâche, oder iwwer eng hallef Tâche hunn, kënnten als Chargé de cours à durée indéterminée astellen.

Ech hat gehofft, mir géifen den Text fäerdeg kréien, fir en als Amendement nach mat heibäi ze bréngen, mä d'Chamber huet jo awer och en Appel u mech lancéiert, dass mer dat hei Gesetz net solle retardéieren duerch Amendementer. Den Text vum Gesetz ass an eisem Ministère fäerdeg an en ass och ofgeschwat gi mat der Fonction publique, esou dass ech e kann an de Regierungsrot weiderginn.

Mir mussen allerdéngs e Règlement grand-ducal dobäileeën, wou mer d'Konditioune vun der Formatioun festleeën. Mir musse soen, et kann een e Contrat à durée indéterminée kréien, wann ee verschidde Konditiounen erfëllt, déi sti jo am Gesetz, a wann een eng Formation complémentaire mécht. Am Primaire waren dat jo 120 Stonne Formatioun, déi déi Leit hu misse maachen, fir dann e feste Kontrakt ze kréien.

Am Postprimaire ass dat elo méi komplizéiert, well mer jo verschidde Formatioune mussen ubidden, well mer verschidden Disciplinëleit hunn. Mir hu Franséisch, mir hunn Däitsch, mir hunn Englesch, mir hu Maîtres de cours pratiques; mir hu vun allem.

(Interruption)

Där sinn der manner, mä et si ganz verschidde Spezialitéiten. Dofir gëtt déi Formatioun e bësse méi komplizéiert. Ech wëll d'Gesetz net op den Instanzewee ginn, bis mer de Règlement grand-ducal kënne matginn, fir dass ee sech eng Iddi gëtt. Mä ech sinn awer zouversiichtlech an ech hunn och d'Zouso kritt vun deene Leit, déi op deem Gesetz schaffen, dass mer dat virun der Summervakanz kënnen un de Regierungsrot ginn, sou dass dat Gesetz ganz geschwënn hei an d'Chamber kënnt.

Den Här Adam huet interessant Reflexiounen iwwert d'Struktur vun de Lycéeë gemaach. Ech maache mir déi Reflexiounen och. Mir hunn effektiv e Gesetz gestëmmt, oder Dir hutt e Gesetz gestëmmt, am Summer 2004 iwwert d'Organisation des Lycées, wou gesot ginn ass: Elo kréien d'Lycéeë méi eng grouss Autonomie. Et muss een awer gesinn, dass déi Autonomie de Moment relativ begrenzt ass. Si ass finanziell, mä an engem Kader, deen natierlech gestallt ass, mä wat d'Pädagogik ugeet sinn am Fong dräi Stonne Fräiraum gestallt an der Schoul.

Ech denken, dass ee muss weider iwwerleeën, wéi ee méi Autonomie a méi Verantwortung an dann awer och méi Evaluatioun an d'Lycéeën erabréngt. Dat ass en Exercice, deen ech awer wëll mat de Schoulen, mat den Enseignanten, mat den Direktiounen zesumme maachen. Ech mengen och, dass een an deem Kader dann definéiere soll, wat da genau d'Missioune vun enger Direktioun sinn.

Ech hunn e bëssen Angscht, wa mir elo einfach ee Beamte vun der Carrière supérieure administrative an eng Direktioun erasetzen, ouni ze definéieren, wat dann elo wien an der Schoul mécht, dass deen eigentlech e bëssen do doniewent leeft.

Ech mengen, et ass wichteg, a sinn do mam Här Adam d'accord, dass mir eng Équipe an eng Schoul kréien, eng Équipe, déi zesummen e Projet entwéckelt fir d'Schoul, wou souwuel d'Enseignantë wéi d'Direktioun sollen zesummeschaffen. Ech ginn awer d'Hoffnung net op, dass mir do e Schrëtt weiderkommen an dass mir dann op déi Fro do hei géifen zréckkommen, sou dass ech denken, dass ech op all Är Froen a Remarquë geäntwert hunn.

Et bleift mir dann, Iech Merci ze soe fir deen net totalen, mä grousse Konsens zu dësem Gesetz.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Lydie Err) et Mme Vera Spautz (par M. Jos Scheuer);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert d'Chamberkonte vum Joer 2003. Et ass bis elo just den Här Fayot ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

2. Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2003 - N°5470

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. Henri Grethen *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Fir mech selwer ass dat hei net eng Première, mä ech muss awer dësem honorabelen Haus soen, dass et fir d'Zweet a mengem Liewen als Parlamentarier ass, dass ech däerf Rapporteur sinn. Dir verstitt also dann…

(Interruptions diverses)

Genau, Här President, wéi den Här Huss seet, Dir verstitt jo da meng Nervositéit bei…

(Interruptions et hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. Henri Grethen *(DP), rapporteur.*- A wéi, Här President, den Här Goerens richteg bemierkt, dat ass kee liichte Wee, fir dann esou eng wichteg Funktioun hei wouerzehuelen.

Ech wéilt och dofir all deenen, déi mir bei dëser schwiereger Aufgab behëlleflech waren, a besonnesch der Madame Biasini, villmools Merci soe fir déi Ënnerstëtzung, déi ech dobäi krut, an och all deenen anere Mataarbechter vum Greffe. Selbstverständlech soen ech och de Kolleegen aus der Kommissioun Merci.

Eis Aufgab als Kommissioun war desto méi einfach, well mir Ënnerstëtzung hate vun engem Réviseur d'entreprises indépendant, an zwar Mazars, deen och nach hei vun der Chamber bezeechent ginn ass, an deen déi Konten och fir eis nach eng Kéier nogekuckt huet. En ass och zur Konklusioun komm, dass déi Konten, sou wéi si der Chamber haut presentéiert ginn, an der Rei sinn.

D'Chamber hat fir den Exercice 2003 eng Dotation budgétaire kritt vu 25.616.520 Euro. D'Chamber huet ee gewësst Verméigen an aus deem krute mir 160.735,33 Euro Zënsen, a mir haten eng Rei Produits exceptionnels fir ee Montant vu 17.064,25 Euro, wat en Total vu Recetten ergëtt vu 25.794.319,58 Euro.

Doniewent a wann een dann d'Recettë mat de Chargë konfrontéiert, hate mir Chargë fir 23.863.142,30 Euro, sou dass par rapport zu eise Revenuen en Excédent bliwwen ass vun 1.931.177,28 Euro. Déi Revenuen, oder deen Excédent kënnt da bei d'Excédentë vun deene Jore virdrun dobäi, an déi Excédentë vun deene Jore virdru ware cumuléiert 5.235.851,60 Euro, esou dass um Ufank vum Joer 2004 niewent der Dotation budgétaire vun deem Exercice d'Chamber iwwer Reservë vu 7.167.028,88 Euro verfügt huet. Dat soen ech hei, fir dass d'Kolleege mat enger gewësser Serenitéit deenen nächste Méint nach kënnen entgéintkucken.

Et ass jo ëmmer besser, Här President, et huet een eng kleng Mouk…

(Hilarité)

…wéi dass ee vum Budgetsminister absolut ofhängeg ass.

Mir stëmme jo als Chamber eisen eegene Budget. Mir ginn déi Suen och ënner eiser eegener Responsabilitéit aus.

Déi grouss Dépensepostë fir den Exercice 2003 waren déi folgend, ugefaang bei den Indemnitéite vun den Deputéierten, déi alleguer eng gesetzlech Basis hunn, dat war ee Gesamtmontant vun 8.872.568,92 Euro.

Dann hu mir jo och an zwou Wochen d'Liaison Micheville. Do muss mir natierlech och elo nach eng Solutioun fanne fir den nördlechen Deel, also de Contournement vu Raemerich. Mä vu dass do schonn d'Pourparlerë mat den zoustännege Gemengen entaméiert sinn, gi mir awer dovunner aus, dass dat wäert méiglech sinn, an zumools wou am Kader vum Gesetz iwwert den Tunnel Micheville d'Garantien dra sinn, dass wierklech den zweeten Deel och op den Instanzewee geschéckt gëtt.

Wat eis um Häerz läit - an et kann een et net oft genuch hei widderhuelen, a mir hoffen och, dass dat an de Regionalplang Süde wäert afléissen, als Motto, als Visioun fir eng ganz Regioun -, dat ass, dass mir hei an der Logik si vun engem Développement durable, vun enger Entwécklung wou den Urbanismus mat am Vierdergrond steet, wou mir dem öffentlechen Transport eng Chance ginn, wou mir eng Mixitéit vun de Funktioune virgesinn, wunnen a schaffen op engem Site; wou mir dat net als Fatalitéit hinhuelen, dass all Dag zéngdausende vu jonke Leit mussen an den Zentrum fuere fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. Mir hoffe selbstverständlech, dass mat deenen heite Projeten, déi um Instanzewee sinn, och eng aner Situatioun um Aarbechtsmaart hei am Land kann entstoen.

An da sinn ech och scho bal un de Schluss ugelaangt, mat engem wichtegen Hiweis, mir hunn eis mëttlerweil ofgewinnt fir a Saache Frichen, ob dat elo de prioritäre Site Esch-Belval oder all déi aner Projeten ubelaangt, fir a Wahl-Echéancieren ze denken. Mir hunn eis och ofgewinnt fir an enger renger Gemengelogik ze iwwerleeën. Mir fillen eis hei an enger Logik vun interkommunaler Zesummenaarbecht, vun engem Pro-Sud, deen zesummenhält. Mir hunn och opgehalen, fir den Développement vun eise Frichen, deen eng eemoleg Chance fir d'wirtschaftlech Dynamiséierung vun enger Regioun a vum Land duerstellt, a Landesgrenzen ze iwwerleeën. Eis Frichen zéien sech weider iwwer eis Landesgrenzen eraus, virun allem am südlechen Deel, Richtung Frankräich.

An et ass nëmme richteg, dass d'Regierung fréi genuch Pourparlerë mat der franséischer Regierung opgeholl huet, fir dass net op där enger Säit, nämlech op Lëtzebuerger Säit, en nationale Projet besteet, wou nei Orientéierunge fir d'Zukunft vum Land geholl ginn, an op där anerer Säit eng lokal Äntwert no renge gewerblechen a wirtschaftlechen Erwägunge kënnt, wou all déi Qualitéitsufuerderungen, déi mer un eise Site stellen, keng Äntwert op där anerer Säit fannen.

Ech géing dann ofschléissend nach eng Kéier hei mat op de Wee ginn, dass dee Wee vun der géigesäiteger Consultatioun vun de Gemengen, vun der Chamber, weiderhin dee richtege Wee bleift, ob dat elo deen drëtte Rapport ass, dee mer hei an d'Chamber bréngen, oder ob dat eng breet ugeluechte Consultatioun an Informatioun vum Public ubelaangt.

Do ass nach ëmmer Nohuelbedarf a weider kontinuéierlechen Informatiounsbedarf, fir dass mer dee Message eriwwerkréien, deen eis jo awer hei um Häerz läit: Dass den Développement vun de Frichen am Süde vum Land an op anere Plaze vum Land eng eemoleg Chance ass, fir eis eng nei Orientéierung ze ginn, a fir ze weisen, dass eis dat eescht gemengt ass, wat mer am IVL op de Pabeier bruecht hunn, a wat mer an esou villen aneren Dokumenter, déi elo eng Verbindlechkeet fir eis kréien, probéieren alle méiglechen Acteure mat op de Wee ze ginn.

Sou dass ech dann de Plëséier hunn, eng Motioun hei ze presentéieren, déi signéiert ass vu Vertrieder vun der LSAP, dem Här Castegnaro a mir selwer, dem Här Sunnen als Vertrieder vun der CSV, dem Här Meisch als Vertrieder vun der DP an der Madame Loschetter als Vertriederin vun der grénger Fraktioun, a wou grosso modo drasteet - ech resüméieren et, well soss huet mäi Kolleeg keng Méiglechkeet méi, fir déi puer Ajouten nach ze maachen, wéi mir eis ofgemaach haten zu de Frichen an deenen aneren Deeler vum Land.

Et ass resüméiert

- den drëtte Rapport iwwert d'Frichë mam État d'avancement, dat ass d'Aktualisiérung vun deem Plan pluriannuel, deen eis virläit, mam Abezéie vun den Informatiounen iwwert den Avancement vun de Projeten op deenen anere Frichen;

- et ass d'Presentatioun vun engem Concept d'ensemble fir d'Cité des Sciences mat deem wat drunhänkt, nämlech d'Kreatioun vun engem Wirtschaftspilier fir d'Land ronderëm déi Thematik vun der Innovatioun, vun der Recherche a vun de Sciencen;

- et ass de Respekt vun de Prinzipië vum „masterplan" Esch/Belval, nämlech den Développement urbain durable an d'Mixitéit vun de Funktiounen;

- et ass d'Promotioun vum Transport public, mam Zil, e Modal split vu 25/75 am Land ze kréien a vu 40/60 um Site Esch/Belval;

- et ass d'Reexaminéiere vum Projet Train-tram an deem dote Kontext;

- et ass d'Poursuite vun de Pourparlerë mat de concernéierte Gemenge fir de Contournement vu Raemerech, fir eng Protektioun vun der Ëmwelt a vun der Awunnerschaft virzegesinn;

- et ass dat privilegéiert Elaboréiere vun engem Plan régional Sud, an Zesummenaarbecht mam regionale Syndikat Pro-Sud, fir dëse wichtegen Développement am Süden ze begleeden an e verträglech ze maache mat deem, wat elo schonn am Süden do ass, an natierlech gewuess ass, a fir an der Grande Région d'Pourparleren ze intensivéiere mat eise franséischen Nopere virun allem;

- an zousätzlech dozou natierlech och net ze négligéieren d'Rekonversioun, déi eis erwaart an aneren Deeler vum Land, beispillsweis Wolz, Iechternach oder Veianen, wou an enger méi grénger Envergure, mä awer trotzdeem geneesou wichteg fir dës Regioun, eng Rekonversioun och um wirtschaftleche Plang néideg ass.

A wann dat mat enger breeder Informatioun vum Public kéint geschéien, da wiere mir ganz zefridden. Ech soen Iech Merci, Här President, dass ech am Numm vu menger Fraktioun d'Méiglechkeet hat, fir dës Debatt hei an der Chamber unzefänken. Merci. An ech géing lech dës Motioun offiziell déposéieren. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- saluant les efforts des gouvernements successifs dans la mise en oeuvre du projet de reconversion des friches industrielles au sud du pays, dans un esprit de décentralisation sur le plan économique, administratif et culturel;

- considérant l'envergure des investissements publics sur le site prioritaire Esch/Belval-Ouest;

- soucieuse que les équipements de l'État sur le site Esch/Belval-Ouest puissent se réaliser et s'intégrer dans le respect des structures régionales et locales existantes;

- insistant sur la nécessité de poursuivre la mise en place des infrastructures prévues par l'État et la société de développement Agora permettant d'accélérer le développement du projet phare Esch/Belval-Ouest dans un esprit de «public-private-partnership»;

- rappelant l'engagement des gouvernements successifs d'entamer également la revalorisation d'autres anciens sites sidérurgiques, à savoir Terres-Rouges, le crassier Ehlerange, la fonderie de Rodange, les crassiers de Differdange et Mondercange, ainsi que le site de Dudelange;

invite le Gouvernement

- à soumettre à la Chambre des Députés un troisième rapport «Friches industrielles: état d'avancement et perspectives», renseignant sur les projets et investissements de l'État sur Esch/Belval-Ouest et les autres sites prioritaires définis, tout en définissant clairement le ministre de tutelle pour la coordination des dossiers;

- à présenter un concept d'ensemble pour les friches existantes avec leurs prolongements éventuels au-delà des frontières;

- à actualiser le plan pluriannuel des investissements de l'État sur les friches, avec un échéancier précis, dans un souci de transparence et d'information continue du public et dans le but d'encourager les investisseurs potentiels privés sur Esch/Belval-Ouest et sur les autres friches en voie de revalorisation;

- à présenter dans les meilleurs délais un concept d'ensemble pour la mise en œuvre du projet fédérateur de la Cité des sciences, de la recherche et de l'innovation afin de permettre le développement d'un pilier économique et socio-éducatif autour de la faculté des sciences et de la recherche de l'Université de Luxembourg prévue sur le site Esch/Belval-Ouest;

- à respecter les principes du masterplan Esch/Belval-Ouest, à savoir le développement urbain durable et la mixité des fonctions;

- à poursuivre la promotion du transport public dans le but d'un modal split national de 25/75 (25% transport public) à l'aide de l'introduction d'un modal split 40/60 (40% transport public) pour Esch/Belval-Ouest;

- à réexaminer la possibilité d'introduire le concept d'un train-tram à l'enceinte du site Esch/Belval-Ouest permettant l'interconnexion avec les réseaux et moyens de transport public existants;

- à poursuivre les pourparlers avec les communes concernées en vue de l'élaboration d'une nouvelle solution pour le contournement de Raemerich, permettant un accès nord du site Esch/Belval-Ouest dans le respect de l'urbanisme, de la protection des habitants et de l'environnement;

- à favoriser l'élaboration d'un plan régional Sud en collaboration avec le syndicat régional Pro-Sud dans le souci d'accompagner le développement socio-économique de la région du sud du pays;

- à poursuivre et intensifier les contacts et relations avec nos partenaires dans la Grande Région, notamment nos voisins français, ceci dans le souci d'une coopération pour un développement dynamique et durable de nos régions;

- à ne pas négliger la reconversion des friches industrielles d'autres régions, comme celle de Wiltz, d'Echternach ou de Vianden, qui ont également, dans des proportions moindres, l'opportunité de recouvrir d'anciennes surfaces industrielles;

- à poursuivre une large consultation et information des communes et des milieux concernés et une sensibilisation de la population pour la reconversion des friches et de la chance qu'elle représente pour le développement du pays.

(s.) Lydia Mutsch, Félix Braz, John Castegnaro, Viviane Loschetter, Claude Meisch, Fred Sunnen.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als éischte Riedner ass deen honorabelen Här Sunnen ageschriwwen. Här Sunnen!

Discussion générale

M. Fred Sunnen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt der Interpellantin Merci soe fir hir Initiativ zu dëser Debatt. Si huet eng Partie Iwwerleeungen a Froen an dës Debatt mat erabruecht, a grad eméi si sinn ech als Buergermeeschter direkt vun dësem grousse Projet betraff, well en ënnerläit och ënner anerem deenen zwou implizéierte Gemengen, fir duerch hir PAPen de Virgaben an den Iddien aus dem „masterplan" gerecht ze ginn.

D'Debatt vun haut de Mëtteg erlaabt eis, de parlamentaresche Suivi iwwert d'Rekonversioun vun de Frichen op Esch/Belval weiderzefëieren, e Suivi, dee mer am Mäerz 1999 op Initiativ vum fréieren Deputéierte vun deene Grénge, Robert Garcia, ugefaang hunn. D'Rekonversioun vun de Frichen huet bekanntlech hiren Ufank 1996 geholl, wéi de Stat zesumme mat der ARBED doriwwer nogeduecht huet, wéi een de Frichen am Minett neit Liewen anhauche kéint. Aus der Agiplan-Etüd 1997 sinn déi véier prioritär Siten definéiert ginn, déi och d'Interpellantin scho genannt huet: Belval-Ouest, Éilereng, Terres Rouges a Rodange, wourauser de Site vun Esch/Belval als éischt Prioritéit ervirgaangen ass.

Deen éischten „masterplan" ass 1999 fäerdeg gestallt ginn, an den Innenministère ass mat der Koordinatioun vum Dossier chargéiert ginn. Am Mee 2000 schreift de fréieren Innenminister a jëtzege Fraktiounspresident vun der CSV a sengem Rapport «Friches industrielles - état d'avancement et perspectives» ënner anerem: «La valorisation des friches industrielles dans le sud du pays constitue sans aucun doute un des défis majeurs de la politique d'aménagement du territoire dans les années à venir», en Dokument, dat de Coup d'envoi zu dësem urbanistesche Mammutprojet ginn huet.

Am Oktober 2000 ass d'Agora an d'Liewe geruff ginn, wou de Stat, d'Arcelor an déi zwou Gemengen Esch/Uelzecht a Bieles dra vertrueden sinn, leider nëmme mat Voix consultative. Dës Entwécklungsgesellschaft, déi de Suivi vum Projet assuréiert, huet säit Januar 2005 en neien Direkter an der Persoun vum Här Vincent Delwiche. Déi éischt Projete lafe souwuel vun der staatlecher Säit wéi och duerch privat Investisseuren. Et ass fir eis wichteg, dass d'Agora weiderhin den Equiliber hält a schaaft tëschent den iwwergeuerdnete staatlechen Interessen, déi zweifelsouni bestinn, an den ekonomeschen Interesse vun enger Entreprise, déi um internationale Plang agéiert.

Et leeft also; iwwer Stëllstand kann ee kaum sech bekloen. Ëmsou méi muss een dëse vastë Projet am A behalen, fir dass e keng Eegendynamik entwéckelt, woubäi een ëmmer verschidde Froen am Hannerkapp behale muss, déi sech virun allem op déi urbanistesch, esthetesch a geographesch Ausriichtung, déi ekonomesch Notzung, an op dat zukünftegt Mobilitéitskonzept an de Frichë bezéien. Mä och aner Aspekter konditionéieren de Fortgang vum Projet. Déi prekär ekonomesch Situatioun, déi mer an de leschte Jore kannt hunn, sief hei nëmmen als Beispill ugefouert.

Ech erënneren dorun, dass d'Regierung sech voll a ganz hannert dëse Projet gestallt huet a sech am Kontext vun der Landesplanung ambitiéis Ziler gesat huet: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire.» A méi spéit: «C'est dans ce contexte que la mise en œuvre de la Cité des Sciences, de la recherche et de l'innovation projetée à Belval-Ouest sera activement poursuivie par le Gouvernement.» Oder och: «Le Gouvernement veillera à ce que l'évolution des trois grands pôles de développement nationaux que sont le Kirch-

berg, le Sud-Ouest de l'agglomération de la ville de Luxembourg et Belval-Ouest se fasse de manière complémentaire et non concurrentielle.»

Den nationalen Enjeu vun de Frichë geet aus den Aussoe vum Regierungsprogramm vum August 2005 kloer ervir: Et geet net méi an net manner dorëm, fir den ekonomeschen an administrativen Equiliber vun eisem Land nei ze definéieren. Entschëllegt, et ass den August 2004.

An obwuel sech d'Froestellung vun der Interpellantin ausschliesslech op de Minett bezitt, ass et awer net falsch drun ze erënneren, dass mir och op anere Plazen am Land fréier Industriesiten hunn, déi enger neier Bestëmmung zougefouert musse ginn. Ech denken u Wolz, Diddeleng an un Dummeldeng. Vläicht kann eis de Minister och zu dëse Sitë soen, wat d'Objektiver vun der Regierung sinn.

Här President, d'Interpellatioun vun der Madame Mutsch ass datéiert op de 5. November 2003. Säitdeem huet sech souwuel op der Suessemer Säit wéi och op der Escher Säit ganz vill gedoen. Oft huet een den Androck, et géif sech bei de Frichen nëmmen ëm eng eenzeg gigantesch Baustell handelen. Et ass dofir wichteg fir potenziell nei Investisseuren, datt déi infrastrukturell Viraussetzungen esou séier wéi méiglech geschafe ginn.

D'Projeten op der Suessemer Säit sinn amgaang unzelafen. Déi éischt PAPen iwwer Belval-Nord ginn a 14 Deeg der Gemeng presentéiert. D'Rockhal huet den 19. Juni, d'Madame Mutsch huet et scho gesot, hir éischt Feierprouf ze bestoen, wou virun allem muss op d'Accessibilitéit vun der Rockhal duerch den öffentlechen Transport gekuckt ginn.

Op Belval-Usines gëtt fir de Moment un enger provisorescher Bréck geschafft fir den Zougang iwwert d'Rue de l'Usine hierzestellen. Dexia-BIL als Lokomotiv vun den Investisseuren dréckt dorop fir esou séier wéi méiglech op d'Frichë kënnen ze plënneren. Eng Rei aner Investisseuren, gleeft een de Wierder vum neien Direkter vun der Agora, hunn hiert Interesse schonn ugemellt. Et gëtt geschwat vun zwee hollänneschen Immobiliëpromoteuren, vu fënnef lëtzebuergesche Promoteuren, déi am nördlechen Deel vum Site wëlle Logementer bauen. Dobäi kënnt d'Hotelchaîne Ibis, déi 2006 en Hotel wëllt opriichten, dat 250 Aarbechtsplaze bitt.

Vläicht kann eis den Innenminister dës Aussoe vum neien Agora-Direkter am „Paper Jam" vum Juni elo confirméieren an eis doriwwer opklären, wien an a wat fir engem Mooss sech déi nei Investisseure fir de Site Belval interesséieren.

Niewent de privaten Investisseuren huet och de Stat d'Aufgab säi Bäitrag ze leeschten andeems hie seng Projeten esou schnell ewéi méiglech ëmsetzt. Ech hunn d'Rockhal schonn erwähnt. Dobäi kommen och d'Nationalarchiven. Dësen Dossier gëtt, wann ech richteg ënnerriicht sinn, nach eng Kéier réexaminéiert, well d'Regierung do een Deel vun der Universitéitsbibliothéik ënnerbrénge wëllt, wat am Kader vun der Cité des Sciences a vun de Fakultéite vun der Uni Lëtzebuerg, déi op de Site kommen, net vu Muttwëll ass.

De Projet gëtt erhalen, dee vun deenen zwee Héichiewen ass a senger Realisatiounsphas. Den Architekteconcours fir e Lycée op Esch-Belval ass ugelaf, wougéint d'Pläng vun engem Lycée op dem Site Terres Rouges nach net esou wäit sinn. Den CRP-Gabriel Lippmann huet sengersäits seng Aktivitéiten an de provisoresche Gebailechkeeten opgeholl. Et geet also aus all deem ervir, dass d'Dezentralisatiounsbestriewunge vun der Regierung hir éischt Friichten droen.

D'Interpellantin wërft d'Fro op iwwert de Phasage vum ganze Projet an iwwert den ekonomesche Kontext, deen och sécher seng Implikatiounen op d'Realisatioun vun der Rekonversioun huet. Ee gutt Beispill ass d'Liaison Micheville, wou den Tunnel elo a senger kuerzer Versioun zréckbehale ginn ass, mä wou ech den Diskussiounen an der Chamber net wëll virgräifen.

Ech muss awer soen, dass de Kompromëss zwëschent dem Stat, de betraffene Gemengen an de franséischen Autoritéiten eng akzeptabel Léisung duerstellt, well d'Virgaben an d'Contraintë virun allem um finanzielle Plang respektéiert goufen.

D'Madame Mutsch huet an hirer Froestellung d'Garantien ugeschnidden, déi sech virun allem aus de landesplaneresche Virgaben erginn hunn. En éischten Aspekt ass dee vun der Nohaltegkeet. Ech mengen, datt hei virun allem um Niveau vun de Gemenge vill kann erreecht ginn, wann et dorëms geet eng energiespuersam Bauweis virzeschreiwen. Ech denken hei beispillsweis doru fir déi sou genannten Energiekennwerter an déi eenzel PAPen obligatoresch dran ze setzen.

De Chauffage urbain vum Site kann un d'Escher Kogenerationsunzentral ugebonne ginn. Et ass an deem Kontext virun allem vun der Agora als solch den Nohaltegkeetsaspekt ëmmer am Hannerkapp ze behalen. Et geet an alleréischter Linn dorëm fir ee qualitativ héichwäertegen urbanistesche Projet ze realiséieren, deem och en nohaltegt Verkéierskonzept zu Gronn läit. An do si mir dann och scho beim öffentlechen Transport.

Dir Dammen an Dir Hären, eng erfollegräich Rekonversioun, wou x-dausend Leit schaffen a liewe sollen - eleng um Belval sollen 20.000 Aarbechtsplazen entstoen -, gëtt och a virun allem un der Tatsaach gemooss, wéi een déi grouss Zuel vu Leit all Moien op hir Schaff transportéiert kritt an owes erëm an hir Uertschafte féiert, ouni dass de Verkéier an de Spëtzestonnen zesummebrécht.

Eng Etüd iwwert d'Verkéierskonzept fir d'Friche Belval, déi d'Entwécklungsgesellschaft Agora engem Bureau d'études an Optrag ginn huet, weist ganz däitlech, datt et onméiglech ass déi Bewältegung iwwert den Individualverkéier ofzewéckelen. Et ass also kloer, dass ganz héich Ufuerderungen un déi extern an intern Erschléissung vun der Friche gestallt ginn.

Well gewosst ass, datt d'Leeschtungsfäegkeet vun der momentaner externer Stroossenubannung begrenzt ass, mussen nei an zousätzlech Zoufahrte gebaut ginn, souwuel bei eis wéi och op der franséischer Säit. Ee Liichtbléck an deem Kontext ass de Nordaccès op d'Frichen iwwert d'Escher Strooss, deen amgaang ass realiséiert ze ginn.

Den öffentlechen Transport muss e groussen Deel iwwerhuelen. Ideal, sou ass geduecht a gemengt ginn, wier op Belval e Modal split vu 40/60. Et ass gewosst, datt dëst méi en héijen Zilwäert ass wéi den Taux, deen um nationale Plang ugepeilt ass mat 25/75. Um Site vun Esch/Belval kéint een dës Objektiver beispillsweis iwwert de Wee vu beschränktem Parkraum erreeche fir d'Leit, déi op de Site komme fir ze schaffen, ze studéieren oder enger Fräizäitaktivitéit nozegoen.

Et muss awer och un deen net motoriséierte Verkéier geduecht ginn. Dofir brauch een e leeschtungsfäegen, attraktive System vu Foussgänger- a Vëlosweeër. Momentan läit den öffentleche Verkéier am Süden op ongefeier 13% an ënnert dem Landesduerchschnëtt vu 14%. D'Frontalieren, déi an der Haaptsaach aus dem lothrengesche Beräich kommen, benotze virun allem hir privat Autoen an nëmmen zu 8% den öffentlechen Transport. Ee Grond méi fir d'Rekonversioun vun den Industriebroochen als Chance ze notze fir den öffentlechen Transport ze optiméieren an auszebauen. Dat geet iwwregens jo och aus de Virgabe vum integréierte Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept ervir, deen ech spéider nach kuerz wéilt beliichten.

Well d'Zuel vun de Frontalierë stänneg klëmmt, well d'Südgemenge staark wuessen, ass et noutwendeg den öffentlechen Transport, dat heescht den Zuch an de Bus, weider auszebauen, an dat esouwuel um Niveau vum regionale Verkéier wéi um Niveau vum iwwerregionalen an internationale Verkéier. Ech denken hei virun allem un d'Verbindung mat der Stad Lëtzebuerg a mat de Grenzregioune vu Frankräich an der Belsch. D'Schinnennetz spillt an dësem Zeenario d'Haaptroll.

De Bus leescht iwwerall do seng Bäiträg, wou keng Schinne bestinn oder wou hien d'Leit bei den Zuch brénge kann. Well awer eng Partie Awunner den Trajet mat hirem eegenen Auto maache mussen, ass et noutwendeg, dass d'Parkinge bei de Garen an de groussen Agglomeratiounen am Süden ausgebaut ginn.

Wat de Belval ugeet, sou muss an enger éischter Phas en Arrêt Belval-Usines un dat bestoend Schinnennetz ugebonne ginn. Spéider soll jo hei eng performant Gare entstoen, déi d'Spectateure fir d'Rockhal op de Site brénge soll. Dës Aménagementer solle komplettéiert ginn duerch eng Verlängerung bei de Lycée an an den Zentrum vun der Uertschaft Bieles, fir e Point d'échange ze schafe mat de regionale Buslinnen a fir den Nordweste vum Site ze bedéngen.

Dës Verlängerung erlaabt dann an enger zweeter Phas mat Hëllef vun engem neien Tunnel, deen och schonn erwähnt ginn ass, deen alen Tunnel vun der ARBED, deen aus Sécherheetsgrënn net kann dénge fir de Persouneverkéier, d'Quartiere Scheierhaff zu Zolwer, de Foussbann zu Déifferdeng an d'Uertschaft Uewerkuer un d'Frichen unzebannen.

Wat den internen Trafic an de Frichë selwer ugeet, sou ginn am Moment eng Rei Etüde gemaach. Bis elo sinn zwee Couloiren Nord-Süd an Ost-West reservéiert, fir den öffentlechen Transport an d'Frichen ze integréieren. D'Gemenge sinn a bleiwen der Meenung, dass en Train-tram-System dohinner gehéiert, och wann dat keng bëlleg Léisung duerstellt. En zousätzleche Schinnestrang ass virgesi fir Raemerich mat Lalleng ze verbannen, soubal sech d'Urbanisatioun an deemno och den Trafic un den ugrenzenden Uertschafte verstäerke wäert. Dat ganzt Konzept gëtt ergänzt duerch Park-and-ride-Parkingen, déi direkt widdert der Eisebunn entstoe sollen. Besonnesch wichteg ass de Rond-point mat entspriechende Parkingen op der franséischer Säit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass higewise ginn op e ganz wichtegen Aspekt an zwar dee vun der Interkonnexioun vun der Rekonversioun vun de Frichen an de landesplaneresche Virgaben, déi sech aus enger Rei politeschen Entscheedungen an Dokumenter erginn hunn.

Den IVL ass d'Richtlinn a Saache Landesplanung un dee mir als CSV-Fraktioun wëlle weider festhalen. Den IVL gesäit an der Südregioun eng Rei Chancen, fir de bestoenden öffentlechen Transport ze verdichten. Als komplementaren Entwécklungsraum zur Agglomeratioun an a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg soll eng verstäerkten demographesch Entwécklung, awer och um Niveau vun den Aarbechtsplazen, entstoen. Den IVL gesäit duerfir virun allem an den Industriebroochen en héicht Entwécklungspotenzial woubäi Belval prioritär behandelt soll ginn. Duerch den Ausbau vum Schinneverkéier an der Kombinatioun mat de Siedlungsflächen, déi schonn duerch de bestoenden öffentlechen Transport erschloss sinn, ka generell de Süde revaloriséiert ginn.

Den IVL berout um Usaz, datt déi international Ubannung an d'Ubannung un d'Stad Lëtzebuerg duerch de klassesche Schinnentransport ofgewéckelt soll ginn a fir déi interregional Erschléissung den Traintram soll ageféiert ginn. Ech denken, datt mer dës Debatt vläicht kéinten notzen, fir och op dësen Aspekt anzegoen.

Här President, d'SOTEL-Leitung fir d'Arcelor huet an deene leschten Deeg e puer Welle geschloen, op déi ech net wëllt agoen. Ech wëll awer éischter vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi negativ Avisë vun deenen dräi betraffene Gemengen nach eng Kéier ze begrënnen, deen - an do kann ech nëmmen am Numm vu menger Gemeng schwätzen - a kengster Weis géint d'Arcelor geriicht ass. Et geet hei eenzeg an alleng ëm de Projet vu Belval an deemno wëlle mer eis och par rapport zu deenen urbanistesche Konsequenze vun esou enger Leitung op de Site vun de Frichë positionéieren.

Ech erënneren drun, datt fir den Aménagement vum Site eng Héichspannungsleitung muss ewechgeholl ginn, wat sech op e Käschtepunkt vun net manner wéi 2,5 Milliounen Euro beleeft. Déi geplangte Leitung stéiert eis virun allem aus ëmweltschutzrelevante Grënn, well den Tracé duerch en Noerhuelungsgebitt verleeft an deem sech ënner anerem Spadséier- a Vëlosweeër befannen.

Eis feelt, op Grond vum Gesetz vum 24. Juli 2000 iwwert den Elektrizitéitsmarché, d'Haaptargument firwat dës Linn iwwerhaapt noutwenneg ass. De Minister vun der Ekonomie huet eng Etüd ugekënnegt iwwer e generellen Impakt vun esou enger Leitung, déi sech u verschidde Kritäre muss halen. Bis haut gouf esou eng Etüd nach net geliwwert, sou datt mer eis Froen iwwer eng alternativ Léisung gestallt hunn. A mir mengen dofir, dass eng permanent Réngleitung SOTEL-Cegedel eng gutt an zefriddestellend Alternativ fir se alleguerte kënnt duerchstellen.

Här President, ech wëllt als leschte Punkt dann nach op en neit Konzept vun deene sou genannte „public green" agoen. E Konzept un deem mir als Gemengeresponsabel wëlle festhalen, well et e flott neit Element ass an der Ausgestaltung vum Site op Esch/Belval. Et ass en Element, dat net ënnert déi 25% fält, déi d'Promoteuren de Gemenge musse ginn. Et ass eng öffentlech Fläch, déi am PAG agezeechent ass, déi an den Domaine public gehéiert an net an d'Hänn vu Promoteuren oder Copropriétairen.

Ëm wat geet et hei konkret? Et geet drëms, datt um Site méi verdicht gebaut gëtt, wat mat sech bréngt, datt u sech d'Gäert vun den eenzelne Logementer relativ kleng ausfalen. Aus dëser Tatsaach eraus ass d'Iddi entstanen, fir tëschent deenen eenzelne Wunnîlotë Gréngflächen ze aménagéiere fir d'Wunnengsunitéiten opzelackeren. Dës Aart a Weis fir de Site vun de Frichen ze aménagéieren, wier e flott Instrument fir déi dicht bebaute Wunnîloten ze kompenséieren. Dëst wier ëmsou méi eng flott Léisung, well d'Agora scho signaléiert huet, fir de Gemenge beim Ënnerhalt finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

Här President, d'Rekonversioun vun de Frichë bleift op alle Fall an de kommende Joren e politeschen Dauerbrenner. Et war an et bleift déi richteg Entscheedung fir de Frichen eng nei Bestëmmung ze ginn. Et bougéiert an d'Frichë gi lues a lues awer sécher mat engem neie Liewen erfëllt. Duerch d'Envergure vun dësem urbanistesche Mammutprojet ass et en Dossier vun nationalem Interessi.

Ech denken, dass dëst fir de Moment déi Punkte sinn, déi mir am Kader vun dëser Interpellatioun am wichtegsten erschénge sinn. Dës Debatt ass fir meng Fraktioun a fir mech awer nach net ofgeschloss, mä soll duerch d'Parlament permanent suivéiert ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Meisch agschriwwen. Här Meisch!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg, an do ganz besonnesch och de Süde vum Grand-Duché, ass am Prozess vun engem Strukturwandel. Mir kommen aus der Industriegesellschaft a ginn an d'Déngschtleeschtungsgesellschaft eran an dat mécht sech natierlech ganz besonnesch bemierkbar an där Regioun, wou d'Industrie ganz staark vertruede war an haut Gott sei Dank och nach vertrueden ass an an Zukunft mat Sécherheet och nach wäert vertruede sinn.

Dee Prozess beschränkt sech net op Lëtzebuerg, mir kennen d'Entwécklung vun der Globaliséierung, der Mondialiséierung, der weltwäiter Konkurrenz, déi dozou gefouert huet, datt d'Schwéierindustrie hei am Land an op ganz villen anere Plazen sech huet missen ëmstrukturéieren. Esou datt zum Beispill haut hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer gradesou vill Stol produzéiert gëtt, dat allerdéngs mat vill, vill manner Leit an allerdéngs och op vill, vill manner Plaz.

Dat huet dozou gefouert, datt nodeems d'Héichiewen definitiv zougaange sinn an d'Elektrostoliewen opgaange sinn, also ugefaangen hunn ze produzéieren, mer hei am Land ronn 500 ha Fläch haten, déi fréier vun der Stolindustrie benotzt gi sinn, an déi haut broochleien an deelweis jo - wéi meng Virriedner et scho richteg gesot hunn - schonn net méi alleguerte broochleien, mä wou och deen een oder aneren Hektar schonn nei genotzt gëtt an do dernieft eben och nach 150 ha am Frankräich datselwecht Schicksal haten.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Déi 500 ha hei am Land sinn natierlech en enormt Potenzial fir nei wirtschaftlech Aktivitéiten, fir nei Entwécklungen an där ganzer Regioun, e Potenzial, dat à moyen terme dozou ka bäidroen, fir der ganzer Südregioun vun eisem Land en neit Bild ze ginn. E Bild dat duerch vill Aspekter ka gezeechent sinn, natierlech duerch wirtschaftlech Aktivitéiten awer och duerch Wunnen, duerch Fräizäitaktivitéiten, duerch Naturraumgestaltung, duerch eng aner Aart a Weis, wéi mer vun där enger Plaz op déi aner kommen, etc..

Dat Bild vu gëschter vun där ganzer Regioun war jo éischter dat vun der Industrie, vum Knascht, vum Kaméidi, un dat mer eis och nach oft gären zréckerënneren. Dat Bild haut ass schonn éischter e Bild vum Wandel, also eng Regioun, déi sech beweegt, déi nei Perspektive sicht a probéiert dat Potenzial, dat besteet - an dorënner fale mat Sécherheet déi 500 ha -, beschtméiglechst auszenotzen. An d'Bild vu mar? Jo, do ass natierlech och nach e Fragezeechen hannendrun. Et ass eben dat, wat mer haut hei an der Chamber diskutéieren, wou mer awer och op villen anere Plaze schonn diskutéiert hunn, nämlech och an der Südregioun selwer.

Well déi 500 ha an dee ganze Strukturwandel eng grouss Chance

duerstelle fir déi Regioun, awer net nëmmen eng Chance, well all Chance beinhalt och eng ganz Rei vu Risiken an dofir solle mer eis deene Risiken och bewosst si wa mer un dee Prozess do eruginn. Wichteg ass do zum Beispill, datt mer kohärent plangen, datt mer eis net op déi 500 ha Friches industrielles konzentréieren a soen, wat kënne mer dohinner implantéieren, mä datt mer déi ganz Regioun kucken, d'Besoinë vun der Regioun kucken, d'Chancë vun der Regioun kucken an dat an alle méiglechen Domäner.

Déi ganz Regioun muss also mat agebonne ginn, mir brauchen eis och net nëmmen do a mir däerfen eis net nëmmen do op déi Gemenge beschränken, wou Friches industrielles sinn, mir mussen déi ganz Regioun mat aschléissen, dat Ganzt muss ee Konzept aus engem Goss ginn. Wichteg ass och, datt déi ganz Regioun sech mat deenen eenzelne Projetë vun deenen eenzelne Friche-industriellen identifizéiert.

Ech mengen och, datt dat ëmmer méi de Fall ass. Wann ee kuckt, wéi vill dausende Leit zum Beispill op déi Porte ouverte op Esch/Belval gaange sinn. Dat waren der net nëmmen, déi do an de Stroosse ronderëm wunnen, mä dat waren der aus der ganzer Regioun, an ech wette souguer aus dem ganze Land, déi gekuckt hunn: Ma wat entsteet dann elo hei, wéi gesäit et haut hei aus, nodeems eben hei net méi geschafft gëtt, an éier elo hei de Bagger kënnt, a wou eppes Konkretes, Neies soll entstoen.

Wichteg ass eben och, datt mer ganz vill Acteuren aus der ganzer Regioun an dee Prozess do mat abannen. Acteuren, natierlech, sinn d'Gemengen, dat ass ganz kloer, well se jo och déi Kompetenz hu fir mat ze décidéieren, wat herno dohinner kënnt. Mä Acteur ass awer och de ganze Privatsecteur, Acteure sinn och aner Associatiounen, déi sech ëm d'Wuel vum Süden a vun där Regioun do wëlle këmmeren.

Do si mer dann och ganz schnell beim Rôle vum Pro-Sud, dat heescht vun deem Regionalsyndikat, dat viru ronn zwee Joer an d'Liewe geruff ginn ass, dat eng ganz Rei vu Missiounen huet, wou awer eng vun deene wichtegste Missiounen eben och déi ass, zesummen tëscht all deenen zwielef Membergemengen sech d'Fro ze stellen: Wéi gesäit déi Regioun, an där mer haut wunnen, an där mer haut schaffen, muer aus, a fënnef Joer, an zéng Joer, a 15 Joer? Dat schéngt mir op jidde Fall déi prinzipal Aufgab vun deem Syndikat ze sinn.

Et ass och eng enorm wichteg Aufgab, well wa mer wëssen, datt mer dat grousst Potenzial vun den Industriebroochen hunn, a wa mer dovunner ausginn, datt mer eréischt richteg wëssen, wat mer domadder kënne maachen, wa mer e regionaalt Konzept hunn, wa mer wësse wou déi ganz Regioun a fënnef, an zéng an a 15 Joer soll dru sinn, dann däerfe mer haut keng Zäit verléieren, fir esou e Konzept, e regionaalt Entwécklungskonzept opzestellen.

Duerfir géing ech och e waarmen Appel maachen, fir net déi Aarbecht do rouen ze loossen, währenddeems mer déi Diskussioun ëm déi nei territorial Opdeelung vun eisem Land féieren, währenddeems hei an der Chamber an där Spezialkommissioun wahrscheinlech och iwwert d'Missioune vun esou regionale Syndikater geschwat gëtt. Mir brauchen am Süden dat regionaalt Konzept fir domadder ze schaffen, fir eis tëscht de Gemengen ofzeschwätzen. Mir brauchen de Regionalplang, deen als Basis soll déngen fir eis eege Stadentwécklungspläng, fir déi eenzel PAGe vun de Gemengen, a ganz besonnesch och fir d'Erschléissungskonzepter vun deene verschiddene Friche-industriellen.

Esou ee Regionalplang fir de Süde muss virun allem eng Charakteristik hunn, dat ass datt e gemengeniwwergräifend geplangt gëtt, datt d'Gemengen zesumme kucken. An ech wëll do nach eng Kéier ënnersträichen, déi Gemengen, déi Frichen hunn, awer och all déi aner Gemengen, déi op hirem Territoire keng eege Frichen hunn, sollen zesumme kucken, wat se zesumme kënnen ofmaachen, fir déi gemeinsam Entwécklung vun där ganzer Regioun. Eng kohärent Planung ass natierlech do nëmme méiglech, wann d'Kierchtuermpolitik doheem bleift, wa mer op déi verzichten.

Natierlech muss jiddfereen a senger Gemeng kucken, wéi e seng eegen Entwécklung gesäit. Natierlech soll en och déi Perspektiven an déi Wënsch do mat eran an eng regional Diskussioun bréngen. Mä mir mussen awer wëssen, datt mer d'Regioun als Ganzt nëmme kënnen no vir bréngen, wou jiddfereen herno kann dovunner profitéieren, wou all Awunner ka profitéieren, wann och jiddferee primär un déi regional Interessien denkt.

Elo geet et ëm regional Infrastrukturen, an déi meescht Theme si vu menge Virriedner hei schonn opgeworf ginn, ëm Stroosseninfrastrukturen, ëm Infrastrukturen aus dem öffentlechen Transport, ëm d'Méiglechkeet nei Aarbechtsplazen ze schafen, ëm d'Méiglechkeete fir neie Wunnraum ze schafen, ëm d'Zil fir och Fräizäitaktivitéiten an der Regioun kënnen ze halen, ëm d'Méiglechkeet och d'Naturraim ze erhalen an zougänglech ze maachen, ëm d'Méiglechkeet fir déi Naturraim, déi mer hunn, queesch duerch de Süde mateneen ze verbannen, ze vernetzen, ëm d'Méiglechkeet fir nach e besseren öffentlechen Transport ze kréien.

Virun allem elo wou mer d'Chance hunn, nei Quartieren, souzesoen, ze plangen, wou mer direkt kënnen den öffentlechen Transport mat integréieren, ass dat eng gutt Viraussetzung fir eben och an Zukunft op en aneren Modal split ze kommen, dee mer eis landeswäit ëm déi 25% jo alleguerte wënschen.

Wann hei d'Chancë verpasst ginn, a wa mer hei net vu virera mat aplangen, wéi ee vun doheem op d'Aarbecht kënnt, a wéi ee vun der Aarbecht op d'Fräizäitaktivitéite kënnt, a vun de Fräizäitaktivitéiten erëm heem oder ëmgedréint, da si mer mat Sécherheet deem Zil vun engem Modal split vu 25% e Stéck méi wäit ewech komm. Sou wäit ass mat Sécherheet och jiddfereen d'accord.

Mir mussen allerdéngs och kucken, wien herno wou wunnt a wie wou schafft. Et ass haut ganz oft esou, datt mer jo an der Südregioun ganz vill Aarbechtsplazen hunn, datt et trotzdeem esou ass, datt ganz vill Leit, déi an där Regioun wunnen, awer net déi Aarbechtsplazen do besetzen, datt déi éischter am Zentrum vum Land hirer Aarbecht noginn, datt ganz vill Pendler aus dem Ausland, aus der Wallonie, aus der Lorraine, an d'Südregioun erakommen, all Dag. Mir hunn eng sou genannten duebel Pendlerbewegung, déi do moies an owes spillt, an déi dann och eng ganz Rei vun Transportproblemer mat sech bréngt.

Mir mussen also och kucken, fir, wa mer am Süden Aarbechtsplaze schafen, och Aarbechtsplazen ze schafen, déi besat gi vun deene Leit, déi do wunnen. An deem Sënn, mengen ech, hätte mer emol net nëmmen eppes fir de Modal split gemaach, mä virun allem wär de Besoin un Transportméiglechkeete vu virera vill, vill méi geréng.

An da musse mer bei all deenen Iwwerleeungen do, wann ech soen, mir däerfen net nëmmen op d'Friche-industriellë kucken, mir däerfen net nëmmen op déi Gemenge kucken, déi Frichen hunn, mir musse regional denken, dann däerfe mer och net bei der eegener Grenz vum Land ophalen, mä mir mussen och iwwert d'Grenz ewechkucken, mir mussen an d'Groussregioun goen.

All déi Iwwerleeungen, déi mer maachen, wéi komme mer eng Kéier op d'Schaff, wat fir eng Attraktiounen hu mer op deene Frichen do. Wa mer vun der Rockhal zum Beispill schwätzen, da sinn dat jo net nëmme Leit hei aus dem Land, déi dohinner Concertë lauschtere ginn, mä da kommen déi ganz oft vu ganz, ganz, ganz wäit hier, an duerfir sinn dat Iwwerleeungen, déi net bei der Grenz musse stoe bleiwen, mä mir sollen iwwert d'Grenzen ewechdenken. An natierlech solle mer eis dat och am Hannerkapp behalen, wa mer iwwer e Regionalplang Süde schwätzen, datt mer eis net nëmmen op eis eege Gemenge konzentréieren, mä och iwwert d'Gemengegrenzen eraus.

Et ass gutt, datt viru Joren en éischte Projet phare determinéiert ginn ass, dee jo och scho ganz, ganz wäit virukomm ass. Wann een haut aus der Stad op Esch fiert, da gesäit een hannen op der Friche Esch/Belval d'Krane stoen, do wou geschafft gëtt, wou d'Gebai vun der Dexia héichgezu gëtt, do wou d'Rockhal deemnächst wäert opgoen. An do schéngen se schonn amgaange sinn, d'Instrumenter ze stëmme fir deen éischte Concert, deen elo gläich wäert stattfannen.

Also d'Rekonversioun vun där doter Friche a vun deem éischte Projet phare ass eng Realitéit ginn, an et ass en Zeeche fir de Strukturwandel an der ganzer Regioun. Et ass en Zeechen, dat Hoffnung mécht, net nëmme fir déi concernéiert Gemengen do, mä mat Sécherheet fir déi ganz Regioun. Virun allem Hoffnung mécht, well eng ganz Rei vu Projete jo nach sollen nokommen.

Och do ass et allerdéngs esou - an dat gëllt mat Sécherheet net nëmme fir d'Friche vun Esch/Belval -, datt eng Rei vu Risike bestinn, deene mer eis musse bewosst sinn a wou mer musse kucken, datt mer se évitéiert kréien. Esch/Belval, grad ewéi aner Développementer am Süden oder op anere Plazen am Land, däerf net dozou féieren, datt mer eng nei Stad kréien, déi fir sech ofgeschloss ass, déi a Konkurrenz op eemol trëtt zu anere regionalen Zentren, déi mer an der Regioun hunn.

Mir musse villméi kucken, eng Vernetzung ze kréien, mir musse kucken, datt e Ganzt doraus gëtt, datt mer net elo Aktivitéiten, déi mer am Süden haten, vun där enger Plaz op déi aner Plaz délocaliséieren.

Wann ech do als Déifferdenger Buergermeeschter däerf schwätzen, mir sinn natierlech net frou, wa mer héieren a liesen, datt en Institut wéi den Ceps, iwwert dat mer frou waren, datt et bei eis zu Déifferdeng zënter Joren eng gutt Aarbecht mécht an zur Renommee vun eiser Stad bäidréit, soll elo ewechkommen, fir an e gréissere Projet Esch/Belval mat integréiert ze ginn. Wa mer herno eis do géigesäiteg an der Regioun souzesoe Konkurrenz maachen, da mengen ech hu mer ënnert dem Strëch net vill geschafft, an duerfir solle mer do oppassen, datt mer zesummen do eppes schafen, wat der Regioun e Plus bréngt.

D'Dynamik, déi zu Esch/Belval entsteet an entstanen ass, solle mer alleguerten notzen, an déi symbolträchteg Aktivitéiten a Projeten, déi do amgaange si realiséiert ze ginn, droen och zu enger neier Dynamik an der ganzer Regioun bäi. Mir mussen duerfir och kucken, déi aner Frichen, sief et déi, déi vun der Agora géréiert ginn, sief dat Frichen, déi nach vun der Arcelor oder vun aneren, wou d'Arcelor nach Propriétaire ass, respektiv aner Propriétairen nach d'Hand driwwer halen, datt mer och do lues a lues virukommen, fir Entwécklungskonzepter ze erstellen.

Ech wëll och menger Virriednerin zoustëmmen, wa se gesot huet, datt d'Agora, also eng Form vun Entwécklungsgesellschaft, déi souwuel mat privatem wéi och öffentlechem Kapital gegrënnt ginn ass, ee Projet phare ass an engem neien Thema dat ëmmer méi an d'Diskussioun kënnt, nämlech dat vun der „private-public partnership", wou gekuckt gëtt eben öffentlech Interessen a privat Interessen zesummen ënner een Hutt ze kréien, fir Projeten ze realiséieren, déi wa mer se eleng mat der öffentlecher Hand géinge maachen, sécherlech vill méi schwiereg ze realiséiere wären, och well d'öffentlech Hand net ëmmer deen Know-how an déi Capacitéite matbréngt, wéi dat punktuell mol de Privatsecteur vläicht mécht.

Wat d'Agora ubelaangt, wär et natierlech interessant ze wëssen - an ech ginn dovunner aus, datt den Här Minister herno eis wäert méi Informatioune bidden -, wou all déi aner Projeten dru sinn. Déi aner Projeten, déi och wichteg si fir déi Regioun, wou notamment och eng ganz Rei vu konkreten Infrastrukturprojetë virgesi sinn, déi d'Regioun brauch, esou zum Beispill d'Lentille Terres Rouges, wou jo geschwat gëtt, datt och Esch do e weidere Lycée soll kréien; Monnerech, wou jo eng Kombinatioun tëscht Bauschuttdeponie a Renaturéierung geplangt ass; d'Fonderie Rodange, do wou an der direkter Émgéigend vum sou genannten PED jo och weider Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn; de Crassier Éilereng, deen och disponibel soll sinn à moyen terme fir Industriebetriber, fir PMEen.

Dat ass d'ailleurs eppes, wat mer och am Süde brauchen, well wa mer vu Strukturwandel schwätzen, da geet et net duer just ze soen, datt mer d'Industrie haten an an Zukunft wäerte Banken a Fuerschung an Héichschoul hunn. Esou einfach ass et och net! Mir brauchen och ganz besonnesch an där doter Regioun Industriebetriber a Flächen, wou Industriebetriber sech kënnen usiedlen. Mir brauchen och Flächen, wou PMEen sech kënnen usiedlen. An och duerfir mussen déi Friches industrielles kënne genotzt ginn, dat am Verbond mat engem Gesamtkonzept.

Beim Crassier Déifferdeng war ech selwer jo méi involvéiert, well mer doriwwer souwuel mat der Agora schonn diskutéiert hunn, sou wéi mir eis awer och an engem Raumnotzungskonzept Kordall Iddië gemaach hunn, wéi een déi 150 ha do kéint notzen. Se eegnen sech eben ënner anerem och fir d'Usiedlung vun neien Industriebetriber, se eegnen sech awer och ganz besonnesch fir eng gréng Oftrennung ze kréien, dat heescht Natur tëscht d'Wunnen an tëscht d'Industrie ze kréien, wat bis elo virun allem zu Déifferdeng jo net an deem dote Mooss de Fall ass.

Mir hoffen och do, datt mer lues a lues aus de Startbléck erauskommen. Wann ee liest, wéini och déi eenzel aner Frichen nieft dem Projet Esch/Belval sollte realiséiert ginn, also d'Rekonversioun sollt entaméiert ginn, da waren am Ufank do Datummer virgesi vun 2004, 2005, 2006, 2007. Mir kommen also elo an eng Period, wou mer awer ëmmer méi no dorunner kommen, respektiv wou och deen een oder anere Projet scho méi konkret hätt solle sinn.

Duerfir ass et wichteg haut vläicht nach eng Kéier de Bilan ze zéien, Här Minister, wou mer konkret dru sinn, a wat déi nei Perspektive fir all déi aner Frichë sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Wichteg ass, datt d'Gemengen och hirem Rôle gerecht ginn, datt d'Propriétairë vun de Frichen, sief dat d'Agora oder anerer, Partner fannen an de Gemengen, déi konstruktiv matschaffen. D'Gemeng huet jo eng wichteg Kompetenz, dat ass nämlech herno ze kucken, wéi deen Terrain klasséiert gëtt. Dat heescht d'Gemeng - an domadder och d'Populatioun - huet e Matsproocherecht doriwwwer, wat dohinner kënnt. Do kann et natierlech sinn, datt dee Propriétaire vun der Friche aner Vuen huet, mä do muss ee sech eens ginn. Dat ass bis elo, mengen ech, och an deenen allermeeschte Fäll esou geschitt.

Wichteg ass och eben, datt d'Gemengen sech ofschwätzen. Wa mer e Regionalplang bis hunn, dann ass och deen dote Prozess vill méi einfach, well da wësse mer vu vireran, wat fir eng Schwéierpunkte mer op deenen eenzelne Frichen an deenen eenzelne Gemenge wëlle setzen. Dat ass mat Sécherheet och méi transparent a bréngt méi eng grouss Planungssécherheet da fir déi eenzel potenziell Investisseuren, siefen et öffentlech Investisseuren, siefen et privater.

Aner Frichen, vun deene manner oft geschwat gëtt awer och ëmmer erëm méi geschwat gëtt, dat ass mat Sécherheet Diddeleng, wou et wichteg ass, dass och do gekuckt gëtt, wat geschitt mat deenen Terrainen, déi jo awer och ganz no beim Stadkär zu Diddeleng leien. Och do erëm muss d'Gemeng natierlech hirer Verantwortung gerecht ginn a selwer sech och mol Iwwerleeunge maachen, wéi si d'Entwécklung vun hirer Gemeng gesäit. Deen Exercice ass zu Déifferdeng gemaach gi mam Plateau funiculaire, dat zesummen ebe mat engem Privatinvestisseur.

De Plateau funiculaire ass eng Friche industrielle, déi matzen an der Gemeng Déifferdeng läit, tëscht Déifferdeng, Uewerkuer a Fousbann, déi eng Envergure vun 8 ha huet, a wou mer elo zesumme mat engem privaten Investisseur, wéi gesot, e Projet, en Entwécklungskonzept kënne virleeën, wou och deemnächst wäert de PAP agereecht ginn, wou e gemëschtene Quartier wäert entstoen, deen d'Verbindung wäert maachen tëscht deenen eenzelnen Uertschaften. Dee Projet integréiert awer gläichzäiteg aner Projetë mat, wou de Commerce wäert seng Plaz hunn, wou d'Wunne wäert seng Plaz hunn, wou mat Sécherheet awer och Servicer wäerten hir Plaz hunn, wou eng nei gréng Long fir déi ganz Gemeng Déifferdeng wäert entstoen, andeems mer e flotte Parc de la Chiers ronderëm eng renaturéiert Kor wäerten do aménagéieren.

Dat sinn also Projeten, déi deenen eenzelne Gemenge wäerten nei Zukunftsperspektive ginn, och wa se vläicht an der Zuel vun den Hektaren net all Kéiers deem entspriechen, wat zu Esch/Belval, wat op engem Crassier Déifferdeng, wat op anere Plaze méiglech ass. Trotzdeem sinn déi Projeten enorm wichteg fir déi bedeelegt Gemengen.

A wa mer vu Rekonversioun vu Friche-industriellë schwätzen, da geet et heiansdo jo och schonn duer, en aalt Gebai enger neier Affectatioun zouzeféieren. Och do hunn ech selwer materlieft, wat et ebe bréngt, wann am Déifferdenger Schlass net méi d'Arcelor eleng Här a Meeschter ass, mä wa se dat verlount un eng Miami University: Dat bréngt e Plus fir déi ganz Gemeng.

Ech hunn den Ceps zitéiert. Ech sinn och frou, datt am alen Hadir-Direktiounsgebai deemnächst eng ganz Rei vu Betriber vum Grupp Editpress wäerten ënnerkommen. Och dat si wichteg Signaler, déi mer am Süde kennen an déi wichteg si fir déi jeeweileg Stad, fir déi ganz Regioun, datt mer och weisen, datt et mat méi klenge Projetë geet an datt virun allem och Privatinvestisseuren un déi Regioun do gleewen, datt se un d'Zukunft gleewen an haut scho wëllen e Fouss an der Dier behalen.

Ech hunn Iech gesot zu Esch/Belval deet sech ganz, ganz vill. Dat ass gutt esou. Jiddferee gesäit et. D'Rockhal geet deemnächst op. D'Dexia ass amgaang ze bauen. Et ass eng Pépinière d'entreprises geplangt. D'Archive kommen och dohinner, an ech fannen dat richteg, wann de Projet nach eng Kéier iwwerduecht gëtt, fir en ze kombinéiere mat der Universitéitsbibliothéik. De Centre de recherche Gabriel Lippmann ass schonn do, och wann an enger provisorescher Infrastruktur; e wäert och do säin definitiivt Doheem fannen. D'Cité des Sciences gëtt och doduerjer lues a lues Realitéit.

Mä näischtdestotrotz stoungen awer och, a sti vläicht nach ëmmer, eng Rei vu Fragezeichen hannert deem engen oder deem anere Projet. Wat kënnt konkret vun der Uni dohinner, wéini kënnt dat dohinner? Wéi gesäit et effektiv mat deene staatlechen Investitiounen aus? Awéiwäit packen eis budgetär Mëttelen all d'Realisatioun vun deenen ugekënnegte Projeten? Awer och, wéi ass et mat deene private Projeten? Wéi ass et mam Kino? Wéi ass et mam Hotel? Wéi ass et mat dem Commerce? Wéi ass et mat anere staatlechen Administratiounen, déi am Sënn vun enger weiderer Dezentraliséierung an eisem Land och kënnen an de Süden op d'Frichë kommen?

Wat haut wichteg ass, dat ass, datt d'Investisseuren och d'Planungssécherheet kréien, datt se wësse wou se investéieren, datt se wëssen a wat fir engem Environnement se sech mar an iwwermar erëmfannen. Duerfir ass et wichteg, datt mer do eng kloer Sprooch schwätzen.

Frichë gëtt et natierlech net nëmmen am Süde vun eisem Land; Frichë gëtt et op ville Plazen an eisem Land. Mir hu vläicht am Süden eng gewësse Pionéieraarbecht geleescht. Eng Rei vun Erfahrunge si gemaach a wäerten nach gemaach ginn, déi mengen ech och ganz nëtzlech kënne si fir aner Projetë queesch uechtert d'Land.

Ech denken do un Uertschafte wéi Wolz; ech denken un Uertschafte wéi Veianen, wou et eben och noutwendeg ass, datt et duerch eng Rekonversioun an duerch nei Aktivitéiten zu enger neier Notzung kënnt vun Terrainen, déi fréier vun enger Rei vu Betriber genotzt gi sinn an haut do broochleien, datt déi Gemengen an déi Uertschaften och eng nei Dynamik verdéngt hunn an eng nei Dynamik brauchen.

Wichteg ass och do, datt mer Punkt fir Punkt a vläicht Friche fir Friche kucken, wéi mer weiderkommen, wéi de Problem läit, wat een aus den Terrainë ka maachen. Ganz wichteg ass oft den Assainissement, wou mer natierlech oft eng Hürd hunn. Ier een iwwerhaapt mol kann ufänke konkret eppes ze realiséieren oder och nëmmen ze plangen, muss do gekuckt ginn, wéi mer den Assainissement finanzéiert kréien, wat fir een Assainissement noutwendeg ass.

Et ass op jidde Fall keng Solutioun, einfach déi Brooche leien ze loossen, well se verseucht sinn, well se duerch eng deier Sanéierung vläicht deen een oder anere Projet oninteressant maachen. Ech mengen, och do si Gemenge gefuerdert, och do ass de Stat gefuerdert, an natierlech ass do de Propriétaire an de Verursaacher gefuerdert fir eng weider Notzung méiglech ze maachen. Mir sollen net déi Altlasten do eise Kanner esou an deem Zoustand, wéi se haut oft sinn, hannerloossen.

Frichë kréie mer natierlech och nëmme rekonvertéiert, wa mer déi néideg Moyenen hunn - mir maachen et duerch staatlech Investitiounen, mir maachen et och ganz vill duerch privat Investitiounen -, déi wäerte sech natierlech nëmme realiséiere loossen, wa mer dat favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld kënnen halen, wann d'Betriber hei kompetitiv bleiwen, dann investéieren se weider.

Mir hunn haut e Wirtschaftswuesstum vu 4%, dat heescht eis Ekonomie expandéiert. Expandéiere kann, mä muss haut net ëmmer nëmmen heeschen, datt eis Ekonomie méi Fläch brauch, mä kann awer och dat heeschen an an deem Sënn ass et allemol méi wichteg a méi interessant fréier Industriegebidder ze rekonvertéieren, wéi nei op der grénger Wiss ze bauen. D'Frichë ginn also gebraucht. Si gi virun allem och gebraucht fir eiser Ekonomie eng nei Dynamik anzehauchen. An Iwwerleeungen, wéi se vun eise Kolleegen hei vum ADR virun e puer Joer gemaach gi sinn, mer sollen déi ganz Frichendiskussioun mol einfach lénks leie loossen an doduerjer de Wirtschaftswuesstum e bësse bremsen, mengen ech, dass se haut net méi esou géinge gemaach ginn, well mer haut jo leider an enger anerer Situatioun sinn. Mä dat weist, wéi schnell d'Meenunge sech heiansdo änneren hei am Haus an op anere Plazen; an dat zu ganz ville Sujeten.

Hei hoffen ech, datt mer eis alleguerten eens sinn, datt mer weider mussen un der Rekonversioun vun den Industriebrooche schaffen, dat am Süden, dann op anere Plaze vun eisem Land an dat zum Wuel fir d'Zukunft vun eisem Land. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Ech hunn als nächste Riedner den Här Schneider hei stoen. Vu dass hien nach net heibannen ass…

(Interruption)

Elo ass hien heibannen an da soen ech, Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha général)

Alles mat der Rou.

Une voix.- Ah!

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Revalorisatioun vun den Industriebroochen am Süde vum Land ass net nëmmen eng wirtschaftlech a gesellschaftlech positiv nohalteg Entwécklung fir de Süden, mä wäert de Motor an d'Visioun gi fir d'Zukunft vum Lëtzebuerger Land am 21. Jorhonnert. Do wou de Räichtum vun eisem Land entstanen ass leie Fläche brooch, déi eiser Landesplanung nei Perspektiven eröffnen. Interessant sinn a wäerten d'Ausféierunge vun deenen eenzelne Riedner sinn an et kommen der nach; hoffentlech wäerten nach méi interessanter kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer och an dësem Kontext d'Regierung un de Regierungsprogramm ze erënneren, wou am Deel vum Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire steet: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire. Les sites de Dudelange, de Dommeldange et de Wiltz seront pris en considération dans ce contexte en plus des friches industrielles situées dans le Sud du pays.»

Ganz am Geescht vum Programme directeur d'aménagement du territoire si Grondzentren ausgewise ginn, déi niewent den Haapt- a Mëttelzentren all wichteg Versuergungsfunktiounen erfëlle sollen. Am IVL gëtt konkret de Projet vun der strategescher Entwécklung a Vermaartung vu gewerbleche Flächen, an hei konkret d'Industriebrooche Wolz, genannt.

Och de Mëtteg scho goufe méi dacks déi eenzel aner Industriefrichen opgezielt. An erlaabt mer an dësem Zesummenhang fir aus deem Gesamtkonzept och e Ganzt ze maachen a kuerz e puer Informatiounen iwwert dës Broochen ze soen.

D'Industriebrooche Wolz, en Areal mat 10 ha, sinn e wichtegt Element an der Entwécklung vun enger ganzer Regioun. D'Schafe vun neien Aarbechtsplazen, neien Aktivitéiten, kënnen eng nei Dynamik am ländleche Raum ausléisen. Esou wéi och am IVL d'Dokument vum Januar 2004 et virgesäit, sollen d'Aarbechtsplazen an der Regioun Nordwesten, dat heescht d'Kantone Réiden a Wolz, vun ablécklech 7.450 op 10.960 bis an d'Joer 2020 uwuessen. An dësem Kontext ass d'Revaloriséierung vun den Industriebrooche vu Wolz mat der Kreatioun vun iwwer 700 Aarbechtsplazen e wichtegt Element.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer kuerz op den Dossier Industriebrooche Wolz weider anzegoen, wat den Assainissement ubetrëfft, e komplizéierten Dossier souwuel an technescher wéi a finanzieller Hisiicht. An op dëser Plaz wëll ech dem fréieren Ëmweltminister Charles Goerens Merci soe fir seng onkomplizéiert Ënnerstëtzung an dësem schwieregen Dossier.

Mat deemselwechte Geescht huet den neien Ëmweltminister Lucien Lux sech dem Dossier ugeholl a wäert probéieren d'Sanéierungsprozeduren zügeg virunzedreiwen. Een Assainissement, deen ëm déi zéng Milliounen Euro geschat gëtt; dovunner 25% fir de leschte Betrib a 74% fir d'Main publique (Stat a Gemeng).

D'Ausschaffe vun der Kommodo-Prozedur ass an der Endphas a wäert no der Etüd hydrogéologique, déi elo gemaach gëtt, an zwielef Méint kënnen ofgeschloss ginn.

Fir datt d'Viabilisatioun vum Site awer kann zügeg virugedriwwe ginn, wann d'Oplage vun der Ëmweltverwaltung bekannt sinn, huet de Wolzer Schäfferot e spezialiséierte Büro beoptraagt e Masterplang ze erstellen. Duerch d'finanziell Ënnerstëtzung säitens dem Wirtschaftsminister Jeannot Krecké konnten d'Käschte fir d'Gemeng a Grenze gehale ginn. Dëse Masterplang gëtt als Propositioun vum Schäfferot der Öffentlechkeet an deenen nächste Woche presentéiert an duerno mam lokale Gemengerot, de Gemengen aus dem Kanton an den zoustännege Ministèren - Intérieur, Environnement an Ekonomie - ausdiskutéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, a senger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro iwwert d'Brooche Wolz vun den Deputéiertekolleege Kaes, Schaaf a Schank, äntwert den Innenminister Jean-Marie Halsdorf interessant a fir de Projet mat wichtegen Detailer.

Hie seet kloer, datt de Projet de Rayonnement vun der Stad Wolz dépasséiert a muss mat de Gemengen aus dem Kanton Wolz zesumme realiséiert ginn. Hie weist op d'Wichtegkeet hi vum Projet am Kader vun der Realisatioun vun den Objektiver am Programme directeur an invitéiert d'Ministèren déi néideg finanziell Moyenen am Statsbudget ze débloquéieren, fir bei der Realisatioun eng kräfteg Hand an der Finanzéierung unzepaken. Et ass gewosst, datt souwuel den Assainissement mat zéng Milliounen, sou wéi d'Viabilisatioun vum Site mat etleche weider Millioune d'finanziell Rumm vun enger Gemeng an der Gréissenuerdnung vun der Stad Wolz bei wäitem sprengen.

D'Koordinatioun vun den Aarbechte soll laut Minister an engem Comité de pilotage ënnert der Leedung vum Ministère de l'Intérieur lafen. Eng Iddi, déi och scho säi Virgänger, den Innenminister Michel Wolter, am Oktober 2003 lancéiert hat. Bis haut gouf kee Comité de pilotage an d'Liewe geruff a keng Sitzung ofgehalen. Ech hoffen, den Innenminister kann eis de Mëtteg Opschloss doriwwer ginn.

Et wier wichteg, dass dës richteg Initiativ sou schnell wéi méiglech kënnt aktivéiert ginn, fir dem Dossier och säitens de Ministèren den néidegen Impakt ze ginn.

Niewent der Aktivéierung vun dësem Comité de pilotage ass et awer absolut noutwenneg ee Regionalfonds fir d'Entwécklung vun der Regioun ze schafen. Dëse Fonds soll erlaben d'Entwécklung vun der Regioun aktiv ze steieren an d'Diversifizéierung vun den Aarbechtsplazen ze förderen.

Déi nei national Raumplanung gesäit jo wichteg Ännerungen an dësem Beräich vir an dës Ännerunge kënnen net ouni déi néideg finanziell Moyenen an Ugréff geholl ginn. An dësem Kontext ass d'Viabilisatioun vun den Industriebrooche Wolz ee wichtege Facteur. D'Beispill Fonds de Belval huet bewisen, wéi effikass an noutwenneg esou eng Struktur ass. De Succès vun dësem Projet ass awer haaptsächlech och niewent de finanzielle Mëttelen op den Asaz vu professionellem Personal zréckzeféieren. Dëse Wee muss och bei der Viabilisatioun vun den Industriebrooche Wolz gemaach ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech si sécher, datt niewent dëser fruchtbarer Debatt iwwert d'Industriebrooche Süden d'Chamber déi ganz Diskussioun iwwert d'Broochen als ee Ganzt gesäit an eis Regierung och déi aner Siten, wéi Diddeleng, Dummeldeng a Wolz wäert schnellstméiglech an Ugréff huelen. Et sinn dat wichteg Schrëtt fir eng nohalteg an diversifizéiert Landesplanung.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt, déi mer haut féieren, ass jo scho méi laang ugefrot gewiescht, scho vun Enn 2003 un. Mir mengen awer, dass et net vun Nodeel ass, dass se haut eréischt op den Ordre du jour kënnt, well et der neier Regierung d'Geleeënheet gëtt, sech doriwwer ze prononcéieren, méi wéi dat, wat am Koalitiounsofkommes steet. Mir mengen, dass dat méi interessant ass wéi wann ee vun der viregter Regierung, déi ausgetrueden ass, nach eng Kéier, eng leschte Kéier confirméiert kritt hätt, dass se déi Jore virdrun net esou schlecht geschafft hätt op deem heiten Dossier. Duerfir si mer frou, dass déi Diskussioun haut gefouert gëtt.

Et hunn eng Partie Kolleege schonn drop opmierksam gemaach, dass et sech beim Dossier vun de Frichen net nëmmen ëm e lokale Problem vu Suessem respektiv Bieles oder Esch handelt, mä dass et sech ëm e regionale Projet vum Süden handelt a wäit doriwwer eraus. Och am Zentrum, och am Norden - de Kolleeg Schneider huet drop opmierksam gemaach - sinn där Terrainen.

Et besteet e Konsens an der Chamber, an ech géing soen d'une façon générale an der Politik doriwwer, dass et Sënn mécht, Frichen ze erschléissen, dass et Sënn mécht, déi doten Terrainen, déi mer hunn, als Éischt enger neier Affectatioun zouzeféieren, ier mer aner Terrainen op der grénger Wiss géinge probéieren enger neier Affectatioun zouzeféieren. Bei esou vill Konsens mengen ech, dass et Sënn mécht, drop opmierksam ze maachen,…

(Coups de cloche de la Présidence)

…dass et sech bei dësem komplexe Sujet net nëmmen, wéi gesot, ëm e lokalen oder regionale Problem oder en nationale Problem handelt, mä et ass eiser Meenung no och eng national Erausfuerderung an och en nationalen Testfall.

Et ass eng national Erausfuerderung, a mir mengen, dass et elo, wou de Projet Belval-Ouest schonn eng ganz Partie Joren amgaangen ass entwéckelt ze ginn, géing Sënn maachen, unhand vun deem praktesche Beispill do e klenge Bilan ze maachen, ob mer et fäerdeg brëngen, deen nationalen Testfall an déi national Erausfuerderungen, déi sech stellen, tatsächlech esou ze beäntwerten, wéi se misste beäntwert ginn.

Ech wëll ufänke mam Stéchwuert vun der Erausfuerderung. D'Erausfuerderung, déi sech gestallt huet bei deem Dossier vun der Entwécklung vu Belval-Ouest, stellvertriedend fir déi Frichen, déi nach solle kommen, ass eigentlech déi vum Strukturwandel. Well de Strukturwandel, dee mat deem Projet sollt agelaut ginn, ass am Fong näischt anescht wéi den Ofschloss eréischt vun der Stolkris.

Mir hunn zënter der Stolkris an där Regioun vum Land constatéiert, dass d'Aarbechtsplazen an där Regioun réckleefeg waren, dass mer virun allem déi Aarbechtsplazen, déi méi Qualifikatioun beinhalten, tatsächlech praktesch just nach am Zentrum vum Land, ronderëm d'Stad erëmfannen, an do gëtt et eng ganz däitlech Wanderbewegung all Dag moies aus dem Süde Richtung Stad Lëtzebuerg an owes nees zréck.

Dat ass eng Entwécklung, déi net nëmmen eng ganz Partie Froen opwerft am Beräich vun der Verkéiersproblematik, mä déi virun allem däitlech mécht, dass zënter dem Enn oder dem Ufank vun der Stolkris an an deene Joren, déi duerno komm sinn, de Strukturwandel am Süden nach ëmmer net fäerdeg bruecht ginn ass, bis haut!

De Projet vun der Revitaliséierung vun de Frichen ass am Fong geholl, doduerch dass mer déi Terrainen, déi schonn eng Kéier zum Räichtum vum Land bäigedroen hunn, elo enger neier Affectatioun zouféieren, mat der Hoffnung, eng zweete Kéier fir de Räichtum vum Land ze suergen, eigentlech eréischt den Ofschloss vun der Stolkris an där Regioun vum Land.

Mir mengen och, dass et eréischt elo zum Ofschloss vun der Stolkris, och an de Käpp vun de Leit, kënnt, elo wou se gesinn, dass se dat, wat se eng Kéier hu mussen délaisséieren, elo kënnen nei valoriséieren, an dass et kann nei Entwécklung an en neie Räichtum fir déi Géigenden do bréngen.

Dat gëtt och doduerch dokumentéiert, dass eng ganz bestëmmten Affectatioun fir déi Terrainë virgesinn ass am Beräich vun der Science, Stéchwuert Uni Lëtzebuerg, am Beräich vun der Science a vun der Recherche, Stéchwuert nei Technologien op deem Site, Stéchwuert och Ëmwelttechnologien. Dat si wichteg Aspekter, well et och vläicht gutt wier, wann et nees mëttel an héich qualifizéiert Aarbechtsplazen an där Géigend vum Land géing ginn. Vläicht géingen dann och nees d'Lëtzebuerger net wëllen all nëmme bei de Stat schaffe goen. Vläicht géing et och erëm eng Kéier interessant gi fir Leit hei aus dem Land mat enger méi héijer Qualifikatioun, sech am Privatsecteur ëmzekucken no enger Schaff. Eng Entwécklung, déi een déi lescht Joren hei am Land vermësst, an déi scho bal mëttlerweil karikatural Zich ugeholl huet.

Et geet och dorëms, déi Aarbechtsplazen, déi do am Süde sollen entstoen, och ze versi mat deem néidege Wunnraum, deen dozougehéiert. Och dat ënnert dem Motto Strukturwandel: net nëmmen nees schaffen am Süden, mä och nees wunnen am Süden. An déi zwee Stéchwierder zesummenzebréngen, ass och eng Aufgab, déi an deene Projeten do probéiert gëtt mat ze bewältegen. Dat sinn, wéi gesot, eiser Meenung no, déi Haapterausfuerderungen, déi sech mat der Entwécklung vum Testfall Belval-Ouest, vum Projet pilote Belval-Ouest gestallt hunn.

Et ass awer och aus engem zweete Grond en Testfall, well mer probéieren unhand vun deem Strukturwandel och dem Stéchwuert Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg déi éischte Kéier eng konkret a komplett Bedeitung ze ginn unhand vun engem gréissere Projet. An net nëmme sektoriell oder punktuell op dësem oder deem Aspekt vun engem Projet, mä hei gëtt en Terrain vun 120 ha entwéckelt, am Gesamtusproch op all senge Beräicher dem Begréff vun der Nohaltegkeet gerecht ze ginn, an domadder och en Impuls ze setzen iwwert d'Grenze vum Site eraus.

Dat ass de Fall beispillsweis bei der Mobilitéit. Wou mer bei der Mobilitéit wëssen, dass mer eis jo als nationaalt Zil gesat hunn, an enger éischter Phas de Modal split vu 25/75 ze erreechen, wat bedéngt, dass op Belval-Ouest de Modal split minimum 40/60 muss sinn. Där Meenung ass och jiddfereen. Dat ass séier gesot, 40/60. Do fënnt een d'Leit séier dran erëm. An der Praxis, am Konkreten, Dag fir Dag, Woch fir Woch, Projet fir Projet, Ouverture fir Ouverture, ass dat awer net ëmmer datselwecht. Well et ass jo liicht ze argumentéieren, d'accord mat 40/60, mä wa mer esou wäit sinn. Insgesamt maache mer och punktuell a praktesch gäre mat.

Esou kann dat natierlech net lafen. Dat ass en Effort vum éischten Dag un, an all Démarchen, déi een ënnerhélt an déi dote Richtung, mussen novollzéibar an unenaner gereit, Pärel fir Pärel un där Ketten, zu deem Zil do féieren, an et ka kee sech méi hannendru verstoppen, dass anerer sollen ufänken, dass anerer sollen d'Virleeschtung bréngen, a wann et dann esou wäit wier, mécht och dee Leschten an der Rei nach gäre mat. Dat muss wierklech eng Erausfuerderung sinn, där ee sech stellt, an dat ass net ëmmer liicht. Dat ass och ustrengend, well ee ganz vill mat ville Leit iwwert déi Saachen do ze diskutéiere kritt. Mä bis elo si mer nach, an den Absichten zumindest, op där doter Schinn, an dat ass och wichteg.

Fir dass mer dat awer erreechen, musse méi Mobilitéite seriö geholl ginn, net nëmme Mobilitéit mam Auto, net nëmme Mobilitéit mam Zuch. Och de Foussgänger, och de Vëlo si Stéchwierder, déi bei deenen doten Entwécklunge primordial sinn, a besonnesch primordial ass d'Entwécklung beim Stéchwuert vun der Schinn. Déi Gemengen, déi betraff sinn am Kader vum Projet Belval-Ouest, weisen drop hin, dass ee muss eng zentral Ubannung vun der Friche Belval-Ouest mat der Schinn erreechen. Dat hu mer haut nach net. Mir hunn haut eng Ubannung um Süde vun der Friche Belval-Ouest, an et ass eng vun de Fuerderungen a vun de Virschléi vu ganz villen, dass déi Schinn op dee Site misst eropkommen. Esou wäit si mer leider nach net.

D'Gemengen hu wuel déi Trassen an hire PAGe fräi gehalen, an et gëtt do argumentéiert mam Käschtepunkt am Wesentlechen, well gesot gëtt, dat ass relativ deier wa mer musse vun den CFL-Schinnen eriwwer op de Site kommen, an Ostwest-Richtung fueren an duerno nees op déi aktuell Schinnen erofkommen. De Käschtepunkt, deen invoquéiert gëtt, ass een ëm 20 Milliounen Euro fir zwee Fly-overen ze bauen. Dat ass e Käschtepunkt, deen natierlech net négligeable ass, deen net geréng ass, deen awer am Kontext vun de Gesamtentwécklungskäschte vun deem Site relativ geréng ass.

Ech rappeléiere just nach eng Kéier, dass de Stat, eleng fir déi öffentlech Projeten, ëm eng Milliard Euro bereet ass op den Dësch ze leeën, ouni d'Geld vun de Privatinvestisseuren, ouni d'Geld vun der Entwécklungsgesellschaft, esou dass mer mengen, dass dee Käschtepunkt do relativ geréng ass am Zesummenhang vum Développement vun deem Site, dass dat awer en Investissement wier wat wesentlech wier, wann ee wéilt an der ganzer Regioun duerfir suergen, dass tatsächlech déi Entwécklung do an der Haaptsaach op der Schinn stattfënnt.

An dat ass net nëmme relevant a richteg fir de Site Belval-Ouest, mä fir praktesch sämtlech Frichen am Süden. Déi Frichen, déi genannt ginn, ech widderhuelen se elo net, hunn eng Gemeinsamkeet: Et sinn ARBEDs-Terrainen. An déi waren nach ëmmer mat der Schinn ënnereenaner verbonnen. A wann ee sech d'Entwécklung vun deene Siten, och vum Point de vue vun der Mobilitéit hier, wëllt virhuelen, da soll ee sech och d'Liewen do net komplizéiert maachen. Da soll een déi Infrastrukturen, déi een huet, och benotzen. An déi éischt a souguer déi eenzeg Infrastruktur, déi déi Siten alleguer matenee verbënnt, dat ass d'Schinn. Dat sinn net anerer, déi nach misse geschafe ginn. Dat wier d'Schinn.

Duerfir wier et absolut noutwendeg, eiser Meenung no, dass ee sech géing mat där dote Fro beschäftegen an enger Logik vu Péiteng eriwwer bis op Diddeleng. Dat net nëmme wéinst de Frichen, mä och wéinst de Frichen, där Mobilitéit, déi et am Süde gëtt; a praktesch en Drëttel vu sämtlechen Déplacementer pro Dag fannen am Süde statt, hunn hiren Ursprong, hir Quell an hiert Zil an der Südregioun.

Dat am Kontext vum Développement vun de Frichë misst eis dozou bréngen, dass mer probéieren déi Infrastruktur, déi et scho gëtt, déi historesch gewuess ass, déi haut awer eng Aktualitéit kritt, déi enorm ass, dass mer déi géinge konsequent notzen a konsequent ausbauen, och doduerch dass mer probéieren Déplacementer op d'Friche ouni Ëmklamme méiglech ze maachen. Well mer wëssen alleguerten, dass all Ëmklammen dat Transportmëttel ëm esou vill Prozent manner attraktiv mécht.

Hei hu mer déi historesch Chance, wierklech dofir ze suergen, dass et an déi dote Richtung geet. Sécher si mer am Moment an där doter Logik. Mir bewegen eis politesch an déi dote Richtung. De Kärpunkt ass awer wierklech deen, dass een dofir suergt, dass et ouni ëmklamme muss kënne fonctionnéieren, net nëmme fir Belval-Ouest, mä duerch de ganze Süden an Ostwest-Rchtung an eben och laanscht all d'Frichen, wou d'Schinne scho leien, déi Qualitéit do hierzestellen. Dat ass d'Stéchwuert vum Train-tram.

Mir wëssen, dass den Transportminister amgaang ass eng Etüd opstellen ze loossen oder amgaang ass ze préiwen, ob et net méiglech wär déi Schinne vun der ARBED am Süde vun der Friche Belval ze kräizen, fir also net mussen driwwer ze fueren, dann hätte mer deen Ouvrage an dat Geld gespuert. Mir hoffen natierlech, dass déi Etüd positiv ass, well dat mécht d'Saach méi liicht. Mir mengen awer och, dass, esouguer wann déi Etüd negativ wier, all déi aner Argumenter nach ëmmer richteg sinn an et iergendwann eng Kéier noutwendeg ass, dass ee sech mat där Fro an deenen Terme beschäftegt.

Mir musse kënnen all déi Terrainen ënnertenee verbannen, ouni ëmklammen ze musse vun der Schinn op en anert Transportmëttel. Ouni dat ass dee Modal split vu 40/60, an doriwwer eraus vu 25/75 fir d'ganzt Land eiser Meenung no illusoresch. An et geet net duer prinzipiell dofir ze sinn, et muss een och tatsächlech praktesch dofir sinn a sengen Décisiounen an an deem wat ee mécht.

Dofir kritt och d'Ouverture vun der Rockhal den 19. Juni eng ganz speziell Bedeitung. Och dat ass net einfach, well d'Ouverture vun der Rockhal fënnt statt op engem Chantier. Et ass net hiren eegenen, mä dee ronderëm. Och do ass et net evident sech virzestellen, dass dat scho vum éischten Dag u ka mat Liewe gefëllt ginn.

Den Usproch ass awer, dass dat fäerdeg bruecht gëtt - an all d'Effortë lafen am Moment, wou mer elo schwätzen, ganz däitlech an déi dote Richtung -, dass wierklech probéiert gëtt deen Dag massiv, mat der Ënnerstëtzung vun all de Partner vum Ministère, vun der CFL, an déi dote Richtung ze goen. Dat ass och e Punkt wou mer hoffen, dass dat sech bis den 19. Juni an déi dote Richtung confirméiert. Soss hätte mer och do erëm eng Kéier de Rendez-vous verpasst an da wieren eis Deklaratiounen an Zukunft op deem dote Punkt vill manner wäert, wéi de Professer Brändli, deen hei scho méi oft zitéiert ginn ass, gesot huet: „Alles, wat am IVL steet, ass richteg a gutt." Mä wann Der dat, wat Belval-Ouest betrëfft, an deem Konzept net fäerdeg bréngt ze realiséieren, da braucht Der iwwert de Rescht net méi ze schwätzen.

Esou einfach ass de Match ëm deen et geet. Esou einfach ass en den Enjeu an esou einfach wäert et och sinn, eis kollektivpolitesch Leeschtung an enger relativ kuerzer Zäit ze moossen an ze jugéieren.

En zweete wesentlechen Aspekt, wou en Testfall stattfënnt, dat ass de Volet vun der Energie. Och do ass et wichteg, dass ee bei dësem Site probéiert dat Machbaart erauszeschloen: verbrauchssäiteg, op Säite vun de Gebaier, déi realiséiert ginn, awer och alimentatiounssäiteg.

Och do hunn d'Saachen sech net vum selwen agestallt. Och do hunn notamment d'Gemengen e ganz wesentleche Rôle gespillt fir dofir ze suergen, dass mer haut Energiekennwerter hunn, déi lafend kënnen adaptéiert ginn, déi haut zu deene strengsten zielen, déi am Land iwwerhaapt ugewannt ginn. An d'Gemengen hunn och wesentlech dozou bäigedroen, dass et elo zum Dépôt vun engem Projet de loi komm ass fir d'Kreatioun vun enger Sociétéit SUDCAL, déi sech domadder beschäftegt d'Hëtzt vun der TGV vu Rammerech auszekoppelen an domadder net nëmmen de Site Belval-Ouest ze alimentéiere mat Hëtzt, mä och nach eng ganz Partie Siten do ronderëm, fir dass mer dem Usproch vun der Energie gerecht ginn.

D'drëtt Stéchwuert, dat ass de Kontext vum IVL. Dat Konzept ass e wichtegt Konzept, well et déi éischte Kéier probéiert der Politik an der Landesplanung e Stellewäert ze ginn, dee wichteg ass an dee gewiichteg ass par rapport zu der Dynamik an zu den Intérêtë vun den eenzelnen Investisseuren, déi et am Land ka ginn.

Et ass awer wichteg, wann ee kuckt wéi vill am Moment op de Frichë muss entstoe fir se kënnen ze revitaliséieren, dass ee gläichzäiteg op anere Projeten eventuell méi lues mécht. Do ass d'Regierung gefuerdert insgesamt, speziell natierlech den Innenminister, fir dofir ze suergen, dass net parallell zwee, dräi, véier grouss Projeten op zéng, 15, 20 Kilometer Loftlinn vunenaner stattfannen. Besonnesch wann ee weess, wéi deier d'Entwécklung vun de Frichen ass. Dat sinn Terrainen au départ, déi déi Course untriede mat engem klenge Retard, well bis déi Terrainë vun de Frichen viabiliséiert sinn, muss scho ganz vill Geld investéiert ginn. Et ass e Coût, dee sech iergendwann eng Kéier muss an de gesamte Coûten an an de Gesamtpräisser erëmfannen.

A wann een da weess wéi deier déi Terrainen do ginn, da muss d'Regierung dofir suergen, dass aner gläich oder ähnlech gelagert Projeten, déi net op Frichë stattfannen, net kënnen esou séier virugoen.

Mir kënnen net gläichzäiteg behaapten, am Geescht vum IVL, mir wëllen d'Frichen développéieren aus enger ganzer Rei vu gudden a gedeelte Grënn heibannen, a gläichzäiteg aner gréisser Entwécklungsprojeten, déi direkt Konkurrente kënne sinn, och nach ënnerstëtzen. Da geet déi Rechnung net op an do ass d'Politik gefuerdert. Grad esou wéi se gefuerdert ass, fir dass den IVL eng Kéier Realitéit gëtt.

Et ass eng politesch Fro, wou de politesche Wëlle muss zielen, wou de politesche Wëlle muss bewise ginn, well soss ass d'Konzept IVL Makulatur. A wa mer de politesche Wëllen net dofir hunn, hei elo dofir ze suergen, dass d'Konkurrenzbedingunge fir d'Frichë korrekt sinn, da kann een och elo scho behaapten, dass de Projet IVL selwer dem Echec vouéiert ass. Well béides gläichzäiteg ze maachen, d'Frichë revitaliséieren an där dote Gréissenuerdnung, ech schwätze vun insgesamt 600 ha, a gläichzäiteg op der grénger Wiss Entwécklungen toleréieren, dat geet net op. A wann een de Leit eppes anescht zielt, dann zielt een de Leit ganz einfach eppes wat net stëmmt.

E lescht Stéchwuert ënnert der Iwwerschréft Testfall, dat ass, dass déi Frichen och engem aneren Usproch nach musse gerecht ginn. Nämlech deem, datt se mussen un déi Gemenge ronderëm ugebonne ginn. Déi Zäiten, wou déi Terrainen extraterritorial waren, hu mer laang genuch kannt. Déi ARBEDs-Terrainë waren ëmmer Terrainen, déi net deene Gemenge gehéiert hunn an och net vun deene Gemenge kontrolléiert gi sinn op där hirem Territoire se eigentlech louchen.

D'Gemengen hunn oft an deene Jorzéngten entdeckt, wat op den Terrainë vun der ARBED gebaut ginn ass, wa Loftopnahme gemaach gi si vum Kadaster. Wann een dann d'Fotoen niewentenaner geluecht huet, dann huet ee gesinn, oh hei, do sinn erëm dräi Hale bäikomm, do ass erëm eppes bäikomm, obwuel am Prinzip och op den ARBEDs-Terrainen d'Baueregleementer vun de Gemengen ze gëllen hätten. Alles wat gebaut gëtt, muss genehmegt ginn. Mä wann Der kuckt wat op den Terrainë vun der ARBED an deene Jorzéngte gebaut ginn ass, dann ass d'Äntwert ganz einfach esou, dass dat do net de Fall war.

Déi Extraterritorialitéit vun den Terrainë vun der ARBED muss elo der Vergaangenheet ugehéieren. An dofir ass et wichteg, dass sämtlech Frichen net nëmmen entwéckelt ginn…

(Interruptions)

M. le Président.- Dir hutt d'Wuert, Här Braz. Ech géif déi aner Kolleege bieden, e bësse roueg ze sinn.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Dofir ass et wichteg, dass déi Terrainen, déi do entwéckelt ginn, net nëmmen entwéckelt ginn zu der Zefriddenheet vun den Investisseuren an zu der Zefriddenheet vun de Vendeure vun deenen Terrainen, mä och zu der Zefriddenheet vun de Gemengen, déi d'Gléck hunn, hoffentlech an Zukunft, nieft deenen Terrainen do ze leien. Dat heescht dass also d'Ubannung vun deene Gemengen un déi Siten do eng ganz wesentlech Fro ass.

An dat ass eng Fro, déi net nëmmen déi Gemengen, déi betraff sinn, ze léisen hunn. Ech huelen och do d'Beispill vu Belval-Ouest. Mir wëssen, dass am Transportministère zënter laangem de Kritär applizéiert gëtt, dass eng Ënnerstëtzung vun der Regierung fir Buslinnen nëmmen dann accordéiert gëtt, wa se zumindest iwwer eng Gemengegrenz erausfiert an also doduerch e regionale Charakter kritt. Eng Buslinn, déi vun enger Gemeng reng op hirem Territoire agesat gëtt, ass an der Definitioun vum Ministère e lokale Problem. Sou wäit, sou gutt.

Wann een awer elo sech de Projet vu Belval-Ouest beispillsweis ukuckt, wou de Stat eleng, wéi gesot, fir seng Projeten 1 Milliard Euro investéiert, wou dagsiwwer an Zukunft 20.000 Leit sech sollen ophalen, wann dann d'Gemeng Suessem oder d'Stad Esch op de Gedanke kéim, dee Site wëlle mat hirem historesch gewuessene Kär ze verbannen, vun der Escher Säit eriwwer a vun der Friche op Esch-Centre, da kréiche mer geäntwert vum Transportministère: Wann Dir wëllt bannent Ärer Gemeng e Citybus lafen hunn, da bezuelt en och.

Dat mécht awer definitiv spéitstens bei dëse Beispiller elo kee Sënn méi. Dat mécht kee Sënn, well et selbstverständlech kee kommunale Projet ass, wat do entwéckelt gëtt. Et ass e Projet vun nationaler Bedeitung. Och vun de Käschten hier, och vu sengen Implikatiounen a vu sengen Hoffnungen hier, déi e suscitéiert, ass et en nationale Projet.

A spéitstens elo misst och um Niveau vun der Regierung am Beräich vun den Ënnerstëtzunge vum öffentlechen Transport do vläicht en Ëmdenke kommen an déi Kritäre missten e bësse méi flexibiliséiert ginn, e bësse méi nuancéiert ginn. Dat heescht, dass vläicht net méi dee geographesche Kritär eleng deen ass, dee betruecht gëtt, mä dass den tatsächleche Rôle, d'Bedeitung vun enger Linn dat ass wat gekuckt gëtt bei de Kritären, ob se da soll finanziell ënnerstëtzt ginn oder net.

Well et kann absolut net sinn, dass eng Gemeng wéi Suessem dat muss als Citybus considéréieren, wa se Belvaux-Mairie wëllt mat der Friche ubannen oder ëmgedréint, fir d'Stad Esch och, an a fortiori an Zukunft fir all déi aner Gemengen, déi drukommen, déi betraff sinn, déi Frichen op hirem Territoire hunn. Och do muss en Ëmdenke kommen, soss bleiwe mir an der Logik, dass dat, wat eng Kéier extraterritorial war, och soll extraterritorial bleiwen. An och dorauser, aus där Insellogik, wollte mir jo alleguerte mat dësem Projet erausklammen.

Drëtt Stéchwuert, wat een och hei muss ënnersträichen, dat ass, datt déi ganz Entwécklung vun de Frichen net nëmmen en nationale Problem ass, mä och fir d'Gemengen eng nei Erausfuerderung duerstellt, eng Erausfuerderung, fir déi keng Gemeng bis elo Unhaltspunkter an Erfahrungswäerter hat. Déi Gemengen, déi bei Belval-Ouest participéieren, hunn och do eng ganz Partie Saache misse léieren. Och vun der Gréissenuerdnung, vun der Envergure hier ass dat fir kommunal Déngschter net evident.

Dofir menge mir och, dass et absolut noutwendeg ass, dass dat wat elo zënter enger Zäitchen am Käim besteet, nämlech dat Syndikat Pro-Sud, dass dat Syndikat ganz séier méi staark gëtt, dass dat Syndikat ganz séier méi aktiv gëtt, dass all d'Gemengen sech dofir interesséieren, wat am Süde geschitt op de Frichen, well d'Stäerkt an d'Réckrat, wat d'Gemengen hu par rapport zu den Investisseuren a par rapport zum Stat, dat ass a priori e Match, deen net gewonnen ass. Et brauch ganz vill Kompetenz fir do matzehalen.

Wann ee kuckt wat d'Agora, d'Entwécklungsgesellschaft vun de Frichen, haut fir ee Staff huet, wéi déi équipéiert si mat Leit, wéi déi zougeschafft kréie vun de Ministèren, wat do ee geballtenen Know-how an eng geballte Kompetenz hannendru steet, fir dat virunzedreiwen, da sinn d'Gemenge gefuerdert fir do matzehalen an och nach par moment driwwer ze trancheieren, doduerch datt si d'Genehmegungen ausstellen. D'Gemenge musse jo iergendwann eng Kéier kënnen dat, wat do gesot gëtt, appréciéieren a jugéieren an iergendwann eng Kéier eng Genehmegung erdeelen oder refuséieren.

Dat kann net funktionéieren, wann d'Gemengen do eleng fir sech schaffen. Mir hunn d'Erfahrung gemaach, och do um Beispill vu Belval-Ouest, wou mengen ech eent vun de Kärelementer dat ass, datt béid Gemengen zesummeschaffen au point, dass effektiv keen Zigaretteblietche praktesch méi dotëschent passt.

Dat huet ganz villes dozou bäigedroen, dass dee Projet vu Gemengesäit esou gutt konnt begleet ginn, dass d'Gemengen ënner sech wierklech an engem neie Geescht vu regionaler Planung zesummegeschafft hunn, eppes wat vu vireran net acquis war, well et ass een dat net gewinnt esou als Gemengen zesummenzeschaffen. Dat ass hei geléiert ginn.

Mir kënnen dat Beispill wierklech nëmme recommandéieren a weiderginn un aner Gemengen, Fréiseng zum Beispill, wa si eng Friche hätten. Da wier dat och vläicht fir de Kolleeg vum ADR méi interessant wéi dat am Moment de Fall schéngt ze sinn.

Dat ass och e bësse lästeg, wann een dat ëmmer am lénken Ouer esou huet.

(Interruptions)

Ee Wuert nach zu dem Volet kommunal Zesummenaarbecht, fir ze preziséieren, dass och hei um Beispill vun Esch a Suessem eng Partie Saachen elo an d'Diskussioun komm sinn, wat ee sech am Ufank och net esou hätt kënne virstellen. Wou mir am Ufank nëmmen iwwer e PAG geschwat hunn, sou si mir mëttlerweil esou wäit, dass mir iwwert d'Gemengegrenzen an iwwer Froe vu kommunalen Taxen diskutéieren, well einfach gespuert gëtt, dass d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen déi beschten Äntwert ass fir kënnen engem staarken Investisseur wéi der Agora ze begéinen.

Et weess een, wou déi Zesummenaarbecht tëschent Esch a Suessem ugefaangen huet, et weess een net, wou si wäert endegen. Verschiddener schwätzen dovun, dass et eng gutt Iddi kéint sinn, dass Esch a Suessem iergendwann eng Kéier fusionéieren. Ech halen dat e bësse fir Zukunftsmusek, mä och Zukunftsmusek ass eng Weis, op déi ee kann danzen, a - wie weess - aus deem Bal gëtt nach vläicht eppes.

Lescht Stéchwuert ass dat vun der Erausfuerderung iwwert d'national Grenzen eraus. Dat ass vläicht dee Volet, wou mir am Moment nach am meeschten hannendrun hippen. Mir hunn tëscht de Gemengen eng excellent Kooperatioun, d'Zesummenaarbecht mat den Investisseuren ass eng gutt, d'Zesummenaarbecht mat der Regierung ass eng gutt, mä et huet een d'Gefill, dass, an dat ass och eng Fro un d'Adress vun der Regierung, d'Zesummenaarbecht mat der franséischer Säit nach net esou gutt ass wéi se kéint sinn.

Wëssend dass dat net einfach ass - a Frankräich geet alles bis erop op Paräis an déi sinn am Moment vill beschäftegt -, ass et awer trotzdeem noutwendeg, dass een déi Kooperatioun um Regierungsniveau vläicht nach e bësse méi verdéift wéi dat elo de Fall ass, well eng vun de Geforen a vun de Suergen, déi jo déi Gemengen hunn, déi betraff sinn, ass déi, datt mir op eiser Säit vun der Grenz eis mat ganz vill Opwand a ganz vill Energie dorëms bekëmmeren héich Qualitéiten ze kréie fir de Strukturwandel fäerdeg ze bréngen, dass mir kéinten honnert Meter niewendrun déi aner Säit vun der Grenz genau dat kréien, wat mir net wollten, nämlech eppes wat wesentlech méi „low budget" ass, wat awer do Potenzial eraussuckele geet, an dann hätte mir am Fong geholl net sou vill geschafft, wéi mir eis virgeholl haten.

Mir mengen, dass d'franséisch Säit kann dovunner iwwerzeegt ginn, dass och si kënnen un deene Projetë vun engem héijen Niveau en Intérêt hunn. Och hir Säit, déi aner Säit vun der Grenz, huet déi lescht 30 Joer enorm ënnert der Stolkris gelidden. Och si bräichten eppes, wat méi an de Beräich geet vum héijen Niveau. Mir héieren och an der Lescht, dass et do op franséischer Säit Effortë gëtt an déi dote Richtung, mä mir mengen, déi misste vu Regierungssäit aus nach intensivéiert ginn, fir dass dee gesamte Projet op béide Säite vun de Grenzen déi Qualitéite kritt, déi mir eis haut virgeholl hunn.

Dat gesot, bréngen ech och domadder d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu där Motioun. Ech hu si och selwer fir déi Gréng mat ënnerschriwwen.

Da soen ech Merci all deenen, déi nogelauschtert hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Jaerling ageschriwwen. Här Jaerling, elo kënnt Dir Är Stëmm no baussen drénge loossen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, och Merci der Madame Interpellantin, dass mir hei nach eng Kéier kënnen d'Diskussioun iwwert d'Broochen opfrëschen.

Ech wëll am Virfeld awer eppes kloerstellen, wat den Här Meisch hei gesot huet, nämlech dass den ADR dogéint gewiescht wier, fir d'Frichen ze rekonverséieren. Ech mengen, hien huet eppes aus engem Kontext do erausgerappt, wat an enger anerer Diskussioun stattfonnt huet, nämlech beim 700.000-Awunner-Stat, wou déi Diskussioun war, wou mir als ADR gesot hunn, dass mir mussen e Choix de société doriwwer treffen, wat mir eigentlech wëllen, ob mir déi Croissance do nach wëllen op Käschte vun der Liewensqualitéit, oder ob mir net en anere Choix mussen treffen a méi lues optrieden.

Dat war dat, wat mir deemools gemengt hunn. Do ware selbstverständlech d'Frichë mat an der Diskussioun. Mä ech fannen dat awer net…

Une voix.- …en réserve.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- …en réserve halen.

Ech fannen dat awer net korrekt, wann een dann aus engem Kontext eppes erausrappt an dann dat wëllt duerstellen, wéi wann den ADR géint d'Rekonversioun vun de Frichë wier. Dat stëmmt net an dofir wollt ech dat awer hei kloerstellen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Här President, mir hunn heibanne schonn des öfteren iwwert d'Frichen am Süden debattéiert. Wat elo deen neien Ament soll sinn, deen dësen Débat d'orientation erfuerdert, kann ech aus der Ufro vun der LSAP net erausliesen an och net kloer aus den Erklärunge vum Spriecher vun der LSAP. Et sollt also vläit emol erëm eng Kéier ee Bilan intermédiaire gezu ginn.

All Parteien heibannen haten d'Rekonversioun vun den Industriebroochen als grouss Chance fir de Süde bewäert. Däitlech Ënnerscheeder gouf et awer an der Fro „Eng Chance fir wat?", a wéi déi Chance soll ugepaakt ginn.

Wat den ADR als iwescht Gesetz an der Rekonversioun gesinn huet a weider gesäit an alle Projeten, dat ass d'Liewensqualitéit, d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi haut am Ëmfeld vun de Frichë liewen, mä och d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi eng Kéier op den Industriebrooche wunnen a schaffe wäerten. Dowéinst wëll ech direkt d'Tribün hei benotze fir d'Regierungsparteien dovir ze warnen, aus Käschtegrënn Aschnëtter a puncto Liewensqualitéit um urspréngleche Pilotprojet vum Site Belval virzehuelen.

Eis Fuerderung ass kloer: D'Liaison de Micheville huet integral realiséiert ze ginn. Et handelt sech hei en fait ëm eng Ëmgehungsstrooss fir Esch a fir Suessem. De geplangten Tunnel muss a senger initialer laanger Versioun vun 1.200 Meter realiséiert ginn, an dat am Intérêt vun der Liewensqualitéit vun deene Leit, déi spéider um Site Belval liewe wäerten. E kierzen, dat wier ee Verbriechen un der Liewensqualitéit vun den Nopere vun deem Site.

Ech wëll dofir och emol hei agoen op deen Hin-an-hier-Sprong, dee Verschiddener gemaach hunn besonnesch am Escher Gemengerot, wou eng Motioun presentéiert ginn ass, déi sech eestëmmeg ganz kloer fir den initiale Micheville-Tunnel ausgeschwat huet. Wou si dann awer eng Kéier hei an d'Stad gepilgert komm sinn an eng Kommissioun a wéi si dann do erëmkomm sinn, do ass dräi Wochen drop eng aner Motioun presentéiert ginn, wou d'Majoritéit dann an eng ganz aner Richtung gaangen ass. Dann ass och op eemol eng fënneft Versioun opgetaucht vun deem Tunnel, déi an der Diskussioun soll stoen.

Ech kann der Bautekommissioun vun der Chamber, déi momentan mat deem Projet befaasst ass a wou entspriechend Tendenze bestinn, fir deen Tunnel ze manipuléieren, nëmme wäermstens un d'Häerz leeën, datt si net um initiale Projet fréckele soll goen.

Käschtegrënn, dat ass dat Lescht, wat ziele muss, wann et ëm d'Liewensqualitéit vun de Leit geet. Dofir bedaueren ech och, dass d'Majoritéit am Escher Gemengerot hir Meenung esou geännert huet.

D'CSV huet sech jo kierzlech erëm an enger Pressekonferenz fir déi gesond Finanzsituatioun hei am Stat gelueft an erëm en Iwwerschoss am Statsbudget annoncéiert. D'Geld ass also do. D'Fro ass also just: Firwat notze mir et, fir d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger oder fir gréissewahnsinneg Projeten, wéi Militärfligeren an esou weider oder déi zeg milliounenschwéier Restauratioun vun zwee verraschtenen Héichiewen an esou weider? An ech géif soen, wa mir do e bësse Gedold hätten, da géif dee Problem sech vu selwem léisen, well d'nächst Joer falen se souwisou zesummen.

Da schwätze mir och nach vun der Rockhal. Et ass traureg, dass mir elo musse feststelle, dass wa mer déi Rockhal elo termingeméiss wëllen un d'Goe kréien, dass mer dann nach musse Waasser bei d'Arcelor kafe goen, fir kënnen déi Rockhal un d'Goen ze kréien a wou och déi Transportinfrastrukturen, déi sollten am Virfeld do sinn ier iwerhaapt d'Rockhal sollt fäerdeg sinn, och nach net do sinn. Also dass hei am Fong geplangt gëtt wéi ech weess net wat, an ech géif mengen, dass dat an Zukunft awer net soll esou weidergoen an dass och muss dofir gesuergt ginn, dass elo net aus Käschtegrënn eng Rei vu wichtegen Transportinfrastrukturen hei a Fro gestallt ginn, einfach well d'Projete gestreckt ginn.

Iwwerhaapt insistéiere mir drop, datt prioritär d'Verkéiersproblematik am ganze Süden ugepaakt gëtt. Den ADR war déi éischt Partei, déi heifir ee Gesamtkonzept presentéiert huet.

(Hilarité et interruption)

Déi éischt Partei, déi am Süden ee Gesamtkonzept presentéiert huet…

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Däerf ech lech eng Froe stellen, Här Jaerling?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo selbstverständlech, Här Braz.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Den Här Robert Garcia ass jo mëttlerweil am Intérêt vum Land anerwäerts beschäftegt an ass jo net méi Gréngen-Deputéierten. Ech misst mech ieren, mä ech mengen hie war, wéi gesot, bei deene Gréngen, well hie war deen Éischten, deen dat gesot huet, an dat war net den ADR. Ausser Dir corrigéiert mech an Dir sot den Här Garcia wier en Deputéierte vum ADR gewiescht.

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Fuerderen an e konkrete Plang virleeë sinn zwou verschidde Saachen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir hunn et gemaach!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Fuerdere kann een alles.

(Interruptions)

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Hien huet eng Proposition de loi déposéiert, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här Braz, ech wëll lech just drun erënnere wat Dir an der Oppositioun zu Esch alles gefuerdert hutt a wat Dir spéider an der Majoritéit fäerdeg bruecht hutt ze realiséieren,…

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Genee datselwecht!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- …wa mir awer eng Kéier doriwwer schwätzen!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Also dee Luxus wäert Dir lech ni kënne leeschten, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ma do loosst lech emol iwwerraschen.

(Hilarité)

Op jidde Fall hu wesentlech Elementer vun eisem Konzept Agang fonnt an d'„Mobilitéit.lu"-Konzept vun der viregter Regierung, et wäert jo elo net och ee probéieren eis dat falsch ze maachen.

Mir maachen den Appel, datt déi Aarbechten accéléréiert ginn. Geld ass laut Finanz- a Budgetsminister jo do. Déi wichteg Dezentraliséierung, fir dass och am Süden emol konkret staatlech Projete realiséiert ginn, duerfen also net aus finanzielle Grënn gestreckt oder ganz gebremst ginn.

Op de Frichë selwer muss eng performant Verkéiersinfrastruktur stoen, ier datt d'Broochen sech erëm mat Liewe fëllen. Ech denken hei un éischter Linn u grenziwwerschreidenden öffentlechen Transport a Park-and-riden op de Grenzen. Et kann een net zum Beispill op de Brooche vu Belval bis zu 20.000 nei Bewunner op ee Site drainéieren, ouni dass am Virfeld dee Verkéiersproblem fir déi betraffe Gemenge ronderëm geléist ass. D'Brooche mussen organesch mat hirem lokalen Ëmfeld weiderentwéckelt ginn, sou dass mat den existéierenden Uertschaften a Quartieren am Ëmkrees en harmonescht Ganzt entsteet. Heifir huet den ADR och an deene betreffende Gemengeréit entspriechend Fuerderungen a Virschléi presentéiert. Och zu Diddeleng; do ass bis haut nach kee Fortschrëtt an deem Dossier ze gesinn.

An dofir meng Froen: Wéi steet et mat deem Dossier vum Laminoir de Dudelange? Wat geschitt mat deenen Terrainë wann d'Schmelz zou ass? Gehéieren déi Terrainen herno dem Stat oder der Gemeng Diddeleng oder missten se net fir richteg de Pensiounskeesen zougestane ginn aus deene jo d'Sue geklaut gi fir d'Préretraite, duerch déi den Aarbechtsplazofbau vun der Arcelor finanzéiert gëtt?

Wéi gëtt de Sanéierungsproblem geléist? Wat geschitt zum Beispill mam Frankelach, wou sou vill gréisser Projete jo scho sollten higoen a wou et nach ëmmer kee Millimeter weidergaangen ass? Kippe mir do och erëm alles op een hermetesch isoléierte Koup, wéi um Plateau du Saint-Esprit zu Esch-Belval, fir eng weider ökologesch Bomm ze provozéieren? Froen, déi sou schnell wéi méiglech musse beäntwert ginn. Sou wéi och eng Äntwert muss kommen, wat an Zukunft mat deenen Terrainë geschitt a wien zoustänneg ass, fir dat, wat soll drop kommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, d'Liewensqualitéit steet bei all Projet fir den ADR op der éischter Plaz. Ee wichtegt Element vu Liewensqualitéit am Summer an eise Stied a besonnesch fir déi Matbierger, déi sech keng Vakanz um Mier oder um Bodensee leeschte kënnen, stellen d'oppe Schwemmen duer. An deem Kontext ass et ee Skandal, datt eng Aarbechterstad wéi Esch schonns zënter Jore keng oppe Schwemm méi huet, an awer och et am ganze Süden un oppe Schwemme mangelt.

Mat aller Vehemenz appeléieren ech hei, déi Chance hei och endlech ze notzen an op der Brooch vun den Terres Rouges erëm eng Schwemm ze installéieren. An der Zäit gouf et hei d'ERA, eng Plaz fir Erhuelung a Liewensfreed. D'ERA ass zougemaach ginn, well déi Verantwortlech vun der Escher Gemeng versäumt hate beim Département de la Moselle déi néideg Autorisatiounen unzefroen. Den neie Schäfferot huet a sengem Koalitiounsprogramm viru fënnef Joer dichteg ugekënnegt d'ERA erëm opzemaachen. Bis haut ass awer nach net ee Fanger kromm gemaach gi fir dat an d'Weeër ze leeën; d'Méiglechkeete wieren awer do.

Besonnesch well et ee grenziwwerschreidende Projet géif ginn, dee mat Gelder aus den europäesche Strukturfonge kéint finanzéiert ginn. Et géif ee regionalen Naturerhuelungszenter ginn, deen d'Liewensqualitéit vum Bassin minier bis eriwwer an eist Grenzgebitt kéint wesentlech verbesseren. Well, wéi gesot, de Süden ass jo net méi grad geseent mat oppene Schwemmen. Och wann elo kierzlech erëm - no méi wéi engem Jorzéngt! - déi vu Rodange opgaang ass.

Wann ech scho beim Site Terres Rouges sinn, da wëll ech nach eppes net vergiessen, dat ass d'Liaisoun tëschent Esch an Audun, déi Eisbunnsliaisoun, déi ganz wichteg ass, mä déi eiser Usiicht no awer direkt hätt misse vu vireran ënnerierdesch verluecht ginn. Dat hätt net nëmmen dem Site Terres Rouges eng Revalorisatioun bruecht, mä et hätt och d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do zu Esch an deem Quartier wunnen, ganz grouss opgewäert. An et hätt och dee Quartier, deen niewendru läit, net eng dosemol am Dag vun deenen aneren Escher Quartieren ofgeschnidden.

Här President, am Sënn vun enger beschtméiglecher Liewensqualitéit ass et och eminent wichteg, datt op alle Frichen e seriöt Sanéierungskonzept duerchgezu gëtt. Maache mir eis näischt vir, d'Industriebroochen, dat sinn op ville Plazen héichgradeg verseuchte Biedem, wann och duerch Scheinanalysen oder duerch Buerungen iergendwéi eppes anescht soll vermëttelt ginn. Mir mussen onbedéngt unhand vun Analysen a Buerungen d'Friche kloer definéieren an no hirem Belaaschtungsgrad klasséieren an da virun allem och seriö entsuergen.

Wéi dee Problem bis elo an eisem Pilotprojet Belval versicht ginn ass ze léisen, ka mech wierklech net iwwerzeegen. Virun allem muss an Zukunft ee kloren Zäitkader definéiert gi bis wéini dass d'Arcelor hir jeeweileg Frichë sanéiert ze hunn huet.

Liewensqualitéit, dat heescht fir den ADR awer virun allem och bezuelbare Wunnraum. Mat de Broo-

chen deet sech eng gewalteg Baulandreserv op - 600 ha -, déi et ugesiichts der Explosioun vun den Terrainspräisser séier ze erschléisse géllt. D'Terrainë si knapp a mir sinn et de jonke Famillje schélleg Bauland zu bezuelbare Präisser ze erschléissen.

Et duerf einfach net méi sinn, datt mir ëmmer méi Leit zu Grenzgänger maachen, well si sech hei am Land mat engem normale Revenu keen Eegenheem an och keng Mietwunneng méi leeschte kënnen. E Land an deem ee méi wéi een Drëttel vun engem normale Revenu muss fir ee Loyer bezuelen, dat ass e krankt Land; a Lëtzebuerg läit an deem Kontext scho praktesch an der Agonie.

D'Frichë sinn eng eemoleg Chance, fir deem Trend entgéint ze wierken a wierklech erschwingbar Bau- a Wunnland unzebidden. Dofir musse vun der Politik awer déi néideg Viraussetzunge gesat ginn. Et kann net sinn, datt eng Agora ka schalten a walte wéi si wëllen an déi betraffe Gemengen nëmmen als Observateuren zougelooss ginn a geméinlech d'Sëtzunge mat laange Gesiichter verloossen. D'Agora gëtt den Toun un an ass deemno och den Haaptbénéficiaire vun deem ganze Projet.

Do derniewent gëtt et nach eng Konventioun tëschent Stat an Arcelor, wou sech de Benefiss vun den Terrainë gedeelt gëtt. Arcelor kasséiert seng Halschent netto, de Stat muss iwwert d'Gemengen awer de Gros vun den Infrastruktur re vun der Urbaniséierung droen. Arcelor muss d'Sanéierung nëmmen droen, wa se hir net ze deier gëtt, soss stierft all Projet. Dat ass esou am Gesetz festgehalen an dat muss geännert ginn, fir dass wierklech eng Chance besteet ,dass déi Terrainen zäitgerecht awer och seriö sanéiert ginn.

Esou kann ee keng seriö Planung vun deene ganze Sitë realiséieren an dofir gëtt och de Syndikat Pro-Sud zum Matleefer degradéiert. De Stat keeft der Arcelor d'Halschent vun den Terrainen of, gëtt si als Apport en nature an d'Agora eran an natierlech wäert och de Stat dann zukünfteg verdéngen un der Kommerzialiséierung vun deenen Terrainen. An och wann Terrainë fir staatlech Strukture méi bëlleg ugebuede ginn, bleift de Präis awer ze héich wann d'Sanéierung net seriö vun deem garantéiert gëtt, deen se verscholt huet, a wann de Stat nach ëmmer fir d'Begleitstrukturen zoustänneg ass.

Als ADR hale mer drop, dass d'Industriebroochen eng Prioritéit kréien, eng Prioritéit fir nei Industrien, awer och eng Prioritéit fir Wunnengsbau, an dat ier mer higinn an nach neien, onverbrauchte Buedem versigelen. Dat muss och de Gemenge kloer sinn. Duerfir musse vu staatlecher Säit awer och aus den europäesche Strukturfongen déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir datt d'Gemengen dëser Erausfuerderung kënne gerecht ginn.

Et huet kee Sënn, wa mer periodesch hei héich philosophesch Discoursen halen, wat alles kënnt geschéien, wann net konkret Schrëtt a Richtung Realiséierung gemaach ginn. Mir hunn eng Chance fir nei Weeër ze goen. Loosse mer et zesummen upaken am Interesse vun enger Regioun, déi eng grouss Kris hanneru sech huet an neien Opschwong brauch, fir eng Zukunft mat grousser Liewensqualitéit.

Wat elo d'Motioun ubelaangt, ier ech schléissen, bon, esou feelt mer am Fong an der Motioun ee Passus, ausser deen ass am Alinea 5 mat dran, nämlech dee Passus, dass mer d'Regierung opfuerderen, dass soll deen initialë Projet vun der Micheville-Liaisoun bäibehale ginn. Wann dat awer elo esou ass, dass am Alinea 5, «à respecter les principes du masterplan Esch/Belval-Ouest, à savoir le développement urbain durable et la mixité des fonctions», déi ursprünglech Versioun vun der Liaisoun Micheville mat dra gemengt ass, dass dat do an deem Passus mat dran ass, da kënne mer dës Motioun stëmmen.

Wann dat net soll de Fall sinn, da géif ech virschloen, e Passus bäizefügen: «à réaliser la version initiale de la liaison Micheville». Dat hätte mer gär da mat dran. Wann dat net sollt de Fall sinn, da kënne mer se leider, trotz deenen anere gudde Punkten, déi an där Motioun do dra sinn, net matstëmmen, da wäerte mer eis enthalen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Domat ass…

(Interruptions et hilarité)

Pardon, Här Jaerling! Dat ass well den Här Gibéryen sech zu Wuert gemellt hat. Här Jaerling, Merci. An dann ass d'Wuert un der Regierung. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut an hei vu Revalorisatioun vun den Industriebrooche schwätzen, dann ass dat keen Exercice, deen eng Fin en soi wär, et ass villméi e konsequent an e gutt iwwerluechte Bestriewen, eist Land mat sengen 2.586 km² territorial esou global an optimal ze organiséieren, andeem mer eis um Programme directeur de l'aménagement du Territoire vun 2003 an och um IVL vun 2004 orientéieren, ouni awer d'Spillregelen an d'Instrumenter vun engem Aménagéieren a Fro ze stellen. Dës Instrumenter, dat ass de Plan sectoriel, dat ass de Plan régional, dat ass de Plan d'occupation du sol an och d'Gesetz vum Aménagement communal.

D'Industriebroochen hunn eng Schlësselpositioun fir eist Land am Sënn vun enger wirtschaftlecher, enger sozialer an enger territorialer Kohesioun. Si hëllefen eis, déi wirtschaftlech, sozial an territorial Entwécklungen op eisem Territoire ze rééquilibréieren, an droen och derzou bäi, d'Weiderentwécklung vun der Südregioun ze garantéieren.

Landesplaneresch gesinn, muss dës Regioun e Géigegewiicht kréie par rapport zur Haaptstad, well d'Haaptstad ass zentral an attraktiv, an d'Tatsaache beleeën dat och. An der Stad Lëtzebuerg wunnen 80.000 Awunner an am Ganzen hu mer do 125.000 Aarbechtsplazen. Dergéint am Süden hu mer 134.000 Awunner an 51.500 Aarbechtsplaze laut IVL. Déi eng Aarbechtsplaze sinn anescht wéi déi aner, déi eng si méi attraktiv wéi déi aner. Vergläicher hei ze maachen ass net wichteg an och net richteg an och vläicht net absolut, well de Süden huet trotzdeem eng industriell Vergaangenheet.

D'Haaptstad huet awer d'Haaptpotenzial vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg. Ech géif bal soen, si erstéckt förmlech an hirem Succès, am Verkéier vun de Résidenten a vun de Grenzgänger. Duerfir brauche mer also eng Dynamiséierung vum Süden an duerfir musse mer och am Süden héichwäerteg Aarbechtsplazen an der Industrie an am Déngschtleeschtungssecteur aféieren.

Dat Ganzt bedeit net nëmmen eng Chance fir de Süden, mä och eng Chance fir d'Stad Lëtzebuerg, fir se eben ze entlaaschten, an esou kréie mer dann déi Terminologie, déi oft benotzt gëtt, eng „déconcentration concentrée". Dat kënnt Der an der Regierungserklärung oder och an aneren Dokumenter noliesen.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer vill Frichë mat och vill Zwäng, an zwar duerch déi industriell Vergaangenheet, duerch en noutwendege regionale Cadrage, dee mer hei brauchen, an och duerch d'Ofstëmmung an d'Zesummenaarbecht tëschent Ministerien, tëschent Gemengen, tëschent dem Stat an de Gemengen, an och tëschent Öffentlech a Privat. Mir hu vill Exigenzen, an hei soll een dee Prinzip «qui trop embrasse mal étreint» wierklech wouerhuelen, ëmsou méi déi budgetär Mëttelen net méi esou sinn, wéi nach an de Joren 1999 an 2000.

Mir brauchen also eng kohärent Strategie tëschent de Brooche par rapport zur ganzer Regioun, jo souguer par rapport zum ganze Land, mat Prioritéiten, mat enger genereller Koordinatioun an engem Suivi, wat jo elo och schonn hei ugeklongen ass. Well vun deem wat realiséiert ginn ass, dee Suivi ass och ganz wichteg, an deen ass jo och an där Motioun, déi d'Madame Mutsch déposéiert huet.

Haut geet et also drëm de Punkt ze maachen, am Fong geholl ëmfaassend Informatioun ze ginn, dat huet d'Madame Mutsch jo gefuerdert, ze kucken, wéi et weidergeet, awer och d'Zwäng ze analyséieren, oder deenen, déi mer hunn, Rechnung ze droen.

Ech wollt also kuerz en historesche Réckbléck maachen. Déi ganz Problematik iwwert d'Frichen ass schonn an de 70er Joren ugaangen. Du goufen et éischt Restrukturéierungen am Kader vun den industriellen Aktivitéiten. Ech erënneren un d'al Tannerië vu Wolz, oder och un Iechternach, u Monsanto. 1981 huet och schonn de Stat e puer honnert Hektar vun der ARBED opkaaft, fir nei Industrien dohinner ze setzen. Dat war am Raum Beetebuerg/Diddeleng, am Raum Déifferdeng/Suessem, an och am Raum Rodange, wou d'MMRA jo net méi fabrizéiert huet, op deene 87,1 ha, an do ass jo 1985 de PED entstanen, deen eng Valorisatioun vun de Frichen iwwert d'Grenzen eraus sollt brëngen. Haut hu mer do siwen Industrien a 750 Aarbechtsplazen.

An den 90er Joren hu mer nach eng Kéier eng aner Entwécklung kritt an eisem Land, duerch d'Elektrohéichiewen, déi ageféiert gi sinn. Doduerch ass dat soziaalt Ëmfeld am Süden nees markéiert ginn, an 1996 hunn de Stat an d'ARBED an d'Syndikater sech zesummen an der Tripartite gëeenegt fir eng Etüd ze maachen, fir ze kucken, wéi kënnen d'Territoiren, déi betraff sinn, ekonomesch a sozial nei belieft ginn op Basis vun den Entwécklungspotenzialer vun dësen alen industrielle Siten.

Doraus ass dunn den GIE-ERSID entstanen, dat war am September 1996, an deemools ass dunn déi Agiplan-Etüd gemaach ginn, oder dat Dokument, dat Enn 1998 am ganze 650 Hektar opgewisen huet, mat zéng Siten, wouvu véier Sitë virrangeg behandelt sollte ginn. An esou ass déi Geschicht weidergaangen. De Conseil de Gouvernement huet - et war November 1999 - de Ministère de l'Aménagement du Territoire mat dësem Dossier chargéiert. Also säit deem Datum ass den Innenminister a Landesplanungsminister mat dësem Dossier befaasst.

D'Madame Mutsch hat scho vun deem Rapport geschwat, deen am Joer 2000 hei an der Chamber vum fréieren Innenminister Michel Wolter gemaach ginn ass, deen d'Konklusioune vun där Etüd confirméiert huet, an och d'Prioritéit fir de Site Belval-Ouest festgehalen huet. An där Zäit gouf et och vill regional Konferenzen, et goufe vill öffentlech Sitzungen zu Suessem, zu Esch. De Motto war deemools: Informatioun a Sensibiliséierung vun der Bevölkerung fir Suggestiounen ze kréien, d'Bedierfnesser an d'Ängschte vun de Leit ze verstoen. An deemools ass och dann d'Agora gegrënnt ginn.

Déi Situatioun vun deemools huet dozou geféiert, dass déi Acteuren an déi Gestiounsorganen, déi mer haut hunn, dass et mengen ech derwäert wier, eng Kéier kuerz och op si zréckzekucken. Ech hat gesot, de Landesplanungsminister huet säit November 1999 d'Koordinatioun vun den Industriebroochen. Duerfir brauche mer dat och net méi, Madame Mutsch, an d'Motioun ze schreiwen. Dass de Ministère de l'Aménagement du Territoire d'Koordinatioun huet, dat ass evident. An ech géif och herno proposéieren, dat ewechzeloossen.

Deemools sinn d'Objektiver festgehale ginn, wéi mer musse virgoen. Et ass en neie Wee gewiescht, et ass festgestallt ginn, dass e Gesamtkonzept an engem regionale Kader misst opgestallt ginn. Dernieft huet missen d'Complémentaritéit vun deenen eenzelnen Aarbechte garantéiert ginn, wat net einfach war. Et hu missen adequat Entwécklungs-, Entscheedungs- a Begleedungsstrukture geschafe ginn. D'Gemenge sinn an dee ganzen Entwécklungsprozess agebonne ginn. De Projet Belval-Ouest, wéi ech et scho gesot hunn, ass virrangeg behandelt ginn, an et hunn och missen Zukunftsperspektive geschafe ginn.

An deemools - et ass haut schonn e puermol ugeklongen - ass och gesot ginn, hei ass eng eemoleg Chance fir déi Regiounen, wou déi Brooche sinn, an dat géllt dann haut a besonnesch fir de Süden, well relativ vill Broochen am Süde vum Land sinn. Esou sollt dann eng aner Notzung vun den Arealer gemaach ginn, déi sech no nohaltege Kritären, dat heescht wirtschaftlechen, ekologeschen a soziale Kritären orientéiert. Dëse ganz komplexe Prozess war net einfach, well vill Verhandlunge stattfonnt hunn an et hu misse reglementaresch Texter opgestallt ginn.

Deemools ass dann och scho festgehale ginn, wa mer wëllen eng effikass Gestioun kréien, da muss dat Ganzt integréiert ginn an eis Landesplanung. Dat geschitt jo am Süden - et ass och haut scho méi wéi eemol gesot ginn - iwwert de Plan régional Sud. D'Verhandlunge mat der ARBED hu misse gemaach gi fir Terrainen ze kréien, dat ass jo och gelongen. Et huet missen eng Entwécklung gemaach ginn, géif ech soen, no engem integrative Schema vum Transport, an zwar an der Groussregioun hei zu Lëtzebuerg an och an der Regioun Süden. An et ass och gefuerdert ginn, dass de Stat misst direkt intervenéieren an den Infrastrukturaarbechten, fir ze garantéieren, dass d'Erschléissung vun den Terrainë kéint 100%eg geléngen.

An een anert Haaptobjektiv, wat sech deemools gesat gi war, dat war dat fir d'Dezentralisatioun konkret ëmzesetzen, an ech menge mir sinn och do um richtege Wee. Déi betraffe Gemenge sinn an d'Entwécklungsprozesser ageschloss ginn. Dat ass och gutt gelongen, géif ech haut soen. An et ass och gekuckt ginn no potenzielle Partner am Privatsecteur fir konkret Projeten ze realiséieren, an där kann ech lech haut e puer nennen. Et sinn der och schonn e puer virdrun ugeklongen.

Et muss een also feststellen, dass mer hei en neie Wee gaange sinn, deen net einfach war. Well hei hu missen de Stat, d'Regioun an d'Gemengen zesummen iwwert e Plan régional eng Opwäertung vun de Siten, déi am Agiplan waren, virhuelen, an dat mat enger Prioritéit, wéi et scho puermol haut ugeklongen ass, fir Belval-West, awer och mat enger schneller Realisatioun vun den Infrastrukturen. Dat war also eng Equatioun, déi net einfach ass.

An haut musse mer feststellen, dass säitdeem d'Saache gutt weidergaange sinn, an dat och am Respekt vun de Prinzipien, déi festgehale goufen, wann ech zum Beispill vu Belval-West schwätzen, och wann net all Objektiver - an dat muss ee kloer soen - erreecht goufen. Ech wäert och herno op eenzel Aspekter agoen.

Säit der Schafung vun der Agora, also am Oktober 2000, huet de Ministère de l'Aménagement du Territoire d'Missioun vun enger politescher Koordinatioun an der Ëmgestaltung vun den Industriebroochen, an dëst, an dat muss een ëmmer nees widderhuelen, an engem regionale Kontext. D'Agora bekëmmert sech ëm d'Ëmgestaltung als solch um Site selwer, also sinn d'Missioune ganz kloer opgedeelt. Mä de Ministère de l'Aménagement du Territoire brauch och d'Mathëllef vun deenen anere Ministèren, déi ganz wichteg Acteure sinn.

Ech wëll hei zum Beispill den Ekonomieminister nennen, deen eng historesch Virreiderroll gespillt huet am Aménagement du Territoire. Hie géréiert haut jo och nach déi wirtschaftlech Aktivitéitszonen. Ech muss de Minister vun den öffentleche Bauten, deen och hei ass, de Claude Wiseler hei nennen, well hie spillt eng éischt Gei, géif ech soen, bei der Ëmsetzung vun de Konzepter an hie garantéiert am Fong geholl, dass d'Frichen un dat öffentlecht Stroossennetz ugebonne ginn. Och beim Realiséiere vun den öffentleche Baute spillt en eng éischtklassesch Roll. An datselwecht géllt och fir de Lucien Lux, deen och hei ass, als Transportminister. Hie soll u sech de Garant si fir de 25/75 Modal split, eng politesch Haaptzilsetzung, déi mer eis ginn hunn, fir déi ëmzesetzen. An dat heescht jo, dass mer op de Frichë mussen e 40/60 Modal split kréien.

Et kéint ee soen, den Dossier Industriebrooche kann nëmmen eng „success story" ginn, wa mer horizontal an och ganz gutt Zesummenaarbecht kréien tëschent alle Ministèren, déi betraff sinn, awer och muncher, déi nëmme punktuell gebraucht ginn, wéi zum Beispill d'Ëmwelt an d'Kultur, déi mussen hei agebonne ginn.

Een aneren Acteur, deen net ze ënnerschätzen ass an dee ganz wichteg ass, ass de Regionalsyndikat Pro-Sud. Hie gouf jo '99 vun 12 Gemengen an d'Weeër geleet, iwwer eng Déclaration d'intention fir e Plan régional ze maachen, op Basis vum Landesplanungsgesetz vun '99. Deemools sinn och regional Konferenze gemaach ginn, Versammlunge gemaach ginn, an dee ganze Syndikat, géif ech soen, fonctionnéiert ganz gutt. Et sinn zwee Delegéierter vum Pro-Sud, déi sinn am Koordinatiounscomité Belval-West. Dat sinn d'Buergermeeschtere vu Suessem a vun Esch, mä si sinn awer do dran als Vertrieder vum Pro-Sud.

D'Objektiv war och hei, eng Opwäertung an eng Promotioun vun der Identitéit vun der Regioun Süden, an zwar am Kader nees, wéi ech et schonn eng Kéier gesot hunn, vun enger nohalteger Entwécklung. A wann ech dat da global kucken, gesinn ech, dass de Regionalsyndikat Pro-Sud eng virrangeg Roll muss spillen am Prozess vun der Ëmgestaltung vun den Industriebroochen hei am Süden. An dat ass och scho geschitt, zum Beispill bei der Zukunftskonferenz, déi mer d'lescht Joer haten, wat eng flott Initiativ war.

D'Agora, si spillt dee Rôle, dass si déi Siten aménagéiert an entwéckelt a kommerzialiséiert, déi hir zougesprach goufen am Agiplan. An d'Gemengen, déi spillen och eng ganz wichteg Roll ausserhalb vum Pro-Sud. D'Gemenge mussen, an dat ass ganz wichteg, ech géif mengen dat wär vu wesentlecher Bedeitung, sech ganz a voll mat der Ëmgestaltung vun de Broochen identifizéieren. Dat kann natierlech dozou féieren, datt interkommunal oder regional Iwwerleeungen afléissen, déi iwwert déi eege kommunal Interessen erausginn. Dann ergëtt sech natierlech alt emol, dass déi strikt Eegeninte-

resse vun de Gemenge musse relativ zréckgestallt ginn, zum Beispill regional Konstellatioune mussen a Betruecht gezu ginn.

Et ass also noutwendeg, dass d'Gemenge realiséieren, datt de Stat am Fong geholl hir Interessen an och déi regional Interesse muss betruechten. Et kënnten natierlech och Situatiounen entstoen, dat wëll ech och emol hei eng Kéier op dëser Plaz soen, déi vläicht lokal wéidinn, dofir awer zu enger regionaler an nationaler Solidaritéit bäidroen.

De Stat muss awer doriwwer eraus och de Subsidiaritéitsprinzip respektéieren. Dat heescht, wat den Impakt vun der Ëmgestaltung vun de Brooche méi e grousse lokalen Afloss huet, wat d'Gemenge méi mussen d'Méiglechkeet kréien, fir an der Ëmgestaltung matzeschwätzen. An dëse Prinzip, mengen ech, deen zielt besonnesch fir déi kleng Broochen, där mer e puer am Süden hunn, wou nëmmen eng Gemeng am Spill ass, dat ass d'Lentille Terres Rouges zu Esch, dat ass d'Gemeng Diddeleng, déi nei Brooch zu Diddeleng, an och de Funiculaire zu Déifferdeng.

Ofschléissend géif ech gär soen, egal wéi et och ass, d'Gemenge mussen ëmmer agebonne ginn, mä et däerf ni vergiess ginn, dass d'Entwécklungspotenzialer regional an interkommunal och spillen.

Ech wollt kuerz op déi eenzel Frichen agoen. Fir d'éischt emol d'Friche Belval, wou jo vill schonn haut de Mëtten driwwer diskutéiert ginn ass. Si ass d'Priorité des priorités. 120 ha op de Gemengen Esch a Suessem. 1,3 Millioune m². Hei solle Wunnen, Déngschtleeschtung, Commerce, Handwierk an Accueil vu mëttelstännege Betriber gemaach ginn. Wann een zréckkuckt, da gesäit ee ganz kloer, dass déi Engagementer, déi geholl gi sinn, stinn. An duerfir, déi Ängschten, déi d'Madame Mutsch hat, do kann ech soen, wat d'Cité des Sciences ugeet, do gouf de 15. Juni 2001 décidéiert, e Kaderprogramm gouf do opgesat vu 426.000 m² mat engem Invest vun enger Milliard Euro, iwwer eng Entwécklungperiod zwësche 15 an 20 Joer, an haut steet d'Regierung och nach dozou.

De 25. Juni 2002 gouf d'Gesetz iwwert d'Kreatioun vum Fonds Belval gestëmmt, mat der Missioun dass dësen Établissement public soll fir de Stat op den Terrainë bauen, déi dem Stat gehéieren. Och do ass eng kloer Linn. An de 6. Mäerz 2003 huet de Conseil de Gouvernement och eng Lëscht opgestallt mat Prioritéite vun aacht Projeten, déi vum Fonds Belval solle realiséiert ginn an iwwer eenzel Gesetzer finanzéiert ginn, mat enger Globalausgab, et ass schonn de Mëtten ugeklong, vun 327.400.000 Euro.

Hei kann ech och nëmme kloer soen, datt d'Regierung zu dësem Engagement steet, an ech weess, dass de Claude Wiseler versicht dësen Engagement esou ze tätegen, dass e méi bëlleg ka bauen. E Souci, dee mer och an anere Beräicher als Stat scho versichen ëmzesetzen.

Wann ech d'Aktivitéite vun 2000-2004 kucken, stellen ech fest, dass den Ëmbau vum Site 2001 ugelaf ass. Duerno sinn d'Schinnen ëmgeluecht ginn, et sinn Démolitiounsaarbechte gemaach ginn, de Masterplan vum Jo Coenen hu mer de Moment, an dee fonctionnéiert a gëtt respektéiert, d'PAGë sinn ëmgeännert ginn, et sinn zwee PAPen adoptéiert ginn a säit dem 18. Juli 2003 hu mer och eng Konventioun tëschent der Agora, der Gemeng Esch an der Gemeng Suessem.

Privatinvestisseuren, et ass schonn ugeklongen, si present. D'Dexia, 35.000 m² an der éischter Phas, duerno sollen zwou Phase komme mat 25.000 respektiv 20.000 m². De Belval-Square, do soll en Accor- Hotel dohinner kommen, den Hotel IBIS vum Grupp Accor. An dann och, de Fred Sunnen hat et virdrun ugeschwat, 250 Wunnengen op Belval-Nord, an an enger zweeter Phas nach eng Kéier 300 Wunnengen dobäi.

An de Stat steet och, dat wëll ech ganz kloer soen, zu sengen öffentlechen Investen: Rockhal, Centre de recherche public Lippmann, d'Héichiewen, d'Statsarchiven, de Lycée technique, d'Cité des Sciences an och dat administratiivt Gebai.

Mä et sinn awer och nach aner Haaptelementer, déi de Stat an dësem Dossier muss a Betruecht zéien. Ech wëll fir d'éischt mol do lech d'Gesetz vum 1. August 2001 zitéieren, wat déi finanziell Interventioune vum Stat fir d'Entwécklungsgesellschaft erméiglecht. D'Gesetz vum 25. Juli 2002 wat de Fonds Belval an d'Liewe geruff huet. D'Gesetz vum 15. Mee 2003 iwwert de Bau vun der Rockhal, wou 29 Milliounen Euro verschafft ginn. De Juli 2003 gouf och d'Décisioun geholl, fir d'Faculté des Sciences op Belval ze setzen. An deen éischte Schrëtt ass do geholl ginn; dat war d'Implantatioun vum Centre de recherche public Gabriel Lippmann op dem Site. Am November 2003 gouf d'Gesetz iwwer e Centre national de la culture industrielle gestëmmt. An den 18. Abrëll 2004 gouf d'Ënnerschrëft gemaach ënnert d'Konventioun, iwwert déi de Stat Terrainen akeeft. Et geet hei ëm den Transfert vu 27,3 ha, déi fir 85 Milliounen Euro an Tranchë bis 2008 eriwwerginn.

Iwwert d'Grenzen eraus gouf och de 6. Mee 2004 en Accord de coopération ënnerschriwwen. Hei ginn d'Grenzen anescht geluecht tëschent Frankräich a Lëtzebuerg, ebe fir öffentlech Equipementer, an dësem Fall ass et d'Gare an de Park and Ride, ze erméiglechen, fir dass de Site och fonctionnéiere kann.

Déi aktuell Situatioun an d'Perspektiven, wann een déi esou kuckt, da gesäit een, dass säit dem Joer 2005, dem Ufank vun dësem Joer, dass do och d'Stroosseninfrastrukturen um Site ugefaangen hunn. Mer haten do en dueblen Objektiv. Den Accès vun der Rockhal huet misse garantéiert ginn, well d'Aweiung, déi fënnt jo am September dëst Joer statt.

An och d'Dexia soll bis den Oktober 2006 d'Dieren opmaachen. Ech mengen dëse Pari wier eis gegléckt. De Stahlhofplatz, dee soll bei der Dexia entstoen, do leien d'Resultater vum Concours vir an d'Aarbechte sollen och hei 2006 am Ufank vum Joer ufänken, an da kréie mer also eng Verbindung zwëschent dem Dexia-Gebai an der zukünfteger Gare.

Wat d'Privatinvestisseuren ugeet, do muss een dräi Elementer a Betruecht zéien.

Éischtens - ech hat et scho gesot -, Belval-Nord 250 Wunnengen, hei ass de Bau-Ufank fir Enn 2005, also Enn vun dësem Joer, an d'Ënnerschrëft vun de Verkafskontrakter mat fënnef Investisseuren, déi no engem Workshop Logement aus dem Joer 2004 sélectionnéiert goufen, si gemaach. De Projet de PAP soll dësen 10. Juni op der Gemeng Suessem deponéiert ginn - also dat ass net méi laang, Här Sunnen, dat wäert an deenen nächsten Deeg sinn.

Et gouf och eng Ënnerschrëft gemaach ënner ee Contrat de développement mat engem hollännesche Grupp Multiplan, dee wëllt eng Mixstruktur vun 30.000 m² bauen op den Horizont 2009-2010; hei solle Fräizäitspektakelen, Déngschtleeschtungen a Commerce an der Complémentaritéit zur Rockhal entstoen.

Et gouf och eng Ënnerschrëft gemaach ënner ee Contrat de développement mat dem hollännesche Grupp Condor, iwwer 45.000 m² op den Terrassë vun den Héichiewen an och mat engem Horizont 2009-2010. Dëst geschitt dann nieft der Dexia an och hei muss Mixitéit entstoen: Déngschtleeschtung, Commerce a Wunnengen. Mir gesinn also, dass deen Dossier weidergeet.

A wat sinn dann elo am Fong geholl d'Aarbechte vum Fonds Belval an dësem Dossier, well si spille jo och eng wichteg Roll?

Déi éischt Aarbecht, mat där si befaasst waren, dat war de Groussbau vun der Rockhal, vum Centre de musique amplifiée. Dëse Chantier ass ugaangen am Juni 2003 - a mir hunn et schonn e puermol haut héieren - an den éischte Concert ass den 19. Juni dëst Joer.

D'Gesetz iwwert d'Stabilisatiounsaarbechte vun den Héichiewen an der éischter Phas gouf jo de 15. Oktober 2003 gestëmmt. Hei sinn och schonn éischt Hëllefsaarbechte gemaach gi fir dat Ganzt ze stabiliséieren.

De Projet de loi iwwert d'Nationalarchiven an de Projet iwwert d'Cité des Sciences sinn de 7. Juni 2004 an der Chamber déposéiert ginn. An zwee aner Projete sinn och ganz gutt weidergaangen: an zwar dee vum éischten administrative Gebai an och dee vun där sou genannter Pépinière d'entreprises, si wäerten deemnächst an der Chamber als Projet de loi déposéiert ginn.

2004 gouf och e provisorescht Gebai gebaut fir de Centre de recherche public Gabriel Lippmann. Hei gëtt jo och scho geschafft. Och eng Angscht, déi d'Madame Mutsch ausgedréckt hat, d'Gesamtstudien iwwert d'Cité des Sciences sinn amgaangen a sinn och um richtege Wee, sou dass mer also och do keng Ängschte brauchen ze hunn.

Wat de Lycée technique vu Belval ugeet, do leien d'Resultater vum Architekteconcours vir, déi ginn den 18. Juni proklaméiert.

Dann nach e ganz wichtege Punkt an deem ganzen Dossier, iwwert dee mer och scho vill an dem Regierungsrot an hei an der Chamber diskutéiert hunn, dat ass d'Liaison Micheville, déi soll jo - hat ech virdrun héieren - de 16. Juni hei an der Chamber diskutéiert ginn. Dës Liaison Micheville ass d'Réckgrad vum Stroossennetz vum Site Belval-West. Si soll am Fong geholl déi franséisch Grenzregioun mat dem Lëtzebuerger Stroossennetz verbannen. De Prinzip vun der Realisatioun gouf schonn - dat wësse vill Leit net méi - am November 2001 um Sommet vun der Grande Région geholl.

D'Trass geet jo ënnert dem Site duerch an do entsteet e flotte städtesche Boulevard am lokale Stroossennetz vum Site, deen an de Contournement vu Raemerich erageet. D'Regierung hält och drop, dass d'Verkéiersverbindungen um Site schnellstens assuréiert ginn an duerfir gëtt d'Liaison Micheville iwwer zwou parlamentaresch Etappen an der Chamber realiséiert.

Déi éischt also dëse 16. Juni limitéiert sech op de Bau vum Tunnel an der städtescher Zon vum Site an och op den Accès-Sud, deen iwwer e provisoreschen Uschloss un den CR 168 gemaach gëtt. Deen zweeten Deel brëngt am Fong geholl de Passage ënnert der Eisebunnsnetz an op der franséischer Säit. Hei ginn och Elementer vun der spezieller Technik vum Tunnel mat gestëmmt, d'Ëmgehung vu Raemerich an déi nei Echangeurë vun Éilereng a Lankels. Fir dësen zweete Projet insistéieren ech drop fir ze soen, dass wann dee realiséiert gëtt, muss sech ganz enk mat de concernéierte Gemengen ofgestëmmt ginn, dat ass jo och e Souci, deen an der Motioun herno erëmkënnt.

E puer Wierder zu deenen anere Siten oder deenen anere Broochen, déi mer nach am Land hunn. Nach eng Kéier fir unzefänke Rodange PED, ech hat et scho gesot, 27 ha, bis 1999 war do Stolproduktioun, hei si 40 ha industriellen Zwecken zougeféiert, de Rescht gëllt Ekologie a Fräizäit. De Moment sinn e bësse méi wéi 30 ha besat mat siwen Entreprisen - ech hat et schonn eng Kéier gesot - a 750 Aarbechtsplazen.

Déi aktuell Situatioun ass esou, dass op der östlecher Extremitéit den LTMA am Bau ass, et ass och e Kommodo amgaangen, an et muss een elo ofwaarden, wéi sech d'Contraintë vun der Ëmweltverwaltung, déi sech op dëse Site bezéien, do auswierken.

Da kommen ech zum Site Rodange Fonderie, dat sinn 11,5 ha op der belscher Grenz vum PED. Hei gouf 2002 eng Machbarkeetsstudie gemaach, dat soll eng Zone d'activité gi fir mëttelstänneg Betriber a Commerce. D'Modifikatioune vum PAG 2004 si scho geschitt. D'Erschléissungsaarbechte sollen Ufank 2006 ufänken. Säit 2002 ass och gewosst, dass déi Europäesch Kommissioun heihinner wëllt en Data-Center bauen op den Horizont 2008. Hei sinn och vill Demanden um Dësch fir sech op dësem Site ze implantéieren.

Wéi ass déi aktuell Situatioun?

Den Ëmweltministère imposéiert hei am Kader vum PAG verschidde Konditiounen, déi d'Machbarkeet vum Projet a Fro stelle kënnen. Deen eenzegen Accès soll effektiv déplacéiert ginn an et sollen nei Schutzgréngzonen dobäikommen.

Ech kommen zum Terrain Terres Rouges, dat sinn 11 ha Lentille an 80 ha Crassier, dovun 2/3 a Frankräich. Hei gouf d'Machbarkeetsstudie 2003 lancéiert, hei soll am Fong geholl dat globaalt Konzept, déi städtesch Agglomeratioun erlaben sech u Belval unzeschléissen. Hei sinn d'Territoirë vun Esch, Russange an Audun-le-Tiche betraff, hei brauche mer och eng Mixitéit: Gréngflächen, Wunnen, Déngschtleeschtung, Handwierk, Commerce, öffentlech Equipementer. Déi éischt Phas, déi virrangeg ass, ass déi vum Bau vum Lycée Hubert Clement. Hei gouf och e Projet gemaach wou de Lycée soll lokaliséiert ginn an dat ass gemaach gi mam Accord mat der Stad Esch.

Wéi ass de Moment déi aktuell Situatioun?

Ma déi Machbarkeetsstudie op der Lentille gouf just finaliséiert vun de Bâtiments publics. Et gëtt ee gemeinsamen Accord tëscht der Agora an der Stad Esch, dass de Lëtzebuerger Stat d'Terrainen direkt keeft an dass Bâtiments publics de Lycée bauen. Et ginn ongeféier 50% vum Areal oder vun der Fläch benotzt. De Ministère du Logement gouf och kierzlech domat befaasst oder gouf kontaktéiert, fir ze analyséieren, ob et hei méiglech ass op der Reschtfläch Wunnengen ze bauen; dat muss een elo kucken.

Well wat geschitt op där Plaz, wann eng Kéier de Crassier net méi do ass? An iwwerhaapt muss ee sech d'Fro stellen - déi Fro ass un d'Buergermeeschtesch vun Esch geriicht -, wann dee Lycée do steet, hätte mer zu Esch fënnef Lycéeën a fënnef Plazen, wéi een dat hikritt, esou fënnef Sitë fir fënnef Lycéeën, dat muss een herno kucken.

De Crassier vun Éilereng, dat sinn 93 ha. Hei ass och eng Machbarkeetsstudie 2003 gemaach ginn. De Wirtschaftministère huet mat der Arcelor en Accord fonnt, fir un de Stat ze verkafen. Fir d'Zukunft vun dësem Site ass virgesinn, dass deen am Fong geholl soll eng Baureserv gi fir Hightech-Technologie-Aktivitéiten unzesidelen, an dat an der Symbios mat der Cité des Sciences vu Belval-West.

Op Basis vun enger Etüd 2002 huet de Wirtschaftsminister en neit Konzept vun enger Zone d'activité nationale op 40 ha dégagéiert, wat qualitativ héichwäerteg Aktivitéitë mam Stadraum Esch a Suessem an Aklang brëngt. Dëst ass natierlech wënschenswäert, well mir sinn nëmme 400 Meter vum Site Belval ewech an esou gëllt et och d'Verbindung iwwert den öffentlechen Transport esou ze optimiséieren a bereet ze si maximalistesch Léisungen ze sichen, fir datt mer op e Modal split vu 40/60 hei kommen; dee brauche mer an dichtbesiedeltem Raum, soss kréie mer net deen ugestriewtene 25/75 aus dem IVL an eisem Land.

Diddeleng, hei gouf am Kader vum Plang Lux 2006, deen d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Stolindustrie soll eropschrauwen, décidéiert fir Kalwalzwierk zouzemaachen. D'Resultat ass hei eng nei Brooch an 220 Aarbechtsplaze manner, dofir wëllt de Stat an Arcelor gemeinsam Effortë maachen, fir weider nei Aktivitéiten an esou Aarbechtsplazen am Raum Diddeleng-Beetebuerg ze schafen.

De 24. Juni 2004 goufen an engem Accord tripartite de Prinzip fir Terrainen un de Stat ze transferéiere festgehalen. Hei soll e Masterplan vun der Regierung gemaach ginn. Déi eenzel Ministèren, déi betraff sinn, sollen natierlech an d'Planunge mat ageschalt ginn an zesumme mat der Gemeng Diddeleng e Konzept ausschaffen.

D'Zilsetzung ass hei wunnen, Fräizäit, Aarbechtsplazen.

Wunnen a Fräizäit: dësen Areal läit direkt beim Zentrum vun Diddeleng. Hei muss städteplaneresch geduecht ginn, well den Areal ass grouss genuch fir en neie Quartier. Am neie PAG ass och eng Zone à étude virgesinn. A mir hunn hei zu Diddeleng eng speziell Situatioun, well d'Aktivitéiten um Site u sech sinn nach net gestoppt an op där anerer Säit ass d'Entwécklung awer éischter eng, déi e lokale Charakter huet.

Diddeleng ass awer e Centre de développement régional direkt un der Grenz. Hei mussen also beim Urbanisëieren, d'lokal Schwächten a Stäerkten an dësen iwwerlokale Kontext gesat ginn, fir dass Diddeleng mar déi wichteg Roll, déi et spille muss, och iwwert d'Grenzen ewech wouerhuele kann, fir dass d'Diddelenger Zesummenaarbecht mat der Groussregioun eng positiv Connotatioun kritt.

Hei mussen e puer Zeenarioen an engem Masterplan studéiert ginn, déi sech un der heiteger Notzung orientéieren an déi fir d'Zukunft fundamental Orientéierungen duerstelle sollen.

Verschidde Projeten, déi an der Maach sinn, also scho konkret sinn an direkt dobäi leien, mussen och iwwerduecht ginn. Ech denken hei zum Beispill un e Projet vum Fonds du Logement, e grousse Projet, deen ee muss iwwerdenken.

An och den CNA an de Waassertuerm kommen an en neie Quartier vun engem neien Zentrum, dee jo iwwert d'Schinn ze erreechen ass. Duerfir sinn ech och der Meenung, dass dësen zentrale Schinnentracé duerch Diddeleng muss iwwerduecht ginn an dat a Fonctioun vun der Organisatioun vun dëser neier Brooch.

Ech hat gesot Aarbechtsplazen, well zu Diddeleng si säit den 80er Joren 2.500 Aarbechtsplazen ofgebaut ginn an net ganz komplett récupéréiert ginn. Op dëse Site kënne mer keng Schwéierindustrie setzen, well den Accès ass schwiereg fir schwéier Camionen duerch den Zentrum vun Diddeleng, dat ass net evident. Et kéint een awer Aarbechtsplaze schafen andeem ee géif eng Zone d'activité am Norde vun Diddeleng bei der Autobunn kreéieren. Dëst misst natierlech interkommunal a regional organiséiert ginn.

Déi nächst Friche, déi ech wollt uschwätzen, ass déi vun Déifferdeng-Suessem, an dat am Kontext

vun der Etüd Kordall. De Crassier Déifferdeng ass och ee vun deenen zéng Siten, deen d'Agora géréiert. Hei gouf och 2003 eng Machbarkeetsstudië gemaach. Hei gouf den Akzent op wirtschaftlech Aspekter geluecht. Et si verschidden Zeenarioë gemaach ginn, ouni awer de generelle Kontext a Betruecht ze zéien.

Mir hunn awer aus den Erfahrunge geléiert vun Esch/Belval, vun Éilereng, an och vun der Lentille Terres Rouges, dass een am Fong geholl, wann ee wëllt wierklech optimal schaffen, méi e groussen a regionale Kontext brauch. Duerfir huet de fréieren Innenminister e Raumentwécklungskonzept fir de Kordall ausschaffe gelooss, an esou gëtt de Crassier net méi a sengem lokale Kontext, mä am Kontext vun enger ekonomescher Restrukturéierung an am Kontext vun enger Rekonversioun vum Süden analyséiert. Wou sinn hei Potenzialer? Wou sinn hei Defiziter? Wou ass Spillraum? Wou ass keen?

D'Realitéit ass jo déi, dass déi eenzel Gemengen hir eege Méiglechkeeten hunn, fir op hirem Territoire ze plangen. Hei geet et am Fong geholl drëm, déi eenzel Potenzialer, déi mer hunn, openeen ofzestëmmen, fir esou e Basiskonzept fir dës Regioun ze kréien, ech géif soen eng Aart Plan régional fir de Kordall. Am Fong geholl en informellt Instrument, wat awer kommunal, interkommunal a regional Plangen an engem generellen an héijere Kontext erméiglecht, ouni déi lokal Zwäng ze négligéieren.

Iwwert de PAG konnt festgestallt ginn, dass et ee groussen Defizit gëtt an der Kommunikatioun an an der Koordinatioun am Kordall. Hei ass also iwwert d'Brooch eraus geplangt ginn, an et gëtt och elo an deem Eck Iwwerleeungen, jo ech géif soe Bestriewungen, fir déi Zone-d'activitéën am Kordall global ze kucken an openeen ofzestëmmen.

Et ass och e Zoom gemaach ginn op d'Friche Déifferdeng-Suessem, well iwwert dëse Site gouf et scho vill Iwwerleeungen, Iwwerleeungen iwwert d'Natur, iwwert d'Ëmwelt, iwwert d'Landschaft, iwwert d'Wirtschaft, iwwert den Transport, iwwert d'Fräizäit. An dëse Zoom gëtt eis d'Méiglechkeet, spezifesch Perspektiven ze entwéckelen. D'Konzept fir dëse Site ass wierklech net einfach, well en ass am Fong geholl isoléiert zum Rescht vun der Regioun. Wéi kann een dësen Areal esou aschléissen, esou dass en am Fong geholl en homogeent Landschaftsbild ergëtt?

Dëser Deeg, ech mengen et ass den 12. Juni, kënnt de Boris Sieverts an et kann een an engem vum Ministère de l'Aménagement du Territoire organiséierten Trëppeltour, géif ech bal soen, an deem Eck do sech déi Landschaft ukucke goen. Et ass nämlech e Projet SAUL, dee soll am Süden den Ëmgang vun de Stadlandschafte verbesseren oder méi kohärent maachen. An dësem Kontext also ass esou en Trëppeltour do, a fir déi Politiker, déi interesséiert sinn, den 12. Juni kënnen se sech zu Déifferdeng treffen.

Hei sinn also an dësem Projet éischt Schlussfolgerunge gezu ginn. De graffe Schéma directeur gouf opgestallt, an ech mengen, elo sinn d'Jalonë gesat fir kohärent Landschaftsvernetzung am Kordall an doriwwer eraus ze kréien. Et däerf een awer net vergiessen, wann ee vun dësem Site schwätzt, dass de Stat 33 ha kaaft huet, een Deel gehéiert nämlech zum Crassier Déifferdeng, fir hei eng Extensioun vun enger nationaler Industriezon am Pafewee ze plangen.

Nach e puer Wierder iwwert de Plateau funiculaire, d'Seelebunn vun Déifferdeng. Och dëse Plateau huet gewisen am Kader vun der Etüd Kordall, dass een aus Déifferdeng, wann ee sech konform zum Programme directeur mécht, e Centre de développement régional ka maachen, mat engem Kärsteck, wou dëse Funiculaire eng wichteg Roll spillt. Well d'Lag vun Déifferdeng ass jo geographesch net einfach fir sech auszedehnen, a vill Arealer gehéieren der Arcelor, stellen awer trotzdeem realistesch Potenzialer duer.

Hei gëtt also de fréiere Plateau vun der Seelebunn de Moment privat erschloss, an e wäert urbanistesch wäertvoll fir dës Uertschaft ginn, well et gëtt sech am Fong geholl un de Recommandatiounë vun der Etüd Kordall orientéiert. Heiduerch gëtt d'Verbindung mat Déifferdeng, mam Zentrum, mam Foussbann an och mat Uewerkuer erméiglecht, a mir kréien do an den Zentrum vun Déifferdeng e flotten öffentleche Park. Mir kréien eng zentral Lag. Et ass also e Plus fir d'Uertschaft oder fir d'Stad Déifferdeng.

Wéi solle mer elo weidergoe mat dësen Operatiounen? Mir mussen e Bilan maachen. Deen ass haut deelweis gemaach ginn, well et ass an deene leschte Joren - Dir hutt et gesinn, ech hunn elo während 30 Minutte schonn driwwer geschwat - vill gemaach ginn. Et bleift awer nach villes ze maachen. Duerfir gëtt et och Grënn, well mir hu vill Frichen, mir hu vill Zwäng vun alen Industrieanlagen, mir hunn e regionale Cadrage, dee muss gemaach ginn, an d'Ofstëmmung an d'Zesummenaarbecht tëschent de Ministèren, tëschent de Gemengen, tëschent dem Stat an de Gemengen, tëschent Öffentlechen a Privaten, ass net einfach. Ech muss och nach eng Kéier de Käschtepunkt vum Statsbudget ervirhiewen.

Et muss een awer och feststellen, dass d'regional Planung, déi wesentlech ass fir e Gesamtprojet fir Landesplanung ze maachen, net esou gutt weidergaangen ass, wéi mer eis dat hätte kënne wënschen. Mir hu festgestallt, dass d'Ëmsetze vum IVL eis vill Zäit ewechhëlt, an dass et och do u Leit feelt, fir déi Aufgaben, déi ustinn, alleguerten an Ugréff ze huelen. Hei besteet also e manifeste Risiko, däers si mer eis bewosst, dass d'Entwécklung vun de Frichen sech vun der Entwécklung vun der Gesamtregioun léist.

Duerfir musse kuerz- bis mëttelfristeg Planifikatiounen iwwert de Perimeter vun de Frichen eraus, also vun de Broochen eraus geduecht ginn, fir hei de Risque ze minimiséieren. Parallell dozou hu mer eis virgeholl, de Plan régional ze realiséiere bis an d'Joer 2007. Bis dohinner hätte mer gär e Projet de plan directeur régional fir de Süden. Dat geet awer nëmme wann all Acteure matmaachen a wa mer déi néideg budgetär Mëttelen zur Verfügung kréien.

Iwwerhaapt musse Stat a Gemengen sech an eng kohärent Démarche eraginn a sech op e puer Prioritéite fixéieren, hir Energië konzentréieren, dass mer keng Zäit verléieren, well zum Beispill bei der Uni Lëtzebuerg si mer net esou gutt weiderkomm, wéi mer dat geduecht hunn, well oft do de Recteur gewiesselt huet. Mä déi Dossiere musse mer schnellstens weiderféieren.

Mir mussen also Prioritéiten definéieren, ech hunn et gesot, an doraus ergëtt sech dann dee Phasage, deen haut schonn ugeschwat ginn ass, dee mer onbedéngt brauchen, de Phasage tëschent dem Süden, dem Site Kierchbierg, dem Südweste vun der Stad Lëtzebuerg an der Nordstad. Mir mussen hei eng gewësse Rou an d'Land kréien, an déi dräi Haaptentwécklungspolen, déi ech elo genannt hunn, mussen och kohärent wuessen. Duerfir proposéiere mer jo och an der Réforme territoriale, fir Communauté-urbainen op dëse Plazen ze schafen, fir eng besser territorial Ofstëmmung an dëse Raim ze kréien.

Iwwerhaapt ass et wichteg a global gekuckt wesentlech, eng gutt Koordinatioun ze hunn. Déi hu mer och gréisstendeels. Déi Leit, déi Acteuren um Terrain, d'Agora, hunn alleguerte vill Mériten. Mä et gouf awer och spezifesch Situatiounen an de leschte Joren, wou d'Interesselagen ausernee gaange sinn. Doduerch sinn d'Prozesser gehemmt ginn, dat ass net gutt. Mir brauche vill ze vill Zäit, an duerfir brauche mer fir d'Zukunft e proaktiivt Denke vun alle Bedeelegten.

D'Regierung hëlt hei an dëser Problematik hir Responsabilitéit. Mir weisen nach eng Kéier op de prioritäre Charakter vun deenen eenzelne Projeten hin, a mir wëllen déi intern an extern Koordinatioun och optimiséieren. Ech hunn dat och schonn am Conseil de concertation Belval-Ouest an och am Conseil de coordination pour la mise en oeuvre vum IVL ervirgestrach. Hei ass et wichteg, dass mer richteg koordinéieren.

D'Prioritéiten nach eng Kéier kuerz skizzéiert: Belval-Ouest ass d'Priorité des priorités. Bei der Lentille Terres Rouges, wou de Lycée e wichtege Rôle spillt, mä awer och par rapport zur Stad Esch muss een hei kohärent virgoen. Rodange gëtt duerch den Data Center op den Horizont 2008 konditionéiert. Fir Diddeleng hu mer en Accord tripartite, deen eis bënnt, a bei Déifferdeng an Éilereng geet et drëm, e Link ze kréien, e Parallellismus ze kréien, op déi Aktivitéiten, déi wirtschaftlech Aktivitéiten, déi industriell Aktivitéiten, déi op dëse Siten Déifferdeng an Éilereng geplangt ginn.

Ech wëll och kuerz zwee Wierder soen zu deenen anere supralokale Frichen am Land, déi sollt een net vergiessen. Haut ass et net ëm si gaangen. Do kéint een Dummeldeng huelen, do kéint ee Wolz huelen. Ech hu gesinn, Dir hutt nach lechternach,…

Une voix.- Veianen!

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- …Veianen a sou weider. D'Question parlementaire vun den Häre Schank, Schaaf a Kaes ass ugeschwat ginn. Ech hunn eng Question avec débat kritt vum Marco Schank. Ech si gär gewëllt, nach virun der Summerpaus, wa konkret Elementer um Dësch leien, déi nach unzeschwätzen. Mä an deem Dossier muss ee realistesch bleiwen: Et ass eng Fro vu Gelder an et ass och eng Fro vu Leit am Ministère de l'Aménagement du Territoire.

D'Integratioun vun de Siten an der Regioun ass eminent wichteg. Et gëtt net einfach, de Plan directeur régional zesumme mat deene véier Plan-sectorielen hinzekréien an esou integrativ mateneen ze verbannen, dass se dem IVL gerecht ginn. Duerfir musse mer exigent bleiwen. D'Regioun Süde muss sech mat hirer Vergaangenheet par rapport zu deenen anere Géigende vum Land, also och der Haaptstad, positionéieren. Hei spillt d'Ëmorientéierung vun den Industriebroochen eng wesentlech Roll. Qualitativ Objektiver realiséieren heescht hei, e gesonde Kompromëss vu Käschten - aus Urbanismus, ekologeschen Ufuerderungen, landschaftlechen Exigenzen an öffentlechem Transport - an dat op enger schnell genucher Zäitschinn.

Hei gëtt et also eng Situatioun, déi net einfach ass, och fir d'Agora. Si huet och verschidden Dilemmen. Si huet d'Qual der Wahl, géif ech soen: Soll se eng deier puristesch Modellrekonversioun wielen oder awer eng Approche, wou kompetitiv Elementer par rapport zu anere Siten afléissen, well jo beim Aménagement net nëmmen urbanistesch Kritäre spillen, mä och geographesch Argumenter an Avantagë spillen, wéi zum Beispill d'Proximitéit zur Haaptstad, an och wëssend, dass d'Privatpromoteuren hir Investissementer gäre séier monnayéieren.

Hei mengen ech musse mer e realistesche Kompromëss kréien, wou Qualitéitsfacteure par rapport zum Ausland spille mussen. Et muss een och considéréieren, dass eis Gemengen an de leschte Jore schnell gewuess sinn an och weider wäerte wuessen. Doduerch entstinn zousätzlech Chargen, an och hei mussen d'Gemengen hir Responsabilitéit huelen. Den allgemengen Interesse muss hei spillen, an duerfir sollen si och kompromëssfäeg sinn, wann et zum Beispill ëm d'Cessioun vun Terrainë geet.

Den Zäitfacteur sollt een och net ënnerschätzen an dësem komplexen Dossier, wou et ëm grouss Arealen an ëm vill Zwäng geet. Et ass wierklech net einfach kuerzfristeg ze spieren, wat mëttelfristeg geplangt gëtt a sech laangfristeg realiséiert. An de leschte fënnef Joer gouf vill realiséiert an et bleift nach vill ze maachen, an esou kënnen néideg Kurskorrekture virgeholl ginn.

D'Dimensioun iwwert d'Grenzen eraus, kritt leider net déi Plaz, déi se brauch. Mir sinn eis dees bewosst. Mä d'Fro stellt sech: Wéi kann een esou e Prozess undreiwe mat den aktuelle Strukturen? Besonnesch mat eise franséischen Noperen ass dat net ganz einfach. Mir hunn dat och am Februar dëst Joer gesinn, wou mer eng Visite hate vum Här Saint-Sernin, de franséische Statssekretär fir den Aménagement du Territoire.

Hei drängen sech also ganz kloer nei Weeër op. Hei muss een en aneren Niveau vu Planifikatioun iwwert d'Grenzen eraus kréien. Dat ass och de Mëtte schonn ugeklongen. Den Dossier IKEA weist eis, wéi d'Situatioun ass a wou d'Limitë sinn. Duerfir brauche mer am Ministère de l'Aménagement du Territoire méi Leit, well ee Wee dee vläicht kéint sinn, fir iwwer eng Reorganisatioun vun der Maison de la Grande Région op der Lëtzebuerger Säit eis Moyenen ze ginn, fir méi aktiv iwwert d'Grenze Kontakter ze kréien a Presenz ze weisen.

Ofschléissend, Här President, géif ech nach eng Kéier soen, mir musse kritesch nodenken iwwert d'Acquisen. Mir brauchen eng besser Ofstëmmung an der Regioun Süden, awer net nëmmen do. Mir brauchen eng Koordinatioun tëschent de Gemengen an tëschent de Ministèren. Si muss am Mëttelpunkt stoe vun den eenzelnen Démarchen. Nëmmen esou kréie mer wierklech eng équilibréiert Entwécklung vun eisem Land. Nëmmen esou entsteet ee konstruktive Kompromëss tëschent alle Bedeelegten am Interesse vun eiser Landesplanung, am Geescht an am Wonsch vun engem IVL-konforme Lëtzebuerger Land.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

(Interruption)

M. le Président.- Eng ganz kuerz Fro.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Entschëllegt, Här Minister. Ech hätt eng ganz kuerz Fro, déi ech scho gestallt hunn, déi Der mer net beäntwert hutt, an dat ass déi: D'Zesummespill vun der Entwécklung vun de Frichë mat aneren Entwécklungen am Land ausserhalb vun de Frichen.

Wéi wëllt Dir als Innenminister dofir suergen, dass net an anere Géigende vum Land mat anere grousse Projeten deene souwisou scho méi deiere Projete vun de Frichë Konkurrenz gemaach gëtt? Wéi wëllt Der dat am Geescht vum IVL léisen? Well wann Der béides genehmegt, Entwécklung op de Frichen an och an anere bestehenden Industriezonen oder an neien Industriezonen, da gëtt dat näischt. Wéi wëllt Der als Innenministère domadder ëmgoen? Dat ass eng ganz wesentlech Fro.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- D'Instrumenter, fir dat doten an de Grëff ze kréien, kënnen net nëmme landesplaneresch Instrumenter sinn. Dat sinn déi sou genannte Plans régionaux, wou mer versichen eng gewësse Kohärenz an dat ganzt Land eranzekréien. Am Süde si mer relativ wäit fortgeschratt. An den anere Géigenden ass dat net onbedéngt de Fall. Mä et ass nëmmen iwwert déi Schinn wou mer dat Ganzt kënnen hikréien. Ech gesi keng aner Moyenë fir am Fong geholl do eng gewësse Kohärenz dranzekréien.

Mir mussen, wéi géif ech soen, eng kloer Informatioun an eng global Visioun vun eisem Land hunn. Dofir wëlle mer jo och zum Beispill déi Réforme territoriale, déi mer ustriewen, fir ze gesi wéi eist Land wiisst. Dofir wëlle mer jo och eist Land iwwert dee Programme directeur, dee mer eis ginn hunn am Joer 2003, als Ganzt gesinn an och esou kënne mer dat nëmmen hikréien. Wéi dat am Detail ausgesäit, ass relativ schwiereg dat elo kuerzfristeg ze beäntwerten, well déi eenzel Acteuren, déi do eng Roll spillen, net onbedéngt hei elo am Detail bekannt sinn. Mä et geet nëmmen, wa mer eng global Visioun vun eisem Land hunn a global analyséieren.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kommen dann zur Motioun, déi déposéiert ginn ass vun der Madame Mutsch.

(Interruptions)

Pardon, den Här Minister Lux an den Här Minister Wiseler mellen sech zu Wuert. Wie wëllt d'Wuert fir d'éischt vun deenen Häre? Den Här Ëmweltminister Lux.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Neen, den Här Transportminister. Här President, ech verspieren net de Besoin, op déi transportpolitesch Elementer anzegoen, well ech mengen, dass mer de Mëtten do e relativ grousse Konsens gespuert hunn an deem wat d'Chamber denkt an an deem wat d'Regierung amgaangen ass op deem Gebitt ze realiséieren.

Dat Eenzegt, wat ech Iech wollt proposéieren, ass an der Motioun op der zweeter Säit den éischten Tiret. Bei der Fro vun der Realiséierung vum Konzept vum Train-tram mengen ech, dass déi Formulatioun hei e bëssen ze vill wäit opmécht, déi Fro vum Prinzip vum Train-tram. Hei huet een d'Gefill, wéi wa mer erëm géingen de Prinzip examinéieren oder réexaminéieren.

Ech mengen, dass mer eis iwwert de Prinzip eens waren an dass eenzel Riedner drop higewisen hunn, dass mer u sech elo amgaange sinn ze kucken, déi technesch Realiséierung, wou mer eng Rei vu Problemer hunn - dat wësse mer -, ze examinéieren an dann, wann dat méiglech ass, technesch dann och ze kucken, an deem wat och déi viregt Regierung schonn als Prinzip zréckbehalen huet a mat de Gemengen ofgemaach hat.

Dofir géif ech Iech proposéieren déi Formulatioun vun «à réexaminer» bis bei «site Esch/Belval-Ouest» ze sträichen an ze ersetzen duerch de folgenden Tiret: «à finaliser l'étude sur la faisabilité technique d'un croisement des rails Arcelor à la hauteur de Belval-Sud, afin de permettre le passage du train-tram sur le site de la friche de Belval-Ouest», an da weiderzefueren, «permettant l'interconnexion avec les réseaux et les moyens de transport public existant». Ech mengen, dass dat méi déi Realitéit géif erëmginn, an där mer am Moment amgaang sinn ze schaffen.

M. le Président.- Ech gesinn, datt groussen Accord do ass fir déi Modifikatioun, déi den Här Minister proposéiert. Ech géif awer bieden,

dass mer deen Text hei eropkréichen, well d'Servicer vum Greffe, déi sinn net esou schnell, fir dat do notéiert ze kréien.

(Hilarité)

Den Här Minister vun der Fonction publique, deen a senger Qualitéit als Minister vun den Travaux publics wahrscheinlech d'Wuert wëllt ergräifen.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Ech wëll u sech och soen, dass ech deem näischt zouzefügen hu wat den Innenminister gesot huet iwwer all déi Moossnamen, ob dat elo vum Héichbau oder vum Déifbau ass. Do war den Exposé vum Här Halsdorf komplett.

Ech wéilt just och op een Tiret vun der Motioun zréckkommen, dee mer net onwichteg erschéngt. An zwar deen op der zweeter Säit, den zweeten Tiret, well ech mengen an der Formulatioun, esou wéi se hei ass, awer eng Konfusioun kann entstoen.

M. le Président.- Entschëllegt emol, Här Minister, hutt Der Äre Mikro un?

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Deen ass zwar un. Ech kréien en och net an d'Luucht gehuewen.

(Interruption)

Ech kann awer méi haart schwätzen, wann dat besser ass.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Fir am zweeten Tiret op der zweeter Säit dann eng Konfusioun ze évitéieren, géing ech proposéieren, datt een deen Deel, deen hei heescht «pour le contournement de Raemerich, permettant un accès nord du site Esch/Belval-Ouest» anescht formuléiert, well u sech de Contournement Raemerich op där enger Säit an den Accès nord zwou ganz verschidde Saache sinn. An d'Iddi, déi hei expriméiert gëtt, ass absolut richteg.

Dofir géing ech proposéieren ze soen: «en vue d'une élaboration d'une nouvelle solution permettant de réaliser un contournement de Raemerich dans le respect de l'urbanisme, de la protection des habitants et de l'environnement».

An da wëll ech dozou soen, well den Här Jaerling eng Rei Remarquë gemaach huet iwwert de Projet vun der Liaison Micheville, datt et do kloer ass, wat d'Regierung wëllt. Datt mer e Projet hei an der Chamber déposéiert hunn, dee kloer an däitlech seet zu wat fir ee Projet mer wëllen higoen. A fir eis ass et wesentlech, datt dee Projet relativ schnell weidergeet. Dee Projet ass esou gemaach ginn aus enger ganzer Rei technesche Grënn, och aus finanzielle Grënn, dat huet den Här Halsdorf scho virdru kloer an däitlech preziséiert. Fir eis ass et wichteg, datt de Projet schnell geet. Dofir sinn ech ganz frou, datt d'Commission des Travaux publics konnt virun zwee Deeg de Rapport unhuelen an datt dee Projet fir de 16. um Ordre du jour steet.

Firwat muss et schnell goen? Mä ganz einfach, well mer an dësem Kader mussen déi Engagementer, déi mer als Stat geholl hunn, och esou schnell wéi méiglech op dem Terrain ëmsetzen, einfach fir ze weisen, datt et fir eis e wichtege Projet ass, dee weidergeet, an och par rapport zu Privatinvestisseuren, fir d'Engagementer vum Stat kloer an däitlech ze confirméieren. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass dat wat d'Madame Mutsch och scho ganz kloer gesot huet. Dee Projet, dee mer vu Micheville déposéiert hunn, ass e Projet an zwou Etappen. An déi zwou Etappe sinn och wichteg. Déi éischt Etapp ass elo just den Tunnel, dee mer wëlle maachen, wou mer just d'Carcasse dohinner setzen, deen also net funktiounsfäeg ass ouni déi zweet Etapp, déi an dem éischte Projet scho kloer beschriwwen ass an e Contournement vu Raemerich matverlaangt.

An dat Drëtt wat ech wollt soen, dat ass dat wat hei och an der Motioun expriméiert ass, wat fir mech och e wesentleche Punkt ass, dat ass u sech déi Froestellung, déi d'Gemengen Esch an d'Gemeng Suessem nach allenzwou berechtegterweis hunn, dat heescht wéi dee Contournement vu Raemerich am Detail gemaach gëtt, fir datt en och deene Leit, déi do wunnen, eng Rei Garantië ka ginn.

Do hu mer eng Rei Diskussioune mat deenen zwou Gemengen ugefaangen, wäerten och déi Diskussioune weiderféieren an hunn an Zwëschenzäit eng Rei Etüden an Optrag ginn iwwert den Trafic, iwwert d'Geräicher. Mir wëllen och an Zukunft nach d'Integratioun an de Paysage kucken, ganz einfach fir Solutiounen ze fannen, déi technesch okay sinn, déi fir eis an der Rei sinn, mä déi och de Gemengen an de Leit sur place kënnen entspriechen.

Voilà.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann nach eng Kéier den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Merci, Här President. Ech wollt och e puer Remarquë maachen zu dëser Motioun.

Ech hat schonn ugekënnegt, dass an deem éischten Alinea no «invite le Gouvernement» ee sollt ewechloossen: «tout en définissant clairement le ministre de tutelle pour la coordination des dossiers».

Et ass kloer an däitlech, et sollt een dat ewechloossen. Wéi den Här Weiler géif soen, et ass superfétatoire fir dat dranzeschreiwen.

Am zweeten Alinea, do steet: «à présenter un concept d'ensemble pour les friches existantes avec leurs prolongements éventuels au-delà des frontières». Ech géif do hannendrunner schreiwen «parallèlement à la finalisation du plan directeur régional». Et ass wichteg, dass wann een esou e Konzept mécht, dass een dat parallell mécht zum Plan directeur régional. Inhaltlech ass dat jo datselwecht, dofir wier ech frou, wann een dat kéint dohinner setzen.

Am drëtten Alinea steet: «actualiser le plan pluriannuel» a sou weider. An der drëtter Rei steet «information continue du public et dans le but d'encourager les investisseurs potentiels privés sur Esch/Belval-Ouest et sur les autres friches en voie de revalorisation». Do géif ech beim leschten «et» schreiwen «et dans la mesure du possible sur les autres friches en voie de revalorisation», fir do eng gewësse Latitude ze behalen.

Dann nach e leschte Punkt. Op der zweeter Säit nom drëtten Tiret steet: «à favoriser l'élaboration d'un plan régional Sud en collaboration avec le syndicat régional Pro-Sud dans le souci d'accompagner le développement socioéconomique de la région du sud du pays». Dat ass ganz richteg. Mä et ass eng vun den Aufgaben. Et sinn awer nach aner Aufgaben, dofir hätt ech léiwer et géif een doranner schreiwen «dans le souci notamment d'accompagner le développement socioéconomique de la région du sud du pays». Da wier dat och okay.

An dann nach e leschte Punkt. Dir schreift hei…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt mol. Ech denken, dass Der zum leschte Punkt net méi braucht ze kommen. Esou kënne mer net fueren. Wann d'Regierung wëllt hei eng nei Motioun schreiwen, da soll se der Chamber den Text eraginn, da kucke mer, wat mer domat maachen.

Wéi solle mer da mat all deene Propositiounen, déi vun dräi Ministeren hei gemaach gi sinn, wéi solle mer dann domat eens ginn a wat soll d'Chamber dann hei ofstëmmen? Wann een esou vill Ännerungen ze proposéieren huet, da muss ee mam Auteur vun der Propositioun am Virfeld kucken, dass een dat korrekt réviséiert kritt an datt d'Chamber en Text virleie kritt, fir dass se weess, wat se ofstëmmt.

Ech géif proposéieren, dass d'Regierung hir Propositiounen, déi se ze maachen huet, mat den Auteurë vun der Motioun ofstëmmt, dass mer fir déi nächst Woch e propren Text, dee komplett ass, hei virleie kréien, wou dann d'Regierung an d'Majoritéit a vläicht dann d'Chamber sech eens sinn an da stëmme mer iwwer eppes of, wat mer kennen.

Jo, Madame Mutsch.

(Interruptions)

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, ech wéilt gären eppes dozou soen, well ech den Auteur vun där Motioun sinn, déi elo hei virläit. Et ass ganz flott, wann d'Regierung sech esou vill domadder ausenaner setzt. Déi meescht Remarquen, déi hei komm sinn, emfannen ech och als sënnvoll Ergänzung vun där heiter Motioun, déi hei kënnen afléissen.

Et war just de Schluss, wou siwen textuell Ännerunge komm si vum Minister, déi mengen ech keng Opbesserung bréngen, wann een zum Beispill schreift «et si possible» an dann nach all eenzelne Saz ëmschreiwe geet. Wann Der d'accord wiert, géing ech hei resümëieren, vu wéi enge Punkten ech mengen, dass se kéinten hei ouni Problemer integréiert ginn.

Wann de Wonsch vun der Regierung doriwwer erausgeet, fir nach zousätzlech zu där heiter Motioun e Schreiwes an d'Chamber eranzeginn, da ka se dat jo maachen. Mä ech mengen, dass ech awer dem Gros vun hinne kéint Satisfaktioun ginn, zemools wou mir awer déi heite Motioun mat den eenzelne Fraktiounen ofgestëmmt haten a si och d'Signaturen net nëmme vun der Sozialistescher Fraktioun dréit, mä och vun deenen aneren, déi sech mat hei engagéiert hunn. Dat heescht eigentlech mussen d'Signatairë vun där heite Motioun och mat deenen Ännerungen d'accord sinn.

(Interruption)

Jo?

M. le Président.- Ech muss soen, wann Dir elo mat all deene Propositiounen, déi bis elo gemaach gi sinn, wann Dir déi alleguerten elo schonn integréiert hutt an den Text, da kann ech mer dat net virstellen. Mir mussen awer en Text hei virleien hunn, wou mer wëssen iwwer wat mer ofstëmmen. Ech muss dann och soen, wann Dir sot, mir kënnen dat awer elo maachen, da géif ech awer dem Innenminister d'Wuert gi fir och seng Propositiounen alleguerten definitiv virzebréngen.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Ech kann déi Punkten hei resümëieren, déi ech notéiert hunn an déi fir mech an der Rei sinn.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Mä da ginn ech fir d'éischt mol dem Här Innenminister d'Wuert, datt hie seng Ausféierunge ka fäerdeg maachen, well ech hat hien ënnerbrach.

(Brouhaha général)

Den Här Innenminister huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, dee leschte Punkt, deen ech hei uschwätzen, ass ganz konstruktiv. Dir schreift «à ne pas négliger la reconversion des friches industrielles d'autres régions, comme celle de Wiltz ou d'Echternach». Da stellen ech mer d'Fro: Ass lechternach wierklech eng?

(Interruption)

Maja.

An da steet Veianen do; dat ass okay.

Wéi ass et da mat Dummeldeng? Dummeldeng ass och eng. Dofir wann, da misst een dann awer och dat esou maachen, dass een se all dran hätt. Dat ass konstruktiv. Dat ass net, dass mir hei wëllen eppes kromm béien. Et ass dofir, datt ech dat wollt soen. Also kéint een hei och Dummeldeng dobäisëtzen. Dat ass eng Suggestioun, déi ech hei ënnerbreeden.

M. le Président.- Also, ech resümëieren nach eng Kéier. Mir hunn eng Motioun virleien, zu där vum Här Lux, vum Här Wiseler a virun allem vum Här Innenminister Halsdorf e ganze Koup vu Modifikatioune proposéiert gi sinn.

D'Fro ass also: Kënne mir elo haut nach déi Modifikatiounen - a Madame Mutsch wann Dir dat kënnt, da ginn ech lech d'Wuert - esou integréieren an esou resümëieren, dass mer awer en Text hunn, iwwert dee mer wierklech kënnen ofstëmmen?

Ech wëll net, dass mer hei iwwer een Text ofstëmmen, dee mer net kennen.

(Interruptions)

D'Madame Mutsch ass Auteur vun där Motioun hei an huet d'Recht elo mol Stellung ze huelen zu deem, wat d'Membere vun der Regierung gesot hunn.

(Interruption)

Mä, Här Braz, da gedëllegt lech ee Moment. Wann et un lech ass, da kritt Der d'Wuert. Fir d'éischt d'Madame Mutsch.

(Hilarité)

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, ech hunn eigentlech éineschters meng Meenung gesot. Dir hutt mech just ënnerbrach. Ech ka se awer nach eng Kéier soen. Meng Meenung war déi, dass déi fënnef Tireten, déi mer hei festgehalen hunn, erafléisse kënnen, well se novollzéibar sinn an eng Valoriséierung vun deem Text sinn. Déi aner, déi ech net kann novollzéien, well se vum Text hier keng Clarificatioun vun där heiter Motioun bréngen, sollen net afléissen.

Ech sinn och bereet déi fënnef ze nennen, wann dat gewënscht ass. Mä ech hunn awer och gesot, dass ech déi Motioun hei zwar als Auteur presentéiert hunn, mä dass awer nach anerer se mat ënnerschriwwen hunn. Ech géing lech deemno encouragéiere fir deenen aneren och d'Wuert ze ginn. Well wann ech eleng der Meenung sinn, dass déi fënnef Ajoutë kënnen afléissen, dann notzt et näischt, well dann hu mer herno keng fënnef Signaturë méi drop.

M. le Président.- Da kritt fir d'éischt den Här Jaerling d'Wuert, duerno den Här Braz.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech géif mengen, Här President, aus deem Kuddelmuddel elo kënnt kee Mënsch méi eraus. Ech kann lech nëmme Recht ginn, wann Der sot, dass mer iwwert déi Motioun haut net kënnen ofstëmmen. Well dat doten ass jo awer, wéi wann d'Regierung der Chamber elo virschreift, zu wat d'Chamber si soll opfuerderen. Ech mengen, dat ass jo awer net den Zweck dovunner.

Dofir géif ech soen, also wa keng kloer Motioun hei virläit mat kloren Texter, wou mer eis kënnen drop beruffen, da solle mer déi Motioun zrécksetzen an dann déi nächst Woch stëmmen, wann e propperen Text do ass oder e kloren Text.

M. le Président.- Här Jaerling, ech hunn dat net esou verstanen, wéi wann d'Regierung der Chamber eppes géif wëlle virschreiwen. Mä d'Regierung huet Propositiounen an Iddiën entwéckelt, wéi déi Motioun kéint méi kloer sinn. Et ass un eis fir dat unzehuelen oder net unzehuelen.

Den Här Braz!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Et ass eigentlech elo alles gesot. Mir hu jo net dee Schlamassel hei provozéiert, da mengen ech sollen déi Leit dat och riichtbéien. Mä ech fannen et e bësse frustrant, dass wann ee sech d'Méi gemaach huet, dass et zu enger Motioun kënnt, déi mat der Fraktioun ofgeschwat ginn ass, dann d'Regierung zum Schluss d'Wuert hëlt.

D'Motioun ass ganz fréi verdeelt ginn nom Dépôt vun der Madame Mutsch. De Minimum wier gewiescht, dass ee vu Regierungssäit sech dann och d'Méi mécht déi Saach zu Pabeier ze bréngen. Mir hunn elo dräi Stonnen an eng hallef praktesch doriwwer diskutéiert. Et wier ouni Problem méiglech gewiescht dat hei op den Dësch ze leeën. Et ass also frustrant, dass mer eng Debatt am Parlament iwwert d'Zukunft vun de Frichë féieren, dass mer um sechs Auer opstinn, eiser Wee ginn, an ausser dass mer matenee geschwat hunn ass näischt geschitt.

An et kann een natierlech elo soen - ech ginn lech net Onrecht -, au point où on en est ass dat eenzegt Sënnvollt fir dat ëm eng Woch ze verschieben. Mä et soll ee vläicht eng Léier draus zéien, well dat doten ass frustrant an eigentlech net seriö.

M. le Président.- Freet nach een d'Wuert? Den Här Kaes.

M. Ali Kaes *(CSV).*- Jo, ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun soen, datt mir der Meenung sinn, dass et besser ass fir déi Motioun elo net ze stëmmen, eng Kéier driwwer ze kucken an dann d'nächst Woch déi Motioun nach eng Kéier op den Ordre du jour ze huelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Här Mehlen!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech weess net, ob d'Leit dobaussen nach verstinn, wat hei ofgeet. Mir sinn d'Parlament, mir adresséieren eis normalerweis un d'Regierung fir eppes ze maachen. Elo kënnt d'Regierung a si wëllt der Chamber effektiv da Propositioune maachen zu wat mir si sollen opfuerderen, wéi mäi Kolleeg Jaerling elo grad gesot huet. Ech fannen einfach, dat passt dach net an de Parlamentarissem eran.

Wann déi Häre Nostalgie emfanne fir erëm eng Kéier däerfen als Parlamentarier hei an Aktioun ze trieden, dann hunn ech dofir ganz vill Verständnis,…

(Hilarité)

…mä dat hei ass den Inversement vun eise Rollen. Herno versteet jo kee Mënsch méi, wat hei ofgeet. Mir sollen si zu deem opfuerderen, wat mir fir richteg fannen, a wa si doriwwer eraus nach wëllen an Aktioun trieden, do huet bestëmmt kee Mënsch eppes dergéint.

M. le Président.- Ech wëll soen, Här Mehlen, dass et jo awer esou ass, datt et normal ass, datt d'Regierung hir Meenung seet zu enger Motioun.

Une voix.- Awer net hei.

M. le Président.- Wann den Här Lux, den Här Wiseler an den Här Halsdorf soen, datt an där Motioun déi eng oder aner Formulatioun hinnen net kloer genuch ass, datt si se gär preziséiert hätten, dann ass dat hiert gutt Recht. Et ass jo eist Recht fir domadder ze maachen, wat mer wëllen. Dofir loosse mer schéi jiddferee bei senger Roll bleiwen.

Den Här Transportminister Lux huet d'Wuert gefrot.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Ech wollt just hei soen, dass ech iwwerhaapt keng Nostalgie verspieren.

(Interruption)

Mä ech fannen et dann awer ëmsou frustréierend och fir d'Regierung, déi de Mëtten hei eng Motioun virgeluecht kritt huet, déi se haut fir d'éischt gesinn huet, dass se net d'Recht soll hu fir zu där Motioun, zu Punkte vun deenen se wierklech mengt, dass een inhaltlech eng Verbesserung ka maachen - net zu Stilfroen, mä zu inhaltleche Froen -, kënnen Änneerungsvirschléi hei ze maachen.

Ech hunn déi Propositioun, déi ech gemaach hunn, mat deene véier Fraktiounen, déi hei ënnerschriwwen hunn, während dem Débat ofgeschwat an deenen déi proposéiert, genee esou wéi den Här Braz et gär gehat hätt, a si waren alle véier d'accord, dass dat eng Verbesserung vum Text wär. Deementspriechend hunn ech se gemaach, ech weess net, wat dorunner frustréierend soll sinn.

M. le Président.- Sou, ech denken, dass mer kee kloren an däitlechen Text elo virleien hunn, à moins datt d'Majoritéit oder d'Chamber wëllt bei där Motioun bleiwen esou wéi mer se hunn. Wa mer dat wëlle maachen, da kënne mer driwwer ofstëmmen. Wa mer Modifikatiounen un där Motioun wëlle maachen, da géif ech proposéieren, dass mer se dann d'nächst Woch op den Orde du jour huelen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, ech gesinn et ass eng Unanimitéit an der Chamber an dann diskutéiere mer dat d'nächst Woch.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.54 heures)

MERCREDI, 8 JUIN 2005 — 38E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. 5480 - Proposition de loi de Monsieur Ben Fayot portant modification
   a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
   b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs

   (Déclaration de recevabilité)
3. Ordre du jour et dépôt d'une résolution par M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution sur l'Europe
4. Résolution de M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe

   (Discussion générale - Vote)
5. 5454 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

   (Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
6. 5416 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5334 - Projet de loi modifiant
   1. la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle
   2. le Code des assurances sociales
   3. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail
   4. la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi
   5. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet
   6. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Votes et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech kann d'Regierung net froen, ob se eis eng Kommunikatioun ze maachen huet, well se de Moment nach net vertrueden ass. Dann huele mer dat spéider no.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

a) **5481** Projet de règlement grand-ducal instituant un régime d'aides pour les personnes physiques en ce qui concerne la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergie renouvelable

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 06.06.2005

b) **5482** Projet de règlement grand-ducal instituant une prime d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, de la biomasse et du biogaz

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 06.06.2005

3) La pétition N°267 pour l'abolition des décomptes de loyers a été remise en date du 31 mai 2005 par des représentants du Syndicat national du Logement social. Les pétitionnaires réclament la réforme du règlement grand-ducal du 16 novembre 1998 fixant les mesures d'exécution relatives aux logements locatifs.

2. 5480 - Proposition de loi de Monsieur Ben Fayot portant modification

a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 2. Juni huet d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Propositioun de loi 5480 iwwert d'Organismes de placement collectif ausgeschwat, déi den Här Ben Fayot den 31. Mee déposéiert hat. Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. Ordre du jour et dépôt d'une résolution par M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution sur l'Europe

Wat eis Sitzunge vun dëser Woch ubelaangt huet d'Presidentekonferenz folgenden Ordre du jour virgeschloen: Op der Dagesuerdnung vun haut stinn de Projet de loi iwwert d'Organisation judiciaire; de Projet de loi 5416, e Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg an Argentinien, an dann de Projet de loi iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle.

Op Grond vu substanziellen Änneerungen um Text vun der Motioun iwwert d'Industriebroochen, déi d'Madame Lydia Mutsch an der Sitzung vum 2. Juni déposéiert hat, ass nom Débat virgeschloe ginn de Vote iwwert dës Motioun op dës Woch ze vertagen, an d'Presidentekonferenz hat virgeschloen, dat haut ze maachen. Ech géif awer proposéieren, dass mer dat géifen op den Ordre du jour vu mar de mëtte setzen, um Ufank vun der Sitzung, wéinst der Disponibilitéit vum Här Innenminister.

En Donneschden, den 9. Juni hu mer eng Konventioun iwwert de Schutz vun de Walen, dann e Protokoll zur Konventioun EUROCONTROL. Bei dësem Projet ass eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert an ech géif bieden Akt dovunner ze huelen. Dann de Projet de loi iwwert d'Homologatioun vun de Gefierer; de Projet de loi iwwert d'Partenariat tëscht de Gemengesyndikater an dem Stat an da schlussendlech de Projet de loi iwwert de Site Höhenhof. Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert zum Ordre du jour.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Jo, Här President.

Zum Ordre du jour wollt ech proposéieren, dass mer ufanks dëser Sitzung, also haut Mëttwoch virun deenen anere Punkte vum Ordre du jour, eng Resolutioun géife virleeë respektiv diskutéieren an unhuelen, fir kloerzestellen, wat mer mam Referendum an dëser Chamber maachen.

Ech wëll déi dann um Dësch vum Haus déposéieren.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant qu'elle procédera le 28 juin 2005 au premier vote du projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe;

- considérant que ce Traité sera soumis à référendum le 10 juillet 2005;

- soucieuse de respecter la volonté populaire telle qu'elle s'exprimera dans cette consultation,

décide de ne procéder au second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe.

(s.) Ben Fayot, François Bausch, Henri Grethen, Jacques-Yves Henckes, Michel Wolter.

M. le Président.- Ass d'Chamber domat averstanen, dass mer esou eng Resolutioun elo op den Ordre du jour huelen an direkt am Ufank vun dëser Sitzung diskutéieren?

Plusieurs voix.- Jo.

M. le Président.- Ech gesinn allgemeng Zoustëmmung dozou. Da musse mer eis nach eens ginn iwwert d'Riedezäit fir dës Resolutioun. Et ass mer suggéréiert ginn d'Riedezäit op zéng Minutte pro Fraktioun ze fixéieren. Ass d'Chamber och mat där Propositioun d'accord?

Plusieurs voix.- Jo.

M. le Président.- Dann ass dat esou décidéiert. Da fänke mer also eis Sitzung u mat der Debatt iwwer eng Resolutioun an ech géif dem Här Fayot d'Wuert gi fir d'Resolutioun ze déposéieren a se och virzestellen. Här Fayot.

4. Résolution de M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, mir hu leschte Méinden an der aussepolitescher an europäescher Kommissioun vun dëser Chamber e Rapport ugeholl iwwert den Traité constitutionnel, deen den 10. Juli zum Referendum virgeluecht gëtt. Mir hunn och scho festgehalen, dass mer den 28. Juni 2005 an dëser Chamber en éischte Vote maache fir d'Ratifikatioun vun deem Gesetzesprojet, dee sech mat der Approbatioun vum Traité constitutionnel befaasst.

Mir hunn dann den 10. Juli de Referendum, a mir wollten haut eng Resolutioun, also eng Opfuerderung un d'Chamber, erabréngen, fir

och vis-à-vis vum Publikum dobaussen, vis-à-vis vun de Biergerinnen an de Bierger, de Wielerinnen an de Wieler kloerzemaachen, wéi d'Prozedur an der Chamber mat dem Referendum dobausse soll goen.

Mir hunn ons elo virgeholl hei als Chamber virun dem Referendum kloer ons Meenung zu dësem Traité constitutionnel ze soen. Mir hunn ons awer zugläich verflicht a mir wëllen ons och mat dëser Resolutioun formal kloer verflichten, dass mer dee Referendum vum 10. Juli a sengem Resultat akzeptéieren an och deemno agéieren.

Dat heescht, wann dee Referendum mat Jo ausgeet, da mécht dës Chamber no deem éischte Vote, dee mer den 28. Juni maachen, dräi Méint duerno respektiv ufanks Oktober en zweete Vote, fir dann d'Ratification parlementaire op déi Manéier ofzeschléissen. Wann dee Referendum mat Neen ausgeet, da maache mer deen zweete Vote, deen néideg ass fir d'Ratification parlementaire, net, an dann ass deen Traité constitutionnel zu Lëtzebuerg net ugeholl. Et gëtt also da keng Ratifikatioun.

Déi Resolutioun, déi ech hei wëll virleeën, gëtt vun deene fënnef Fraktiounschefe respektiv fënnef Fraktiounsvertrieder ënnerschriwwen. Et ass also eng Resolutioun, déi d'breet Zoustëmmung vun dëser Chamber fënnt. An dëser Resolutioun soe mer fir d'éischt Mol, dass mer also den 28. Juni zu deem éischte Vote wäerte schreiden. Da soe mer och, dass de Referendum kënnt, a mir ënnersträichen, dass mer de Wëlle vun de Wielerinnen an de Wieler wëlle respektéieren.

Mir wësse jo och, dass dee Referendum reng verfassungsméisseg e konsultative Referendum ass, well mer an der Logik vun onser Verfassung eng parlamentaresch Ratifikatioun musse maachen. Et ass also e konsultative Referendum, dee mir als Chamber als politisch bindend hei unerkennen an duerfir soe mer dann och, dass dës Chamber décidéiert, wa se dës Resolutioun unhëlt, dass se deen zweete Vote constitutionnel, deen also virgesinn ass fir déi Ratifikatioun, nëmme mécht, wann de Referendum positiv ausgeet, dat heescht, wann am Referendum dës Constitutioun ugeholl gëtt.

Ech mengen, am Kloertext heescht dat jo dann, dass d'Wielerinnen an d'Wieler dat lescht Wuert hunn. Dat muss ee ganz kloer no bausse soen. Egal wat dann elo hei dat Resultat den 28. Juni an der Chamber ass, sinn d'Wielerinnen an d'Wieler déi, déi bestëmmen, wat mat dëser Verfassung geschitt. Et ass also wichteg, dass mer an deenen nächste Wochen och als Chamber, wéi mer dat scho gemaach hunn, mat de Wielerinnen an de Wieler dobausse schwätzen, dass mer hinnen explizéieren, dass mer se informéieren iwwert den Enjeu vun dëser Verfassung an dass mer op déi Manéier hinnen och weisen, wéi wichteg dass dës Verfassung fir Europa an domat och fir Lëtzebuerg ass.

Ech mengen, dat ass dat, wat an dëser Resolutioun gesot gëtt, net méi an net manner: e politeschen Engagement vun der Chamber fir d'Resultat vum Referendum ze respektéieren, wat d'Approbatioun oder d'Netapprobatioun vum Vertrag iwwer eng Verfassung fir Europa ugeet. Dat ass also de Sënn vun dëser Resolutioun.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Ech hu bis elo eng Wuertmeldung zu dëser Resolutioun. Et ass déi vum Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng hunn hinsichtlech vum Referendum vum 10. Juli op hirem Kongress Enn Januar eng kloer Linn festgeluecht. Déi kloer Linn, déi huet aus zwee Elementer bestanen.

Dat Éischt ass, datt mer mat enger ganz grousser Majoritéit op dem Kongress de Feu vert kritt hunn, fir en engagéierte sachlechen Asaz ze weisen an deene sechs, siwe Méint duerno, fir datt méiglechst vill Leit hei zu Lëtzebuerg Jo zu dëser Verfassung soen.

An deen zweeten Deel, dee mer do décidéiert hunn, dat war, datt fir eis de Referendum vum 10. Juli an d'Resultat, wat do eraus kënnt, onofhängeg vun der Meenung vun der grénger Partei oder vun iergendenger anerer Partei hei am Land, misst absolut respektéiert ginn. Dat heescht, datt wann den 10. Juli - wat mir hoffen - d'Lëtzebuerger Jo soen zu dësem Text, dann ass et kloer, datt dëst Parlament dësen Text soll ratifizéieren, respektiv wann d'Wieler - wat mer net hoffen - Nee soen zu dësem Text, dann hu mir dat ze respektéieren an da kann och d'Chamber dësen Text an där Form net ratifizéieren.

An deem Sënn ass et gutt, datt mer haut dat Signal hei ginn, dat Signal no bausse gi fir ze soen, et ass net d'Chamber, déi an deem heite Fall d'lescht Wuert huet, ob Lëtzebuerg deen Text do wäert ratifizéieren, mä et sinn déi eenzel Bierger an déi eenzel Biergerinnen hei am Land, déi den 10. Juli an der Wahlkabinn iwwert d'Schicksal vum Traité am Sënn fir Lëtzebuerg décidéieren.

Dat heescht, duerch dat wat mer de Mëtteg hei maachen, maache mer och dobaussen de Leit kloer, wat fir eng grouss Responsabilitéit se den 10. Juli hunn, wa se wäerte wiele goen. Ech mengen, et huet och elo kee Wäert, datt mer hei eis amüséieren de Mëtteg. Ech weess, datt eng Fraktioun heibannen dat elo nach prozedural e bëssen aneschters gesäit a mengt, et misst een awer dann nach duerno eng zweete Kéier och mat Neen drécken hei an der Chamber. Ech mengen, dat ass alles politesch Gespills. Dat ass där Fraktioun hiert Recht dat ze maachen, et ass awer net dat, wat d'Leit dobaussen, menger Meenung no, interesséiert.

D'Bierger an d'Biergerinnen am Land hätte gären, d'Lëtzebuerger hätte gären e kloert Signal vun dëser Chamber, datt d'Chamber sech net iwwer hire Wëllen ewechsetzt, an dat gëtt de Mëtteg mam Stëmme vun dëser Resolutioun hei gemaach.

Här President, eigentlech kënnt ech elo ophalen a mech sëtze goen, mä ech mengen, datt et un der Zäit wär, datt mer och vun dësem Haus aus eng Kéier emol géingen e kloert Signal ginn no bausse par rapport zu där, et kann ee wierklech soen entre-temps Kakofonie, déi verbreet gëtt vu verschiddenste Politiker vun deene verschiddenste Parteien iwwert den Enjeu vum 10. Juli. Dat heescht, wou op eemol an den 10. Juli Enjeuen dran interpretéiert ginn, déi eigentlech net dra sinn.

Den 10. Juli fuerdere mer d'Leit net op fir ze décidéieren, ob se de Politiker X oder d'Politikerin Y besonnesch sympathesch fannen; mir fuerderen d'Leit och net op ze froen, ob se d'Chambersresultat vum 13. Juni 2004 nach eng Kéier wëlle validéieren. Mir fuerderen d'Leit just op, Stellung ze bezéien zu dem Traité constitutionnel, a wa se do eng Décisioun geholl hunn, dann ass et un dëser Chamber fir dat ze respektéieren. Net méi an net manner steet deen Dag um Ordre du jour.

Ech muss och duerfir soen, Här President, datt et eis als gréng Fraktioun ufänkt onwahrscheinlech op d'Nerven ze goen, all déi Deklaratiounen, déi een de Moment doruechter héiert, de part et d'autre: Bal demissionéiert een eleng, bal demissionéiert déi aner Halschent vun der Regierung, dann demissionéiert een Deel vun der Opposition! Ech weess net, op wat fir eng phantasieräich a glorräich Iddië verschidde Leit nach wäerte kommen an deenen nächste Wochen. Ech hoffen awer, datt dat endlech domadder ophéiert, well et ass fir eis als Gréng ganz kloer: Den 10. Juli hu mir just dat Resultat ze respektéieren, wat do erauskënnt, a méi net.

Mä ech soen awer och gradsou däitlech: Wann et Leit hei an dëser Chamber gëtt, ob se an der Oppositioun sinn oder an der Majoritéit, déi mengen duerno, den 11. Juli oder de 15. Oktober oder den 13. Januar 2006, misste se demissionéiere vun hiren Ämter, well se midd sinn ze regéieren, respektiv well se keng Loscht méi hunn, hiert Mandat auszeüben, dat heescht, datt mer dann eng Regierungskris géinge kréien, oder souguer doriwwer eraus en Deel vun der Oppositioun sech där Kris da géing uschléissen, dann hu mer kee Problem domadder, wat gewielt gëtt hei am Land, hei zu Lëtzebuerg, mä da wiele mer net iwwert den Traité constitutionnel, da wiele mer iwwert de Bilan vun där Regierung, déi dat Joer am Amt war, mat hirer Politik, déi se gemaach huet, respektiv mir décidéieren iwwert de Fait, datt och een Deel vun der Oppositioun anscheinend keng Loscht méi huet, Mandater auszeüben, an da sollen d'Wieler dann och doriwwer tranchéieren.

Den 10. Juli stëmme mer also of iwwert de Referendum, a wann an deene sechs Méint duerno, oder an deenen dräi Joer duerno, d'Regierung wëllt demissionéieren, oder och aner Leit hir Mandater wëllen ofginn, da solle mer Neiwahle maachen, mä dann entscheede mer dann iwwert déi Leit, déi déi Kris provozéiert hunn, an net iwwert den Traité constitutionnel.

Mir als Gréng sinn der fester Iwwerzeegung, datt d'Leit gäre fräi décidéieren den 10. Juli, wéi si et gär hätten oder wéi si et richteg fannen, wat si zu deem Text do ze soen hunn. A mir mengen awer gradsou kloer, datt d'Leit den 10. Juli net an d'Wahlkabinne ginn, fir duerno Neiwahlen ze provozéieren. All déijeeneg, déi domadder spillen, solle wann ech gelift domadder ophalen! Kommt mir profitéieren duerfir déi nächst véier Wochen, fir iwwert dat ze diskutéieren, wat usteet, nämlech iwwert déi wichteg Verfassung fir Europa.

Plusieurs voix.- Très bien! Bravo!

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Als nächste Riedner huet sech den honorabelen Här Gibéryen gemellt. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zënter laangem gëtt hei am Haus diskutéiert, datt d'Chamber sech géif dem Vote, deen d'Wieler den 10. Juli beim Referendum zum Ausdrock brénge, ralliéieren. Mat der Resolutioun, déi mer haut hei wahrscheinlech eestëmmeg wäerte stëmmen, gëtt am Fong deen Ausdrock, dee Wonsch, deen hei ëmmer geäussert ginn ass, domadder officialiséiert an och domadder ofgeschloss.

Ech wëll drun erënneren, datt mir als ADR ëmmer verlaangt hunn, datt, wann een e Referendum mécht, dat misst e Référendum décisionnel sinn. Eis Constitutioun gesäit dat net esou vir. Et hätt also bedéngt, datt mer eng Ännerung vun onser Constitutioun hätte misse virhuelen, fir dat kënnen esou ëmzesetzen. Mir haten och duerfir als ADR eng Propositioun gemaach, fir d'Constitutioun an deem Sënn ze änneren. Et ass awer keng Majoritéit hei am Haus fonnt ginn, déi bereet war, fir déi Ännerung ze maachen. Et ass gesot ginn, et wier ze vill kuerzfristeg.

Mir hunn awer an deemselwechten Zäitraum eis Constitutioun geännert, wat zwar nëmmen eng Botz vun enger Artikelsnummer ass, wou mer elo d'nächst Woch, de 16. Juni, den zweete Vote constitutionnel huelen, fir eben déi Verfassungsännerung kënne virzehuelen, déi muss virgeholl ginn, ier d'Chamber kann deen Traité hei ratifizéieren. Et ass awer genausou kloer, datt d'Chamber net misst hiren éischte Vote virum Referendum huelen. Dat huet och de Conseil d'État a sengem Avis esou festgehalen.

D'Chamber stëmmt elo awer den 28. Juni an engem éischte Vote iwwert dësen Text of, zwielef Deeg virum Referendum, well gesot ginn ass, wéi och elo de Kolleeg Fränz Bausch an den Här Fayot virdru gesot hunn, fir eben no baussen e Message ze ginn, wou d'Politik oder déi politesch Parteie vis-à-vis vun deem Traité dostinn a wéi se sech äusseren.

An ech kommen duerfir op dat, wat de Kolleeg Bausch elo grad hei gesot huet, wa verschidde Leit elo soen, si géifen zrécktrieden, oder d'Regierung misst zrécktrieden, oder d'Parlament misst zrécktrieden, datt ech dat awer net esou kann deelen, wéi den Här Bausch dat hei elo esou gesot huet, well eben d'Parlament virum Referendum e Vote hélt. Dat ass nämlech ausschlaggebend!

Wann d'Parlament kee Vote geholl hätt virum Referendum a gesot hätt, mir loossen d'Leit driwwer décidéieren a mir akzeptéieren dat, wat d'Leit décidéieren, wier d'Parlament net engagéiert gewiescht. Mä wann d'Parlament elo higeet an hélt e Vote virdrun, an et géif duerch en Nee vum Vollek désavouéiert ginn, da misst och dat Parlament seng Konsequenzen zéien, well et dann ebe mat enger anscheinend grousser Majoritéit e Vote geholl huet, deen net vun der Majoritéit vun de Leit hei am Land gedroe gëtt.

Dann ass et désavouéiert an enger wesentlecher Fro, an dann ass et och konsequent, datt dat Parlament da seet: Mir stoungen aneschters do wéi eist Vollek dostoung, an duerfir demissionéiert dann oder léist dëst Parlament sech op. Et ass also d'Konsequenz vun engem Vote, deen ee virun dem Referendum hélt. An duerfir hu mir ëmmer gesot, kommt mir loossen d'Leit ofstëmmen a mir ralliéieren eis dann - wa mer et net fäerdeg bréngen, d'Constitutioun ze änneren, datt et e Referendum décisionnel ass, - no dem Referendum dem Vote vun dem Resultat vum Referendum.

Dat heescht, mir hätten am Fong kéinten haut scho soen, ma mir leeën en Datum fest. Den 10. Juli stëmmen d'Leit of. Dënschdes, den 12. Juli, hätt d'Parlament dat schonn hei kéinten op den Ordre du jour setzen an dann e Vote huelen, deen dat erëmginn hätt, wat d'Leit am Referendum gemaach hunn.

Mä nach eng Kéier: Wann dat Parlament sech hei virun dem Referendum engagéiert mat dem duerchsiichtegen Argument, datt dat just ass fir de Wieler ze beaflossen den 10. Juli, an déi Beaflossung gëllt net, an de Wieler géif se net akzeptéieren, da muss dat Parlament, wann et sech nach seriö hélt, noutgedrongen duerno demissionéieren!

Vun der Resolutioun…

(Interruptions diverses)

Une voix.- Jau, jau, jauu!

M. le Président.- Roueg!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Spautz, ech weess, datt et Leit gëtt, déi Angscht virun Neiwahlen hunn! Dat verstinn ech!

(Brouhaha général)

Dat verstinn ech! Awer Dir musst dat net esou kloer hei zum Ausdrock bréngen!

(Interruptions)

Also, et huet nach déi leschte Kéier en eminenten CSV-Politiker zu mir gesot, also bei hinnen an der Rei géif awer och elo wierklech keen drun denken, fir Neiwahlen ze kréien, souguer déi Allerlescht an der Rei net. Also, duerfir verstinn ech dat, datt…

(Brouhaha général)

…verschidde Leit elo do e bëssen nervös ginn, well se eben elo mengen, datt et ebe kéint hei och aneschters ausgoen, wéi se sech dat erhofft hunn.

Här President, nach e Wuert awer zu der Prozedur. Mir hätten och léiwer gesinn, déi Resolutioun hei hätt hannen, wou mer décidéieren, eng aner Formuléierung gehat. An zwar wiere mir der Meenung gewiescht, datt, egal ob d'Leit Jo oder Nee stëmmen am Referendum, an alle Fäll d'Parlament hätt missen ofstëmmen. Et ass sech elo hei limitéiert ginn, datt d'Parlament nëmmen ofstëmmt, wann e Jo beim Referendum erauskënnt. Dat ass awer dat Wesentlecht. An duerfir konnte mir och mat där Formuléierung hei d'accord sinn, well nëmmen an engem Fall vun engem Jo gëtt hei am Parlament och en zweete Vote geholl an den Text ratifizéiert.

Et wier awer méi fair gewiescht, menge mir, fir och wann et en Nee gi wier, wann d'Parlament dann an engem zweete Vote Nee gesot hätt. Wat iwwregens bei den Hollänner och an deem Sënn gemaach gëtt, déi elo an engem Gesetz am Parlament mat Nee stëmmen.

Wat awer wichteg ass, dat ass, wéi gesot, datt nëmme bei engem Jo hei d'Parlament nach eng Kéier stëmmt.

Ech wëll awer drun erënneren, datt eise Statsminister, op europäeschem Plang, elo mat senge Kolleege Stats- a Regierungschefe wëll an deenen nächsten Deeg am Fong weider drop insistéieren, datt an alle Länner d'Ratifizéierungsprozedur bis un d'Enn duerchgefouert gëtt.

An deem Sënn muss ee sech d'Fro stellen, ob mir d'Prozedur bis un d'Enn duerchgefouert hunn, am Fall wou et en Nee géif ginn hei zu Lëtzebuerg, wann d'Parlament duerno net méi stëmmt.

Well et ass jo laut eiser Constitutioun, an do si mer eis heibannen eens, nëmmen d'Parlament wat ka Jo oder Nee soen. Ass dat e Refus, wann d'Parlament seet, ma mir äusseren eis, quasi, kéint ech soen, net méi driwwer? Ass dat als eng Oflehnung unzegesinn oder muss d'Parlament e Jo soen?

Den Här Minister dohannen néckt mam Kapp zou. Hie seet, dat wier, wann ech elo dee Message do gutt verstanen hunn, eng Oflehnung wann d'Parlament seet, et war Neen am Referendum, mir befannen net méi driwwer, dann ass et Schluss.

Dat heescht an anere Wierder, wann d'Englänner hir Prozedur elo op Äis geluecht hunn a se soen, mir befannen net méi driwwer, dann ass dat an där doter Logik jo dann och elo en Nee vun den Englänner, well déi gesot hunn, mir maache kee Referendum. Déi gi mol net méi esou wäit. Dat heescht an där Logik, wann een also net muss bis zum Schluss ofstëmmen a wann ech de Message vum Här Justizminister elo richteg interpretéieren, dann hunn d'Englänner am Fong mat hirem Refus, fir e Referendum ze maachen, och elo d'Prozedur ofgeschloss a gesot, ma et ass refuséiert an England.

Duerfir, Här President, mir kënne mat där Formuléierung do liewen, mä mir hätte léiwer gesinn, wann d'Parlament och bei engem Nee dat nach hei officialiséiert hätt mat engem Nee-Vote hei am Parlament.

Duerfir wäerte mir och an deenen nächste véier Wochen, déi bleiwen, eis engagéieren an där ganzer Debatt iwwert de Referendum, fir de Leit e Maximum vun Informatiounen zoukommen ze loossen. Mir als ADR respektéiere selbstverständlech de Vote, egal wéi en ausgeet. Mir ralliéieren eis och deem Vote, an duerfir kënne mir och dëser Resolutioun zoustëmmen, och wa mer wëssen, datt dat, wouriwwer mer den 10. Juli ofstëmmen, egal wéi et ausgeet, ni wäert a Kraaft trieden.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Ech hunn elo vu Säite vum Parlament keng Wuertmeldung méi. Den Här Minister Frieden mellt sech nach zu Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech wëll just op deen ee Saz vum Här Gibéryen reagéieren a Bezuch op England. D'englesch Regierung huet net gesot, datt et ni zu engem Referendum oder zu enger Ratifikatioun géing kommen.

D'englesch Regierung huet gesot, mir fixéieren elo keen Datum, notamment waarde mer op d'Entscheedung an op d'Diskussioune vum Europäesche Conseil vum 16. a 17. Juni. Et dierf een also heibannen net soen, d'Engländer hätte gesot, et kéim ni zu engem Referendum. Den engleschen Ausseminister huet am Parlament zu London gesot, hie géing elo keen Datum fixéieren. Just, datt dat kloer ass, well dorausser kann een aner Konklusiounen zéie wéi déi, déi den Här Gibéryen gezunn huet.

M. le Président.- Voilà, vu datt keng Wuertmeldung méi do ass...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wollt just nach dem Minister eng Fro stellen, zousätzlech dozou.

M. le Président.- Da maache mer dat. Jo, da stellt se direkt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wollt just soen, Här President, dem Här Minister, datt dat jo awer un en Délai gebonne ginn ass, bis wéini datt d'Länner musse ratifizéiert hunn. Dat heescht, datt d'Englänner dann och misste virun deem Datum hire Referendum gehalen hunn, soss wiere mer an deem Zeenario, datt et ofgelehnt wier.

M. le Président.- Gutt. Elo bleiwe mer mol bei der Diskussioun vun der Resolutioun an den Här Goerens huet elo d'Wuert. Här Goerens.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt et mol virausschécken: Et ass net d'Chamber, déi ratifizéiert, et ass de Grand-Duc, dee ratifizéiert.

Mir sinn an der Procédure de ratification dran. Mir hunn e wichtege Rôle ze spillen, an duerch déi Gesetzesännerung, déi mer virgeholl hu viru kuerzem, schalte mer och d'Lëtzebuerger Vollek an, wat sech jo da ka majoritär zu där enger Säit oder zu där anerer Säit schloen.

Déi Resolutioun, déi hei virläit, ass eng Nécessitéit opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer dobausse féieren. Well vill Leit froe sech: „Huet et iwwerhaapt e Wäert, datt mer stëmme ginn, well Dir maacht…" - esou kréie mer et ënnerstallt - „jo souwisou duerno wéi Der wëllt?" An da kënne mer ëmmer erëm soen: Mir maachen net, wéi mer wëllen; mir maachen, wéi Dir wëllt. Wann Dir den 10. Juli, wat mer net wënschen, géingt mat Nee stëmmen, da géife mer déi zweet Lecture net maachen. Wann Dir awer mat Jo stëmmt, da gëtt déi zweet Lecture gemaach. An dës Resolutioun, déi schreift dat elo schrëftlech fest, wat mer mëndlech iwwerall versprach hunn. De Ben Fayot huet dat gesot.

Déi Resolutioun hei huet och en zweeten Avantage, datt se eis erlaabt souwuel hei am Land vis-à-vis vum Wieler ze existéieren, wéi och international ze existéieren. Well ech wëll nach op d'Deklaratioun Nummer 30 aus dem Acte final vun dem Traité constitutionnel hiweisen, déi seet: «La Conférence note que, si à l'issue d'un délai de deux ans à compter de la signature du traité établissant une Constitution pour l'Europe, les quatre cinquièmes des États membres ont ratifié ledit traité et qu'un ou plusieurs États membres ont rencontré des difficultés pour procéder à ladite ratification, le Conseil européen se saisit de la question.»

Dat wat d'Englänner gemaach hunn, ass och konform zum Esprit an zu der Lettre vun dësem Text vun der Deklaratioun Nummer 30. An et ass kee Land, wat wierklech elo bereet ass schonn d'Décisioun ze huelen, definitiv den Traité ze begruewen.

Dës Resolutioun léisst also d'Méiglechkeet op, fir datt d'Vollek en définitiivt Jo ka soen an dann d'Parlament och en définitive dat duerch säi Vote an der zweeter Lecture kann entérinéieren.

Politesch gi mer duerch dës Resolutioun am Fong dem Wieler - politesch, soen ech - un pouvoir de dernier mot. Formal huet de Grand-Duc un pouvoir de dernier mot. Mä politesch gesinn net, an dat ass ganz wichteg, an duerfir beléie mer d'Leit net, mä mir soen hinne ganz kloer, wat mer wëllen, wéi eisen Understanding ass vun dem demokratesche Gebaren hei am Land. Fir eis huet op déi Manéier och politesch de Votum vum 10. Juli eng Obligation de résultat.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier soen, datt d'Demokratesch Partei ohne Wenn und Aber fir deen Traité hei ass. An ob den Här Souwisou oder d'Madame Déngenskierchen dës oder déi Konsequenze wëll duerno zéien: Mir wäerten net midd gi virun de Wahlen, no de Wahlen, virum Referendum, no de Wahlen, ëmmer erëm drop ze insistéieren, datt den europäeschen Integratiounsprozess fir dëst Land absolut vital ass, a wann eppes zu de Liewensgrondlage vun dësem Land gehéiert, dann ass et de Fait, datt alleguer déi aner Länner an der Europäescher Unioun säit 1950 oder säit 1952 bereet sinn, eng Partie Regelen ze akzeptéieren, déi net nëmme gëlle fir déi Grouss an net nëmme gëlle fir déi Kleng, mä fir se alleguer.

Et ass op esou enger Toile de fond, dass dëst Land konnt zu engem onwahrscheinleche Wuelstand an enger Sécherheet verhollef kréien, déi mer net wëllen duerch eng Politique politicienne op d'Spill setzen. Duerfir menge mer ass dat hei wuel eng Gratwanderung - well et ass nach näischt décidéiert - bei där mir an der Chamber an alleguer déi, déi um Intérêt vum Land interesséiert sinn, alles musse ginn, jusqu'à leur dernier souffle, fir datt dëst Land déi schwéier Epreuve, an där mer dra sinn, honorablement besteet. An duerfir gi mer och eise Jo zu dëser Resolutioun.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Als leschte Riedner huet sech den honorablen Här Michel Wolter gemellt. Den Här Wolter huet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net ze leegnen, dass den europäeschen Entwécklungsprozess sech zurzäit an enger delikater Situatioun befënnt. No dem Neen a Frankräich an an Holland huet sech d'Veronsécherung queesch duerch Europa vergréissert. A wat eis guer net gefall huet a wat eis muss interpelléieren, dat ass, dass an der leschter Woch duerch deen Neen a vläicht och op Grond vun deem Nee Leit, Tendenzen a Stréimunge queesch duerch Europa mengen nees missen iwwerhand ze kréien, déi absolut net an déi Richtung schwätze wéi mir Lëtzebuerg an Europa, a wéi mir Europa an hir Entwécklung gesinn.

Mir mussen also hei zu Lëtzebuerg mat klorem Kapp verschidden Tendenzen, verschidden Entwécklungen an Nopeschlänner gesinn. Mir musse si analyséieren; mir däerfen hinnen awer net nolafen, mä mir musse kucken, wat eis Positioun dozou ass, wat eis Intérêten dobäi sinn, a wou d'Erausfuerderunge leien an d'Potenzialer fir eist Land an deem Ratifizéierungsprozess, deen elo amgaangen ass.

Mir sinn där Meenung, dass mir als Lëtzebuerger objektiv am meeschten ze verléieren hätten, wann Europa an eng Kris géif kommen. Souwuel wirtschaftspolitesch wéi sozialpolitesch kann e Land, wat viru 50 Joer dat äermste Land war vu sechs, déi deemools Europa geschafen hunn, an entre-temps dat räichst ass vu 25, déi an deem Europa dra sinn, nëmme verléieren, wann dee Processus an d'Stocke kënnt.

Mir wollten eng Diskussioun iwwer Europa, mir hu si kritt. Zu Lëtzebuerg an an Europa. Déi Diskussioun an déi Debatt, déi d'Leit mat eis féieren, geet zur Zäit net grad esou wéi mir si vläicht gäre gehat hätten. Well d'Leit mat eis iwwer villes aneschters diskutéiere wéi grad just iwwert deen Traité, iwwert déi Ratifikatioun. Si schwätze mat eis iwwer hir Ängschten, iwwer hir Aart a Weis wéi si Europa gesinn, iwwert déi Aart a Weis wéi Europa sech an deene leschte Joren entwéckelt huet an iwwert déi Aart a Weis wéi si gären hätten, dass dat Europa sech an deenen nächste Jore soll weiderentwéckelen.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, ee staarke Message, dat ass ee Message, dee méi staark ass wéi vill vun eis dee sech erwaart hunn. An op dee staarke Message musse mir als Politiker och ee staarke Message dogéintsetzen, e staarke Message an der Diskussioun mat eise Leit iwwer Argumenter, iwwer Zilsetzungen, déi mir eis an deem Europa vu mar wëlle ginn.

Et muss een de Leit soen, dass de Jo sech op eppes konnt eenegen, dass de Jo, och wann hie vu ganz villen Tendenze geprägt war, an engem Kompromis en Text op den Dësch geluecht huet, deen Europa virubréngt. An ech mengen, dass een och de Leit muss d'Fro stellen, ob si der Meenung sinn, dass deen Nee, dee si elo héieren, europawäit, an och zum Deel hei zu Lëtzebuerg, ob deen Neen dann Europa méi wäit ka brénge wéi dee Jo, dee sech an deem Traité, iwwert dee mir den 10. Juli iwwer Referendum sollen ofstëmmen, erausgeschielt huet.

Et gëtt da Leit an Europa, och hei zu Lëtzebuerg - et héiert ee si elo manner haart -, déi mol der Meenung waren, et soll een dee Processus elo am Fong op Äis leeën. Et soll ee sech eng Denkpaus ginn, et soll een net virufueren, an et soll een op engem spéideren Datum op déi Froen zréckkommen. Mir sinn net der Meenung, dass een dat soll maachen. Mir sinn an engem Processus dran; mir sinn an enger Diskussioun dran; mir spieren den Intérêt vun de Leit hei zu Lëtzebuerg fir mat eis iwwer Europa ze diskutéieren, a mir sollen dat zum Deel och als eng Chance gesinn, dass mir zu engem Sujet, wou mir soss an eise Versammlunge knapps 20 Leit sëtzen hate fir mat hinnen iwwer eppes ze diskutéieren, haut alt 200 an 250 Leit hunn, déi bei eis komme fir mat eis doriwwer ze diskutéieren.

Mir sollen eis och eppes aneschters net virmaachen, nämlech dass Europa net géif op Lëtzebuerg den 10. Juli kucken. A ganz Europa an iwwer Europa eraus wäert op Grond vun der rezenter Entwécklung, déi sech gemaach huet, op Lëtzebuerg gekuckt ginn. Meng perséinlech intim Convictioun ass et, dass wa mir den 10. Juli als Lëtzebuerger, wat e souveräne Choix ass vun eis alleguerten, mat Nee stëmmen, den europäeschen Integratiouns- an Entwécklungsprozess zum Stoppe wäert kommen.

Ech weess net, ob wa mir Lëtzebuerger den 10. Juli Jo stëmmen, mir definitiv um Enn vum November vum Joer 2006 wäerten op dat kommen, wat mir gären hätten, mä ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt wann den 10. Juli aus Lëtzebuerg de Message erauskënnt, dass och d'Lëtzebuerger, déi vu ganz ville Leit trotzdeem als en Idealbild oder Virbild och fir d'europäesch Integratioun gesi ginn, an enger Majoritéit dogéint gestëmmt hunn, dass dann e Message wäert erausgoen, deen am Cumul da vun dräi Grënnungsländer, Frankräich, Holland a Lëtzebuerg, am Fong wäert zu engem Stopp vun dem Processus féieren.

Dir Dammen an Dir Hären, all Parteien, déi haut an der Chamber sëtzen, hu sech virun de leschte Wahle fir e Referendum ausgeschwat. All Parteien, déi an dëser Chamber sëtzen, hunn an hire Wahlprogrammer vum leschte Joer an hiren Europawahlprogrammer dofir plädéiert den Traité unzehuelen.

An dofir ass déi Diskussioun vum 28. Juni och an dëser Chamber eng wichteg Diskussioun, fir de Point ze maachen, ob déi fënnef Fraktiounen, déi an d'Wahle gaange sinn am Juni 2004, nach ëmmer op deem Punkt stinn, wou si am Juni 2004 stoungen a mat deem si an d'Wahle gaange sinn, oder ob déi eng oder déi aner entre-temps eng aner Meenung kritt hu par rapport zu där, déi si de Wieler d'lescht Joer gesot hunn.

Mir sollen, an och dat ass fir eis dee wesentleche Message vum 28. Juni, de Wieler en préparation vum 10. Juli kloer an däitlech soen, wat mir denken, wat eis Meenung ass, firwat och bei alle Schwieregkeeten, déi deen een oder deen anere vläicht mat deem engen oder deem anere Punkt kann hunn, mir zur Iwwerzeegung komm sinn, dass et fir eist Land wichteg ass, dass mir deen Traité do stëmmen, an net wëllen, dass mir deen Traité do net stëmmen.

Dorauser allerdéngs dann dat ze maachen, wat ech elo de Mëtteg nees héieren hunn, a wat ech usazweis op anere Plaze gemengt hunn der Deeg ze héieren, nämlech dorauser een national-politesche Vote wëllen ze konstruéieren, eng Ubannung Vote 28. Juni - Vote vum 10. Juli, do ginn ech dem Här Bausch total Recht a sengem Raisonnement, dat ass ee Raisonnement, dee mir net wëlle féieren. Mir wëllen de Leit net soen, wéi si et musse maachen. Mir respektéieren, dat hu mir alleguerte gesot an dat ass och de Sënn vun der Resolutioun, de Vote, deen d'Leit souverän soen zu där doter Fro - awer och nëmmen zu där doter Fro.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn iwwerzeegt dovun, dass wa mir an engem rouegen, op d'Saach orientéierte Gespréich mat eise Leit an deem nächste Mount eis Leit dovu kënnen iwwerzeegen, dass fir Lëtzebuerg souwuel an der Sozialpolitik, an der Wirtschaftspolitik, an der Sécherheets- an Asylpolitik, an der Verteidegungs- an Aussepolitik, an der Stäerkung vum Rôle vun den nationale Parlamenter an am Schafe vun engem institutionelle Kader, deen et erlaabt een Europa vu 25 iwwerhaapt ze géréieren, déi wesentlech Elementer leien, déi fir eist Land sollen ausschlaggebend sinn, fir dass eis Leit den 10. Juli positiv op déi Verfassung do sollen hir Äntwert ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zum Vote vun der Resolutioun, déi vum Här Fayot hei déposéiert ginn ass. Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

De Vote électronique ass verlaangt, da maache mir dat.

D'Resolutioun ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5454 iwwert d'Organisation judiciaire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen den Här Bettel, d'Madame Err an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer, wann ech gelift.

5. 5454 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Suerg fir eng méi biergerno Justiz, déi d'Litigë méi séier evakuéiert, ass net nei. Schonn 1912 hunn zwee eminent franséisch Auteuren dat heite geschriwwen: «Une justice lente et coûteuse n'est pas celle que l'État doit aux citoyens.» Ech menge souguer, datt dëse Passus nach eng ganz Rëtsch vu Joren zu Lëtzebuerg an och an alle Länner vun der Welt wäert eng gewëssen Aktualitéit bäibehalen.

D'Justiz muss esou organiséiert ginn, datt d'Affären, also d'Prozesser, an engem Délai raisonnable kënne mat engem Uerteel ofgeschloss ginn. Dat gëtt eis vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an och vum Europäesche Verfassungsvertrag operluecht, a wann dat och net esou wier, da wär déi Obligatioun vum Délai raisonnable awer eng Selbstverständlechkeet. Et ass enger moderner Justiz net wierdeg, wa Litigë Joren a Joren daueren, ouni datt iergendeppes am Dossier geschitt oder ënnerholl gëtt.

Mam Projet de loi 5454 gëtt eng Opstockung vum Personal vun der Justiz op fënnef Joer programméiert. An engem Gesetz vum 24. Juli 2001 hate mir schonn en Astellungsprogramm fir d'Period 2001-2005 gestëmmt. Haut stëmme mir also den zweete Programme pluriannuel fir d'Joren 2005-2009.

An deene Jore ginn am Ganzen 21 nei Riichteren agestallt, sechs Leit fir de Service Central d'Assistance Sociale an 20 Leit administratiivt Personal. Vun deenen 21 Riichtere ginn et dräi nei Conseilleren op der Cour d'appel, siwe Riichteren um Bezierksgeriicht Lëtzebuerg, zwee um Bezierksgeriicht Dikrech an ee Jugendriichter an der Stad. De Parquet général an de Parquet vun Dikrech kréie jee ee Member bäi an de Parquet vu Lëtzebuerg kritt sechs nei Substituten. Ausser zwee Riichtere vun deene siwen, déi op d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg kommen an déi sech méi speziell mat de Faillitë wäerten ausernee setzen, an dem Jugendriichter, wäerten all déi aner nei agestellte Riichtere sech méi mat strofrechtlechen Affären ofginn. Beim SCAS ginn ee Psycholog a fënnef Agents de probation agestallt - an deem Gesetz vun 2001 woren et zwee Leit vun der Carrière supérieure a véier Agents de probation.

D'Effektiver si vum Procureur général d'État opgestallt ginn. De Procureur général d'État hat dofir mat de Chefs de corps vun der Magistratur, dem Greffe, dem Parquet an dem Direkter vum Service Central d'Assistance Sociale Récksprooch geholl.

Dat war och d'Virgoensweis beim éischte Programme pluriannuel gewiescht, dofir sinn déi zwee Texter, ausser wat d'Zuelen ugeet, vun der Schréftweis identesch. A wann een deemools näischt gefrot huet, da krut een och näischt, an da soll een elo net kloe kommen, et hätt een näischt kritt.

Ech ka verstoen, datt een, obwuel een dat Personal, wat ee gefrot huet, kritt huet, e bëssen enttäuscht ka sinn, wann dat Personal net direkt, mä nëmmen am Laf vun deem Programme pluriannuel, also am Laf vun deene fënnef Joer, agestallt gëtt. De Procureur général d''État huet de Rhythmus, wéini agestallt gëtt, esou proposéiert. Et muss natierlech hei mat a Betruecht gezu ginn, datt net nëmmen d'Zuel vun de Kandidaten oder vun den nei geschafene Poste muss berücksichtegt ginn, mä datt och d'Qualitéit an d'Kompetenz vun deenen nei anzestellende Riichteren ausschlaggebend sinn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Eng lescht Remarque fir bei de Personalfroen ze bleiwen: Datt d'Zuel vun de strofrechtlechen Affären an de leschte Jore stänneg geklommen ass - an dat léisst sech och un der Zuel vun den Häftlingen, déi am Prison zu Schraasseg sinn, novollzéien -, huet e manifeste Lien mat där no der Fusioun vu Police a Gendarmerie 1999 systematesch duerchgefouerte Verstäerkung vun der Police. Am September ginn nach weider 50 Leit fir d'Carrière vum Inspecteur agestallt.

Mä och op där anerer Säit vun der Chaîne pénale, also am Strofvollzuch, ginn 32 nei Plazen zu Schraasseg geschafen. Alles huet also ee Lien, d'Police, d'Justizautoritéiten an de Strofvollzuch. Déi eng nëmmen ze respektéieren an do méi Leit anzestellen an déi aner net a Considératioun ze huelen, wier eng falsch Politik. Well d'Zesummegräife vun deene verschiddene Corpsen esou ass, dass, wann op där enger Säit méi Personal astellt gëtt, och op där anerer Säit muss méi Personal agestallt ginn.

Ech wollt awer hei eng Klammer opmaachen: Ech hu gesot, et geet net nëmmen duer eng bestëmmten Zuel vu Riichteren, Polizisten, Gardienen zu Schraasseg ze hunn, mä wat hannert den Zuelen nach méi wichteg ass, ass d'Qualitéit, d'Effikassitéit, also d'Kompetenz vun deene Leit, déi agestallt ginn. Dat ass bestëmmt besonnesch wichteg an deene Secteure vun der Criminalité économique. Hei handelt et sech ëm ganz komplex Fäll, wou - fir déi Kriminell do stellen ze kënnen - musse Leit mat enger spezieller Qualifikatioun, mä och mat enger grousser Erfahrung agestallt ginn, an déi Erfahrung kann een och - esou stellen ech mir dat vir - ausserhalb vun der Police gesammelt hunn, also am Secteur privé; dat fir d'Klammer zouzemaachen.

D'Opstockung duerch dëse Projet vum Justizpersonal ass mol eng Saach, mä et gëtt natierlech och d'Opstockung vun deenen aneren zwee Corpsen, déi an der Justiz am grousse Ganzen au sens large du terme ze dinn hunn, also d'Police an de Strofvollzuch.

Mä eng effikass Justiz, Här President, ass net nëmmen drop zréckzeféieren, datt een d'Personal nei astellt. D'Justiz brauch och déi juristesch Moyenen, fir d'Affären an deem vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun operluechten Délai raisonnabel iwwert d'Bühn ze kréien.

An deenen zivilen Affären hu mir 1996 e Gesetz gestëmmt, wat 1998 a Kraaft getrueden ass, wat d'Prozedur vun der Mise en état agefouert huet a wat zu substanzielle Verkierzunge vun deenen Délaien an deenen zivilen Affäre gefouert huet. Et kéint ee sech och virstellen, datt déi Procédure de mise en état och op kommerziell Affäre ausgeweit gëtt.

Et bleiwen awer nach ëmmer Grënn, fir och bei zivilen Affären d'Prozesser an d'Längt ze zéien: Expertisen, déi daueren an daueren an daueren an ni fäerdeg ginn, well souguer Expertë stierwen an nei Experten agestallt musse ginn, Incidents de procédure, wou dann Appel gemaach gëtt, déi dann erëm zréck an d'éischt Instanz kommen an da gëtt awer erëm Appel gemaach. Mä ech mengen am zivilen Deel kann een am grousse Ganzen mam System zefridde sinn.

Awer grad bei strofrechtlechen Affäre muss den Délai raisonnabel agehale ginn - an hei kënnen d'Affäre ganz laang daueren. Sou hunn ech zum Beispill gelies am Rapport vum Justizminister, datt 2004 eng Affär gesprach ginn ass, wou d'Faiten op 1989 zréckgaange sinn. Et geet also hei net duer fir Riichteren anzestellen, mä et geet dorëms fir de Justizautoritéiten d'Moyenen ze ginn, fir Affäre séier ze spriechen.

Zum Beispill kann ee méi op d'Ordonnance pénale zréckgräifen an alle Fäll, wou Alkohol um Steier oder ze séier Vitesse de Fall ass. D'ordonnance pénale ass déi Prozedur, wou Dir vun engem Riichter per Post een Uerteel mat der Strof zougestallt kritt, a wann Dir domadder net averstane sidd, da kënnt Dir nach ëmmer an d'Sëtzung kommen, dat heescht an e Prozess am eigentleche Sënn vum Wuert, mä da kann natierlech d'Strof vill méi héich ausfalen.

Mir hunn och de Moien an der Commission juridique an engem Projet iwwert d'Instruction pénale accélérée geschwat, wat och dozou féieren ka fir datt strofrechtlech Affäre méi séier kënne gesprach ginn. Eng Datebank mat Empruntes génétiques kann och zu méi kuerzen Délaie féieren, och wann hei nach keen Avis vum Statsrot virläit.

Här President, bei de strofrechtlechen Affäre bleift och eng Ursaach vun deene laangen Délaien, nämlech datt déi Affären dacks en internationale Charakter hunn. Et ass net ëmmer einfach fir eng Commission rogatoire internationale an engem Délai raisonnable aus engem anere Land zréckzekréien. Do wäert och den eurpäesche Mandat fir d'Beweiser - dat ass wéi de Mandat d'arrêt européen, just op der Basis vun de Beweiser -, sou hoffen ech, déi néideg Verbesserunge mat sech bréngen.

Wéi laang och d'Instruktioun dauert, déijéineg, déi eng Klo agereecht hunn, also meeschtens d'Victimen, mussen informéiert ginn, wat mat hirer Klo geschitt ass, respektiv wou d'Instruktioun drun ass. Och wann de Projet de loi iwwert den Afferschutz nach net vum Statsrot aviséiert ginn ass, wäerte mer eis esou séier wéi méiglech an der Commission juridique mat dësem Projet de loi befaassen.

Här President, et muss een natierlech sech ëmmer d'Fro stellen, ob all Affär, all Litige, deen een huet, wat fir enger Natur och ëmmer, muss virun de Riichter bruecht ginn. D'Mediatioun a strofrechtlechen Affären hu mer scho säit 1999! Et weess just kee Mënsch et. Et muss do méi Publicitéit gemaach ginn; et muss méi dorop zréckgegraff ginn.

D'Mediatioun an administrativen Affäre mam Knoutermann oder Ombudsmann, wéi hien dacks genannt gëtt, - wat en awer net ass, en ass e Médiateur,…

Une voix.- Très bien.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- …schéint ze lafen. Mir hunn och Texter virleien, ënner anerem eng Proposition de loi vun der Madame Err, iwwert d'Mediatioun an zivilen a kommerziellen Affären. Dat sinn och Schinnen, déi ee muss examinéieren. Bei all Affär ass et menger Meenung no net noutwendeg, datt et zu engem richtege Prozess virun engem Riichter kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi bréngt och nach verschidden Adaptatiounen zum Statut vun de Riichteren. Zum Beispill gëtt an den Incompatibilitéiten och eng Referenz op d'Partenariatsgesetz vum leschte Joer gemaach, wat bis elo net de Fall ass. Ech mengen, wann e Riichter net an enger Affär däerf sëtzen, wou säi Mann oder seng Fra Affekot oder Partei ass, da soll dat och gëllen, wann ee Partenaire ass au sens vum Gesetz vum Juli 2004.

De Statsrot hat e puer redaktionell Virschléi gemaach, déi mer dann och iwwerholl hunn an deem Kader. Den Accord an der Kommissioun zu dësem Projet war unanime, an den Accord vun der CSV zu dësem Projet ass et och.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass bestëmmt e wichtege Projet, dee mer stëmmen, well et gëtt eng ganz Rëtsch vun neie Riichteren agestallt. A wann ee kuckt wéi de Malaise bei de Leit ass, wa se kucke wéi laang ee brauch fir iwwerhaapt en Uerteel ze kréien an enger Affär wou een iwwerzeegt ass, dass ee Recht huet am zivile Beräich, oder am Pénale, wou een Angscht huet, well een net weess wéi et ausgeet, sinn d'Délaien, déi virdrun zitéiert gi si vum Här Rapporteur - deem ech och elo direkt wëll Merci soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport, soss hunn ech et vergiess -, e Problem, dass déi Leit an der Inquiétude an an der Incertitude sinn, an dat ass bestëmmt keng gutt Situatioun.

Erlaabt mer awer, dass ech elo net iwwer aner grouss Punkten oder vläicht elo ganz kuerz se just abordéieren, mä, wéi den Här Rapporteur scho gesot huet, d'Ordonnance pénale. Selbstverständlech, dat huet elo näischt direkt mat deem heite Projet ze dinn, mä et wier wichteg eng Kéier driwwer ze diskutéieren, ob et méiglech ass, verschidden Affären, kleng Affären iwwer Ordonnance-pénalen geregelt ze kréien.

Et gesäit een heiansdo, dass d'Leit zitéiert ginn op d'Geriicht mat 0,9 Promill amplaz 0,8 Promill. Dat heescht, do muss zitéiert ginn, dat si Käschten, an et gëtt souwisou e Protokoll vun 250 Euro meeschtens. Dat heescht et wier vill méi einfach, et géif een de Leit direkt soen, et kascht esou deier, da géif de Stat och Sue spueren. Virun allem bei 0,9.

Da gëtt et nach eng aner Méiglechkeet, déi do ass, dat ass dat, wat een eng Comparution immédiate nennt. Déi gëtt et zum Beispill a Frankräich, wéi Der elo gehéiert hutt, wéi déi Violencë waren. Wa se d'Leit fannen, da kënne se déi Leit och direkt virun de Riichter stellen, an da kann ee bannent e puer Deeg schonn en Uerteel hunn um Pénale. Wann een zum Beispill Aveuën huet oder am Flagrant délit geholl ginn ass, ech mengen do soll een net laang Prozedure maachen an d'Leit net een, zwee, oder ech kenne verschidde Fäll, wou d'Leit schonn iwwert dräi Joer an Untersuchungshaft sëtzen, wat ech net ganz normal fannen, dass een esou laang an Untersuchungshaft soll sëtzen.

Une voix.- Lauschtert gutt no!

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, jo, ma neen, ech wollt just dat ausféieren.

M. le Président.- Kommt, lauschtert dem Här Bettel no!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Merci, Här President.

(Interruptions)

Une voix.- Majo, mir maachen dat!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, wann ech elo op de Punkt selwer komme vum Projet de loi. Ech kann zielen, am Artikel 5 steet do, dass 2009 d'Tribunal d'arrondissement, wann een dat Ganzt zesummerechent, 113 Riichteren am Ganzen huet, an den Tribunal d'arrondissement vun Dikrech zéng. Här President, erlaabt mer ze soen: Entweder mir wëllen zu Dikrech eng besser Justice de paix, an da solle mer d'Tribunal ofschafen, oder et soll een zu Dikrech en anstännegt Tribunal mat deene Moyenen, déi en Tribunal brauch fir ze schaffen, och ginn.

Här President,…

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Si kruten dat och.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Da lauschtert elo emol, Här Rapporteur! Oh, si kruten dat! 2009 kréie se ee Riichter bäi, sot net et wier elo direkt! Wann Der bedenkt, dass se haut zu aacht, a wann Der déi zwee jo ewechhuelt, zu aacht d'ganz Magistratur solle sinn. Zu aacht! Also wann Der scho vun lech zu Dikrech waren, do musst Der dat gesinn! Da sëtzt de President an der Mëtt, da sëtzt riets a lénks en aneren Affekot, deen da Riichter spillt, deen also net spillt, mä da Riichter ass, e Juge suppléant…

(Hilarité)

…déi dräi sëtzen dann uewen, an Dir hutt en Affekot, deen ënne plädéiert.

(Interruption)

Duerno, wann dee fäerdeg ass mat plädéieren, gëtt eng Interruption d'audience gemaach. Da geet deen, deen uewen do souz als zweete Riichter, erof seng Affär plädéieren, an deen, deen ënne plädéiert huet, dee geet erop als Riichter sëtzen! Do verstinn d'Leit et net! D'Leit verstinn net wéi dat ka sinn, dass deen op eng Kéier, deem säin Affekot Riichter ginn ass vun där nächster Affär. Dat ass schwiereg ze erklären!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Mir verstinn et.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Wéi bréngt Der et fäerdeg… Ma do ass de Problem! Dir wësst et jo, an enger Affaire pénale, Dir hutt een Untersuchungsriichter. Dir hutt eng Chambre du conseil, dat sinn der schonn dräi. An Dir hutt dann nach dräi Riichtere fir de Fong, dat heescht Dir sidd zu siwen, a si hunn nëmmen aacht Riichteren am Moment! Dat heescht, wann ee krank ass, da wësse si schonn net méi, wien se als Riichter mussen hunn!

Dat heescht, wann ee kuckt, 2009, Här Santer sot Dir, da wiere se zefridden. Da si se zu zéng. Si waren eben net esou guermanzech, si hunn eben net méi gefrot.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här Bettel!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Mä d'Stad huet der 113! Sot mer net, dass d'Stad Lëtzebuerg zéngmol méi Dossieren huet wéi zu Dikrech.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Bettel, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Santer?

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Also, zwou Froe souguer. Also, et kéint ee souguer soen, wann Der déi Affären, d'Proportionalitéit tëschent zéngmol méi Riichteren, da kënnt Der och d'Proportionalitéit bei den Affekote kucken: Wéi vill Affekote sinn zu Dikrech a wéi vill Affekoten an der Stad?

Mä dovunner ofgesinn, ech wëll lech nach dorun erënneren, dass an deem éischte Plan pluriannuel 2001-2005 d'Bezierksgeriicht vun Dikrech iwwerhaapt kee Riichter gefrot huet, obwuel se opgefuerdert gi sinn: Wéi vill Riichtere wëllt Der nei agestallt kréien? Si hunn net geäntwert, also krute se och keng.

M. Xavier Bettel *(DP).*- A si hunn awer duerno eng Pressekonferenz gemaach…

M. le Président.- Ech wëll soen, Här Santer, wéi war Är Fro?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ah jo, pardon.

(Hilarité)

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech wollt den Här Bettel froen, wéi hie sech dat ka virstellen, dass een elo kloe kënnt, et hätt ee keng Riichtere bäikritt an deem éischte Programme pluriannuel, wann een iwwerhaapt keng nei Riichtere gefrot huet?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech si ganz frou, dass den Här Santer mer déi Fro stellt.

Une voix.- Ah!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Well nämlech fir d'éischt hu mer elo emol de Rapport vum Procureur général kritt!

M. le Président.- Jo dann äntwert och elo op d'Fro!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Dee mécht dat… Ech sinn amgaang drop ze äntwerten, Här President.

(Hilarité et interruptions diverses)

Den Här Procureur général, dee proposéiert dem Minister eppes, wat mer ni ze gesi kritt hunn! Et ass fir d'éischt, Här Santer, wou mir iwerhaapt gesinn, wie wat freet. Dir sot hei, dass 1999, dat heescht 2000 oder 2001, wéi de leschte Programm komm ass, dass de President vum Bezierksgeriicht Dikrech keng Leit ugefrot huet. Ech weess dat net!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Et steet am Rapport!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Et steet am Rapport, mä et steet net am Rapport vum Procureur général vum Joer 2000, deen ech net kritt hunn, Här Santer!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Mir hunn d'Gesetz gestëmmt 2001!

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel *(DP).*- Da lauschtert, Här Santer, da musst Dir mir erkläre wéi et da méiglech ass, dass den Här Konsbruck an den Här Bourg op dem Neijoersdagsempfang zu Dikrech e puer Méint drop soen: Mir sinn nees vergiess ginn. Da musst Der mech entschëllegen, da verstinn ech et och net. Mä si hunn et op jidde Fall offiziell gesot. Et stoung an enger Press, si hunn et offiziell gesot um Neijoersdagsempfang, si wieren am Stach gelooss ginn.

Ech zitéiere just dat, wat ech esou liesen, Här Santer. Ech weess net, wat den Här Procureur général a sengem Rapport geschriwwen huet. Sorry. Ech sinn elo frou, an dofir soen ech dem Här Minister och Merci, dass mer dee Rapport ze gesi kritt hunn, dat heescht, dass mer wëssen iwwerhaapt, wéi en dozou kënnt, fir déi Zuel vu Riichteren anzestellen.

Wéi gesot also zu Dikrech mat zéng, an dat dann nach 2009, ech zitéieren elo net. Dëst Joer kréie se emol keen. Ech hat geduecht, et hätt ee kënnen direkt dëst Joer en Zeeche markéieren an da vum 16. September 2005 u soen, dass een zu Dikrech e Riichter méi géif hunn. Ech wollt awer keen Amendement hei proposéieren, well ech verschidde Leit sécher an eng delikat Situatioun bruecht hätt, an ech wollt dat net. Här President, Dir verstitt, et muss een awer zu Dikrech eppes maachen, an ech si frou, dass elo eppes geschitt.

Dann hunn ech nach e puer Punkten, déi ech wëll zitéieren. Bon, on n'est jamais mieux servi que par soi-même: Vun 29 Riichteren, déi agestallt ginn, kritt de Parquet der aacht. Dat sinn der och vill, wann ee kuckt, dass déi aner, dass den Tribunal seet, si géifen der nach brauchen, oder zum Beispill Dikrech der nach brauch.

An Dikrech, erlaabt mer awer just ze soen, Här Santer, dat wësse mer jo, dat geet jo aus dem Rapport eraus, Dikrech kritt jo dem Text no en neie Substitut bäi, «un substitut pour le parquet du tribunal d'arrondissement de Diekirch». Firwat kee Premier substitut oder firwat kee Substitut principal?

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Déi gëtt et eng Kéier vläicht.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Jo, mä et kéint ee sech jo déi Fro stellen. Wann ee jo aner Plazen opmécht, da kéint een déi op jidde Fall och opmaachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dann ass d'Chambre du conseil. D'Chambre du conseil huet eng wierklech immens grouss Aarbecht. D'Chambre du conseil, dat ass déi, wann eng Affär zou ass, déi dann de Renvoi muss sprieche virun enger Chambre de juridiction, déi Commission-rogatoirë nach muss maachen an dann nach dräimol d'Woch Audienzen huet fir d'Liberté-provisoirë vun den Détenuen. Dräimol d'Woch! An ech kann lech et soen, dat si keng zwou oder dräi Libertéiten, dat sinn der zéng. Do muss een all Kéiers dann nach Uerteeler, also Ordonnancë schreiwe bei deenen. Si kréien elo e Rouleur bäi. Mä wéi gesot, et wier vläicht opportun gewiescht, ech hat et och deemools an der Kommissioun gesot, dofir erlaben ech mer et hei nach eng Kéier ze widderhuelen op der öffentlecher Tribün, der Chambre du conseil ee méi ze ginn.

E grousse Prinzip awer, bei deem ee sech misst d'Fro stellen, dat hate mer och an der Kommissioun an der Diskussioun, dat ass de Problem mat der Police. Et huet kee Wäert en décke Kapp ze hunn, dass d'Justiz en décken, décke Kapp huet, mä dass keng Äerm do sinn, dass si ganz vill iwwerleeën, ganz vill Décisiounen huelen, mä dass kee se kann exekutéieren.

Wann der héiert, dass fir eng Perquisitioun heiansdo d'Police Méint brauch fir se kënnen ze maachen, wann den Här Biever, dee mir manner no steet wéi lech, Här Santer, awer behaapt, datt se d'Failliten net poursuivéiere kënnen, well se net Leit hunn an dass déi verjährt ginn, bei Banqueroute-frauduleusen. Dat erfannen ech net, Här President, dat huet alles den Här Biever op der Télee gesot. An ech mengen dat sinn alles Punkten, déi awer wichteg sinn.

M. le Président.- Här Bettel, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Mehlen?

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här Bettel, ech lauschteren lech mat vill Interesse no. Wat wollt Der domat soen, wéi Der dem Här Rapporteur gesot hutt, den Här Procureur d'État hei zu Lëtzebuerg, dee stéing him vläicht méi no wéi lech?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Wësst Der, ech maache ganz vill Strofrecht, dann ass een oft a Konflikt mam Ministère public. Dat musst Der esou verstoen. Ech hat geduecht, Dir hätt et vläicht anescht verstanen?

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et elo just virdru gesot, d'Police brauch och Leit. D'Police brauch Leit. Mä d'Police brauch virun allem och eng Formation continue.

Wann Dir Polizisten hutt an déi sëtzen eng Kéier op engem Büro, 20 Joer duerno sinn d'Systemer bestëmmt net déiselwecht wéi virun 20 Joer. Et ass och ganz, ganz wichteg, an d'Madame Brasseur huet jo dodrop insistéiert, wéi se Minister vun der Formation continue war, vun der Formation professionnelle justement, dass de „lifelong learning" eng Prioritéit muss sinn, an dat zielt iwwerall. Bei de Riichteren och. Bei der Police och. Et geet net duer haut en Examen ze packen an da 40 Joer op därselwechter Plaz ze bleiwen ouni Formatioun ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da gëtt et nach eppes, wat mer um Häerz läit, dat ass de Problem vum Suivi. Mir bekloen eis, mir hätten ze vill Détenuen an dofir bräichte mer nei Chambres correctionnelles. Dat ass normal. Wann Dir haut an de Prisong kommt, da gitt Der an de Prisong gesat an da gëtt d'Zell zougespaart an et ass guer kee Suivi do. Wann Dir en Toxico sidd, Dir gitt an de Bing gesat, Dir kritt do nach wa méiglech, an dat behaapte jo all d'Détenuen, Drogen ze kafen, déi Der soss néierens ze kafe kritt, dat heescht, d'Boucle ass zou.

Wann Der bis eng Kéier dobanne sidd, hutt Der scho bal eng Memberskaart à vie. Et ass ganz rar, dass een, deen dobanne war, net erëmkënnt. Mir hunn ee vun deenen héchsten Taux de récidive an Europa. Firwat? Well de Suivi null ass.

Wann een zu Schraasseg eng fest Prisongsstrof kritt, da kritt ee gesot - oder Dir gitt expulséiert, wann Der wëllt den Artikel 100 kréien, da gitt Der eraus an dann dierft Der net méi heihinner kommen, an da kucke se, dass se awer nees kommen, a wa se net gepëtzt ginn, dann ass jo alles an der Rei. Oder et kritt een d'Dier opgemaach an dann ass een dobaussen a Punkt basta.

D'Leit wëssen net no sechs Méint Prisong wouhin. Zum Beispill en Toxico: Wou soll e schlofe goen, seng Eltere wëlle kee Kontakt méi hunn? Wou geet en nees? Op d'Gare bei seng Kolleegen an da keeft e sech seng Wick a seng Sprëtz an dann ass nees d'Boucle zou. Den Dag drop huet en nees keng Suen. Déi 50 Euro, déi e gespuert hat am Prisong, si fort. An da geet en nees abriechen oder iergendeng Dommheet maachen oder Droge verkafen.

Dat heescht, wann de Suivi vun engem Détenu schlecht ass, ass en automatesch réabonnéiert nees fir op Schraasseg ze landen. Dofir wier et och ganz wichteg op jiddfer Fall, e Suivi ze maachen.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e leschte Punkt, deen awer mat deem heite Projet eppes ze dinn huet, dat ass d'Personal beim Geriicht. D'Personal beim Geriicht, wat agestallt gëtt. D'Regierung huet ganz vill Appel op DATë gemaach. Ech kritiséiere bestëmmt keng DATen, mä de Problem ass, wa se bis verstanen hu wat eng Situatioun ass, wéi se déi musse schécken, wie se musse ruffen, da si se meeschtens scho fort. An da kënnt deen neien, dat heescht, bis deen Neien et nees verstanen huet, an dat geet déi ganzen Zäit esou. Déi si jo do fir dräi, véier Méint.

An den anere Punkt ass och mat den DATen, wou de Problem ass, dat ass de Suivi, de Secret vun den Dossieren. Ech mengen, Dir hutt Accès do zu Dossieren, wou et awer ëm perséinlech Saache geet, wou et Leit betrëfft. Ech weess net, ob et do opportun ass e Manège vu Personal ze hunn, well dee méi bëlleg gëtt wéi fest Personal anzestellen. Dat heescht, komm mir kucken eis eng Kéier riicht an de Spigel a mir soen eis, et muss een ebe Suen investéieren an d'Personal och gi fir d'Justizwiesen.

Wéi gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no all deene Kritiken, déi ech awer mer erlaabt hunn, an och deene Recommandatiounen, déi ech dem Här Justizminister awer op de Wee ginn hunn, ass et wichteg, d'Magistratur ze verstäerken an neit Personal ze hunn, fir de Justizapparat ze verbesseren. Dofir bréngen ech och den Accord vun eiser Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass d'Madame Err ageschriwwen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'europäesch Mënscherechtskonventioun schreift vir, dass et e Mënscherecht wier fir e faire Prozess ze hunn an engem raisonnabelen Délai. Dat ass net ëmmer de Fall. Dat ass e Recht, a vill Länner sinn - an do hate mer bis elo nach Chance - schonn öfters um Stroossbuerger Geriichtshaff dowéinst condamnéiert ginn, datt se net à même waren deen Artikel vun der Mënscherechtskonventioun anzehalen.

Fir derfir ze suergen, dass net och eis dat blitt, gëtt et zu Lëtzebuerg de Programme pluriannuel fir d'Organisation judiciaire, d'Riichteren opzestocken, an dat hei ass dann ee Gesetz vun där Zort.

Ech mengen, dass een net méi brauch drop anzegoen, wat alles hei virgesinn ass. Ech mengen, et ass ervirzesträichen, dass eng Logik an deem ganze Konzept ass: Eng gewëssen Zuel Riichtere verbonne mat enger gewëssener Zuel Greffieren, Assistant-socialen, a vläicht kéint een och nach d'Personal aus dem Prisong derbäizielen, dat an engem anere Gesetzesprojet agefloss ass, well och dat am Zesummenhank ze gesinn ass mat der Gestioun vun de Konflikter, vun den Affären op de Lëtzebuerger Geriichter.

Et ass also wichteg, dass mer Personal a genügender Zuel hunn an, wéi meng Virriedner hei gesot hunn, dat och gutt ausgebilt ass. Wichteg ass och, an dat wier eng Fro, Här Minister, dass déi Leit, déi dann do solle schaffen, an eisem Geriichtswiesen, a Lokaler sinn, déi adaptéiert sinn, an dass déi Lokaler esou équipéiert sinn, dass se net deene moderne Problemer mat Moyenen aus dem leschte Jorhonnert sollen nokommen. An et schéngt es, wéi wann um Niveau Equipement munches net an der Rei wier.

Mir hoffen, dass dat deemnächst mat der, wéi soll ech soen, Mise en fonctionnement vun der neier Cité judiciaire da generell besser geet. Vläicht kënnt Der eis en passant soen, ob mer entre-temps Délaien hunn oder en Datum hunn, wéini déi Saachen do sollen utilisabel sinn.

Dem Här Rapporteur wollt ech just eng Remarque maachen, wat d'Mise en état en matière commerciale betrëfft. Dat war eng Suggestioun sengersäits. Ech mengen net, dass en matière commerciale, wou et keng Procédure écrite gëtt, mä wou mëndlech am Fong alles nach bis zur leschter Minutt kann opgeworf ginn, d'Mise en état do deeselwechten Zweck hätt, wéi dat de Fall ass en matière civile. Mä et kann een et du moins analyséieren. Wann et näischt déngt, kann et bestëmmt näischt schueden.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Ass et noutwendeg? Dat war meng Fro. Ass et noutwendeg, datt een an den Affaires commerciales nach eng Procédure purement orale bäibehält, wou ee weess, datt bei kommerziellen Affären, déi e bësse méi komplex sinn, och eng Note écrite échangéiert gëtt? Dat war meng Fro.

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Jo, mä vu dass keng Délaien do festgesat sinn, wéi déi Schréftwierker do solle sinn, mengen ech net, dass et wichteg wier. Mir kënnen et natierlech änneren. Mä ech mengen net, dass et een Avantage wier an dass d'Affäre géife méi schnell weidergoen, wa mer en matière commerciale, wou mer eng Procédure orale hunn, elo op eemol géifen eng Procédure écrite aféieren.

Ech mengen, dass dat vläicht d'Riichtere kënnt arrangéieren, sécherlech, mä et awer net dozou géif bäidroen, dass d'Fristen, an deenen déi Affären iwwert d'Ronne ginn, géife méi kuerz ginn.

Zum Gesetz selwer, mengen ech, ass vläicht nach ze soen, dass et sech areit an eng ganz Série vun aneren Initiativen, mat deene mer probéiert hunn d'Délaië vun den Affären op de Geriichter erofzesetzen, dass do nach verschidden aner Projeten ënnerwee sinn, wéi notamment e Projet, dat mer haut de Moien an der Commission juridique ugefaangen hunn, eng Reform vum Code d'instruction criminelle notamment iwwert de Wee vun enger Instruction simplifiée; de Projet 5354, den Opferschutz, wou mer - a vläicht ass dat heite jo eng Geleeënheet, fir dass dee Projet weidergeet - zënter zwee Joer nach näischt vum Statsrot héieren hunn; drëttens eng Proposition de loi mengersäits, déi ech besonnesch der Madame Doerner géif un d'Häerz leeën, well si mat der Reform vum Gesetz iwwert den Divorce Rapporteur genannt ginn ass, a well ech op dësem Wee wëll formell d'Jonction froe vu menger Proposition de loi iwwert d'Médiation civile et commerciale en matière judiciaire zesumme mat deem Gesetz iwwert den Divorce. An ech erkläre mech och ganz kuerz firwat.

Am Gesetz, am Projet de loi iwwert den Divorce ass ee Wuert iwwert d'Mediatioun dran; et steet op enger gewëssener Plaz dran. D'Riichteren um Tribunal, déi kënne gegebenefalls eng Mediatioun ordonnéieren. Et steet net dran, op wat fir engem Niveau vun der Prozedur. Et steet net dran, a wat fir enge Konditiounen. Et steet näischt dran iwwert d'Prise en charge, notamment iwwert d'Assistance judicaire; et steet net dran, wéi laang se kann daueren, etc. Esou dass et am Fong dee Moyen, deen et géing erlabe ganz vill Affäre vun de Geriichter ewechzekréien, net verbessert, wann net déi Modalitéiten, déi noutwendeg si fir et an d'Praxis ëmzesetzen, derbäikommen. Déi Modalitéiten iwwert d'Procédure, iwwert d'Formatioun, iwwert den Agrément sinn am Gesetz net mol ugeschwat, während meng Proposition de loi net nëmmen en matière de divorce, mä och en matière de divorce genau ëm déi Detailer geet, déi et géife méiglech maachen dat an d'Praxis ëmzesetzen. Ech géif dem Rapporteur Merci soen, dass och hien evidenterweis dee Projet am Kontext vun dësem Gesetzesprojet gesäit.

Et geet net duer fir Riichtere bäizekréien, wa mer wëssen, dass mer ëmmer méi Affäre kréien, dass mer iwwert déi Tatsaach, dass bal jiddfereen haut Rechtschutz huet, méi Affären op d'Geriichter kréien an dass mer domadder automatesch am Fong d'Leit géifen aus hirer Eegeverantwortung entloossen, sech selwer ëm déi Problemer ze këmmeren, déi si uginn.

Dofir mengen ech wier d'Mediatioun net nëmmen e Moyen fir d'Geriichter ze désengorgéieren oder fir där chronescher Verstoppung op eise Geriichter ofzehëllefen, mä virun allem och fir eng nei Konfliktkultur zu Lëtzebuerg anzeféieren, déi domadder verbonne wier, dass Leit déi Problemer, déi se hunn an an deene si jo selwer och en Deel Eegeverantwortung hunn, och an Eegeregie géife probéieren aus der Welt ze schafen. Net eleng mat engem Riichter, deen hinne vun uewen eppes imposéiert, mä mat Hëllef vun engem Drëtten, engem onofhängegen Drëtten, deen de Médiateur wier, dee speziell dozou ausgebilt ass an deen an engem confidentielle Prozess géing d'Leit dozou bréngen eegen Äntwerten zu hiren eegene Problemer ze fannen.

Ech mengen, dass dat wierklech e Fortschrëtt wier, wat eis Konfliktkultur géif ubelaangen, well jiddfereen ass Expert a senger eegener Affär. Et ass net ëmmer en droit, wou Problemer kënne geléist ginn. Au contraire, heiansdo gëtt duerch eng Affär, déi um Geriicht héichgejubelt gëtt, d'Athmosphär nach vill méi schlecht. Beispillsweis am Fall vum Nopeschsträit - fir nëmmen deen ze nennen.

Wann d'Leit geléiert ginn iwwert de Wee vun der Mediatioun sech selwer ëm hir Problemer ze këmmeren, dann hätte mer net nëmmen d'Affäre vum Geriicht ewech. Mir hätten och den Avantage, dass d'Leit geléiert hunn aneschters selwer mat hire Problemer eens ze ginn, a mir hätten eventuell och eppes doduerjer gemaach um Niveau vum Lien social ënnert de Leit, dee jo och an eiser Gesellschaft öfters ze wënschen iwwreg léisst.

De Rapporteur huet hei d'Gesetz iwwert d'Médiation pénale ugeschwat. Ech profitéieren da vun deem Stéchwuert fir op e puer Saachen hinzeweisen, déi an deem

Gesetz iwwert d'Médiation pénale dozou féieren, dass et ganz wéineg net nëmme bekannt ass, mä och ganz wéineg applizéiert gëtt, dass Lacunen an deem Gesetz sinn, déi missten onbedéngt opgehuewe ginn, notamment op verschiddene Punkten.

Éischtens ass d'Médiation pénale nëmme virgesinn als Alternativ zum Classement. Dat heescht, et kann een net virgesinn, datt eng Affär instruéiert gëtt an d'Mediatioun, an dann eventuell, wann déi Mediatioun deelweis gelongen ass, en Deelaspekt vun engem Prozess nach kënnt gefouert ginn. Et ass also och kee formellen Ofschloss vun enger Affär, déi iwwer Médiation pénale virgesinn ass an eisem Gesetz, esou dass een net weess, wat passéiert, wann een, deen eng Kéier eng gestiecht huet, deen eng Kéier mam Gesetz a Konflikt war, deen eng Médiation pénale duerchlaf huet, deen an e puer Méint erëm eng Kéier kënnt mat engem klenge Problem, dann ass et esou, vu dass et kee Casier gëtt mat enger Mediatioun, wou eng Mediatioun dra mentionnéiert ass, vu dass et keen Uerteel gëtt, dass et keng Trace dovunner gëtt, esou dass keng Indikatiounen do si fir eng eventuell Récivide. Et ass keng Dispositioun dran iwwert de Casier.

Last but not least sinn och déi Dispositiounen iwwert d'Bezuelen an deem Gesetz iwwert d'Médiation pénale totalement inadaptéiert. Si sinn nach méi niddreg wéi am Kader vun der Assistance judiciaire, an och dat dréit net dozou bäi, dass et ganz interessant wier fir Leit fir sech ëm dee Genre Affären hei ze këmmeren.

Et bleift also op dësem Gebitt och no dësem Projet nach vill ze maachen, och wann dee Projet hei sécherlech e Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

Eng Fro, déi ech mer gestallt hunn um Fong, ass déi: De Projet de loi baséiert op engem Avis vum Procureur général. Ech huele jo un, dass deen do virdru mat all senge Leit geschwat huet. Ech froe mech, ob et net ubruecht wier fir Leit do anzestellen, oder fir Leit do ze befroen, loosse mer mol soen, mat deenen Demanden, déi do sinn, fir déi Revendicatiounen ze kucken, déi vun deenen eenzelne Geriichtsbarkeeten erakomm sinn, a wat fir eng Leit méi oder manner adaptéiert sinn.

Ech denken net, dass et onbedéngt d'Charge muss si vun engem ganz héije Magistrat fir déi Managerqualitéiten do opzeweisen, fir dat Personal, wat bäikënnt, wierklech op déi richteg Plazen ze setzen. Ech denken net, dass do eng Incompétence steet. Ech menge just, dass et net déi Fonctioune sinn, déi do exklusiv verlaangt ginn.

Ech denken duerfir, dass ee sech och kéint iwwerleeën, ob ee fir deen nächste Plan pluriannuel an dëser Matière sech vun engem Expert vu bausse kënnt en Avis froen, fir zesumme mat deene concernéierte Riichteren op deene verschiddene Geriichter a mam Parquet général ze kucken, dass déi Leit da wierklech op déi Plaze kommen, wou se am meeschte gebraucht ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als nächste Riedner ass dann den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Ech hunn dat elo zweemol scho bei him vergiess ze maachen. Dofir maachen ech et dës Kéier direkt am Ufank, da braucht Der herno net béis mat mer ze sinn, dass ech dat erëm eng Kéier vergiess hätt.

M. le Président.- En ass seele béis.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, hie gëtt net esou séier béis, dat ass wouer.

Dat gesot, Här President, mir wenden eis mat deem heite Projet de loi no enger Partie Méint, wou mer an der Öffentlechkeet zum Thema Prisong iwwer méi oder manner wichteg Saache geschwat hunn, eis elo erëm, wat de Prisong betrëfft, deene méi wesentleche Froen zou.

Mir bedaueren, wann an der Öffentlechkeet vill iwwert de Prisong muss geschwat ginn, well dat oft mat Saachen ze dinn huet, déi als Haaptauswierkung schlussendlech hunn, datt se vum Wesentlechen, vun de wesentleche Problemer vum Prisong en fin de compte méi oflenke wéi datt se géinge bäisteieren, fir dass de Prisong all déi Funktiounen, déi en eigentlech ze erfëllen hätt, och tatsächlech géing erfëllen. Mat dësem Projet de loi wäerte mer och eng ganz Partie Problemer net uschwätzen.

Et ass fir d'Zweet, wou e pluriannuele Plang gemaach gëtt am Beräich vum Rekrutement vun der Justice. Et ass wuel net ze bestreiden, dass dat noutwendeg ass. Wann een d'Zuele vun den Affäre kuckt, da kënnt keen op de Gedanken ze soen, dass dat net richteg a korrekt wier, dass an der Justice méi rekrutéiert gëtt. Mä dat ass awer en fin de compte nach ëmmer nëmmen eng Personalfro, eng quantitativ Personalfro, déi beäntwert gëtt. Aner Problemer ginn duerch dëse Gesetzestext hei net berouert.

Mir hu ganz am Ufank, wou de Projet virgestallt ginn ass, eng Kritik formuléiert, déi vun de Kolleege vun der DP haut net widderholl ginn ass, obwuel se déi jo och opbruecht haten, an zwar déi vun der Form, wéi hei rekrutéiert gëtt. D'Regierung stellt eis e pluriannuele Plang vir, e Programm, deen awer duerch de Vote vun engem Gesetz, also duerch ee Vote komplett ka realiséiert ginn. Et ass, anescht ausgedréckt, eng Ausnahm zum Numerus clausus, déi de Justizminister iwwert dëse Wee vun engem Vote unique zougestane kritt.

Wuel ginn déi Leit net alleguerten an engem Joer agestallt. Dat zitt sech iwwer fënnef Joer hin. Mä et ass awer eng Prozedur, déi ee gutt kann heeschen, wann ee gesäit, dass d'Justice Leit bäikritt, awer déi een trotzdeem kann och mol eng Kéier kritesch hannerfroen. Aner Verwaltungen hunn déi dote Méiglechkeet bis elo net kritt, fir sech iwwer e pluriannuele Programm an engem Vote unique eng substanziell Verbesserung vun der Personalsituatioun ze stëmmen.

Mir sinn net géint eng pluriannuel Planung, au contraire. Mir sinn der Meenung, dass ee fir sämtlech Verwaltungen op dëse Wee hei kéint goen, dass sech mat e bësse méi Wäitbléck géing domadder beschäftegt ginn op Grond vun den Entwécklungen. Wou si Leit noutwendeg ? Wou gi Leit gebraucht? An dat wat hei gemaach gëtt, kann am Prinzip fir all Verwaltunge beim Stat och gemaach ginn. Et wier positiv, wann et och fir aner Verwaltunge beim Stat géing gemaach ginn, fir dass ee wierklech aus där Diskussioun Joer fir Joer erauskënnt an dass ee wierklech mat engem gewëssene Wäitbléck probéiert Problemer, déi strukturell Personalproblemer an enger Diskussioun ze regroupéieren.

Wat hei awer geschitt, dat ass, dass dann dee pluriannuele Plang fir fënnef Joer scho gestëmmt gëtt. Dat menge mir ass problematesch, a wa mer och déi Dokumenter liesen, déi zu dëser Form vu pluriannueler Planung gefouert hunn, do zielt notamment een Avis vum Statsrot dozou, dann huet de Statsrot eigentlech net dat heite bezweckt. De Statsrot huet viru Joren a sengem Avis bemängelt, dass keng Planung am Rekrutement vun der Justiz besteet. Hien huet domadder awer ni dofir plädéiert gehat, dass ee soll duerch ee Vote unique iwwer fënnef oder sechs Joer Leit rekrutéieren. Et geet ëm d'Planung, déi pluriannuel muss sinn, de Rekrutement soll awer no de Regele vum Rekrutement bei der Fonction publique am Prinzip all Joers nees stattfannen.

Dofir fanne mer, dass mer, och wa mer d'accord si mat deene Leit, déi rekrutéiert solle ginn - mir menge souguer, dass dat der zumindest an engem Beräich oder zwee Beräicher sécher net genuch sinn -, awer vläicht nach eng Kéier iwwert dëse Mechanismus hei missten nodenken. Och am Kontext mat anere Verwaltungen, well dat hei ka keng ofschléissend Äntwert sinn op d'Rekrutementspolitik vum Stat, och wa se elo selbstverständlech de Leit am Beräich vun der Justiz entgéintkënnt; doriwwer solle mer eis och freeën a mir maachen dat och domat.

Ee vun deene Beräicher, deen eiser Meenung no beim Rekrutement net gutt genuch ewechkomm ass, sinn d'Servicer vum SCAS. Wann ee kuckt, wat vun Eenzelne gefrot gi war, muss ee soen, dass mat dësem Fënnefjoresprogramm d'une façon générale de Wënsch méi oder wéineger konnt Rechnung gedroe ginn. Et verhält sech awer do anescht - dat hu mer an der Kommissioun gesot kritt - mat de Servicer vum SCAS, déi 27 zousätzlech Leit gefrot haten an déi schlussendlech musse mat sechs Leit zefridde sinn.

De Volet vun der Aarbecht am Beräich vun der Justiz, dee vum SCAS erfëllt gëtt, ass awer ee vun deene wesentlechen. Besonnesch wa mer eis mat deene Froe beschäftegen duerno, wéi Resozialiséierung, wéi den Entourage vun den Auteure vu kriminellen Akten, wéi d'Affer dovunner. Do ass wierklech eng Cellule, déi hei am Land eng extrem wesentlech Aufgab spillt, och am Beräich vun den Droits des victimes, déi eiser Meenung no mat méi engem héije Rekrutement hätt musse bedéngt ginn. An dofir brauch een och nëmmen d'Zuel vun den Aarbechten ze kucken, déi aus deene Berichter vum SCAS erausgeet; de SCAS huet jo insgesamt siwe Servicer, ech huele just d'Zuele vun dräi Servicer.

Bei engem ganz wesentlechen, dem Service de protection de la jeunesse bei den Enquêtes sociales, ass zum Beispill 2002-2003 d'Zuel bei 524 Enquêtë gewiescht, déi insgesamt 792 Kanner betraff hunn. Ee Joer méi spéit läit déi Zuel bei 648 Enquêten, bal ee Véirel méi, mat 969 Kanner, déi betraff sinn. Bei den Assistances éducatives ass et datselwecht Bild: 2002-2003 ware 516 Mineuren aus 328 Familljen dovunner betraff, an am leschte Joer, 2003-2004, waren dat scho 657 Mineuren aus 399 Familljen, déi betraff waren. An en drëtt Beispill, bei dem Service vun de Sanctions et mesures appliquées dans la communauté, méi prezis dem Volet vun de Sursis probatoires, waren och 2002-2003 ronn 220 Persounen dovunner betraff, mat 63 neien Dossieren, an dat Joer drop, 2003-2004, waren et 266 Persoune scho mat insgesamt 99 neien Dossieren, déi hu mussen opgemaach ginn.

Dofir menge mer, dass deen dote Service am Rekrutement mat Sécherheet ënnerbewäert ginn ass. Do wier vun der Regierung, eiser Meenung no, en zousätzlechen Effort ze liwweren, dee mir als Gréng och bereet sinn ze stëmmen, well mer mengen, dass déi Aufgab, déi vun deem Service iwwerholl gëtt, net héich genuch ka bewäert ginn an e wesentleche Maillon ass, wann een de Justizapparat als en Apparat gesäit, dee Gerechtegkeet soll produzéieren an net nëmmen Décisiounë soll produzéieren.

En zweete Service, deen eiser Meenung no och mat dësem Plan pluriannuel de recrutement net gutt genuch ewechkënnt, dat ass de Volet vun der Police judiciaire vun der Section économique et financière. Och doriwwer ass scho munchmol diskutéiert ginn. Mir wëssen, wat haut d'Situatioun an deem dote Service ass - an net nëmmen haut, och scho méi laang. Et ass tatsächlech esou, dass am Beräich vun de Failliten, vun de Faillites frauduleuses, a méi generell am Beräich vun der Wirtschaftskriminalitéit, ee mat Momenter an enger Situation de non-droit ass, doduerch, well een de fait d'Sanktioun net méi brauch ze fäerten, se kann mol praktesch net méi theoretesch applizéiert ginn.

Déi Ëmstänn a Mëssstänn sinn zënter laangem vun der Regierung bekannt - och vun der viregter Regierung - an et ginn ëmmer nees Problemer invoquéiert fir adequat Leit ze fannen, well selbstverständlech Leit, déi an deem Service do solle schaffen, eng ganz héich Qualifikatioun mussen hunn. Déi mussen déi Rouagë beherrschen, déi musse wëssen, wat dobausse lass ass am Beräich vun der Wirtschaft, notamment an deem Beräich vun der Wirtschaft, wou et net esou ofleeft, wéi et de Gesetzer no misst oflafen.

Et ass sécher net einfach esou Leit ze rekrutéieren, well Leit mat deene Capacitéiten natierlech och an der Privatwirtschaft kënnen hir Qualitéiten, wat d'Pai betrëfft, anescht ëmsetze wéi vläicht an enger normaler Carrière beim Stat. Mä et geet awer och iergendwann eng Kéier net méi duer ëmmer nees ze widderhuelen, dass een déi Problemer do huet, dass een déi Problemer och nach ka mam Numm benennen an dass een net dofir suergt, dass eng Léisung fir déi Problemer fonnt gëtt.

Dofir menge mer, dass och am Beräich vum Renforcement vun der Section économique et financière vun der Police judiciaire mussen Neel mat Käpp gemaach ginn. Mir fuerderen och dofir d'Regierung op, fir e konkreten a spezifesche Plan de recrutement opzestellen, dee souwuel den Noutwendegkeete vun Erfahrung wéi vu Kompetenzen, déi d'Leit solle matbréngen, soll gerecht ginn, och wann dat beinhalt, dass um Niveau vum Finanzement vun deem dote Service Effortë musse gemaach ginn.

Och do si mir als Gréng bereet d'Regierung ze ënnerstëtzen, wa se do wëllt Konkretes op den Dësch leeën, well soss ass et och an dësem Beräich wéi an aneren esou, dass et net vill hëlleft, dass mer um Niveau vun der Justiz, vun der Magistratur a vum Parquet Leit bäikréien, wa mer ënnen, um operationellen Niveau déi Agenten net hunn, déi kënnen de Riichteren an de Juges d'instruction déi Dossierë preparéieren an zesummeleeën, déi si brauchen, fir hir Décisioune kënnen ze huelen.

Dat ass am Moment mat Sécherheet net de Fall am Beräich vun der Criminalité économique - an dat ass net nei. Dat ass e Volet, wou de Justizminister, dee scho méi laang déi Fonctioun huet, sou lues un de Punkt kënnt, wou seng Verantwortung engagéiert ass a wou hien net méi kann nach weiderhin drop verweisen, wéi schwiereg et ass an deem Beräich ze rekrutéieren, mä wou hien da muss Äntwerten op den Dësch leeë wéi et da muss anescht sinn, fir dass mer déi Leit kréien, déi mer brauchen. Soss muss een ee fir allemol soen: Mir wëllen dat net, dass an deem Service genuch Leit schaffen, mir toleréieren dat an déi Duldung huet bei eis System. Eng drëtt Äntwert gëtt et - no all deene Joren, wou Dir d'Verantwortung hutt an deem Dossier - eiser Meenung no sou lues net méi.

E lescht Wuert, fir och ze soen, dass mer och do, Här Minister, un Är Verantwortung als Gréng rappeléieren, well Der dee Ressort schonn esou laang ënner Ärer Responsabilitéit hutt. Et gëtt elo och Zäit, dass an anere Beräicher Neel mat Käpp gemaach ginn.

Mir hunn de Moien an der Commission juridique e Projet gehat, dee sech mat Detailfroe beschäftegt, déi wierklech net onwesentlech sinn, fir an der Praxis an am Alldag vun der Justiz kënne Verbesserungen ze maachen. Mir mengen awer och, dass Der op enger ganzer Partie wichtegen Theme vill Äntwerte schëlleg bliwwe sidd a wou Der och esou lues, eiser Meenung no, gefuerdert sidd fir ze reagéieren.

Dat ass eben am Beräich vun de Rechter vum Justiciable, deen zu Recht wëll, dass d'Justiz rapid a performant ass; och am Beräich vun de Verbesserunge vun den Droits de la défense, wou mer och do op e Korpus berouen, dee mëttlerweil schonn eng ganz Partie Joren um Bockel huet, wat grondsätzlech keng Kritik ass, dat soll scho stabel sinn, mä wou mer eis awer elo erëm eng Kéier misste mat enger neier Couche Reformen och an deem dote Beräich méi seriö beschäftegen; am Beräich vum Affer-schutz, am Beräich vun de Rechter vun den Affer, Stéchwuert «Protection des témoins», wouriwwer ee ka gedeelter Meenung sinn, mä wou awer eng seriö Diskussioun nach muss gefouert ginn. Och wann de Minister an engem Bréif un de Statsrot schonn deen dote Volet aus engem Gesetzesprojet wollt eraushuelen, si mir der Meenung, dass een déi Diskussioun awer muss als Parlament féieren.

Mir mengen och, dass de gesamte Volet vum Suivi vun de Condamnéierte muss e bësse méi seriö diskutéiert gi wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, Stéchwuert Bracelet électronique, Stéchwuert neit Prisongsgebai, well mir wëssen och, dass ouni adequat Raimlechkeeten all Konzepter, déi an engem Prisong musse wierken, fir dass den Effort de resocialisation ka funktionéieren, Makulatur bleiwen.

Och do sinn Aussoe vun der Regierung mëttlerweil dréngend noutwendeg. Dofir menge mer, dass mer mat dësem Projet hei wuel en noutwendege Projet maachen, an dofir bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Text, mä dass dat heiten awer just deen éischte Volet ass vun enger Politik, déi am Beräich vun der Justiz nach muss mat Sënn a mat Liewe gefëllt ginn, a wou d'Zäit mëttlerweil géint d'Regierung spillt, well schonn ze vill Zäit an deem Dossier do verluer gaang ass.

Mat dëse Wierder soen ech nach eng Kéier Merci fir Är Opmierksamkeet a si gespaant op dem Här Minister seng Äntwerten.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et gesäit een, datt, wann de Justizminister mam Budgetsminister schwätzt, et dann heiansdo ganz positiv Resultater ka ginn. Et ass evident, datt d'Justiz muss méi Leit hunn, datt muss also méi dran investéiert ginn, well mer gesinn, datt dee ganzen Apparat schwéierfälleg ginn ass, datt en dee Volume vun Affären net méi packt, an dat huet e puer Ursaachen.

Déi eng Ursaachen, déi leie beim Personal. Duerfir ass och ze begréissen, datt een op de Wee geet, fir zousätzlech Riichteren ze kréien. Mä et ass net nuren eng Affär vum Personal um Niveau Riichteren; et ass och eng Affär vu Prozeduren, déi musse reforméiert ginn, a vu

Gesetzer, déi musse kommen. An och vu Personal wat niewent de Riichtere gebraucht gëtt, sief et um Niveau vum Greffe, sief et um Niveau vun dem SCAS oder vun anere Begleedungsmoossnamen, vun der Police an esou weider. Et ass en Ensemble, wat muss geléist ginn.

Wat de Rekrutement ugeet, esou wäert sech de Stat an nächster Zäit - an ech mengen, datt dat scho misst am Laf vum nächste Joer sinn, - Gedanke maachen, op wat fir engem Niveau universitaire mer nach rekrutéieren. Bis elo si véier Joer Universitéit gefrot ginn, mä et gesäit een, datt, en vue vun de Reformen, déi um Niveau universitaire geschéien an Europa, mer do op fënnef Joer Universitéit musse goen a wäerte goen, datt dat schonn amgaangen ass, an datt deen Ablack d'Verwaltung, déi staatlech an déi Gemengeverwaltungen alleguerten an och bien entendu d'Justiz, muss hei Adaptatioune kréien an en héijere Rekrutement froen.

Bien entendu mussen et och do lwwergangsléisunge gi fir déi Leit, déi elo scho kënne Riichter ginn an déi an de Konditioune leien. Mä och do wier ech frou, wann d'Regierung endlech géing Neel mat Käpp maachen a kloer soen, wéi déi Besoinen, wéi déi Evolutioun soll an Zukunft stattfannen. Well et ass kloer, wann ee Joer méi gefrot gëtt, datt dat herno och e Retard vun engem Joer an de Rekrutementer gëtt, à tous les niveaux, an doduerjer wäerten dann zousätzlech Engpäss kommen. Duerfir ass et scho richteg, datt elo an enger éischter Phas e Plang vu Rekrutement zréckbehale ginn ass.

Nach muss ee festhalen, datt sech nach aner Problemer um Niveau vum Personal stellen an de Geriichter. Dat ass deen, ganz kloer an evident, vum Greffe. Et ass net an der Rei, datt lauter Leit mat engem DAT oder mat ähnlechen Zäitverträg a semi-chômage-ähnleche Prozedure leien. Déi Leit si motivéiert fir dohinner ze kommen, fir eng Formatioun ze maachen, an esou laang wéi se kënnen an deem Service bleiwen, maache se och eng gutt Aarbecht.

Wa se héieren, datt et net zu enger definitiver Ustellung kënnt, da geet natierlech d'Aarbechtsmoral erof, wat mënschlech verständlech ass. Et kommen Iertemmer; dee ville Changement, och nach an dem Personal, zitt mat sech, datt beim Parquet periodesch Plaintë kommen, well ganz Dossierë verluer gaange sinn, oder well kee méi weess, wou den Dossier dann an enger Prozedur stécht. Ech mengen, dat sinn Dysfonctionnementer, déi net gutt sinn.

Deen zweeten Dysfonctionnement, deen ee wierklech kann uprangeren, dat ass, datt duerch d'Evolutioun vun den Affären, notamment a Matière économique - Failliten, Banquerouten - do eng ganz Mass vun Infractions économiques a vu Plaintë gemaach gi sinn, datt enorm Plaintë gemaach gi sinn, déi keng Effetë kréien. Wann Der haut eng Plainte eragitt wéinst enger Banqueroute frauduleuse oder enger Escroquerie, an Dir kritt da vun der Police judiciaire geäntwert, si géingen an e puer Joer drun denken a kucke fir kënnen d'Enquête unzefänken, dann ass iergendeppes faul, da muss sech iergendeppes änneren.

An et ass begréissenswäert natierlech, datt mer elo méi Leit bei der Police deelweis erageholl hunn. Et ass och begréissenswäert, datt mer méi Leit am Personal kréien um Niveau vun de Riichteren. Mä et bleift e Problem vun Arriéréën opschaffen. An doduerjer ginn ech net midd ze widderhuelen, datt ee muss zwou wesentlech Reforme virhuelen, um Niveau vun de Faillitë fir d'éischt.

Dat eent ass, datt een, prioritär, professionell Curateuren asetzt fir déi Affären, déi méi komplex sinn, an datt een déi natierlech och uerdentlech rémunéréiert, wat ablécklech net de Fall ass, a wou et natierlech zu Lenteurë féiert, wann en Affekot déi Aarbecht vum Curateur niewebäi muss maachen, niewent senger ordentlecher Aarbecht, a sech net voll op komplex Prozeduren a Matières pour faillites ka konzentréieren.

Wann dann en Affekot am Laf vu sengen Investigatiounen a vu sengen Aarbechten um Niveau Curateur schafft an e fënnt eraus, datt d'Méiglechkeet wier fir eng penal Plainte ze maachen um Niveau vu Banqueroute oder vu soss enger strofrechtlecher Aktivitéit, mécht en alles fir datt et net dozou kënnt. Woufir? Well e weess, wann dann nach eng Kéier véier Joer muss instruéiert ginn, kritt deen nach eng Kéier während véier oder fënnef Joer den Dossier vu senger Faillite net zougemaach.

An dat bréngt jo ganz vill Ierger bei de Leit dobaussen, déi Victime si vun Escrocen, a wou een och gesäit, datt een, deen normalerweis misst am Prisong sëtzen, well e wirtschaftlech kriminell gehandelt huet, dann nees kuerz Zäit drop erëm kann ënner enger anerer Form eng Autorisation de faire le commerce hunn an nees weiderfueren, wat mat enger Matière pénale net méiglech wier.

Et muss een och bedaueren, datt mer keng Reform virhuele vun dem Banqueroutesgesetz, dat heescht, datt wann een ee Fait pénal bewisen huet, deen Ablack d'Banqueroute etabléiert wier. Am Ablack ass et esou, datt, wa siwen oder aacht Punkte mussen etabléiert ginn, da muss d'ganz Aarbecht fir déi siwen oder aacht Punkte gemaach ginn, ier d'Enquête vun der Banqueroute etabléiert ass a kann duerchgezu ginn.

Do bréngt dat natierlech vill méi Aarbecht, souwuel um Niveau vun der Police judiciaire wéi um Niveau vun de Riichteren, vun den Affekoten, an dat zitt d'ganz Prozeduren an d'Längt, a wa mer wëllen den Arriéré opschaffen, da muss hei eng Reform kommen um Niveau vu professionelle Curateuren an um Niveau vun de Konditiounen, ënnert deenen eng Banqueroute frauduleuse kann etabléiert ginn.

Da si mer amgaangen an der Commission juridique, an dat begréisse mer, verschidde Prozedurreformen ze diskutéieren, notamment d'Matière criminelle.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet an ech bieden och drëm fir dobaussen ze telefonéieren, net heibannen. Fuert virun, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Merci, Här President.

Dat féiert och dozou, datt mer manifestement, wann déi Gesetzgebungen elo duerchkommen, an dat begréisse mer och, wäerten zu enger Accélératioun vun e puer Prozedure kommen. Nach muss een ëmmer kucken, wéi dat an der Praxis sech auswierkt, mä dat Wichtegst ass, datt mir op jidde Fall am Parlament ons Aarbechte musse maachen.

En drëtte Punkt, deen ons wichteg schéngt, dat ass, datt ee sech iwwerleet, ob een net verschidde Procédure-judiciairen, wéi d'Ordonnance de paiement an Ähnleches, soll op d'Voie électronique bréngen. Mir gesinn, datt dat an der Belsch, a Frankräich, an Däitschland, geet, datt iwwert dee Wee eng Justice électronique méiglech ass, datt dat schonn iwwert d'Joer fonctionnéiert, datt et gutt fonctionnéiert, an datt dat en heeden Opwand fir kleng Affäre ganz staark vereinfacht a méi effikass gemaach huet.

Här Minister, Dir wësst oder Dir wäert et gewuer ginn, datt ech an deem Sënn och un lech eng Question parlementaire stellen, fir ze kucken, ob een net soll op dee Wee goen, esou wéi d'Ausland ons et virgezeechent huet.

Dat sinn déi wesentlech Reformen, déi musse kommen um Niveau vum Personal, vun der Prozedur, an um Niveau vun deenen eenzelne Komponenten, déi sech verschiddenen Infraktiounen oder Gesetzgebungen unhuelen, déi manifestement zäitraubend sinn an déi net vill Konkretes bréngen.

Da wëll ech, well dat jo och hei an der Debatt komm ass, begréissen, Här Justizminister, datt Der en Enn gesat hutt där Iddi vum anonymen Denunziantentum. Ech mengen, dat wier e Wee gewiescht, dee mer garantéiert mat Iech net gaange wieren, wou een och gesinn huet bei ganz villen Affekoten, dass dee Wee op jiddfer Fall dee falsche Wee gewiescht wier, an duerfir wëlle mer Iech och félicitéieren, datt Der als Regierung décidéiert hutt, dee Wee do opzeginn.

Dat gesot, Här Minister, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen, well et en Zeechen ass an déi gutt Richtung, mä et geet mat dësem engen Zeechen net duer. Et mussen nach e puer anerer nofollegen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Domat ass d'Debatt ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dem Rapporteur, dem Här Patrick Santer, Merci soe fir dee Rapport, deen, wéi ech hei konnt feststellen, eng ganz breet Zoustëmmung an dësem Parlament kritt.

Selbstverständlech wann ee Leit de Servicer bäigëtt, dann ass dat am Fong eppes, wat vun alle Säite misst Zoustëmmung fannen. Ech soen awer ëmmer erëm: Et ass einfach Leit ze fuerderen. Et muss een dat ëmmer an engem globalen Kontext gesinn, well quasi all staatlech Servicer froen, et feelen nach Leit, an duerfir muss een ab engem gewëssene Moment natierlech ëmmer tranchéieren.

Ech hätt och gären, wéi déi Gréng, dem SCAS nach méi Leit bäiginn. Mir mussen awer drop hiweisen, datt mer an deene leschten zéng Joer grad dee Service enorm ausgebaut hunn. Datt déi nach méi Leit brauchen, dat ass richteg, mä ech soen nach eng Kéier, an ech gesinn dat och elo erëm, wou d'Demandë fir den Numerus clausus kommen: Et ginn Honnerte vun zousätzleche Beamte ganz iwwert de Stat gefrot, an duerfir muss een da Prioritéite setzen.

Dir gesitt an dësem Projet de loi, datt mer versicht hunn hei fir d'zweete Kéier mat engem pluriannuele Programm d'Personal vun de Geriichter substanziell opzestocken. An ech héieren ëmmer erëm: „Et leeft jo näischt während der Présidence." Mir stelle fest, datt mer hei fir d'Justizwiesen och während der europäescher Présidence eis drëm bekëmmert hunn an hinnen op enger substanzieller Aart a Weis hei ënnert d'Äerm gegraff hunn.

Et muss een d'Chiffere mol kucken. Et gëtt geschwat vum nächste Programme pluriannuel, mä mir hu viru fënnef Joer fir d'éischte Kéier mol déi Iddi vun engem Programme pluriannuel gemaach, a wann ech kucken, wéi vill Riichtere mer 1994 haten, an ech kucken um Enn vun deem Programme pluriannuel, deen Dir héchstwahrscheinlech haut stëmmt, da geet d'Zuel vun de Riichteren zu Lëtzebuerg an där Zäitspan, 1994 bis 2009 - et sinn also dräi Legislaturperioden - ëm 65% erop. Ech soen et nach eng Kéier: ëm 65% erop.

Wat fir eng Statsverwaltung krut esou vill Leit? Dat ass, well déi sukzessiv Regierungen, an deenen ech Justizminister war, dach eppes gemaach hunn. Dat soen ech och dem Här Braz, dee seet, et wier näischt geschitt: Do sinn also 65% an där Zäitspan u Personal bäikomm.

Derniewent sinn eng ganz Rei aner Elementer komm, well ech mengen, an ech hunn dat ëmmer erëm gesot, an ech deelen déi Meenung, déi vu villen Deputéierten hei gesot ginn ass, datt et selbstverständlech net duer geet mam Personal. Ech hunn intensiv Diskussioune mat der Magistratur, mat der Polizei gehat. Duerfir war et och gutt, datt een déi zwou Kompetenzen zesummegeluecht huet, fir ze kucken, datt mer zesummen nach méi effikass schaffen, grad och am Beräich vun der Wirtschaftskriminalitéit. An do wäert et och ëmmer esou sinn, datt trotz enorme Renforcementer an enormen Effortë fir e Concept de police judiciaire ze hunn, wou och haut Parquet, Untersuchungsriichter a Police vill besser zesummeschaffen, datt och an Zukunft eng Rei vun deenen Affären an der Wirtschaftskriminalitéit wäerte laang daueren, bis se kënnen opgekläert ginn, well et an der Natur vun deenen Affäre läit, déi esou komplex sinn, datt dat enorm komplizéiert ass an och d'Äntwert dorobber net nëmmen ass méi Leit bäizesetzen.

Ech mierken hei, och grad aus deenen Aussoe vun deene Gréngen, datt eng ganz grouss Onkenntnis schéngt do ze sinn oder schlecht Informatioun vun eiser Säit iwwert dat, wat um Terrain do leeft. Duerfir invitéieren ech se ganz häerzlech, fir datt mer eng Kéier zesumme bei d'Police judiciaire ginn, zesumme bei de Parquet ginn, datt se mol kënne gesinn, wéi vill Stonnen a Stonnen ech an deene leschte Jore grad doranner investéiert hunn a wéi positiv och d'Resultater sinn.

Ech hunn net méi spéit wéi gëschter Moien um 9 Auer eng Entrevue gehat mat Parquet a Police judiciaire, fir de Point ze maachen iwwert d'Ëmsetzung vun deem, wat mer an där viregter Regierung décidéiert hunn: déi besser Zesummenaarbecht tëscht deenen zwee an d'Prioritisatioun vun den Affären. An deen éischte Bilan ass positiv, mä et bleift ganz vill ze maachen. An ech mengen, et gëtt ni eng Situatioun, wou all déi Affäre kënne gekläert ginn, well och am Ausland d'Komplexitéit esou ass a ganz oft d'grenziwwerschreidend Aspekter esou sinn, datt et ganz schwiereg ass, all déi Elementer kënnen op eng absolut zefridde stellend Aart a Weis iwwert d'Bühn ze kréien.

Ech stellen hei fest, datt mer d'Personal vun der Magistratur enorm renforcéiert hunn. Dat muss zesummegoe mat enger besserer Organisatioun vun de Geriichtsbarkeeten, wou d'Geriichtsbarkeete selwer natierlech och hiren Deel musse bäidroen, an zesummegoe mat prozeduralen Elementer. An och do akzeptéieren ech duerfir net de Reproche, datt näischt geschitt wär, well Dir hutt selwer gesinn, an duerfir och d'Kontraditioun vu verschiddene Leit heibannen, wéi vill Projet-de-loië mer déposéiert hunn, déi grad d'Prozedure solle verbesseren. Een hu mer de Moien nach an der Commission juridique beschwat, an ech sinn och frou hei gemierkt ze hunn, datt vill Leit dat ënnerstëtzen, wat ech an deem Kontext gemaach hunn.

Mä mir brauchen net nëmmen eng méi einfach Instructioun, mir brauchen och Gesetzgebungen, wéi zum Beispill am Beräich vun der DNA-Analys an der Datebank, well mer soss a grenziwwerschreidender Kriminalitéit iwwerhaapt net kënnen effikass matschaffen. Mir mussen eng ganz Rei vun aneren Instrumenter, déi ech schonn oft exposéiert hunn, maachen, well nëmmen da kréie mer eng besser Kriminalitéitsbekämpfung, méi Sécherheet an domadder méi Fräiheet.

An ech mengen, wa mer de Bilan maache vun deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass, da gesi mer, datt substanziell Progrèsë geschitt sinn. D'Leit mierken dat, och wa mer international Vergläicher maachen an der Kriminalitéitsbekämpfung, an der Sécherheetssituatioun bei eis an am Ausland. Duerfir sinn ech frou, datt mer fir dëse Projet, wat wéi gesot een Element vu villen ass, hei kënnen de Mëtte mat breeder Zoustëmmung hoffentlech d'Approbatioun fannen. An da mussen déi Leit agestallt ginn.

Et huet jo och kee Sënn, ze vill Leit ab engem gewëssene Moment anzestellen, well et muss een och nach Leit kréien, déi mat Engagement a mat Qualitéit déi Aarbecht kënne maachen. Duerfir, mengen ech, ass et gutt och op de pluriannuele Wee ze goen, fir all Joers e puer gutt Juriste kënnen an der Magistratur derbäizesetzen, fir eng Aarbecht, déi net einfach ass, an déi eis Unerkennung ganz oft verlaangt. Well et komme ganz vill Affäre virun d'Geriichter, an ech mengen, dat héiere mer jo och an de Medien, mä dat ass nach nëmmen een Deel dervun, well dat ass just d'Strofrecht. Et gëtt vill aner Beräicher, an deenen enorm vill geschitt a wou ech frou wär, wann och d'Commission juridique sech géing déi Chifferen ukucke vun den Uerteeler, déi vun deenen eenzelne Juridictiounen am Land gesprach ginn, an da gesäit ee wéi vill Aarbecht ufält, wéi vill Aarbecht evakuéiert gëtt an da kënne mer gären iwwer Problemer diskutéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5454 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5416, e Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg an Argentinien. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Thiel. Här Thiel.

6. 5416 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, mir sollen elo hei eisen Accord ginn zu engem sou genannten Duebelbesteierungsofkommes; deen Terme ass natierlech falsch. Et sinn Ofkommesse fir d'Duebelbesteierung ze évitéieren. Mä et huet sech esou agebiergert, datt een dat Duebelbesteierungsofkommes nennt.

Wat ass hire But? Ech brauch et net laang ze erklären. Et ass fir ze évitéieren, datt wann eng Firma - et kënnten natierlech och privat Persoune sinn - an zwee Länner zugläich aktiv ass, an deem enge Land hir Residenz huet an an engem anere Geschäfter mécht, datt se net zweemol zur Oder gelooss gëtt vum Fisc.

Dat erkläert Iech och firwat déi Duebelbesteierungsofkommessen, déi Lëtzebuerg bis elo ofgeschloss huet, ëmmer iergendwéi als Background eng vun deene grousse Lëtzebuerger Multinationalen hat. Dobäi hu mer der net extra vill, mä mir hunn der e puer, an deemno wou déi aktiv wollte ginn, an ech schwätzen do da besonnesch vun der ARBED an der Vergaangenheet a Paul Wurth, an entre-temps och nach aneren Entreprisen, wéi zum Beispill Cargolux, sinn déi op esou Duebelbesteierungsofkommes ugewisen.

Mir hunn der am Moment 46, déi am Lafe sinn. Et sinn der nach dräi ënnerwee: Lettland, Litauen an Israel sinn am Tube, also déi wäerte mer deemnächst och nach hei op den Dësch kréien, an elo hu mer Argentinien. Mä Argentinie gëtt net dee 47. Accord, well deen Accord mat Argentinien ass e bësse speziell. Et ass e limitéierten Accord. Déi 46, déi mer bis elo lafen hunn, si global Accorden, déi bezéie sech op d'ganz Ekonomie, op all Beräicher vun der Ekonomie, während deem deen, iwwert dee mer haut schwätzen, nëmmen op een Domän beschränkt ass, an dat ass d'Aviatioun. Et ass vläicht e bësse besonnesch, datt et e limitéierten Accord ass. Et ass awer allerdéngs keng Première, well mir hate schonn an der Vergaangenheet zwee- oder dräimol esou limitéiert Accorden, déi sinn awer ëmmer duerno ausgedehnt ginn an zu globalen Accorden erweidert ginn. An et ass net ausgeschloss, datt deen, iwwert dee mer elo schwätzen, och deemnächst „globaliséiert" gëtt - zwësche Gänseféisercher -, wat op alle Fall mol duerchblécke gelooss ginn ass vun der argentinescher Säit.

Op wat limitéiert den Accord sech dann? Mä engersäits op d'Besteierung vun de Benefissen an der internationaler Fligerei, an dat implizéiert souwuel d'Locatioun, déi verschidde Locatioune vu Fligeren; et implizéiert och - an do gesitt Der schonn direkt, ëm wéi eng Firma et hei geet - d'Utilisatioun, d'Locatioun vu Frachtcontaineren. Dann implizéiert et sech op d'Bezuele vu Leit, déi an de Fligere schaffen, wou déi hir Steiere bezuelen, a selbstverständlech dee Moment laut dësem Accord hei zu Lëtzebuerg. Da gëtt och behandelt, wa Fligere verkaf ginn an et gëtt e Benefiss realiséiert, wou dee versteiert gëtt, an da schliisslech och nach déi Verméigenssteier, déi sech op de Besëtz vun deene Gesellschaften, an dësem Fall also op d'Avionen, bezitt.

Et war de Wonsch vun den Argentinier, wéi gesot, dat ze limitéieren. Et ass awer net ausgeschloss, datt do eng Erweiderung kënnt. A wa mer soen, et ass limitéiert op d'Aviatioun, da wësse mer schonn, wien deen eigentlechen, oder fir de Moment eenzege Benefizient dovunner ass: Dat ass d'Cargolux. D'Cargolux operéiert an Argentinien, a fir d'Cargolux ass dat hei e wichtegen Accord, iwwert dee mer haut hei ze befannen hunn.

De Statsrot hat weider keng Kommentaren ze maachen zum Accord. En huet awer just eng Remarque gemaach, an déi ass e bëssen eegenaarteg. En huet gesot, oder en huet ugemahnt, datt hei net en Accord, net en Duebelbesteierungsofkommes géif traitéiert gi vun der Chamber, ouni datt d'Regierung den Avis vun der Chambre de Commerce gefrot hätt. En huet dobäi gesot, well et geet jo schliisslech awer hei ëm eng Gesellschaft, déi zu de Ressortissantë vun der Chambre de Commerce gehéiert. Dat ass eng Iwwerleeung, déi ee ka gëlle loossen.

Et kann ee sech awer och froen, wéisou da bei all deenen aneren Accorden, déi global Accordë sinn, och ni en Avis vun de Chambres professionnelles gefrot ginn ass. Wéi gesot, dat ass e Punkt, iwwert deen ee sech eng Kéier kann en marge vun dësem Accord ënnerhalen.

Well wahrscheinlech, wa se gefrot gi wär, d'Chambre de Commerce och mat d'accord gewiescht wär mat dësem Accord, well en och eiser Ekonomie oder op d'mannst engem Deel vun der Ekonomie zegutt kënnt kann ech och hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech hoffen, datt d'Chamber sech deem uschléisst an ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. An d'Wuert huet den éischte Riedner, den Här Goerens.

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, ech hunn den Ausféierunge vum Här Thiel näischt méi bäizefügen, an ech géing den Accord vu menger Fraktioun fir deen excellente Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Rapporteur Merci soe fir seng excellent Aarbecht a ginn heimadder och den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

M. le Président.- Gutt, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Regierung schéngt d'Wuert net wëllen ze ergräifen. Da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M Charles Goerens), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum leschte Projet de loi fir haut. Et ass de Projet 5334 iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Romain Schneider.

7. 5334 - Projet de loi modifiant

1. la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle

2. le Code des assurances sociales

3. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

4. la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi

5. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet

6. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5334 ass e Projet, deen den 28. Abrëll 2004 vum deemolege Minister vun der Gesondheet an der Sécurité sociale Carlo Wagner déposéiert gouf. E war néideg gi fir eng Rei vun Ännerungen, spréch Verbesserunge vum Gesetz vum 25. Juli 2002 virzehuelen. D'Ausféierunge vun deem Gesetz hunn an der Praxis eng Rei Problemer opgewisen.

Virun allem d'Beschleunegung vun de Prozeduren, déi duerch dëst Gesetz sollte kommen, konnt net agehale ginn, mä au contraire, d'Situatioun huet sech deels verschlechtert. Dëst war deels och dorobber zréckzeféieren, datt déi Verwaltung, déi d'Gérance vun den Décisioune vun der Commission mixte sollt maachen, dat heescht d'ADEM, net dat néidegt Personal hat, fir dëser neier Missioun nozekommen.

Doniewent war de Fait, datt eng Persoun, déi an den Zyklus vun der Réinsertioun sollt kommen, fir d'éischt huet missen eng Demande fir eng Pension d'invalidité stellen, sech als net glécklech erwisen.

Am Projet de loi 5334 gouf also elo probéiert dës Mëssstänn ze verbesseren. Dobäi koum den 21. Dezember 2004 dat neit Gesetz iwwert d'Modifikatioun vum Code des assurances sociales, dee fréiere Projet de loi 5322.

Souwuel d'Gesetz vum 21. Dezember 2004 wéi de Projet de loi 5334 si jo am Kontext ze gesi vun de Moossnamen, déi am Comité de coordination tripartite geholl goufen, fir dem Defizit vun de Krankekeesen entgéintzewierken. An zur Erënnerung, dëst Gesetz vum 21. Dezember 2004 huet jo grondleeënd Ännerungen am Code vun den Assurances sociales bruecht, zum Beispill datt no zéng Woche Krankmeldung an enger Période de référence vun 20 Wochen, een Avis motivé vum Médecin traitant gefrot gëtt, dee sou genannten R4-Formulaire.

Dësen R4 muss dem Contrôle médical vun der Sécurité sociale erlaben, den Assuré op dee System ze orientéieren, dee fir hien adaptéiert ass, entweder weider Krankmeldung oder d'Invalidepensioun oder eng Réinsertion professionnelle. A grad bei enger Incapacité de travail, fir dee leschte Posten, spillen d'Mesuren, déi an dësem Projet de loi, dee mer elo diskutéieren, virgesi sinn, an op déi wäert ech elo e bësse méi am Detail agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech der Presidentin an de Membere vun der Kommissioun an dem Sekretär vun dëser Kommissioun e grousse Merci soe fir hir gutt an effikass Mataarbecht bei der Analys vun dësem Projet an déi excellent Rapporten; derniewent dem Minister a senge Mataarbechter fir hiert oppent Ouer an hir kompetent Begleedung.

Merci wollt ech och deenen eenzelne Chamberen a Gewerkschaften soen, souwuel dem Salariat wéi dem Patronat fir hir Gespréicher a schréftlech Stellungnahmen. Och wann d'Bemierkungen net all konnte berücksichtegt ginn, war et wichteg e konstruktiven Austausch ze maachen, fir d'Gesetz esou gutt wéi méiglech ze maachen. An der Zukunft wäerten, jo musse mer op dës Remarquë mat Sécherheet nach agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer elo de Projet Artikel fir Artikel duerchzegoen. Niewent mengen Ausféierungen, mengen ech, ass et wichteg, datt Dir op de Schema, deen am Rapport läit, eng Kéier kuckt, well deen am Prinzip déi eenzel Fäll ganz kloer duerstellt a beschreift. An ech ginn eng Kéier kuerz op de Schema an: Dir hutt also eng Persoun, déi an enger Krankmeldung ass, déi kritt no der sechster Woch dee sou genanntenen R4-Formulaire, deen ech zitéiert hunn, geschéckt. Dëse Formulaire geet spéitstens no der zéngter Woch zréck un den CMSS, also de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, an et kënnt an deem Moment een Avis vun dësem Contrôle médical de la sécurité sociale.

Da gëtt et véier Méiglechkeeten. Déi éischt Méiglechkeet ass déi: Ass den Assuré net méi krank, an deem Moment hält d'Krankegeld op, ass den Assuré nach ëmmer krank, geet d'Krankegeld virun, ass den Assuré invalide fir de ganze Marché général de l'emploi, an deem Moment geet den Dossier virun, et gëtt een Antrag op eng Invalidepensioun gestallt an den Dossier kënnt bei eng Décisioun vun der Caisse de pension.

Dann de véierte Fall - deen, dee mir de Mëtteg diskutéieren -, ass den Assuré incapabel fir säi leschte Posten auszeüben, an deem Moment geet den Dossier mam Accord vum Assuré virun un d'Commission mixte. D'Commission mixte saiséiert an deem Moment de Médecin du travail, dee gëtt en Avis, an dee Moment kënnt den Dossier zréck an d'Commission mixte an déi décidéiert dann iwwer e Reclassement interne oder externe.

Dat kuerz zum Schema, e Schema, mengen ech, dee kloer Weeër weist, déi am Prinzip kënne lafen, déi véier Méiglechkeeten, an do dertëschent natierlech eng Rei Interferenzen, déi kënnen tëschent deenen eenzelne Schemae bestoen.

Doniewent awer, mengen ech, géif een och déi eenzel Artikelen eng Kéier opféieren an hei déi Neierungen, déi an deenen Artikele sinn, nach eng Kéier eraussträichen.

Den Artikel 1 gesäit vir, datt den Aarbechter muss een Aarbechtskontrakt hunn an deem Moment wou festgestallt gëtt, datt hien eng Incapacitéit huet fir säi leschten Aarbechtsposten ze maachen a säin Zoustand net deen ass, fir eng Invalidepensioun ze kréien. Et kënnen nach vun engem Reclassement profitéieren: éischtens, déi Persounen, deenen d'Invalidepensioun entzu gouf, dat laut Artikel 193 vum Code des assurances sociales, an déi Persounen, déi Krankegeld kruten, a wou de Kontrakt no 26 Wochen opgeléist gouf oder wou de Kontrakt opgehal huet indépendamment vun hirem Wëllen.

De Reclassement interne am Privatsecteur ass e Reclassement innerhalb vum Betrib während am Secteur public ass et e Reclassement innerhalb vun der Administratioun oder vum Service public d'origine.

Bei engem Reclassement interne mat enger Reduktioun vun der Aarbechtszäit dierf dës Reduktioun net méi wéi 50% iwwersteigen ausser enger Décisioun, déi de Comité mixte a speziellen Ausnahme kann huelen an da maximal 75% ka bedroen.

De Reclassement externe besteet an engem Reclassement um nationalen Aarbechtsmarché.

Ass gezwongen den Aarbechter ze reclasséieren, dee Patron, dee méi wéi 25 Salariéë beschäftegt an net den Taux vu Salariéë beschäftegt, déi virgesi sinn am Gesetz vum 12. September 2003 iwwert d'Personnes handicapées.

Wann et bei engem Reclassement interne zu enger Diminutioun vum Salaire kënnt, huet de Salarié Recht op eng Indemnité compensatoire, déi den Ënnerscheed duerstellt vu sengem ale Loun op deen neie Loun, an dat no enger Rei vu Prinzipien, déi an dësem Projet de loi beschriwwe sinn. D'Adaptatioun gëtt net nëmme gemaach op den Index, mä och op den Ajustement wann een Amendement vun der Kommissioun nodréiglech ageriicht gouf. D'Indemnitéit bleift och bestoe beim Wiessel an een anere Betrib an d'Indemnitéit gëtt doniewent och verrechent wa Chômage duerno spillt, sou wéi och bei der Préretraite.

Op Grond vun engem Avis motivé kann ee Patron och dispenséiert ginn e Reclassement interne ze maachen, hie muss dem Salarié dann natierlech déi gesetzlech festgeluechten Indemnitéite bezuelen.

Dës Bestëmmunge fir de Reclassement interne säitens vum Patron gi vun engem Beamte vun der ADEM kontrolléiert.

Ass e Reclassement interne net méiglech, décidéiert d'Commission mixte e Reclassement externe. Dat heescht, d'Persoun ass d'office als Arbeitssuchende bei der ADEM ageschriwwen, deen Dag no der Notifikatioun vun der Décisioun vun der Commission mixte. Fënnt d'Persoun eng nei Aarbecht, ass natierlech d'Indemnité compensatoire och geschëllt wann d'Persoun vun de Servicer vun der ADEM offiziell op eng Plaz assignéiert gouf.

Déi Leit, déi keng Plaz fannen, hunn Urecht eng Demande fir Chômage ze stellen. Huet dës Persoun elo no 365 Chômage plus eng Verlängerung vu sechs, néng, zwielef Méint - déi dräi Datume kenne mir vu Verlängerungen, déi méiglech sinn - keng Plaz fonnt, sou kritt si eng Indemnité d'attente, déi deem entsprécht wat si als Invalidepensioun kéint kréien.

D'Persoun bleift an deem Moment och weider bei der ADEM ageschriwwen a muss och virun sech de Mesuren, déi vun der Verwaltung presentéiert ginn, ënnerwerfen a se akzeptéieren.

Och d'Frontaliere kënne viru vun deem Reclassement souwuel intern wéi extern profitéieren, allerdéngs bleift d'Indemnité de chômage esou laang en suspens wéi eng auslännesch Prestatioun besteet.

Eng weider Ännerung an dësem Projet de loi ass de Fonctionnement vun der Commission mixte. Et ass nei, datt et fir all Member ee Suppléant gëtt. D'Commission mixte gëtt assistéiert vu Fonctionnairë vun der ADEM aus dem Service des travailleurs à capacité réduite. D'Kommissioun kann hinnen och Kompetenze ginn. De Sekretär gëtt vum Aarbechtsminister bestëmmt, deen duerch ee Secrétaire adjoint ersat ka ginn. Déi aner Detailer an de Fonctionnement gi vun engem Règlement grand-ducal determinéiert.

Op dëser Plaz soll een och eng Kéier de Wee vun enger Saisie beschreiwen. Wann den CMSS mengt, eng Persoun hätt eng Incapacitéit, fir säi leschte Posten ze maachen, saiséiert hien d'Commission mixte mam Averständnis vun dem Betraffenen. Den CMSS informéiert de Patron duerch eng Kopie vun der Saisie.

Erfëllt de Betraffenen d'Konditioune fir e Reclassement interne oder externe, saiséiert d'Kommissioun den Aarbechtsdokter. Dëse convoquéiert de Betraffene banne 15 Deeg. Wann den Aarbechtsdokter feststellt, datt d'Persoun eng Incapacitéit huet, geet den Dossier un d'Commission mixte, déi d'Form vum Reclassement bestëmmt, entweder e Reclassement externe oder e Reclassement interne, an dat an engem Zäitraum, deen net 40 Deeg duerf dépasséieren.

Gëtt bei der Persoun keng Incapacitéit festgestallt geet den Dossier un den CMSS zréck an als Kopie un d'Kommissioun.

Am Artikel 20 gëtt dann nach preziséiert, datt deen Employeur de Contrat de travail net dierf opléisen tëschent der Saisie an der Notifikatioun vun der Décisioun vun der Commission mixte.

Am Artikel II fanne mir Modifikatiounen erëm, déi de Projet mécht wat d'Statute vum CMSS ubetrëfft; an hei ganz wichteg Ännerungen, déi och zousätzlech zum Projet de loi erakoumen, an dat virun allem och op Grond vun der Motioun, déi mir de 15. Dezember 2004 hei an dëser Chamber am Kader vum Projet de loi 5322 gestëmmt hunn.

Hei goufe säitens der Kommissioun - wéi ech gesot hunn - eng Rei vun Amendementer gemaach, fir schwiereg Situatioune bei der Applikatioun virun allem vum Gesetz vum 21. Dezember 2004 ze maachen. Dëst also ganz no der Motioun, wéi si deemools hei ofgestëmmt gouf.

Et gëtt d'Méiglechkeet geschaf an Häertefäll déi virgesinne Referenzperioden ze adaptéieren, sou wéi d'échéance ze reportéieren, dëst souwuel bei der Period vun zéng Wochen, wéi och bei der Period vun den 104 Wochen, wéi am Gesetz virgesinn.

Den Artikel preziséiert och, datt an Zukunft d'Krankegeld duerch Virement ausbezuelt gëtt. Exceptiounen duerch Assignatioune per Post bleiwen awer viru méiglech.

Am Artikel IV gëtt d'Carrière bei der ADEM vum Médecin du Travail geschafen, esou wéi d'Konditiounen an d'Fonctiounen determinéiert.

Am Artikel V ginn d'Konditioune festgehale fir eng Persoun, déi een oder zwee Kontrakter à temps partiel hat. Dës Persoun muss eng Plaz verluer hu wou si op d'mannst 16 Stonne geschafft huet.

Doniewent gëtt festgehalen, datt och Travailleurs indépendants kënne vun dësem Gesetz profitéieren.

Am Artikel VI fanne mir d'Dispositioun erëm, datt e Patron eng Bonification d'impôts sur le revenu och da ka kréien, wann hien eng Persoun astellt iwwer e Reclassement externe, och wann dës Persoun net, wéi am Gesetz virgesinn, dräi Méint ageschriwwe war.

Den Artikel VII gesäit schlussendlech vir, datt der ADEM zousätzlecht Personal zougesprach gëtt, mat dem Médecin du Travail sinn dat siwe Leit, déi zousätzlech wäerten affektéiert ginn; dëst ass e Minimum fir d'Applikatioune vun dësem Gesetz kënnen ëmzesetzen.

Schlussendlech soll d'Gesetz a Kraaft triede laut dem Droit commun, sou datt et méiglech ass d'Implikatioune vum Gesetz vum 21. Dezember 2004 och ze traitéieren, e Gesetz dat den 1. Mee a Kraaft getrueden ass a wou am Laf vum Mount Juli éischt Beispiller wäerte kommen.

Dat esou wäit zu mengem Rapport. Erlaabt mir och elo am Numm vun eiser Fraktioun nach e puer Iwwerleeungen ze maachen.

Dëse Projet de loi 5334 muss een zesumme mam Gesetz vum 21. Dezember 2004 gesinn. Dofir ass et och wichteg, datt mer de Mëtteg dëse Projet stëmmen an esou d'Implikatioune vum Gesetz vum Dezember 2004 och kënnen traitéieren, ee Gesetz, dat, wéi ech scho gesot hunn, den 1. Mee 2005 a Kraaft getrueden ass a wou déi éischt Fäll elo am Laf vum Mount Juli wäerten optauchen.

Dëst Gesetz gëtt ville Leit eng nei Motivatioun an en Challenge fir trotz enger Capacité de travail réduite dach nach sënnvoll eng gutt Aarbecht ze leeschte laut hire verbliwwene Fäegkeeten. Et ass dat en immens wichtegt Element, fir d'Moral an d'Zukunft vun all dëse Salariéën och ze garantéieren.

Wat d'Envergure vun dëse Mesures de reclassement ubetrëfft, sou erlaabt mer, Iech e puer Zuelen ze nennen. Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 25. Juli 2002 bis den 30. Abrëll 2005 goufen 1.491 Reclassements externes décidéiert. An därselwechter Zäit goufe 723 Reclassements internes décidéiert, woubäi a 423 Fäll eng Indemnité compensatoire bezuelt gouf. Interessant ass och ze bemierken, datt am Kader vum Reclassement externe 403 Dossiere vu Frontalieren, déi als Demandeurs d'emploi ageschriwwe si bei der ADEM, figuréieren.

Dir gesitt also den Impakt vun dëse Bestëmmungen, souwuel wat de finanzielle Volet ubetrëfft wéi och den Impakt um Uklamme vun den Aarbechtslosenzuelen hei zu Lëtzebuerg. Ëmmerhi sinn 1.107 Persounen duerch dës Moossnam méi ageschriwwe wéi virdrun.

Positiv ass och, datt 110 Persounen an der Tëschenzäit konnte vun der ADEM vermëttelt ginn an e Kontrakt bei engem Patron hei zu Lëtzebuerg kruten. 152 Dossiere si weidergaang no der Erschöpfung vun de Rechter vum Chômage, déi ech virdrun opgezielt hunn, a si virugeleet ginn un d'Pensiounskeess fir eng Indemnité d'attente ze kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn d'lescht Woch iwwert de Chômage zu Lëtzebuerg debattéiert. Mir hunn och vu mengem Parteikolleeg John Castegnaro héieren, datt e Placeur vun der ADEM bis zu 800 Leit ze betreien huet. Och d'Leit aus dem Reclassement externe gehéieren dozou, genau ewéi déi, déi am Kader vum Gesetz iwwer Travail handicapé musse bei der ADEM ageschriwwe sinn. Mir sinn eis bewosst, datt grad déi Leit, déi ech elo zitéiert hunn, eng speziell a minutiéis Betreiung musse kréien. De Placeur, deen dann iwwer 700 Leit ze betreien huet an um Aarbechtsmaart muss vermëttelen, huet dës Zäit net esou wéi hien dat wëllt a muss maachen, fir dëse Leit eng nei Orientéierung ze proposéieren.

Ech géing also virschloen, datt beim Audit, deen iwwert d'ADEM gemaach gëtt, dës Iwwerleeunge mat ze berücksichtege sinn, a vläicht eng nei Cellule ze schafen, fir all dës Leit nach besser a geziller kënnen ze betreien. Eppes ass kloer: Och wann ee sech an dësem Projet de loi déi beschten Iwwerleeunge gemaach huet an dee beschten Austausch probéiert gouf mat alle Parteien ze maachen, wäerte mer och an Zukunft an der Praxis eng Rei negativ Elementer mussen eliminéieren.

D'Amendementer, déi kuerz virun dem Vote vun der Kommissioun vun der Chamber erakoumen, hu sécherlech gewisen, datt et eng ënnerschiddlech Interpretatioun vun deenen eenzelnen Artikele ka ginn. Duerfir verweisen ech mat Nodrock nach eng Kéier op déi Motioun, déi hei de 15. Dezember 2004 vun der Chamber gestëmmt gouf, an där et heescht, datt am Kader vum Gesetz vum 21. Dezember wéi och bei dësem Projet muss e Bilan no zwee Joer gezu ginn.

Ech rappeléieren op dësen Text massiv nach eng Kéier dës Motioun, datt dat och gemaach gëtt, datt mer souwuel beim Gesetz vum 21. Dezember 2004 wéi och bei dësem Projet de loi respektiv Gesetz dat mussen no zwee Joer maachen, fir ze kucken, wou mer effektiv nach Bëtz an dësem Gesetz eventuell hunn, trotz alle Kontakter, déi mer haten, trotz aller Verbesserung, trotz allen Amendementer, déi an dësem Projet de loi eragereecht goufen.

Här President, zum Schluss wëll ech mäin Accord a selbstverständlech dee vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi elo schonn ausschwätzen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Als éischt Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen agedroen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

könne geschéien, wa mer deen dote Wee gaange wieren. Da wäre mer haut vläicht an engem ganz anere Film, da wäre mer nees an engem Film vun der Konfrontatioun tëschent Systemer an tëschent Modeller. An duerfir menge mer als CSV, dass een net virun där Erweiderung do soll Angscht hunn, dass ee se als eng Chance soll gesinn.

De Statsminister huet d'lescht Woch a senger Ried richtegerweis gesot, dass no dräi Joer eis Betriber an déi zéng Länner vun der EU, déi bäikomm sinn, scho méi exportéiere wéi an Amerika. Och dat ass en Zeeche fir eis ganz kloer, dass et Länner sinn, wou mer Perspektiven hunn, wou mer wirtschaftlech Handelsperspektiven hunn, wat och an eisem Sënn ass.

D'Limite vun Europa ass eng weider Fro, déi gestallt gëtt, permanent. D'Limite vun Europa, d'Leit soen d'Limite vun Europa an denke selbstverständlech un d'Türkei. D'Türkei, wat eng Fro ass, déi ëmmer erëmkënnt, a wat eng reell Fro ass, déi een och net soll negéieren, déi een net ewech kann drécken, well et einfach e Land ass, wat eng aner Kultur huet, eng wesentlech aner Kultur huet wéi mir se haut hunn, an dat bei de Leit eng ganz Rei vu Befierchtunge mat sech bréngt.

Mir kënnen eis nach drun erënneren, 1997 an der leschter Présidence, wien dann déi waren, oder wat fir eng déi Regierung war, déi bis zulescht en fin de compte an eng gewësse Richtung plädéiert huet. Mir hunn an der Chamber d'lescht Joer eng Diskussioun heiriwwer gefouert, a mir hu jo net décidéiert als Chamber, dass d'Türkei an deenen nächsten zwee oder dräi Joer géif an d'Unioun kommen. Mä mir hu gesot, dass d'Verhandlunge géifen ugoen, dass d'Verhandlungen oppe wieren, an dass misst gekuckt ginn am Laf vun der Zäit, ob oder ob net déi Gesellschaft sech esou ännert an der Türkei, dass se d'Erausfuerderungen erfëllt, déi noutwendeg sinn, fir an där Wäertegemeinschaft Europa, déi duerch dës Verfassung en fin de compte fir d'éischt emol niddergeschriwwe gëtt, kënnen ze sinn.

An doraus gesi mer oder schléisse mer, dass, wa mer déi Verfassung unhuelen, e Bäitrëtt vu Länner, vun alle Länner, an Zukunft méi komplizéiert gëtt, an deem Sënn, dass et kloer muss sinn, dass d'Gesellschaft, an där se liewen, d'Wäerter vun der Europäescher Unioun akzeptéiert ier se an Europa era kënne kommen.

Eng drëtt Fro, déi gestallt gëtt, ass d'Fro vun der Prédominance vu Wirtschaft oder Soziales. Et ass d'Fro, ob sech de Maart duerchsetzt, oder ob sech d'Protektioun vun deem Eenzelnen duerchsetzt. Eis Partei ka mat deem Traité hei net nëmme liewen, mä ass ganz zefridden, dass de Prinzip vun der sozialer Maartwirtschaft an den Traité agefouert gëtt.

De Prinzip vun der sozialer Maartwirtschaft, deen en fin de compte aus der kathoulescher Sozialléier erauskënnt an dee vun eis scho säit Joren a Jorzéngten als Ausgläich tëschent deenen zwee Wirtschaftsfacteuren, déi et op der Welt gëtt, nämlech dem Kapital an de Leit, soll déngen, an net als en Element wat déi zwee soll trennen, dee Prinzip kréie mer an d'Europäesch Verfassung eran. Dat ass an eisen Aen e ganz grousse Schrëtt an déi richteg Richtung.

Et gëtt da véiertens d'Gespenst vun enger Rei vu Leit iwwert de Sujet vun der Militarisiérung gefouert: d'europäesch Arméi, den obligatoresche Militärdéngscht, deen zu Lëtzebuerg nees géif agefouert ginn, wa mer den Traité géife stëmmen. D'Fro, déi mer eis musse stellen, an déi mir mat Jo beäntwerte vun der Säit vun der CSV aus, ass déi, ob Europa wierklech wëlles huet, sech d'Moyenen ze gi vu sengen Ambitiounen. Kënne mer, wëlle mer ëmmer dann, wann et an Europa schwiereg ass, op d'Amerikaner mussen zielen, fir dann dat auszebigele wat mir als Europäer op eisem Kontinent net à même sinn, selwer an d'Hand ze huelen? Dat ass eng kruzial Fro, déi mer eis musse stellen. Dat huet näischt mat Militariséierung ze dinn, dat huet eppes domadder ze dinn, ob ee sech wierklech d'Moyenë wëllt gi vun deenen Objektiver, déi ee sech setzt.

Mir sinn der Meenung, dass deen Traité hei e Friddenstraité ass, dass et en Traité ass, deen Europa d'Méiglechkeet gëtt, zesumme mat sengen amerikanesche Partner nach ze schaffen, mä Europa och emol erstmoleg an der Geschicht d'Méiglechkeet an d'Moyenen an d'Hand gëtt, fir op sengem Kontinent, wa Krisesituatioune sinn - an et gëtt an Europa nach eng ganz Rei Plaze wou et net esou ass wéi bei eis, wou et schwiereg ass, wou de Fridden net ofgeséchert ass -, do dann, an och op Wonsch vun deene Länner an deene Populatiounen, ëm déi et da geet, kënnen an engem positive Sënn ze intervenéieren.

A wann da Budgetsmoyenen dozou mussen zur Verfügung gestallt ginn, a wann och zu Lëtzebuerg am Budget d'Erhéijung da muss kommen, fir do kënne matzemaachen, da si mer der Meenung, dass mer dat musse maachen. Net well mer an d'Course vun der Militariséierung wëllen antrieden, mä well mer der Meenung sinn, dass dat do eng vun deene fundamentalsten Erausfuerderungen ass, där sech eng politesch Europäesch Unioun fir d'Zukunft muss stellen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Striewen no Perfektioun, dat ee bei verschiddene Leit an deene leschte Woche spierbar gemaach kritt huet, dat sech doranner erginn huet, dass een eenzel Artikelen ëm d'Ouere gehae kritt huet, dass een eenzel Wierder aus eenzelnen Artikelen am Fong virgehale kritt huet, fir dann aus engem Räsonnement vun engem Deel vun engem Artikel eng Konklusioun ze zéien, dass e ganzen Traité net an der Rei wier, dat ass eng Approche an Aart a Weis, déi mir net kënnen deelen.

Och Roum ass net an engem Dag gebaut ginn. Och Europa ass net an engem Dag gebaut ginn. Mir gesinn deen Traité hei an enger Successioun vun Traitéën, déi an deene leschte 50 Joer gestëmmt gi sinn. Et ass e wesentlechen Traité, mä et ass e Schrëtt no vir. Et war, mengen ech, net d'Ambitioun, och net vun deenen, déi am Konvent waren, fir déi absolut Perfektioun nidderzeschreiwen, déi et d'ailleurs op dëser Welt net gëtt. Mä et war d'Ambitioun vun de Leit am Konvent, an et war d'Ambitioun vun de Regierungen duerno, fir eng Verfassung op den Dësch ze leeën, déi a wesentleche Punkte besser a méi wäit géif goe wéi dat, wat mer haut an de bestehenden Traitéën hunn.

An duerfir géif ech gären a siwe Punkten op déi wesentlech Grënn agoen, déi d'CSV dozou beweegt huet, fir haut mat Jo ze stëmmen an der Chamber, an och d'Leit ze froen, fir den 10. Juli mat Jo ze stëmmen. Mir hunn dat an engem Flyer resüméiert, dee mer och dobaussen ausdeelen, wou op eng ganz pragmatesch Aart a Weis a siwe Punkten déi wesentlech Saache gesot ginn.

Éischtens si mer der Meenung, dass duerch dësen Traité Europa méi staark an der Welt gëtt. Et gëtt en Ausseminister geschaf, et gëtt en Embryo vun enger Aussen-, an et gëtt virun allem eng Verdeedegungspolitik geschaf. Et ass e Punkt, wou d'CSV net ongäre gehat hätt, dass ee méi wäit gaange wier. Et konnt een awer net méi wäit goen an dëser Phas, well einfach d'national Intérête vun enger Rei vu Länner an där Situatioun, wou mer haut an Europa sinn, nach net esou sinn, dass een zu enger kohärenter, „full-fledged" europäescher Aussepolitik ka kommen.

Mä de Fait, dass en Ausseminister geschafe gëtt, de Fait, dass an Zukunft duerch ee Mond eng gewëss Politik soll verdeedegt ginn, ass an eisen Aen awer e wesentleche Fortschrëtt par rapport zu där Situatioun, an där mer hei sinn, a kloer um Wee ze gesinn, an deenen nächste fënnef, zéng, 15 Joer, Richtung méi gemeinsam Aussepolitik.

Zweetens, Europa gëtt eng Gemeinschaft vun de Wäerter, an dës Wäerter sinn och eis Wäerter. D'Fräiheet, d'Gläichheet, d'sozial Ofsécherung, d'nohalteg Politik, de Respekt virun der Ëmwelt, d'Gläichberechtegung, d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen, dat ass net nëmmen eng Déclaration d'intention, dat ass och en Optrag, deen ee sech gëtt, fir Politik ze maachen, en Optrag, deem mir zu Lëtzebuerg, mengen ech, probéiere parteiiwwergräifend och am Dagdeeglechen nozegoen, och wann et eis net ëmmer honnertprozenteg geléngt.

Mä de Fait, dass dës Prinzipien an déi Verfassung erakommen, ass e wesentleche Fortschrëtt, well en en fin de compte de ganzen Traité, déi drëtt Partie, déi jo esou vill diskutéiert gëtt, an en anere Kontext setzt. E setzt se an de Kontext vun der sozialer Gerechtegkeet, vun der Fräiheet, vun der sozialer Ofsécherung a vun der Gläichberechtegung andeems Europa eng sozial Dimensioun kritt. Mir kënnen net mat deenen d'accord sinn, déi der Meenung sinn, dass et sech hei ëm e sou genannten neoliberalen Traité géif handelen, dee keng sozial Dimensioun hätt.

D'Ziler vun der Unioun, déi festgeluecht ginn - de soziale Fortschrëtt, déi sozial Ofsécherung, de Kampf och géint déi sozial Ausgrenzung -, si wichteg Prinzipien, déi mir gären europawäit géife kréien, woubäi et och fir eis wichteg ass, dass eise Sozialmodell net ugetaascht gëtt an eis Politik, déi mir gemaach hunn, soulaang mer se selbstverständlech kënne finanzéieren, soulaang mer gutt genuch si fir nei Betriber op Lëtzebuerg ze kréien, soulaang mer Steiereinnahmen hunn, déi et méiglech maache fir eng aktiv Politik ze maachen, dass mer domadder eis Pensiounssystemer, eis Krankekeesesystemer, no eiser Aart a Weis wéi mir se gesinn, kënne géréieren.

Europa kritt dann eng gemeinsam Sécherheets- an Asylpolitik. A wat hu mir dann an deene leschte Joren eis net gefrot, wéi wichteg dass et wier, dass mir endlech op deem Punkt vun der Unanimitéit géifen ewechkommen an dass Europa an ee System kéint erakomme wou et iwwer ee System vun der Majoritéit sech eng gemeinsam Sécherheets- an Asylpolitik kéint ginn.

Stëmme mer dësen Traité, da gi mer an déi Richtung vun enger gemeinsamer Politik, déi och fir ee klengt Land a besonnesch fir ee klengt Land wéi eist, wat ganz vill Schwieregkeeten huet sech eleng mat deene Froen do ronderëm ze klappen a wat all Intérêt huet dat a méi engem grousse Raum ze maachen, ganz wichteg ass.

Fënneftens: Europa respektéiert d'Souveränitéit vun de Länner. Mir ginn net ee Federalstat, mir mussen net eis Identitéit ofginn. Ee vun de Grënn, firwat dass deen Traité esou komplizéiert, esou komplex ass, esou déck ass, ass jo précisément deen, dass der Vielfalt an Europa Suerg gedroe ginn ass, dass opgepasst ginn ass an der Redaktioun vun all deenen Artikelen, dass eben Europa net Amerika ass, dass et sech net ëm eng Gesellschaft handelt, mä datt et sech ëm een Zesummeschloss vu 25 onofhängege Länner handelt, mat hiren Eegestännegkeeten a ganz oft nach an deenen eenzelne Länner och nach mat Minoritéiten, déi geschützt sinn, an déi dat och solle bleiwen.

Ee sechste Punkt, iwwert dee mer jo an der Chamber scho vill diskutéiert hunn, ass dee vum Matbestëmme vun den nationale Parlamenter. Duerch dësen Traité kréie mir eng nationalpolitesch Dimensioun. D'Parlamenter, deene jo ganz oft virgeworf ginn ass, si wären en fin de compte just d'Ofstëmmungsmaschinn vun deem wat dann zu Bréissel géif décidéiert ginn a si kéinten dorunner näischt änneren, kréien haut elo - déi 25 Parlamenter - déi Méiglechkeet, wa se sech dann zu genuch zesummeschléisse fir Initiativen ze iwwerpréifen, fir ze kucken ob si dem Prinzip vun der Subsidiaritéit och entspriechen an ob se domadder och deem entsprieche wat Europa ass a wat et net ass.

A last but not least - ee wesentleche Punkt fir all déi, déi mol eng Kéier ee Fouss an Europa scho gesat hunn - schaaft dësen Traité den institutionelle Kader, fir dass dat Europa mat 25 Länner ka funktionéieren. Mir funktionéieren haut mat enger Organisatioun, déi opgebaut ass op een Europa vu sechs, a mir kréien domadder eng Aart a Weis fir ze funktionéiere mat 25; och dat ass e wesentleche Fortschrëtt par rapport zu deem wat mir haut hunn.

Wann also och déi Texter do net perfekt sinn, wann net jiddereen alles dat erëmfënnt, wat hie gären hätt, wat allerdéngs net aneschters machbar ass wann ee gären ee Kompromëss tëschent 25 Länner hätt, sou gesi mir awer an deem Traité, an där Verfassung hei wesentlech Argumenter, déi eis an der Balance vun den Argumenter vum 'Pour' a vum 'Contre' dozou bruecht hunn, dass mer ee klore Jo zu där Verfassung ausschwätzen.

Ee Wuert nach, Dir Dammen an Dir Hären, zur Bedeitung vun dësem éischte Vote. Et gëtt jo dobaussen diskutéiert iwwert dat, wat dann eran ze interpretéieren ass oder wier, iwwert dat, wat mir de Mëtten hei an der Chamber maachen. Fir d'CSV ass dee Vote, dee mir haut maachen, deen éischte Vote. En indikative Vote, eng wichteg Etapp am Processus, deen de Leit et soll erlaben den 10. Juli hir Stëmm ofzeginn. Kënnt Dir lech eng Sekonn ee System virstellen, wou mir den 10. Juli d'Leit opgeruff hätten ze wielen, an déi eenzel Parteien an der Chamber hätten net am Virfeld dovunner de Leit gesot, wéi hir Meenung dann dozou ass?

An dofir ware mir och net der Meenung vun deenen, déi haut de Mëtten hei net ugetruede sinn an d'Politik vun der „chaise vide" bedreiwen, dass d'Parlament seng Meenung net soll soen.

Ech weess, dass et den Här G. - wéi soll ech soen - an deene Kapitele vun deem Buch, wat ech virun e puer Wochen eng Kéier ugeschwat hunn, ganz staark arrangéiert, dass hien haut géint hallwer siwen, siwen Auer net op de Knäppche muss drécken.

Well wann een aus enger Situatioun hierkënnt, wou een als Partei am Konvent war, wou ee bei der Ofschlossfoto vum Konvent net no genuch un de President vum Konvent koum, wann ee sech a senger europapolitescher Broschür fir d'Wahle vum leschte Joer mam Här Valérie Giscard d'Estaing als dee gréisste Verfechter a Verdeedeger vun der europäescher Integratiounspolitik ofliichte gelooss huet, wann een am europapolitesche Kapitel als Partei an d'Wahle gaangen ass vum leschte Juni an et huet een zu de Leit gesot: „Mir hätte gären, dass Dir eis stëmmt, well wann Dir eis stëmmt, dann hutt Dir d'Garantie, dass mir eis dofir asetzen, dass deen Traité hei ratifizéiert gëtt" - well et ass dat, wat am parteipoliteschen a wahlpolitesche Programm vum ADR drastoung -, an et muss een dann d'Kéier maachen, déi ee muss maache well een an engem Kongress mat 36 géint 33 Stëmmen an d'Minoritéit gesat ginn ass, nodeem een eng neutral Positioun wollt anhuelen, duerno zur Speerspëtzt vum Nee ginn ass, an déi lescht Woch zu Wolz annoncéiert huet, wa 24 Länner mat Jo géife stëmmen, da géif den ADR selbstverständlech och just nach hannert dem Tony Blair och fir déi Verfassung hei ofstëmmen, dann ass et net verwonnerlech, Dir Dammen an Dir Hären, dass een de Mëtten dat mécht, wat een hei mécht, nämlech dass ee seng Verantwortung net hëlt, dass een de Leit net wëll soe wat ee seet, an dass een domat seng Verantwortung virun der Geschicht vum Lëtzebuerger Land voll a ganz ausser Uecht gelooss huet. Ech muss soen, dass ech mat deene schäerfste Wierder esou eng Politik muss uprangeren, déi hei haut de Mëtte gemaach ginn ass.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech kommen zum Schluss. Et ass en Text, deen net perfekt ass, et ass en Text, deen awer vill positiv Punkte mat sech bréngt. Et ass en Text, deen Europa zu méi mécht wéi grad just zu enger europäescher Maartplaz, an där jidderee sech zerwéiere geet.

Deen Traité, déi Verfassung, déi mir stëmmen, ass en Text, dee sech an d'Geschicht vun Europa als Fridde stëftend Initiativ aschreift. Et ass en Text, deen de wirtschaftleche Kräften, déi et an Europa gëtt an déi wichteg si fir Europa, d'Méiglechkeet gëtt fir sech ze entfalen. Et ass en Text, deen d'Grenzen opmécht fir d'Leit, fir d'Servicer, fir d'Produkter. Et ass en Text, deen d'Méiglechkeete léisst, wann d'Politik et wëll a wa si Majoritéiten huet, fir landeswäit sozial Ofsécherunge vun deenen eenzelne Länner a vun deenen eenzelne Leit esou ze maache wéi si dem Standard entspriechen, deen dat Land dann an deem Moment erreecht huet.

Et ass en Europa, wat eng weider politesch Integratioun méiglech mécht an et ass also en Europa, wou mir mengen, dass ee soll an déi Richtung virufueren.

De Jean Monnet, deen huet, wéi hien eng Kéier iwwert d'Ziler vun Europa geschwat huet, folgende Saz gesot, an ech mengen deen ass haut méi aktuell wéi jee: „Nous ne coalisons pas les États, nous unissons les hommes."

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Charles Goerens. Här Goerens.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vun dëser Debatt wollt ech och eng Partie Mercie soen.

Merci un all déi Kolleegen, déi an de leschte Wochen a Méint enorm Effortë gemaach hu fir deem groussen Explikatiounsbedarf nozekommen, dee mir gespuert hunn uechtert d'Land. Mir hu versicht eis esou ze organiséieren hei an der Chamber, datt jiddereen een Deel konnt vun de Laaschten droen. Mir haten och zu eiser Säit excellent Organisateure stoen, déi mat Verstand an Häerz dru gaange sinn.

Ech denken do och un de President vun der aussepolitescher Kommissioun, de Ben Fayot. Ech denken un déi ganz Kommissioun. Ech denken och un d'Commission constitutionnelle, déi iwwert d'Révision constitutionnelle ze befannen hat. Ech denken och un all déi Regierungsmembere mat hiren Equipen, déi iwwert déi lescht sechs Méint hu missen zu Bréissel gerued stoe fir d'Politike weiderzebréngen, an dat an enger Phas, wou de Mainstream net méi esou kloer ze erkenne war.

Ech denken awer och un déi Beiträg, déi mir d'lescht Woch hei an



der Chamber héieren hunn a besonnesch un déi vum Statsminister Jean-Claude Juncker, deen doudsécher mat sengem Credo deem ganze Prozess en zousätzlechen Touch vu Crédibilitéit verliehen huet.

Lo kéint e jo bal soen, no esou laangen Debatten, a wou mer eis jo praktesch all owes Rendez-vous ginn op enger anerer Plaz, do wier alles gesot, just nach net vu jiddferengem. Mä well et e Bekenntnis ass vun eis alleguer, ass et besser mir soen et eng Kéier ze dack wéi eng Kéier ze mann.

Et ass sou villes an där Verfassung, wat schonn erwähnt ginn ass, wat scho justifiéiert ginn ass. Mä wat een nach eng Kéier muss rappeléieren an ëmmer erëm an engem neie Liicht presentéiere wëllt: Mir wëssen, d'Konkurrenz schléift net. Mir kréien et net einfach gemaach bei Saachen, déi eis einfach schéngen. Mir kréien et net einfach gemaach wa mer eng Kéier eng schlecht Phas hunn an et geléngt eis net, iergendee Prozess awer ganz plausibel ze erklären; dann hu mer verluer. Da musse mer wëssen, datt mer erëm eng Kéier do mussen ufänken, wou mer dann an där Phas versot hunn.

Et ass evident, datt mer och net kënnen noloosse bis den 10. Juli, well mir fäerten alleguer, datt dee Score extrem knapps gëtt. Mir kréien näischt geschenkt, well et ee groussen Ënnerscheed gëtt tëschent der representativer Demokratie, wou jiddferee muss heibanne geruedstoe fir dat wat e mécht an eng Rechenschaftsflicht vis-à-vis vum Wieler huet, an deenen déi herno an de Kabinnen am Anonymat kënnen ofstëmmen. Mir fäerten, datt der do eng Partie Ofrechnunge menge missen ze begläichen. Ofrechnungen, déi näischt mat der Constitutioun ze dinn hunn. Mä wann ee weess wéi dat do funktionéiert, da muss een dat do mat an de Kaf huelen.

An duerfir ass déi ganz Operatioun, déi eis nach vun elo bis zum 10. Juli trennt, eng Opération vérité, wou mer wierklech musse bis an den allerleschten Eck vum Land goen an déi Explikatioune weiderdroen. Well et steet enorm vill um Spill fir Europa an och fir Lëtzebuerg.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Fir Europa steet vill um Spill, well et ass déi éischte Kéier, datt mer aus Verträg, déi haaptsächlech eng ekonomesch Connotatioun haten, elo Verträg kréien, déi vill méi eng politesch Connotatioun kréien, an all deene Phasen, déi elo scho beliicht goufen, an ech wëll se nach eng Kéier rappeléieren.

Dës Chamber ass no dem Akraaftriede vun deem Verfassungsvertrag net méi déiselwecht, well mir mussen eis ëmorganiséieren. Mir musse vill méi aktiv ginn a vill méi no bannen an no baussen erkennbar gi loossen, datt dat ganzt Vertragswiesen sech och op eis Aarbechtsmethoden an op eis Dynamik heibanne wäert auswierken.

Mir kréien elo endlech dat, wat oft ageklot ginn ass, ze maachen, nämlech kucken ob déi, déi am Numm vun der Europäescher Unioun Entscheedungen ze treffen hunn, ob se déi och maachen am Kader vun hire Kompetenzen oder ob se déi maachen ausserhalb vun hire Kompetenzen. Wa se se am Kader vun hire Kompetenze maachen, ass deen Examen, dee mer hei am Parlament ze maache kréien, net ëmsoss. Wa se et ausserhalb vun hire Kompetenze maachen, dann ass deen Examen, dee mer hei am Haus ze maachen hunn, och net ëmsoss, well da kënne mer eis zesumme mat anere Parlamenter géint Abus de compétence wieren. Mir kënnen dat maachen, andeems datt mer souguer duerno iwwert d'Regierung virun d'Cour de Justice ginn an Abus de confiance akloen.

Dat ass e ganz kloren Hiweis a Richtung méi Demokratie. Dat ass och e ganz kloren Hiweis a Richtung méi Transparenz, well mir wësse vun elo un, wat Compétences exclusives sinn, mir wësse vun elo un, wat Compétences partagées sinn, a mir wëssen och, wat Compétences d'appui sinn. Mir wësse wou d'Europäesch Unioun vill ze soen huet, matzebestëmmen huet, eng Koordinatiounsmissioun ze erfëllen huet, a mir wëssen och wou d'Europäesch Unioun näischt ze dinn huet. Dat hate mer an där doter Kloerheet bis elo net. Dat ass och e ganz kloert Signal a Richtung méi Transparenz.

Mir hunn an deene verschiddene Kapitele vum Verfassungsvertrag eng ganz Rei vun Dispositiounen, déi deem Vertragswierk vill méi eng sozial Note conféréieren, wéi dat bis elo de Fall war. Mir kréien d'Méiglechkeet, elo um europäesche Plang d'Sozialpartner beieneen ze bréngen, e strukturéierten Dialog ze maachen tëschent deenen, déi Aarbecht ze verginn hunn, tëschent deenen, déi Aarbecht kréien, an tëschent deenen, déi d'politesch Responsabilitéiten ze droen hunn. Dat ass fir eis selbstverständlech, mä dat war bis elo an Europa net de Fall. Dat do ass e ganz kloren Hiweis a Richtung méi sozial Méiglechkeeten, méi sozial Gerechtegkeeten.

Mir kréien d'Méiglechkeet fir an der Aussepolitik an engem ganz anere Kader ze operéieren. D'Aussepolitik kritt net nëmmen eng Télefonsnummer, si kritt och nach ee Gesiicht. Mir hunn do d'Méiglechkeet fir eis esou ze organiséieren, datt mer kënnen dee Message, dee mer bis elo no banne konnte vernehmen an dee mer och no bausse probéiert hunn erauszeginn, nach vill méi kräfteg a vill méi transparent a vill méi visibel no baussen artikuléieren. Dat ass och ee ganz kloert Bekenntnis a Richtung méi Multilateralismus.

Dat Kapitel vun der Aussepolitik ass enorm wichteg, well bis elo d'Europäesch Unioun jo ëmmer als e wirtschaftleche Ris an als e politeschen Zwerg gegollen huet. Et ass enorm wichteg, well dat do am Fong de Profil vun där Entitéit „Union européenne" méi schäerft. Et ass e wichtegt Signal an d'Richtung vun deenen, déi gär wëssen a wat fir engem Referenzkader hir Zukunft gestalt gëtt.

Wa mer dann am Kapitel Aussepolitik weiderkucken, da gesi mer do e Saz, wat wierklech sech zu engem Reizwuert entwéckelt huet a wat zu engem onwahrscheinlechen Dialogue des sourds Ulass gëtt; d'Militarisatioun vun Europa.

D'Militarisatioun vun Europa, wann een dee Saz eleng isoléiert, esou aus sengem Kontext erausrappt, da stellt ee sech natierlech Froen an da kéint een esouguer zur Konklusioun kommen, dat wier eng onglécklech Formulatioun. Wann een awer kuckt, wat alles an dee Beräich do eraspillt, an et hëlt een zum Beispill den Artikel 1, 3, 4 - also ganz am Ufank -, wou kloer gesot gëtt, datt d'Europäesch Unioun nëmme just kann am Kader vum Respekt vu gewësse Kompetenzen, vu gewësse Valeuren agéieren, déi heesche Respekt vun de Mënscherechter, Respekt vun de Minoritéiterechter, Respekt vun anere Verträg, wou eis 25 Memberstate mat Signataire waren a ratifizéiert hunn.

Kuckt een dat mam Artikel I-41 zesummen, et liest een d'Partie IV vum Vertrag, déi sech befaasst mat der Aussepolitik, an et kuckt een a wat fir engem Kader datt do kënnen Défense-Aktioune gestart ginn, dann huet ee scho ganz villes gelies an et huet een nach keng eng Kéier d'Wuert Europäesch Arméi fonnt, well d'Europäesch Arméi kënnt an deem Vertragstext do net vir. Well et keng Europäesch Arméi gëtt. Et gëtt en Zesummeschloss vun europäesche Kräften, déi kënnen «dans une situation donnée» intervenéieren.

Fir wat ze maachen? Mir mussen dach mol kucken, a wat fir enger Welt, datt mer haut liewen. Mir liewen haut an enger Welt, wou heiansdo Souverainetéit sech reimt mat dem Begréff Monstruositéit. Wa Souverainetéit a Monstruositéit sech d'Hand ginn, da kann een dat reaktiounslos nokucken. Da maache mer just datselwecht wéi dat, wat mer an den 90er Jore gemaach hunn, faute de cadre décisionnel suffisant. Da kucke mer no, mir schécken héchstens Kameraen dohinner fir eis ze berichte wéi minabel datt mer sinn, well mer net drop reagéieren, a mir soen dann: Jo, hätte mer dann den décisionnellë Kader, da kéinte mer vläicht eppes ënnerhuelen.

Elo kréie mer endlech déi Méiglechkeete fir net méi reaktiounslos dat hinzehuelen, wat mer bis elo vill ze vill oft vun de Kamerae virgefouert kruten, a mir hunn endlech eng Situatioun wou mer kënnen an engem rechtlech kloer ofgestachene Kader Décisiounen huelen.

Wann een dee ganze Vertragstext liest, da fält engem och op, datt déi Aktiounen, op déi ech mech elo referéieren, ganz kloer musse kompatibel si mam internationale Recht. Se mussen UNO-kompatibel sinn. Se mussen UNO-kompatibel sinn, dat heescht se musse kompatibel si mat de Prinzipie vun der Charte des Droits fondamentaux vun de Vereenten Natiounen.

Da gëtt gesot: Jo, mä dat ass schéin a gutt. D'Europäesch Unioun kënnt awer och eventuell ënner gewëssen Ëmstänn Aktioune starten, déi kee Mandat hätte vum Conseil de Sécurité vun den Nations Unies.

Et stëmmt, datt dat net ausdrécklech drasteet. Da muss ee sech awer d'Fro stellen: Wat maache mer dann, wa mer virun enger Situatioun sti wéi am Kosovo an et gëtt kee Mandat erlooss vum Conseil de Sécurité vun de Vereenten Natiounen? Gi mer dann eng Käerz op d'Place Clairefontaine ufänken an da soe mer: „Mir hätte jo nawell gär eppes gemaach, mä de Conseil de Sécurité vun den Nations Unies huet eis nach kee Mandat ginn?" Si mer bereet eis mat esou enger minabler Faillite vun eiser Responsabilitéit ofzefannen, oder si mer bereet nach eppes ze maachen, wat nawell UNO-kompatibel ass?

Ech sinn der Meenung, egal wéi grouss datt déi Zerräissprouf do ass, datt awer d'Méiglechkeet ginn ass, opgrond vun deem Vertragstext hei, datt mer eis Responsabilitéiten iwwerhuelen an do agéieren, wou et noutwendeg ass a wou mer kënnen Äntwerte liwweren, esou wéi d'Communauté internationale se vun eis amstand ass ze verlaangen.

D'Europäesch Unioun gëtt sech also elo eng ganz Partie Méiglechkeeten, déi se bis elo hätt kënnen ënner vill méi schwierege Bedingunge maachen. Dat ass positiv, dat huet absolut näischt mat Militarisatioun ze dinn. Déi Diskussioun ass just eng Vermëschung vun Zweck an Zil. An d'Ekonomie, d'Défense, dat si Mëttelen, déi hunn eng dienend Funktioun. An d'Prinzipien, no deenen däerf gehandelt ginn, stinn och ganz kloer an deem Text dran iwwert dee mer haut an enger éischter Lecture ofstëmmen.

Europa gëtt um soziale Plang ganz staark op d'Prouf gestallt. An ech si wierklech erstaunt, wéi riseg datt de Gruef am Verständnis ass, tëschent der Europapolitik an den europäesche Méiglechkeeten op deem Plang, an deem, wat op nationalem Plang kann a soll entscheet gi bis elo. Mir kréie ganz oft gesot, jo mä da kënne jo elo déi, déi aus deenen neie Länner kommen, fir näischt schaffe kommen op Lëtzebuerg - also quasi fir näischt schaffe kommen.

Mir däerfen awer och rappeléieren, datt mer e Gesetz hu vun 1995, wat den Droit du travail d'ordre public erkläert. Wann elo een aus Polen kënnt den August an e seet, ech wëll mol e bëssen op Lëtzebuerg baue kommen, jo da brauch deen nëmme just de Kollektivvertrag vum Secteur de la construction gewisen ze kréien, do steet dran, datt een zum Beispill déi Zäit net däerf zu Lëtzebuerg bauen, well dat e Bestanddeel ass vum Kollektivvertrag an deen ass bei der Gewerbeinspektioun déposéiert an do gëtt och driwwer gewaacht. Mir sinn an engem Rechtsstat an et gëtt Moyenë fir dat do ze opposéieren.

Wann en da seet, da kommen ech de September erëm an ech bezuele meng Leit mat 600 Euro de Mount, da kann ee soen, dann hat Dir Pech, well am Kollektivvertrag stinn aner Besoldungen wéi déi, déi Dir virgesinn hat. Mir hunn also Moyenë fir hei am Land eng ganz Partie Geforen, déi vum Ausland kënnte kommen, an déi kënnten e Bradage vun eisen Acquis sociaux maachen, ofzewieren, ofzeschmetteren - ganz kloer rechtlech ofzeschmetteren. Datselwecht gëllt fir d'Entsenderichtlinie.

Et gëtt nëmme just e puer Problemer, wou mer mussen natierlech op der Hutt bleiwen. Beim Travail intérimaire, a mir kennen de System Kralowetz a mir wëssen, datt et heiansdo Leit gëtt, déi dem Gesetz ze staark sinn, an déi kënnen eenzel Dispositiounen ënnerlafen. Wann ee sech, als faux indépendant déguiséiert, op Lëtzebuerg etabléiere kënnt, an deen ass bereet fir e Sklaveloun ze schaffen, ass et net ëmmer evident, wat fir eng rechtlech Moyenen een deem opposéiert.

Mir mussen awer wëssen, datt mat deem Ganzen d'Kierch am Duerf bleift an datt mer genuch Moyenen hunn, fir dat do ofzewieren.

A wann dann och nach Leit an de Versammlungen eis froe kommen: „Wéi wierkt dat sech dann aus mat Hartz IV hei zu Lëtzebuerg?" Da muss ee mol soen, do hutt Dir lech am Land geiert. Dat ass an Däitschland, an et ass kee Mënsch, deen deene verbitt e soziale Mindestloun anzesetzen. Et ass kee Mënsch, deen anere verbitt sozial Standarden an hir Gesetzgebung ze schreiwen. Et ass kee Mënsch, deen deene verbitt Flächekollektivverträg bäizebehalen. Et ass keen, dee si gezwongen huet, dat opzeginn.

Wann déi natierlech fäerten, dann däerfen se awer net Europa do d'Schell unhänken, da mussen se bei sech selwer kucken, ob si net Adaptatioune gemaach hunn, déi se net vun der Europäescher Unioun imposéiert kruten, mä si sinn da selwer dofir responsabel.

Also, ech mengen - der langen Rede kurzer Sinn -: Et gëtt Aufgaben, déi kënne vun der Europäescher Unioun geléist ginn. Et gëtt Signaler a Richtung méi Solidaritéit och um soziale Plang. Versucher gi gewot fir Standarden ze kréien, déi iwwerall applicabel sinn, mä ze mengen, mir kënnten elo hei zu Lëtzebuerg iwwerschwemmt gi vu Leit, déi aus engem anere Land kommen, déi en Akommesgefäll mat Lëtzebuerg ze verzeechnen hunn, dat ass carrément d'Leit fir vill méi domm gehalen, wéi mir se halen.

Well wann dat do nämlech wouer wier, a mir kucken e bësse wéi et an der Groussregioun ass, wou en Différentiel am Akommes ass, qui varie très souvent du simple au double, da wiere mer scho laang mat bëllegen Aarbechtskräften iwwerschwemmt ginn.

Ech kucken den Här Castegnaro ganz staark an d'Aen, an ech mengen, hie ka mer do net Onrecht ginn. Mir behalen also eng enorm Marge fir selwer nach eisen Alldag hei ze prägen. Dat, wat vun eis verlaangt gëtt, dat ass, datt mer eis esou behuelen, datt mer an där internationaler Gemeinschaft vun elo 25 Staten eist dozou bäidroen, datt d'Zesummeliewe méi sozial gëtt, méi gerecht gëtt, méi responsabel gëtt, méi berechenbar.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Verfassungsvertrag gëtt et Saachen, déi apparemment contradictoire sinn, dat gëtt mer gesot. Mä mir hu jo awer kee rechtsleere Raum. Eenzel Dispositioune kënnen duerno an hirer praktescher Uwendung ageklot ginn.

Mir sollen de toute façon net eis der Versuchung higinn an elo alles matenee vermëschen. Mir däerfen net matenee vermëschen europäesch Kompetenzen an national Kompetenzen. Dat hunn ech elo versicht ze soen. Mir däerfen net matenee vermëschen dat, wat deen Eenzelne ka maachen, an dat, wat e vum Stat verlaangt, an dat, wat d'Europäesch Unioun mécht. Jiddfereen huet op sengem Niveau en Deel vun der Responsabilitéit ze droen.

An op kee Fall kënne mer den Europäesche Verfassungsvertrag verwiessele mat der Politik a mat der Dynamik, déi mat esou enger Politik verbonnen ass. Wat heescht Dynamik, oder wat heescht iwwerhaapt Politik? Ass d'Politik net einfach ze résuméiere mat e puer Wierder als Gestaltung vun der Zukunft? Wann d'Politik d'Gestaltung vun der Zukunft ass, da liest een am Verfassungsvertrag doudsécher net all Léisung op déi Problemer, déi op eis duerkommen, mä da liest een do Méiglechkeeten, an deenen hirem Rahmen ee kann Solutiounen envisagéieren; da liest een do eng ganz Partie Opportunitéiten.

Politesch Gestaltung heescht also, datt een an engem Veräin kann aktiv ginn, wou d'Regele bekannt sinn, weess, wat jiddfereen ze soen huet, an - wat enorm wichteg ass fir e Land wéi Lëtzebuerg - dass net nëmme mir eis da mussen un déi Regelen halen, mä besonnesch déi aner. Well et gouf jo mol eng Zäit, do hat Lëtzebuerg d'Méiglechkeet fir a säin Text ze schreiwen, wat et wollt. E perfekten Text konnte mer de Lëtzebuerger virweisen als Verfassung. Deen Text war 1940 zimlech an der Rei. Do war och net vill ze beanstanden drun.

D'Fro war just déi: Wat konnte mer an enger spezifescher Situatioun ufänken? A fir méi prezis ze sinn: Wat konnte mer den 10. Mee 1940 mat deem Text ufänken? Den 10. Mee 1940 konnte mer domat net vill ufänken, well den onerwënschte Besuch ass awer erakomm. Dat ass haut an där Schicksalsgemeinschaft, an där mer dra sinn, net méi méiglech.

An déi Schicksalsgemeinschaft, déi huet et ëmmerhi fäerdeg bruecht, datt aus deene Länner, déi nach virun enger geraumer Zäit Diktature waren, fest etabléiert Demokratië gi sinn. Dat war de Fall fir Spuenien, dat war de Fall fir Portugal, déi ënner faschisteschen Diktature gelidden hunn. Déijéineg vun eis, déi nach net ze vill Joren um Bockel hunn, awer genuch, déi kënnen sech un de Prozess vu Burgos nach erënneren, wou der sollten e puer gekäppt ginn. Déi kënnen sech erënneren ënner wat fir engem Drock datt do huet missen Afloss geholl ginn op Spuenien. Dat ass haut net méi méiglech, well mir hunn eis verflicht fir d'Doudesstrof ofzeschafen.

Portugal kënnt aus enger faschistescher Diktatur. Griichenland, e Land wat méi spéit an d'Europäesch Unioun komm ass, dat hat eng Diktatur vun de Colonellen, eng rietsextrem Diktatur. Och do konnte mer d'Demokratie festegen. An dann huele mer déi aacht Länner, déi aus Zentral- an Osteuropa kommen, déi hunn och bis viru 15 Joer nach alleguer an Diktature gelieft, an och do konnt d'Demokratie gefestegt ginn. Mir sinn haut an enger Schicksalsgemeinschaft, déi „grâce à l'existence des traités existants" sech konnt entwéckelen op deen Niveau, wou se haut ass.

Ech hat gesot, d'Politik ass d'Gestaltung vun der Zukunft. D'Gestaltung vun der Zukunft huet mat Dynamik ze dinn. Dat kann also net eleng erauszeliese sinn aus dem Text, deen d'Verfassung duerstellt. Dynamik, wat ass dat? Ma Dynamik, dat ass den Enthusiasmus, dat ass d'Begeeschterung, mat där een e politesche Projet entwërft, a mat där een en duerchzitt. D'Dynamik, dat ass d'Fäegkeet, fir iwwert d'Kassandrariff ewechzegoen an dat ze maachen, de Contraire ze maache vun deem, wat de Mainstream engem seet, wa se net wëlle virugoen, wa se duerch d'Angscht sech guidéiere loossen.

Dynamik, dat heescht zum Beispill op d'Ouer goen, an d'international Verhandlungen, an dann do soen, den Zougang zu de Medikamenter fir déi, déi keng Suen hunn, „ce n'est pas une question de fric, c'est une question d'éthique". Dat ass Dynamik. A wien huet da fir déi Dynamik do responsabel gezeechent, wann net d'Europäesch Unioun? Ouni d'Europäesch Unioun hätte mer deen doten Acquis net kritt, dann hätte mer net kënnen aus deenen einfachen a simple Räsonnementer, „qui étaient liés à la propriété intellectuelle et qui l'ont réduit à une question de fric", eng Question d'éthique maachen.

Bis viru fënnef Joer hunn d'Kassandra an d'Skeptiker geruff, zum Beispill wat den Zougang vun de Medikamenter fir d'Aidspatienten an Afrika ubelaangt: Dat ass vill ze vill deier, et kascht 14.000 Dollar pro Joer. Haut hunn déi sech duerchgesat, déi un d'Dynamik vun de Prozesser geduecht hunn, déi net opginn hunn, an déi an enger Zäit, wou keen dru gegleeft huet, sech duerchgesat hunn. Déi hunn et fäerdeg bruecht, datt haut sage und schreibe déi Medikamenter zougänglech sinn, net méi fir 14.000 Dollar pro Joer, mä fir 140 Dollar pro Joer. Dat ass Dynamik.

Dat ass dat wat de Jean Monnet nennt „les croyants des heures désespérées". De Jean Monnet huet gesot, dat wat mech interesséiert, dat sinn net „les résistants de la dernière heure", dat wat mech interesséiert, dat sinn „les croyants des heures désespérées". Mir sinn heibannen alleguer „des croyants des heures désespérées". Mir gleewen heibannen drun, well mer et wëssen, an et ass net engem verbueden, deen d'Gnod hat vun der spéider Gebuert, wéi den Helmut Kohl emol eng Kéier gesot huet, dass een, dee 25 Joer al ass, et ass deem net verbuede fir eng Kéier e Geschichtsbuch ze huelen an ze kucken, wéi et déi 25 Joer virdru war.

Et wäert awer och nach kee sech missen entschëllegen, wann en haut seet, datt dat ganzt europäescht Integratiounswierk eng friddensstëftend Funktioun huet, wéi et elo grad vu mengem Virriedner gesot ginn ass. Et wäert awer och nach kee sech missen entschëllegen, wa mer et fäerdeg bruecht hunn, datt mer déi Mentalitéit vun der Maginotlinn iwwerkomm hunn, déi gemengt huet, et kënnt ee sech hannert enger einfacher Défenselinn esou organiséieren, datt keen aneren engem kéint draschwätzen.

Mir wësse jo, datt déi Mentalitéit säit 1940 och schonn hir Zäit gemaach huet, a mir wëssen och, datt déi Approches malthusiennes och net fonctionnéieren, déi doranner besti fir ëmmer nëmmen ze mengen, wat et deenen anere méi schlecht géing goen, wat et eis géing besser goen. Wirtschaftlech kréie mer all Dag just de Contraire bewisen, a mir brauchen nëmme just d'Statistike vun eisem Wuesstëm nozekucken, fir erauszefannen, datt all Kéiers dann, wann et an Däitschland, Frankräich a Belgien wirtschaftlech lues geet, et bei eis net séier geet. Wann et deene schlecht geet, geet et eis net gutt, a wann et deene gutt geet, geet et eis besser. Dat kann een alles noliesen.

Dat wat den Différentiel ausmécht, dat ass am Fong dat wat mir profitéiert hunn, vun eiser Integratioun an den europäeschen Integratiounsprozess. Et ass dat wat et fäerdeg bruecht huet, datt dëst Land sech konnt net nëmme wirtschaftlech behaapten, mä och politesch.

Et sinn der eng ganz Partie heibannen, déi a verschiddene Gremië sinn, vun de Regierungsmemberen ofgesinn, déi ganz vill an d'Ausland kommen. Ech gesinn den Ausseminister do sëtzen, ech gesinn den delegéierten Ausseminister do sëtzen, ech gesinn hei fréier Kolleegen, d'Anne Brasseur, den Henri Grethen, ech gesinn anerer hei, de Michel Wolter, alleguer si mer an iergendenger Funktioun vill an d'Ausland komm.

Et huet kee Mënsch eis brauchen drun ze erënneren, datt mer kleng sinn, dat wosste mer. Mä et goufen awer Zäiten, do wosst emol iwwerhaapt keen, datt et eis géif ginn. Wann emol all Mënsch weess, datt mer kleng sinn, dat ass ëmmerhi schonn eppes. An et ass och eppes, datt mer duerch den europäeschen Integratiounsprozess emol iwwerhaapt op d'Weltkaart gesat gi sinn.

A wann ee gesäit wat och an der Présidence méiglech war a leschter Zäit, alles dat wat gemaach ginn ass, a wat ech nach eng Kéier wëll nodréiglech begréissen an ënnersträichen, an lech dofir félicitéieren, dat hänkt jo awer och mat Lëtzebuerg zesummen, an dat gëtt mat Lëtzebuerg ëmmer erëm associéiert. Déi Roll hätte mer ni kënne spillen, wann et nëmme just eng Fräihandelszon gewiescht wier, a wa mer nëmme just hätte kënne wéi Epiciere ronderëm den Dësch handelen iwwert de leschte Centime.

Ech hu gesot, datt mer mat deenen Approches malthusiennes net vill kënnen ufänken. Well dee ganzen europäeschen Integratiounsprozess, dat ass eng „win-win"-Strategie. Alles dat wat mer dran investéiert hunn, dat hu mer mat vill méi héijen Dividenden erëmbezuelt kritt, net nëmmen Intérêten, mä och nach Kapital. Et ass schonn oft drun erënnert ginn: Aus engem vun den äermste Länner um europäesche Kontinent si mer zu engem vun de räichste ginn, a mat wat fir enger Méiglechkeet fir Politik ze gestalten!

Dat hate mer ni virdrun, an déi, déi mengen, datt déi aktuell Verträg duerginn, fir dat weiderzeschreiwen, déi kënnten sech emol gewalteg ieren, well et soll emol ee mir soen, wéi een da kann an deene Coopérations renforcées, déi elo an deenen aktuelle Verträg dra sinn, a wou déi Méiglechkeet virgesinn ass, wéi een do kann eng Dynamik ukuerbelen, mat zwee Länner, déi zu de Grënnungsmembere gehéieren, an déi supposéiert waren, do e Rôle moteur ze spillen, wéi een do kënnt a wesentleche Politikfelder grouss Fortschrëtter maachen. Dat bleift mir jiddefalls bis elo e Rätsel.

Also wann dëse Vertrag net a Kraaft trëtt, dann trieden net nëmme just déi Méiglechkeete fir méi Transparenz net a Kraaft, dann trieden net nëmmen déi Méiglechkeeten net a Kraaft, déi eis méi Demokratie bréngen, dann trieden net nëmmen déi Méiglechkeeten net a Kraaft, déi eis méi Gestaltung am Rescht vun der Welt, méi Solidaritéit no baussen an no bannen erlaben, da ginn och eng ganz Partie vun de Méiglechkeeten, déi am bestehende Vertragswierk dra sinn, paralyséiert, an da si mer wierklech voll an der Kris dran.

Duerfir, wa mer eis jo d'Wuert ginn, a mir si jo e bësse wéi déi Eintracht im Tale, momentan, a mir sinn „des croyants des heures désespérées", da loosse mer wëssen, nach eng Kéier, wat den 10. Juli um Spill steet. Fir Europa steet enorm vill um Spill. Mä wann ech dat vergläichen, wat fir Europa um Spill steet, an ech vergläichen dat, wat fir eist klengt Land um Spill steet, „il n'y a pas de commune mesure"!

Dat wat fir eis um Spill steet, ass eng Question d'être ou ne pas être. Et sinn d'Lëtzebuerger Potenzialitéiten, déi um Spill stinn, a mir kënnen den 10. Juli e formidabelt Signal no bannen an no bausse ginn, an ech hoffen duerfir, datt den 11. Juli den Dag ass nom Jo, nom kloren, däitleche Jo, no engem klore Bekenntnis zu engem politeschen Europa mat all deene Potenzialitéiten, déi an deem Text hei drastinn, wat keen Ersatz ass fir Politik, mä wat eng Méiglechkeet ass, fir méi an eng besser Politikgestaltung fir d'Zukunft ze maachen.

A wann alles vergiess ass, an no 50 Joer weess kee méi, wien hei an der Chamber war, vläicht kënnen d'Leit sech nach drun erënneren, wien de Statsminister war, mä dat wäert awer och alles sinn. Mä wat se awer och nach wëssen, dat ass wéi mer den 10. Juli gestëmmt hunn, a wien de Courage hat, fir sech ee Moment géint e soi-disant Mainstream ze stäipen.

Ech menge mir kënnen de Rescht vum Land an deem dote Sog, an deem mir elo dra sinn, mat virunhuelen. Dat ass net hinnen eppes imposéiert, mä dat ass dësem Land a besonnesch der Jugend eng ganz Partie Méiglechkeeten opgemaach, an duerfir brauche mer eis nu wierklech net ze entschëllegen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

Dir hutt d'Wuert, Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, d'Chamber steet sécherlech virun enger wichteger Ofstëmmung haut den Nomëtteg an dat an duebeler Hisiicht, duerch den Inhalt, duerch d'Tragwäit vun deem internationalen Traité, deen d'Ambitioun huet der Europäescher Unioun eng Verfassung ze



ginn, mä awer och duerch de politesche Kontext vun dëser Entscheedung, déi getraff gëtt an engem Klima vu politescher Veronsécherung an Europa, knapp 14 Deeg virun dem Referendum vum 10. Juli, deen éischte Referendum dee Lëtzebuerg zënter 68 Joer op nationalem Plang virhëlt.

An och wann d'Chamber ausnahmsweis an där heiter Fro net déi allerlescht politesch Décisiounsgewalt huet, läit déi Gewalt dës Kéier beim Wieler iwwert de Referendum. Sou muss een dach soen, dass et wichteg ass, dass dëst Parlament haut an dëser Debatt an an der Ofstëmmung seng Verantwortung iwwerhëlt an dass d'Parlamentarier, alleguerten déi 60, gebiede si fir haut hir Verantwortung ze iwwerhuelen, fir d'Richtung unzeginn a fir Faarf ze bekennen an enger kruzialer politescher Fro. D'Parteien hunn an all demokrateschem System déi fundamental Aufgab, fir zur politescher an öffentlecher Meenungsbildung bäizedroen.

A wien haut hei net Faarf bekennt, wie sech senger Verantwortung net stellt, wie feig doheem bleift, deen huet menger Usiicht no den Usproch verwielt als politesch Partei hei zu Lëtzebuerg nach kënnen d'Wuert ze ergräifen an nächster Zäit.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Et ass blamabel fir eng politesch Partei wa si sech net dëser Erausfuerderung stellt. Et versteet een natierlech ganz gutt, firwat dass den ADR haut net hei ass. Den ADR, dee grouss ginn ass - hien huet jo glécklecherweis e klengen Dämpfer kritt bei deene leschte Wahlen -, mä deen iwwer Jore gewuess ass duerch Ënnerstellungen, duerch Attacke vun deenen aneren an deen elo op eemol an déi Situatioun erakënnt, dass hien an engem wichtege politeschen Dossier mat senger eegener Verantwortung, mat senger eegener Vergaangenheet konfrontéiert gëtt, mat senger eegener Wankelmütegkeet, an engem Sënn mat senge Reviremente, mat senger andauernder Girouettefonctioun, déi hien an deem heite wichtege politeschen Dossier während zwee Joer ageholl huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Bal war et de Jo, bal war et den Neen a fir deen, deen et net gleeft, well si streiden dat jo andauernd of, hunn ech mer awer erlaabt der Chamber nach eng Kéier dat Dokument hei matzebréngen: „Wahlen zum Europäischen Parlament am 13. Juni 2004. Konsequent fir Lëtzebuerg!", de Programm vum ADR zu den Europawahlen. A well se haut keng Stëmm hunn - soss erliewen ech jo ëmmer, dass si hei oft net richteg hir Argumenter kënne virdroen -, wëll ech mech dann eng Kéier fir déi Minoritéit hei am Parlament asetzen…

(Hilarité)

…a ganz gären aus hirem Wahlprogramm zu den Europawahlen, déi Europawahlen, déi virun engem Joer hei zu Lëtzebuerg stattfonnt hunn, zitéieren: „Wir sagen Ja zum Europäischen Verfassungsvertrag." Ech kéint och hei zitéiere wat den Här Gibéryen, Member vum Konvent, gesot huet am Juni 2003 wéi de Konvent eriwwer war a wou e Bilan gezu ginn ass mat deenen anere Membere vum Konvent a wou hie genee de Contraire vun deem behaapt huet, wat elo zënter e puer Woche behaapt gëtt vun därselwechter Partei, déi elo ewell de Superstat Europa erëm entdeckt huet. Den Här Gibéryen huet awer den 19. Juni 2003 virun der Press just de Contraire gesot huet: „…es entstehe kein Europäescher Staat sondern ein Europa der Staaten, dem keine zusätzlichen Zuständigkeitsbereiche eingeräumt worden seien."

En ADR, deen elo net midd gëtt dat Soziaalt an de Vierdergrond ze stellen, well dat anscheinend guer net géif berücksichtegt ginn am neien europäesche Verfassungstext. Mä deeselwechten ADR huet erëm eng Kéier am Virfeld vun de leschte Chamber- an Europawahle just de Contraire behaapt, wéi a sengen Texter ze liese war: „Der europäische Konvent hat in dem Entwurf der Europäischen Verfassung die sozialen Mindestnormen beschlossen, die die Grundlage für das soziale Europa bilden müssen." Just de Contraire vun deem also wat en haut behaapt. Dat ass net seriö!

Dat erënnert mech eigentlech un e Sproch vum Edgar Faure. Den Edgar Faure e bekannte liberale Politiker aus der Quatrième République a Frankräich, dee bekannt war, dass hien ëmmer dobäi war, bei all Regierungen, déi gebilt si ginn, an deen eng Kéier, wéi hien d'Fro gestallt kritt huet vun engem Journalist, wéi da seng Positioun ze erkläre wier, ob dann net seng Positioun mat där vun engem Wiederhinchen ze vergläiche wier, geäntwert huet - hie war ëmmer ganz schlagfäerdeg -: „Ce n'est pas la girouette qui tourne, c'est le vent."

(Hilarité)

Sou wäerten et och den Här Gibéryen a seng Kolleege vum ADR halen. Mä elo awer zu eis. Ech si jo eigentlech net de Fraktiounssprecher hei vum ADR.

Ech mengen et ass ganz kloer, dass mer den 10. Juli nëmmen iwwer eppes ofstëmmen. Mir stëmmen of iwwert den Entworf vun engem neien europäeschen Traité, dem Traité constitutionnel. Mir stëmmen net of den 10. Juli hei zu Lëtzebuerg iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei. Mir stëmmen net of iwwert d'Bolkestein-Direktiv a mir stëmmen och net of iwwer eng eventuell personell Ëmbesetzung un der Spëtzt vun der Lëtzebuerger Regierung. Dat sinn alles wichteg Froen, mä Froen déi näischt awer och guer näischt mam Verfassungstext vun der EU ze dinn hunn, deen eenzeg an alleng mat Jo a mat Nee muss beäntwert ginn.

Mir stëmmen also of iwwert d'Ziler, iwwert d'Regelen no deenen d'Europäesch Unioun an Zukunft soll fonctionnéieren. Mir stëmmen am Verglach zu deenen Texter, déi haut gëllen, eenzeg an eleng iwwer Verbesserungen of par rapport zum geltenden europäesche Recht.

Ech waarden nach ëmmer drop, dass ee mer hei am Land soll soen a wat fir engem Punkt konkret deen Text, deen elo zur Ofstëmmung virläit, eng Verschlechterung géif duerstelle par rapport zu deenen europäeschen Traitéen, déi haut an Europa a fir Lëtzebuerg gëllen. Ech hunn nach haut dee Beweis net bruecht kritt fir esou eng Verschlechterung. Iergendeng Verschlechterung misst jo ze fanne sinn an deem risegen Text do! Mä nach bis elo ass net een, dee konnt esou eng Verschlechterung nennen. Et sinn also nëmme Plus-valuen ze verzeechnen an deem doten Text par rapport zu deem, wat europäescht Recht fir de Moment hei ass.

Et ass sécher, dass vill Leit Europa - a streckeweis mengen ech hu se guer net Onrecht - als ze bürokratesch, net genuch demokratesch, net genuch sozial ausgeriicht gesinn. A well se Recht hunn a villem wat se soen a wat se mengen, si mir als Sozialisten der Meenung, dass ee muss Jo zu deem Verfassungstext stëmmen, well grad dee Verfassungstext eng Äntwert versicht ze ginn op déi Saachen, déi vläicht an Europa net esou gutt lafe wéi se kënnte lafen, a probéiert déi Mängel an der europäescher Praxis an an den europäeschen Texter auszebigelen.

Duerfir also, wann Der wierklech kritesch sidd deem Europa géigeniwwer wat haut besteet, wann Der dat eent oder dat anert bemängelt, kuckt Iech déi nei Texter un, vergläicht se awer wann ech gelift mat deenen Texter, déi haut Gültegkeet hunn an da stëmmt Der Jo zu deem neien Text, well e ganz kloer an déi Richtung geet fir eng Verbesserung ze bréngen am Fonctionnement, an der Transparenz vun der europäescher Politik.

Wann Nee gesot gëtt, dann hutt Der nëmmen eng Garantie, d'Garantie dass alles beim Ale bleift. Da bleiwen déi Texter en vigueur, déi esou vill kritiséiert ginn haut. Dat ass déi eenzeg Sécherheet, déi Der hutt. Dir hutt guer keng Aussiichten, dass iergendwann an nächster Zukunft en aneren Text kënnt, deen da besser wier wéi dat, wat momentan an der Diskussioun ass.

An deen Duercherneen, deen nom Neen a Frankräich an an Holland an Europa entstanen ass, déi Ongewëssheet wéi et soll weidergoen an dee Sträit, deen eigentlech ausgebrach ass iwwert d'Orientéierung vun der Politik an Europa, beweist, dass et keng Alternativ gëtt, wéi ëmmer behaapt ginn ass, et wier guer kee Problem, dat géif alles esou roueg eroflafe wa géif Nee gestëmmt ginn. Da géif iergendeen opstoen an hie géif a seng Täsch gräifen an hätt dann de berühmte Plan B, deen dann all d'Problemer géif op ee Schlag léisen a wou jiddereen da spontan géif an d'Hänn klappen a soen, dat doten ass et, deen alen Text kënne mer vergiessen, hei ass deen neien Text, de Plan B spillt an dann ass alles an der Rei.

Et gëtt kee Plan B! Oder - géif ech soen - et ginn der honnert, vläicht nach méi. Jiddereen huet säi Plan B, mä et weess keen a wat fir eng Richtung dass et eigentlech sollt goen. Dat ass dat, wat den Neen ausgeléist huet. Dat ass kee schéint Bild, wat ee momentan an Europa an deem dote Punkt gesäit. Dat beweist op jiddfer Fall, dass d'Argumentatioun vun de Leit vum Non an anere Länner falsch war an dass se iwwert déi wierklech Konsequenze vun engem Nee hinweggetäuscht hunn.

Deen Text, deen eis virläit, ass e prekären Equiliber tëschent ganz verschiddenen Opfaassunge vun Europa. Equiliber tëschent de Positioune vu 25, 28 verschiddene Länner, mat hirer eegener Geschicht, mat hirer eegener Kultur, mat hiren eegene politesche Prioritéiten.

Et ass en Text, dee versicht en Equiliber duerzestellen tëschent Sozialisten, Sozialdemokraten, Gréngen, Liberalen, Chrëschtdemokraten, Konservativer. Alles dat probéiert en ze maachen. An ech géif soen, en hätt et fäerdeg bruecht, deen Equiliber do hierzestellen. Woubäi een dann och net däerf dohinnerkommen an ee Saz erauszéien aus deem Ganzen a soen: „Aha, do gesitt Der jo, do verstoppt sech dee liberalen Däiwel." Oder: „Oho, do ass jo dann den europäesche Superstat."

Et muss een dee ganzen Text liesen an et kann een nëmmen dee ganzen Text interpretéieren, wann een all Artikele berücksichtegt a wann een all Dispositioun à la lumière vun enger anerer Dispositioun vum Text interpretéiert. Esou kann een nëmmen un deen doten Text erugoen. Well et eben e Kompromisstext ass, wou deen ee sech éischter op deem enge Punkt duerchgesat huet, deen aneren op engem anere Punkt, mä dat Ganzt esou ausgefeilt ass, dass jiddfereen sech iergendwéi an deem ganzen Text do erëmfënnt. An da kann een net eppes erausbriechen a soen: „Dat ännere mer elo!", well da brécht déi ganz Konstruktioun zesummen, an dat kënne mer jo alleguerten net wëllen.

Dofir muss ee sech kloer bewosst sinn, wat et heescht eigentlech an esou enger grousser Gemeinschaft mat all deene verschiddene Sensibilitéiten et iwwerhaapt fäerdeg ze bréngen, esou e Verfassungstext op d'Been ze stellen.

Kompromisser och tëschent de Fédéralisten an de Souverainisten. Alleguerte fannen si sech an eenzelnen Aspekter vun deem Ganzen erëm. An dat ass mengen ech immens wichteg, dass een do de Leit näischt virmécht. Duerfir sinn ech der éierlecher Iwwerzeegung - ech gi vläicht Lige gestrooft vun der Entwécklung an deenen nächste Méint a Joren -, dass deen heiten Text am Endeffekt net dout ass. E schéngt dout fir de Moment. Mä wéi heescht et: „Totgesagte leben länger."

Deen heiten Text kritt menger Ansicht no eng frësch Vigueur, wa mol d'Prozeduren an alle Länner duerchgezu ginn a wa mol gekuckt ginn ass, wat dann eng Alternativ kéint sinn zu deem doten Text. Da sinn ech der Meenung, dass deen heiten Text duerchaus eng reell Chance huet, schlussendlech sech awer duerchzesetzen, um Enn vun alle Prozeduren.

An et ass jo net nëmmen esou, wéi wa Lëtzebuerg elo totale Cavalier seul géif an deem ganze Beräich maachen. Net nëmmen d'Lëtzebuerger hunn décidéiert, hir Ratifikatiounsprozedure virunzedreiwen. Datselwecht gëllt fir d'Belsch, déi matzendra sinn, wou awer nach eng Rei vu regionale Parlamenter mussen hir gréng Luucht ginn. Dat gëllt fir Malta, gëllt fir Zypern, gëllt fir Estland.

All déi Länner si praktesch zäitgläich mat Lëtzebuerg amgaange mat hire Ratifikatiounsprozeduren duerchzesinn, och wann dat parlamentaresch Ratifikatiounsprozedure sinn. Haut si mer jo och hei als Parlament zesummen, fir deen éischte Vote zu deem heiten Text virzehuelen. Gutt d'Halschent vun den Europäer hunn haut schonn ofgestëmmt iwwert deen doten Text. Sollt déi aner Halschent sech net däerfen äusseren zu deem Text? Ass et einfach nëmmen eng zäitlech Folleg vun de Ratifikatiounen an eenzelne Länner déi bestëmmt wien däerf ofstëmmen a wien net däerf ofstëmmen?

Hei muss all Stëmm gläich gëllen an och d'Stëmm vun de Lëtzebuerger muss dat gläicht Gewiicht kréie wéi all déi aner Stëmmen. Mir kënnen et net de Fransousen an den Hollänner oder aneren iwwerloossen an eiser Plaz praktesch iwwert déi Fro ze décidéieren, déi den 10. Juli dann de Bierger sech wäert virhuelen.

Mir mussen op eng wesentlech Fro äntweren. Jiddferee muss dat fir sech maachen. Mir haut als Cham-ber, an da jiddfer Bierger fir sech: Wat bréngt deen heiten Text Lëtzebuerg, de Lëtzebuerger? Wat bréngt en Europa an den Europäer?

Kloer ass fir mech, dass d'Rechter vun de Bierger ausgebaut ginn duerch deen heiten Text, net ofgebaut. Kloer ass et och, dass d'Positioun vu Lëtzebuerg duerch deen heiten Text gestäerkt gëtt, zementéiert gëtt an net zréckgesat gëtt. A kloer ass et fir mech och, dass duerch deen heiten Text Europa kann e Stéck méi staark ginn an op jiddfer Fall net d'Ambitioun huet, fir méi schwaach ze ginn op internationalem Plang.

Dësen Traité bréngt keng Maartgesellschaft an Europa eran, wann en och op der sozialer Maartwirtschaft opgebaut ass. Mä et ass en Traité, dee sech als iewescht Zil gesat huet, eigentlech en nohaltegen Entwécklungsmodell duerchzezéien a sämtleche sektorielle Politiken.

An eent muss och de Kritiker vu lénks kloer sinn, dass et sécherlech esou ass, dass d'Grousskapital, wat jo oft an de Vierdergrond gestallt gëtt, ganz gutt kann ouni Verfassung an Europa liewen a ganz gutt a vill besser ka liewen ouni Regelen, an dass eigentlech d'Bierger an all déi, déi hei en europäesche Sozialmodell verteidegen an un eng sozial an ökologesch Maartwirtschaft an Europa gleewen, als Modell, deen een eventuell kann esouguer international exportéieren, all Intérêt drun hunn dofir ze suergen, dass Regele festgesat ginn. Dee Versuch gëtt iwwert deen heiten europäeschen Text och ganz kloer ëmgesat.

Egal wéi de Referendum ausgeet, wëll ech am Numm vun der LSAP schonn zwou Konklusiounen zéien. Zwou Konklusiounen, déi mer an eisen Ae mussen ëmsetzen, wéi gesot, egal ob Jo oder Neen hei zu Lëtzebuerg gestëmmt gëtt.

Déi éischt Konsequenz, mengen ech, dat ass, dass eist nationaalt Parlament, eis Chamber sech muss fundamental reforméieren, an och wann déi nei Regelen nach net gëlle schonn elo sollt sech d'Instrumenter ginn, fir kënnen ze fonctionnéieren, wéi wann deen neien Text do wier.

Une voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat heescht dofir ze suergen, dass mer fréizäiteg als Parlament an déi legislativ europäesch gesetzlech Prozeduren erakommen. Dat bedeit e fundamentaalt Ëmkrempele vun deem, wat mer hei an der Chamber vu Fonctionnement an deem dote Beräich hunn. Dat heescht och, dass mer méi systematesch mussen öffentlech Debatte siche goe mat de Leit. Net nëmmen hei am Plenum, mä mat de Leit zu wichtegen europäeschen Themen.

Et geet net duer, dass mer deen Exercice all puer Jorzéngten eng Kéier hei zu Lëtzebuerg maachen. Dat huet ee mengen ech ganz kloer gespuert an där Campagne, déi elo déi lescht Méint hei zu Lëtzebuerg gelaf ass. Dat sollt een elo schonn als gemeinsam Konklusioun festhalen.

Zweet Konsequenz, déi mer elo scho sollten zéien, ass, dass mer et musse fäerdeg bréngen, deenen europäeschen Enjeue méi Fräiraum ze ginn, se méi an Evidenz ze setzen. Dat geschitt nëmmen doduerjer, dass mer et fäerdeg bréngen, d'Europawahle vun den Nationalwahlen ze entkoppelen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Sief et iwwer e verschiddenen Datum, sief et zumindest iwwer e Verbuet vun duebele Kandidature bei Europa- a bei Chamberwahlen. Dat sollten an eisen Aen d'Konklusioune sinn, déi mer elo schonn zéien, egal wéi dee Referendum do ausgeet.

De Michel Wolter huet siwe Grënn genannt, firwat ee sollt Jo stëmmen a firwat och seng Fraktioun wäert Jo stëmmen zu deem heiten Text. Ech erlabe mer der zéng ze nennen. Awer ech maachen et méi kuerz wéi hien.

Mir Sozialiste wëlle Jo soen, well doduerch ganz einfach d'Leit an Europa eiser Usiicht no weider a Fridden, Fräiheet a Sécherheet liewe kënnen, an enger Gemeinschaft vu Wäerter, déi mer deelen.

Mir soen och Jo zu deem heiten Text, well doduerjer d'Onofhängegkeet, de Wuelstand an d'Interesse vu Lëtzebuerg an Europa fir weider Jore gefestegt ginn.

Mir soe Jo, well doduerch Europa e Stéck méi sozial gëtt.

Mir soe Jo, well duerch dësen Text Europa och wäert e Stéck méi demokratesch ginn a méi transparent an handlungsfäeg.

Mir soe Jo, well duerch deen heite Verfassungstext d'Charta vun de Grondrechter vun den EU-Bierger rechtlech verbindlech gëtt.

Mir soe Jo, well doduerch Europa an der Welt méi staark gëtt a sech domadder och ka politesch a wirtschaftlech international besser behaapten.

Mir soe Jo, well dësen Text en éierleche Kompromiss duerstellt tëschent alle Memberstaten, mat ënnerschiddleche politeschen a kulturellen Usiichten.

Mir soe Jo, well dës Constitutioun e valabele Kader duerstellt fir eng fortschrëttlech Politik an Europa méiglech ze maachen, wann dat politescht Kräfteverhältnis dat zouléisst. An dat Kräfteverhältnis do, dat gëtt entscheet duerch national Wahlen, duerch national Regierungen, déi sech aus den nationale Wahlen erginn, an duerch d'Kompositioun vum Europaparlament. An et ass an eisen Aen do wou muss ugesat ginn. Wann ee wëllt eng fundamental nei Orientéierung kréien, da muss d'politescht Kräfteverhältnis dat méiglech maachen, well soss brauch ee guer net dovunner ze schwätzen.

A schliesslech si mer der Meenung, dass mer Jo sollte stëmmen zu dësem Text, well mer als Lëtzebuerger wëllen Europa aus der Kris vum Neen erëm erausbréngen.

Ech menge méi wäit brauch een hei net ze goen. De Fayots Ben huet op seng bekannte remarquabel Aart a Weis dat als Rapporteur gemaach.

Ech wëll zum Schluss just nach Folgendes soen: Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass mer als Lëtzebuerger sollten net ängstlech an net misstrauesch un eis Zukunft an och un d'Europäesch Unioun erugoen. Et ass jo dat, wat een deelweis e bësse spiert dobaussen, déi Veronsécherung, déi kënnt.

Et soll een awer trotzdeem däerfen ee klenge Bléck no hanne werfen an einfach feststellen, dass déi 60 laang Jore vu Fräiheet, vu Sécherheet, vu Fridden, an deene mir däerfe liewen als Lëtzebuerger; dee Wuelstand, deen iwwert déi lescht Jorzéngten hei geschafe ginn ass; déi wirtschaftlech Performancen; deen héije Sozial- an Ëmweltstandard, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn: Dat alles ass dach net erreecht gi géint Europa. Mä et ass erreecht gi mat Europa a gréisstendeels duerch Europa.

Dofir soe mer: Loosse mer keng Angscht hu virun der Zukunft! Loosse mer kucken, wat war, loosse mer kucken, wat ass, an da gi mer mat Zouversiicht a mat Courage un déi nei Erausfuerderungen erun, well ech si sécher, dass mir dann hei zu Lëtzebuerg an Europa weiderkommen. Europa brauch eis. Dofir solle mer Jo stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht och am Numm vun der grénger Fraktioun dem Här Fayot net nëmme Merci ze soe fir säi Rapport, deen hien hei gemaach huet, mä och fir säi ganzen Engagement iwwert déi lescht Méint ronderëm déi Hearingen. Ech mengen, hien hat oft keen einfache Stand hei. Hien huet dat awer relativ gutt gemaach eiser Meenung no…

Une voix.- Relativ?!

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- …an ech wëll him duerfir hei am Numm vun eiser Fraktioun Merci soen.

Relativ gutt, dat heescht den Ëmstänn entspriechend - wéi heiansdo d'Situatioun war, soen ech. Dat war elo net schmälernd fir den Här Fayot.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht fir d'éischt versichen e klengen Historique ze maachen, fir eigentlech déi Fro ze klären, déi elo an deene leschten Deeg jo vill an der Diskussioun war, déi sech vill erëmgespigelt huet an den Debatten, déi mer haten, sief et op de Biergerversammlunge respektiv op anere Plazen, wou mer als Politiker an deene leschte Wochen ënnerwee waren.

Nämlech ass déi Fro: D'Europäesch Unioun, esou wéi mer se haut kennen, dat heescht, zum Zäitpunkt vun deem Traité, dee mer haut hei diskutéieren an iwwert dee mer den éischte Vote constitutionnel virhuelen, déi Europäesch Unioun vun haut, ass dat schonn eng politesch Unioun oder ass et am Moment éischter eng Wirtschaftsunioun?

A fir dat ze erklären, muss een e bëssen zréckgoen an der Geschicht, an zwar bis op 1945, dat heescht nom Zweete Weltkrich, wéi



déi éischt Diskussiounen ugefaangen hunn, wéi éischt Bilanë gezu gi sinn nom Debakel vum Zweete Weltkrich, mä awer och vun deem Éischte Weltkrich, a wéi do eigentlech vun enger Rei Virdenker d'Grondiddi opkomm ass, fir ze soen, d'Haaptursaach vun deenen zwee Kricher am 20. Jorhonnert, vum Éischten a vum Zweete Weltkrich, déi war deen éiwege Wirtschaftskampf, déi éiweg Wirtschaftskonkurrenz tësche Frankräich an Däitschland, an datt, wann ee wëllt laangfristeg eng Garantie hu fir Europa, datt esou Kricher, esou grausam Kricher net méi géinge virkommen, datt een et da misst fäerdeg brénge virun allem déi zwou grouss europäesch Wirtschaftsnatioune méi zu enger wirtschaftlecher Zesummenaarbecht ze kréien, an dann deementspriechend och eng Garantie kéint bestoen, datt an Zukunft esou Kricher net méi géife méiglech ginn.

An alles dat huet dozou gefouert, datt no éischten Diskussiounen 1951 zu Paräis den CECA-Vertrag ënnerschriwwe ginn ass, an 1957 zu Roum d'EWG gegrënnt ginn ass. Europäische Wirtschaftsgemeinschaft heescht EWG op Däitsch.

Et ass also relativ kloer: Dat, wat do lancéiert ginn ass, dat war deemools net eng politesch Unioun, mä effektiv eng Wirtschaftsunioun, déi am Ufank an och an deene Jorzéngten nach duerno haaptsächlech déi Zilsetzung hat, déi ech do elo am Ufank beschriwwen hunn, déi aus enger Konklusioun erauskomm ass vun den zwee Weltkricher an der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert.

1986 den Acte unique, e weidere wichtege Grondsteen an der Entwécklung vun der Europäescher Gemeinschaft. Och do ass et drëms gaangen erëm iwwer e gemeinsame Maart ze diskutéieren, deen nach ze verdéiwen, him nei Kompetenzen ze ginn, natierlech och scho mat der Perspektiv vun Erweiderungen.

An 1992 ass mam Maastrichter Vertrag a mat dem definitive Grondstee vun der Währungsunioun déi definitiv Verdéiwung geschitt vum europäesche Wirtschaftsraum.

Et ass natierlech esou, datt wéi 1992 de Maastrichter Vertrag verabschiet ginn ass, dat heescht de Wirtschaftsraum sech definitiv verdéift huet, just virdrun 1989 eppes Historesches passéiert ass, vun deem zumindest bei der Signature vum Acte unique 1986 kee Mënsch hätt kënne virausgesinn, datt et 1989 passéiere géif. No 44 Joer brutaalsten, kommunisteschen, diktatoresche Regimer ass deem 1989 iwwer en historeschen Akt en Enn gesat ginn.

Et sinn deelweis ganz nei Länner entstanen, déi eis Geographie iwwerhaapt net kannt huet virdrun. Dat heescht, mir hunn eigentlech eng komplett nei Verdeelung kritt, eng nei Verdeelung kritt, net nëmme vun de politeschen Donnéeën, mä och de Wirtschaftsraim als solch hu sech breetstens opgemaach mat allen ze erwaardende Konsequenzen, déi dorauser entstane sinn.

Mir hunn dunn dee bankrotte Planwirtschaftssystem virfonnt, deen net nëmme wirtschaftlech bankrott war, mä och sozial bankrott war, well et waren haaptsächlech zwee Grënn, déi dozou gefouert hunn, datt dee Prozess sech beschleunegt huet: Dat eent war natierlech e fundamentalen, demokrateschen, mä dat Zweet, dat war och e fundamentale soziale Bankrott.

D'Situatioun an deene Länner huet sech déi lescht Joren, während deenen déi Regimer existéiert hunn, sozial dramatesch verschlechtert. Vun der Ëmwelt wëll ech iwwerhaapt mol net schwätzen, well wat mer virfonnt hunn am Ëmweltberäich, dat war eng eenzeg Katastroph.



Ech wëll och hei eng kleng Parenthèse opmaachen, déi mengen ech awer ubruecht ass an dësem Kontext an an den Diskussiounen, déi mer déi lescht Wochen erliewen, nämlech datt et och gewëssermoossen e bëssen e Paradox ass, datt déi Vertrieder hei aus dem Parlament oder och ausserhalb vum Parlament, aus der Zivilgesellschaft, déi sech de Moment fir de Verfassungsvertrag hei organiséieren, datt déi bestänneg Lektiounen ausgedeelt kréien an der Öffentlechkeet am Moment vu Leit, déi bis 1989 déi Diktaturen an dee bankrotte System mat Haut an Hoer verteidegt hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Dorënner sinn der och - dat muss ech mol eng Kéier soen, fir datt mer d'Geschicht awer erëm op d'Féiss setzen - derbäi, déi haut nawell en zimlech groussen Hellegeschäin um Kapp hunn, a maachen, wéi wann dat keen Deel vun hirer eegener Geschicht wier.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Besonnesch schockant ass et natierlech, datt déi nämlecht Leit, déi dat während Jorzéngte bis 1989 verteidegt hunn, haut gréisstendeels am Kontext vun der Diskussioun iwwert dës Verfassung un déi ënneschte Gefiller appeléiere géint déi nei Länner, déi solle bäitrieden, woubäi mer da Saachen héiere wéi, do wieren d'Léin esou niddereg an déi sozial Konditiounen esou schlecht.

Dat sinn awer déi Länner, déi aus deene Regimer ervirgaange sinn, déi si bis 1989 verteidegt hunn, an dann ass et esou, datt si eis elo wëllen erkläre kommen, mir dierften op kee Fall oder mir hätten op kee Fall dierfen dofir suergen, datt no deem historesche Broch vun 1989 ee versicht hätt deene Mënschen do eng nei Zukunft ze bidden.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Parenthèse zou.

Ech kommen zréck op 1992, de Maastrichter Vertrag. Déi gréng Fraktioun hat beim Maastrichter Vertrag an dësem Parlament eng ganz kritesch Haltung. Mir hunn och dergéint gestëmmt deemools.

Mir hunn dergéint gestëmmt wéinst zwee wesentleche Punkten. Iwwregens wëll ech och soen, datt deemools, 1992, net nëmme Grénger Bedenken hate par rapport zu deem Prozess, wéi mer deemools verfuer si ronderëm Maastrecht, mä et queesch duerch Europa och innerhalb vun den eenzelne politesche Famillje ganz grondsätzlech Meenunge gi sinn a grondsätzlech Bedenke gi sinn.

Wat waren eis Haaptbedenken? Et war net d'Währungsunioun, déi mer wollten, wou mer e Problem haten, oder souguer d'Verdéiwung vum Wirtschaftsraum. Mir ware fir d'Währungsunioun. Mä mir haten zwee grondsätzlech Problemer.

Dat Éischt, dat war deen ominöse Stabilitéitspakt, well natierlech dee Stabilitéitspakt 1992 an engem Geescht ausgeschafft ginn ass vun den 80er Joren, ee Geescht aus den 80er Joren, deen een natierlech och haut nach ëmmer gäre virgehale kritt, deen et och haut nach ëmmer ganz staark gëtt, dee sou genannten neoliberalen, monétaristesche Geescht, wou eigentlech an der Ekonomie alles op d'Offer gesat ginn ass, wou eigentlech an der Ekonomie alles op Präisstabilitéit gesat ginn ass, op monetär Stabilitéit gesat ginn ass, wat d'Konsequenzen natierlech waren, duerch eng Situatioun, déi mer no 1973 hu missen erdulden, wéi d'Vereenegt Staten d'Verträg vu Bretton Woods gréisstendeels, vläicht net opgekënnegt hunn, mä se awer a Fro gestallt hunn, virun allem doduerjer, datt se bei de Währungen als solches ugefaangen hunn, d'Parité fixe ofzeschafen.

Mä dee Stabilitéitspakt, dee war an deem Geescht ausgeschafft ginn, a mir hunn deemools gesot, dee féiert dozou, wa mer a wirtschaftlech schwieregen Zäite sinn, datt en eis all Spillraum ewechhëlt als Politik, fir kënnen aktiv gestalteresch anzegräifen, fir de Maart ze relancéieren, fir op Basis vun der Relance iwwert d'Demande nei Aarbechtsplazen zum Beispill ze schafen, an datt een duerfir natierlech hätt missen duerfir suergen 1992, bei der Schafung vun där gemeinsamer Währung, datt mer Stabilitéitskritäre kréien, mä datt awer déi vill méi flexibel hätte misse gehandhabt ginn, wéi dat deemools geschitt ass.

An eigentlech huet d'Geschicht eis Recht ginn. Well wat ass geschitt viru kuerzem? Mir hunn dee Stabilitéitspakt geännert. Mir hu gewësse flexibel konjunkturell Donnéeën drabruecht, déi an der Zukunft wäerte versichen, deenen Aspekter méi Rechnung ze droen.

Deen zweete Punkt, firwat datt mer deemools reservéiert a skeptesch waren, dat war well mer gesot hunn, mä mir ginn hei zu engem Zäitpunkt, wou mer duerch 1989, duerch dee geschichtleche Broch, dee mer erlieft hunn, a mat der Perspektiv, datt wahrscheinlech déi Europäesch Unioun relativ séier wäert wuessen, hin an dann zäume mer e bëssen d'Päerd vun hannen op.

Mir verdéiwen de Wirtschaftsraum, ouni datt mer awer de politesche Raum schafen. Dat heescht, ouni datt mer eis de reglementaresche Kader ginn, deen dann duerno, zumools bei enger vergréisserter Europäescher Unioun an ënner méi schwierege Bedéngungen, duerfir misst suergen, fir datt mer effektiv eng gewësse sozial Kohesioun an Europa kënne behalen, fir datt mer effektiv och gewëssermoosse méi demokratesch Verhältnisser, zumools an engem méi vergréisserte Raum, géinge behalen.

Dat waren, wéi gesot, déi zwee Punkten, déi mer deemools abruecht hunn. Wann een och d'Debatt kuckt de Moment an der Öffentlechkeet, virun allem op deene Versammlungen, wou mer de Moment alleguer duerch d'Land rennen, da stellt ee fest, datt eigentlech, ech wëll kee Prozentsaz soen, mä ech géing awer gäre soen den iwwergroussen Deel vun de Suergen a vun den Ängschten, déi d'Leit de Moment zum Ausdrock bréngen, och souguer wa se mat dem Sozialen zum Beispill ze dinn hunn, zréckzeféieren ass op eng Erweiderungssituatioun, déi d'Leit an den 90er Joren, well se natierlech och esou schnell gaangen ass, net genuch erkläert kritt hunn, wou d'Leit d'Gefill haten, datt se net genuch abezu gi waren, wou d'Leit fonnt hunn, datt de politesche Kader insgesamt, de reglementaresche Kader net gutt genuch wier, fir datt mer dat kéinte verkraaften.

Ech mengen och, datt et duerfir wichteg ass, deen historesche Kontext vun der Unioun vun deemools op haut ze erklären, fir dann awer zu deem Punkt ze kommen, dee besonnesch paradoxal ass, an zwar datt mer, nodeems mer en Echec haten zu Nice, oder zumindest en Deeléchec, e Konvent agesat hunn, wou bal iwwer zwee Joer diskutéiert ginn ass, wou d'Zivilgesellschaft matdiskutéiert huet, wou och während deem Konvent - an dat muss een och emol eng Kéier hei soen, oft kréie mer de Moment dobausse virgehalen, mir hätten d'Leit missen nach méi fréi froe wéi haut - déi Leit, déi do am Konvent täteg waren, Versammlungen am ganze Land organiséiert haten, wou Toute-boîtë verdeelt gi waren, wou all Biergerinnen a Bierger d'Méiglechkeeten och deemools scho gehat hätten, fir sech ze informéieren, leider awer déi Versammlunge ganz, ganz schlecht besicht waren, datt e Questionnaire während dem Konvent an all Lëtzebuerger Haushalt gaangen ass, wou 10.000 Exemplairen zréckkomm sinn.

Mä awer wann ech all Lëtzebuerger Haushalt soen, an et sinn der 10.000 zréckkomm, da sinn dat der eigentlech rose wéineg par rapport zu der Gesamtpopulatioun. Dat heescht, datt dee Konvent do während zwee Joer an enger offener Struktur mat Abezéiung vun der Zivilgesellschaft geschafft huet, fir endlech zu engem Text ze kommen, deen dat géing nohuelen, wat 1992 verpasst ginn ass, wou mir gesot hunn, wou mir Schwieregkeeten hate mam Maastrichter Vertrag, fir nämlech deem Wirtschaftsraum och endlech e politesche Kader ze ginn, e reglementaresche Kader ze ginn, datt grad zu deem Zäitpunkt, wou deen Text virläit, - well dat ass jo dat wat eigentlech nei ass an deem Traité, dee mer haut virleien hunn - dee gréisste Widderstand an der Bevölkerung entsteet.

Duerfir ass et och eis Meenung, datt, wann een natierlech dësen Text, esou wéi en elo virläit, oflehnt, mer eigentlech dann zréckfalen op de Wirtschaftsraum, op dat wat an deem ëmstriddene Kapitel 3, wat jo hei einfach bäigeprafft ginn ass - dat ass jo deen Deel, deen net am Konvent ausgeschafft ginn ass, mä wat awer näischt aneschters ass, wéi d'Realitéit vun haut, dTexter, wéi se haut existéieren -, da fale mer doduerjer dorobber zréck, an déi positiv Elementer, déi an deenen zwee éischte Kapitelen drastinn, op déi ech nach ze schwätze kommen, déi verléiere mer, déi leien dann ënnert dem Dësch.

An et ass och relativ kloer, an ech wäert dat nach herno beleeën, datt grad an deenen Deeler dee reglementaresche Kader besteet, dee mir als en éischte Schrëtt gesinn, fir datt mer och erëm en Zréck kréien zu der Politik par rapport zu der Ekonomie an Europa. Et ass net esou, an dat soll een de Leit och net virmaachen, datt duerch dësen Text eleng d'Europäesch Unioun an deenen nächste Joren automatesch géing méi sozial oder méi ekologesch ginn, mä et ass awer esou, datt mer duerch dësen Text, wa mer deen hei hunn, endlech déi Instrumenter an de Grapp kréien, déi et eis erlaben als Politik, besser duerfir anzetrieden, besser ze agéieren, fir datt mer méi en ekologescht a méi e soziaalt a méi en demokratescht Europa kréien.

Ier ech am Detail op déi Aspekter aginn, déi wou mir fannen eigentlech extrem wichteg sinn an e wichtege Schrëtt no vir sinn, wëll ech awer e puer Sätz verléieren nach iwwert d'Campagne als solches an iwwert dee sou genannte Camp du Non, dat Lager wat sech gebilt huet vun deenen, déi hei wëllen Nee soen.

Fir mech gëtt et véier Kategorië bei deene Leit, déi Nee soen:

Dat éischt ass eng Kategorie vun éierlechen, besuergten an och oft ganz engagéierte Leit, déi entweder a Comitéën aktiv sinn oder souguer a Parteien. Mir hunn an eiser Partei och Leit, déi net fir den Text sinn. Mir hu souguer een Deputéierten, dee kritesch par rapport zum Text ass. Oder et sinn Individuen, déi sech an der Gesellschaft einfach esou asetzen, déi dat maachen aus enger éierlecher politescher Iwwerzeegung eraus, well se eng Rei Ängschten a Suergen hunn. Och wann ech hir Konklusiounen net deelen, respektéieren ech déi Leit, an ech fannen, datt se souguer an der Gesamtdebatt ganz wichteg sinn, well et soll jo och drëms goen, dat war jo och d'Zil vum Referendum, fir datt mer endlech emol eng Kéier e kontroversen Débat iwwer Europa kréien.

Da gëtt et eng zweet Kategorie vu Leit, déi aktiv sinn an deem Beräich Neen, déi géing ech emol ënnert enger Kategorie vun de Stimmungsmacher wëllen erëmginn. Dat si Leit, déi souwisou en anere Gesellschaftsmodell wëllen. Dat si Leit, déi wëllen d'Gesellschaft bewosst destabiliséieren. Dat si Leit, déi och an der Vergaangenheet bei all Geleeënheet, déi sech gebueden huet, wou se nëmme gemengt hunn, d'Gesellschaft kéint an eng gewësse Kris erarutschen, um éischte Plang opgetaucht sinn, well se do eng nei Chance gesinn hunn, fir d'Gesellschaft kënnen an Instabilitéit ze bréngen, a chaotesch Zoustänn ze bréngen. Ech mengen net, datt sech vill Leit hei zu Lëtzebuerg mat deene kënnen identifizéieren.

Da gëtt et eng drëtt Kategorie. Dat sinn der, déi natierlech elo versichen, bei deene berechtegten Ängschten a Suergen, déi d'Leit hunn, an déi Froen, déi sech stellen, fir déi ze instrumentaliséieren, fir sech un deem Seel aus enger politescher Versenkung erëm eropzezéien, an déi se vun de Wieler awer viru kuerzem geschéckt gi sinn.

An da kënnt eng véiert Kategorie vu Leit, an do muss ech jo soen, dat sinn déi, déi mech besonnesch schockéieren, dat si Leit, déi eigentlech selwer ee politesche Curriculum hunn, nach ni fäeg waren, en éierleche Bilan zu deem ze zéien, gären aner Leit Lektiounen ausdeelen, an oft alles aneschters wéi integer sinn, an och oft alles aneschters wéi demokratesch sinn. Dozou gehéieren der, déi sech haut als Friddensengelen opspillen, an déi bis 1989 all Diktature verteidegt hunn op engem gewëssenen Deel vun der Äerd an och all Militärinterventiounen do verteidegt hunn.

Dozou gehéieren awer och Politiker, an do kommen ech haaptsächlech op een ze schwätzen. Ech géing mer déi Méi net maachen, wann en net sech selwer géing d'Méi maachen, fir den nächste Samsdeg hei zu Lëtzebuerg opzedauchen an als groussen, neien, internationalen Held opzetrieden am Camp vum Non. Politiker wéi den Här Emmanuelli, deen den nächste Samsdeg invitéiert ass fir hei eng grouss Konferenz ze halen zu Lëtzebuerg, fir d'Lëtzebuerger ze iwwerzeege fir mat Neen ze stëmmen den 10. Juli.

Den Här Fayot huet virdrun a senger excellenter Ried schonn drop higewisen, wat fir eng Astellung deen Här do huet par rapport zu klenge Länner, wéi selbstherrlech-arrogant deen Här argumentéiert par rapport zu klenge Länner an der Europäescher Unioun, wat seng Virstellungen do sinn. Dat ass eigentlech scho relativ grave, dat wat en do seet. Grave genuch fir datt een eigentlech deem Här misst soen, et wier besser hie géing dann net an déi kleng Länner pilgere goen an do nach de Leit, der Bevölkerung, wëlle Lektiounen ausdeelen.

Mä wat nach vill méi grave ass wéi dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, datt deen Här do selwer eng Biographie huet, déi alles aneschters wéi propper ass. Den Här Emmanuelli ass jo - wéi Dir wësst - ee Politiker, dee sech an deene leschte Joer ganz markant géint den Dumping fiscal agesat huet, deen ëmmer mam Fanger op all vermeindlech oder sou genannte Steierparadieser vun Europa, ënner anerem och op Lëtzebuerg, weist, dee fënnt, datt déi Steierparadieser d'Fransousen ausbludden an dass déi schold sinn un dem ganze Misère a Frankräich.

Hie selwer, an d'Leit insgesamt, de Mënsch a sech, funktionéieren éischter mam Kuerzgedächtnis wéi mam Laangzäitgedächtnis an dofir muss een dat emol erëm eng Kéier rappeléieren, datt deen Här selwer 1997 zu 2½ Joer Privation des droits civiques condamnéiert ginn ass an zu 1½ Joer Prisong mat Sursis, sou datt hien eigentlech seng politesch Mandater hätt missen opginn, an zu enger Geldstrof vun 30.000 franséische Frang - an elo haalt Iech u firwat - wéinst Financement occulte vun enger politescher Partei, well hien a Frankräich déi Zäit bei den öffentlechen Ausschreiwungen Tricksereie gemaach huet fir eng Partei ze finanzéieren. Deen Här kënnt e Samschdeg hei op Lëtzebuerg fir de Lëtzebuerger ze erkläre wéi si sech solle verhalen den 10. Juli bei dësem Referendum.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger erwuesse genuch si fir sech kënnen unhand vun der politescher Diskussioun hei am Land selwer ee Bild ze maachen a si brauchen net op esou komesch lichtscheu Gesellen zréckzegräife wéi deen doten, fir sech eng Meenung ze bilden.

Ech kommen dann zu de positiven Aspekter eiser Meenung no, Här President, déi eis dozou bewegen, fir fir dësen Traité ganz engagéiert anzetrieden.

Dat Éischt ass, ech hunn am Ufank gesot, wat der Europäescher Unioun gefeelt huet, dat ass eng politesch Dimensioun an dat ganzt Kapitel 1, wou déi gemeinsam Wäerter an Ziler a Rechter fir 450 Millioune Bierger festgeluecht ginn, dat gehéiert dozou. A wann ëmmer dobausse behaapt gëtt, et stéing näischt iwwer Soziales dran, et stéing näischt iwwer Ëmwelt dran, et stéing näischt iwwer sozial Gerechtegkeet an iwwer Demokratie dran, dann ass dat einfach d'Onwourecht gesot an de Leit Angscht gemaach. Well, et ass ganz däitlech den Artikel I-3, deen d'Ziler vun der Unioun definéiert. A wat ass dat dann, d'Ziler definéieren? Dat ass jo näischt aneschters, wéi datt déi Gemeinschaft vu 25 Länner a 450 Millioune Bierger soen: Dohinner wëlle mir hikommen. An do stinn all déi Saachen dran.

Do steet dran, datt mir en ausgewogene Wirtschaftswuesstum musse kréien, datt mir eng wettbewerbsfäeg Sozialmaartwirtschaft musse kréien, datt mir d'Vollbeschäftegung ustriewen, datt mir de soziale Fortschrëtt ustriewen an datt mir en héicht Mooss un Ëmweltschutz ustriewen, datt mir eng Verbesserung vun der Ëmweltqualitéit ustriewen. Et steet och dran, datt mir déi sozial Ausgrenzung wëlle bekämpfen an Europa, datt mir d'Diskriminéierunge wëllen ofbauen, datt mir wëlle sozial Gerechtegkeet a soziale Schutz ustriewen, Gläichstellung vu Männer a Fraen, Solidaritéit zwëschent de Generatiounen.

Dat sinn dach alles keng eidel Wierder, déi an deem Text do drastinn. A wann een dann och nach weess, datt effektiv zu deene Wäerter an zu deenen Ziler, déi mir eis gesat hunn, eng horizontal Klausel zu dem Kapitel III - natierlech zu deem Kapitel wat jo an der Öffentlechkeet am meeschten ëmstridden ass, well dat natierlech all Politikfelder eenzel beschreift - drasteet, déi seet, datt an Zukunft all nei europäesch Gesetzgebunge mussen am Aklang stoe mat de Wäerter an Ziler, déi mir am Ufank beschriwwen hunn, da soll dach kee mir ziele kommen, datt dat keen neit Instrument wier, wat d'Zivilgesellschaft, wat d'Politik an de Grapp kritt, fir aktiv ze ginn um europäeschen Niveau, ee politescht Instrument fir effektiv fir méi sozial Gerechtegkeet oder méi demokratesch Verhältnisser ze suergen.

Mä dat ass net deen eenzegen Aspekt, d'sozial Dimensioun gëtt insgesamt endlech emol gestäerkt duerch deen Text. Mir kréien eng Gläichsetzung vun de soziale Rechter mat de klassesche Mënscherechter. Mir kréie méi eng staark Roll wéi et haut ass fir d'Sozialpartner. De sozialen Dialog gëtt iwwert dësen Text institutionaliséiert an der Europäescher Unioun. Mir kréien elo mol endlech dat Konzept vun der sozialer Maartwirtschaft, wat am Réimescher Vertrag 1957 net drasteet, festgeschriwwen an een Text.

Am Ëmwelt- an am Verbraucherschutz ass et datselwecht, mir kréien nohalteg Entwécklung als Zil vun der Unioun. Mir kréien eng horizontal Klausel - d'selwecht wéi fir de soziale Beräich - fir den Ëmweltschutz, déi mir an Zukunft kënne massiv asetze fir fir Ëmweltrecht anzetrieden. Mir kréien eng horizontal Klausel och fir den Déiereschutz.

Alles dat sinn dach Punkte fir déi et derwäert ass hei anzetrieden. D'autant plus datt ee weess, datt dat do jo déi nei Saache si par rapport zu der Situatioun wéi se haut ass. A wann da gesot gëtt, mir kréien ee Superstat a Lëtzebuerg huet herno strictement näischt méi ze soen, da muss een dach och do nëmme soen, datt dat absolut Ligen si wann esou eppes behaapt gëtt.

Et ass esou, datt an Zukunft an deene wichtegste Froen, a vill vun deenen, déi jo elo och nawell gären an der Öffentlechkeet no vir bruecht ginn, wéi dee ganze Sozialberäich, do alles an der Unanimitéit bleift, do ka Lëtzebuerg mat sengem Veto alles blockéiere wa versicht gëtt eppes am Sozialen ze ënnerhuele wat Lëtzebuerg net passt. An da soen ech nëmme jiddferengem heibannen an och dobaussen, ass et dach eigentlech un der Zivilgesellschaft um nationalen Niveau fir Drock ze maachen op déi eege Regierung, fir datt dann, wann et eng Kéier sollt zu eppes kommen an Europa wat sozial net deem entsprécht, wat d'Leit sech virstellen, de Veto agesat gëtt wann esou Décisioune solle geholl ginn.

Och de Ministerrot als solches gëtt méi transparent. Mir kréien an Zukunft vill méi Transparenz wat d'Délibératiounen an d'Ofstëmmungen ubelaangt. Mir kënnen an Zukunft vill besser novollzéie wat, wéini, wou diskutéiert gëtt a wien, wou a wat ofgestëmmt huet, wéi dat haut de Fall ass; e wichtegt Element wat mir laang, laang Zäit gefuerdert hunn, zumools fir d'national Parlamenter och am Sënn vun hirer Kontrollfunktioun vun de Regierungen.

Déi sechs Sëtz, déi mir de Moment am Europaparlament hunn, ginn endlech festgeschriwwen, ee wichtegen Acquis, dee guer net evident war. Mir wësse jo alleguerte wéi vill mir hu misse kämpfe vun Nice un, fir datt mir dat endlech festgeschriwwe kréien. An dann natierlech virun allem déi sechs Lëtzebuerger, déi eis am Europaparlament wäerte vertrieden, kréie méi Afloss, well d'Befugnisser an d'Matbestëmmungsrechter vum Europaparlament wäitgehendst ausgedehnt ginn.

Une voix.- Très bien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Nëmmen nach bei ganz wéinege Saache muss an Zukunft net d'Codécisioun spillen, Europaparlament an de Ministerrot.

D'Zivilgesellschaft kritt och nei Instrumenter an de Grapp, déi wichteg sinn an der zukünfteger Alldagspolitik, fir sech kënnen europäesch méi ze engagéieren. An der Diskussioun an der Öffentlechkeet gëtt immens oft esou lapidar iwwert déi eng Millioun Ënnerschréften, iwwert deen Droit d'initiative wann een eng Millioun Ënnerschréften huet, diskutéiert. Et gëtt da vun de Géigner gesot, dat ass zwar ee klenge Fortschrëtt, mä dat ass jo net bindend.

Éischtens muss ee jo soen: Dat ka jo och net aneschters sinn. Et ka jo net esou sinn, datt et géing duergoen, datt eng Millioun Ënnerschréfte géingen an Europa gesammelt gi fir iergendeng Fuerderung an da wier d'Parlament gezwonge mam Ministerrot zesummen dat ëmzesetzen. Dat ka jo net sinn.

Mä et ass awer esou, datt, vu datt déi Millioun Ënnerschréften an engem representativen Deel vun deene 25 Länner musse gesammelt ginn, fir datt si, respektiv deen Droit d'initiative do, deen dat Gesetz, wat dann agefuerdert gëtt, jee nodeem bei wat et grad ass, eng Gültegkeet hunn, da jo natierlech eng europäesch Campagne muss gemaach ginn an deene 25 Länner, ob déi Iddi, déi do vertruede gëtt, déi déi Leit gären hätten, iwwer Gesetz soll ëmgesat ginn. An do soll awer kee mir wëlle soen, datt, wann eng Campagne europawäit - ech soe mol als Beispill vum europäesche Gewerkschaftsbond - während Wochen a Méint fir zu där Millioun Ënnerschréften ze kommen, fir eng Sozialfuerderung gestallt gëtt fir e Gesetz ze kréien, datt dat keen Impakt hätt op d'Politik.

Ech ka jo nëmme staunen, wann ech d'Leit héiere soen: Dat hätt keen Impakt. Wann dat jo esou wier, dann hätt jo all Manifestatioun vu Gewerkschaften oder all Revendicatioune vu Gewerkschaften, ni een Impakt gehat an ni eng Chance gehat sech duerchzesetzen. Dat gëtt ee wichtegt neit Instrument fir ze agéieren an der Alldagspolitik an Zukunft.

An et ass och dofir kloer, déi EU-Verfassung hei gëtt eis vill Spillraum - der Regierung, der Chamber, de Gewerkschaften an der Zivilgesellschaft, insgesamt allen Akteuren, déi si optimal kënnen an Zukunft ausnotzen -, fir kënne besser op d'europäesch Politik anzewierken.

An da kommen ech zu engem leschte wichtegen Instrument, dat och an déi Kategorie gehéiert, a wat och eng laang Fuerderung ass vun eis als Gréng a wou mir frou sinn, datt déi endlech an deem Text hei ëmgesat gëtt, mä net nëmme mir Gréng hunn dat verlaangt, och vill aner politesch Kräften oder Leit an der Zivilgesellschaft, an dat ass, datt d'national Parlamenter erëm een neien Afloss kréien an deem ganzen europäesche Prozess oder iwwerhaapt emol een Afloss kréien an deem europäesche Prozess: de Subsidiaritéitsprinzip, deen agefouert gëtt. An d'Kontroll virun allem vun dem Subsidiaritéitsprinzip gëtt et och schonn haut, mä dee gëtt haut just après coup kontrolléiert an nach nëmme vu sengem juristeschen Aspekt hier, an zwar vum Europäesche Geriichtshaff.

Wat elo hei iwwert deen Text geschitt, dat ass, datt mir, wann deen Text hei adoptéiert gëtt, als national Parlamenter en Avis mussen ofgi bannent sechs Wochen iwwer Direktiven, déi d'Kommissioun wëllt proposéieren. Dat heescht, datt mer agebonne sinn zu engem Stadium, wou déi Direktiven nach net am Ministerrot zum Beispill verofschit sinn, mä vill méi fréi virdrun, an datt dat natierlech ee wichtege Bestanddeel ass. Net nëmme well mer kënnen e Veto aleeën. Dir wësst, wann 1/3 vun de Parlamenter fannen, datt de Subsidiaritéitsprinzip net respektéiert ass, da muss d'Kommissioun se iwwerschaffen oder souguer zréckzéien. Mä dat ass net deen eenzege Punkt, deen hei wichteg ass.

Duerch de Fait, datt déi Avisë mussen an den nationale Parlamenter gemaach ginn, muss éischtens all nationaalt Parlament dat maachen, wat den Här Bodry zu Recht a senger zweeter Fuerderung am Numm vu senger Fraktioun hei verlaangt huet, nämlech: Mir mussen eis vill méi an eisem Alldag an Zukunft mat Europapolitik mol beschäftegen an dësem Parlament. Dat huet natierlech als direkt Konsequenz, wann am nationale Parlament d'europäesch Gesetzer diskutéiert ginn, dann ass déi national Press vill besser mat agebonnen, dann ass d'national Öffentlechkeet besser mat agebonnen. Dat heescht, da kënnen d'Lëtzebuerger an d'Lëtzebuergerinnen iwwer hir Organisatiounen an engem ganz fréie Stadion en Afloss huelen, iwwer hir national Parlamentarier, op den europäesche Prozess.

Elo soll jo awer wierklech kee mer soe kommen, dat wär net e wesentleche Fortschrëtt an dem demokratesche Fonctionnéiere vun der Europäescher Unioun. Ech géing bal behaapten, dat wär e Meilesteen an dem demokratesche Fonctionnéiere vun der Europäescher Unioun, par rapport zu deem wéi et haut ass. Dat ass een Aspekt, deen et och wichteg mécht, datt mer deen Text hei kréien.

Elo ass et natierlech esou, datt an där Verfassung, an deem gesamten Traité hei, well an deem Kapitel III villes einfach dra gepaakt ginn ass, et widderspréchlech Saache gëtt, déi do drastinn. Et gëtt Saachen dran, déi eis als Gréng iwwerhaapt net schmaachen. Saachen, déi mer och an der Vergaangenheet bekämpft hunn, déi mer haut bekämpfen, mat deene mer guer net zefridde sinn, déi mer gär geännert hätten.

Mä et ass awer esou, datt wann do Widderspréch dra sinn a wann och, wéi dat elo vu verschidde Leit gesot gëtt, well déi Widderspréch dra wären, elo immens vill Jurisprudenze wäerte kommen, déi déi opdecken an déi wäerte weisen, datt do villes am Widdersproch zum Beispill steet zu deem wat am Kapitel I an den Ziler, an de Wäerter definéiert gëtt, da soen ech: Ma Gott sei Dank wann dat endlech bewise gëtt. Gott sei Dank wann endlech Jurisprudenz kënnt. Da komme mer jo méi séier weider, well da kréie mer endlech beluecht, datt verschidde Saachen, déi an deem Kapitel III drastinn, net mat der Konzeptioun vun deem politeschen Europa an Aklang sinn, wat mer eigentlech jo awer alleguerte wëllen.

Dann ass dat dach näischt Negatives. Dann dréit dat dach éischter derzou bäi, datt mer vill méi séier derzou kommen, datt mer déi negativ Aspekter, déi mer an deem Kapitel III dran hunn, verännert kréien. An dofir ass och dat éischter ee Grond fir deen Text hei ze stëmmen, wéi géint deen Text hei ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als gréng Fraktioun der Meenung, datt een Neen zu dësem Text absolut net zwangsläufeg zu engem bessere Vertrag wäert féieren. An, wann een déi Diskussioune suivéiert huet, no deem duebelen Neen an Holland an a Frankräich, wat do eenzel Politiker an Europa gesot hunn, net nëmme Regierungschefen, betounen ech, den Här Blair war dee gréissten Akteur op där Bühn vun der Fräihandelszon an deene leschte Wochen, mä hien ass net deen Eenzegen, dee sech op där Bühn beweegt.

Mir hunn am September an deem gréisste Land vun der Europäescher Unioun Neiwahlen, a wann Der Iech mol eng Kéier zu Gemitt féiert, wat do verschidde Parteien am Moment amgaange sinn ze proposéieren, déi an dem Schattekabinett sëtzen, fir nëmmen drop ze waarden, fir op déi grouss europäesch Bühn optrieden ze kommen, da stellt Der fest, datt dat alles an déi nämlecht Richtung geet wéi dat, wat den Här Tony Blair an England an deene leschten zwou Woche proposéiert huet.

An och wann ee kuckt wat a Frankräich de Moment diskutéiert gëtt, wann ech kucke wat de groussen Hoffnungsträger vun der UMP a Frankräich, den Här Sarkozy, de Moment an der Öffentlechkeet alles vu Virschléi mécht, wat fir Konsequenzen erauszeliese si fir hien aus dem Neen a Frankräich, da stellt ee fest, datt dat och alles éischter an déi Richtung geet vu Fräihandelszon, wéi vum politeschen Europa.

An duerfir, wann elo Leit mengen, déi Gréng oder anerer géingen dat elo missen an d'Feld féieren, well dat hinne grad wëllkomm oder passend géing kommen, an den Asaz wär, dee mer de Moment féiere fir den 10. Juli hei ee Jo erauszekréien, dann ieren se sech gewalteg. Well déi doten Argumenter, déi hu mir schonn zënter Méint an d'Feld gefouert. Dat sinn och déi Argumenter, déi ons besonnesch beweegt hunn, fir op eisem Kongress eng grouss Majoritéit ze kréie fir dëse Verfassungsvertrag.

An et ass och relativ kloer, wann déi Nee-Logik hei zu dësem Text weidergeet, da kréien déi Leit nach méi Iwwerwaasser an der Europäescher Unioun an da wäerte wahrscheinlech ganz kloer déi Leit leider d'Verléierer ginn, déi sech heibannen an och dobaussen an och bei deenen, wéi ech am Ufank gesot hunn, bei där Kategorie, déi sech éierlech engagéiere géint dësen Text, déi sech mat deenen Argumenter dofir engagéieren, da wäerten déi alleguer mat zesummen d'Verléierer ginn.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Juli, dat ass eng Richtungswahl hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng Richtungswahl, wou de Jo bedeit, datt mer endlech en Astieg kréien, en éischte Schrëtt an dat politescht Europa, wou mer eis endlech een éischte Schrëtt woen, fir deem wirtschaftlechen Europa e gewëssene reglementaresche Kader ze ginn, deen Europa an der Alldagspolitik net automatesch méi sozial, méi ekologesch mécht, mä dee wéi gesot endlech der Politik déi Instrumenter gëtt, déi se brauch, fir dofir kënnen ze suergen, datt dee sou genanntene fräie Maart Regele kritt an datt e seng Blannheet ewechgeholl kritt par rapport zu sozialen, ekologeschen oder demokratesche Froen.

A beim Neen, an do sinn ech fest dovun iwwerzeegt, bleift et beim wirtschaftlechen Europa, wat mer haut hunn, mä doriwwer eraus stäerke mer déi Leit, déi dat souwisou vun Ufank un arrangéiert huet, déi d'Neiheeten an dësem Text souwisou vun Ufank un net wollten, déi nëmme vun Ufank u souwisou eng Fräihandelszon wollten. Dat stäerkt grad déi Leit. Dat stäerkt also d'Adeptë vun deem sou genannten Neoliberalismus.

An Dir braucht nëmmen och an der Geschicht nozekucken, deen angelsächsesche Modell an d'an-

gelsächsesch Konzeptioun vun der Europäescher Unioun, dat war an deene leschte 50 Joer, wann een d'ganz Geschicht vun der Europäescher Unioun kuckt, ëmmer eng ganz aner wéi d'Konzeptioun, wéi se éischter a Länner wéi de Benelux-Länner oder Däitschland oder Frankräich verstane ginn ass vun Europa.

An et ass een éiwegen Asaz an eng éiweg Zerräissprouf an eng éiweg Ausenanersetzung gewiescht tëschent deenen zwou Konzeptiounen, an dee Referendum hei, an net nëmmen de Referendum zu Lëtzebuerg, den Asaz an d'Ausenanersetzung ronderëm dësen Traité ass eigentlech e weideren Akt an deem Ganzen.

Duerfir bedeit een Nee vum 10. Juli zu Lëtzebuerg net eng Stäerkung vum politeschen Europa, mä eng Stäerkung vun der Fräihandelszon. An duerfir hoffe mir Gréng, datt all d'Leit zu Lëtzebuerg sech dat gutt iwwerleeën an duerfir den 10. Juli mat Jo stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet haut de Mëtteg jo an éischter Linn ëm den Traité fir eng Europäesch Verfassung. Den Inhalt ass diskutéiert ginn, en ass déi lescht Méint diskutéiert ginn an der Öffentlechkeet, hei am Haus, op anere Plazen.

Et geet ënner anerem dorëms, datt mer e Fonctionnement vun der Europäescher Unioun kréien, dat et mat 25 Länner erlaabt, awer nach fonctiounsfäeg ze bleiwen. Et geet drëms, Europa de Bierger méi no ze bréngen. Et geet drëms, méi Participatioun fir de Bierger ze erméiglechen. Et geet och drëms, fir transparent Décisiounsstrukturen ze schafen. Et geet drëms, de Subsidiaritéitsprinzip, zu deem mer eis jo alleguerten an ëmmer erëm bekennen, nach eemol ze verankeren a konkret mat Liewen ze fëllen.

Et geet ëm ee Matsproocherecht vun deenen nationale Parlamenter. Et geet och ëm eis gemeinsam Grondwäerter, zu deene mer eis dann zu 25 Länner wëlle bekennen.

Et geet och ëm en europäeschen Ausseminister, deen dann dozou soll bäidroen, mat enger ganzer Rei vun aneren Instrumenter, fir d'Roll vun Europa an der Welt nach kënnen ze verstäerken. Et geet ëm d'Solidaritéit och tëscht den europäesche Länner am Fall vun Terrorattacken, am Fall vun Naturkatastrophen. Et geet och ëm d'Plaz, a selbstverständlech och ëm d'Plaz vu Lëtzebuerg an Europa, an den Institutioune vun Europa, sief et am Parlament, an der Kommissioun, awer och ëm déi kruzial Froen, déi fir Lëtzebuerg wichteg wäerte sinn, wéi zum Beispill d'Unanimitéit, déi jo bäibehale gëtt, a sämtleche Steierfroen.

All dës Froe sinn diskutéiert ginn, solle weider diskutéiert ginn, fir de Biergerinnen a Bierger hei am Land nach eng Kéier duerzeleeë bis den 10. Juli, firwat et wichteg ass, hei mat Jo ze stëmmen.

Et geet awer mëttlerweil jo och ëm méi wéi den eigentlechen Text. Mir wëssen, datt zwee Länner bis ewell mat Nee gestëmmt hunn. Mir wëssen, datt eng Rei vun anere Länner hir Ratifikatiounsprozedur op Äis geluecht hunn. A mer wëssen, datt spéitstens och nom Sommet vun der leschter Woch Europa an enger Kris ass. Dat sinn net nëmmen ech, deen dat seet, mä dat liese mer an der ganzer europäescher Press.

Doduerjer och huet dëse Referendum vum 10. Juli hei am Land eng enorm Bedeitung kritt fir Lëtzebuerg an och fir Europa. Et geet



ebe mëttlerweil och drëms, ob Lëtzebuerg kann dozou bäidroen, datt de Ratifikatiounsprozess erëm och europawäit relancéiert gëtt, oder scheitert d'Iddi vun enger gemeinsamer Europäescher Konstitutioun vläicht grad hei zu Lëtzebuerg?

Et ass duerfir eben net den Ament fir taktesch Spillereien, fir parteipolitescht Geplänkel, fir nationalpolitesch Ambitiounen. Et ass och net den Ament fir Neen ze soen, well Europa vläicht net zu honnert Prozent eisen eegene Virstellungen entsprécht.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Deen, deen hei Nee seet, setzt villes op d'Spill, wat déi vergaange Jorzéngte Stéck fir Stéck opgebaut gouf. Deen, deen hei Nee seet, hannergeet d'Efforten, déi zënter dem Zweete Weltkrich Schrëtt fir Schrëtt gemaach goufen, fir Europa e Stéck méi sécher, méi friddlech a méi solidaresch ze maachen.

Deen, deen hei Nee seet, ass da vläicht fir en anert Europa, dréit awer am Endeffekt mat senger Iwwerzeegung dozou bäi, datt just manner Europa dobäi wäert erauskommen. An deen, deen hei Nee seet, muss wëssen, datt en der europäescher Integratioun méi wéi nëmmen ee Stolpersteen an de Wee leet.

Am Fall vun engem Nee wäert de Retour zur Dagesuerdnung, zum alldeegleche Geschäft also den 10. Juli net méi esou einfach méiglech sinn. An deen, deen hei Nee wëll soen, soll sech fir d'éischt emol ausmolen, a wat fir engem Europa mir an 20 oder 30 Joer wäerte liewen, wann eben net an engem gemeinsamen Europa, wou fest Regele gëllen, dat staark no baussen an effikass no bannen agéiere kann.

Wëlle mir en Europa, wou d'Stäerkt vun engem Land méi zielt wéi dat Argument, wat et virdréit? Ech mengen net!

Wëlle mir en Europa, dat an der Welt mat e puer Stëmme schwätzt? Dat an Zäiten, wou schonn déi grouss Länner an Europa heiansdo Problemer hu sech Gehéier ze verschafen, sech géigesäiteg behënnert a blockéiert? Wëlle mer en Europa, wou déi national Interessen erëm an de Vierdergrond geréckelt ginn? En Europa, wou et net méi selbstverständlech ass, datt déi räich Länner deenen aarmen hëllefen? En Europa, wou et eis hei egal ass, wat an deene Länner geschitt, déi méi wéi en halleft Jorhonnert ënner Krich an Diktatur gelidden hunn? En Europa, an deem Länner net méi gehollef kréien, hire Retard a puncto Infrastrukturen a Wirtschaftskraaft auszegläichen? En Europa, wou deen aarm bleift, deen aarm ass?

All déi, déi een anert Europa wëllen, si bis ewell d'Äntwert schëlleg bliwwen, wéi hiert Europa da soll ausgesinn: manner solidaresch, méi Entscheedunge mat qualifizéierter Majoritéit, méi oder manner Matbestëmmung vun de Bierger?

Et ass einfach géint eppes ze sinn, mä vill méi schwiereg kloer ze soen, wat dann eng realistesch Alternativ zu dësem Verfassungsvertrag kéint duerstellen. E Verfassungsvertrag, mir wëssen et, et ass oft genuch gesot ginn, deen e Kompromiss ass tësche 25 Länner, wou natierlech net jiddferee mat all eenzelnem Punkt kann d'accord sinn - Wéi wär dat méiglech bei engem Kompromiss tëscht esou vill Länner? - a wou bestëmmt och jiddferengem heibannen an deem engen oder aneren Artikel nach eppes géing afale fir nach dobäizesetzen, wou een nach e Schrëtt méi wäit hätt kënne goen.

Mä wou wär déi Alternativ, déi dann och herno erëm vu jiddferengem kéint matgedroe ginn? Sinn d'Alternativen, datt mir elo erëm op déi solle lauschteren, déi haut nach net verdaut hunn, datt de Kommunismus an Europa net méi present ass?

Si mir gutt beroden, wa mir an esou enger eminent wichteger Fro op d'Utopisten an d'Populiste vu riets a vu lénks lauschteren? Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen: Neen!

Meng Generatioun huet den Ufank vun der europäescher Integratioun net méi materlieft. Mir wëssen och just vum Héieresoen, zu wat den Nationalismus ka féieren. Fir eis ass et normal, datt mir queesch uechter Europa studéiere ginn, datt eis Diplomer iwwerall unerkannt ginn, datt hei zu Lëtzebuerg allerlee Sprooche geschwat ginn, net zulescht duerch d'Presenz vu ganz villen EU-Fonctionnairen aus allen europäesche Länner, an och well Lëtzebuerg sech an dësem Europa konnt zu enger internationaler Finanzplaz entwéckelen.

Mir kënnen eis scho bal net méi un d'Grenzkontrollen erënneren, an et ass och guer net esou laang hier, datt mer nieft dem Belschen a Lëtzebuerger Frang nach regelméisseg D-Marken an de Franséische Frang an der Täsch hu missen hunn, fir wa mer mol eng Kéier knapps hannert der Grenz waren, eis do duerchzeschloen. Trotzdeem huet den Euro sech etabléiert an ass haut schonn net méi ewechzedenken, mä dat sinn eréischt e puer Joer hier.

Ech gehéieren dann och zu enger Generatioun, déi sech zwar net méi un den Zweete Weltkrich, mä duerfir awer ganz gutt un de Kale Krich kann erënneren, an duerfir nach weess, wat et heescht, wann d'Konfrontatioun vun de Systemer sech um europäesche Kontinent ofspillt.

Jo, et ass nach net laang hier, datt mir gesinn hunn, zu wat e Wirtschafts- an e Gesellschaftssystem ka féieren, wou d'Fräiheet vum Eenzelnen dat Lescht ass, no wat gekuckt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Europa ass mat Sécherheet net perfekt an e grousst Stéck vum Wee läit nach virun eis. Mä duerfir elo déi europäesch Iddi komplett a Fro ze stellen, dat kann net de richtege Wee an d'Zukunft sinn.

Wie mengt, datt am Eescht Lëtzebuerg oder och en anert Land géing an enger globaliséierter Welt méi erreechen, wann et eleng a jiddferee sech fir sech misst behaapten, deen iert.

Wien huet dann d'Illusioun, datt et géing duergoen, ronderëm eist Land oder ronderëm aner europäesch Länner erëm eng Mauer queesch duerch Europa ze zéien a scho wär de Wuelstand fir déi nächst Generatioune garantéiert?

Ech weess, datt et méi schwiereg ass ze erklären, datt et och an eisem Interessen ass, datt mir eis zu deenen neie Länner opmaachen. Datt all Euro, deen haut do investéiert gëtt, och erëm eng Kéier zréck wäert fléissen. Datt mam Wuelstand an deene Länner och de Konsum wäert wuessen, datt mir mar wichteg Handelspartner do wäerte fannen. Dat allerdéngs wäert net geschéien, wa mer eis zoumaachen, an eis nees erëm op eis selwer konzentréieren.

Lëtzebuerg huet sech am Laf vun deene leschte Jorzéngte strukturell enorm geännert. Dat wär mat Sécherheet ouni déi heiten Europäesch Unioun net an deem dote Mooss méiglech gewiescht. Lëtzebuerg wäert sech och an deenen nächste Jorzéngte mussen ëmmer erëm a Fro stellen, grad wéi all anert Land ronderëm eis och. Mat Scheiklappe virun deene konkrete Problemer, internationalen Evolutiounen, wirtschaftlechen Ëmbréch ass d'Zukunft net ze gewannen. Et ass awer grad déi Suerg, déi ech hunn, wann ech de Protagoniste vum Nee nolauschteren. Déi, déi fir de Jo sinn, sollen allerdéngs net de Feeler maachen, d'Suergen an d'Ängschte vun eise Bierger net eescht ze huelen.

Et ass formidabel, mat wat fir engem Enthusiasmus a mat wat fir engem Engagement déi lescht Wochen iwwert de Sënn an Zweck vun Europa debattéiert gouf. Et muss dat eng Debatt sinn, déi och nom 10. Juli muss virugefouert ginn, eng Debatt iwwert den europäesche Wee, iwwer eis Plaz an engem groussen Europa, an och iwwer konkret Politikinhalter um europäesche Plang.

Esou eng Diskussioun kann nëmmen dozou bäidroen, datt Europa e Stéck méi no erëm bei d'Bierger réckelt, datt mir Europa net nëmmen als eng Saach vun de Politiker an de Bréisseler Bürokrate gesinn, mä datt mer all Dag an der Diskussioun erliewen, wat Europa ganz konkret fir all Eenzelne vun eis ka bedeiten a bewegen, wat Europa ka maache fir kloer Ziler a Froe vun der Aussen- a Sécherheetspolitik ze definéieren, wéi mir all zesummen esou ambitiéis Ziler ewéi d'Strategie vu Lissabon erreeche kënnen, wéi déi nei Länner sech de Wuelstand erschaffe kënnen, fir esou op déi effektiivsten an effikasste Manéier de Sozialdumping ze évitéieren. Esou eng Debatt däerf nom 10. Juli net zu Enn goen, mä se muss no engem klore Jo, wéi mer hoffen, hei zu Lëtzebuerg eréischt richteg lancéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Blo soen och Jo zu Europa, an dat net nëmmen den 10. Juli, mä och doriwwer eraus. Mir schloen dowéinst vir, datt d'Chamber sech regelméisseg och an esou Debatten, wéi mer se haut erlieft hunn, wéi mer se d'lescht Woch erlieft hunn, äussere soll iwwer europäesch Froen an hei diskutéieren an e Meenungsaustausch soll hunn an de Point maachen, fir déi europäesch Diskussiounen aus der Vue vu Lëtzebuerg kënnen ze féieren.

An ech wëll och nach mol drun erënneren, datt d'DP schonn zënter längerem duerfir antrëtt - an ech si frou, datt den Här Bodry hei déi ähnlech Iwwerleeung nach eng Kéier gefouert huet -, fir den Dag vun den Europawahle vun de Chamberwahlen ze trennen.

D'Lydie Polfer an den Henri Grethen hate virun enger Rei vu Joren och an deem Sënn schonn eng Kéier eng Proposition de loi hei abruecht, a vläicht bréngt dat eis elo - wann ech héieren, datt aner Kolleegen och aus anere Fraktiounen déi doten Iddi nach eng Kéier derwäert fannen ze diskutéieren - dann do e Stéck virun. Mir kéinten eis do op e Konsens eenegen.

Ech mengen, datt dat doten eng Fro ass, déi wichteg wär, fir déi Diskussioun, déi mer elo hunn, regelméisseg op d'mannst dann all fënnef Joer och mat der Populatioun kënnen ze féieren. Mir wëssen, datt et leider esou ass, datt am Fall vu gemeinsame Wahle fir d'Chamber a fir d'Europarlament, datt do déi national Politik oft dominéiert, datt d'europapolitesch Diskussioun oft ze kuerz kënnt. Ech hoffen, datt wa mer…

M. le Président.- Här Meisch, entschëllegt, den Här Gira wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här Meisch, ech wollt Iech froen, ob d'Demokratesch Partei dann och d'accord ass fir d'Trennung vun de Mandater vum Europadeputéierten a vum Buergermeeschter?

Une voix.- Wat?

M. Claude Meisch *(DP)*.- Ech hunn…

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- D'Trennung vum Europadeputéierten a vum Buergermeeschter zu Lëtzebuerg.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech sinn der Meenung, Dir sollt Buergermeeschter zu Biekerech bleiwen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- An net méi an d'Chamber kommen.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Eis Partei huet kloer Aussoe gemaach wat d'Mandat ubelaangt, souwuel dat vum nationalen Deputéierte mam Buergermeeschter zesummen an och dem europäeschen Deputéierte mam Buergermeeschter zesummen, dat am Kontext vun engem Pabeier, dee mer viru kuerzem presentéiert hunn, wat déi territorial Opdeelung ubelaangt vun eisem Land an d'Aufgabe vun de Gemengen ubelaangt.

An do hu mer eis fir eng Incompatibilitéit ausgeschwat, souwuel wat den nationalen Deputéierte wéi den europäeschen Deputéierten ubelaangt. Wann en dat wëllt maachen, muss en dat eleng maachen a kann net Buergermeeschter, op jidde Fall net an enger grousser Gemeng, sinn, an eisen Aen. Ech mengen, domadder hunn ech onmëssverständlech op Är Fro geäntwert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Et freet mech, déi Positioun vun Ärer Partei. Bei der Reform vum Wahlgesetz waart Der nämlech nach net d'accord.

(Interruption)

M. Claude Meisch *(DP)*.- Neen, neen, ech wëll nach eng Kéier, bei der Reform vum…

M. le Président.- Den Här Meisch huet ganz eleng d'Wuert!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Bei der Reform vum Wahlgesetz war et och esou, datt mir d'Propositioun gemaach haten, fir d'Datumer vun deenen zwou Wahlen ze änneren, mä leider war et awer esou, datt mer do kee Konsens konnte fannen. Mir mengen, an dat héiert een awer elo ganz oft, wann ee mat de Leit am Land schwätzt, wann een op déi Réunioune geet, datt ganz oft déi Propositioun gemaach gëtt; ma kommt mir maachen dat heite méi oft, separat Wahlgäng fir europapolitesch Froen. Ech mengen, da si mir als Politiker gefuerdert, d'Leit si gefuerdert, fir do nach eng Kéier Kontakt mateneen ze huelen an iwwert d'Europapolitik ze

schwätzen. Dann, mengen ech, kréie mer eng grouss an eng sënnvoll europapolitesch Debatt hei am Land, a mir sollen déi Fro nom 10. Juli onbedéngt nach eng Kéier op den Ordre du jour huelen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Nächst Riednerin ass d'Madame Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Lëtzebuerg huet, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, haut an och den 10. Juli e Rendezvous mat der Geschicht, e Rendezvous bei deem et geet ëm d'Zukunft, net nëmmen déi vun eisem Land, mä och déi vun Europa a senge Leit, an net nëmmen deene vun haut, mä och deene vu mar, deene kommende Generatiounen. Ech géing souguer behaapten, dass dëse Rendez-vous och de Rescht vun der Welt iwwer Europa eraus interesséiert.

Grond genuch also, sech d'Saach grëndlech ze iwwerleeën a richteg ze entscheeden an aller Objektivitéit an a voller Eegeverantwortung. A wëssend, dass, och dann, wann et en Acquis communautaire gëtt, et „en matière communautaire" näischt wéi en Droit acquis gëtt, an dass, wa mer dat Europa net weiderentwéckelen, mer dat Europa, wat mer haut hunn, a mat deem mer deelweis onzefridde sinn, verléiere kënnen.

D'Iddi vun Europa an d'Visioun vun engem vereente Kontinent ass a bleift faszinant an erstriewenswäert, trotz alle Schwieregkeeten, déi Europa de Moment huet. D'Iescht Woch huet d'Buergermeeschtesch vun Tübingen am Europarot zu Stroossbuerg dës Tatsaach fräi nom Heinrich Heine a mengen Ae ganz treffend a folgende Wierder kommentéiert: „Denk ich an Europa in der Nacht, bin ich um den Schlaf gebracht."

Dat kann een där Fra, denken ech, gutt noemfannen. Mä amplaz elo haut driwwer ze streiden, wiem seng Schold dës Kris ass, mengen ech, wiere mer gutt beroden, ze kucken, wat mer aus där Kris eraus opbaue kënnen, well all Kris ass och eng Chance fir eng Erneierung. Den Traité, dee mir hei diskutéieren, ass nämlech net deen éischten, deen eng Hürd verpasst huet an trotzdeem a Kraaft getrue de wier. A wéi den Alex Bodry elo grad a senger Ried treffend gesot huet: „Totgesagte leben länger".

Loosse mer net vergiessen, dass Europa eis en halleft Jorhonnert Fridde bruecht huet, Fridden net nëmmen eleng, mä och Fridden a Wuelstand. Fridden ass fir déi Leit, déi heibanne sinn, en natierlecht Element, esou wéi d'Waasser en natierlecht Element ass fir de Fësch, an de Verglach, mengen ech, drängt sech op. Wa mer näischt dofir maachen, fir de Fësch am Waasser ze behalen, iwwerlieft en net; wa mer näischt fir Europa maachen, iwwerlieft och vläicht Europa, an domat och de Fridden net. Dat kënne mer eis alleguerten net erlaben.

Haut an den 10. Juli geet et net ëm dat Europa vun haut, mä ëm dat Europa vu muer. An et ass dat eben, wat d'Saach e bësse komplizéiert mécht, well wann ee wëll d'Intérête vun deem Traité weisen, da muss een dat vergläichen, wat mer haut hunn, an dat, wat mer kënnte kréien. Dat setzt viraus, dass gewosst wier, wéi Europa haut fonctionnéiert. Elo wësse mer awer, dass dat bei ville Leit leider net de Fall ass, an duerfir gëtt ganz oft och intuitiv iwwer aner Saachen ofgestëmmt wéi iwwert déi Fro, ëm déi et eigentlech geet.

Duerfir wëll ech kloerstellen, dass haut an och den 10. Juli net iwwert d'Bréisseler Bürokratie zum Beispill ofgestëmmt gëtt, déi d'Tendenz huet, d'Leit munchmol ze nerven. Och net iwwer en europäesche Jargon, Sproochejargon, deen d'Leit ganz oft net verstinn, an deen och heiansdo net gutt ze verstoen ass. Wéi sollen d'Leit och verstoe wat e COREPER ass, wat d'JAI ass, wat d'Kritäre vu Kopenhagen genee bedeiten, oder wat d'Strategie vu Lissabon heescht. Mir missten eis uwinnen, egal wéi dee Referendum an déi Décisioun hei ausginn, eng Sprooch ze schwätzen, déi och verstane gëtt vu Leit, déi net am Europarecht spezialiséiert sinn. Mä och dorëms, iwwert de Sproochejargon, geet et net.

Et geet och net drëms, dass Europa a senger Struktur relativ komplex ass an net ëmmer ganz einfach duerchzegesinn ass. Mä ee Wuert Erklärung vläicht dozou. Europa huet sech an de 50er Joren aus dem Näischt erfonnt. Europa ass och haut esou vill Joren, bal en halleft Jorhonnert duerno, ëmmer nach en Unikum an huet sech am Fong vun Element zu Element selwer weidererfonnt a weiderentwéckelt. Dat erkläert, dass de Langage an och déi Strukturen, déi mer hunn, net ëmmer dat sinn, wat se dem Numm no ze si schéngen, an dat mécht et natierlech och net evident, fir ze verstoen ëm wat et geet.

Et geet och net ëm d'Delokalisatiounen a Chômage, well dee gëtt et wéinst der Globaliséierung an net wéinst Europa, mä deem ouni Europa op jidde Fall nach vill méi schwéier bäizekommen ass wéi dermat. Et geet och net ëm d'Deierecht vum Liewen oder de Stau op der Strooss, an et geet och net ëm de Bäitrëtt vun der Türkei, an och dozou wier vill ze soen. Well ob de Bäitrëtt vun der Türkei kënnt oder net, mengen ech, dass et am Intérêt vun all Mënsch ass, dass d'Türkei Effortë mécht, fir dee berühmtenen Acquis communautaire probéieren ze erfëllen. Ob en dann erfëllt ass oder net, wann d'Décisioun fält, ass et kloer, dass all Fortschrëtt net nëmme gutt ass fir d'Türkei, mä och gutt ass fir Europa an doriwwer eraus.

Et geet och net ëm eise Premier den 10. Juli, an et geet och net drëms, där enger oder där anerer Partei eventuell eng auszewëschen, esou ze soen en passant.

Et geet drëms, fir eng Verstäerkung vun Europa duerch eng politesch Dimensioun ze verdéiwen, fir dem Wirtschaftsris Europa zu enger ugepasstener Roll och um internationale Plang ze verhëllefen. Et geet drëms, d'Logik vum Krich ze ersetzen duerch eng erneiert a gefestegt Kultur vun der Négociatioun, op engem Kontinent, wou Länner ënner sech net méi wéi fréier mat Waffen, mä mat Argumenter fir d'Intérête vun hire Länner a vun hire Leit kämpfe wäerten. Et geet ëm eng Ausdehnung vun eisem Patriotismus an eisen Heemechtsgefiller, vun engem Land op e Kontinent, mat gedeeltene Wäerter, Objektiver, Rechter an och Symboler.

Besonnesch Lëtzebuerg, eent vun deenen äermste Länner wéi Europa gebuere ginn ass, wat entretemps eent vun deene räichste Länner ginn ass, e Lëtzebuerg, wat déi meeschten europäesch Institutiounen huet, wat am meeschte bis elo vun Delokalisatiounen op Lëtzebuerg profitéiert huet, wat als klengt Land am meeschten um internationale Plang u Prestige gewonnen huet, géif gutt drun doen, zu Europa ze stoen, och a schwéiere Momenter, well fir Lëtzebuerg ass Europa déi eenzeg Chance fir zesummen, och politesch, iwwer sech selwer erauszewuessen.

Virun ongefeier 50 Joer scho war probéiert ginn, e politescht Europa opzebauen, an och deemools scho mat der CED ass d'Grande Nation virun hirem eegene Courage zréckgeschreckt an huet décidéiert, si kéinten am Kollektiv net weiderexistéieren. An ech résistéieren net der Tentatioun, Iech eng Diskussioun vun 1983 zwëschent dem François Mitterrand an dem Jean-Pierre Chevènement erëmzeginn, an engem Moment, wou ech mengen déi éischte Kéier de Chevènement aus enger franséischer Regierung ausgetrueden ass a wou se eng Diskussioun haten, fir ze kucken, wat d'Ursaache wieren. Et ass festgestallt ginn, dass se eng eenzeg Differenz haten, an zwar déi iwwert d'Roll vu Frankräich an der Welt.

De Mitterrand huet wuertwiertlech dat heiten dem Chevènement geäntwert: «Vous avez raison, nous avons un différend. Vous pensez que la France a encore un rôle à jouer, mais moi, je sais que c'est fini. La France sans l'Europe n'est plus rien, sa seule chance d'exister est d'être au cœur de l'Europe.» Dat ass och haut nach richteg fir Frankräich, a sécherlech och virun allem fir Lëtzebuerg.

Fir dass Europa sech weiderentwéckele kann, brauche mir dësen „Traité établissant une Constitution pour l'Europe" als Kader mat verbesserte Strukturen, déi och adaptéiert si fir zu méi weider ze kommen, e Kader, an deem déi europäesch Politik sech aschreift an dee bestëmmt gëtt, net vum Kader selwer, mä vun der parteipolitescher Gewiichtung, notamment am Europaparlament. Well all Verfassung, och all national Verfassung, setzt net d'Politik op éiweg an ëmmer fest, déi hänkt dovun of wat déi Leit, déi d'Verantwortung ze droen hunn, mat deem Kader, mat där Verfassung maachen.

Ech ka vläicht ee Beispill aus der rezenter Vergaangenheet hei zitéieren: An den Debatten iwwert d'Reform, notamment iwwert dësen Traité, iwwert d'Majorité qualifiée méi prezis, war ënnert dem Aznar a Spuenien op eemol alles blockéiert. Spuenien zesumme mat Polen hu gemengt, si géife bei deem neie Majoritéitssystem méi schlecht ewechkomme wéi bei deem alen an et war alles blockéiert. Du koum dat dramatescht Attentat zu Madrid, duerno e Regierungswiessel a Spuenien a mat därselwechter Verfassung huet datselwecht Land mat engem anere politesche Responsabelen déi nei qualifizéiert Majoritéit ugeholl an Europa konnt virugoen, well Polen eleng näischt méi konnt blockéieren.

Dat just fir Iech ze beweisen, dass dee Kader, deen hei fixéiert ass, all d'Politike méiglech mécht, awer nëmme wann déi richteg Parteien, déi sozial engagéiert Parteien, gestäerkt ginn. Deen Text, ëm deen et hei geet, ass e Kompromëss, kee perfekten also, mä een dee vill besser ass wéi dat, wat mir haut hunn an een, deen och mar nach ka besser gemaach gi wéi en elo um Pabeier steet. De gesonde Mënscheverstand misst eis logescherweis dozou bréngen, léiwer e Spatz am Grapp wéi eng Dauf um Daach ze hunn, oder aneschters ausgedréckt: léiwer 50% vun engem méigleche Fortschrëtt wéi 100% vun Nullperspektiv.

Wat bréngt deen Traité vu Fortschrëtter? Verschidde Saachen - an ech hu se a sechs Kategorien opgedeelt.

1. Vereinfachung an Transparenz. Ech gi ganz séier driwwer ewech, well een als x-te Riedner oder Riednerin hei soss riskéiert ze villes ze widderhuelen.

Ee Buch, een Text, eng Struktur, eng Unioun an eng Unioun mat enger Personnalité juridique, déi et der Unioun erlabe wäert der europäescher Mënscherechtskonventioun bäizetrieden an esou domadder och intern an Europa eng extern Kontroll vun eisen eegenen Institutioune méiglech ze maachen.

Eng Clarificatioun vun de Kompetenzen. Dobäi wëll ech kuerz an engem Niewesaz just soen, dass Europa nëmmen déi Kompetenzen huet, déi d'Länner bereet waren oder sinn, Europa ze ginn - an dat sinn der de Moment nëmme véier -, an dass alles dat, wat doriwwer erausgeet, wéi zum Beispill d'Sozialpolitik, natierlech net kann um europäeschen Niveau eleng geregelt ginn, mä um nationalen, well do d'Kompetenze leien.

De Conseil muss deemnächst, wann den Traité géif duerchgoen, an öffentleche Sëtzungen iwwer europäesch Gesetzer - well dann hätte mer keng Direktive méi - diskutéieren an décidéieren.

2. Deen zweeten Avantage vum Traité ass d'Verstäerkung vun den Institutiounen. Et ass schonn hei drop higewise ginn, de Conseil européen an d'Europaparlament mat méi Pouvoiren, en europäeschen Ausseminister, eng besser qualifizéiert Majoritéit, etc..

3. En drëtte Punkt, dee mir perséinlech als Avantage ganz wichteg ass, ass méi Demokratie. An zwar net nëmmen iwwert de Wee vum Europaparlament, mä och iwwert de Wee vun den nationale Parlamenter. Ech si frou, dass hei scho gesot ginn ass, dass mir eis mat oder ouni dësen Traité als nationaalt Parlament musse virbereede fir dat Europa, dat mer haut hunn an dat ze wäit vun eise Bierger ewech ass, de Leit méi no ze bréngen, doduerch dass mer eis Verantwortung op alle Pläng an europäeschen Décisiounen och am Lëtzebuerger Parlament huelen an och déi Margen ausnotzen, déi deen neien Traité den nationale Parlamenter zougesteet.

D'Initiative populaire ass ugeschwat ginn an och dat ass en Instrument vun der Demokratie, wat net ze ënnerschätzen ass, wéi och net d'Consultatioun vun der Zivilgesellschaft oder den Accès zu Dokumenter, dee bis haut nach ëmmer deelweis problematesch ass.

4. Eng europäesch Citoyennetéit ass och fir mech ganz wichteg. Mä wat ass dat dann, froen d'Leit. Dat ass net nëmmen d'Recht ze circuléieren, sech ze etabléieren, ze schaffen an ze liewen an anere Länner zesumme mat aneren Europäer, mä dat ass och en Droit de vote actif a passif a verschiddene Wahlen, eng Protection communautaire et diplomatique fir d'Lëtzebuerger, an ech mengen, dass dat praktesch dat wichtegst Argument ass, well mir wëssen alleguerten, dass Lëtzebuerg net vill Ambassaden an der Welt huet. An dat heescht och en Droit de pétition an e Recht fir sech un den europäesche Médiateur ze wenden.

5. Last but not least kommen ech bei d'Mënscherechter. Dësen Traité bréngt méi Mënscherechter. A wie Mënscherechter seet, seet natierlech och Fraerechter, seet d'Festschreiwung vu Wäerter a vun Objektiver vun engem europäesche Gesellschaftsmodell, deen et bis haut néirens gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, Wäerter wéi mënschlech Dignitéit, Fräiheet, Demokratie, Egalitéit, Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet an Objektiver wéi Fridden, Bien-être vun de Leit, Sécuritéit, Économie sociale de marché an Ähnleches, déi véier klassesch Libertéiten, a Symboler fir Europa, Symboler wéi e Fändel, eng Devise, eng Hymne an e gemeinsame Feierdag fir d'Zesummegehéiereregkeetsgefill an eisem Europa ze verstäerken. An do musse mer eis agestoen, dass et dobäi wierklech nach happert. Mir hu wierklech Intérêt, och dëse Facteur net ze vergiesse wa mer d'Prétentioun hunn, dat Europa vu muer de Bierger vu muer méi no ze bréngen wéi et haut de Fall ass mat de Bierger vun haut.

6. Dann hu mer och méi Soziales am Traité, och da wa mer wëssen, dass d'Sozialpolitik national bleift. Mir hunn eng Économie sociale de marché mat anere Prioritéiten, mat aneren Objektiver wéi nëmme Wirtschaftsperformancen, wéi zum Beispill den Niveau de l'emploi, d'Garantie de la protection sociale, d'Lutte contre l'exclusion sociale, asw., déi fir d'éischt an engem europäeschen Traité dra stinn, wéi och d'Services d'intérêt général, also eis Service-publicen. An niewebäi gesot, ginn och d'Rechter vun de Kanner an dësem Traité verstäerkt, genee sou wéi d'Kohesiounspolitik, wat erëm esou e Jargonswuert ass aus dem europäesche Kontext, well en fait ass och Kohesiounspolitik Sozialpolitik, mä net fir eenzel Leit, mä fir d'Regiounen an Europa.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech Iech just un engem Beispill de Fortschrëtt vum neien Traité demonstréieren, an zwar dee vun der Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen.

Éischtens steet an deem neien Traité an der Partie I, Artikel 2 iwwert d'Wäerter, also am éischten Artikel wou et op de Fong geet, dran, dass d'Egalitéit ee vun den europäesche Wäerter ass. Dat heescht, wa muer nei Adhésioune kommen, ginn déi Länner och am Kader vun de Kritäre vu Kopenhagen drop gepréift, ob si d'Egalitéit tëschent Männer a Fraen - jo oder nee? - respektéieren. Dat gëllt och fir e hypothetesche Bäitrëtt vun der Tierkei an enger gewëssener Zäit.

Zweetens hu mer eppes, wat mer de Moment zu Lëtzebuerg an engem Koalitiounsprogramm hunn, mä wou mer nach net vill dovu gesinn hunn, an zwar den Gender mainstreaming, deen net nëmmen am Virspann oder an der Charta steet, mä och an der Partie III am Artikel 116, en Article horizontal dee seet, dass all d'Politike vun der Unioun, dat heescht also och Aussepolitik, Justice, Affaires intérieures, drop kënne kontrolléiert ginn, ob se déiselwecht Konsequenzen hunn op d'Männer wéi op d'Fraen. Och dat ass méiglecherweis e redoutabelt Instrument fir d'europäesch Akten um legale Plang ze kontrolléieren.

Dann hu mer drëttens en Gender mainstreaming net nëmmen um Prinzip vun der Egalitéit, mä en Gender mainstreaming op alle Froe vun Netdiskriminatioun. Dësen Traité ass och deen internationalen Traité, deen am meeschten Elementer opzielt, firwat et an Europa verbueden ass diskriminéiert ze ginn. Ech brauch se net opzezie-



len, well si si bekannt. Mä och dat ass e Fortschrëtt, net nëmmen, mä och fir d'Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen.

An da kënnt zum Schluss nach d'Charta vun den Haaptrechter an och do wëll ech lech just een Artikel virliesen, an zwar den Artikel 83, deen d'Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen ubelaangt an dee seet: «L'égalité doit être assurée dans tous les domaines, y compris l'emploi, le travail et la rémunération et le principe ne fait pas obstacle et n'empêche pas le maintien ou l'adoption de mesures prévoyant des avantages spécifiques en faveur du sexe sous-représenté.» Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, heibannen eppes wat mir zu Lëtzebuerg an 20 Joer net fäerdeg bruecht hunn, net an där Form, net an där Stäerkt an och net mat deem prakteschen Nährwäert, wéi dat hei elo steet.

Mir hunn dann och nach en Artikel II-127, an deem et geet ëm d'Lutte contre la traite et l'exploitation sexuelle.

A schlussendlech hu mer nach d'Deklaratioun Nummer 13 déi virgesäit, dass d'Länner alleguerten opgefuerdert ginn alles ze maache wat se kënnen, fir d'Violence domestique an de Gréff ze kréien. Mir wëssen, dass dat a ganz Europa een enorme Fléau ass. Et kann een also soen, an ech soen dat net eleng, dat soen och Organisatioune wéi beispillsweis de Lobby européen des femmes oder den europäesche Juristinneverband, déi, mengen ech kënnen ze soen, Spezialistinnen op dëse Gebitter sinn, vun Europa an och vun der Egalitéit. Och si sinn zefridden a qualifiéieren dësen Traité als e Fortschrëtt, och da wann eng Paritéit bei der Besetzung vun allen europäeschen Institutiounen net an dësem Traité konnt duerchgesat ginn. Mä mir ginn eis hei jo och nach net sou séier geschloen.

Duerfir sinn ech mat grousser Iwwerzeegung fir dësen Traité, wéi meng ganz Fraktioun iwwregens, an net nëmme well ech un Europa gleewen, mä och well sech keng Alternativ zu dësem Traité ofzeechent. Och well d'Bolkestein-Direktiv, oder d'Bolkestein-Gesetz, wann et nom Traité kënnt, ouni dësen Traité komme kann, mä an deem Fall mat manner Awierkungsméiglechkeete wéi wa mer den Traité hätten, notamment vum Europaparlament a vun den nationale Parlamenter.

Och well ech net wëll, dass Europa nëmmen a klenge Gruppen nach sektoriell weiderkomme kann, well dat e grousse Solidaritéitsverloscht fir Europa géif bedeiten, an och well eng reng hypothetesch Neiverhandlung riskéiert méi liberal a manner sozial ze ginn a souwisou egal wéi géif Zäitverloscht bedeiten.

Och well ech kee Frënd vun Nationalismus, Egoismus a Friemefeindlechkeet sinn an déi dräi Begréffer carrément refuséieren. Ech sinn europafrëndlech, vläicht souguer nach e bësse méi. Mä ech si realistesch genuch, fir net dat Blot vum Himmel vun engem Vertrag ze verlaangen, deen och mar an iwwermar nach ka verbessert ginn.

Mä ech sinn iwwerzeegt, dass mat deem Traité, deen haut zur Ofstëmmung virläit, Europa besser gëtt, méi staark a méi effikass, méi demokratesch, méi offen a méi verständlech, méi no bei de Leit - an do si mer alleguerte gefuerdert -, méi sozial an och, Dir Dammen heibannen, méi fraefrëndlech.

Et ass also kloer, dass e positive Vote an dëser Fro net nëmme besser ass fir Europa, mä och iwwer Europa eraus, seng Bevölkerung an och a ganz besonnesch fir d'Fraen. Ech géing souguer gäre behaapten, an dat ass mäi leschte Saz, dass et och favorabel ass iwwert d'Grenze vun Europa eraus, dass dat Europa, wat haut zur Ofstëmmung virläit, mar Realitéit gëtt.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen der Madame Err Merci an als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jiddereen, dee mech kennegeléiert huet, an och jiddereen, dee mech haut kennt, dee weess datt en et mat engem iwwerzeegten Europäer ze dinn huet. Jiddereen, dee meng politesch Aktivitéiten an deene vergaangenen 20 Joer, zënter der Grëndung vun deene Gréngen, verfollegt huet, konnt héieren, datt ech mech ëmmer fir eng méi staark politesch demokratesch, sozial an ekologesch Integratioun vun engem gemeinsamen Europa agesat hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn och haut fir de Prinzip vun enger europäescher Verfassung, well eng Verfassung ka mat dozo bäidroen, fir eng gewëssen europäesch Identitéit ze schafen; eng Identitéit, déi onofhängeg vum Jo oder Nee absolut noutwendeg ass.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst alleguerten, datt ech am Januar vun dësem Joer op engem grénge Kongress fir en Nee zu deem virleiende Verfassungstext plädéiert hat an ech hat och géint deen Text gestëmmt. Ech hat deemools awer och deklaréiert, ech géif mech trotzdeem beim Vote hei an der Chamber un de Mehrheetsbeschloss vun dësem Kongress halen, an ech géif awer ëmgekéiert als fräie Bierger beim Referendum vum 10. Juli mat Nee stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer a mengem politesche Liewe wahrscheinlech nach ni esou schwéiergefall, hei elo, fir op de Knäppche vum „oui" ze drécken. Ech si weiderhi kloer fir den Nee, a wann ech trotzdeem elo hei aneschters ofstëmmen, dann huet dat just eng Haaptursaach, nämlech de Respekt vun de Statute vu menger Partei, déi besoen, datt all Membere vun der grénger Partei sech sollen u majoritär Kongressbeschlëss halen.

Ech liesen also vir, wat an de Statute vun der grénger Partei doriwwer steet; Paragraph 6, Punkt 2: „Jedes Mitglied hat die Pflicht, erstens die Grundsatzerklärung, die Programme und die Wahlplattform von 'DÉI GRÉNG' zu vertreten." An zweetens dee Paragraph, ëm deen et hei geet: „Jedes Mitglied hat die Pflicht, die satzungmäßig gefassten Beschlüsse der Parteiorgane zu beachten."

Grad och als Deputéierte vun de Grénge sinn ech also u Kongressbeschlëss gebonnen, och wann ech do dergéint war. A schwéieren Häerzens wäert ech also herno mat Jo stëmmen.

Eng aner Saach, déi mer dëse Vote awer vläicht e wéineg méi liicht mécht, ass meng Iwwerzeegung, datt dëse Vote hei, an och eise Referendum vum 10. Juli, souwisou Moutarde après dîner sinn, well nüchtern betruecht déi elo virleiend Verfassung, egal wéi den 10. Juli ofgestëmmt gëtt, nom negative Vote a Frankräich an an Holland menger Meenung no an där heuteger Form souwisou ni a Kraaft wäert trieden.

Och dat mécht mer dëse Vote, entgéint menger perséinlecher Iwwerzeegung, e wéineg méi liicht, an ech hoffen datt meng Frënn a Bekannte meng Situatioun haut hei kënne verstoen.

Wann ech haut hei géint de Mehrheetsbeschloss vun eisem Parteikongress géif verstoussen, da wier dat an der grénger Partei e Präzedenzfall, dee fir déi weider Entwécklung, eng demokratesch Entwécklung vum grénge Projet net gutt wier.

Trotz mengem Oui herno beim Vote wëll ech kuerz nach eng Kéier awer résuméieren, aus wat fir



Haaptgrënn ech da beim Referendum den 10. Juli trotzdeem wäert Nee stëmmen. Well ech aus Zäitgrënn net op all Detailer vu menger Kongressried vum Januar a vu verschiddenen öffentlechen Interventiounen dozou kann zréckkommen, just nach eng Kéier a Stéchwierder:

1. De virleienden Text, mat sengem drëtten Deel a mat sengen onzähllege Säite vun Annexen a Protokoller, ass iwwerhaapt keng seriö Verfassung. Seriö wier et gewiescht, just iwwert d'Deeler 1 an 2, nämlech iwwert d'Wäerter an d'Institutiounen an iwwert d'Charta vun de Grondrechter ze schwätzen.

2. Den drëtten Deel, säiteméisseg, mä och inhaltlech a mengen Aen den Haaptdeel, wou genaustens all méiglech konkret Politike vun der Unioun aus der Vergaangenheet beschriwwe gi sinn a wou vill Aspekter elo mat iwwerholl a konstitutionaliséiert ginn, mat deenen ech als Grénger net d'accord sinn, gehéiert net an eng Verfassung, besonnesch wann dat herno just nach kann iwwert d'Unanimitéit vun alle 25 verännert ginn.

3. Ech mengen dat ëmsou méi, wou an dësem drëtten Deel esouwuel eng reng liberal Wirtschaftspolitik an -entwécklung, wéi och an der Geld- a Kreditpolitik eng reng monetaristesch Politik vun der Europäescher Zentralbank virgeschriwwe ginn. An esoulaang dat net geännert gëtt, wäert Europa ni aus der ekonomescher Stagnatioun erauskommen, an och net aus Massenaarbechtslosegkeet a wuessender Précaritéit a verschiddene Länner.

Schold un der Kris an Europa ass awer net dee berüchtegte „polnesche Plombier". Schold sinn déi eben zitéiert ultraliberal a monetaristesch Politiken a schold ass och den nationalen Egoismus vun alle groussen europäeschen Helde wéi Blair, Schröder a Chirac, déi d'Erweiderung zwar berechtegterweis bedriwwen hunn, awer finanziell net bereet sinn déi Erweiderung och schnellstméiglech zu engem Succès ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ech beim Referendum vum 10. Juli, also entgéint mengem heutege Parteibeschloss respektéierendem Vote, wäert Nee stëmmen, dann ass dat am Wesentlechen en Nee vis-à-vis vum drëtten Deel vun dëser sou genannter Verfassung a vis-à-vis vun der praktescher Onverännerbarkeet vun dëser Verfassung.

Zum Schluss vun dëser kuerzer Interventioun wéilt ech vun dëser Plaz och nach e klenge Pronostic woen. E Pronostic net iwwert d'Resultat vum Lëtzebuerger Referendum, mä iwwert déi weider Entwécklung vun der Verfassungsdiskussioun, well de Prinzip vun enger Europäescher Verfassung ass och a Frankräich an an Holland net gestuerwen, am Géigendeel.

Mäi Pronostic, mäi Wonsch och ass et nämlech, dass trotzdeem an zwee, dräi Joer eng Verfassung wäert kommen. Mä eng Verfassung, déi den Deel 3 ausschléisst a just déi zwee éischt Deeler wäert begräifen, do wou et ëm allgemeng gülteg Wäerter geet, iwwert d'Charta vun de Grondrechter an iwwert déi noutwendeg Adaptatioune vun den Institutiounen. Esou eng Verfassung kéint an zwee, dräi Joer, eventuell deeselwechten Dag, an alle 25 Länner nei virgeluecht ginn, an ech sinn iwwerzeegt, datt et da wahrscheinlech zu engem unanimë Vote fir esou eng nei Europäesch Verfassung kéint kommen.

Mäi Jo-Vote haut hei, an dat ass mäi leschte Saz, ass fir mech also kee Vote en faveur vun där elo virleiender Verfassung, mä héchstens ee Jo zu enger Verfassung, déi mer 2007 oder spéitstens 2008 hoffentlech nei wäerte kënne kréien.

Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Huss Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Merci. Léif Kolleegen, als alleréischt wéilt ech dem Rapporteur félicitéieren, deen eng excellent Analys gemaach huet, net nëmme vum Traité constitutionnel, mä och vun der Genèse, déi zu deem Traité geféiert huet, an deen och, an dat fannen ech ganz gutt, déi spezifesch Aspekter ervirgehuewen huet, déi Lëtzebuerg ganz besonnesch betreffen. Also, Här Rapporteur, villmools Merci!

Dee Rapport ass vun der Kommissioun ugeholl ginn de 6. Juni. Du wousste mer natierlech nach net, wat fir Péripétieë géingen op ons zoukommen am Zesummenhang mam Referendum vum 10. Juli. Ech géing och mengen, dat wier bei dëser Diskussioun net wichteg, well déi Diskussioun, déi de Referendum betrëfft, hate mer jo d'lescht Woch.

Ech wëll an deem Zesummenhank ganz besonnesch dee remarquabelen Exposé ervirhiewe vum Statsminister, dee mat Engagement op all déi Froen agaangen ass, déi ons Matbierger beschäftegen, an deen och un déi Ursaachen erënnert huet, woufir mir als Lëtzebuerger sollen a musse fir dee Vertrag stëmmen.

Wéi de Statsminister sinn ech mat Häerz a mat Verstand fir Europa, an also och fir de Jo zur Constitutioun.

Här President, erlaabt mer e Wuert ze soen zu der Interventioun vun onsem Kolleeg Jean Huss. Ech verstinn déi schwiereg Situatioun, an där hie sech befënnt, an ech hu mat Intérêt nogelauschtert, aus wat fir engen Ursaachen hie bei dësem Vote Jo stëmmt. Et éiert hie vläicht, dass hien de Beschluss vu senger Partei wëllt suivéieren.

Ech weisen awer dorobber hin, dass et contraire ass zum Artikel 50 vun onser Constitutioun…

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- …, déi virgesäit «que les Députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché».

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Dat huet den Här Huss och.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, wat nun den Traité constitutionnel betrëfft, do wëll ech drop hiweisen, dass deen net op eemol opgetaucht a wéi vum Himmel gefall ass, mä dass et ee Schrëtt weider ass an engem Prozess, dee mer engagéiert hunn an de 50er Joren.

A wann d'Deklaratioun vum Robert Schuman zu Paräis gemaach ginn ass am Salon de l'Horloge, da kann een awer soen, et huet alles zu Lëtzebuerg ugefaangen, well déi éischt Sëtzung vun der Haute Autorité vun der Communauté européenne du Charbon et de l'Acier huet stattfonnt am August 1952 hei zu Lëtzebuerg, an zwar an der Märei um Knuedler.

Mir sinn en Zwerg op der politescher Zeen. Mä ech wëll drun erënneren, dass e Parteikolleeg vu mir aus der Belsch, de Louis Michel, virun e puer Deeg gesot huet, mir wieren een «Géant de l'Europe». Ech maache mer net ze vill Illusiounen zu där Ausso, mä ech géing soen, wa mer e „géant de l'Europe" sinn, dann ass et „grâce à l'Europe".

Wa mir haut dat duerstellen, wat mer an Europa an an der Welt sinn, dann ass et, well mer e Member si vun der Europäescher Unioun. Vu jee hier war d'Tatsaach, dass mer enger gréisserer Gemeinschaft konnten ugehéieren - sief dat den Zollveräin, sief et duerno d'Union économique belgo-luxembourgeoise, sief et de Benelux, an duerno d'CEE -, ëmmer positiv fir onst Land an huet ons gehollef déi Problemer ze meeschteren, déi sech onsem Land stellen.

An ech géing hei un e Saz wëllen erënneren, deen den Här Nicolas Schmit vläicht erkennt, an deen 1989 geschriwwe ginn ass: «Jamais dans son histoire notre pays n'a joué un rôle aussi important sur la scène internationale que depuis la création de la CEE; jamais auparavant il n'a bénéficié d'une prospérité économique aussi grande.»

Här President, trotz alle Schwieregkeeten, trotz alle Suergen, déi mer am Laf vun de Jore mat der Communauté haten, an duerno mat der



EU, ass et ganz evident, dass Europa ons ganz vill ginn huet. Dat ass wouer fir ons Landwirtschaft. Dat ass wouer fir ons Sidérurgie. Dat ass wouer fir ons Finanzplaz, an dat ass wouer fir déi Plaz an dee Rôle, dee mir haut an Europa an an der Welt kënne spillen. Dat bleift wouer fir d'Zukunft, besonnesch an enger Zukunft, déi markéiert ass vun der Globalisatioun.

Wou wäre mir an dëser globaliséierter Welt, wa mer net e Member vun der EU wieren? Mir mussen also onsen Attachement zu Europa confirméieren. Mir mussen, mir sollen a mir wäerten den Owend de Projet de loi iwwert d'Approbatioun vun dëser Constitutioun stëmmen, a mir sollten alleguerten als Lëtzebuerger den 10. Juli beim Referendum Jo stëmmen.

Ech géing derbäifügen, dass wann déi franséisch an hollännesch Wieler der Meenung waren, dass si sollten Nee stëmmen, dann ass et net un hinnen ons Décisioun ze bestëmmen an ons ze soen, wéi mir ons solle verhalen a wéi mir sollen ons Responsabilitéiten iwwerhuelen.

De Conseil européen huet d'lescht Woch gesot, dass d'Poursuite vum Ratifizéierungsprozess weidergeet. Ech mengen, mir sollen an deem Kontext ganz kloer ons Responsabilitéiten iwwerhuelen a mir sollen als Lëtzebuerger Bierger, als Lëtzebuerger Wieler Jo zu där Constitutioun soen.

Woufir? Ech wëll net hei eng Analys vun allen Dispositioune vun dësem Verfassungsvertrag maachen. Dat ass gemaach ginn am Exposé des motifs, am Avis vum Conseil d'État, am Rapport vun der Commission des Affaires étrangères.

Mä ganz schnell zesummefaassend wëll ech soen, déi Constitutioun huet eng éischt Partie, déi d'Valeuren an d'Objektive vun der Unioun definéieren, d'Kompetenze vun der Unioun, d'Architecture institutionnelle vun der Unioun an den demokratesche Charakter vun der Unioun.

Déi zweet Partie gëtt der Charte des droits fondamentaux e juristesch bindende Charakter, an ech mengen dat wier eng gutt Saach an en echte Fortschrëtt.

Déi drëtt Partie, dat ginn ech dem Här Huss an aller Offenheet zou, ass illisible. Mä si mécht soss näischt wéi dat ze résuméieren, ze simplifiéieren an ze kodifizéieren, wat haut schonn d'Gesetzgebung an der Europäescher Unioun ass. Si ännert also grondsätzlech dozou guer näischt. Si mécht just nëmmen d'Liesung vun den Texter e bësse méi einfach.

Dee véierten Deel huet d'Dispositions générales et finales, déi d'Transitioun tëschent deenen zwee vergaangenen Traitéen iwwert d'Communauté européenne an d'Union européenne, engersäits, an dem Traité constitutionnel, anerersäits, regelen, an déi d'Procédures de révision regelen.

Nom President vum Konvent, dem Valéry Giscard d'Estaing, geet et duer, fir d'Portée vun der Fro, déi ons am Referendum gestallt ass, ze appréciéieren, déi siwen éischt Artikele vun der Constitutioun ze liesen, d'Artikelen I-1, I-2, I-3, I-4, I-9, I-10 an I-11.

Ech géing soen, dass souguer vläicht zwee Artikelen duergi fir drop hinzeweisen, woufir mer et musse stëmmen, a fir d'Äntwert ze ginn op déi falsch Argumenter, déi vun de Partisanë vum Neen ëmmer erëm gebraucht ginn. An dat ass den Artikel I-2 an I-3. Ech wëll déi hei net ganz virliesen. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass do geschwat gëtt vun: Dignité humaine; Liberté; Démocratie; Égalité; État de droit; Respect des droits de l'homme; Pluralisme; Non-discrimination; Tolérance; Justice; Solidarité an Égalité entre les hommes et les femmes.

Fridden, dat soen ech ganz haart deenen, déi mengen, dat hei wier en, net Anti-Frieden-, mä Anti-Friddensvertrag.

Weider: Bien-être des peuples; Espace de liberté, de sécurité et de justice; Marché intérieur - jo, well dat war et jo vun Ufank un -; mä och Développement durable; Économie sociale de marché; Plein emploi; Progrès social; Qualité de l'environnement; e Kampf seet den Artikel I-3 un, géint d'Exclusion sociale an Diskriminatiounen a setzt sech a fir d'Justice an d'Protection sociale.

Dat sinn d'Wäerter, déi mer bejoen, wa mer dem Vertrag onse Jo entgéingtbréngen.

An ech géing an deem Zesummenhang awer och un dat erënneren, wat de Michel Wolter virdrun op dëser Tribün gesot huet. Ech froe mech, wou onse Kolleeg, de Gast Gibéryen, haut ass, deen als Member vum Konvent keng Geleeënheet verpasst huet fir mam President op der Foto ze sinn, deen den Text vum Konvent ënnerzeechent huet, dee fir d'Constitutioun war an du géint d'Constitutioun war an dunn anscheinend net richteg weess, wat e soll maachen, an dofir ass en haut net do.

(Interruptions)

Ech mengen et ass net domadder, dass een net do ass, dass een deem Mandat entsprécht, deen d'Wieler ons mat op de Wee ginn!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Ech wëll, wéi gesot, net op all d'Dispositioune vun der Constitutioun agoen. Ech wëll vläicht nëmmen zwou, dräi Froen opwerfen, déi de Moment an der öffentlecher Debatt schénge Virrang ze hunn.

Verschidde Leit mengen, dass d'Unioun sech ze vill mam Wirtschaftleche beschäftegt an net genügend mam Sozialen. Sécher war d'original Logik vun der Unioun, vun der CECA iwwert d'CEE bis zum grousse Maart, eng wirtschaftlech Logik. Mä mir si säithier ganz wäit komm, an nach ni huet de soziale Beräich - an dat ass op dëser Tribün scho gesot ginn - esou vill Opmierksamkeet geschenkt kritt, wéi just an dëser Constitutioun.

Ech weess och, Här President, dass, wann ech elo hei vu Responsabilité sociale schwätzen, ech den Här Hoffmann an d'Madame Frisch net kann iwwerzeegen. Mä nach, schéngt et mir, ass et keen Zoufall, wann d'Chambre des Employés privés an d'Chambre du Travail an hirem Avis ervirhiewen, dass um soziale Gebitt de Vertrag vill méi wäit geet wéi alles dat, wat mer bis elo kannt hunn. Si weisen op eng Partie Bestëmmungen hin an erwähne ganz besonnesch - an dat schéngt mer wichteg - déi horizontal sozial Klausel vum Artikel III-117.

An ech wëll hei och soen, dass compte tenu vun deene ville Froen, déi d'Leit am Land sech stellen, et mer och derwäert schéngt drop hinzeweisen, dass den Artikel III-122 ganz ausdrécklech d'Zukunft vun de Services, déi een elo d'intérêt général nennt an déi ee fréier Services publics genannt huet, garantéiert. E gesäit vir, dass d'Unioun an d'Mitgliedstate mussen dofir suergen, dass déi Servicer fonctionnéieren, opgrond vun unerkannte Prinzipien an a Konditiounen, déi deene Servicer et erméiglechen, hir Missioun ze erfëllen.

Schliesslech wëll ech och ervirhiewen - et ass zwar och scho gesot ginn, mä ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen -, dass am Zesummenhang mat der partizipativer Demokratie deen neie Rôle, deen op d'national Parlamenter zoukënnt, mir schéngt e gewaltege Schrëtt no vir am europäesche Gefüge ze sinn.

D'national Parlamenter sinn elo associéiert ënner anerem duerch e Méchanisme d'alerte précoce fir d'Kontroll vun deenen zwee Prinzipie vu Subsidiaritéit a Proportionalitéit ze garantéieren. En Drëttel vun deene Parlamenter kann, wa se mengen, dass déi Konditiounen net erfëllt sinn, de Projet renvoyéieren a froen, dass e réexaminéiert gëtt.



Sécherlech - an de Rapporteur huet dat gesot - sinn d'Délaien, an deem dat ka geschéien, ganz kuerz, an onst Haus muss sech dorophin organiséieren a sech d'Méttele ginn, fir effektiv déi Responsabilitéit kënnen ze assuméieren. Mä menger Meenung no ass hei e ganz gewaltege Fortschrëtt gemaach ginn.

Säit laange Jore war ëmmer e gewëssenen Zwiespalt tëschent dem Europaparlament an den nationale Parlamenter, eng gewësse Frustratioun bei den nationale Parlamenter, an ech mengen, déi nei Bestëmmunge ginn e wäite Wee fir där Frustratioun entgéintzewierken a fir effektiv den nationale Parlamenter en aktive Rôle an der europäescher Gesetzgebung ze ginn.

Déi Constitutioun stellt kee fundamentalen Intérêt vun onsem Land a Fro, weder um institutionelle Plang, nach um fiskale Plang, nach um soziale Plang, wou d'Regel vun der Unanimitéit gewahrt ass. Dës Constitutioun setzt kee Moment d'Zukunft vun onse Matbierger, vun ons alleguerten a Fro, och net d'Droits acquis. Contrairement zu deem wat vill Leit mengen, geet kengem eppes of bei senger Pensioun, bei senger Rent, kee verléiert seng Plaz. Dat sinn déi Froen, déi mer ëmmer an de Versammlunge gestallt kréien. Et ass ganz evident, dass dës Constitutioun mat deene Froen näischt direkt ze dinn huet.

D'Constitutioun, au contraire, souguer wa se net perfekt ass, gëtt ons besser Mëttelen, fir weider am Intérêt vum wirtschaftleche Wuesstum a vum soziale Fortschrëtt ze wierken a fir besser op déi Erausfuerderungen ze äntworten, déi d'Globalisatioun ons, wéi allen anere Länner, stellt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Meng Fraktioun seet also Jo zu deem Projet, dee mer haut diskutéieren. Meng Fraktioun wäert dee Projet stëmmen. Mir hoffen a mir mengen, dass d'Lëtzebuerger Vollek och Jo wäert soen am Referendum zu dëser Constitutioun. Mir hunn ons engagéiert a mir wäerten ons bis zum 10. Juli weider engagéieren, fir dass mer deen Owend vum 10. Juli net am Lager vun den Nee-Sager sinn, sondern am Lager vun deenen, déi zur Constitutioun Jo gesot hunn, a ganz bestëmmt am beschten Intérêt da vum Lëtzebuerger Land.

Engersäits fir dass Lëtzebuerg soll e ganz staarkt Signal ginn am Intérêt vun Europa, fir dass mir ons ausspriechen am Intérêt vun enger Économie sociale de marché, also enger sozialer Maartwirtschaft, engem héije Protektiounsgrad an enger nohalteger Entwécklung. An engem Wuert géing ech soen, dass mir ons ausspriechen fir den europäesche Sozialmodell a mir ons domadder och fir ons eegen Zukunft ausspriechen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als leschte Riedner op der Lëscht ass agedroen den honorabelen Här John Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, natierlech ass schonn am Laf vun där ganzer Debatt villes gesot ginn a munches widderholl ginn. Dat wäert mir net besser goen. An trotz allem wëll ech och ënnersträichen a widderhuelen, wat déi historesch Bedeitung vun deem Referendum do ausmécht a bedeit.

Ech sinn och ee vun deenen, an déi meescht heibannen, déi voll hannert deem stinn, wat de Statsminister den 21. hei op dëser Plaz gesot huet, mä och all déi, déi haut eng kloer Sprooch an dëser Chamber, an un hirer Spëtzt de Fayots Ben als Rapporteur, zu deem Referendum ausgedréckt hunn; ech kann dat och deelen.

Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gutt oder wéi schlecht, wéi komplett oder onkomplett déi Verfassung ass, ass se perfekt oder net perfekt, dat géing ech esou beäntwerten: Gëtt et op der Welt eng perfekt Verfassung? Si wäerten alleguer esou sinn, dass se Stäerkten a Schwächten hunn. Mä si sinn all esou, dass se Spillraum hunn, do wou et demokratesch Spillregele gëtt, do wou et en demokratesche Stat gëtt, an och an enger Europäescher Unioun, déi demokratesch ass, an dat ass se jo, bleift dee Spillraum. E bleift doduerch, well et och e Spill vu Kräfteverhältnisser ass.

Et kann een alles och mat enger Verfassung beaflossen, wann een d'Argumenter, d'Energie, d'Kraaft bréngt, an ech zweifelen net drun, dass d'Zivilgesellschaft an Europa an dass besonnesch d'Gewerkschaften, mä och déi politesch Parteien et fäerdeg bréngen, dat Bescht aus där Verfassung fir Europa, fir seng Mënschen, ze maachen.

Déi Millioun, déi ee brauch am Petitiounsrecht, schéngt vill, ass awer wéineg par rapport zu 450 Milliounne Mënschen, déi an där Unioun liewen. Kräfteverhältnis ass eng Saach, méi politesch Demokratie an där Europäescher Unioun duerch déi Verfassung ass eng aner wichteg Saach, an et ass hei oft schonn op déi Méibedeitung oder iwwerhaapt Méiglechkeet fir d'national Parlamenter higewise ginn, Asproch ze erhiewen, respektiv d'Gestaltungsméiglechkeet ze hunn, wat bis elo net de Fall war, a loosse mir éierlech sinn a loosse mir deenen dat soen - engem Deel, déi un der Spëtzt vun der Nee-Bewegung stinn -, dass si oft d'Verfechter vu Staten a vu politesche Systemer waren, déi déi bescht Verfassunge vun der Welt haten.

Une voix.- Très bien.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Si haten awer keng demokratesch Spillregelen, et gouf och do kee Spillraum, et gouf do Prisongen, et gouf Aarmut an Ausgrenzung, am Endeffekt gouf et en Desaster, eng Faillite, eng Bankrotterklärung op d'Käschte vun deene Mënschen, déi elo solle verteidegt ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Fall vun der Berliner Mauer - fir déi mol eng Kéier als Beispill ze huelen - huet d'Kräfteverhältnisser net nëmmen an Europa, mä an der Welt déifgräifend verännert. An de Fall vun där Mauer huet et net méi einfach gemaach - dat wësse mir - fir d'Mënschen an deem Deel vun Europa, mä huet et och schwéier gemaach fir d'Mënschen am Deel vun eisem alen Europa. An ass et net esou, dass déi Globaliséierung, déi oft ugeschwat gëtt, eng Folleg ass vun deem gesellschaftspolitesche Desaster, deen Enn den 80er Jore stattfonnt huet, an deen net nëmmen eng gesellschaftspolitesch Fraktur erbäigefouert huet, mä eng Fraktur schlechthin, well de sou genanntene Kapitalismus, an domat den ugestrieftenen Neoliberalismus, sech als Vainqueur an där jorzéngtelaanger Ausenanersetzung spiert a fillt an dofir mengt, hie misst sech kënne mat engem wëllen Neoliberalismus duerchsetzen?

Europa, dat sinn natierlech och gewëssen Turbulenzen, dat kann een an däerf ee jo net verstoppen - a mir hunn dat och an de leschte Wochen hei a villen Debatten ervirgestrach -, de Phenomeen vun den Delokaliséierungen, dee vläicht bei eis, an net nëmme vläicht, mä manner spillt, déi Privatiséierungswut, öffentlech Betriber, déi sollen ofgeschaf ginn, Déngschleeschtungen, déi privatiséiert solle ginn, alles dat mécht Ängschten op déi muss d'Politik - mir - Äntwerte ginn, an déi gi mir jo och.

An dee Projet vun enger Bolkestein-Direktiv, wierklech gedroe vu wëllem Neoliberalismus, ass vun eise Ministere während der Présidence an den Tirang vertässelt ginn, mä gëtt leider ëmmer erëm vum President vun der Kommissioun ervirgeholl an ëmmer erëm an de Vierdergrond geréckelt. An et ass dat, wat Onsécherheet mécht, an et ass do, wou d'Politik sech muss definitiv duerchsetzen. An et ass jo do, wou mir iwwert déi Verfassung déi politesch Méiglechkeete kréien, fir der europäescher Bürokratie Grenzen ze setzen, fir ze suergen dass déi, déi zu Bréissel sëtzen - wéi mir et ëmmer soen -, net méi laang d'Gefill hunn, dass si de Stat am Stat sinn an dass si déi am Endeffekt sinn, déi menge si kéinten Europa, an d'Schicksal vun Europa senge Mënschen, eleng steieren.

Dofir brauche mir déi Verfassung, fir méi politescht Matsproochrecht, Matdécisiounsrecht, fir dee Sozialmodell Europa kënnen ze erhalten, an net nëmmen ze erhalen, mä auszebauen. An dat neit Europa, gefestegt duerch déi Europäesch Verfassung, kann eng Äntwert op d'Globaliséierung, besonnesch op déi, fannen.

An déi Erausfuerderung musse mir ugoen a mir wëssen alleguer - an dat ass och scho gesot ginn -, de Prozess vun der europäescher Konstruktioun hält jo elo net op, och net wann d'Verfassung dann awer ratifizéiert gëtt an a Kraaft trëtt. Dat do ass jo eng weider, eng ganz wichteg Etapp an där europäescher Konstruktioun. A mir wëssen a mir mussen nach d'Energie dofir hunn a behalen, fir an der Zukunft weider drun ze schaffen, fir dat Europa nach besser ze maachen, fir, wa mir déi éischt Verfassung emol hunn, schonn unzefänken déi zweet virzebereeden, dat ass jo iwwerall esou, och bei eis hei zu Lëtzebuerg.

Mä ech sinn och d'accord mat deem, wat de Statsminister d'lescht Woch gesot huet, a wat anerer haut gesot hunn: D'Erweiderung vun Europa, war se ze fréi oder hätt se misse méi spéit kom-

men? Mä si war mat Sécherheet net ze fréi an et muss weidergoen, well et eng Noutwendegkeet ass. An do musse mir mat eis selwer zu Geriicht goen an dat musse mir de Leit och vermëttelen.

Wann ee Solidaritéit schwätzt, dann ass dat jo net nëmmen eppes wat een a Wierder kleet oder a Sonndesriede gebraucht, mä Solidaritéit ass eppes ganz Reelles, eppes ganz Praktesches. Et ass d'Fro vum reellen Deelen, bereet sinn e bësse vu sech ze ginn, fir dass anerer endlech eppes kréien, dass si bei sech doheem Aarbecht fannen, dass si do wou si sech wuel fillen och kënne bleiwen an net forcéiert ginn an d'Ausland ze goen. De Räichtum gerecht ze verdeelen, och an eisem alen Europa, ass a bleift dat grousst Thema, awer genee esou Aarbecht schafen am alen Europa an an deem Stéck Europa, wat bäikomm ass.

Mir brauchen en Europa - an ech mengen, dass d'Verfassung do eng nei Ausgangsbasis bitt -, wat ee soziale Fortschrëtt an domat sozial Gerechtegkeet erméiglecht an iwwert dee Wee och Fräiheet a Mënscherechter an domat och anstänneg Loun- an Aarbechtsbedingungen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Stellewäert vun de Sozialpartner an där EU-Verfassung, d'sozial Maartwirtschaft, d'Charta vun de soziale Grondrechter, d'Petitiounsrecht vun de Bierger, vun der Zivilgesellschaft, vum europäesche Gewerkschaftsbond, ënner anerem sinn dann eng Realitéit an domat och dat Kräfteverhältnis, wat ech ëmmer erëm wëll uschneiden, well et wichteg a wesentlech ass.

A mir brauchen dat Europa mat där Verfassung. Mat enger Verfassung, déi reguléiert, déi verhënnert, dass déi eng ëmmer nëmme Recht hunn an déi aner ëmmer nëmme musse streiden a kämpfe fir Recht ze kréien. Déi Verfassung, déi brauche mir awer och well si eis et erméiglecht méi soziale Fridden ze realiséieren.

Léif Frënn, hei gëtt ëmmer d'Beispill vun der Europäescher Unioun als de Kontinent vum Fridden zënter 1945 genannt. Jo, dat ass richteg, mä vergiesse mir net, dass et Weltkricher gouf, besonnesch déi lescht, déi um Ursprong déi wirtschaftlech Ausernanersetzung tëschent Groussmuechten haten an hannendru Massenaarbechtslosegkeet, Aarmut, Ausgrenzung, sozial Veraarmung, an dat gëtt Faschismus an Nationalismus, an dat musse mir verhënneren.

Soziale Fridde bedeit, Fridden, sozial Fraktur bedeit, dass et bei der Däiwel kéint eng weider Kéier goen, an d'EU kann a muss a wäert mat där Verfassung déi sozial Fraktur verhënnere kënnen, wa se geziilt agesat gëtt.

A mat där Verfassung, léif Frënn, brénge mir et och fäerdeg, där wëller an eesäiteger Globaliséierung ee Rigel virzeschiben an ze verhënneren, dass et ëmmer erëm op d'Käschte vu Länner a besonnesch vu Mënsche geet.

Loosse mer och éierlech sinn, déi Europäesch Verfassung stellt weder de bestehende Subsidiaritéitsprinzip zënter Maastricht tëschent de Sozialpartner a Fro, sou wéineg wéi se alles dat a Fro stellt, wat der Souverainetéit ënnerläit am Sozialberäich, am Aarbechtsrecht.

Eisen Indexsystem gëtt mat där EU-Verfassung net ofgeschaf, duerfir si mir hei responsabel. Dat ass en Engagement, dee mir hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vun eise Leit zu Lëtzebuerg hunn. Dat gëllt fir de Rentesystem, fir de Krankekeesesystem, fir d'TVA, fir d'Steierpolitik, d'Kollektivverträg an de Mindestloun; alles dat, wat eigentlech d'Stäerkt vum soziale Modell Lëtzebuerg ass, gëtt och duerch déi Verfassung net a Fro gestallt, mä gëtt a menger Interpretatioun net nëmme bestätegt, mä verstäerkt.

An et ass jo keen Zoufall an och kee Cadeau, dass d'Privatbeamtechamber, d'Arbeiterkammer, den OGB-L an den LCGB e Jo zur Verfassung gesot hunn, well se méi sozial Engagementer an där Verfassung do festgestallt hunn - an dat gesinn ech och esou -, an duerfir e ganz kloert Bekenntnis hei zu där Verfassung ausdrécken.

Et gëtt méi Wirtschaftsdemokratie, et gëtt méi politesch Demokratie fir vill Deeler aus dem Vollek, dat sech engagéiert an der Zivilgesellschaft, an de Gewerkschaften, mä och fir d'national Parlamenter; och dat ass hei gesot ginn. A wa mer dann och nach ophalen, fir alles Negatives ëmmer ze soen, déi Béis sëtzen zu Bréissel, an alles Positives, déi Gutt sëtzen zu Lëtzebuerg oder zu Paräis oder wou, da mengen ech géingen d'Leit méi Verständnis kréie fir dat wat Europa ass an och ka sinn, wann de politesche Wëllen dofir besteet.

Mir hunn hei, wéi all déi aner Länner, d'Diskussioun ugefaangen iwwert d'Relance vun der Lissabon-Strategie. Mir hu kloer zum Ausdrock bruecht, dass eist Parlament - an et ass jo amgaang - sech do voll engagéiert, well mer eis eiser Responsabilitéit net wëllen entzéien a well mer d'Gewerkschaften an d'Sozialpartner net wëllen eleng loossen, mä eisen Deel vu Responsabilitéit wëllen iwwerhuelen a mussen iwwerhuelen, an dat och am Zesummenhang mat der Kompetitivitéitsdebatt, mat der Währungs- a Stabilitéitsproblematik.

An der Aarbechtslosegkeet kënne mer jo net all eenzelne Chômeur der Politik vu Bréissel ukreiden. Mä och hei hu mer an der Debatt virun e puer Woche kloergestallt, dass mer eng national Responsabilitéit hunn an dass mer déi wëllen an den nächste Méint a Jore regelméisseg an der Chamber hei diskutéieren an deene Kommissiounen, déi duerfir zoustänneg sinn, diskutéieren a Léisungen op eis eege Problemer fannen.

Erlaabt mer op eppes hinzeweisen, well jo ëmmer gesot gëtt: Wann déi Verfassung bis do ass, da kommen d'Auslänner alleguer op Lëtzebuerg. A mir wëssen, dass et net esou ass. Mir hunn e Règlement grand-ducal, en Accord, deen 2004 ausgehandelt ginn ass, dee seet, et gëtt Iwwergangsbestëmmungen. Et gëtt Iwwergangsbestëmmungen, déi d'Fräizügegkeet anengt. Doriwwer brauch een net onbedéngt houfrech ze sinn, dat ass eng aner Fro, mä et soll een deene Leit et soen, déi Angscht hunn, dass e Pol oder en Ukrainer oder e Lett oder ween och nach kënnt eng Aarbechtsplaz ewech huelen, dat ass bis 2007 einschliesslech net méiglech. Et ka weider erweidert ginn, wa mer d'Angscht an d'Gefill hätten, oder géinge feststellen, dass ee kënnt iwwerlaf ginn. Och dat soll een de Leit, de Mënschen an dësem Land net virenthalen. Mä et muss een d'Wourechte soen an et muss een och dat soen, wat dann effektiv an deem Europa scho geschitt, respektiv duerch déi Verfassung méi positiv ka geschéien.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et soll een och vläicht mol eng Kéier drop hiweisen, dass e räicht Land wéi Lëtzebuerg - entre guillemets - vun der Europäescher Unioun vill Milliounen Euro kritt huet, fir strukturgeschiedegt Regiounen hëllefen opzebauen, ze reorganiséieren, ze restrukturéieren. Et muss een net verstoppen, dass mer aus den europäesche Sozialfonge Millioune vu Sue kritt hunn, fir all méiglech Modeller ze begleeden an ze entwéckelen, och an dem Kampf géint d'Aarbechtslosegkeet. Mir sollten also net esou maachen, wéi wa mer ëmmer nëmme géinge bezuelen, näischt zegutt hätten, oder wéi wann Europa désinteresséiert wier un deem, wat dann awer eis Suerge sinn, respektiv d'Erausfuerderung fir eis Leit sinn. Och dat soll ee gesot hunn.

An ech wëll domat eigentlech dann awer un d'Enn komme fir net hei den Owend ze iwwerstrapazéieren, andeem ech soen, e Jo fir d'EU-Verfassung, dat ass e Jo fir Lëtzebuerg. Et ass och e Jo fir Europa. Et ass virun allem e Jo fir d'Mënschen an et ass e Jo fir d'zukünfteg Generatiounen. An dee Jo, dee mir ginn, ass d'Responsabilitéit vun eis heibannen, mä och vum Vollek dobaussen.

Et geet ëm de Stellewäert vun dësem Land an Europa an an der Welt, mä et geet virun allem drëm, dass eis jonk Mënschen, déi, déi et elo scho gëtt, an déi, déi nokommen, op eis kënnen houfrech sinn an eng Plaz an der Zukunft hunn, eng Stell, eng Plaz, eng Aarbechtsplaz, eng sozial Ofsécherung hunn. Et rentéiert sech, Jo ze soen.

Merci.

Une voix.- Bravo!

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Zum Ofschloss vun der Debatt huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech géif gären, elo wou et un der Regierung ass, am Numm vun därselwechter dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot - oder Fayots Ben, wéi den Här Castegnaro seet -, Merci soe fir dee Rapport, deen excellente mëndleche sou, wéi schréftlechen, deen e virgeluecht huet, a fir dee Liewenswee, deen et méiglech gemaach huet, dass en sech esou zu deene Froe konnt äusseren, wéi en et hei gemaach huet. Och Rapporten zu wichtege Saachen entstinn net aus dem Näischt. Mir fannen hir Wuerzelen an Iwwerzeegungen, a beim Ben Fayot sinn dat déif Wuerzelen an där, déi laang gewuess sinn, an dofir war dat gutt nozelauschteren an och gutt gesot.

Déi Debatt, déi duerno stattfonnt huet, war och gutt, well mer ee Feeler net gemaach hunn heibannen. Éischtens hu mer net ze vill mat deene gestridden, déi net hei sinn. Déi wollte jo och net, dass géif mat e gestridde ginn. Dofir si se net heihinner komm. Da solle mer och net mat e streiden, wa se net hei sinn.

(Hilarité)

An dat Zweet ass, dass net probéiert ginn ass, där Europäescher Verfassung Dugenden, Mériten, Avantagen unzedichten, déi den Europäesche Verfassungsvertrag, wéi all politeschen Entworf vu Mënschen, ganz einfach net kann hunn.

Ech sinn dergéint, dass een dee Verfassungsvertrag a Grond a Buedem stampft a verdäiwelt. Ech sinn och dergéint, dass een esou mécht, wéi wann duerch eng wonnersam europäesch Awierkung, am Fall wou dee Verfassungsvertrag eng Kéier a Kraaft trëtt, all Problemer, déi mer an Europa hunn, oder déi mer heiheem begéinen, géifen eng Léisung fannen. Esou ass et net. Wann et esou einfach wier, wieren anerer virun eis jo op d'Iddi komm, fir Problemer vun de Mënschen duerch Aufsätz ze léisen. Mir wëssen, dass ee Problemer vun de Mënschen doduerch léist, dass een, ass den Aufsaz bis gutt geschriwwen, probéiert deemselwechte Been ze ginn, fir dass en an déi richteg Richtung lafe kann.

An et ass och däitlech ginn an där Debatt, wéi och schonn a Gespréicher, déi virdru stattfonnt hunn, wouriwwer et den 10. Juli, wann d'Lëtzebuerger, wéi ech fannen, en historesche Rendez-vous mat sech selwer hunn a mat aneren, wourëms et net geet. Et geet net



drëm, elo nodréiglech Neen ze soen zu eppes, wat scho geschitt ass.

Ech weess aus ville Gespréicher, onendlech ville Gespréicher, dass d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun no Ost- a Mëtteleuropa - vu Malta a vun Zypern schwätzt erstaunlecherweis keen; mir sollen eis mol froen, wisou eigentlech net - een Thema ass, dat d'Leit net lassléisst.

Et muss een nach eng Kéier hei soen, dass et zu där Erweiderung no Ost- a Mëtteleuropa keng valabel alternativ Optioun ginn huet. Hätt et se ginn, hätten Eenzelner se jo formuléiert, an no där Nobiederei anerer ofgeholl, fir ze soen, dass et een anere Wee géif gi wéi dee vun der Erweiderung, respektiv vum Bäitrëtt.

D'Mënschen an Ost- a Mëtteleuropa wollten dat hunn, nodeem se de Kommunismus ewechgehäit hunn, ënner Ëmstänn, déi mer jo vergiess hunn. Dat ware jo déi kleng Leit, déi dat gemaach hunn. Dat waren net d'Eliten. Well d'Eliten hu sech am Regelfall arrangéiert, mat deem System a mat deem Regime, deen do war. Dat waren déi Leit, déi ausgespäert ware vu wiesentleche Liewensleef, déi se hätte kënne goen, wa se net den Zougank zu deeneselwechte verspäert kritt hätten, a si hunn dat séier dacks ënner Asaz vun hirem Liewe gemaach, an deene kruziale Momenter.

An dann ass et net un deenen, déi an der Sonn grouss gi sinn, an der Sonn vun der Fräiheet an och an der Sonn vum Marshall-Plang, vun deem déi Länner duerch de sowjetesche Wëllen ausgespäert gi waren, fir ze soen: Bekëmmert lech ëm Är Saachen a mir bekëmmeren eis ëm eis Saachen.

Wann een d'Geschicht kuckt, duerchtréppelt, heiansdo Halt mécht op deene wichtege Kéieren - Schwänk, déi se hélt - kritt se heiansdo Sënn. Et mierkt een et just net ëmmer direkt. Et kann een zu sengem gréisste Benefiss eng Ried vum Churchill noliesen - iwwregens net déi berühmten Züricher Ried vun 1946, déi och scho villes richteg gesinn hat, well si seet, dass déi grouss an déi kleng Länner missten a gläicher Dignitéit an Europa matenee schaffen - dat war richteg gesinn - an déi gläichzäiteg seet, England bräicht sech un där Übung net ze bedeelegen. Dat war selten esou aktuell wéi haut.

(Hilarité)

Den Churchill war e grousse Mann, an dat weist virun allem - an net all seng Nofolger passen an d'Kategorie -…

(Hilarité)

Den Churchill huet…

Ech schwätzen net onbedéngt vun dem aktuellen Amtsinhaber. Et ass der jo nach virdru ginn. Et ass jo net direkt vum Churchill bei de Blair komm. Et war nach eppes derzwëschent.

(Hilarité)

Wéi d'paneuropäesch Bewegung sech 1947 zu Den Haag getraff huet, fir den éischte Kongress vum europäesche Mouvement ze maachen - deen alen Adenauer war dobäi, dee jonke Mitterrand war dobäi, Philosophen, Gewerkschaftler aus allen europäesche Länner, souwäit se hunn däerfe reesen, waren dobäi -, huet deemools den Churchill gesot, wéi et ëm d'Grënnung vum Europarot gaangen ass, deem seng Wichtegkeet och hei am Haus allze dacks net richteg gesi gëtt, well en huet villes méiglech gemaach, wat duerno geschitt ass, en huet deemools gesot: „Mir fänken haut am Westen un, wat mer enges Dags am Osten op een Enn féieren."

1947! Wéi vill verlueren Zäit, a wéi vill Jorzéngten Trennung, onnéideg Trennung bis mer do waren, wou den Churchill, den Adenauer, dee klenge Mitterrand vun deemools eigentlech jo gären an de 50er Joren hikomm wieren! Alles wier besser ginn an Europa, wa mer déi 60 Joer net gehat hätten, déi 60 Joer vun der Trennung waren.

An doriwwer sech ze bekloen, ass een ahistoreschen Akt, ass vergiessen, wat fir Lähmungserscheinungen dass dëse Kontinent kannt huet duerch de Kale Krich, wéi vill Angscht - d'Leit vun haut hunn Angscht virun alle méigleche Saachen - wéi vill Angscht Generatioune vun Europäer haten, well d'Rakéiten openee geriicht waren.

Dofir muss ee bei alle Bedenken am Detail zu deem europäesche Wierk vun der Erweiderung stoen, well se huet de Kontinent méi stabil gemaach, si huet de Kontinent méi sécher gemaach a si huet och d'Fräiheet, déi vill jonk Demokratien an Europa fonnt hunn, méi definitiv gemaach, well do gëtt et keen Zréck.

1989 waren der vill, och hei am Haus iwwregens, déi fonnt hunn, nodeem de Kommunismus elo fort wier, wier jo alles an der Rei an de Kapitalismus hätt gewonn. Déi Lektür vun där Zäsur an der europäescher Geschicht ass natierlech enorm falsch, well och de Kapitalismus, dee scheinbar triumphéiert huet deemools, ass jo keen ideale Gesellschaftssystem, näischt wat ee mat aller Kraaft wëllt, do wou en net geregelt ass, do wou en net och Plaz léisst fir Hoffnungen, deen ee soll bëtonéieren.

Eigentlech hunn déi gewonn, déi ëmmer scho fir den drëtten Wee waren, an dat sinn der vill, an déi verdeelen sech op ënnerschiddlech politesch Sensibilitéiten.

Dofir soll een och elo net esou maachen, wéi wann no der Erweiderung an no dem Fall vun der Berliner Mauer, géint där hire Réck Europa dat europäescht Haus gebaut war - an dofir huet et musse stabiliséiert ginn, wéi dee Réck vun der Berliner Mauer ewech war -, wéi wann no dem Ewechfale vum Kommunismus an no der Erweiderung no Ost- a Mëtteleuropa elo een ongebremste Kapitalismus, dee mat ongebremstem Schaum iwwer eis Länner géif hierfueren, einfach géif duerchgewénkt ginn, wéi wa mer deem géife frenetesch applaudéieren, wann e géif kommen. Dat ass jo net dat, wat mir gären hätten. Et ass net dat, wourunner mer gleewen.

Dofir ass deen Europäesche Verfassungsvertrag besonnesch wäertvoll do, wou e sech net ouni Nuancen, net ouni Aschränkungen

ausspréchт fir dat, wat ee Wirtschaftsliberalismus nennt - woubäi et mer ëmmer Leed deet fir déi Liberal, dass se mat däraarteg brutalen Deskriptiounen, zumindest semantesch an der Melodie no, an Zusammenhang bruecht ginn.

Et ass jo net dee Liberalismus, deen heibanne vertruede gëtt, dee mer domat mengen, wa mer vu Wirtschaftsliberalismus schwätzen. Dee kritt jiddefalls net seng Titres de noblesse an dëser Verfassung. An dësem Verfassungsvertrag gëtt en ënnert déi norméierend Gewalt vum politeschen Afloss gestallt, an et gehéiert zur Éier vun eisem Kontinent, dass dat eng gedeelte Gewalt ass tëscht Nationalstaten an deenen no Europa transferéierte Souveränitéitsattributer. Den Nationalstat eleng, dee fir sech a fir seng Noperen norméiert, dee féiert zum Géigendeel vun deem, wat mer haut als Europäesch Unioun kennen.

Et ass weltwäit keen anert Beispill ze gesinn, wou aus fräier Entscheedung Parlamenter a Regierungen, Länner a Leit Attributiounen, déi se hunn, mat aneren deelen, fir dass déi Attributiounen, déi, hätten se se eleng, zu gefëierlechen Entwécklunge géife féieren oder awer sech - wéi dat an eisem Fall wier - als total onwierksam géifen erausstellen, zum Droe kommen.

Dofir ass et, dass déi Souverainisten de gauche et de droite, déi sech elo hei zu Lëtzebuerg och ongenéiert zu deene Virgäng do äusseren, dat virdrun ni gemaach hunn, ni! Souguer d'Extrême droite zu Lëtzebuerg huet sech genéiert géint Europa ze schwätzen.

Elo ass eng nei Tonalitéit souwuel an Europa wéi och heiheem an d'Debatt komm. Et genéiert een sech net méi fir eigentlech haart ze soen, wat een ëmmer scho lues geduecht huet.

Ech hoffen, dass iergendwou op iergendenger Uni, soufern déi, déi do schaffen, des Lëtzebuergesche mächteg sinn, eng Kéier ee sech amëséiert - an et ass keen Amusement -, fir mol alleguer déi xenophob Zwëschenzongeschléi ze relevéieren, déi an dëser Debatt bis elo hei am Land vun eenzelnen Unhänger vu bestëmmtenen Doctrinë gefouert gi sinn. Dat war heiansdo séier erschreckend, souwuel zu Lëtzebuerg wéi iwwregens och an eisem grousse westlechen Nopeschland, wou een dees och heiansdo héieren huet.

Tëschent der Erweiderung an dem Akraafttriede vum Verfassungsvertrag - wann dat op ee gutt Enn ka bruecht ginn - geschitt näischt vun all deene Risiken, déi hei an der Debatt, net heibanne mä dobaussen, beschriwwe gi sinn, an duerno och net.

Ech kréie vill Bréiwer, där enger an och där anerer. Et ass konjunkturell séier ënnerschiddlech gefierft, an do sinn der vill dobäi vu Leit, déi Suergen hunn, ech menge souguer éierlech Suergen hunn. Et mierkt een um Toun, wéi een ugeschriwwe gëtt, ob dat éierlech Suerge sinn oder ob dat eng aner Motivatioun huet.

An et gëtt einfach vill Leit, déi liewen an där Virstellung, wéi wann elo duerch déi Verfassungsdebatt an duerch déi Realitéit, déi mer haut an Europa hunn, honnertdausenden, wann net Millioune vu Leit aus Ost- a Mëtteleuropa géifen heihinner kommen, de Leit hei d'Aarbecht ewechhuelen, de mëttelstännege Betriber d'Existenzgrondlage géife klauen a groussen Duerjerneen hei maache géifen.

A vill, déi fir den Neen ënnerwee sinn, schüren déi Angscht, mat enger gewëssener Dosis Perfidie - muss ech soen. Well déi Meescht vun hinnen intelligent Mënsche sinn, gleewen ech jo net, dass se dat gleewen, wat se déi aner Leit wëlle gleewen dinn. A fir esou ze maachen, wéi wann elo mar einfach ee Bus voll polnesch Aarbechter, voll tschechesch Aarbechter, voll slowakesch Aarbechter hei géif zu Lëtzebuerg débarquéieren, an déi géife fir zwee Euro d'Stonn hei an iergendengem Betrib kënnen agestallt ginn, oder géifen hiren eegene Betrib hei grënnen, a géifen sech ouni un eng Handelsgenehmegung ze halen, ouni sech un déi mëttelstänneg verfeinert Regelen, wat den Etablissement ubelaangt, brauchen ze halen - dat ass eng Virstellung, déi einfach béisaarteg ass. Dat ass gemaach, fir de Leit Angscht ze maachen!

Ech sinn dofir, dass een an der Politik de Leit d'Wouerecht seet, mä ech sinn awer dergéint, dass ee fir d'Zoustëmmung vun de Leit ze kréien, de Leit Geschichten erzielt, fir se fäerten ze dinn a fir déi Angschtgefiller, déi se hunn, nach wesentlech ze verstäerken. Et ass am héchste Mooss irresponsabel. Dat ass onmoralesch fir de Leit Angscht ze maachen. Et mécht een de Leit keng Angscht, wa keng Ursaach dofir do ass, dass se Angscht sollen hunn.

An dofir muss een de Leit hei am Land däitlech soen, dass dat, wat do geschitt a wat do gesot gëtt, esou net geschitt an esou och net däerf gesot kënne ginn. Et kënnt hei op Lëtzebuerg weder no der Erweiderung nach no Akraafttriede vun der Verfassung ee polneschen Aarbechter schaffen ënnert dem Mindestloun, ënnert den Tarifléin zu Lëtzebuerg. An et ka keen hei e Betrib opmaachen, dee sech net un d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht an un d'Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung hält. Dat geet einfach net.

Dat geet hei am Land net! An ech géif dach d'Lëtzebuerger bieden, déi soss jo - wat ech gutt fannen - kritesch si géint Aflossmoossnamen, déi am Ausland gestart ginn, fir d'Denken hei am Land ze formëieren, dach bieden net alles ze gleewen, wat op der däitscher Televisioun gesot gëtt, fir vun aneren Televisiounen, mä dat ass fir eng aner Kéier, net ze schwätzen.

(Hilarité)

Wann an Däitschland gesot gëtt, dass polnesch Aarbechter fir dräi Euro d'Stonn zu Potsdam an engem Schluechthaus schaffen an honnerten ostdäitsch Aarbechter doduerch effektiv hir Aarbecht verluer hunn, dann ass dat richteg. Mä et ass falsch fir ze mengen, dat wier och zu Lëtzebuerg richteg an et wier hei méiglech!

Wann den däitsche Gesetzgeber, deen dichtegen, dat gemaach hätt, wat mir hei am Land gemaach hunn, 1994 fir d'éischt, 2002 fir d'zweet, nämlech kloerzestellen, dass d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht territorial ugewannt gëtt, dass jiddfereen, deen zu Lëtzebuerg schafft oder e Betrib opmécht, sech muss un d'Lëtzebuerger Gesetz halen, un de Lëtzebuerger Mindestloun, un d'Lëtzebuerger Tarifléin, da wier dat an Däitschland net geschitt! Da bräichten se a Frankräich keng Debatten driwwer ze féieren, dass de polnesche Klempner, de Plombier polonais - deen iwwregens mat enger Clef française schafft, dat nëmmen niewelaanscht erwähnt -,…

(Hilarité)

…dass deen de Leit géif d'Aarbecht ewechhuelen.

Hei am Land geet dat net, well mir hei am Land et fäerdeg bruecht hunn, eng mustergülteg Sozialgesetzgebung ze hunn, entstan duerch laang Jore vu sozialem Dialog an duerch laang Debatten hei am Parlament. Duerfir géif ech häerzlech drëm bieden, net alles, wat an Däitschland an a Frankräich als real existéierend Gefor ka beschriwwe ginn, als effektiv Geforemomenter fir Lëtzebuerg ze begräifen.

Mir hunn eis besser geschützt, net en vue vun deem Elargissement, wéi anerer, mä well mer ëmmer eng Rei vu Prinzipien hei am Land zur Uwendung bruecht hunn. An ee vun de Prinzipien ass, dass egal wien hei am Land schafft, deen dat nëmme kann zu engem gerechte Loun maachen, an dass ee fir déiselwecht Aarbecht ëmmer muss mindestens deeselwechte Loun kréien. Dat ass ee konstante Prinzip vu Lëtzebuerger Aarbechtsrechtsgesetzgebung a vu Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung.

Dat hu mir gemaach, an dee Verfassungsvertrag, kënnt en, ännert dat net ëm ee Millimeter. Dat bleift esou. An déi, déi esou maachen, wéi wann duerch dee Verfassungsvertrag d'sozial Wüste zu Lëtzebuerg géif entstoen, verkennen total d'Rechtslag, déi mer hei am Land hunn, an och de politesche Wëlle vun der Regierung a vu villen aneren, fir duerfir ze suergen, dass dat dobäi bleift. An duerfir ass doriwwer net ofzestëmmen.

Mir hunn all gesetzlech Arsenalinstrumenter, déi mer brauchen, fir net an déi Situatioun ze kommen an där, opgrond vun der Verfehlung vun där do nationaler Politik, Däitschland a Frankräich no dem Elargissement eragerode sinn. Duerfir brauche mer doriwwer net ofzestëmmen, mir solle just soen, et ass gutt esou bei eis wéi et ass, a wëssen et ännert sech och net duerch dee Verfassungsvertrag.

Well ech bei der Erweiderung war: Ech weess, dass et enorm vill Leit gëtt, déi Problemer hu mat der Erweiderung a Richtung Türkei. Dat ass jo een Thema un dat ech mech ëmmer extrem virsiichteg eruwoen, well ech sinn op d'mannst an dräi grousse lëtzebuergeschen Dageszeitunge kritiséiert ginn 1997, well ech deen Eenzege war, dee sech dergéint gewiert huet, wéi mer Presidentschaft haten 1997, dass d'Türkei géif de Kandidatestatus kréien.

Dunn ass mer gesot ginn, dat wier net diplomatesch gewiescht, déi Zukunftshelden, déi wäitbléckend, déi dat geschriwwen hunn, déiselwecht, déi haut soen, mir hätten de Leit dat ni richteg erkläert mat der Türkei. Ech hat et probéiert. Et huet just kee mer gehollef hei am Land, wéi mer dat probéiert hunn.

Ech wëll zu där Saach soen, dat ass awer eng Debatt fir sech, dass déi Erweiderung, falls se géif kommen, selbstverständlech net eng Erweiderung ass, déi am Galopp kënnt, déi och weder historesch, nach sachlech, nach vun den eigentleche Befundelementer hier déiselwecht Ingrédienten huet, déiselwecht Komponenten huet, wéi déi Erweiderung, déi mer elo hannert eis hunn. Dat sinn zwee grondverschidden Themen. Déi Verhandlunge ginn ergebnisoffen gefouert, wéi de Conseil européen am Dezember 2004 festgestallt huet.

Dat heescht, dass déi kënnen no enger laanger Zäit zur Memberschaft féieren, mä dass déi ënnerwee awer och, wann d'Türken a wa mir mierken, dass déi Vollmemberschaft net geet - ech mengen dat mierke mer och enges Dags, aus enger Rei vu Grënn -, an een anert Verhältnis besonnescher Natur agewise ginn, déi Relatiounen tëscht Europa an der Türkei, wat eppes ass tëscht Associatioun an der Vollmemberschaft.

Fir esou ze maachen, wéi wann een dësem Verfassungsvertrag géif seng Zoustëmmung ginn, gläichzäiteg definitiv décidéiere géif, elo géif d'Türkei sofort, noch gestern Member vun der Europäescher Unioun ginn, ass eng total Verkennung vun der eigentlecher Situatioun, wéi se sech presentéiert, a vum eigentleche Kalenner, wéi en opläit. Dee Kalenner huet iwwregens zur Folleg, dass muer d'Kommissioun d'Verhandlungsmandat tëscht der Europäescher Unioun an der Türkei bekannt mécht, wou am Detail beschriwwe gëtt, wat fir Elementer an deene Verhandlungen ze berücksichtege sinn.

Ech géif d'Leit alt scho prophylaktesch an antizipativ bieden, net ze mengen, wa se dat muer de Moie sommaresch duergestallt kréien, muer den Owend plutôt, dass elo eng nei Etapp a Richtung méi séier Erweiderung a Richtung Türkei geschitt. Dat ass een normale Prozess, an dee Verhandlungsmandat, deen och nach eestëmmeg muss vun deene 25 Ausseministeren ugeholl ginn, dat ass keen Ticket fir séier a Richtung Erweiderung ze starten, mä dat ass de Katalog vun all deene Punkten, déi an deenen Erweiderungsverhandlunge musse berücksichtegt ginn.

Déi, déi Zweifel hunn iwwert déi richteg Artikulatioun vun där Grondrechtcharta, mussen zouginn, wa se se am Detail liesen, dass, wann déi Charta verbindlech bis erkläert ginn ass duerch d'Akraafttriede vun deem Verfassungsvertrag, déi Hürden, déi d'Türkei muss huelen, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn, selbstverständlech méi héich sinn, wéi se dat haut wieren. Dat war net d'Ursaach, et soll keen esou maachen, ech hunn dat heiansdo an der franséischer Debatt esou héieren, dass dat elo extra gemaach gi wier an der Perspektiv vu Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei. Mä d'objektiivt Produkt dovun ass awer, dass d'Türkei wesentlech méi héich muss sprangen a méi e laangen Ulaf muss huelen, wa se wëllt deene Konditioune gerecht ginn.

Mir stëmmen also net of iwwert den Elargissement, zu deem et keng Auditioun ginn ass, mir stëmmen net of iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei, mir stëmmen net of iwwer eng Verännerung vun der Sozial-landschaft zu Lëtzebuerg. Déi muss hir Upassunge maachen, am Kader vun deene Gesamtiwwerleeungen, déi ëmmer ze féiere sinn, wann et ëm d'Sozial- an ëm d'Wirtschafts- an ëm d'Fiskalpolitik geet. Si kritt keen Optrag duerch europäesch Verfassungsgebung, fir sech widdernatierleche Verwerfungen hinzeginn. Et ass eng Angscht, déi een net brauch ze hunn, an duerfir soll och keen déi Angscht schüren.

Et gëtt awer nach iwwer eppes net ofgestëmmt, dat ass iwwert de Statsminister. Éischtens net iwwert dat, wat deen an der Vergaangenheet emol gesot huet - well ech hunn elo observéiert, souwuel an de Wuertmeldunge vun enger Fraktioun, déi sech hei a ganzer Fraktiounsstäerkt emol net zu engem Fënneftel wollt weisen,…

(Hilarité)

…wéi och an eenzelne Kommentaren op eenzelne Medien zu Lëtzebuerg, déi jo net manner politesch si wéi déi, déi hei am Haus gemaach ginn. Et gëtt ëmmer gesot: Firwat ass dee Statsminister elo op eemol fir ee Vertrag, vun deem e gesot huet, et wier eng Dunkelkammer? Ech wëll just, esou vill autobiographesche Petting musst Der mir hei duerchloossen,…

(Hilarité)

…soen, dass ech dat net iwwert de Vertrag gesot hat, „Dunkelkammer", mä iwwert de Konvent. Während op eenzelne Radioe monter gesot gëtt, ech hätt dat iwwert de Vertrag gesot. Firwat soll een op den Detail oppassen, wann et mam Graffen och geet?

An dee sech am meeschten deemools driwwer opgereegt hat, nieft dem Här Fayot, dee sech ëmmer opreegt, wann ech esou meng Saache soen, dat war den Här Gibéryen. Also déi reegen sech awer selten iwwert datselwecht op!

(Hilarité)

Mä den Här Gibéryen war déck zefridde mat dem Resultat vum Verfassungskonvent. Well en hat jo och ënnerschriwwen,…

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- …obschonn zwee Texter zur Ënnerschrëft oplouchen. Ee wou drastoung, mir hätte gären eng Europäesch Constitutioun, an ee wou drastoung, mir brauche keng Europäesch Constitutioun. Esou vill Blieder louchen net do, et waren der nëmmen zwee. Et konnt ee sech net ieren. „Jo" oder „Neen" war et do, an den Här Gibéryen huet bei Jo ënnerschriwwen. Duerfir verstinn ech net, firwat dass en haut Nee see. Ech hätt en dat haut gäre gefrot, mä en ass net do. Dir verstitt elo vläicht besser, firwat dass en net do ass.

Ech hat de Verfassungskonvent kritiséiert, well ech gesot hunn, deen hätt deelweis am Däischtere geschafft. Ech hat dem „Spiegel" eppes gesot, wat den Här Fayot dem „Tageblatt" dräi Méint virdru gesot hat, ier en den Duerchbléck hat. A mir waren eis an der Fundamentalanalys jo och eens.

Den drëtten Deel, deen hei dauernd kritiséiert gëtt, dat war deen Deel, dee gemengt war mat der Dunkelkammer. Déi Tatsaach, dass Lëtzebuerg fënnef Deputéierten hat am Verfassungskonvent, anstatt wéi herno an der Regierungskonferenz sechs, dat war deen Deel, dee gemengt war. Déi méi genee Prezisioun vun den Aufgaben vum ze wielende President vum Europäesche Rot, wourunner de Konvent vill geschafft hat, par rapport zu den initialen Iddie vum Här Giscard d'Estaing, huet dee richtegen Ustrach an der Regierungskonferenz kritt, gradewéi d'Recht, d'Presidentschaft auszeüben, total am Däischtere gelooss vum Konvent, eréischt eng richteg Beliichtung kritt huet an der Regierungskonferenz.

An déi Deeler, déi do critiquabel waren, dat waren net nëmmen Deeler, déi vum Statsminister kritiséiert gi sinn, mä och vun de Kolleege kritiséiert gi si während den Aarbechte vum Konvent an am Konvent, wou déi supplementar Demanden ëmmer gestallt gi sinn. Sou dass ee muss en Ënnerscheed maachen tëschent Deeler vum Konventsresultat an dem Endprodukt vun der Regierungskonferenz, dee mer elo Verfassungsvertrag nennen.

An déi zweet Saach, ech weess, dass eigentlech méi Leit, wéi et misst sinn, queesch mat mir sinn, well ech gesot hunn, ech géif zrécktrieden, wann d'Lëtzebuerger dee Verfassungsvertrag hei net géife ratifizéieren. Bon, ech sinn elo schonn eng gewëssen Zäit an der Politik, 22 Joer, mengen ech, an der Regierung, dovun zéng Joer Statsminister. Ech hunn zwar héieren, dass de Radio gemellt huet, meng Popularitéit wier no 10 Joer ëm 3% agesackt fir op 89 erofzestierzen.

(Hilarité)

Dat vergläicht sech gutt mat de Resultater vu menge Kolleegen hei ronderëm, also net hei an der Chamber, mä an deenen anere Länner. Stellt lech mol vir, den Här Chirac géif gesot kréien, en hätt 89% Zoustëmmung…

(Hilarité)

…, da géif souguer vläicht d'„Tageblatt" an aner Objektiver kommentéieren a soen, dat wier erstaunlech no esou enger laanger Zäit.

Mä onofhängeg dovu sinn ech laang an der Politik an d'Saach ass esou. Ech hu mer ëmmer Méi ginn, wann ech eng Fro gestallt kritt hunn, dat ze soen, wat ech gemengt hunn. An ech hunn dat och ëmmer gesot. Ech hunn d'Leit nach ni ugeschmiert. Dat hunn ech och virun engem Joer an engem aneren Zesummenhang, awer an engem ähnlechen, bewisen.

Dunn hunn ech am Dezember, am Wëssen drëm, dass dat alles géif knapps ginn hei am Land, gesot: „Jo, wann dat esou ass, da kann ech dat net méi maachen." Well ech et och net kéint, Lëtzebuerg adequat, convenabel an esou wéi d'Leit et verdéngen ze vertrieden, wann d'Lëtzebuerger Nee gesot hätten an engem essentielle Mo-

ment vun der europäescher Geschicht. Eisen Afloss zu Bréissel wier null, wa mir dat maachen. An ech hunn alt geduecht - dat hunn ech mer awer eréischt herno geduecht, nodeem ech spontan geäntwert hat, well ech äntwere jo spontan, well ech wëll jo dat soe wat mir esou duerch de Kapp geet -, et ass jo besser du sees de Leit dat virdrun, wéi dass d'Leit herno rose mat dir ginn, wann s de den 11. Juli aus dem Palais kënns a sees: Sou dat do war et dann.

Ech hätt et awer net däerfe soen. Ech hätt et net däerfe soen. Et ass net ëmmer gutt, fir dat ze soen, vun deem ee mengt, dass d'Leit d'Recht hätten et ze wëssen, wann een net gläichzäiteg sech Rechenschaft doriwwer gëtt, dass d'Leit dat komplett falsch herno kënnen interpretéieren. An duerfir deet et mir Leed, net datt ech et gesot hunn, well ech hunn dat gesot, wat ech mengen, mä et deet mer Leed, dass dat ee Moment laang d'Debatt an eng Richtung gedriwwen huet, wou se manifestement net higehéiert huet. Ech wollt dat hei soen an och deene Leit soen, déi dat net gutt verstanen hunn.

(Applaudissements)

Ech hunn de leschten Daaschdeg - wéi se beim Marie-Josée Jacobs doheem soen - hei erkläert, firwat dass ech mengen…

Une voix.- D'selwecht wéi zu Stengefort.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Zu Stengefort och, well dat ass och un der Grenz.

(Hilarité)

…, dass ee soll zu där Verfassung Jo soen. Ech wëll d'Haus hei net nach eng Kéier mat engem Aufsatz ophalen, firwat dass ech dat mengen an et hunn esou vill excellent Kolleegen hei, och aus hiren ënnerschiddleche berufflechen Erfahrungen, eng fréier Ausseministesch, eng fréier Statssekretärin am Ausseministère, fréier Ministeren, bref, an där, déi et enges Dags ginn, wat awer viraussetzt, Här Huss, dass ee sech un d'Verfassung hält, dat ass en elementare Prinzip fir dohinner ze kommen, well do ginn ech…

(Interruption)

Wat gelift?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Wollt ech dat ginn?

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Majo neen, mä d'Madame Flesch, déi hei laang Jore Fraktiounspresident an der Oppositioun war, dofir weess ech, dass si näischt besser kennt, wéi d'Reglement a wéi d'Verfassung, huet lech den Artikel 50 vun der Verfassung virgeluecht an do steet dran, dass ee keng Befehler vu bausse soll unhuelen, Parteistatuten zielen net an der Chamber. Déi zielen net hei.

Hei geet et ëm ganz aner Saachen, wéi engem Kongressbeschluss vun deene Grénge Folleg ze leeschten. Mä dat ass eng aner Saach, doriwwer streide mer net. Ech hunn lech awer ganz gär, well ech zielen lech zu deenen, déi Nee soen, net aus berechnenden, falsch opgewéckelte Grënn. Ech soen net, dass dat een europäeschen Neen ass, et ass op jidde Fall keen nationalisteschen; dofir wëll ech eigentlech guer net mat lech streiden. Mir hunn nach, wéi ech hoffen, jorelaang genuch Zäit fir dat ze maachen.

(Hilarité)

All déi Grënn si genannt ginn. Ech wëll der zwee, dräi nach nennen, déi nach net genuch beliicht gi sinn. Wat ech essentiell fanne fir e klengt Land ass, dass deen Europäesche Verfassungsvertrag, déi europäesch Kompetenzuerdnung ganz kloerstellt, dass staark Allusiounen, och vum Här Goerens, dorop gemaach ginn. Mir wëssen, wann dee Verfassungsvertrag a Kraaft ass, dass mer eng Debatt net méi brauchen ze hunn an dat ass déi Debatt iwwert d'Kompetenzkompetenz, wou d'Europäesch Unioun sech selwer Kompetenze gëtt, déi se laut Souveränitéitsiwwerdroungsverträg net huet. Elo wësse mer, dofir ass Europa zoustänneg, dofir ass ee Land zoustänneg. Dat halen ech fir wesentlech, well domat sinn d'national Souveränitéite respektéiert, domat sinn och déi national Identitéite respektéiert an domat sinn och déi national institutionell Strukture vun de Memberstate respektéiert.

Et geet awer net duer, dass dat an deem Verfassungsvertrag steet, dat muss och d'Kommissioun - iwwert déi ech mech selte kritesch äusseren, well ech et einfach gutt fanne wann ee sech net ëmmer kritesch zur Kommissioun äussert, well soss wier ee laang amgaangen - mat Inhalt erfëllen, an déi muss einfach wëssen, dass et nieft dem Prinzip vun der Subsidiaritéit och de Prinzip vun der Proportionalitéit gëtt, deen am Verfassungsvertrag awer och geregelt ass, well do elo erstmaleg gesot gëtt, Är „Bréisseler Regelungen", Är europäesch Regelungen däerfen net ze wäit an den Detail goen.

Et géif munchem Kommissär gutt doen, wann e lassgeet zu Bréissel, ech wëll soe wa seng Generaldirekteren onkontrolléiert lassginn, sech virzestellen, dass de Buergermeeschter vu Biekerech besser weess, wat gutt ass fir seng Leit a fir seng Landschaft a fir seng Zoustänn an Ëmstänn a senger Gemeng, wéi e Kommissär zu Bréissel. D'Kommissioun muss léieren, dass dee Programmrausch, déi Reguléierungswut am Detail, déi een do heiansdo feststellt, eppes ass, wat der europäescher Iddi schuet an net déi europäesch Iddi virubréngt.

An dofir ass et och um Parlament, un dësem Parlament, dat jo nei Rechter kritt duerch den Europäesche Verfassungsvertrag, well d'Parlamenter kënnen Asproch erhiewe géint d'Direktiven, falls se der Subsidiaritéit net entspriechen oder wa se der Proportionalitéit net entspriechen, wa se d'Reguléierungswut ze wäit dreiwen, fir drop ze uechten, dass do mat der Heckeschéier heiansdo laanscht déi iwwergräifend Kompetenzgrossmannssucht vun eenzelne Leit an där Bréisseler Kommissioun virgaange gëtt.

Ech gehéieren net zu deenen, déi d'Kommissioun systematesch kritiséieren, éischter zu deenen, déi se systematesch verdeedegen. Et muss een einfach wëssen, wat net gutt ass ass net gutt, a wat net gutt ass ass schlecht, a wat schlecht ass soll opgehale ginn, well mir riskéieren alleguer Problemer ze kréien.

Wat ech gutt un deem Verfassungsvertrag fannen, dat ass eppes, wat awer nu wierklech, mengen ech, net gesot ginn ass an dat ass, dass een och senger Wee ka goen, wann et engem net méi gefält. Dat halen ech fir een aussergewéinleche Réckgewënn vun nationaler Souveränitéit, dass een net definitiv agespäert ass an där Europäescher Unioun. A wann et engem ze waarm op de Kuele gëtt, da kann ee sech hiewen a goen, no e bësse komplizéierte Prozeduren, mä jiddferee muss wëssen, en ass net méi op onendlech Zäit, well de Vertrag huet jo keng zäitlech Begrenzung, wéi den Här Fayot et gutt duergestallt huet, agespäert an eppes aus deem ee léiwer eraus wier well ee sech doranner net méi wuel spiert.

Ech fannen et gutt, dass dee Verfassungsvertrag en fait nëmmen 114 Artikelen huet. Deen éischten an deen zweeten Deel, dat ass dat, wat wierklech d'Bezeechnung „Europäesch Verfassung" verdéngt, an déi ass net méi grouss an net méi laang, net méi komplizéiert an net manner an net méi subtil, wéi national Verfassungen och. Dat ass wat Europa ass, wat do an deenen 114 Artikele vun dem éischten an dem zweeten Deel steet.

En drëtten Deel, iwwert dee mer zu puer net frou waren - och Membere vum Konvent waren net frou, dass deen op eemol do mat dra koum -, ass u sech soss näischt, wéi de Versuch eppes, wat total illisibel war, méi lisibel ze maachen - obschonn ech mat der Madame Flesch d'accord sinn, datt et largement illisibel bliwwen ass.

Mä mir hate fënnef Verträg, mat deene mer geschafft hunn, plus nach dräi klenger, wann ech de Fusiounsvertrag an ähnlech Instrumenter dobäihuelen. Jiddferee weess dach, dee praktesch mat Europa ze dinn hat, wat dat fir e bibliothekareschen Opwand all Kéier bedeit huet fir ze wëssen, a wat fir engem Vertrag dass ee wier a wat déi Verträg géife soen a wéi kompatibel dass déi Dispositiounen tëscht den eenzelnen Verträg wieren. An et ass gutt, dass mer elo nëmme méi ee Vertrag hunn, dass mer eng gewësse Beschränkung hunn, an zwar eng zolidd Beschränkung vun den Décisiounsmechanismen an der Europäescher Unioun.

An et ass gutt, dass mer deenen dräi Pilierë lass sinn: Europäesch Gemeinschaft, Aussen- a Sécherheetspolitik, drëtten Deel, Justice an Affaires Intérieures, déi mer mol op Lëtzebuergesch ni iwwersat kritt hunn, déi JAI. Wéi vill Leit verstinn eigentlech, wa mer vu JAI schwätzen? Mir brauchen net méi vu JAI ze schwätzen, well de JAI ass fort. Vermësst een en? Neen. Et wosst keen, dass en do wier.

(Hilarité)

Wat een eigentlech hätt misse maachen an der pedagogescher Duerstellung vun all deem, wat mer hei hunn: Et hätt ee missen de Leit, déi verzweifeln un deem onlieserlechen drëtten Deel, alleguer déi Verträg matschécken, déi ofgeschaaft ginn, a se da misse froen: „Wëllt Der dat behalen, oder wëllt Der dat Neit hei kréien?" Dat wier eigentlech déi richteg Fro gewiescht.

Mä wann ee géint de Verfassungsvertrag stëmmt, da behält ee jiddefalls deen décke Koup do, deen nach ni ee geliest huet an dee mer probéiert hunn an deem méi klengen drëtten Deel esou zesummenzeschreiwen, dass en zwar nach net allgemeng verständlech ass, awer méi applicabel gëtt, an deen et méiglech gemaach huet, villes ze preziséieren, wat no Prezisioun geruff huet.

Déi Charta vun de Grondrechter fënnt eng Kommentéierung, déi een heiansdo zur Verzweifelung dreift. Elo hu mer - d'Madame Flesch scho wéi se Ausseminister war, vill anerer duerno - 30 Joer laang dofir gekämpft, dass dach déi Europäesch Unioun, dee Rechtsraum do, zumindest soll Personnalité juridique kréien. Kritt se elo. Dass déi Europäesch Unioun kann der Europäescher Konventioun fir Mënscherechter als Europäesch Unioun bäitrieden. Kann se elo. An derbäi gi mer eis dann nach déi Charta, déi d'Engländer an d'Schwede verhënnert hunn am Joer 2000 zu Nice, obligatoresch ze maachen a wou se dës Kéier mat partiellen Aschränkungen averstane waren, dass se géif obligatoresch ginn.

Ech sinn eigentlech net bereet, dass een dat klengriet. Wou gëtt et dann dee kontinentale Raum soss enzwousch op der Welt, wou d'Rechter opgeschriwwe sinn? Net nëmme Rechter vun haut, mä Rechter, déi wäit eragräifen a gefëierlech Verierungen, déi d'Mënschheet kann an der Zukunft huelen.

Hei sinn d'Rechter vun de Kanner festgeschriwwen, déi sinn net an alle Verfassunge vun der Europäescher Unioun an hire Länner festgeschriwwen. Hei ass festgeschriwwen, an där Grondrecht-Charta, dass d'Klone vu Mënschen net erlaabt gëtt. Wou ass da soss an der Welt ee Grupp vu 27, 28 Länner, dee sech selwer imposéiert, net all gefëierlech Verierunge vum mënschleche Geescht matzemaachen?

Här President, wann Der erlaabt soen ech nach e puer Wierder als LSAP-Fraktiounssprecher. EUROCONTROL huet hei zu Lëtzebuerg um Kierchbierg säin zentrale Centre de formation. Dësen hunn ech mer ugekuckt am Kader vun der Preparatioun zu dësem Projet de loi. Hei schaffe ronn 80 Fonctionnairen. An der Woch sinn tëschent 100 an 200 Studenten aus ganz Europa an Ausbildung zum Air Traffic Controller. Dat mécht ongeféier pro Joer ëm déi 4.000 Studenten. D'Formatioun vun de Contrôleurs am Air Traffic Management dauert dräi Joer.

Interessant ass och nach den ekonomeschen Aspekt, deen de Betrib vum Centre de formation vun EUROCONTROL, den Institute of Air Navigation Services, IANS, um Kierchbierg der Lëtzebuerger Ekonomie erabréngt. Et sinn eppes zéng Milliounen Euro, duerch ronn honnert Familljen, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, an zousätzlech 20.000 Hotelsiwwernuechtunge fir d'Leit, déi um Kierchbierg als Air Traffic Controllers ausgebilt ginn.

EUROCONTROL ass allgemeng a ganz Europa zoustänneg fir deen ieweschte Flugraum, also iwwer 28.500 Fouss, dat si 7.500 Meter héich, an huet näischt mat dem Starten a Lande vun de Fligeren ze dinn, wat jo vun deene respektive Flughäfe gemaach gëtt.

Am europäesche Flugraum gëtt et zum Beispill owes um 18 Auer, wat eng sou genannte Spëtzenzäit ass, iwwer 5.000 Flugbewegungen, an an engem ganzen Dag sinn dat der iwwer 30.000. Aner interessant Zuelen, déi ech bei der Visite vun EUROCONTROL um Kierchbierg gewuer gi sinn, sinn zum Beispill, dass an engem Dag ongeféier tëschent 350 a 500 Fligeren am ieweschte Flugraum, also iwwer 7.500 Meter héich iwwer eist Land fléien, déi mir net onbedéngt matkréien.

De Lëtzebuerger Loftraum am Sënn vun EUROCONTROL gëtt zu Maastricht gemanaged. Zu Maastricht huet EUROCONTROL 600 Beschäftegter, déi just zoustänneg si fir de sou genannte Maastrichter Flugraum, dat heescht fir d'Benelux-Länner an Norddäitschland. Während der Formatioun vun de Contrôleure muss een och e praxisorientéiert Joer zu Maastricht verbruecht hunn. De Maastrichter Raum huet am Joer ëm déi 1,4 Millioune Flugbewegungen.

EUROCONTROL huet mat Lëtzebuerg nach keng negativ Erfahrunge gemaach, an eise Flugraum gëllt als sou genannt onproblematescht Gebitt - dat war den Originaltoun via Videokonferenz op Bréissel, déi mer hate mat den Häre Gerhard Stadler, Direkter, a Peter Tannhäuser, Sous-Direkter.

Ech hu mer des Weideren erkläre gelooss, dass EUROCONTROL alles ënnerholl huet fir dass esou eng direkt Kollisioun vun zwee Fligeren, wéi dëst virun e puer Joer iwwert dem Bodensee geschitt ass, net méi méiglech ass. Opgrond vun deem Accident, wou et manifestement zu Malentenduen tëschent deenen implizéierten Towere komm ass, hunn d'Fligeren elo e Sécherheetssystem agebaut, deen en dernière instance tëschent zwee Fligeren, déi op Kollisiounskurs sinn, automatesch deen ee Fliger op méi en héije Kurs dréckt, an deen aneren obligatoresch erofdréckt, mat enger genau festgeluechtener Prioritéit fir deen een oder deen anere Fliger, en fonction vun hire respektive Vitessen, Gewiicht, an nach villen anere Parameteren.

Vun dëser Plaz aus wëll ech EUROCONTROL Merci soe fir hir prompt Informatiounen am Kader vun dësem Projet de loi. Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Schank. Här Schank!

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun wollt ech dem honorabele Kolleeg, dem Rosch Negri, Merci soe fir säin detailléierte Rapport an och fir dass en esou conscienciéis war fir sech um Terrain ze informéieren iwwert déi Problematik. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Zoustëmmung zu dësem Protokoll wäert zur Sécherheet am internationale Flugverkéier bäidroen, an duerfir wollt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet do ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Als nächste Riedner op der Lëscht ass den honorabelen Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, wéi mäi Virriedner däerf ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet brëngen.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Här Braz!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll och just d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun bréngen zu deem Projet an dem Här Negri Merci soe fir säi gewëssenhafte Bericht.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Chamber an deenen eenzelne Fraktioune Merci soe fir d'Ënnerstëtzung an de Vote, dee si de Mëtteg huelen, dee sécherlech dozou wäert bäidroen, dass virun allem d'Kommissioun iwwert de Wee vun dëser Konventioun eng méi uniform Applikatioun vun de Regele ka maachen, a sécherlech och zu enger Stabiliséierung vum Site vun EUROCONTROL hei um Kierchbierg wäert bäidroen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. D'Ofstëmme fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, M. Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Projet, dat ass de «Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration…»…

Plusieurs voix.- Neen!

M. le Président.- Ass et net zu deem Projet? Zu wéi engem komme mer dann?

Une voix.- 5396.

(Interruptions)

M. le Président.- Mir huele fir d'éischt de Projet 5396, eng Konventioun iwwert d'Homologatioun vun de Gefierer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo: den Här Grethen an den Här Braz. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel!

4. 5396 - Projet de loi portant approbation

- de la révision 2, entrée en vigueur le 16 octobre 1995, de l'Accord concernant l'adoption de conditions uniformes d'homologation et la reconnaissance réciproque de l'homologation des équipements et pièces de véhicules à moteur, fait à Genève, le 20 mars 1958, et approuvé par la loi du 1er août 1971 (Accord concernant l'adoption de prescriptions techniques uniformes applicables aux véhicules à roues, aux équipements et aux pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur un véhicule à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces prescriptions);

- de l'Accord concernant l'établissement de règlements techniques mondiaux applicables aux véhicules à roues, ainsi qu'aux équipements et pièces qui peuvent être montés et/ou utilisés sur les véhicules à roues et des Annexes A et B, faits à Genève, le 25 juin 1998

Rapport de la Commission des Transports

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi 5396 geet et dorëms, d'Harmonisatioun ze verdéiwe vun den technesche Reglementer aus dem Secteur vun der Automobilindustrie. Mir sollen haut éischtens, déi zweet Revisioun vun engem Accord vum 20. Mäerz 1958 approuvéieren. Deen Accord ass eng éischte Kéier hei zu Lëtzebuerg den 1. August 1971 per Gesetz approuvéiert ginn. Déi zweet Revisioun vum Accord aus dem Joer 1958, déi mer haut unhuelen, ass en vigueur säit dem 16. Oktober 1995.

Konkret geet et dorëms, eenheetlech Bedingunge fir d'Homologatioun festzesetzen, an déi géigesäiteg Unerkennung vun der Homologatioun vun Equipementer a vu Stécker oder Ersatzstécker fir motoriséiert Gefierer.

Zweetens solle mer haut och den Accord huelen iwwert d'Opstelle vu weltwäiten technesche Reglementer, wou et, genau wéi am éischte Punkt, och ëm d'Equipementer a Stécker an Ersatzstécker fir d'Gefierer geet.

Dësen zweeten Accord gëtt och Accord parallèle genannt, well en niewent dem Accord vun 1958 a senger Revisioun zwee funktionéiert. Dësen Accord parallèle gouf néideg, fir dass all déi grouss Länner, wou Autoe produzéiert ginn, a wou och Autoe kaaft a verkaaft ginn, kënnen um Prozess vun der Harmoniséierung deelhuelen, an doduerch ginn och déi geographesch Grenze vum Accord de base vun 1958 op.

Dësen Accord parallèle, deen ënnert der Responsabilitéit vun der Commission économique pour l'Europe vun der UNO funktionéiert, gesäit e System vir, deen et erlaabt, technesch Reglementer an e Weltregister anzeschreiwen. D'Zil ass Reglementer ze kréien, déi et erméiglechen, bei der Produktioun vun Autoe Verschiddenes ze verbesseren: éischtens, d'Sécherheet vun den Autoen an de Gefierer, zweetens, hir Ëmweltverträglechkeet, drëttens, en optimalen, niddrege Bensinverbrauch, also e bessere Rendement énergétique, a véiertens och eng besser Sécherung vun den Autoe géint den Déifstal.

Erlaabt mer nach eng Kéier kuerz op den éischten Deel vum Projet zréckzekommen, also op d'Revisioun vum Accord vun 1958. Bei dëser Revisioun geet et dorëms, éischtens, de Wonsch fir nach méi ze harmoniséiere wat d'Sécherheet an d'Ëmweltverträglechkeet ubelaangt. Zweetens mécht dës Revisioun den Accord vun 1958 net nëmmen op fir individuell Länner, mä och fir Communautéite vu Länner. Drëttens gesäit déi Revisioun e puer Ännerunge vir wat de Conseil d'administration ubelaangt, deen dësen Accord an der Praxis géréiert. An déi lescht Ännerung ass am Fong den Intitulé. Dir fannt en am Dokument 5396, do steet deen neien Intitulé, deen ale steet nach a Klammeren hannendrun. Ech erspueren Iech fir dat elo virzeliesen.

Ofschléissend wollt ech awer nach eng Remarque maachen, déi ech iwwregens och a mengem schréftleche Rapport gemaach hunn. Ech wollt Iech just soen, dass eis SNCH, also eis Société Nationale de Certification et d'Homologation zu Sandweiler, weltwäit ënnert de fënnef éischten Organismes d'homologation figuréiert. Ech fannen dat gutt, ech wollt dat ënnersträichen, an ech wollt ganz zum Schluss den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Jo, Här President, ech wollt dem Rapporteur félicitéiere fir seng Ausféierungen an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem excellentë Projet bréngen.

M. le Président.- Här Braz!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Déi gréng Fraktioun gëtt och hir Zoustëmmung a seet dem Här Angel Merci fir säi komplette Bericht.

M. le Président.- Den Här Schank.

M. Marco Schank *(CSV).*- Jo, Merci un de Kolleeg Marc Angel fir säin detailléierte Rapport, an ech wollt am Numm vu menger Fraktioun den Accord ginn zu dësem Projet.

M. le Président.- Den Här Minister Lux.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt virun allem op dee leschte Saz hiweisen, deen den Här Angel gesot huet, fir kloerzemaachen, dass dat eiser Gesellschaft zu Sandweiler nei Méiglechkeete gëtt, an där „success story", déi déi Gesellschaft op deem Gebitt huet, weider Méiglechkeete gëtt, an duerfir sinn ech frou, dass mer dee Projet hei relativ schnell konnte stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Voilà. Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung vun dësem Projet. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5396 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Abstentioun a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet 5355 iwwert den «partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles». Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Negri. Här Negri!

5. 5355 - Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Häre, am Kader vun enger effikasser Naturschutzpolitik geet et bei dësem Projet de loi dorëms, dem Naturschutz hei am Land en zousätzlech wëssenschaftlechen Impuls ze ginn duerch d'Promotioun vun dem Partenariat tëschent dem Stat an de Gemengen, via déi respektiv Gemengesyndikater.

Op dësem Wee soll eng legal Basis geschafe ginn, fir den Naturschutz um Terrain besser ze koordinéieren, an dëst kann nëmme geschéie wann de Stat d'Gemengen op eng strukturéiert Manéier abënnt. Heifir gëtt e sou genannten Observatoire fir den Naturschutz vum Stat kreéiert. Den Observatoire huet als Missioun, tëschent dem Stat an den Naturschutzgemengesyndikater, déi jo am Numm vun deenen implizéierte Gemengen handelen, Konventiounen opzestellen, fir de Finanzement vun Naturschutzmoossnamen an de Gemengen ëmzesetzen.

Am Regierungsprogramm huet hei de regionalen Usaz déi absolut Prioritéit fonnt. Mat de regionale Gemengesyndikater kënnt déi „kritesch Mass" zesummen, fir multidisziplinär Equipen ze forméieren, déi à même sinn, komplex Problemer ze léisen. Den Naturschutz muss an Zukunft ëmmer méi op Basis vun enger regionaler Zesummenaarbecht organiséiert ginn. Domat kënnen d'Naturschutzgemengesyndikater regional um Terrain konkreten Naturschutz wëssenschaftlech studéieren, organiséieren an och duerchféieren, an dat Ganzt ënnert der Tutelle vum Ëmweltminister.

Här President, dëse Projet de loi ass den 10. Juni 2004 vum deemolege Statssekretär am Ëmweltministère, dem Här Eugène Berger, déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum 28. September 2004. D'Ëmweltkommissioun huet an hirer Sëtzung vum 3. Mäerz 2005 mech als Rapporteur genannt. An därselwechter Réuniouun, souwéi och an der Sëtzung vum 21. Abrëll 2005, sinn de Projet de loi an och den Avis vum Statsrot vun der Kommissioun examinéiert ginn.

Verschidden direkt betraffen Acteuren, wéi de Mouvement écologique, d'Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga, d'NATURA souwéi d'Fierschterassociatioun, hate mir de 24. Mäerz 2005 an d'Ëmweltkommissioun agelueden, fir hir Meenung zu dësem Projet de loi ze héieren. De Rapport ass an der Sëtzung vum 10. Mee 2005 presentéiert ginn an dunn och gestëmmt ginn.

Här President, dëse Projet de loi schreift sech an an de Kader vun den Objektiver aus der Regierungserklärung vun 2004, déi virgesäit: «(…) le Gouvernement mettra en œuvre un partenariat avec tous les acteurs impliqués en la matière (communes et syndicats des communes, ONG, fondations, entreprises, etc.), tout en assurant une coordination nationale.»

De Projet de loi baséiert ebenfalls op enger Motioun, déi d'Chamber am Kontext vum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ugeholl huet. Heidranner gëtt d'Regierung invitéiert, e Projet de loi auszeschaffen, dee Folgendes virgesäit: «prévoyant l'association des communes à la mise en œuvre des objectifs de la future loi; prévoyant le renforcement et l'amélioration du travail scientifique en matière de protection de la nature avec tous les acteurs, tels que le Ministère de l'Environnement et l'Administration des Eaux et Forêts, le Musée d'Histoire naturelle,…»

Une voix.- Méi schnell!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- …les communes et syndicats communaux et les associations agissant dans le domaine de la protection de la nature et de l'environnement».

Sou wéi et aus dem Exposé des motifs vum Projet de loi ervirgeet, berücksichtegt de Projet de loi och den Avis, deen de Statsrot de 17. Juni 2003 zum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 gemaach huet. An dësem Avis hat de Statsrot sech géint d'Schafung vun engem Réseau vu regionalen, wëssenschaftleche Strukturen ausgeschwat. Et waren d'Artikele 64 a 65 vun deem Projet de loi, wat d'Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ginn ass, déi fir Oppositions formelles gesuergt hunn. Deemools ass dunn décidéiert ginn, fir dës zwee Artikelen aus dem Projet de loi erauszehuelen, auszebauen an doraus en neit Gesetz ze schafen, wat mer haut hei virleien hunn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

De But vun dësem Projet de loi ass also duebel. Éischtens, d'Promotioun vun enger Partnerschaft tëschent dem Stat an de Gemengesyndikater. Et geet dorëms fir d'Gemengesyndikater a Saachen Naturschutz méi staark mat anzebannen. Sou soll eng Struktur geschafe ginn, déi d'Gestioun an d'Koordinatioun géréiert. D'Gemenge mussen a sollen, zesumme mat der Forstverwaltung, Partner vum Ëmweltministère a Saachen Naturschutz sinn.

De Virdeel bei de Gemengen a bei de Gemengesyndikater ass, dass si eng gutt politesch a verwaltungstechnesch Struktur hunn, déi no bei de Leit ass. Dës Partnerschaft gëtt konkretiséiert duerch Konventiounen tëschent dem Ëmweltministère an de Gemengesyndikater, déi am Naturschutzdomän schaffen. Et geet dorëms, fir déi regional Kooperatioun tëschent de Gemengen an der strategescher Planung a Saachen Naturschutz ze verstäerken.

En zweete But vun dësem Projet de loi ass de Renforcement vun der wëssenschaftlecher Démarche a Saachen Naturschutz. D'Entwécklung vun enger effikasser Naturschutzpolitik muss op wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert sinn, wou d'Interpretatioun heivunner fir eng zukünfteg strategesch Orientatioun nëtzlech ass. D'Natura 2000 brauch um Terrain e gudden, wëssenschaftleche Suivi. Déi wëssenschaftlech Aarbecht muss verstäerkt an och verbessert ginn.

Tëschent all deene bedeelegten Acteuren an dësem Domän, dem Ëmweltministère, der Forstverwaltung, dem Naturmusée, de Gemenge via Gemengesyndikater an den Naturschutzorganisatiounen, muss eng verbessert Koordinatioun gemaach ginn. Dëse Projet huet als Zil, dës aktuell net esou gutt Situatioun ze verbesseren. Dozou soll deen nei ze schafenden Observatoire de l'Environnement naturel bäidroen. Dëst soll en Organe consultatif sinn, dat chargéiert ass fir d'Aktiounen am Naturschutzberäich ze promouvéieren.

Deen nei geschafenen Observatoire, deen eng jährlech Dotatioun aus dem Statsbudget kritt, huet folgend Missiounen:

- «de constater l'état de conservation de la diversité biologique;

- de proposer des recherches et études en matière d'environnement naturel;

- de proposer un programme d'actions concrètes à réaliser par l'État et les syndicats;

- d'évaluer les mesures réalisées par l'État et les syndicats;

- de rédiger tous les deux ans un rapport circonstancié sur la politique en matière d'environnement naturel et sur la mise en œuvre de cette politique au niveau étatique et communal;

- de suivre la mise en œuvre du plan national concernant la protection de la nature;

- de saisir le ministre des projets, actions et mesures susceptibles de promouvoir la protection de l'environnement naturel.»

Am Artikel 4 steet, dass d'Vertrieder am Observatoire jeeweils fir dräi Joer vum Minister genannt ginn. Dëst sinn all Kéiers zwee Vertrieder vum Ministère de l'Environnement, vun der Administration des Eaux et Forêts, dem Musée national d'Histoire naturelle souwéi ee Représentant vun der Université du Luxembourg, ee vun de Gemengesyndikater, an dann nach dräi Vertrieder aus den Naturschutzorganisatiounen an dräi Wëssenschaftler, déi an der Erhalung vun der biologescher Vielfalt spezialiséiert sinn.

D'Presidentschaft vum Observatoire gëtt ofwiesselnd vun engem Vertrieder aus dem Ministère an aus de Syndikater gemaach. D'Sekretariat gëtt vun engem Représentant aus dem Ministère aussuréiert. Déi genee Organisatioun an de Fonctionnement ginn an engem groussherzogleche Reglement preziséiert. D'Partenariat an Naturschutzprojete vum Stat mat de Gemengesyndikater dréckt sech wéi gesot a Form vu Konventiounen aus, déi vum Ëmweltminister ausgeschafft ginn.

Dës Konventioune kënne folgend Missiounen op kommunalem, awer virun allem och op regionalem Plang beinhalten:

a) «la collecte de données scientifiques et leur transmission aux autorités supérieures compétentes;

b) l'élaboration et la mise en œuvre de mesures de protection et de gestion de l'environnement naturel à partir des orientations de l'observatoire;

c) la promotion des programmes relatifs à la conservation de la diversité biologique;

d) la sensibilisation des communes membres et de leurs habitants.»

All déi Missiounen, déi duerch Konventiounen arrêtéiert ginn, ginn tëschent 50 an 100% vum Stat cofinanzéiert. Et gëtt am Ëmweltministère och e Comité de coordination geschaf. Dëse Comité huet d'Aufgab fir d'Kohärenz an d'Koordinatioun tëschent de Programmer an de realiséierten Aktivitéite vun de Syndikater am Kader vun de Konventiounen ze assuréieren.

Dëse Comité besteet aus:

- zwee Vertrieder aus dem Ëmweltministère, wouvun een de President stellt;

- zwee Vertrieder aus der Forstverwaltung, wouvun een de Sekretär stellt;

- engem Vertrieder aus dem Musée national d'Histoire naturelle;

- an engem Vertrieder aus deene respektive Gemengesyndikater.

Dës Vertrieder gi vum Minister op dräi Joer genannt.

Här President, ech hunn dëst am Detail gesot fir ze weisen, dass all d'Acteuren aus der Naturschutzzeen an dëse Projet de loi implizéiert sinn, an de Stat domat, wéi Der un der Zesummesetzung vun dësem Gremium gesitt, den Naturschutz net aus der Hand gëtt. Hei soll elo konstruktiv Aarbecht op där enger Säit tëschent dem Stat a senge Verwaltungen, an op där anerer Säit de Gemengesyndikater mat de Gemengeréit an de Gemengeverwaltunge gemaach ginn.

Och ass et wichteg, dass mer engersäits Naturschutz vun uewe maachen, via den Ëmweltminister an d'Forstverwaltung, mä op där anerer Säit soll a muss awer och Fräiraum bleiwen, fir den Naturschutz vun ënnen um Terrain ze maachen, dëst an enger Symbios ënner enger reglementéierter, mä räsonnabler Form. An deem Sënn ass dëst Partenariatsgesetz e wichtege Schrëtt zu engem méi kooperativen an zilorientéierten Naturschutz.

Dëst Partenariatsgesetz kreéiert also elo eng legal Basis fir esou finanziell Mëttele fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater fräizemaachen an domat hire Stellewäert fir den Naturschutz ze ënnermaueren. Domat zéien d'Gemengesyndikater an engem gewësse Sënn elo no, wat d'Fondatiounen aus dem Naturschutz schonn am Naturschutzgesetz vum 29. Januar 2005 via d'Artikele 54 an 63 kritt hunn an do kloer als Partner vum Stat definéiert gi sinn, an och déi finanziell Mëttele kréien. Ech hu mer am Detail déi verschidde Budgetsartikelen an Ënnerbudgetsartikelen erausgezunn, an ech mengen, do wär kee Grond sech ze bekloen.

Gradsou kloer muss awer d'Rolleverständnis vun deene verschiddenen Acteure gesi ginn, wou d'Décisiounskraaft bei der öffentlecher Hand läit, an un éischter Stell bei de gewielte Mandatairë vu Stat a Gemengen, am Zesummeschaffe mat deene respektive Verwaltunge vu Stat a Gemengen.

D'Stëftunge kënnen also net gläichgestallt gi mat der öffentlecher Hand vu gewielte Mandatairen, dëst am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip fir d'Grondsätz vun eiser Demokratie ze respektéieren. Dofir sinn d'Stëftungen awer an d'Décisiounsprozesser agebonnen. Et kritt also keen eppes ewechgeholl. Am Géigendeel, et kënnt elo méi op all d'Acteuren zou, well den Naturschutz méi konsequent a méi breet ugepaakt gëtt, woubäi awer d'Hierarchie an de Kompetenzen agehal gëtt.

Et ass also domat ze rechnen, dass elo am Naturschutz eng nei Dynamik entsteet, wou éischter méi Aarbecht an Opträg ufalen. Dofir sollen d'Bureau-d'étuden och dat positiv gesinn. Well et kann och net esou sinn, dass d'Leit mat akademeschen Diplomer fir d'Gemengesyndikater ënner A.s.b.l.-Form schaffen, wéi dat scho bal all bénévole Associatioun huet, dës Leit am Naturschutz hir wëssenschaftlech Aarbecht all Dag mat groussem Asaz maachen, ouni awer eng tant soit peu existenziell Ofsécherung fir sech an hir Familljen ze hunn.

Ech wëll awer och gradsou däitlech soen, dass mat dësem Gesetz eng konstruktiv Zesummenaarbecht tëschent de Leit am Naturschutz an an der Landwirtschaft onbedéngt muss opgebaut ginn. All implizéiert Leit mussen sech an engem „Forum" zesummefannen, an an aller Sachlechkeet sech de Froe stellen, wéi den Naturschutz an Zukunft soll hei am Land orientéiert ginn. An dëst awer och am Aklang mat den neien Erausfuerderunge vun de Baueren am Kader vun der sou genannter „cross compliance".

Dobäi soll net vergiess ginn, dass grad just d'Baueren et sinn, déi am meeschten dobaussen an der Natur schaffen, an dofir muss den Naturschutz och mat hinnen déi néideg an déi richteg Kompromësser sichen.

Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt un éischter Stell, déi zweete Kéier fir haut, dem honorabele Kolleeg Roger Negri Merci soe fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport, ee Rapport, deen iwwregens eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Här President, haut de Mëtteg stëmme mer iwwer e Projet de loi of, mat verschiddenen Dispositiounen, déi a mengen Aen d'lescht Joer, am Januar 2004, wéi mer d'Naturschutzgesetz gestëmmt hunn, den Agank schonn hätte kënne fannen an dat Gesetz. Deemools hate mer an der Ëmweltkommissioun zwee Amendementer ausgeschafft.

Éischtens, d'Zesummenaarbecht tëschent Stat a Gemengen a punkto Naturschutz. Zweetens, e wëssenschaftlechen Naturschutz mat alle concernéierte Partner. Also genau deen Objet, dee mer haut hei am Projet erëmfannen. Leider huet de Statsrot deemools eis Meenung - meng Meenung an Iddien - net gedeelt, an esou ass et dozou komm, dass déi héich Kierperschaft dës zwee Amendementer negativ aviséiert huet, mat enger Argumentatioun, déi ech perséinlech och haut nach nëmme schwéier kann novollzéien.

Well mer awer am Januar vum leschte Joer - de Rapporteur huet drop higewisen - d'Gesetz iwwert den Naturschutz wollten zur Ofstëmmung bréngen, hu mer aus Zäitknappheet - am Hibléck op den zweete Vote am Zesummenhang mat enger Opposition formelle - an der Ëmweltkommissioun décidéiert, dës zwee Artikelen op der Säit ze loossen.

Am Géigenzuch hu mer d'Regierung deemools iwwer eng Motioun invitéiert, d'Gemengen an d'Mise en oeuvre vun deem Naturschutzgesetz ze associéieren, ëmsou méi an dem Gesetz vun 2004 d'Gemengen net virkommen, a gläichzäiteg natierlech och de wëssenschaftlechen Naturschutz mat alle Partner virzegesinn. An ech muss soen, dass deemools den Ëmweltminister Charles Goerens an och de Statssekretär Eugène Berger Wuert gehalen hunn an nach virun de Chamberwahlen d'lescht Joer en entspriechenden Text virgeluecht hunn.

Här President, d'Resultat vun dëse Revendicatioune fanne mer haut, wéi gesot, an dësem Projet de loi erëm, mat deenen zwee prezisen Objektiver. Éischtens, d'Promotioun vun dem Partenariat tëschent Stat a Gemengen, Gemengesyndikater virun allem. Dat ass wichteg, déi Nuance. An d'Stäerkung vun der wëssenschaftlecher Virgehensweis a Saachen Naturschutz.

Schonns a menger Interventioun d'lescht Joer am Kader vum Naturschutzgesetz…

Une voix.- 2003.

M. Marco Schank *(CSV).*- … - 2003 hu mer nach gestëmmt, et war Dezember - …

Une voix.- Jo.

M. Marco Schank *(CSV).*- …hunn ech gesot, dass en integréierten Naturschutz zu Lëtzebuerg nëmmen da méiglech ass, wa virun allem de Stat an d'Gemengen zesummeschaffen. Duerch dëse Gesetzesprojet ginn deemno definitiv d'Gemengesyndikater an deen Objektiv do agebonnen. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well et eis Gemengen an och eis Gemengesyndikater sinn, déi an de leschte Joren net eleng, mä virun allem och eng enorm Virreideraarbecht geleescht hunn, wat konkret den Naturschutz um Terrain ubelaangt.

Ech erënneren an deem Kontext och un déi fënnef biologesch Statiounen, déi no an no entstane sinn, déi an Zesummenaarbecht mat Gemengesyndikater eng gutt Aarbecht maachen, wat konkret den

Naturschutz, a virun allem och wëssenschaftlechen, fundéierten Naturschutz ubelaangt.

An de Konventiounen tëschent dem Ëmweltministère an deenesselwechte Gemengesyndikater sinn d'Missiounen an d'Prestatioune ganz däitlech festgeschiwwen. Ech ginn lech just véier, fënnef Beispiller:

- Naturschutzprojete fir déi jeeweileg Membergemengen, déi do geleescht ginn. Zum Beispill d'Exekutioun vu Plans verts, d'Konservatioun vun Espèces menacées, d'Revaloriséiere vun Terrainen;

- da virun allem awer och, wat a mengen Ae ganz wichteg ass, d'Sensibiliséierung vun der Bevölkerung op deem jeeweilegen Territoire;

- awer och d'Sensibiliséierung vun de Propriétairen an den Exploitantë vun Terrainen an der Zone Verte, well et ganz wichteg ass, dass Naturschutz e positiivt Bild huet no baussen;

- dernieft awer och schaffen déi Statioune fir Prestatioune fir de Ministère direkt mat zum Beispill der Kollekt vu wëssenschaftlechen Donnéeën;

- dobäi kommen d'Opstelle vu Régimes d'aide am Zesummenhang mat der Erhalung vun der Biodiversitéit;

- oder och d'Hëllefstellung bei Gestiounspläng am Kader vum Réseau Natura 2000.

Här President, ech wëll an deem Zesummenhang besonnesch nach eng Kéier op d'Virdeeler vun dëser Virgehensweis hiweisen. Et si virun allem d'Gemengen an hir Responsabel, déi ganz, ganz no bei hire Biergerinnen a Bierger sinn, Dag fir Dag, an domat och ganz no bei de Propriétairen a bei den Exploitanten, bei de Baueren, ënner anerem, wat e kontraktuellen an domat en effikassen an nohaltegen Naturschutz eréischt richteg méiglech mécht.

D'Partnerschaft tëschent Stat a Gemengen, Gemengesyndikater, gëtt duerch dëse Projet de loi gestäerkt, an zwar ënnert der Form, wéi ech gesot hunn, vu Konventiounen, déi de Ministère mat de jeeweilege Syndikater mécht. Den Naturschutz hält jo bekanntlech och net viru Gemengegrenze stall, mä e muss, wann e wëllt nohalteg sinn, regional gekuckt ginn.

Mir kréien deemno eng Kommunaliséierung vum Naturschutz a souguer eng Regionaliséierung vum Naturschutz, deen a mengen Aen eng zesummenhängend, wëllt soen interkommunal Aarbecht méiglech mécht, an domat eben d'Viraussetzung schaaft, fir en effikassen, flächendeckenden Naturschutz. Eenzel Gemenge kënne weider staatlech iwwert de „Fong fir de Schutz vun der Ëmwelt" ënnerstëtzt ginn, wa se nei Projeten a Saachen Naturschutz wëlle realiséieren.

Wat elo d'Konventiounen tëschent Stat a Gemengesyndikater ugeet, esou gëtt do ganz kloer festgehalen, wéi eng Missiounen dann eenzel um Niveau Naturschutz gemaach ginn, awer och wéi de Finanzement fir déi eenzel Missiounen do leeft. Fir dass d'Kohärenz an d'Koordinatioun tëschent de verschiddenen Aktivitéite geséchert ginn, déi d'Syndikater am Kader vun deene Konventiounen do ofwéckelen, gëtt e Comité de coordination agesat, wou d'Vertrieder vun alle Partner am Naturschutz vertruede sinn: Ministère, Eaux et Forêts, Naturmusée, Syndikater. Dëse Comité ass dem Ministère ënnerstallt a soll d'Ëmsetzung vun der Lëtzebuerger Ëmwelt- an Naturschutzpolitik iwwerwaachen.

Wichteg ass an deem Kontext nach eng Kéier ze soen, dass déi Partnerschaft iwwerhaapt net d'Kompetenzen an d'Missioune vun der Forstverwaltung a Fro stellt, mä am Géigendeel gëtt duerch hir Presenz am Comité de coordination hire Rôle, dee se jo an der Ëmsetzung vun der nationaler Natur- an Ëmweltschutzpolitik ze spillen huet, éischter nach gestäerkt. Ech wëll och ervirhiewen, dass duerch dëse Projet déi verschidde regional Initiativen, wéi gesot biologesch Statiounen, endlech eng legal Basis kréien. Deelweis fonctionnéieren se vun 2002 un. An deelweis sinn och an deene Gemengesyndikater Leit agestallt ginn, et sinn Infrastrukturen a Material ugeschaaft ginn.

En zweete Punkt vum Projet de loi 5355 betrëfft, wéi scho gesot, d'Stäerkung vun der wëssenschaftlecher Virgehensweis a Saachen Naturschutzpolitik. D'Ëmsetzung vun enger effikasser Naturschutzpolitik ass a mengen Aen nëmme méiglech, wa se op fiablen, wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert. Den Naturschutz zu Lëtzebuerg kënnt definitiv - dat hu mer schonn des Öfteren hei uewe gesot - net derlaanscht, seng Politik a Prioritéiten opgrond vu wëssenschaftleche Fakten ze definéieren.

Et kënnt derbäi, dass mer eis verflicht hunn, bei der Ëmsetzung vum Réseau Natura 2000, den Erhalenszoustand vun deene verschiddenen Habitatszonen an och -aarten an Zukunft ze iwwerwaachen an an engem Sechsjoresrhythmus en detailléierte Rapport un d'Europäesch Kommissioun ze iwwermëttelen.

Dësen Obligatioune kënne mer awer nëmmen duerch d'Stäerkung vun esou enger wëssenschaftlecher Aarbecht am Beräich Naturschutz gerecht ginn, a virun allem och duerch eng verbessert Koordinatioun an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Acteuren, déi um Terrain aktiv sinn.

Fir elo an där aktueller Situatioun, wou mer eis befannen, méi effizient ze schaffen, gëtt ënnert der Autoritéit vum Ëmweltministère en Observatoire de l'Environnement naturel geschafen - dat ass virdru vum Rapporteur scho gesot ginn -, deem seng Missioun et ass, de wëssenschaftleche Suivi an d'Koordinatioun vun den Aarbechten a Saachen Environnement naturel ze iwwerwaachen an och ze begleeden. Ausserdeem kann en och konkret Aktiounsprogrammer proposéieren, déi da vum Stat an de Syndikater mussen ëmgesat ginn. Dir gesitt, duerch dësen Outil gewanne mer mat Sécherheet u Stäerkt am Lëtzebuerger Natur- an Ëmweltschutz.

Deen eenzege Schéinheetsfeeler an der Zesummesetzung vun dësem Observatoire ass deen, dass d'Syndikater insgesamt nëmmen ee Vertrieder doran hunn. Meng Fraktioun war awer der Meenung, wéi anerer och, dass een dowéinst net nach eng Kéier soll de Vote vun dësem Projet erauszögeren, well mer schonns vill Zäit verluer hunn an deem Kontext an een net weess, wat geschitt, wann een erëm vu vir ufänkt.

Här President, zum Schluss nach e puer Bemierkungen am Kontext vun enger Rei vun Ängschten, déi ech respektiv meng Fraktioun eigentlech net kënnen deelen. Et gëtt eng ONG, et gëtt der och nach vläicht méi, déi Angscht huet well se mengt, an dësem Projet net berücksichtegt ze sinn, Angscht huet fir Aarbecht ze verléieren ënner Ëmstänn.

Ech wollt dofir awer drun erënneren, dass am Projet vum Naturschutzgesetz, dee mer 2003 gestëmmt hunn, am Artikel 63 all déi relevant ONGen, déi am Naturschutzgesetz aktiv sinn, d'Méiglechkeet kritt hunn, un der Aktioun vun den öffentlechen Organismen, dat heescht Stat, awer och Gemengen, ze participéieren an och Suen duerfir kënne kréien. A mengen Aen ass et kloer an däitlech: Et gëtt duerch dëst Gesetz net manner Aarbecht am Naturschutz zu Lëtzebuerg, et gëtt der däitlech méi!

Och d'Forstverwaltung huet hir Ängschten ausgedréckt virun enger Zersplitterung vun den Zoustännegkeeten am Beräich Naturschutz, respektiv dass d'Gemengesyndikater an och privatrechtlech Ëmweltvereenegunge staatlech Befugnisser géifen iwwerdroe kréien. Den Artikel 11 am Gesetz gesäit iwwer Règlement grand-ducal d'Viraussetzung vir, dass d'Forstverwaltung e wichtege Rôle bei der Verdeelung vun deene Missiounen iwwerhëlt, mat a mengen Aen neie Befugnisser.

An esou fonctionnéiert et jo och an der Praxis bei de Stations biologiques, well déi Statiounen, déi fonctionnéiere jo schonns zënter e puer Joer, a si fonctionnéiere gutt zesummen, ech soen däitlech, zesummen, an nëmmen zesumme mat der Forstverwaltung. D'Beispill vun der Uewersauer, do wou d'Waasser nach méi propper ass,…

(Interruptions)

…do fonctionnéieren d'Stations biologiques vum Naturpark zesumme mat der Forstverwaltung,…

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- ...Heischtergronn!

M. Marco Schank *(CSV).*- Ech invitéieren lech an de Stauséi schwammen ze kommen, Här Gira, deemnächst. Do kann een och mam Kanu fei fueren, am Stauséi.

(Interruption)

M. le Président.- Här Gira, wëllt Der eng Fro stellen, wann ech gelift?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Neen, et ass alles gesot zu deem Thema.

(Hilarité)

M. Marco Schank *(CSV).*- Ech wollt awer duerfir nach eng Kéier ganz däitlech soen, dass d'Partenariat vun allen Acteure bis elo d'Stäerkt vum Lëtzebuerger Naturschutz war an och muss bleiwen.

Mäi Credo ass deen - ech hunn et ganz dacks scho gesot, net nëmmen an der Chamber -: Wierksamen Naturschutz kann nëmmen zesumme mat alle Partner geschéien. An dobäi huet och all Partner seng Roll ze spillen, well all Partner huet seng jeeweileg Stäerkten - dat ass och ganz wichteg ze soen -: de Ministère, d'Forstverwaltung an déi aner Administratiounen, d'Gemengen, d'ONGen, wéi de Mouvement, d'Natur- a Vulleschutzliga, d'Fondatiounen, den Naturmusée, an och d'Bureaud'études.

Ech wollt och eppes zu de Bureaud'étudë soen, déi am Naturschutzberäich schaffen, dass ech hir Angscht net deele fir Aarbecht ze verléieren, ganz am contraire. De Contraire wäert de Fall sinn, dass mat dësem Gesetz, dass mat där wëssenschaftlecher Démarche zousätzlech Aarbecht entsteet, an dass domat och zousätzlech Aarbechtsplazen entstinn. Ech hoffe just, dass duerch déi ganz Diskussioun ëm dëst Gesetz, déi mer jo och schonn d'lescht Joer haten, genau dëst Stäerkt vum Lëtzebuerger Naturschutz, nämlech d'Zesummewierke vun all de Partner, net a Fro gestallt ass. Ech mengen, dass definitiv keen dat ka wëllen.

Dofir, Här President, sinn ech der Meenung, dass mer haut de Mëtteg e gutt Gesetz stëmmen, an ech wollt zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun dozou ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schank. D'Wuert huet elo den honorabelen Deputéierten Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass bal alles gesot wat hei ze soen ass. Duerfir warnen ech lech elo schonn, datt meng Interventioun hei net ganz laang wäert daueren. Et ass och drop higewise ginn, datt dat Gesetz, wat mer haut hei diskutéieren, awer dach schonn e relativ laange Baart huet.

Richteg ass, datt et zréckgeet op de 5. November 2002, wéi mer an der zoustänneger Ëmweltkommissioun, där ech deemools d'Éier hat virzestoen, awer an enger relativ grousser Unanimitéit, zwar mat verschiddenen Nuancë säitens de Sozialisten an de Gréngen, deemools zwee Amendementer presentéiert hunn, ënnert der Form vun den Artikele 64 a 65, wou mer deemools de wëssenschaftleche Suivi am Naturschutz wollten an d'Gesetz materanhuelen, an dat neit Naturschutzgesetz, wat mer deemools grad diskutéiert hunn, an och de Partenariat tëschent dem Stat an de Gemenge wollte festegen.

Leider koum ee Joer méi spéit, dat heescht am November 2003, säitens dem Statsrot eng Opposition formelle op béiden Artikelen. Et ass gesot ginn, datt de Statsrot sengerzäit déi Opposition formelle do ervirbruecht huet, mä et huet een och an där Opposition formelle awer d'Handschrëft vun der Forstverwaltung vun deemools gelies, déi deemools eng grouss Solidaritéit mat der Associatioun vun de Fierschteren un den Dag bruecht huet, well si deemools - zu Onrecht, mengen ech dach awer - gefaart hunn, et géif een op hir Platebandes do trëppelen an hir Missiounen do streideg maachen. Missiounen, déi si awer ni esou an deem Sënn a mat aller Konsequenz duerchgezunn hunn, wéi si dat selwer gemengt hunn.

Et ass och net well mer deemools wollten de Schwanz bäizéien oder kal Féiss kritt hunn, fir déi zwee Artikelen net ze stëmmen. D'Ursaach war ganz einfach, well mer schonn als Lëtzebuerger Stat 1999 eng Mise en demeure kritt haten. 2001 hu mer een Avis motivé kritt, a schlussendlech si mer 2003 op den Europäesche Geriichtshaff zitéiert ginn, an et war du jo net méi fir ze spaassen. Dunn hu mer dann décidéiert, déi zwee Artikelen ewechzeloossen an d'Gesetz duerchzezéien, ënnert der Konditioun, datt mer bei den Debatten am Dezember hei 2003 eng Motioun gestëmmt hunn, mat där mer d'Regierung invitéiert hunn, nach virum Enn vun der Legislaturperiod e Gesetz ze presentéieren, wat deem géif Rechnung droen, wat mer deemools dach awer unanime an eiser Ëmweltkommissioun wollten.

D'Regierung - an de Rapporteur, mäi Virriedner, huet dat jo hei gesot -, den deemolege Minister huet den 10. Juni dat Gesetz hei presentéiert. Domadder ass dat e Gesetz vun der viregter Regierung, a kee besser wéi de Président-rapporteur, Member vun der LSAP-Fraktioun, hätt dës Argumenter kéinte besser virbréngen, wéi hien dat gemaach huet. Mir kënnen déi Argumenter nëmmen deelen, an domat wëll ech just ënnersträichen, datt hien domat Recht huet, datt et awer ganz wichteg ass, datt d'Gemengen e Rôle am Naturschutz hei spillen.

Kee besser wéi d'Gemengen, an net nëmmen am Naturschutz, och an anere Saachen, kann déi Aufgaben do gutt erfëllen, well si no beim Bierger dat kënne maachen, zesumme mam Bierger dës Aufgaben erfëllen. Ganz einfach well se d'Sensibilitéite kennen an oft net d'Belaaschtung vum Fierschter hu fir och musse Verbueder iwwer aner Gesetzer auszespriechen, wou dach awer de Fierschter Restriktiounen huet, well en och heiansdo Protokoller muss maachen. Mir als Gemengen hunn dat Recht net. Duerfir mengen ech ass et scho richteg, datt mer dee Wee hei ginn op där enger Säit, op där anerer Säit awer och de wëssenschaftleche Suivi garantéieren an deem Sënn, datt ee muss wësse wat ee schützt.

Ech mengen allze oft kréie mer dobausse vun deene Leit, déi um Terrain schaffen, virgeworf, datt mer net wëssen, wat fir Mouken oder Vullen oder wat och ëmmer mer do schützen. Ech mengen et ass wichteg, datt mer d'Evolutioun am Naturschutz kennen, wësse wat mer schützen. An deem Sënn sinn déi zwee al Artikelen, déi an deem Gesetz hei erëmgeholl gi sinn, dach scho ganz wichteg.

Et soll een awer och vläicht drop oppassen - op dat ass och schonn higewise ginn - wann déi Syndikater hei schaffen oder deen Observatoire hei schafft, dach awer elo net erëm nei Waasserkäpp ze produzéieren. Ech mengen et gëtt dach awer genuch Leit, déi d'Kenntnisser hunn. Et gëtt Privatfirmen, déi an deem Beräich schaffen. Et gëtt och ONGen, déi an deem Beräich schaffen. Mir sollen eis wierklech op hir Kenntnisser an hiert Wëssen zréckberuffen, ouni awer hei allze vill Leit an deene Syndikater, an deene Mouvementer elo anzestellen. Dat wier net gutt. Dofir och een Appel, och op d'Privatwirtschaft hei zréckzegräifen. Do sinn och Leit, déi dat kënne maachen a mir produzéieren net onnéideg Waasserkäpp.

(Interruption)

Här President, ech wollt dem Minister soen, datt d'Naturschutzgesetz, wat nach wie vor e gutt Gesetz ass, an der Zwëschenzäit iwwer ee Joer a Kraaft ass. Dat Gesetz schéngt jo an der Rei ze sinn, bis op eng Partie Artikelen, den Artikel 17 zum Beispill.

Et gëtt awer och nach aner Artikelen, wou de Ministère, mengen ech, sech ganz oft schwéier deet - net well et de Ministère ass -, fir Genehmegungen erauszeginn. Dat dauert awer ganz laang, ass dacks ganz komplizéiert, well de Minister do oft op seng Leit um Terrain ugewisen ass. Ganz oft mécht een d'Erfahrung, datt do ganz arbiträr Avisën zustane kommen, déi ganz einfach d'Meenung si vun eenzelne Leit.

Ech mengen, datt de Ministère dach awer eng Kéier - dat ass e Problem, dee schonn ural ass, deen net nei ass - gehalen ass, do eng Partie Regelen auszeschaffen a vläicht a Form vu Circulairë bekannt ze maachen, u wat datt en sech wëllt halen, fir d'Prozedur vun eiser Missioun dach awer méi kuerz ze maachen.

An de Gemenge wësse mer, datt oft Schwieregkeete sinn, do duerch de Bësch ze kommen, datt d'Leit dach awer d'Flemm kréien oder d'Nerve verléieren, wann dat esou laang dauert, an oft ganz gelungen Interpretatiounen do mussen hierhalen, fir eppes dann net ze genehmegen.

An deem Sënn wollt ech da selbstverständlech, well et jo eist Gesetz ass, och den Accord zu dësem Gesetz hei bréngen an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng haten d'Naturschutzgesetz am Dezember 2003 net gestëmmt, well hirer Meenung no an deem Gesetz zwee Problemer net zefridde stellend geléist waren: éischtens, d'Roll vum kommunalen Naturschutz an d'Feele vun enger gesetzlecher Basis, an zweetens, déi wëssenschaftlech Basis fir den Naturschutz insgesamt. Mat deem Gesetz vun haut ginn déi zwee Problemer geléist. Deen éischten zefridde stellend an eisen Aen, deen zweeten awer manner zefridde stellend.

Zum éischte Punkt. Mir sinn zefridden, dass endlech eng gesetzlech Basis fir de kommunalen Naturschutz geluecht gëtt. Als Vizepresident vum Sicona-Centre weess ech selwer, wéi eng wichteg Roll esou Strukture fir e systemateschen, flächendeckenden an op wëssenschaftlechen Donnéeë baséierenden Naturschutz spillen. An därselwechter Fonctioun verstinn ech och wierklech net déi Ängschte vun der Forstverwaltung, hei géing een op hir Plate-bandes trëppelen, hei kriten si d'Hoheitsrecht iwwert den Naturschutz ewechgeholl.

Ech si perséinlech der Meenung, dass et de Géigendeel ass, dass d'Aktivitéit vun der Forstverwaltung a vun de Fierschteren absolut complémentaire kann a muss sinn zu deem, wat esou Naturschutzsyndikater maachen. Duerfir mengen ech muss et och kloer ginn, dass déi Saache complémentaire sinn, an net een deem anere Steng an de Wee leet. Well esou vill Leit gëtt et insgesamt an deem Land hei net, déi iwwerhaapt der Meenung sinn, dass Naturschutz eng wichteg Roll ze spillen huet.

Ech géing och duerfir de Minister bieden, dass en hëlleft, dass dee Klengkrich, deen dobaussen an deem dote Beräich nach ëmmer existéiert, ophält. Elo wou mer definitiv eng kloer Situatioun hunn, mengen ech wier et dréngend noutwendeg, dass hie vläicht déi jeeweileg Partner un de ronnen Dësch rifft, fir dass mer ee fir alle Mol klären, dass hei keng Kompetenzschwieregkeete sinn, mä de Géigendeel, dass mer alleguerte kënnen zesummen am Intérêt vum Naturschutz an der Biodiversitéit e wichtege Bäitrag leeschten.

Manner zefridde si mer awer, Här President, mat der Manéier, wéi de Problem vun der wëssenschaftlecher Basis fir e kohärenten Naturschutz geléist ginn ass. Amplaz vun deem geplangten Observatoire hätte mir vill léiwer - an dat vun Ufank un, wëll ech awer och betounen - en Établissement public gesinn, mat engem kloren Organigramm, mat kloer zougewisene Kompetenzen, mat dezentralen, flächendeckende Strukturen, mat haaptamtleche Mataarbechterinnen a Mataarbechter, an do dernieft mat engem wëssenschaftleche Bäirot.

Mir ginn dat Gefill net lass, dass deen Observatoire, deen elo hei geschafe gëtt, awer eng Zwitterstruktur ass, a ganz rar huet een Zwitterstrukturen erlieft, déi wierklech herno gutt fonctionnéieren. Et schéngt eis wéi wann deen Observatoire hallef wëssenschaftleche Bäirot wier, hallef awer och Koordinatiounsorgan vun der nationaler Naturschutzpolitik.

Mir sinn der Meenung, dass et deem Observatoire net liicht wäert falen, seng villfälteg Aufgaben a Missiounen ze erfëllen, wann ee bedenkt, dass dat awer niewenamtlech Membere vun deem Gremium sinn. Déi Leit hunn nach wierklech vill aner Saachen an hirem Liewen ze dinn, wéi wierklech hei permanent an deem Observatoire ze tagen.

Et ass eis och net ganz kloer, wéi et elo kuerzfristeg soll geléngen, e flächendeckend Netz vu biologesche Statiounen opzebauen. Awer net nëmme flächendeckend, mä och Statiounen, déi wierklech ähnlech strukturéiert sinn, déi ähnlech organiséiert sinn, mat ähnlech gelagerte Fachleit. Wann ech gutt am Bild sinn, ass dat am Moment schonn net méi de Fall, a mir riskéieren, wat nach méi esou Statioune stinn, dass d'Disparitéit tëschent deem, wat do d'Usprécher sinn, an deem, wat geleescht gëtt, wierklech ausernee geet. Mir froen eis, ob et net eng Saach vun der Onméiglechkeet gëtt, dass éierenamtlech Leit eigentlech dësen haaptberuffleche Strukture solle soen, wat se sollen an hirem alldeegleche Beruffsliewe maachen. Hei sinn also nach eng ganz Rei Froen op.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, no deem ausféierleche Rapport vum Här Negri an no deem engagéierte Plädoyer fir de Flughafe Findel vum Spriecher vun der CSV-Fraktioun mengen ech, dass ech deem näischt brauch derbäizesetzen.

Ech si frou, dass e Versteesdemech fir d'Flugaktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ass. Ech si frou, dass, nodeem d'Budgetskontrollkommissioun och mam Dossier befaasst war, esou séier e Projet konnt an d'Chamber kommen, dass mer elo rëm an der Legalitéit sinn an dass domadder dee Projet, dee wichteg ass fir d'Zukunft vun eisem Land, vun eiser Ekonomie, ka realiséiert ginn a bréngen d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech wëll aganks direkt dem Här Negri Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht, déi ganz komplett a ganz exakt waren.

D'Begeeschterung vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet hält sech e bësse méi a Grenze wéi d'Begeeschterung vun de Virriedner. Dat huet och seng Ursaachen, an zwar haaptsächlech doranner, dass mir hei e gréissert Engagement aginn - och e finanziellt Engagement - mat enger Prozedur, déi net üblech ass. Mir si wuel domat d'accord, dass, wéi déi nei Regierung ugetrueden ass do eppes virfonnt ginn ass, a mir an enger Situatioun sinn, déi net evident ass.

D'Alternativ ass, dass een entweder elo op eemol alles stoppt, an da seet: „Sou, all d'Baggere bleiwe sechs Méint elo op der Plaz stoe bis mir sämtlech Prozeduren duerchlaf hunn, mat allen, och finanziellen Nodeeler, déi dat huet." An do ware mir, mengen ech och parteiiwwergräifend, eis alleguerten eens an der Kommissioun vum Contrôle budgétaire, dass ee mat där Situatioun, déi virfonnt ginn ass, elo muss probéieren dat Bescht doraus ze maachen, am Bewosstsäin, dass dat, wat geschitt ass an dat wat elo geschitt eigentlech net deen normalen an übleche Wee ass, wéi Projete solle geplangt ginn.

Et muss een och soen, déi Problematik do ass jo net nëmmen opgeworf ginn am Kontext vun dësen Aarbechten, mä mir hu méi Projete schonn hei am Plenum gehat, déi diskutéiert gi sinn deelweis wéinst Dépassementer, an hei si mir och eigentlech an der Logik vun engem Dépassement par rapport zum Artikel 99 vun der Verfassung.

Et gouf sech jo an der Kommissioun elo verstännegt op eng nei Prozedur, déi dem Parlament praktesch véiermol eng Matsprooch gëtt bei neie Projeten, fir an engem fréie Stadium eng prinzipiell Diskussioun ze féieren iwwert d'Opportunitéit, eng éischt Diskussioun ze féiere bei der Budgétiséierung vun deem Projet, eng nächst Diskussioun ze féieren, wann den Avant-projet oder de Projet ausgeschafft ass, an och an deene Joren duerno quasi nach e Suivi ze maachen iwwert d'Évolution budgétaire.

Mir mengen, dass mir mat där Prozedur, op déi sech parteiiwwergräifend an der Kommissioun gëeenegt ginn ass, déi heite Situatioun, déi mir elo musse virfannen, net kritt hätten, an och hoffentlech an Zukunft net méi an där doter Form musse kréien. Mir sinn dofir d'accord gewiescht - net ouni Bauchwéi -, fir ze hëllefen, dass et virugeet, fir dass mir relativ séier erëm op den Terrain vun der Legalitéit zréckkommen.

Dat heescht awer net, dass mir domadder averstan kënne sinn, wat de Fong vum Projet betrëfft. Dëse Gesetzesprojet huet jo eigentlech haaptsächlech eng budgetär Implikatioun. Hien definéiert eng budgetär Enveloppe fir eng Partie Aarbechten, déi verschidde Projete betreffen, déi an dësem Projet de loi och mat ënnerschiddlechen Déiften optauchen. Bei verschiddene Saache si mir scho méi am Detail, bei anere si mir nach méi um Prinzip. Ech soen emol d'Stéchwuert vum Parking de dissuasion, wou méi oder wéineger gewosst ass, wou dee soll hikommen, budgétiséiert ass deen awer mat dësem Projet nach net. Ass en opportun, ass en net opportun? Dat ass och hei net diskutéiert ginn.

Et ass eigentlech do, wou mir dann eise Problem hunn: Hei geschéien och iwwert de budgetären Ëmwee Saachen; et gi Faitë geschaf, déi eigentlech net ausdiskutéiert sinn, wou mir d'Enveloppe wuel festleeën, awer de Prinzip emol nach net konnten a senger Opportunitéit diskutéieren. Et sinn Elementer an deem Projet, déi elo budgétiséiert ginn, mat deene mir kënnen d'accord sinn. D'Ubannung beispillsweis un den Train-tram, fir de Flughafe mam Plateau vum Kierchbierg ze verbannen, ass sécher een Aspekt, dee mir kënnen ënnerstëtzen.

Aner Aspekter sinn awer méi ze diskutéieren, ier ee kann en Accord oder e Refus ausschwätzen. Dat ass, dass elo zum Beispill schonn en Deelausbau vum Findel stattfënnt mat 150.000 m². Beim Tarmac kommen an enger éischter Phas der 50.000 dobäi; et sinn der en fait ronn 200.000 m² Tarmac, déi solle bäikommen.

Dat ass eng Diskussioun, déi eigentlech sollt gefouert ginn am Kader vum gesamte Kommodo vum Findel, am Kader vum Règlement grand-ducal iwwert de Plan d'occupation du sol vum Findel. Déi Diskussioune sinn net zu Enn gefouert ginn! An dat sinn awer normal Diskussiounen. Dat misst eigentlech esou sinn, dass een dat dote kéint ausdiskutéieren, ier ee sech soll finanziell op eng Enveloppe scho festleeën. Dat ass zumindest eppes, wat de Fong betrëfft.

Mir hätten eis dofir och kënne virstellen, dass een déi noutwendeg Enveloppe budgétaire méi enk hält an op dat beschränkt, wat elo noutwendeg ass fir op de festen Terrain vun der Legalitéit zréckzekommen, an dass ee mat därselwechter Diligence, wéi mir déi lescht Wochen dat hei diskutéiert hunn, dann iwwert de Fong vun deenen anere Projeten diskutéiert hätt, fir kënnen an enger nächster Phas déi Differenz zu den 61 Milliounen och kënnen hei an der Chamber an engem Gesetz zum Vote ze bréngen.

Dat ass net geschitt a mir bedaueren dat. Dofir kënne mir och als Gréng dësem Projet net zoustëmmen, mä mir wäerten eis, wéi an der Kommissioun, bei dësem Projet aus deene Grënn enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol ee grousse Merci un den Här Negri fir säin explizite mëndlechen a schréftleche Rapport.

Mat dësem Projet ginn aller Viraussiicht no wéinstens 61 Milliounen Euro um Findel investéiert. Wann ech soe wéinstens, dat ass, well mir leider an der Vergaangenheet ëmmer gemierkt hunn, datt déi Devisën éischter eng Tendenz hunn eropzegoe wéi erofzegoen.

Et ass ee Projet, deen am Kontext vun deenen zwee Projeten um Findel ze gesinn ass, déi mir net méi spéit wéi d'lescht Joer am Dezember hei gestëmmt hunn. Och d'ADR-Fraktioun hat deemools trotz enger Rëtsch Kritiken a Fuerderungen, besonnesch wat d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi am Ëmkrees vum Findel wunnen, ugeet, dësen Infrastrukturprojeten zougestëmmt.

Insgesamt beleeft sech elo den Invest, deen dëst Haus bannent net emol dräi Joer décidéiert huet an eise Flughafen ze stiechen - wann een den Ausbau vun der Aérogare matrechent -, op 455 Milliounen Euro. An Euroe kléngt dat e bëssen abstrakt, mä wann een awer dann de Montant an ale Frangen ausdréckt mat iwwer 18.355.000.000 Lëtzebuerger Frang, da gesäit een, datt mir hei ganz vill Suen an den Ausbau vum Findel investéieren an eis deen Invest, deen noutwendeg ass, och eppes kaschte loossen.

Bei esou engem milliouneschwéiere Projet, wéi mir en elo virleien hunn, a wéi mir der gestëmmt hunn, muss een, wa si bis endlech ausgeschafft sinn, natierlech bedaueren, datt si hei an der Chamber am Hauruck-Verfahren duerchgezu ginn. Mir haten an deem Sënn schonn am Dezember am Zesummenhank mam neie Radartuerm déiselwecht Prozedur kritiséiert. Beim virleiende Projet gouf an enger an därselwechter Réunioun vun der Kommissioun d'Gesetz gläichzäiteg mam Avis vum Conseil d'État presentéiert an de Projet de rapport war im vorauseilenden Gehorsam scho geschriwwe ginn a konnt direkt adoptéiert ginn.

Den ADR wäert konsequenterweis och dësem Projet zoustëmmen, besonnesch well et och an eiser verkéierskonzeptueller Visioun richteg ass, de Findel endlech un den Eisebunnsréseau unzeschléissen. Ze bemierken ass, datt mat dësem Projet éischt Jalone fir den Train-tram-Konzept gesat ginn, deen dem sou genannte „Modul K" vum Mobilitéitskonzept entsprécht.

Dir wësst, dass den ADR dësem „Modul K" oflehnend vis-à-vis stoung; net nëmme well mir dëse Modul, fir d'Verkéiersproblematik ronderëm d'Stad ze léisen, als absolut net prioritär ugesinn. Dat haten iwwregens och d'Sozialisten heibannen, ier si an der Regierung waren, esou gesinn. Dem Projet selwer haten si allerdéngs am Géigesaz zu eis zougestëmmt.

Erlaabt mir den deemolege Spriecher vun der LSAP ze zitéieren: „Mir sinn der Meenung, dass wat d'Prioritéiten ubelaangt, mir mat dësem Projet hei eigentlech net richteg leien. Wann et och sécherlech richteg ass, datt et fir de Kierchbierg ee Mobilitéitsbedürfnis gëtt, da bleiwe mir awer als Fraktioun der Iwwerzeegung, dass et och fir den Zentrum vun der Stad nach vill méi ee grousst Mobilitéitsbedürfnis gëtt wéi dat fir de Kierchbierg de Fall ass." Souwäit d'Zitat vum sozialistesche mandatéierte Spriecher.

Hien zitéiert hei als Beleeg eng entspriechend Etüd vun der ILReS. Ech zitéiere weider d'Sozialisten: „Mir stelle fest, dass e Projet hei gebaut gëtt, wou mir d'Leit op de Kierchbierg transportéieren, si awer um Kierchbierg net vill kënnen ufänken, wa si bis do sinn. Mir bleiwen also dofir als Partei weiderhin der Iwwerzeegung, dass d'Ubannung vum Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg duerch d'Schinn eng absolut Prioritéit ass, an och eng absolut Prioritéit bei eis muss bleiwen."

Ech erënneren hei dorunner, datt den ADR dës falsch Prioritéitesetzung net nëmme kritiséiert hat, mä och eng alternativ Propositioun erabruecht hat; e Konzept fir d'Verkéiersproblematik vun onser Haaptstad ze léisen am Respekt vun der Liewensqualitéit vun hiren Awunner, ouni d'Stad ze verschandelen a mat deem den Zentrum nawell duerch d'Schinn erschloss gi wier: de Projet vum Ingenieur Schummer. Leider gëtt vun de Majoritéitsparteien an der Transportfro d'Päerd vun hannen opgezaimt.

Här President, a Verkéiersinfrastrukture wéi bei dësem Projet gëtt investéiert, well allgemeng den Trafic vu Gidder a Persoune gewuess ass a mat dem Wirtschaftswuesstum weider wiisst. Dës Entwécklung hat an huet awer och direkt Konsequenzen op d'Liewensqualitéit, wuessend Nuisancen zum Beispill duerch Kaméidi. Well d'Liewensqualitéit, wéi den ADR se versteet, ass vill méi wéi just en héije materielle Liewensstandard.

Ech wëll dofir d'Occasioun notze fir alt nees en Appel un d'Regierung ze lancéieren ugesiichts den zeg Milliounen, déi se hei bereet ass ze investéieren, och an d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi am Ëmfeld vum Findel liewen, ze investéieren a bien entendu och generell esou Invester ze favoriséieren. Dat muss net onbedéngt vill kaschten.

Souwisou huet sech den Här Frieden jo och kierzlech erëm mat engem Iwwerschoss an de gesonde Statsfinanze gebretzt. Also schéngt d'Regierung jo dat néidegt Geld ze hu fir Investitiounen duerchzezéien. Do derbäi kënnt e Regierungspartner, d'LSAP, deen nach a sengem Wahlprogramm eng Sensibilitéit fir d'Kaméidisproblematik demonstréiert huet.

Ech erhoffe mer also vun der neier Regierung massiv Verbesserungen a Saache vun der Kaméidisbelaaschtung vun den Uwunner vum Findel. Finanziell wéi politesch dierft do jo näischt méi dergéint schwätzen. Et misst jo eng Selbstverständlechkeet sinn. Ech brauch hei just d'Ried vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Här Jaerling, vum Dezember ze rappeléieren: Subsidie fir Lärmschutzinvestitiounen an den Haiser vun den Uwunner musse kommen!

Näischt kaschte géing et, vill méi konsequent wéi bis elo drop ze halen, datt den Nuetsflugverbot vun 23 bis sechs Auer och agehale gëtt. A leider muss ee feststellen, datt et ëmmer méi Ausnahme gëtt. D'Zäit tëschent sechs Auer an hallwer siwe gëtt vu villen Urainer als besonnesch nuisant ëmfonnt, well do besonnesch vill Flich a Richtung vun de Vakanzendestinatioune starten.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir hunn eis soe gelooss, datt och dëse Problem relativ einfach ze léise wier. Déi Responsabel vun de Fluggesellschafte wieren duerchaus bereet mat den Destinatiounsaéroporten a Reesveranstalter aner Flughorairen auszehandelen. Et géing och näischt kaschten e Landeverbuet fir all Frachtmaschinnen, déi ze vill Kaméidi maachen, duerchzesetzen. Mir denken hei zum Beispill un déi al Antonoven. Et géing och näischt kaschten, sou genannt „refitted engines" duerchzesetzen, wat och manner Pollutioun mat sech brénge géing.

Ech erënneren hei awer och un d'Awunner vun der Rue Kohner oder iwwerhaapt der Cité Carmel, déi sech iwwer munnech Saache bekloen. Hinnen hätt scho laang

könne gehollef ginn duerch e Lärmschutzwall oder en Écran antibruit. Wien do kënneg ass, weess wat fir ee Kaméidi d'Maschinnen entwéckelen, wa se op de Startbunnen eropfueren. Bei dëse gewaltegen Zommen u Steiergelder, déi mer haut hei erëm décidéieren auszeginn, muss och Geld fir d'Liewensqualitéit vun dëse Steierzueler iwwreg bleiwen.

Also, nach eng Kéier: D'Politik muss bereet si fir méi an d'Liewensqualitéit vun de Leit ze investéieren, déi am Ëmfeld vum Flughafe sinn. Dorops insistéiert, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ganz kuerz op déi Debatt hei agoen, well mer feststellen, dass mer dach awer mat enger grousser Majoritéit déi Investitiounen haut kënnen zréckbehalen.

Ech mengen, et ass richteg, dass dat hei engersäits e finanzpolitescht Gesetz ass, well mer effektiv, souwuel den Här Wiseler als Bauteminister wéi ech selwer, am September doriwwer informéiert gi sinn, dass mer hei bei engem Projet, deen e bësse an der Schneis louch tëschent dem Transportministère, deen d'Fongen zur Verfügung gestallt kritt huet, op deem d'Ponts et Chaussées geschafft hunn - wat vläicht och de Grond war, firwat datt dat hei e bëssen aus dem Rudder gelaf ass - schonn no um wann net iwwert dem Seuil wieren, bei deem mer effektiv verflicht wieren op Grond vum Artikel 99 vun der Verfassung e Gesetz ze stëmmen.

Et war dofir eis Suerg, engersäits, fir esou schnell wéi méiglech d'Chamber heiriwwer ze informéieren. Dofir mengen ech ass de Virworf, Här Henckes, vum Hauruck-Verfahren net ganz richteg, well d'Kommissioun vun der Exécution budgétaire jo awer scho mengen ech virun dräi Méint informéiert ginn ass vun den zwee Ministèren a si och hiren Aval unanime ginn huet fir déi Prozedur.

Ech mengen duerno ass et drëm gaangen e Projet auszeschaffen. Deen ass behandelt ginn an der Transportkommissioun an dat och an engem ganz grousse Konsens vun deene Memberen an Deputéierten, déi do matgeschafft hunn, fir haut zu engem Schluss ze kommen an effektiv déi Base légale erëm hierzestelle fir dee Projet, deen dann - an ech mengen dat wësst Der - op Grond vun de Montantë vun 61 Milliounen Euro jo nach eng ganz Rei vun Investitiounen hannendru mat sech bréngt.

Ech wëll dofir och dem Kolleeg Marco Schank soen, dass et mir evident schéngt, souwuel vum Fong hier, mä ech mengen och vum zäitlechen Oflaf, dass de POS Findel, op deen ech selwer och a mir am Ministère ganz drénglech waarden, fäerdeg soll sinn, ier déi definitiv Investitiounen, ech mengen also och déi éischt Phas vum Tarmac, solle gemaach ginn.

Gott sei Dank ass et esou, dass den zoustännege Ministère vum Aménagement du Territoire eis seet, dass en an der Lag wier fir am Juli de Conseil de Gouvernement mam POS Findel ze befaassen, deen duerno da bei de Conseil d'État ka goe fir an d'Prozedur, esou datt ech schonn dovunner iwwerzeegt sinn, datt mer de POS Findel wäerten hunn, ier mer zu deene leschten Investitiounen an deem hei Beräich wäerte kommen.

Et ass ganz richteg hei gesot ginn, dass no dem Projet vun der Aérogare, dee jo wäit fortgeschratt ass, no dem Projet aus dem Dezember 2003, deen d'Ubannung iwwert den Train-tram-Konzept vun dem Findel jo mat implizéiert - ech mengen do sinn also schonn Elementer, déi heimat ze dinn hunn, scho vun der Chamber diskutéiert an zréckbehale ginn, natierlech och dee grousse Projet vum Assainissement, dee mer hei gestëmmt hunn am Dezember 2004, an natierlech och de Radar, dee mer hei gestëmmt hunn - effektiv ganz vill Investitiounen an eise Findel lafen a gestach ginn. Ech mengen, dass dat noutwendeg ass.

Noutwendeg ass d'Aérogare mat Sécherheet. Ech mengen, et ass keen heibannen, deen net der Meenung ass, dass et héich Zäit gëtt, dass am 21. Jorhonnert Lëtzebuerg och e Gebai do kritt, wat alle moderne Gegebenheeten ugepasst ass, souwisou och vun der Gréisst hier. Ech menge beim Assainissement war jo wuel keen hei dergéint dofir ze suergen, dass mer um Niveau vun de Kanalisatiounen, vun der Waassersanéierung eppes géinge maachen, wat och endlech géing dem 21. Jorhonnert entspriechen.

Beim Radar mengen ech war keen heibannen, deen net mat d'accord war, dass op Grond vun den neie reglementareschen europäesche Bestëmmungen am Flugkontrollwiesen et noutwendeg ass fir deen neie Radar ze kréien. Schlussendlech maache mer hei eppes, wat et eis erlaabt eise Compagnien, déi um Findel täteg sinn, och nei Méiglechkeeten ze ginn, déi se ouni Zweifel wäerte brauchen, souwuel am Beräich vum Passagéiertransport, mä virun allem och am Cargoberäich, deen e Beräich ass, deen ekonomesch fir eist Land enorm wichteg ass, dass mer déi Disponibilitéite kënne kréie fir do weiderzekommen, esou datt ech mengen, datt wa Lëtzebuerg op der Kaart wëllt bleiwen, souwuel geographesch vu senger internationaler an europäescher Mobilitéit hier wéi och ekonomesch, da sinn déi Investitiounen do noutwendeg.

Mir hunn dann dofir ze suergen, dass mer déi aner Projete wéi d'Verréckele vun der „Fuel Farm", wou mer eis mat der Gewerbeinspektioun iwwer en neie Site eens gi sinn, fir de Kommodo ze maachen, wéi och mengen ech déi Aarbechten um Niveau vum Train-tram-Projet a schlussendlech och de Parking, deen noutwendeg ass am Rahme vum Modell vu „Mobilitéit.lu", dass mer déi Saachen iwwert d'Linn kréien.

Dofir sinn ech ganz frou, dass d'Chamber gehollef huet, souwuel an der Transportkommissioun wéi och an der Comexbu, fir dofir ze suergen, dass mer eng Base légale kréien an dass mer niewebäi - als Ëmweltminister da gesot - och hei eng legal Basis kréie fir um Niveau vun der Bauschuttdeponie Héienhaff weiderzefueren. Dat ass jo mol keen Niewenaspekt, mä e wichtegen Aspekt, well Der wësst, dass mer am Moment amgaange si jo iwwerall ze versichen nei Disponibilitéien ze kréien, fir de Problem vum Bauschutt an de Grëff ze kréien.

Ech mengen, och dat ass e ganz wichtegen Aspekt vun dësem Projet, wou ech virun allem dem Rapporteur an och der Kommissioun en häerzleche Merci fir hir konstruktiv Mataarbecht wëll ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a siwen Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Lucien Weiler;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

7. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vum 16. Juni, wou d'Chamber déi nächste Kéier taagt, ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 2. Juni Folgendes proposéiert:

- als éischte Punkt hu mer de second vote constitutionnel iwwert d'Proposition de loi 5414, eng Revisioun vu verschiddene Verfassungsartikelen;

- dann de Projet iwwert de Lycée technique Mathias Adam an der Annexe Jenker zu Déifferdeng an

- de Projet iwwert d'Liaison Micheville.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.14 heures)

JEUDI, 16 JUIN 2005

40E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour et dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen
3. 5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

   (Second vote constitutionnel)
4. 5457 - Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange

   (Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
5. 5464 - Projet de loi relative aux mesures constructives préparatoires de la liaison Micheville

   (Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
6. Motion de M. Gast Gibéryen relative à la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe

   (Discussion générale - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen.

Une voix.- Neen, Här President.

1. Communications

M. le Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

a) 5483 Projet de règlement grand-ducal - portant certaines modalités d'application du règlement (CE) N°850/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant les polluants organiques et modifiant la directive 79/117/CE - modifiant l'annexe II du règlement grand-ducal modifié du 14 décembre 1994 concernant la mise sur le marché et l'utilisation des produits phytopharmaceutiques

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 10.06.2005

b) 5484 Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Bettembourg

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 14.06.2005

c) 5485 Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

Dépôt: Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 14.06.2005

3) La pétition N°268 „Initiative Renten-Gerechtigkeit" a été remise en date du 8 juin 2005. Les pétitionnaires demandent un abaissement de l'âge de la pension pour les personnes ayant cotisé pendant 40 ans.

4) Par lettre du 6 juin 2005, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 27 au 28 avril 2005:

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et la République fédérative du Brésil;

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et les États-Unis du Mexique;

- position sur la proposition de décision du Conseil sur la conclusion, au nom de la Communauté européenne et ses États membres, d'un protocole à l'accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, sur la libre circulation des personnes, concernant la participation, en tant que parties contractantes, de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque, à la suite de

leur adhésion à l'Union européenne;

- résolution sur le rapport annuel sur les droits de l'homme dans le monde en 2004 et la politique de l'Union européenne en matière de droits de l'homme;

- résolution sur la situation des Roms dans l'Union européenne;

- résolution sur la modernisation de la protection sociale et le développement de soins de santé de qualité;

- résolution sur la stratégie de l'Union européenne pour la Conférence sur les polluants organiques persistants qui se tiendra à Punta del Este.

2. Ordre du jour et dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen

Mir kommen dann zu der Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution.

Ech mierken, dass den Här Gibéryen d'Wuert freet zum Ordre du jour. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech géif mer erlaben eng Motioun hei ze deponéiere wou mer frou wiere wa mer déi haut kéinten op den Ordre du jour kréie well elo eng länger Zäit keng Chamberssëtzung méi ass.

Déi Motioun handelt iwwert d'Informatiounscampagne, déi d'Regierung am Zesummenhang mat dem Referendum vum 10. Juli mécht, wou ëmmer méi Leit bei eis intervenéieren, datt déi Campagne ganz eesäiteg vun de Spote gehale gëtt, an esou virun an esou weider. Mä ech wëll dat elo net erklären, dat géife mer da méi am Detail maachen, wann d'Motioun géif zur Diskussioun kommen. An déi Motioun hei hätt zum But d'Regierung ze invitéieren eng objektiv an neutral Campagne ze maachen am Zesummenhang mat der Informatioun zum Referendum vum 10. Juli.

Une voix.- Très bien.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que dans le cadre de tout référendum le Gouvernement est obligé de fournir aux électeurs des informations objectives et neutres;

- considérant que la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe ne respecte pas les critères d'objectivité et de neutralité;

- considérant que cet état des choses est intolérable alors que la prédite campagne est financée par des deniers publics;

- considérant qu'il y a lieu de signaler que le Conseil d'État français, au vu de l'emploi de deniers publics, a invité le Gouvernement français de mener une campagne d'information n'influant pas le résultat du référendum et qu'il y a lieu de suivre un raisonnement identique au Luxembourg;

demande au Gouvernement

- d'arrêter la campagne «d'information» actuelle alors qu'elle ne respecte pas les critères d'objectivité et de neutralité;

- d'élaborer ensemble avec la Chambre des Députés une nouvelle campagne d'information objective et neutre mettant à disposition des électeurs toutes les informations nécessaires leur permettant à se décider en connaissance de cause;

- de lancer cette nouvelle campagne d'information dans les meilleurs délais.

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Normalerweis géif ech elo déi Motioun hei an d'Presidentekonferenz verweise fir dann traitéiert ze ginn. Vu d'Demande vum Här Gibéryen dass déi Motioun haut schonn op den Ordre du jour soll kommen, géif ech gären d'Attitüd vun de Fraktiounen dozou wëssen.

Wie freet d'Wuert?

(Interruption)

Den Här Bausch!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech mengen et muss ee vläicht awer den Text eng Kéier ze liese kréien, mä vum Prinzip hier sinn ech ëmmer dofir, dass, wann eppes d'actualité kënnt, wéi dës Motioun, een dann am beschten huet et évacuéiert een dat relativ direkt. Ech mengen, datt ee vläicht iergendwéi soll kucke fir dee Punkt vun de Kolleege vum ADR dertëschent ze setzen an dann duerno ze diskutéieren. Dat ass op alle Fall d'Propos vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Dat ass eng gutt Propos. Ech géif Folgendes proposéieren, dass mer déi Motioun hei elo géife fotokopéieren, ausdeelen an dann nom zweete Punkt vum Ordre du jour drop zréckkommen an décidéieren, ob mer déi an der Sitzung vun haut évacuéieren oder an enger spéiderer Sitzung. Voilà.

(Interruption)

Här Gibéryen, mir brauchen de Moment net méi iwwert den Ordre du jour ze diskutéieren, mir maachen dat zu engem spéideren Zäitpunkt vun der Sitzung.

Mir kommen da wéi gesot zur Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution.

3. 5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

De 15. Mäerz 2005 huet d'Chamber eng éischte Kéier iwwert dës Proposition de loi ofgestëmmt. D'Chamber ass haut opgeruff am second vote constitutionnel doriwwer ofzestëmmen. Bei dëser Proposition de loi ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Membren erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Ech weess net, ob elo de Rapporteur, sou wéi déi eenzel Fraktiounen nach eng Kéier wëllen zu dëser Propositioun Stellung huelen, mä ech mengen dat wier net de Fall, well mer dat jo de 15. Mäerz hei am Detail diskutéiert haten. Wann also kee sech zu Wuert mellt, da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de loi ass am second vote constitutionnel mat 45 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour an dat ass de Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam zu Déifferdeng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, den Här Schreiner, d'Madame Loschetter an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

4. 5457 - Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange

Rapport de la Commission des Travaux publics

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Stat huet d'Aufgab eise Schüler déi Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, déi se fir hir Bildung a fir hir Entfalung brauchen.

Une voix.- Très bien.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Et muss dat e permanenten Effort si fir déi schoulesch Infrastrukturen am A ze behalen, fir dann op Grond vun dëser Analys Mesuren anzeleede fir Gebaier ze renovéieren, a Stand ze setzen oder komplett nei ze bauen.

Sou wéi déi viregt Regierungen hélt och dës Regierung sech dëser Aufgab un an de Regierungsprogramm vum August 2004 enthält eng Partie Virgaben, déi op eng mëttel- a laangfristeg Qualifikatioun vun de Schoulinfrastrukturen hinzilen. D'Investitiounen an deene leschten 20 Joer loossen sech weisen an ënnermaueren d'Engagement vun de Regierungen. Am Zäitraum vun 1985 bis 1999 chiffréieren sech d'Investitiounen op 547 Milliounen Euro - dat sinn 22 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Alleng an der leschter Legislaturperiod ënnert der Bauteministesch Erna Hennicot goufe 559 Milliounen an d'Schoulen investéiert - dat sinn 22,5 Milliarden; also an deene leschten 20 Joer am Ganzen zirka 45 Milliarde Lëtzebuerger Frang.

Den Objet vum virleienden Text ass op d'mannst e bëssen aus enger Nout eraus gebuer. Ech war mech op der Plaz selwer dovunner iwwerzeegen, datt d'Annexe Jenker schnell muss a Stand gesat ginn, well se sech an engem katastrophalen a fir d'Schüler an d'Enseignanten net zoumuttbarem Zoustand befënnt. Ech sinn dofir ganz frou, datt et net nëmmen zu enger Renovatioun kënnt, mä datt déi zwee bestoend Fligelen duerch en drëtte complétéiert ginn. Et ass virun allem d'Tatsaach, datt d'Schüler vum Enseignement préparatoire, dat heescht déi Schüler, déi e besonneschen Encadrement an eng besonnesch Ënnerstëtzung brauchen, elo an de Genoss vun neien Infrastrukture kommen.

Datt an dësem Gebai iwwerhaapt nach Schoul gehale ginn ass, dat verdanke mer dem gudde Wëllen, dem Engagement an der Ausdauer vun dem Léierpersonal an der Direktioun. Mä et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen: Wéisou koum et zu dëser Situatioun?

An do wëll ech just drun erënneren, datt dëst Gebai eng ganz laang Virgeschicht huet. Déi al Gemengeschoul Jenker gouf 1994 vum Stat iwwerholl an huet sech deemools schonn an engem schlechten Zoustand befonnt. Et gouf ee sech driwwer eens, datt nëmmen eng komplett a schnell Rehabilitatioun vum Gebai d'Sécherheet vun de Schüler kéint assuréieren.

D'Astandsetzung gouf deemools un den Erëmopbau vum Lycée Technique Mathias Adam geknäppt, mä gouf awer leschten Enns op Äis geluecht, well sech kee passende Site fonnt huet oder vläicht méi richteg, de Site vum Lycée Technique Mathias Adam huet sech net gëeegent, fir do och nach de Préparatoire drop ze bauen - a mir wësse jo wéi laang et fir de Lycée Technique Mathias Adam gedauert huet; un déi ganz Polemik kënne mer eis erënneren; mir kënnen eis erënnere wéi laang déi Terrainsfro gedauert huet, ier se iwwerhaapt geléist ginn ass.

D'Regierung ass awer elo zum Schluss komm, datt d'Infrastrukturen net méi de Bestëmmungen an de Standarden um Niveau vun der Sécherheet a vun der Salubritéit entspriechen. An et wier leschten Enns eng Fro vum Respekt virun deene Schüler, dat heescht deenen aus dem Préparatoire, déi just déi sinn, déi an eisem Schoulsystem déi meeschte Problemer hunn.

Här President, den Text, dee mer haut diskutéieren, gouf de 6. Abrëll 2005 vum Bauteminister Claude Wiseler an der Chamber erabruecht. De Statsrot huet den 3. Mee säi positiven Avis zu dëser Virlag ofginn an an de Kommissiounssëtzunge vum 2. a vum 24. Mee ass alles duerchdiskutéiert ginn. Mäi schréftleche Rapport ass den 1. Juni 2005 ugeholl ginn. Ech wëll just soen, dass d'Aarbechten an der Kommissioun ganz schnell konnten ofgeschloss ginn, well de Minister a seng Leit eis de Projet in extenso virgestallt hunn a well se eis op all Fro eng zefridde stellend Äntwert konnte ginn.

Wéi schonns erwähnt setzt sech d'Annexe aus zwee verschiddene Gebaier zesummen. Dat eent Gebai mat Klassesäll an dat anert mat den Atelieren a mat der Sportshal. D'Gebai mat de Klassesäll gëtt den Normen um Niveau vun der Fonctionnalitéit ugepasst; och wa sech géif eng Rundumerneierung imposéieren. Dat zweet Gebai muss ganz ofgerappt ginn, a sur place kann ee sech dovun iwwerzeegen, dass et dozou einfach keng Alternativ gëtt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et gëtt duerch en Neibau ersat, wou um Rez-de-chaussée déi verschidden Atelierë mat Annexen an d'Spezialsäll fir Chimie, Physik an Informatik ënnerbruecht ginn. Um éischte Stack kënnt de Sportssall mat de Vestiairen.

Déi zwee Gebaier ginn duerch en neie Fligel complétéiert, an dat laanscht d'Rue Pierre Frieden, mat Kantin a Kichen, engem Multimediasall, engem Konferenzsall an zwee Niveauë mat Klassesäll.

Déi funktional Conceptioun vum Projet bitt eng Partie Avantagen. Déi nei Gebailechkeete si méi sécher a méi polyvalent notzbar. Déi verschidden Deeler si besser vunenee getrennt, wat virun allem um akustesche Plang eng Rei Verbesserunge bréngt. D'Gebaier entspriechen allen Normen, an dat souwuel wat d'Accessibilitéit fir Handicapéierter wéi och d'Sécherheet betrëfft.

Och um ekologesche Plang beim Choix vun de Materialie léisst dëse Projet näischt ze wënschen iwwreg. An ech wéilt vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir den Auteure vum Projet ze félicitéiere fir déi gutt Aarbecht, dee ville Wäert, deen si op d'Ekologie bei dësem Bau geluecht hunn.

Et ass virgesinn, ech zitéieren nëmme just, dass eng gutt thermesch Isolatioun virgesinn ass, wouduerjer Energie ka gespuert ginn. D'Reewaasser gëtt opgefaangen - et ass ëmmerhin dat, Här Mehlen; wann ee wëllt ekologesch bauen, fänkt een domadder un.

(Interruption)

D'Méiglechkeet vun der Holzheizung ass allerdéngs fale gelooss ginn, well se analyséiert gouf a well et sech erwisen huet, datt aus ekonomeschen a praktesche Grënn sech dat net kéint maache loossen.

Och fir d'Plantatiounen, wat fir lech vläicht erëm eng Selbstverständlechkeet ass, wëll ech awer kuerz erwähnen, dass et vu pedagogeschem Wäert ass, dass d'Auteure vum Projet virgesinn hunn, fir ronderëm d'Schoul nëmmen einheimesch Beem ze planzen.

De Projet gëtt an dräi Phasen, déi gutt preparéiert sinn, duerchgefouert, wat de Virdeel huet de Schoulfonctionnement mat e puer minimalen Aschränkunge weider ze garantéieren. Zu dësen Aschränkunge gehéiert ënner anerem de Recours op Préfabriquéën. D'Bauaarbechten, déi de meeschte Kaméidi verursaachen, konzentréiere sech virun allem op d'Méint vun de Vakanzen, wat de Kaméidi op en tolerabelen Niveau erofsetzt.

Et sief preziséiert, datt d'Duerchféiere vum Projet an e puer Phasen net zum Nulltarif ka geschéien - an dat weess jiddfereen, deen dat scho mol versicht huet a senger Gemeng -, mä datt dat e Surcoût vun 1,5 Milliounen Euro bedeit. Mä et lount sech awer fir de Projet an dräi Phasen ze maachen. De Projet kascht ronn 27 Milliounen Euro, bei engem Bauindex, dee sech op 600,88 Punkte beleeft.

Der Iddi vum Statsrot, fir d'Käschten dem leschte Bauindex unzepassen, ass d'Educatiounskommissioun net nokomm, déi sech an dësem Punkt der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire vun der Chamber ralliéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de genauen techneschen Detail vun dësem Projet verweisen ech op déi administrativ an technesch Partie vum Document parlementaire. Ech si besonnesch frou iwwert dëse Projet, deen elo schnell Remedur schaaft, an enger ontragbarer Situatioun fir déi betraffe Schüler an Enseignanten. An deem Sënn kann ech och elo scho vun hei aus den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein, fir Äre Rapport. Den éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt en zefriddenen Déifferdenger Buergermeeschter virun Iech, well ee vun deene Problemer, deen a senger Gemeng zanter enger ganzer Rei vu Jore bestanen huet, nämlech e Schoulgebai, e Secondairesgebai, dat net an deem allerbeschten Zoustand war, dann elo wierklech soll renovéiert ginn, an dat vu Grond op, mat deelweis ganz neien Annexen, déi dann do geschafe ginn.

D'Rapportrice - déi däerf ech félicitéiere fir hire schréftleche wéi och mëndleche Rapport - ass dorobber agaangen, weder d'Sécherheet nach d'Attraktivitéit vun deem Gebai hunn deem entsprach, wéi et haut soll sinn, a weider ass dat dote Gebai eben net ëmmer nëmmen duerch positiv Schlagzeilen opgefall. Esou datt et ze begréissen ass, datt elo wierklech hei d'Chamber dann iwwer esou ee Projet vun enger Renovatioun vum

Jenker, wéi mer en zu Déifferdeng nennen, ka befannen. An d'Hoffnung besteet, datt mer dann do sou schnell wéi méiglech och ukomme mat der Renovatioun. Mä mer wësse jo awer, datt dat net vun haut op muer herno och wäert exekutéiert ginn; datt déi Schoul soll renovéiert gi währenddeem de Schoulbetrib kann oprechterhale ginn, deelweis am Gebai, deelweis op d'mannst op deem Site a Préfabriquéën; an datt dat dann dozou bäidréit, datt mer eng laang Bauzäit och wäerten hunn, mä et wäert dat mat Sécherheet derwäert sinn.

Dir wësst, mäi Mea culpa kann ech do och soen, a menger Fonctioun als Déifferdenger Buergermeeschter, well dat Gebai, ëm dat et hei geet, de Jenker, dat d'Annexe ass vum LTMA vu Péiteng, huet an der Zäit der Gemeng Déifferdeng gehéiert an et ass eben net réischt an deen Zoustand do komm, wou et elo ass, nodeems de Stat Propriétaire ginn ass. Mä et war vläicht och schonn an engem net allze gudden Zoustand, wéi d'Gemeng nach Propriétaire war. Dat soll awer och der Eierlechkeet halber hei gesot ginn.

Dat Gebai befënnt sech an engem Quartier résidentiel. Et ass u sech net üblech, datt an esou engem Quartier wéi deem dote Schoulgebaier fonctionnéieren. Mä hei ass et jo och net e grousse Lycée, deen 1.000, 1.200 oder 1.500 Schüler unzitt. Et sinn der momentan 320, déi am Préparatoire oder am sou genannte Modulaire déi Schoul do besichen. An et wäerten der och no der Renovatioun net däitlech vill méi sinn.

Wann ech gesot hunn, Dir gesitt en zefriddene Buergermeeschter virun Iech, esou wëllt dat awer net heeschen, datt mer mat all Punkt och hei Satisfaktioun kritt hunn. D'Gemeng Déifferdeng hat u sech proposéiert fir ze kucken, ob amplaz eng komplett Renovatioun, virun allem wa se esou opwänneg ass wéi déi heiten, ob net d'Opportunitéit bestanen hätt fir gläich e ganz neit Gebai méi grouss op enger anerer Plaz ze bauen. Nun, dat ass op jidde Fall an dëser Phas nach net zréckbehale ginn.

Mä mer wäerten do allerdéngs, wann ech als Déifferdenger Buergermeeschter ka schwätzen, déi Hoffnung net opginn. Virun allem wann ee kuckt, wéi d'Awunnerzuel evaluéiert huet an eiser Gemeng. Virun allem wa mer awer och kucken, wéi d'Schülerzuel bei eis am Primaire evaluéiert huet, déi wierklech explodéiert ass am Laf vun deene leschten zéng, 15 Joer.

A wann een hei gesäit, datt jo hei e Gebai renovéiert gëtt, ouni datt awer d'Capacité d'accueil däitlech an d'Luucht geet. Wa mer och wëssen, datt zu Péiteng jo en neit Schoulgebai, e Lycée technique am Bau ass, mä awer dat eben en anert bestehend Gebai dann och soll ersetzen, also do och net däitlech méi zousätzlech Capacitéit wäert geschafe ginn am Kordall. Wa mer wëssen, datt déi demographesch Evolutioun, déi mer zu Déifferdeng kennen, mat Sécherheet och fir aner Gemengen an där Regioun do gëllt, da mengen ech soll d'Iwwerleeung nach wie vor derwäert sinn ze kucken, ob net d'Gemeng Déifferdeng e wierklech richtege Lycée als drëttgréisst Gemeng mat 20.000 Awunner verdéngt hätt; a mir wäerten déi Hoffnunge mat Sécherheet net esou schnell opginn.

Eng Hoffnung, déi ech och begrënne mat dem Plan sectoriel „lycées", dee jo vun der leschter Regierung opgestallt ginn ass, wou och kloer gesot ginn ass, datt, wann d'Evolutioun esou weidergeet mat de Schülerzuelen, wéi dat dee Moment prognostizéiert war, nach en zousätzleche Lycée an d'Regioun Süde sollt kommen; nieft deenen, déi scho geplangt an décidéiert, respektiv am Bau sinn, déi mer alleguerte kennen. Déi Décisioun ass jo nach net getraff an esou si mer der Meenung, datt et nach wie vor gutt Argumenter gëtt.

D'Gemengenautoritéiten hunn d'ailleurs och scho gekuckt an hirem PAG e Site ze reservéieren, deen dann och deementspriechend klasséiert gëtt, fir wann eng Kéier déi Décisioun do géing falen, datt mer net dann eréischt op d'Sich no engem Site misste goen. Mä mir hunn, nieft dem sou genanntene Plateau funiculaire op enger Friche industrielle, also matzen an Déifferdeng bei all de Verkéiersinfrastrukture vu Stroossen, Bus a Bunn, en Terrain reservéiert, deen dann och esou laang sollt reservéiert bleiwen, bis déi Décisioun dann do eng Kéier an déi eng oder an déi aner Richtung geholl gëtt.

An deem Sënn si mer zwar frou, datt hei dee Projet realiséiert gëtt. Et ass e Plus un Attraktivitéit fir dat Gebai. Woubäi d'Fro sech och stellt, an ech wär frou dann haut am Laf vun dëser Debatt eng Äntwert dorobber ze kréien, ob et herno nëmmen de Modulaire ass, dee weiderhin an dat dote Gebai wäert kommen oder ob do och aner Klasse kënnen dovunner profitéieren. Et wäert, egal wat fir eng Klassen do erakommen, méi een attraktiivt Gebai ginn. Et wäerten deelweis méi Schüler erakommen. Et wäert eng Opwäertung fir dee ganze Quartier ginn a fir all déi Leit, déi bis elo do Schoul gehalen hunn.

Mat Sécherheet wäerten si mat anere Viraussetzungen elo un hir Aarbecht kënnen erugoen, eng Aarbecht, fir déi ee se wierklech muss félicitéieren, wou se trotz deenen net allerbeschte Konditiounen am Laf vun deene leschte Joren dach hiert Bescht gemaach hunn am Interesse vum Enseignement am Jenker zu Déifferdeng.

An der Hoffnung, datt de Projet schnell kann ufänken, schnell ka realiséiert ginn ënnert deene Prémissen, déi mer alleguerte kennen, an datt dann herno e flott Gebai do steet, an datt, wat d'Schoulinfrastrukturen zu Déifferdeng am Kordall an an der Regioun Süden an Zukunft ugeet, nach dat eent oder dat anert Positives kann décidéiert ginn, wëll ech dann heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Schreiner ageschriwwen. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Här President, Madame an Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischt och mol domat ufänken, dass ech der Rapportrice, der honorabeler Madame Nelly Stein Merci soe fir hiren ausféierlechen…

(Interruptions diverses)

Une voix.- Très bien!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Den Här Meisch huet dat och gemaach, awer do huet d'Madame Stein leider net nogelauschtert.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice*.- Dach, ech hat nogelauschtert.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Kann ech weiderfueren?

M. le Président.- Madame Brasseur, loosst den Här Schreiner seng Ausféierunge maachen. Keng Privatgespréicher!

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Bon, ech soen da Merci fir deen ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. E Rapport, dee mengen ech ganz gutt erëmginn huet, wéi noutwendeg an urgent dat Gesetz ass, iwwert dat mer haut hei befannen a wéi wichteg déi Investitioune sinn, déi mer am Kader vun dësem Gesetz maachen.

Et kann ee soen, dass mat dësem Gesetz effektiv de laange Leidenswee vun dësem Gebai endlech en Enn fënnt an dass souwuel d'Direktioun wéi déi 48 Enseignanten an 320 Schüler, déi an deem Gebai do all Dag sinn, endlech Perspektive fir d'Zukunft opgezeechent kréien an no laangem Waarden elo d'Liicht um Enn vum Tunnel gesinn.

Ech wëll elo net hei an den Detail vum Projet agoen. Et ass e gudde Projet, dee vun der Rapportrice hei beschriwwe ginn ass an dee jo och am Gesetzestext an der technescher an an der administrativer Partie ganz explizit erläutert ginn ass, an deen och d'Zoustëmmung mengen ech vun alle Concernéierten, virun allem deenen, déi op der Plaz sinn, wäert fannen.

Ech wëll just soen, dass ech et gutt fannen, dass de Projet an dräi Phase realiséiert gëtt, fir esou parallell zu den Aarbechten de Fonctionnement vun der Schoul weider ze garantéieren. E Relogement vun de Schüler wier effektiv schlecht gewiescht. Ech fannen et och richteg a wichteg, dass bei dësem Projet versicht ginn ass - et ass och scho gesot ginn hei - allen heitege Kritären a puncto Sécherheet, ekologesche Standarden an och der Accessibilitéit vun den handicapéierte Persoune gerecht ze ginn, ouni dass et zu engem iwwerdriwwene Luxus kënnt. Esou dass ee ka soen, dass de Konzept fonctionnel ass, an dass déi 27 Milliounen Euro, déi hei investéiert ginn, gutt ugeluecht sinn, fir dass dat Gebai erëm an esou séier wéi méiglech an en Zoustand versat gëtt, dass en Enseignement ënner anstännegen a wierdege Bedingungen erëm do méiglech ass.

Haut ass dat op alle Fall net de Fall, a wann ee sech de Jenker mol eng Kéier ukucke geet, net nëmme vu baussen, och vu bannen, a grad wéi d'Madame Stein hunn ech dat och gemaach - mir waren awer net zesummen dohinner -, dann traut een effektiv sengen…

(Interruptions et hilarité)

Mir hätten dat jo kéinte maachen. Mä mir haten eis net ofgeschwat. Dat war Intuitioun, ne!

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, streng geholl schwätze mer jo iwwer e Stroossebauprojet, mä manner streng geholl schwätze mer awer iwwer ee Projet, dee Répercussiounen op Themekomplexer huet, déi bei der Diskussioun ronderëm en normale Stroossebauprojet vläicht net an där Envergure erawierken.

Ech erkläre mech, awer ech brauch dat och net in extenso ze maachen, well déi dräi Virriedner dat schonn op eng ganz detailléiert Aart a Weis gemaach hunn, virun allem de Rapporteur, deen, wéi et hei scho virdru gesot ginn ass, bewisen huet, dass och een aus dem Norden sech ka fir d'Themeproblematik vun de Frichen interesséieren, zemools wou et jo och am Norde Frichë gëtt, wéi mer d'leschte Kéier geléiert hunn.

Wat sinn déi dräi Themekomplexer, wou et obligatoresch Ubannunge gëtt un déi Themekomplexer, fir dass dëse Projet e Succès gëtt? Majo, éischtens déi obligatoresch Ofstëmmung mam Réseau vum öffentlechen Transport nom Stéchwuert nohalteg Entwécklung.

Zweetens, déi obligatoresch Ubannung u gewuesse Strukture ronderëm, fir ze verhënneren, dass de Projet, deen als Projet phare soll an d'Geschicht agoen, net eng Insel gëtt an engem Ganzen; an drëttens d'Ubannung un d'Regioun mat der grousser Chance e grenziwwerschreidende Projet op d'Been ze bréngen, deen och fir d'Wirtschaftsentwécklung vum Land vu grousser Bedeitung ass.

Vläicht e puer Explikatiounen zu deenen dräi Themekomplexer, a firwat se esou enk mat dësem Stroossebauprojet verbonne sinn.

Éischtens Transport public: Mir hunn am Débat d'orientation iwwert d'Friches industrielles den 2. Juni - oder war dat deen Dag wou d'Motioun gestëmmt ginn ass, dat weess ech elo net méi esou genee - op alle Fall eng Diskussioun gefouert, déi zu enger Motioun gefouert huet, déi unanime hei ofgestëmmt ginn ass, an dunn hu mer eng Ausso gemaach iwwert dee Projet, wou mer haut e wichtege Stroosseprojet duerfir stëmmen.

Dat ass d'Ausso, dass de Projet Esch/Belval verbonnen ass mat der Grondausso, dass mer hei e Modal split vu 40/60 wëllen. 40 zu 60, dat ass net näischt, wa mer wëssen, dass mer am Moment e Modal split vun 12 zu Ongonschte vum öffentlechen Transport am Süden hunn. Dat heescht, mer mussen nach schéin opstocken. E Modal split vu 40/60 heescht, den öffentlechen Transport kritt eng Bedeitung vu 40% vis-à-vis vum Gesamttransport, also 60% ginn nëmme méi iwwert den Autosverkéier ofgewéckelt.

Firwat esou een héije Modal split? Majo, ganz einfach well mer wëllen op en nationale Modal split vu 25/75 kommen an domat d'Obligatioun verbannen, dass bei esou grousse Projetë wéi deem heiten méi een héije Modal split agesat gëtt.

Wéisou hänkt dat elo enk mat dësem Projet zesummen? Majo ganz einfach, well gekoppelt un dëse Stroossebauprojet d'Ausso ass, dass mer probéieren do en Tunnel hinzebréngen, wou mer aus urbanistesche Grënn dës Obligatioun hunn; wou mer awer gläichermoossen dem öffentlechen Transport déi Chance ginn, déi e brauch, fir am Land eng aner Bedeitung ze kréien, esou wéi mer et hei als Wonsch ausgedréckt hunn.

Mir waren dofir och ganz frou, dass den Transportminister eis confirméiert huet, dass d'Étude de faisabilité technique fir en Train-tram um Site ze assuréieren, gutt amgaangen ass, wat eis dann och d'Garantie fir eng Interconnexioun net nëmme mat de Stroosséreseauën, mä virun allem och mat de Réseauë vum öffentlechen Transport an där Regioun bitt. Dowéinst déi obligatoresch Ubannung vun dem neie Stroosséreseau un d'Netz vum Transport public, fir dass dëse Projet kann dat anhalen, wat en als Ausso gemaach huet, dass e wëllt e modellhafte Projet ginn.

Zweetens, d'Ubannung un déi gewuesse Strukturen, no de Kritäre vun der Nohaltegkeet an no de Kritäre vum Urbanismus. Firwat ass dat esou wichteg? Wuel ass et gutt, wann een e Projet phare fir d'Land huet. Nach besser ass et, wann en am Süden ass. Mä näischt notzt en eis, wann en net ofgestëmmt ass mat de gewuessene Strukture ronderëm, an ech mengen net nëmmen déi zwou Gengen, déi hei vläicht méi staark wéi anerer concernéiert sinn, mä et ass déi ganz Regioun gemengt.

Wann et eis nämlech net geléngt e Projet hinzekréien, deen an de Süden agebonnen ass, an domat och eng Bedeitung fir d'Land kritt, dann hu mer versot. Dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, a meng Virriedner hunn dat gesot, dass och déi opbleiwend Froen, déi an dësem Projet nach net gekläert sinn, notamment wat d'Nordubannung a wat de Contournement Raemerech ubelaangt, gekläert ginn; an der Phas 2, dass dee Projet, deen unhängeg un den Detail am Norden an den Detail am Süden, deen eis d'Ubannung un d'franséischt Stroossennetz erméiglecht, dass dee Projet, wann et nëmmen iergendwéi geet, d'nächst Joer hei an d'Chamber kënnt, well e passt bei deen heiten an et ass e Ganzt, an dass mer domadder verhënneren, wat um Ufank gefaart ginn ass, awer eiser Meenung no net kënnt an net dierf kommen, dat ass, dass de Projet Esch/Belval eng Wuelstandsinsel am Süde vum Land gëtt, wou déi gewuesse Strukture ronderëm géingen ënnert d'Rieder kommen. Dat ass net de Fall bei der aktueller Planung, mä mir mussen dës Entwécklung awer ëmmer mat engem ganz opmierksamen A weiderverfollegen.

Dann drëttens, d'Ubannung un d'Regioun, d'Ubannung un d'Grande Région. Virun, mengen ech, eppes méi wéi anerhallwem Joer huet de Lëtzebuerger Stat eng Konventioun mam franséische Stat ënnerschriwwen, fir eng Grenzverschiebung virzehuelen, fir notamment déi Ubannung un d'franséischt Stroossennetz ze erméiglechen, an och fir e grousse Park & Ride ze erméiglechen, deen en Deel Opfänkstruktur géing gi fir de Verkéier opzefänke vun deenen, déi aus Frankräich eriwwerkommen.

Schonn elo hu mer ëm déi 14.000 Leit, déi all Dag iwwer Esch eragefuer kommen iwwert d'Grenz, fir an de Süde schaffen ze goen. D'Halschent vun hinne bleift zu Esch, déi aner Halschent verdeelt sech iwwert de Rescht vum Land, esou dass ee keng Zeechnung brauch ze maache fir Iech ze soen, dass deen dote Réseau schonn épuiséiert ass an net dierf nach méi belaascht ginn. Dat ass dofir ganz wichteg.

Et géing eis an deem Kontext och erënneren, wou mer dru si mat de franséischen Noperen, well si waarde jo och op d'Phas 2 vun dësem Projet, deen also nach net Partie intégrante vun deem heite Projet ass, an deen déi direkt Ubannung un d'franséischt Stroossennetz erméiglecht, an dorunner ugeknäppt, an och d'Fro, wou mer mam Park & Ride dru sinn, deen och eng gewësse Bedeitung am Zesummenhang mat dësem Projet huet, well en eis jo en aneren Ëmgang mam Verkéier soll erméiglechen a virun allem eng Entspanung vum bestoende Verkéier soll erméiglechen.

Dat ass besonnesch wichteg, a mir ware frou ze héieren, bei de leschten Diskussioune ronderëm d'Frichen, dass d'Pour-parlerë mat de franséischen Nopere virun allem ganz gutt viruginn, well mir hunn d'Hoffnung jo net opginn, dass déi franséisch Regierung d'Bereetschaft weist fir op en nationale Projet, deen Esch/Belval ass, net mat engem lokalen, mä mat engem nationalen, mindestens awer mat engem regionale Projet ze äntwerten; a ronderëm déi Thematik, déi mir ënner anerem mat Hëllef vun der Cité des Sciences a mat der Faculté des Sciences et des Technologies uginn, och d'Bereetschaft weist, fir op franséischer Säit un déi Wirtschaftsentwécklung, déi hei ugestrieft ass, unzeknäppen.

Dofir wiere mer frou, Här Minister, an da sinn ech och schonn um Schluss ugelaangt, wa mer kéinten e prezisen Echéancier kréien, wéini no deem heite Projet, dee wichteg ass an deen e wichtege Message un d'Investisseurë vu Belval an un d'Leit, déi an der Regioun wunnen, ass, dass mer en Echéancier kréie wéini de Rescht vum Projet kënnt, notamment wat d'Ubannung un dat franséischt Stroossennetz ubelaangt, notamment wat de Contournement vu Raemerich ube-

laangt mat de Kaméidisetüden a mat den urbanisteschen Etüden, déi do drunhänken.

A vun eiser Säit aus wëll ech d'Bereetschaft signaléieren, fir net nëmmen haut dëse Projet matzedroen - dat ass fir eis eng Selbstverständlechkeet -, mä fir doriwwer eraus, jiddereen op senger Plaz a mat senge Méiglechkeeten, och zu der Réussite vun deene Projete bäizedroen, déi nach no dësem ze kommen hunn; an dat sinn der nach eng ganz Rëtsch. An domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz ageschriwwen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Strooss an deen Tunnel ëm deen et haut geet hu schonn eng relativ laang Virgeschicht an déi Diskussioun ass an enger éischter Phas sou gefouert ginn, dass et dorëms gaangen ass eng Ubannung vun der Escher Autobunn a Richtung Stad mam franséische Stroosseréseau ze realiséieren. Am Idealfall - huet et geheescht vu franséischer Säit - sollt dat och am beschte mat zwou Spuren op der ganzer Längt sinn, fir tatsächlech eng Zort Autobunn op deem dote Stéck realiséiert ze kréien.

Dat ass e Projet, dee vun eiser Säit aus critiquabel ass, an och dofir während laange Joren net esou richteg virugaangen ass. De Projet huet awer vu senger Natur hir geännert duerch d'Entwécklung vun de Frichen. Mat där Entwécklung vum Site vu Belval-Ouest, dee jo eng Kéier soll dagsiwwer bis zu 20.000 Leit en activité um Site hunn, krut déi Strooss, wat eng Ubannung vun enger Autobunn sollt sinn, en anere Charakter. Si krut de Charakter am wesentleche vun enger Desserte vum Site vu Belval-Ouest a si ass och domadder net nëmmen eng Méiglechkeet ginn, mä si ass doduerch eng Noutwendegkeet gi fir de Site vun der Friche kënnen ze erschléissen a fir d'Friche vu Belval-Ouest kënnen an Aktivitéit ze huelen.

Dee Projet, dee mer haut stëmmen, ass ënnert engem relativen Zäitdrock entstanen duerch déi Chantieren, déi schonn amgaange sinn um Site vun der Friche Belval-Ouest, a mir hu schlussendlech net wëllen déi initial Léisung, déi um Dësch louch, hei zum Vote bréngen - wat ee ka bedaueren.

Déi initial Léisung, déi um Dësch louch am Kader vun den Diskussioune ronderëm de Projet Belval-Ouest, war eng Léisung, déi an engem relativ fréie Stadium schonn d'Zoustëmmung fonnt hat vun enger ganzer Partie Intervenanten an deem Projet. Si ass awer op Dränge vun der Regierung, déi Suen aspuere wollt a fonnt huet, dass déi laang Tunnelvariant vun 1.300 Meter en ze héije Käschtepunkt implizéiert hätt, net zum Droe komm.

Mat deenen Argumenter ass sech ausenaner gesat ginn an et huet een no Diskussiounen an nom Préiwe vun enger ganzer Partie vun anere Variante schlussendlech kënne feststellen, dass et eigentlech esou misst sinn, dass een de Projet an zwee Deeler spléckt: ee südlechen Deel, dat ass deen, deen haut zum Vote kënnt, deen e Konsens kann duerstellen, a wou mir als Gréng och dofir wäerten eis Zoustëmmung bréngen an en zweeten Deel, dee méi nördlechen Deel, deen nach net ausgeräift ass, a wou d'Froen, déi am Raum stinn, nach net alleguerte beäntwert sinn.

Et geet do notamment ëm de Contournement vun der Cité Raemerich vun Esch, wou eng ganz Partie Froen sech stellen am Beräich vum Kaméidi, vum Verkéiersopkommen, vum Impact visuel vun deem dote Projet. An déi Froe mussen enger Äntwert zougefouert ginn, déi absolut iwwerzeegend ass, well ouni déi Äntwerte kann et och net zu enger Zoustëmmung vum nördlechen Deel vun deem Projet hei kommen.

De Minister huet eis zougesot, datt d'Regierung wéilt déi Remarquen, déi gemaach gi sinn, eescht huelen a seriö préiwen, fir Äntwerten op déi Froen ze bréngen, déi wierklech vun engem héijen Niveau sinn. Bei deem Wuert wëlle mer de Minister och huelen a mir si bereet eis awer iwwerzeegen ze loosse mat Fakten, dass déi Froen, déi gestallt sinn, och fir deen nördlechen Deel vum Projet eng zefridde stellend Äntwert schlussendlech wäerte kënne kréien.

Dëse Projet huet awer een noutwendege Complément. Et ass virdru scho gesot ginn, d'Friche Belval-Ouest ass op ville Punkten e virbildleche Projet fir d'ganzt Land. Et ass e reellen Testfall fir d'Land am Beräich notamment vun der Mobilitéit - awer och net nëmmen -, mä notamment am Beräich vun der Mobilitéit ass et mat Sécherheet deen éischten Testfall wou mer kënnen alleguerte beweisen, ob mer déi richteg Konklusioune gezunn hunn aus de Mobilitéitsproblemer vum Land an ob mer och déi richteg Léiere kënnen zéien aus den Iwwerleeungen, déi am IVL-Bericht drastinn.

D'Friche Belval-Ouest muss e Modal split kréie vu 40/60; dass also 40% vun allen Déplacementer net mam Auto sollen zréckgeluecht ginn. Dat ass awer nëmme méiglech wa mer och am Beräich vum öffentlechen Transport net nëmme mat der noutwendeger Ubannung un de Stroosseréseau, mä och mat der Ubannung un d'Schinn méi wäit komme wéi dat wat elo ugeduecht ass.

Mir hunn am Moment an de Planungen eng Ubannung iwwert d'Schinn nëmmen iwwert de südlechen Deel. Dat ass och absolut an der Rei an esou enger éischter Phas, wou d'Entwécklung um Site nach net esou stattfonnt huet, dass dat iwwert de Süden alleng geschitt, iwwert den Arrêt Belval-Usines an iwwert déi nei Gare, déi soll gebaut ginn. Mir halen et awer fir absolut noutwendeg, dass an enger zweeter Phas och déi Schinn muss an eng zentral Positioun op d'Friche Belval-Ouest dropkommen, wou se dann an enger Ost-West-Richtung de Site géing desservéieren, dass d'Leit, déi aus der Regioun wëllen dohinner kommen, net mussen ëmklammen um Site Belval-Usines, fir sech da mam Bus oder enger Navette iwwert de Site ze déplacéieren, mä wou ee kann aus der ganzer Regioun op de Site kommen, ouni sech musse mat engem Ëmklammen ze beschäftegen.

Dat steigert d'Qualitéit, dat steigert d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport iwwert d'Schinn an déi Noutwendegkeet ass an eisen Aen erwisen a si wäert och musse vun der Regierung realiséiert ginn.

Am Moment ass d'Regierung dobäi ze préiwen, ob et eng Méiglechkeet gëtt vun den CFL-Schinnen eriwwer op de Site ze kommen iwwert d'Arcelor-Schinnen andeems se sech géinge kräizen. Dat wier eng Alternativ zu dem sou genannte Fly-over, wou also da misst, wa sech déi doten Optioun vun der Kräizung um Niveau Null géing als net machbar erausstellen, mat enger Léisung geschafft ginn, fir vun den CFL-Schinnen iwwert d'Arcelor-Schinnen eriwwerzefueren, fir op de Site ze kommen.

Mir hoffen natierlech, dass déi Etüd vun der Regierung, déi am Moment amgaangen ass gemaach ze ginn, zur Konklusioun wäert kommen, dass déi méi bëlleg Variant vun der Kräizung vun de Schinne méiglech ass. Mir soen awer gradesou däitlech: Sollt bei där Etüd erauskommen, dass eng Kräizung um Niveau vum Embranchement unique vun der Arcelor net méiglech ass, dann insistéiere mer, dass dann eben d'Léisung vum Fly-over gepréift gëtt, fir um Niveau vun der Gare Belval-Usines op de Site ze kommen a méi am Westen op Bielesser Säit nees op déi bestoend Schinnen zréckzekommen.

Dat gëtt en Ouvrage, deen natierlech méi deier ass - dat ass eis bewosst -, mä do schwätze mer laut deenen Zuelen, déi op den Dësch geluecht gi sinn, vun ëm déi 20 Milliounen Euro. Wat awer, wann een den Notze kuckt vun deem Ouvrage par rapport zum Modal split, deen enorm wier, a wann ee kuckt par rapport zu deem wat beispillsweis am Projet Micheville konnt agespuert ginn, wann ee kuckt wat dat ausmécht par rapport zum Gesamtinvest iwwert de Fong Belval um Site Belval-Ouest - ech schwätzen do vun enger Milliard Euro - dann e Käschtepunkt ass, dee mat Sécherheet méi wéi justifiéiert ass par rapport zu deem Rendement, deen een da kann erreechen.

An dat ass dofir fir eis e Punkt wou mer onbedéngt der Meenung sinn, dass e muss realiséiert ginn, dass dat en noutwendege Complément ass och zu der Stroossenubannung, déi mer haut an hirem éischten Deel wäerte stëmmen a mat dëse Remarquë bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Dat, wat mer als ADR hei scho méi wéi eng Kéier ugedeit hunn, ass och dat, wat ech scho bei deem viregte Projet gemaach hunn, dass bei der Diskussioun iwwert d'Prioritéiten, déi falsch gesat ginn, dass dat mat sech bréngt, dass da bei anere wierkleche Prioritéiten, wéi zum Beispill deem Projet hei, ugefaange gëtt ze strecken. An hei si mer an esou engem typesche Fall, wou dat ugeet.

Hei bei dësem wichtege Projet, deen initiale Projet mat deem Tunnel vun 1.300 Meter, deen am Fong virgesi war, a wou ech lech och hei kee Geheimnis verrode wann ech lech soen, dass mer eis am Escher Gemengerot eestëmmeg an enger Euphorie fir dee Projet ausgeschwat hunn - och déi, déi elo hei fir eng aner Variant plädéiert hunn - an dass et da richteg war, wéi den Här Braz gesot huet, dass se dann dunn eng Kéier bei d'Regierung getrëppelt sinn an do ass den Drock vun der Regierung komm an dass se dann do dräi Wochen drop schonns ëmgekippt sinn a mat enger anerer Motioun komm sinn a wou se sech da fir en anere Projet, fir eng aner Variant, entscheet hunn. Dat seet jo scho villes aus. Op jidde Fall kann ech et elo hei net gëlle loossen, dass duerch reng finanziell Ursaachen dee wichtege Projet do net nëmmen an zwee gedeelt gëtt, mä och seng Wichtegkeet fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner, déi do ronderëm sinn, awer a Fro gestallt gëtt. An dass et elo hei awer an d'Richtung geet wou e Contournement soll gebaut ginn a wou mer ganz genau wëssen, wa mer e Contournement bauen, egal wou mer e bauen, da verlagere mer just de Problem vun enger Plaz op déi aner an dann ass de Problem verlagert, mä en ass net geléist. An hei wär mat deem Tunnel eng Méiglechkeet gewiescht, fir awer eng ganz Rei verkéierstechnesch Problemer bei deem Site…

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här Braz, wann ech gelift. Dir hutt lech elo véiermol gedréint. Bleift elo roueg sëtzen.

(Interruptions)

Ech géif soen, dass mer…

(Interruption)

Gelift?

Jo, elo war en erëm do wou en hierkomm ass. Jo, ganz gutt.

M. le Président.- Här Jaerling, loosst lech net oflenken.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Jo. Ech si schonn esou depriméiert, wann ech dat do gesinn.

(Interruptions)

Op jiddfer Fall ass dat alt erëm eng Kéier typesch. An do stellen ech mer awer eng Rei Froen, wou effektiv déi wierklech Begrënnung ass. Well wa mer elo higinn a mer soen, dass mer deen Tunnel elo an enger éischter Phas maachen, dann ass jo d'Konsequenz dovun, dass wa mer deen Tunnel op 700 Meter reduzéieren, dann ass deen initiale Projet gestuerwen. Dann ass d'Konsequenz, bei där zweeter Phas ass dann dee Contournement.

An dat ass jo just dee gréisste Problem, wou dann och nach hei derbäi direkt zougi gëtt, dass da muss gekuckt gi mat Lärmschutzpanneauen, fir ze kucke fir d'Liewensqualitéit vun de Leit do ze erhalten.

Dat heescht, d'Problemer, déi kommen, si bekannt. Et gi schonn direkt Deelléisungen hannendrun. Well et gesäit ee jo iwwerall do, wou där Lärmschutzpanneauë sinn, wéi déi Landschaft ausgesäit. Hei huet einfach d'Geleeënheet bestanen, wann een de Courage gehat hätt, déi néideg Suen ze investéieren an d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do wunnen, wat och liewenswichteg wär fir dee ganze Projet, well wa mer hei ufänken elo schonn am Ufank ze kierzen a Léisungen ze fannen op Drock vun deenen, déi do wëllen déckt Geld verdéngen, da soen ech lech, da wäerte mer an Zukunft och nach weiderfueren erëm schnell Deelléisungen ze fannen, fir de Rescht vum Projet ganz ze verstümmelen, an dann ass et net méi dat wat et war an dann ass et kee Modell fir d'Lëtzebuerger Land. Dat kann ech lech awer soen.

Dat wat et am Fong hätt solle ginn, dat stierft op jiddfer Fall schonn, wa mer hei ufänken elo schonn ze verstümmelen an ze zersplécken.

Dofir soen ech, dass mer net kënne mat deem Projet hei d'accord sinn.

D'Fro, déi sech awer einfach stellt, ass, wann een hei gesäit, dass eng Majoritéit sech awer elo dofir ausgeschwat huet, ouni awer iergendeng seriö Begrënnung ze ginn, firwat dass et noutwendeg ass dee wichtegen Tunnel do ze kierzen, an ech huele jo un, dass den Här Minister dann dat wäert elo hei versiche fir mir ze erklären, wéisou dass et elo noutwendeg war, dee fir d'Liewensqualitéit wichtegen Tunnel hei a Stécker ze schneiden a wat d'Konsequenz herno ass a wéi e gedenkt da spéider déi Liewensqualitéit, déi hei hätt mat deem Tunnel, wann en integral entstane wier, wéi en déi kann de Leit herno erëm ubidde mat engem Contournement. Dat ass eng Fro, déi mer awer hei musse beäntwert kréien.

Ech mengen dat gesot ass de Problem elo: Et ass richteg, dass mer musse virukommen. Mä wa mer awer um falsche Wee fueren, da froen ech mech wéi wäit dass mer kommen. Well wa mer elo séier e Stéck weiderkommen an da guer net méi weider an dass dann de Rescht vun där ganzer Phas do gestuerwen ass, da froen ech mech wat mer geschafft hunn. An dann ass fir déi nächst 20 Joer d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do wunnen, gestuerwen. Dat ass de Problem!

An dann ass dat net nëmme fir déi Leit, déi dës Säit der Grenz wunnen, mä och fir déi, déi déi Säit der Grenz wunnen; well et geet jo net nëmmen ëm eis. Et gëllt och fir déi Leit vu Micheville. Et gëllt och fir déi Leit vu Villerupt a vu Russange a vun Audun-le-Tiche, déi och duerch deen Tunnel hei hätte kënnen eng grouss Entlaaschtung kréien.

Et geet och souguer iwwer Esch eraus, am Ëmkrees vun Esch, wou och duerch deen Tunnel hei an duerch déi Ubannung do och d'Collectrice du Sud hätt kënnen entlaascht ginn, wesentlech entlaascht ginn; an dat ass heimat net de Fall.

Well wann déi vun der Collectrice du Sud oder vun anere Stroossen eriwwerfueren duerch deen Tunnel a se huelen dann de Contournement oder déi Ëmgehungsstrooss, déi iwwert den - wéi nennt Der dat - Chemin repris, oder wéi dat heescht, 168 elo geet. Déi musse während véier, fënnef Joer doriwwer fueren, well dat ass jo d'Konsequenz dovun. Wann dat elo gebaut gëtt, gëtt jo dann, ier dat do fäerdeg ass, eng Ëmleedung do gemaach. Da sinn déi Leit do…

(Interruption)

Wat gelift?

(Interruption)

Ma neen. Dat ass jo net wouer. Wann Der dee ganzen Tunnel hutt, ass dat net de Fall. Wann Der deen Tunnel hutt, da braucht Der keng Ëmgehungsstrooss ze bauen. Wann Der deen Tunnel hätt, dann hätt Der déi Ëmgehungsstrooss guer net bräichten ze bauen.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Deen ass an all Plang virgesinn, dee Contournement vu Raemerech.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Awer net do, awer net ronderëm Bieles, flatsch duerch Bieles.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- En ass um selwechten Tracé virgesinn. Den Ënnerscheed ass, datt deen een Tunnel 1.300 Meter hätt an deen hei der nëmmen 735 laang ass. Den Tracé awer ass genau d'selwecht virgesinn.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Op jiddfer Fall ass fir eis déi hei Propositioun net haltbar. Mir wäerten eis dofir bei dësem Projet enthalen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Debatt ofgeschloss an d'Wuert huet elo den Här Bauteminister Claude Wiseler. Här Wiseler!

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. Merci och all deenen, déi zu enger konstruktiver Debatt haut de Mëtte vun deem Projet hei bäigedroen hunn.

Mir haten d'lescht Woch hei op därselwechter Plaz eng extrem interessant Debatt iwwert d'Friches industrielles. Ech wëll och net méi dorobber agoen. Mä déi ganz Diskussioun, déi mer gefouert hu viru méi wéi enger Woch, déi huet fir mech u sech zwou Saache kloer an däitlech ënnerstrach.

Dat Éischt, dat ass dat konstant Engagement vun där viregter a vun dëser Regierung fir dat, wat ëmmer nach e Projet phare ass, ze realiséieren, fir deen an Délaien ze realiséieren déi korrekt sinn, an dat à l'unanimité quasiment vun deenen, déi heibanne geschwat hunn.

Dat waren och déi wesentlech Engagementer, déi an dëse Projet vun de Friches industrielles kommen. Ob dat am Kader vum Enseignement supérieur, vum Centre de recherche, vun de Lycéeën, vum Sport, vum Studenteliewen, vun der neier Ekonomie, de Startupen, der Administratioun, der Kultur oder dem Wunnengsbau ass, mat Projete wéi de Centre de musique, wéi d'Stabilisatioun vun den Héichiewen, wéi administrativ Projeten, wéi d'Lycées techniques vu Belval-Ouest, wéi de Centre de Conférences, wéi d'Archiven oder

wéi de Centre de recherche. Do muss ee soen, datt dat awer en Engagement ass, e Wëllen ass, wéi e kaum op enger anerer Plaz vum Land besteet, fir deen do Projet esou hinzekréien a fir dat hinzekréien, wat mer an där heiter Géigend am Süde vum Land brauchen an och wëllen.

An dat Ganzt, déi ganz Investissementer, déi brauchen natierlech och Infrastrukturen am Déifbau, soss fonctionnéiert dat net, fir op de Site eranzekommen, op där enger Säit, a fir sech um Site selwer ze bewegen.

Dëse Projet gesäit dann dofir net nëmmen dat, wat ee klassescherweis d'Liaison Micheville nennt, vir - dat heescht déi Liaisoun, déi duerch de ganze Projet geet, vu Frankräich aus, hannert dem Contournement Raemerech ronderëm, fir duerno op d'Escher Autobunn ze kommen -, mä awer och den Accès sud, deen also en aneren Accès op de Site soll sinn. An dann hu mer och nach op deem Site dee provisoreschen Accès nord, deen och gebaut gëtt, deen awer net an dësem Projet dran ass, well dee getrennt vun dësem Projet iwwert d'Kredittter vum Budget gemaach gëtt.

Och dat ass awer nach en Investissement, deen an deenen nächste Méint gemaach gëtt. Ech hunn do op mengem Büro d'Pläng leie fir ze ënnerschreiwen. Déi wäerten och elo erausgoen, esou datt mer direkt kënne mat deem Accès ufänken, dann dat hei ausschreiwen, fäerdeg maachen an an déi nächst Etapp goen. Esou datt mer esou schnell wéi méiglech, wann d'Chamber duerno Jo stëmmt - an ech hunn, nodeem ech Iech héieren hunn, eng grouss Hoffnung, datt dat wäert esou sinn -, och kënne mat dësem Projet ufänken.

Déi Diskussioun, déi mer haten an déi och hei bei deene meeschte Riedner erëm zréckkomm ass, dat ass déi vun haaptsächlech deene villen Tunnelvarianten. Villes an alles ass driwwer gesot ginn. An engem éischte Masterplang hate mer u sech dësen Tunnel, esou wéi en elo gebaut gëtt, virgesinn. Duerno, an enger zweeter Etapp, ass dee verlängert ginn, fir op der N31 duerchzefueren, an dëse Projet, déi Variant, déi mer haut hunn, ass dann erëm méi kuerz, kënnt virun der N31 eraus.

Mir hunn, op Basis vun deem längere Projet, deen nach eng Kéier duerchgekuckt ginn ass, eng Rei zousätzlech Variante virun enger Rei Méint studéiert, an dat net nëmmen, wéi et hei gesot ginn ass, wéinst dem Käschtepunkt an net nëmmen aus Käschtefroen, mä awer och aus Käschtefroen.

An ech mengen et ass och keng Schan fir dat ze soen, an dat soen ech net nëmme bei dësem Projet, mä dat probéieren ech an Zukunft bei alle Bauprojeten ze soen. Mir musse kucken, wéi mer déi Projeten an de Gréff kréien. Mir musse kucken, wéi mer eis Finanzen, déi mer hunn, esou maachen, datt mer och kënne Qualitéit bauen, mä datt mer net do Suen ausginn, wou mer se net brauchen auszeginn, mä datt mer dat korrekt maache fir esou vill wéi méiglech Infrastrukturen op den Terrain eriwwerzekréien.

Mir hunn net nëmmen nom Käschtepunkt gekuckt, mir hunn och no Punkte vun Accessibilitéit, vun akusteschen Nuisancen, vu Sécherheet, vu Separatiounseffekten, vun Zäit a vu Phasagen gekuckt a Variante studéiert. Mir haten d'Variant vum laangen Tunnel, zwou Variante vu méi engem kuerzen Tunnel an och eng Variant, vun deem wat mer e Boulevard urbain genannt hunn, dat heescht vun iwwerhaapt kengem Tunnel, wou de ganze Verkéier iwwert d'Surface gelaf wier.

Déi verschidde Präisser waren 280 Milliounen Euro fir dee laangen Tunnel, 205 bis 209 fir déi zwou Variante vum kuerzen Tunnel an 153 fir dat, wat mer de Boulevard urbain genannt hunn. D'Optioun vun deem kuerzen Tunnel ass ebe geholl ginn aus enger ganzer Rei Grënn, finanzieller sécher, mä awer och verkéierstechnescher, well en huet eng ganz Rei Avantagen: d'Sécherheet, d'Accessibilitéit an d'Phasagefroen hunn een zu dëser Solutioun higeleet.

Dëse Projet huet och - an dat muss ech soen - de ganz groussen Avantage, datt en e Phasage erméiglecht. En erméiglecht engem elo an dëser Etapp, dat, wat mer den Accès sud nennen, ze bauen. En erlaabt eis, zwar net iwwert dëse Gesetzesprojet, mä parallell den Accès nord ze bauen, an en erlaabt eis eng sou genannte Carcasse vum Tunnel an de Buedem ze leeën, déi awer dann net den Tunnel a senger ganzer Funktionalitéit ass, mä just momentan déi Structure porteuse, dat heescht déi Carcasse ass, déi am Buedem läit, déi eis dann erlaabt uewendriwwer déi Strooss ze bauen, déi d'Agora wäert bauen, fir d'Funktionalitéit vum Site esou schnell wéi méiglech ze erlaben. Well och dat ass eng wesentlech Fro. Mir sinn an esou engem Projet wéi deem hei ganz einfach verflicht a gewëssenen Délaien, déi kloer esou schnell wéi méiglech solle sinn, de Projet funktiounsfäeg ze maachen.

Mir si verflicht d'Accessibilitéit vun dësem Projet ze garantéieren an dat net nëmme wéinst deenen Investisseuren, wou mer frou sinn, datt si op dee Site investéieren, mä och fir déi Investisseuren, vun deene mer wëllen, datt si an Zukunft op deem Site do investéieren, well dat soll e Site sinn, wou net nëmme Structures publiques sinn. Dat soll e Site sinn, wou och Privatinvestisseuren dohinner kommen. Dat soll e Site sinn, wou duerno och Wunnengsbau besteet. Wou also e ganzt Liewen op deem Site ass an dofir kann een net einfach déi Saachen ofginn. Dat gehéiert zesummen an den Ensemble vun deem, wat op dee Site do soll kreéiert ginn.

Ech mengen, dass dat Gesetz haut stëmmen, esou schnell wéi méiglech den Accès nord maachen, esou schnell wéi méiglech den Accès sud maachen an déi Stroossen uewen um Site bauen, déi eis einfach de Verkéier intern vum Site erlaben, gëtt dësem Projet ee wesentleche Push, gëtt him eng Crédibilitéit an erlaabt em weiderzekommen an deenen nächste Méint. Dat ass extrem wichteg a mengen Aen.

Da soen ech och Folgendes, well dat gehéiert och zur Diskussioun, déi mer an der leschter Zäit iwwert déi Projeten haten, déi mer hunn an déi mer och nach iwwer notamment de Projet Nordstrooss kréien: Ech maachen dëse Projet an engem gewëssene Phasage. Ech hunn Iech deen och als Chamber esou presentéiert. Dat ass zum Beispill bei der Nordstrooss net geschitt. Do hu mer e Projet vun der ganzer Nordstrooss gemaach, mat deene Problemer finanztechnescher Natur, déi mer hunn, e Projet deen 1995, 1996 elaboréiert gouf, 1996 gestëmmt gouf, deen 2012 fäerdeg ass a vun deem et extrem schwiereg war 1994, 1995 schonn ze wëssen, wat en dann 2012 zum Schluss wäert kaschten.

Hei ass am Fong déi éischte Kéier, datt mer e Prinzip zu engem Deel uwenden, dee mer an der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire esou laang duerchdiskutéiert hunn, datt mer am Fong e Projet, deen deier ass a Phase bréngen a vun deem mer an der éischter Phas awer soen, wat soll gebaut ginn a wéi de ganze Projet a senge Konturen ausgesäit, an datt mer dann déi finanztechnesch Projeten a Phasen do bréngen, wat mir einfach als responsabele Bauteminister erlaabt, de Käschtepunkt besser ze iwwerblécken an, ech hoffen, och an Zukunft besser am Gréff ze halen.

Dee System, fir et a Phasen ze bréngen, huet eis och erlaabt awer zu engem Deel eng Rei Garantien de Gemengen ze ginn. Mir hunn elo eng éischt Phas dohinner geluecht, déi doranner besteet fir eng Carcasse vum Tunnel ze setzen, a falls déi Gemengen eis net gegleeft hätten, wat se awer hunn, mä falls si eis net gegleeft hätten, mussen si wëssen, datt mer déi zweet Phas vun deem Projet musse stëmmen a musse maachen, fir den Tunnel funktiounsfäeg ze maachen, well hei hu mer déi ganz Elektromechanik net dran. Hei hu mer déi ganz Sécherheetssystemen am Tunnel momentan an dëser Etapp nach net virgesinn an déi ginn eréischt an der zweeter Phas vum Tunnel gebaut, sou dass ee kann einfach sécher sinn, datt déi zweet Phas muss kommen, mä si kënnt an enger Etapp, wou mer dann de Finanzvolume besser iwwersinn a wou ech ka mat méi Garantie virun Iech kommen an Iech soen, wat dat kascht.

Mir hunn eis och engagéiert net nëmmen an där leschter Motioun, déi hei während deem Débat vun de Frichë gestëmmt ginn ass, mä och scho virdru mat de Gemengen, datt mer iwwert déi zweet Phas vun deem Projet - an haaptsächlech dee ganz sensibele Punkt, deen haut och schonn ugeschwat ginn ass, vun där Phas, bei där mer mussen iwwert d'N31 fueren, ier mer dann iwwert de Contournement, dee bei alle Projete vum Masterplang virgesi war, fueren - mat hinnen zesummen diskutéieren, wéi mer déi dann definitiv gestalten, an dee Projet net eraginn, ier mer déi Diskussioune mat der Gemeng Esch, mat der Gemeng Suessem, déi Demandeurs sinn, gehat hunn.

Do hu mer eis och engagéiert, an dat si mer och amgaangen ze maachen, fir eng Rei Studien op de Wee ze bréngen, déi eis gradesou d'verkéierstechnesch Problematik sollen évoquéieren, déi eis d'akustesch Problematik iwwert d'Geräisch solle bréngen, an déi eis och déi Insertioun an d'Stadbild solle studéieren, ier mer do en connaissance de cause dann déi Décisioune kënnen huelen, déi mer brauchen, fir déi zweet Phas vum Projet esou ze maachen, wéi mer se alleguer gemeinsam wëllen.

Dat sinn déi Saachen, déi ech elo nach zur Diskussioun wollt derzoufügen. D'Madame Mutsch hat nach gefrot, wéi et da géing stoe mat där ganzer Fro vun dem Parking, dem Bau vum Parking, dem Phasage respektiv haaptsächlech dem Echéancier, dee mer solle maachen, an den Négociatioune mat de Fransousen.

Ech wëll soen, déi Négociatioune mat de franséischen Autoritéite si momentan nach ëmmer amgaangen. Et sinn eng Rei technesch Froen, déi momentan nach net geléist sinn an iwwert déi mer amgaange sinn ze diskutéieren. Et si wierklech technesch Froen. Eng dovunner ass d'Verleeë vum Gazoduc zum Beispill, iwwert dat do nach eng Rei Saache gekläert musse ginn. Duerno, wann déi technesch Problemer geléist ginn, da kann den CR168 verluecht ginn, da kann och d'Gare gebaut ginn an an der nächster Etapp de Parking, well de Parking brauche mer eréischt an där Etapp, an där u sech dat ganzt Stroossennetz da funktiounsfäeg ass.

Ech hunn ëmmer Schwieregkeete fir elo Datummen ze annoncéieren, well ech an där kuerzer Zäit awer scho kloer an däitlech geléiert hunn, datt een normalerweis, wann een als Bauteminister Datummen annoncéiert, derniewent läit an dat riskant ass. Ech kann Iech also d'Etappe soen, wéi se niewentenee sinn. Ech kann Iech och soen, an dat wäerte mer an den Diskussioune mat de Gemenge sécherlech méi prezis maachen, wéi mir eis déi verschidden Echéancen elo virstellen, mä sech fir déi Echéancen ze engagéieren, ass relativ schwéier.

Par contre, dat wou mer eis engagéieren heifir, dat ass, datt mer dës Etapp vum Projet, den Accès nord op där enger Säit, d'Carcasse vum Tunnel op där anerer Säit mat dem Stroossebau driwwer an den Accès sud esou schnell wéi méiglech, ech géing soen, an d'Produktioun ginn, esou schnell wéi méiglech kucken, datt mer mat der Realisatioun kënnen ufänken, well mir brauchen et,…

M. le Président.- Dir misst zum Schluss kommen.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- …datt dee Projet ka weiderlafen.

Ech soen Iech Merci, Här President, fir d'Nolauschteren, an halen dann op op där Sekonn, wou Der mech dat frot.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt een seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Wann ech richteg gesinn, ass dat de Grupp vum ADR. Très bien.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zréck zur Motioun, déi ufanks vun der Sitzung vum honorabelen Här Gibéryen abruecht ginn ass, wou et ëm d'Campagne iwwert de Referendum geet. Ech mengen, ech hätt richteg verstanen, dass d'Fraktiounen alleguerten d'accord sinn, dass mer déi Motioun elo debattéieren. Da ginn ech dem Auteur vun der Motioun d'Wuert, dem Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

6. Motion de M. Gast Gibéryen relative à la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech menge Lëtzebuerg ass net dat Land, wat Traditiounen a Referendumen huet. Et ass en Neiland, wat mer domadder betrieden, mat enger relativ komplizéierter Prozedur, déi mer eis an deene leschte Méint hei ginn hunn, fir iwwerhaapt kënnen e Referendum ofzehalen. An anere Länner ass dat méi gängeg, datt Referendumen ofgehale ginn, si hunn och domadder méi Erfahrung, et ass méi eng grouss Organisatioun do a mir, wéi gesot, betrieden hei Neiland.

Eng vun deene grousse Suerge vun eisem Grupp, wéi mer dëse Referendum décidéiert hunn, war, datt vu Regierungs- a vu Chamberssäit déi Campagnen, déi mat Steiergelder finanzéiert ginn, missten objektiv an neutral sinn. Deenen eenzelne Persounen, Parteien oder Gewerkschaften oder Gott weess wat fir Sociétéiten ass et fräigestallt, déi Campagnen an déi Positiounen ze huelen, déi si fir richteg fannen. Déi vum Steierzueler bezuelte Campagnen awer mussen objektiv an neutral sinn.

An deene leschten Deeg a Woche kënne mer an der Press déi vun der Regierung organiséiert Campagne liesen an och am Radio kënne mer se héieren. An net wéineg Leit sinn net averstanen a fannen et net richteg, datt déi Campagne, déi vun der Regierung do gemaach a vu Steiergelder bezuelt gëtt, sou eesäiteg ausgeriicht ass an am Fong eng positiv Publizitéit mat dem Resultat fir Jo ze stëmmen zu dem Traité constitutionnel mécht.

Dat, wat gesot oder geschriwwe gëtt, ass wuel net falsch, alles dat ass eng Saach vun der Interpretatioun, mä se ass net objektiv, well et einfach eng eesäiteg Informatioun ass an d'Leit am Land mierken och elo lues a lues, datt déi Campagne esou tendenziéis ass.

Wann zum Beispill gesot gëtt, Lëtzebuerg behält selbstverständlech seng Stëmmrechter an och säi Vetorecht, dann ass et net falsch. Lëtzebuerg hält säi Stëmmrecht an och säi Vetorecht, mä et gëtt awer dobäi vergiess ze soen, datt mer eng ganz Rei vun Ofstëmmungsmodalitéite vun Unanimitéiten a qualifizéiert Majoritéiten eriwwerhuelen an esou virun an esou weider. Et ass also net falsch wat do steet, well mir behalen eist Vetorecht, mä et gëtt vergiess ze soen, datt mer an enger Rei vu Punkten, wou mer e Vetorecht haten, dat Vetorecht opginn; dat nëmme fir ee Beispill ze nennen, wéi alleguer déi Texter ganz tendenziéis sinn.

Ech kënnt Iech der elo e ganze Koup hei virliesen, mir hunn eis se eraus geprint, si si jo um Regierungssite an et kann een sech se jo eraus printen, mä alleguer si se tendenziéis a se beliichten ëmmer nëmmen den Text aus enger positiver Säit, aus enger Säit, déi invitéiert fir Jo ze soen...

(Interruption)

…, a mir fannen, datt dat net korrekt ass. Och a Frankräich huet de franséische Conseil d'État am Kader vun dem franséische Referendum der Regierung kloer gesot, datt déi Campagne, déi si mat Steiergelder mécht, misst eng Campagne sinn, déi neutral an objektiv ass. Mir stelle fest, datt dat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass, datt se ganz tendenziéis ass, datt se eesäiteg ass an datt se domadder de Kritäre vun der Neutralitéit an der Objektivitéit net entsprécht.

An duerfir hu mer dës Motioun deponéiert wou mer soen, d'Regie-

rung soll déi Campagne, wéi se elo virläit, stoppen an zesumme mat der Chamber eng nei Campagne maachen, wou mer da kéinten alleguer matschwätzen an datt dat dann och géif eng Campagne ginn, déi objektiv wier, déi déi Texter géif bei d'Leit droen, wou net nëmmen déi eng Säit, mä och déi aner Säit beliicht gëtt. Ech mengen, dat géif eis gutt zu Gesiicht stoen.

Well, wéi gesot, mir hu vun Dag zu Dag, ech weess net wéi et bei lech ass, mä mir hunn op jidde Fall ëmmer méi Leit, déi uruffen, souguer schreiwen an déi soen, si géifen dat ganz schlëmm fannen, datt hei vu Regierungssäit esou tendenziéis géif eng Informatiounscampagne gemaach gi mat Steiergelder.

Déi misst objektiv sinn an duerfir, wéi gesot, hu mer dës Motioun erabruecht, wou mer hoffen, datt jiddereen heibannen och der Meenung ass, datt d'Regierung misst an hiren offizielle Campagnen eng neutral an objektiv Campagne iwwert dësen Traité constitutionnel maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als Éischten huet d'Wuert gefrot, den honorabelen Här Fayot. Här Fayot!

Discussion générale

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech sinn der Meenung, dass d'Campagne vun der Regierung an der Press an an de Medien eng objektiv Campagne ass. Firwat? Well se d'Faitë prezis duerstellt, wéi se an deem Text vun der Verfassung, iwwert deen d'Leit ofzestëmmen hunn, sinn.

Si ass och objektiv, well se erklärt déi Rouagen, déi Zilsetzungen, déi Methoden, déi an dëser Verfassung dra sinn an déi ee muss verstoe fir och deen Text kënnen ze jugéieren. Si ass objektiv, well se trotzdeem och déi enorm Avantagen duerstellt, déi Lëtzebuerg duerch seng Memberschaft an der Europäescher Unioun huet, an déi kee kann niéieren, wann een och nëmmen e bëssen d'Geschicht vu Lëtzebuerg an deene leschte Jorzéngte bis haut mat kuckt. An ech fannen och, dass et eng objektiv Campagne ass, well se all Bierger d'Fräiheet léisst ze jugéieren, wéi en dann elo soll iwwert déi Verfassung ofstëmmen.

Et ass kee Matraquage an dëser Campagne. Et ass eng Presentatioun vun de Faiten an ech soen, dass dës Presentatioun objektiv ass.

Den Här Gibéryen huet, fir fir dës Motioun do ze argumentéieren, een eenzegt Beispill ginn, een eenzegt Beispill, firwat dass dës Campagne eventuell net objektiv wär. En huet gesot, dass net duergestallt gëtt, dass op enger Partie Gebidder d'Unanimitéit am Conseil duerch Majorité qualifiée ersat gëtt. Doraus wëllt en zéien, dass da Lëtzebuerg en Désavantage hätt an net en Avantage duerch déi verbessert Funktiounsfäegkeet vum europäesche Ministerrot, fir eben Décisiounen ze huelen, déi gemeinsam vun der Europäescher Unioun geholl ginn.

Ech mengen, dat ass e schlecht Beispill, dat ass e falscht Beispill, well Lëtzebuerg huet Intérêt dorunner, net dass d'Europäesch Unioun duerch vill Vetorechter blockéiert ass, mä et huet Intérêt drun, dass dës Europäesch Unioun duerch eng gutt Manéier, fir Décisiounen ze huelen, virukënnt.

Mir sinn also ganz kloer dofir, fir dës Motioun ofzelehnen.

Ech wëll dann drop hiweisen, den Här Gibéryen seet a sengem Dispositiv, dass dann d'Regierung an d'Chamber zesumme sollen eng nei Campagne determinéieren, mä ech wëll dann awer och drop hiweisen, dass d'Conférence des Présidents zesumme mam Ausseminister zu där Zäit, wéi den Här Gibéryen a seng Partei nach fir d'Verfassung waren…

(Interruptions et hilarité)

…, déi Campagne, déi mer an der Chamber an déi och d'Regierung gemaach huet, diskutéiert hunn an och d'Regierung encouragéiert hunn, fir eben eng objektiv Campagne ze maachen. Ech gesinn also wierklech net wat elo den ADR dozou beweegt, fir déi Campagnen esou erof ze maachen, wéi hien dat a senger Motioun mécht.

Ech menge schonn, dass souwuel d'Regierung, wéi och dës Chamber, insgesamt hir Informatiounsflicht voll a ganz erfëllt huet. Si huet och an hirer Campagne, ob dat an Auditioun hei ass oder an hire Versammlungen, Leit vum Nee wéi vum Jo zu Wuert komme gelooss. D'Regierung huet hir objektiv Campagne gemaach an ech mengen domat hunn déi Institutioune wierklech de Maximum gemaach wat ee ka maachen.

Natierlech kann een ëmmer méi maachen. Ech sinn och der Meenung, dass ee scho vläicht méi laang hätt kënnen déi Campagne ufänken, mä ech mengen, sou wéi se hei vun dem ADR ofgelehnt gëtt, kënne mir natierlech net domat d'accord sinn.

Mir encouragéieren au contraire d'Regierung op deem Wee weiderzegoen. Mir encouragéieren och d'Regierung de Leit dobausse kloer an däitlech ze soen, wat fir Avantagë Lëtzebuerg huet, doduerch dass et an der Europäescher Unioun ass, an och wat fir Avantagen dës Verfassung huet, wa se mol eng Kéier a Kraaft trëtt.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Motioun virgeluecht ginn, wou eigentlech, vum Grond op gesinn, eng richteg Thematik opgeworf gëtt, nämlech déi, wann een e Referendum organiséiert, wéi gestalt een dann dee Referendum; wéi gëtt een de Befürworter an de Géigner zum Beispill d'Méiglechkeet, fir sech auszedrécke bei engem Referendum. Ech muss awer allerdéngs soen, datt d'Äntwerten, déi hei zum Deel opgeworf ginn, total falsch sinn an eigentlech mat der Fro, wat ass objektiv a wat ass net objektiv am Kader vun enger Campagne, vun engem Referendum, näischt ze dinn hunn.

Ech mengen, datt d'Regierung logescherweis als Fonctioun muss hu fir eng gewëssen Informatioun ënnert d'Leit ze bréngen, an dat huet d'Regierung gemaach. D'Regierung dierf net d'Leit incitéieren, weder fir esou oder esou ze stëmmen, oder hinnen eppes ze suggéréieren, ech mengen net, ech hunn op alle Fall keen Text gesi wou dat de Fall war. Et stelle sech eng ganz Rei aner Froen an deem Kontext, wann een driwwer diskutéiert, wéi ee mat engem Referendum ëmgeet.

Ech muss awer allerdéngs soen, meng Fraktioun hat sech iwwer mäi Kolleeg Félix Braz vill Méi gemaach, wéi mer d'Referendumsgesetz an der Kommissioun diskutéiert hunn, fir op déi Punkten anzegoen. Do huet de Vertrieder vum ADR net ganz vill an deem dote Beräich gesot.

Et stelle sech eng ganz Rei Froen, wann ee schonn hei aner Länner als Verglach elo erunzitt, wou effektiv eng grouss Referendumstraditioun ass, wéi zum Beispill an der Schwäiz, da muss een och wësse vu wat ee schwätzt. D'Fro, déi sech jo stellt, wann een e Referendum lancéiert, an da muss ee jo definéieren, ween ass do de Oui an der Gesellschaft a ween ass den Non; dat heescht et muss jo hannert iergendeppes eng gewëssé Représentativitéit bestoen.

An an der Schwäiz zum Beispill gëtt et do ganz kloer Kritären. Do muss ee fir d'éischt mol, ier een als Oui oder Non unerkannt ass, eng Hällewull vun Ënnerschrëfte sammelen, déi legal déposéiere goen an da gëtt vun offizieller Säit tranchéiert, datt een eng gewësse Représentativitéit an der Gesellschaft huet fir kënnen unerkannt ze ginn als ee Camp sou oder esou. An da kritt een eréischt och zum Beispill öffentlech Gelder, fir kënnen da Campagne ze maachen, entweder en faveur oder en défaveur.

Dat sinn alles Froen, déi hätt ee misse beim Referendumsgesetz diskutéieren a klären. Mir wëssen awer allerdéngs alleguerten, datt et do ganz schwiereg war, well mer ënner engem immensen Zäitdrock stoungen. Meng Fraktioun huet zumindest sech d'Méi gemaach déi Froen opzewerfen an der Kommissioun, am Contraire zum ADR, deen se do net weider interesséiert huet.

(Interruption)

Oh, Här Henckes, Dir hutt net vill insistéiert, fir datt déi hei sollten zur Diskussioun kommen.

Ech muss och soen, un engem Beispill, wéi wichteg datt déi Kritäre sinn, wann ee wëllt esou diskutéieren. An dëser Campagne hätt een zum Beispill gesot, mir ginn öffentlech Gelder fir déi, déi derfir sinn, a fir déi, déi dergéint sinn. Wann een dat net festmécht u genaue Kritären, dann hätt dat kënnen dozou féieren, zum Beispill, datt den ADR zweemol Sue kritt hätt. Déi éischt sechs Méint, well se derfir sinn, an déi zweet sechs Méint, well se dergéint sinn.

(Hilarité)

Duerfir, wéi gesot, wann ee sech hei beméit fir Motiounen eranzebréngen, da muss ee vläicht awer e bësselche kucken. Ech versti jo wat hei gemengt ass, et ass jo relativ duerchsiichteg. A leschter Sekonn versicht jiddfereen e bëssen innepolitesch, hei nach e bësse Kapital aus deem Ganzen ze schloen.

Kommt, Kolleege vum ADR, sidd dach éierlech!

Mä ech mengen, mir kréie wahrscheinlech nach Geleeënheet genuch, wa mer hei d'Gesetz diskutéieren, dann hu mer hei stonnelaang Zäit fir iwwert d'Positioune vun deenen eenzelne Parteien an deem heite Kontext ze diskutéieren an och iwwert de Schlingerkurs, deen den ADR hei gefuer ass, vun Ufank un.

Här President, ech menge méi ass net heizou ze soen, selbstverständlech aus deenen nämlechte Grënn.

(Interruption)

Mir sinn, Här President, fir eng objektiv Campagne beim Referendum. Mir sinn och der Meenung, datt een an Zukunft muss dat Gesetz - mir wëlle jo eng gréisser Traditioun och hei am Land an déi do Richtung aféieren -, datt mer eis musse Kritäre ginn, wéi ee mat deene Referendumen an Zukunft ëmgeet, fir datt Géigner a Befürworter uerdentlech zu Wuert kommen. Mä dat maache mer sachlech op där Plaz, wou et sech gehéiert, an net op polemeschem Niveau, wéi dat heiten de Fall ass.

Ech soen lech Merci.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Den Här Meisch huet d'Wuert nach gefrot. Här Mehlen, loosst elo den Här Meisch schwätzen. Här Meisch!

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gibéryen an den ADR hu Recht. Mir brauchen eng objektiv an eng neutral Campagne.

Wann een déi Campagne kuckt, déi gemaach ginn ass vun der Regierung a vun der Chamber, da kann een déi vläicht op deem engen oder anere Punkt kritiséieren. Ech mengen awer net…

(Interruption)

Ma, Här Mehlen, dofir hunn ech jo déi zwou genannt, als zwou separat Campagnen.

An ech sinn awer der Meenung, datt souwuel déi eng wéi och déi aner objektiv an neutral ass. Objektiv an neutral. Objektiv, well se sachlech ass, well Faitë presentéiert ginn. Den Här Gibéryen huet e Beispill genannt, där ee bestëmmt nach fënnt, well wann ee probéiert den Inhalt vu 400 Säiten op eng Zeitungsannonce ze reduzéieren, da ginn natierlech och Faiten an Detailer verluer. Soss brénge mer dat net fäerdeg a soss hätte mer eis an där Campagne, wann ee se vläicht hätt wëlle maache wéi Dir et dann hei proposéiert, drop beschränkt, fir 400-Säite-staark Dokumenter ze verdeelen. Ech mengen net, datt dat am Sënn vun der Saach gewiescht wär.

Se ass neutral, well jiddereen zu Wuert kënnt an där Campagne, déi d'Chamber mécht, wou deen een an deen anere vun eis heibanne mat um Tour ass, fir d'Leit informéieren ze goen. Fir se vu senger Meenung natierlech iwwerzeegen ze goen.

(Interruption)

Do ass et esou, datt souwuel déi eng wéi déi aner, souwuel déi, déi fir de Oui sinn, wéi déi, déi fir den Non sinn, d'Wuert kréien. Souguer déi Mouvementer, déi hei net parlamentaresch vertruede sinn. Déi Mouvementer, déi sech aus der Zivilgesellschaft zesummefonnt hunn, kréien do d'Wuert, an all Fraktioun, déi hei an der Chamber vertrueden ass…

M. le Président.- Ma da loosst en dach mol schwätzen. Dir schwätzt an engem Stéck dran, Här Mehlen.

M. Claude Meisch *(DP).*- Loosst e meckeren, Här President, dat wäert mech net aus der Rou bréngen.

All Fraktioun, déi hei an der Chamber vertrueden ass - an et ass jo och keen Zoufall, datt déi dann hei an der Chamber vertrueden ass, well d'Leit dat esou wollten -, déi kritt do d'Wuert, déi huet sech hir Meenung gemaach.

Ech brauch net nach eng Kéier drop anzegoen, well ech kéint et net esou gutt wéi den Här Bausch et gemaach huet, fir ze insistéieren an ze ënnersträichen, datt den ADR seng Meenung an där dote Fro geännert huet.

An ech mengen net, datt dat zur Objektivitéit an zur Neutralitéit vun der Debatt bäigedroen huet, well doduerjer sinn d'Leit net méi opgekläert ginn, wéi wann aner Parteien hir gradlinnesch Linn, déi se do haten, definéiert hu viru Méint, och probéiere bis zum Schluss wierklech duerchzehale fir d'Leit ze iwwerzeege vun hirer Meenung, opzeklären an ebe kloer ze weisen, datt et hei net ëm e Spill geet, datt et net drëms geet fir parteipolitesch ze probéiere Profit doraus ze schloen, mä datt et ëm Lëtzebuerg an Europa geet.

Aus deenen Iwwerleeungen, Här President, wäerte mir déi dote Motioun net kënne matstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Dann nach den Här Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech deem wëlle ralliéiere wat meng Virriedner gesot hunn, besonnesch och deem wat de Fraktiounspresident vun der Sozialistescher Aarbechterpartei, den Här Fayot, gesot huet.

Wann een déi Campagne kuckt, déi vu Regierungssäit gemaach gëtt en vue vun dem Referendum vum 10. Juli, da zeechent déi sech duerch eng exemplaresch Objektivitéit aus, déi à tel point objektiv an exemplaresch ass, dass bei eis eng ganz Rei Leit intervenéiere fir der Meenung ze sinn, datt se ze vill neutral ass an datt d'Leit sech froen, wéi dann d'Neutralitéit an der Politik, wou et sech ëm en Zukunftsprojet vu Lëtzebuerg handelt, en fin de compte esou neutral ka gehale sinn.

Den Här Gibéryen huet och net ganz vill fonnt a senger Argumentatioun, well en huet ee Beispill bruecht mat knapper Méi an Nout. E fënnt der vläicht nach zwee, dräi anerer, wou opgrond vun deem, wat den Här Meisch elo just gesot huet, nämlech deem, dass et relativ schwiereg ass, wann ee Reduktioune mécht vun engem Dokument, wat 400 Säiten huet, och wann een déi op 50 Säite résuméiert an duerno op 20 Säite résuméiert an duerno op 5 Säite résuméiert, dass au fur et à mesure, wéi de Résumé méi kleng gëtt, selbstverständlech och d'Detailer dee Moment mussen ewechfalen.

Den Här Gibéryen ass dann och zur Konklusioun komm, dass dat, wat geschriwwe gëtt, net falsch ass. Ech géif en fin de compte dat Ganzt, wat den Här Gibéryen a seng Partei an deene leschte Wochen opféiert, ënnert dem Titel wëlle résuméieren: „Die wundersamen Wandelungen des Herrn G.".

Et ass eng weider Etapp an engem laange Buch, hin vun enger Persoun, déi am Konvent sech net ze schued war, sech mam Här Valéry Giscard d'Estaing als grousse Verfechter vun där Konventioun ofliichten ze loossen; enger Partei, déi an de Wahlkampf d'lescht Joer gezunn ass als eng Partei vum Fortschrëtt, also eng Partei, déi sech fir d'Ratifikatioun vum Traité géif ausschwätzen; déi an der Chamber itérativ fir d'Ratifikatioun vum Traité sech ausgedréckt huet; déi an engem nächste Kapitel duerch eng Interventioun vun engem Deputéierten aus der zweeter Rei, nämlech dem Här…

Une voix.- Dee réckelt no vir.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Voilà, dee réckelt no vir.

(Interruptions diverses)

An dat ass ee vun den Haaptproblemer an deem décke Buch, an deem ech amgaange sinn elo ee Kapitel ze zitéieren, dat ass e relativ déckt Kapitel, nämlech dat, wat Är Partei dozou bruecht huet, vum ardente Verfechter vum Jo zu enger neutraler Partei ze ginn, déi en fin de compte de Leit de Choix géif loossen, wat si géifen décidéieren, bis hin zu enger Positioun, déi mir viru 14 Deeg du konnte bewonneren nom franséische Referendum, wou sech den ADR un d'Speerspëtzt vun allen Nee-Soer hei zu Lëtzebuerg lancéiert huet, an domadder ee ganz anere Wee gaangen ass, bis last but not least dat lescht oder virlescht Kapitel, wat mir da virgëschter Owend am Kader vun der Campagne vun der Chamber zu Wolz zerwéiert kritt hunn, wou deeselwechten Här G. dann am Numm vu senger Partei gesot huet, dass selbstverständlech, wa 24 Länner den Traité géife ratifizéieren, och seng Partei dee Moment d'accord wier fir den Traité ze ratifizéieren.

(Interruptions et hilarité)

Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, dat beweist wou mir hei dru sinn, an a wat fir eng Kategorie dass een dës Motioun soll aklassëieren. Mir erwaarde mat Spannung déi nächst Kapitelen, Här Gibéryen!

Dir wëllt elo héchstwahrscheinlech net verpassen direkt nees eent ze schreiwen an der wundersamer Geschicht vun de wundersame Wandlungen des Herrn G..

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Jo, Här Gibéryen, Dir kritt d'Wuert, net onbedéngt fir Fait personnel, mä well Är Fraktioun nach Riedezäit huet - dofir.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President.

Fir d'éischt sinn ech emol erstaunt, datt hei verschidde Leit esou Vermëschunge maachen. Amplaz konkret iwwert d'Campagne vun der Regierung ze schwätzen, gëtt iwwert d'Campagne vun der Chamber geschwat, wou mir absolut näischt drun auszesetze gehat hu bis elo. Mä et gëtt hei iwwert den ADR geschwat, wat awer Äert gutt Recht ass. Ech menge politesch si mir dat gewinnt, datt een sech mat deem aneren ausenaner setzt. An et gëtt gesot, ech hätt nëmmen ee Beispill. Ech kéint Iech déi…

M. le Président.- Här Gibéryen, entschëllegt mol, Dir hat d'Wuert gefrot fir Fait personnel…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech sinn amgaang dat ze erklären.

(Hilarité)

M. le Président.- Neen, neen, dee Fait personnel, mä dat ass jo och op wat Dir eraus wëllt. Dir braucht eis elo net déi aner Beispiller ze ginn, déi gehéieren net zum Fait personnel.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir hutt jo gesot, ech hätt nach e bëssen Zäit vun der Ried, dann hunn ech déi elo domadden och benotzt.

(Interruptions diverses)

An da kommen ech elo op de Fait personnel. Ech wëll dat, wat den Här Wolter hei gesot huet, dat vu Wolz, hei nach eng Kéier gären ernimmen. An ech hunn et net méi spéit wéi gëschter op der Chamber hirem TV-Kanal, an der Sendung, déi mar den Owend soll ausgestrahlt ginn, och nach eng Kéier gesot, well dat einfach eis Meenung war an eis Meenung bleift.

Wéi den Här Wolter dat elo hei zum Ausdrock bruecht huet, ass et net ganz richteg. Et ass een Deel.

(Interruptions diverses)

Neen, wat hie gesot huet, ass een Deel. Wat mir gesot hunn, dozou sti mir. Ech hu gesot, wa Lëtzebuerg dat 25. Land wier, wat géif ofstëmmen, an déi 24 virdrun hätte mat Jo gestëmmt, da géife mir als Lëtzebuerg an enger ganz anerer Positioun dostoen. Een Nee vu Lëtzebuerg hätt juristesch gesinn déiselwecht Valeur wéi een Nee vu Frankräich.

An ech hu gesot, politesch gesi géif Lëtzebuerg sech awer an deem Fall mat engem Neen, well et als eenzegt Land géif Nee soen, sou isoléieren, datt eis Leit, déi eis missten an Europa vertrieden, därmoosse géifen ënner Drock stoen, datt een sech dann och misst als Partei d'Fro stellen, ob een dee Risiko misst oder kéint agoe fir dann als 25. Land Neen ze soen; an do hunn ech gesot, dann hätt ee besser an deem Fall Jo ze soen.

An ech hu gesot, zënter datt den Neen…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Jo, jo! Soubal een Iech dat seet, dann ënnerbriecht Dir!

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Mir sinn net méi an där Situatioun. Et hunn zwee Länner Nee gesot, et hu verschidde Länner hire Referendum en suspens gesat, esou datt mir eis mat engem Neen haut net méi isoléieren a mir als Lëtzebuerg kënne roueg lo an dee Camp matgoen.

Eleng, an dat war eis Positioun ëmmer, Dir hutt ni héieren, datt mir virdrun eis fir een Neen no baussen ausgeschwat hunn, well mir dee Risiko net wollten agoen, fir dem Land mat engem Neen als eenzegt wëllen ee Schued ze maachen. Lo kann ee seng Meenung…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech wollt nach just eppes dozou soen, wat den Här Wolter ugeschnidden huet: Zënter virgëschter Owend zu Wolz an haut huet näischt geännert, a virgëschter zu Wolz huet och näischt geännert vis-à-vis vun eiser Positioun, déi mir an deem heite Punkt och elo halen.

M. le Président.- Här Gibéryen, erlaabt Dir eng Zwëschefro vum Här Braz?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Selbstverständlech, wann Dir mir nach Zäit gitt, fir ze äntweren, da kann hie roueg froen.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Eng ganz kuerz Fro, Här Gibéryen. Dir hutt elo erklärt, ënner wéi enge Konditiounen dass den ADR deem dann awer dann zougestëmmt hätt, contrairement zu senger aktueller Meenung. Net méi spéit wéi gëschter Owend huet awer Äre Fraktiounskolleeg, den Här Jaerling, zu Esch op enger Table ronde, also een Dag nëmmen no Wolz, just de Contraire behaapt. Hie sot, och an där do Hypothees géing hie perséinlech stur a radikal beim Nee bleiwen. Wat haalt Dir dann dovunner?

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst den Här Gibéryen schwätzen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Braz, wësst Dir, mir hunn an eiser Partei eng Décisioun op engem Kongress geholl an ech respektéieren dee Kongressbeschluss an ech vertrieden dat, wat de Kongress décidéiert huet; an esou ass et bei eis an der Partei wéi bei Iech an der Partei: Ech mengen, den Här Huss huet och dergéint gestëmmt an den Här Huss huet eben och eng aner Meenung.

Ech hunn héieren, den Här Huss wier gëschter Owend net zu Esch gewiescht, obschonn déi Escher Leit mat Spannung gewaart haten, den Här Huss zu Esch ze héieren. Hie war och net do. Also an all Partei huet all Mënsch, dovu ginn ech jo aus, d'Recht seng Meenung ze vertrieden. Ech vertrieden d'Meenung, déi eis Partei geholl huet, an zu där Meenung sti mir.

M. le Président.- Voilà, domat si mir um Enn vun der Debatt ukomm, mir kommen elo zur Ofstëmmung vun der Motioun vum Här Gibéryen. Kënne mir dat par main levée maachen?

Den Här Gibéryen seet, hie géif een elektronesche Vote froen, da kritt hien deen.

Vote

D'Motioun vum Här Gibéryen ass ofgelehnt mat 55 Nee-Stëmme bei 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Thiel), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jos Scheuer), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Voilà, Dir Dammen an Dir Häre, domat si mir um Enn vun der Sitzung vun haut. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 28., 29. an 30. Juni. Den Ordre du jour gëtt Iech schréftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.57 heures)

Ordre du jour

Déclaration des chefs d'État ou de Gouvernement des États membres de l'Union européenne sur la ratification du Traité établissant une Constitution pour l'Europe (Conseil européen des 16 et 17 juin 2005)

(Déclaration du Gouvernement - Débat - Résolution - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

An hire Réunioune vum 17. a vum 20. Juni huet d'Presidentekonferenz décidéiert, datt d'Chamber haut an enger öffentlecher Sitzung siégéiert. Op Grond vun der Deklaratioun vum Europäesche Conseil vum 16. a 17. Juni, wat d'Ratifizéierung vum Traité iwwert déi Europäesch Verfassung ugeet, ass eist Parlament opgeruff iwwert d'Ofhale vun engem Referendum den 10. Juli ze debattéieren an ze befannen.

Mir héieren haut de Mëtteg zu deem Sujet eng Deklaratioun vun der Regierung. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. Deenen eenzelne Fraktioune steet eng Riedezäit vu 15 Minutten zou. D'Wuert huet elo fir d'éischt d'Regierung an der Persoun vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker. Här Statsminister.

Déclaration des chefs d'État ou de Gouvernement des États membres de l'Union européenne sur la ratification du Traité établissant une Constitution pour l'Europe (Conseil européen des 16 et 17 juin 2005)

Déclaration du Gouvernement

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Chamber huet décidéiert, haut de Mëtteg eng Aussprooch ze halen an hirem Krees iwwert d'Fro, ob een dee fir den 10. Juli vun dësem Joer an d'An gefaasste Referendum ofhale soll oder ob een e verréckele soll. Dat ass wéi ëmmer, wann et ëm Wichteges geet, eng souverän Décisioun vum Parlament, vun deenen, déi gewielt gi si fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, ze vertrieden. Ech war véier Deeg zu Bréissel, dunn annerhallwen Dag a Kanada an du gëschter zu Washington, an ech hu matkritt, esou wéi déi aner Leit hei am Land och, ouni dorop kënnen en décisiven Afloss ze huelen - d'Décisioun vum Parlament ass d'Décisioun vum Parlament -, dass déi, déi d'Parlament zesummestellen, der Meenung sinn, dee Referendum, dee mer geplangt haten, soll op deem Datum stattfannen, fir deen en ugesat war.

Déi Décisioun ass vun der Regierung ze respektéieren a vun der Regierung och net ze diskutéieren a vun der Regierung och net ze disputéieren a vun der Regierung och net ënner Kontrovers ze stellen. Mir kommen aus enger Zäit, an där muenches geschitt ass an Europa, eng Zäit, déi séier gelaf ass, eng Zäit, an där een Evenement dat anert gejot huet. Et war fir eist Land eng privilegéiert Zäit, well mer op villes konnten Afloss huelen a muenches hu mussen erdulden, well mer et net anescht konnten an d'Fassong kréien. Déi lëtzebuergesch Presidentschaft vun der Europäescher Unioun, déi an e puer Deeg schlofe geet, ass eng, déi an der Verlängerung vun den Traditioune vun de lëtzebuergesche Presidentschafte steet, nämlech eng, déi sech op ganz ville Pläng duerch grouss Fortschrëtter an der Europäescher Unioun auszeechent.

Mir waren ugetrueden, wann ech bei de grousse Kategorië bleiwe vun deem wat ze regele war, aus eiser Siicht eraus, aus der Siicht vun deenen aneren eraus, fir eng Rei grouss Dossieren a Richtung Léisung vun deeneselwechten ze beweegen. Dacks ass eis dat gelongen, heiansdo ass dat schief gelaf.

Mir waren ugetrueden am Beräich vun der Europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun fir de Stabilitéits- a Wuesstemspakt ze reformëieren; dat ass eis gelongen, obscho kaum ee gemengt hat dat kënnt eis geléngen. Déi Reform, déi seet der wirtschaftlecher an der monäterer Stabilitéit net Awar, mä reconfirméiert se esou wéi och eist Parlament se confirméiert an exigéiert hat wéi et de Maastrichter Vertrag ratifizéiert huet. Mir léisen dee Stabilitéitspakt aus senger automatescher, mechanescher Applikatioun eraus a verweisen en an dee Raum, wou e vun Ufank un eigentlech higehéiert huet, nämlech dee vun enger breeder gesamtwirtschaftlecher Lecture.

An deem reformëierte Stabilitéitspakt introduzéiere mer de Prinzip, dee mam gesonde Mënscheverstand eppes ze dinn huet a mat der Lëtzebuerger Aart a Weis eppes ze dinn huet, wéi Finanzpolitik zënter ëmmer scho gemaach gëtt, nämlech dass een a gudden Zäite muss spuere fir a schlechten Zäiten déi Suen ze hunn, déi ee brauch fir net drastesch budgetär korrektiv Moossnamen, déi d'Konjunktur nach weider géife schwächen, virzehuelen.

Mir hunn d'Reform vun dem Lissabon-Prozess gemaach, Lissabon-Décisioun, Lissabon-Programm, Lissabon-Strategie, déi mer am Joer 2000 an därselwechter Stad ugeholl haten a vun där mer festgestallt hunn, bei der Zwëschebilanzéierung, dass se net all Erwaardungen erfëllt huet, déi ee konnt an deen europäeschen ökosoziale Reformprogramm stellen. Mir hunn déi Zwëschebilanzéierung gemaach a mir hu se anescht gemaach wéi d'Kommissioun a véier, fënnef Regierunge vun der Europäescher Unioun, déi net zu deene gehéieren, déi kleng Länner vertrieden, an net zu deene gehéieren, déi keen Afloss hunn, dat wollte maachen.

Well mir hu Suerg dofir gedroen, dass nieft der Noutwendegkeet, déi et gëtt, d'europäesch Wirtschaft méi kompetitiv ze maachen, gläichzäiteg d'Finalitéit vun der sozialer Cohésioun net ënnert den Dësch fält an d'Noutwendegkeet vun ekologescher Politik net an Oppositioun bruecht gëtt zu wirtschaftlechem a sozialem Fortschrëtt. Mir hunn den Equiliber gehalen, deen dee vun der Lissabon-Strategie war, deen Equiliber och, deen d'Politik vun dësem Land iwwer all déi Joren, onofhängeg vun der Kompositioun vun de Regierungen, ausgezeechent huet.

Den Drock war grouss dat Ekologescht ewechzedrécken. Den Drock war immens dat Soziaalt méi niddereg opzehänken. Mir hunn dat gemaach andeem mer déi Allianzen an der Europäescher Unioun organiséiert hunn - bei Regierungen, beim Europäesche Parlament -, déi ee brauch, fir dass Stroosse kënne viru riicht lafen. Eenzel Regierungen, notamment

déi englesch, waren iwwert déi Ausriichtung, déi Confirmatioun vun der Articulatioun vun der Lissabon-Strategie, net frou. Si waren och net fräi vu Revanchégelüsten op aneren Dossieren.

Mir hunn et bei eisem Mäerz-Sommet vun dësem Joer zu Bréissel, deen iwwert de Stabilitéitspakt gaangen ass an iwwert d'Lissabon-Strategie gaangen ass, och fäerdeg bruecht d'Bolkestein-Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vun den Déngschtleeschtungen ze stoppen, se aus hirem normalen, sech harmlos duerstellende legislative Weiderverfolgungsprozess erauszeléise fir der Direktiv eng aner, nämlech méi eng sozial Direktioun ze ginn.

Dat sinn esou Saachen, déi um Enn vun enger Presidentschaft nawell gären a Vergiess geroden, mä déi d'Presidentschaft an eng quasi onméiglech Weiderféierungssituatioun gesat hätten, wa mer se net gemaach hätten. Nu gëtt et awer an der Europäescher Unioun vun deenen ale 15 an an der Europäescher Unioun vun deenen neie 25 der ganz vill, déi gären déi sou genannte Bolkestein-Direktiv esou duerchgezunn hätten an esou gestëmmt hätten an esou a Kraaft gesat hätten, wéi se ursprünglech geplangt war. Wann een zweemol verléiert, eemol bei Lissabon, an eemol mam Bolkestein, dann ass een a schlechter Stëmmung fir weider Kompromisser ze maachen. Mir hunn eis intensiv, well dat ass een Thema, wann och net dat iweraus grousst Thema, als dat et oft duergestallt gëtt, well d'Inzidenze vun deem Thema éischter marginal sinn, mä awer wichteg si fir déi, déi dovu betraff sinn, mat der Thematik vun den Delokaliséierungen ausernee gesat, de Bléck geschäerft fir d'Noutwendegkeet, déi et gëtt, och dee Prozess, esouwäit wéi en normativ gräifbar ass, duerch Regelwierker ze encadréieren.

Mech huet et durablement verdrësslech gemaach, dass dat Europa, wat mer an deene leschte Jore gemaach hunn, ganz dacks associéiert gëtt mat der Vokabel Delokaliséierung, esou wéi wa se gewënscht gewiescht wier oder awer esou, wéi wa se net ze verhënnere wier. Ouni de Vertrag vu Maastricht iwwert d'Währungsunioun, ouni de Vertrag vun Nice iwwer d'institutionell Reformen, ouni d'Perspektiv vun deem neie Verfassungsvertrag hätt d'Globaliséierung weltwäit an och an Europa an deemselwechte Mooss sech méi als wirtschaftlecht Gesamtkonzept duerchgesat wéi et et gemaach huet.

D'Europäesch Unioun, duerch déi verschidde Verträg, déi mer ofgeschloss hunn, duerch déi verschidde Politiken, déi mer probéieren ze alignéieren, stellt géint déi massiv, géint déi schiedlech Auswierkunge vun där Globaliséierung a vun där aus sozialer Irresponsabilitéit erwuessender Delokaliséierungswut, déi Eenzelner kënnen hunn, deen eenzeg zur Zäit ze besichtegenden Ofwiermechanismus an der Europäescher Unioun an an der Welt duer.

Dat Thema vun der Delokaliséierung huele mer selbstverständlech ganz eescht. Ech hätt just gären, dass mer virsiichteger mat deem Thema ëmginn. De Gesamtimpakt ass méi kleng wéi gesot gëtt, dat ass dat Éischt. Dat Zweet ass, dass ech gären hätt, dass mir Lëtzebuerger vläicht e bësse manner déck optrieden, wann et ëm dat Thema geet, andeem mer probéieren - e puer Deeg wäerte mer dat jo packen - an de Spigel ze kucken: Wien huet, zënter dem Zweete Weltkrich, a wien huet, zënter dass d'Sidérurgie krank ginn ass an Europa, méi vun Delokaliséierung profitéiert wéi de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, wéi d'Lëtzebuerger Wirtschaftsstruktur, wéi d'Lëtzebuerger Statsfinanzen, wéi d'Lëtzebuerger Land? Keen.

D'Goodyear ass eng Delokaliséierung aus Amerika op Lëtzebuerg. Dupont de Nemours och. Déi däitsch Banken, déi d'Stad zumindest architektonesch net besser gemaach hunn, sauf ee Sursaut am leschte Moment um Kierchberg, deen der Stad erlaabt dem Ordinairen ze échappéieren, wat ass dat anescht wéi eng Delokaliséierung vun Däitschland op Lëtzebuerg? Firwat ass aus dem Rescht vun Europa a Richtung Lëtzebuerg delokaliséiert ginn? Well d'Bedingungen hei besser waren. Firwat hu mer d'Bedingungen hei besser gemaach? Well mer wollten eng attraktiv Plaz si fir investiivt Kapital. Well mer wollten eng attraktiv Plaz si fir wirtschaftlech Tätegkeeten zouzeloossen, déi soss doruechter an där Form, wéi hei erlaabt, net erlaabt waren.

Loosst mer also méi douce optrieden, wann et ëm d'Delokaliséierung geet. Well d'Delokaliséierung, déi gutt verstanen, déi richteg organiséiert, déi propper opgesaten, war zënter éiweg a virun allem zënter den 80er Joren ee Meeschterstéck vu Lëtzebuerger Wirtschaftspolitik, zum Gudde vum Land an zum Gudde vun deene Betriber, déi heihinner komm sinn.

Mir hunn an eiser Presidentschaft - dat fënnt am Ausland, muss ech soen, méi Erwähnung wéi heiheem - eng Décisioun geholl, déi bunnbriechend ass, déi an allen Hinsichten eng spektakulär Décisioun ass, nämlech hu mer d'Europäesch Unioun gerëselt fir se drop opmierksam ze maachen, dass den europäesche Projet net nëmmen ee Projet fir Europa ass, mä dass et an der Welt esou eng grouss Demande no Europa gëtt. Esou vill grouss An, déi sech op Europa riichten, virun allem d'An vun deenen, déi näischt ze iessen hunn.

Mir hunn déi Europäesch Unioun opgerëselt fir a Saachen international Solidaritéit an Entwécklungshëllef vun der Plaz ze kommen. Mir hunn eng Décisioun erbäigefouert, an där confirméiert gëtt, während bis de Moment d'Tendenz ganz genau an déi aner Richtung geet, dass mer bis an d'Joer 2015 0,7% vum europäesche Räichtum mussen zur Verfügung stellen zu Zwecker vun der Ausradéierung vun der Aarmut an zu Zwecker vun dem wirtschaftlechen a sozialen Opbau vun deem Deel vun der Welt, deen sech iwwer eis Suergen eigentlech nëmme ka wonneren. Mir hu festgeluecht, dass bis an d'Joer 2010 mer an der Moyenne 0,56% vum europäesche Räichtum fir d'Entwécklungspolitik zur Verfügung stellen, wat mat sech brëngt, dass déi Länner, déi nach net do sinn, mussen an der Moyenne bei deene 15 ale Länner hiren Undeel op 0,51% vum nationale Räichtum eropsetzen an an deenen neie Länner den Undeel muss op 0,17% eropgesat ginn, wat eng ausseruerdentlech Ustrengung fir déi nei Länner wäert duerstellen, vun deenen d'Halschent haut nach keen entwécklungspolitesche Budget huet.

Fir domat däitlech ze maachen, dass mer eis deenen Aufgaben, déi mer an der Welt hunn, wëlle stellen, a fir d'Viraussetzung ze schafen, dass déi englesch Presidentschaft vum G8 Méiglechkeeten huet fir a Richtung Scholdennolooss vun deenen aarme Länner ze goen, wat och wäert gemaach ginn, wat dëst Land, eist Land net trëfft, well mer alt nees eng Kéier der Nues dee richtege Virsprong ginn hunn, well mer nimools sech aner Länner, deenen et méi schlecht geet wéi eis, sech bei eis verschëlde gelooss hunn, mä ëmmer anescht gehollef hu wéi duerch Kreditter, déi zréckzebezuele gewiescht wieren.

Déi Festleeungen, déi mer do getraff hunn, fannen ongedeelten Zoustëmmunge weltwäit an hunn eis en exzeptionelle Prestigegewënn ënner anerem um afrikanesche Kontinent abruecht, grad wéi och déi Festleeungen am Ëmweltberäich, heftegst ëmstridden ëmmer erëm iwwregens vun deeneselwechten, dass mer wëlle Suerg dofir droen, dass d'Erhëtzung vun der Welt héchstens zwee Grad méi héich däerf si wéi an der préindustrieller Zäit; gekämpft hu mer bis op dee leschte Millimeter op deem leschte Sommet fir dat kënnen duerchzesetze géint déi, déi fannen, dass dat am Beräich vun den ökoromantesche Phantastereien unzehänke wier.

Mä op engem Punkt si mer net zurand komm, si mer gescheitert - anescht kann ech dat net nennen - , an dat war bei der Festleeung vun der finanzieller Virausschauung, vun de finanzielle Perspektive fir den Zäitraum 2007-2013. Doriwwer ass jo déi lescht Deeg vill geschriwwe ginn. A wann een derbäi war, muss ee bei der Lecture vun deem, wat geschriwwe gëtt, soen: Dat meescht, wat geschriwwe gëtt, ass och richteg. Mä ech géif häerzlech drëm bieden, eescht Problemer an Europa net ze reduzéieren op Problemer tëscht den handelnde Persounen.

Ech hunn an der Europäescher Unioun - Wie wonnert dat? - méi substanziell Frëndschafte wéi déi, déi mech mam englesche Premier verbannen. Dat huet awer näischt mat deenen zwee Politiker u sech ze dinn. Dat huet eppes domat ze dinn, dass et fundamental Meenungsverschiddenheete gëtt wéi d'Europäesch Unioun sech soll an d'Zukunft eran entwéckelen. Mir wäerten heibanne jo iergendwann d'Geleeënheet kréien eng Kéier iwwert déi gesamt Presidentschaft ze bilanzéieren, dofir wëll ech op déi Episod, déi awer ee grousst Kapitel an der Europäescher Unioun opmécht, haut net weider agoen.

Just fir ze soen, dass et an engem aussergewéinleche Mooss beschämend war, um Enn vun där Verhandlung, an engem Moment wou déi Räich, déi näischt wollte gi fir alles ze behale wat se hunn a fir nach méi ze kréie wéi se eigentlech gären hätten, souguer verhënnere wollten, dass déi, déi näischt hunn, nach d'Wuert eng Kéier kritt hu fir ze soen, dass si op dat bëssen, wat se duerch d'Lëtzebuerger Presidentschaft géife bäikréien, gäre géife verzichten, wann dat deene Räiche géif erlaben sech ënnereneen ze verstännegen. Déi, déi alles hunn, sollen sech kräfteg schummen, dass déi, déi näischt haten an déi vun näischt hierkommen, bereet sinn, am Intérêt vum europäesche Kompromëss a fir den europäesche Projet um Liewen ze halen, op dee Minimum ze verzichten, op dee si op Grond vun hirer geschichtlecher kontinentaler Vergaangenheet eigentlech e Recht haten!

Elo hu mer dee Succès net kritt fir déi Finanzperspektiven do an d'Rei ze kréien, well d'Englänner net wollten. Vun Ufank un net wollten! Mä mir hunn een onwahrscheinlecht Kapital u Sympathie bei deenen zéng neie Länner gesammelt a bei deenen aarme Länner vun deenen ale Länner, déi gesinn hunn, dass et de Souci vun der Presidentschaft war, déi zur Verfügung stoend supplementar Geldvolumina a Richtung vun deene Regiounen an Europa ze drainéieren, wou déi Sue wierklech gebraucht ginn.

Nun ass eng ganz Geschicht entstan ronderëm déi gemeinsam europäesch Agrarpolitik. Den englesche Premier a mat him Epigone schlechtester Inspiratioun hu sech géint eng Regelung iwwert d'Finanzperspektive gewiert, well et ee Skandal wier, dass d'Europäesch Unioun esou vill Sue géif fir d'gemeinsam Agrarpolitik zur Verfügung stellen, an hunn no enger Neistrukturéierung vum Budget geruff.

Wéi mer am Dezember 2004 opgefuerdert gi sinn déi Finanzperspektiven ze regelen, huet keen dee Ruff erklénge gelooss. Wéi am Joer 2002 endgülteg bis an d'Joer 2013 d'Agrarpolitik an hir Finanzéierung festgeluecht gi sinn, huet kee gesot dat wier ee Problem. Wéi ech um Enn vum leschte Joer e Bréif kritt hu vun deene sechs Länner, déi d'europäesch Ambitiounen op 1% vun hirem Bruttosozialprodukt wëlle limitéieren, hunn ech mat Erstaune gelies, dass déi sechs, och den Här Balkenende aus Holland, och den Här Persson aus Schweden, och den Här Blair aus England geschriwwen hunn: 1% an net méi, mä et däerf näischt un der Agrarpolitik geännert ginn.

Ech liesen dat mar méi in extenso a mat spezielle Kommentaren no mengem Gusto am Europäesche Parlament nach eng Kéier vir, wou ech eng Bilanzried iwwert d'Europäescht Parlament muss halen. Elo ass dann d'Agrarpolitik dee grousse Problem an Europa. An et ass och ee Problem an Europa! Mä et muss een awer wëssen, dass et déi eenzeg Politik ass, déi eenzeg an alleng total communautariséiert, europäiséiert, vergemeinschaftet ass, dass et déi eenzeg Politik ass, déi ganz aus dem europäesche Budget bezuelt gëtt, während alleguer déi aner Politiken nëmmen à-point-Finanzementer sinn. Normal also, dass déi Politik méi Geld kascht wéi déi aner Politiken, déi gedeelt sinn tëschent den Nationalstaten an dem europäeschen Zentralmechanismus.

Fir dofir elo eng Demonstratioun dergestalt ze maachen, dass mer siwemol méi ausgi fir Fuerschung wéi fir Educatioun, wéi fir Kultur, wéi fir Sécherheet, ass natierlech eng insularesch Betruechtungsweis. Well wa mer zesummerechnen, wéivill Sue mer an Europa an an den Nationalstate fir Bildung, fir Fuerschung, fir Educatioun, fir Kultur a fir Kriminalitéitsbekämpfung ausginn, ass dat natierlech een onendlech méi grousse Betrag wéi dee klengen Deel Agrarpolitikfinanzéierung, deen am europäesche Budget steet. Dofir kann ech nëmme warne virun deene simplisteschen Duerstellungen.

Ech wëll just de Lëtzebuerger Baueren a Wënzer eppes soen, vun deenen ech héieren, si wieren an hirer Majoritéit éischter esou opgeluecht, dass se gäre géifen Nee soen zu deem Verfassungsvertrag: Maacht dat net! Maacht dat net! Well et ass haut scho schwéier, besonnesch well Frankräich geschwächt ass duerch säin Nee beim Referendum. Frankräich, dat ëmmer fir eng gemeinsam Agrarpolitik agetrueden ass, fir déi Maartreguléierungsinstrumenter ze retten, déi mer hunn, a fir déi elementar Solidaritéitsinstrumenter, déi mer a Richtung Landwirtschaft hunn, zum Beschte vun der Landwirtschaft an zum Beschte vun den allgemengen Equiliberen am Land um Liewen ze erhalen.

Deen Dag, wou d'Englänner sech duerchsetzen a wou Bréissel näischt méi bezilt, hu mir hei am Land net Sue genuch fir dat ze bezuele wat mer da bezuele mussen. Wann et ee gëtt, wann et eng Grupp Leit gëtt, déi am beschte Sënn vum Wuert vun der europäescher Politik a vun hiren Instrumenter profitéiert hunn, da mat Sécherheet d'Baueren an d'Wënzer, déi ech verstinn, dass se queesch ginn iwwert déi Blödelen zu Bréissel, déi se iwwerzéie mat enger administrativer Reguléierungswut, déi kaum erträglech ass, dass wann een, fir déi direkt Bäihëllefen ze kréien, muss 40 Säiten Text ausfëllen, wou deen, dee seng éischt Woch an engem wirtschaftleche Betrib verbréngt, direkt mierkt, dass deen, deen dee Formulaire opgestallt huet, nach ni een Dag an engem landwirtschaftleche Betrib war. Dass doriwwer Roserei entsteet, dat verstinn ech ganz gutt an doriwwer hunn ech een heftegt Gespréich och mam Kommissiounspresident an deene leschten Deeg gefouert.

Mä déi gemeinsam Agrarpolitik, just well dat gutt kléngt, zur Verfügung ze stellen, se ze eliminéieren, se platt ze walze well ee seet: „Dat profitéiert nëmme 5% vun de Leit.“, dat sinn déi Reflexer, déi mer mussen an Europa bekämpfen. Ass eng Politik eréischt richteg wa se 70% vun de Leit profitéiert? Da wier souguer d'Agrarpolitik richteg, well déi Suen, déi un d'landwirtschaftlech Betriber ginn an déi elo lassgekoppelt si vu reng betribleche Considérationen duerch déi Reformen, déi mer gemaach hunn, profitéieren an éischter Linn dem Konsument, profitéieren an éischter Linn der Sécherheet vun der Ernährung, vun der Alimentatioun an Europa.

Ech weess och, dass, wann zu Weltpräisser op eis Agrarmäert eragleiwert gëtt, dass dat méi bëlleg ass. Ech weess awer och, dass weltwäit d'Europäesch Unioun duerch déi Instrumenter, déi mer hunn, féierend ass wann et ëm d'Sécurité alimentaire geet a wann et ëm d'Qualitéit vun de Produkter geet, wann et ëm de ganze Secteur agro-alimentaire geet, deen an engem onwahrscheinleche Mooss - et ass een industrielle Beräich vun der Verfeinerung vun den Agrarprodukter - ofhänkt vun der gemeinsamer Agrarpolitik. Do unzesetzen ass Demagogie pur.

Ze verlaangen: „Dat muss geännert ginn!“, ier mer hei Budgetsperspektiven opstellen, ass d'Traditioun vum feste Wëllen, vun Ufank un et net zur Eenegung iwwert de Budget kommen ze loossen. An duerfir mussen d'Leit, déi soen: „Et ass jo alles gutt esou wéi et haut ass. Firwat brauche mer en neie Vertrag? Firwat brauche mer déi Verfassung? Firwat brauche mer dee Verfassungsvertrag?“, wëssen: Wa mer dat net hikréien an engem absehbaren Zäitraum - dee gëtt méi laang wéi deen, dee mer geplangt haten - da bleift et net esou wéi et ass. Da gëtt zréckgedréint. Déi, déi soen: „Et soll alles bleiwe wéi et ass a mir brauchen näischt Neies. Et ass jo alles gutt esou wéi et ass.“, déi liwweren d'Fudder an d'Munitioun fir déi, déi dat Europa, wat mer hunn a wat mir a villen Aspekter net gefält, wëllen zréckdréinen op déi europäesch Situatioun, déi mer haten ier mer déi Politike stoen haten, déi et eis erlaabt hunn an Europa virunzekommen.

Dat, wat ech iwwert d'Agrarpolitik soen a wat technesch kléngt, ass eng politesch Remarque. Mir hunn et hei mat zwou Virstellunge vun Europa ze dinn. Dat hu mer scho méi laang. Scho méi laang soe mer och: Dat explodéiert eng Kéier. An déi Diskussioun iwwert d'Finanzperspektiven, déi huet dat net verursaacht; si huet dat just gewisen.

Et gëtt déi, fir déi ass d'Europäesch Unioun soss näischt wéi e grousse Maart, ee grand magasin, wou een all Produits blancs ze kafe kritt, déi bëlleg sinn, déi näischt kaschten, vun deenen een net weess wou se hierkommen a vun deenen een net weess wat un Aarbecht an deene Produkter drastécht; eng grouss Fräihandelszon, esou wéi den amerikanesche Maart, deen awer net nëmme Fräihandelszon ass, mä och nach aner Elementer behält; ee grousse Marché.

An da gëtt et déi, déi deem Marché, dem Maart wëllen d'Solidaritéit ginn, dem Maart selwer, dem Maart alleng. D'Mateneen an d'Géinteneen an d'Niewentenee vu Betriber produzéiert keng Solidaritéit. En ass allergesch géint d'Solidaritéit. En däerf keng Solidaritéit wëllen, well e muss jo funktionéieren. An et muss esou sinn, dass deen, dee besser drun ass, dee besser kann, alleng Meeschter ass an déi aner dominéiert. Dat ass wat de Maart wëllt.

An da gëtt et déi - heiansdo kléngt dat archaesch, mä ech wëll schrecklech almoudesch sinn -, déi dem Maart wëlle Solidaritéitsinstrumenter ginn, déi d'normativ Kraaft vum politesche Wëllen, de-

mokratesch legitiméiert, der Rücksichtslosegkeet vum Maart wëllen opposéieren an imposéieren. De Maart alleng mécht der e puer frou. D'sozial Maartwirtschaft awer, déi aus Prinzip an deem neie Verfassungsvertrag fir d'éischt an der europäescher Geschicht ageschriwwe gëtt, déi gëtt dem Maart eréischt déi richteg Faarf, déi richteg Kräften, dee richtege Jus, dat Erträglechmaache fir d'Leit, déi mat dem Maartgeschéien ze dinn hunn an déi net nëmmen der renger Gesetzesméissegkeet vum exklusive Maart ënnerworf sinn.

Dat sinn déi zwou Konzeptioune vun Europa, déi sech géintiwwer stinn: Déi, déi d'Fräihandelszon wëllen an déi, déi d'politesch Integratioun wëllen. An ech soen Iech fräi a frank: Mir mussen eis wiere géint de rücksichtlose Maart. Mir mussen eis dergéint wieren, dass, falls mer dee Verfassungsvertrag net kréien, déi Recht behalen, déi en net wollten, déi de Maart alleng wëllen an deenen d'Solidaritéit ee Graus ass.

An ech hunn, net héieren, mä et ass mer gesot ginn, dass den englesche Premier gëschter am ënneschten Haus éischtens d'Lëtzebuerger Presidentschaft attackéiert huet, wat ech net direkt als Beleidegung emfannen, mä gesot huet, d'Verfassung wier dout. Mä den Här Blair seet, d'Verfassung wier dout, net well se dout ass, mä well déi, déi fir de Maart sinn, well déi, déi géint d'Solidaritéit sinn, well déi, déi keng Solidaritéitsinstrumenter vu Räich op Aarm, vu Staark op Schwach wëllen an Europa zouloossen, gären hätten, dass dee Verfassungsvertrag an déi Philosophie, fir déi dee Verfassungsvertrag steet, dout wieren. An dofir muss ee sech wieren, mat aller Energie, géint dee simpliziteschen Dialog iwwer eeschthaft europäesch Problemer.

Den europäesche Kontinent an deen organiséierten Deel vun deem Kontinent, d'Europäesch Unioun, dat ass een dramatesch komplizéierte Kontinent. An déi, déi mengen, dat mat der Zooss vun den einfache Regele kënnen ze iwwerdecken, wat keng Regele sinn, mä de Géigendeel vu Regele sinn, déi ieren sech fundamental. Nëmmen dat deeglech wuessend Netz vun transnationalen Intersolidaritéiten an alle Beräicher vum gemeinsame Liewe mécht deen europäesche Kontinent sécher an erträglech fir op deem Kontinent ze liewen.

Déi, déi nëmmen en Europa vun deene Staarke wëllen, nëmmen een Europa vun deene Performante wëllen, nëmmen een Europa vun deene Schéine wëllen, nëmmen een Europa wëlle vun deenen, déi grouss international Allianze ganz oft op Käschte vun der Europäescher Unioun schmieden, déi weisen net de Wee an déi berouegt europäesch Zukunft, déi mer brauche fir dass déi kleng Länner an déi kleng Leit an deem Europa kënnen eens ginn. An dofir geet et hei net ëm Konflikter tëscht Leit; et geet hei ëm zwou fundamental Philosophien, ëm zwee politesch Entwërf an zwou politesch Architekturen, ëm méi wéi europapolitesch Skizzen, déi openee stoussen a wou et gutt ass, dass se elo openee gestouss sinn, fir dass dee Konflikt eng Kéier däitlech gëtt.

Firwat sinn d'Leit - vill Leit! - eigentlech net frou mat der Virstellung, dass mer deen europäesche Verfassungsvertrag, deen europäeschen neie Vertrag solle kréien? Et brauch ee jo nëmme mat de Leit ze schwätzen, iwwer laang Joren, fir ze wësse wat net geet. Déi hei am Haus an an der Publizistik, déi iwwert d'Leit schreiwen a schwätzen ouni mat de Leit ze schwätzen, hu jo gemengt, déi Saach - deen neie Verfassungsvertrag - géif hei geholl gi wéi Hunneg. Dat war ni, wéi der vill heibanne wëssen, meng Meenung. Well d'Leit sinn net frou mat deem Europa wat mer hunn. A well se net frou si mat deem Europa wat mer hunn, lehnen se dat Europa of wat mer solle kréien a wat dee Verfassungsvertrag zeechent. Well si kënne jo nëmmen dat oflehnen. Si kënne jo net dat Europa oflehne wat mer hunn, well doriwwer huet jo keen se gefrot an doriwwer freet och keen se. Et gëtt iwwert d'Zukunft gefrot an et gëtt iwwert d'Géigewaart ofgestëmmt. Et gëtt een Text proposéiert an et gëtt ee kontinentale Kontext jugéiert. Dat ass d'Problematik, mat där mer et hei ze dinn hunn.

An dofir musse mer, nieft der noutwendeger Explikatioun iwwert déi Verfassung, fir déi ee méi oder manner laang Zäit brauch - déi politesch Parteien zu Lëtzebuerg menge mir hätten Zäit genuch bis den 10. Juli, an ech mengen, wa mer dat intensiv maachen, dann ass dat och vum Kalenner hier an der Rei -, dat Europa, wat mer hunn, vläicht nei erklären an nei begrënden. An do fält mer op, dass iwwert dat, wat essenziell ass, wat vital ass, wat existenziell ass fir den europäesche Kontinent, net geschwat gëtt. A wann een doriwwer schwätzt gesäit een aus wéi een, deen aus der däischterer Geschicht op d'Bühn vun der Aktualitéit gezu gëtt. Wann ee schwätzt iwwert déi éiweg europäesch Fro: Krich oder Fridden?, gesäit een aus wéi een, deen d'europäesch Geschicht net géif kennen.

Mä just déi, déi se kennen, déi se studéiert hunn, mä déi se selwer net erlieft hunn, déi awer mat deene geschwat hunn, déi se erlieft hunn, wëssen, dass déi Fro sech an Europa ëmmer erëm stellt. An déi, déi, wéi den Ausseminister, de Minister Schmit an ech, déi lescht Deeg erlieft hunn, wëssen: Dat hei ass ee Kontinent, deen een heftegt Konfliktpotenzial huet, wou et ganz séier, net a Richtung Krich geet, mä ganz séier a Richtung ongenéierte Retour zum Nationalstat an Opstelle vun deem engen Nationalstat géint deen aneren Nationalstat geet. Ongenéiert! Virdrun ass dat méi sophistikéiert probéiert ginn. Et ass elo ongenéiert wou dat geschitt, wou d'Leit engem soen: „Mir sinn net do - am Norde vu Schweden - fir ze bezuelen, dass et am Norde vu Griichenland besser geet. Mir sinn net do - an der Mëtt vun Holland - fir derfir ze suergen, dass déi lues entwéckelt Regiounen an de baltesche Staten op d'Bee kommen." D'Casse vun den europäesche Solidaritéitsinstrumenter, d'Ofkéiere vun deem wat Europa ausgemaach huet, well dee Solidaritéitsgedanken de Kontinent esou irrigéiert huet, dass d'Virstellung, d'Konflikter tëscht de State wieren anescht wéi friddlech an enger gutt gefügtener politescher Uerdnung ze léisen, konnt entstoen.

Ech hunn ni behaapt, ech géif et och ni behaapten, dass déi, déi fir den Nee zu deem Vertrag sinn, déi sinn, déi de Krich wëllen. Dat géif ech onerhéiert fanne fir déi Ënnerstellung ze maachen. Ech denken alt ëmmer u Biller, déi een esou huet, déi ee gekuckt huet. Kuckt emol, 1932 stoungen 80.000 franséisch an däitsch Zaldoten zu Versailles, hu sech d'Hand ginn an hu sech geschwuer: Dat do geschitt ni méi! 7 Joer duerno hunn se erëm openee geschoss. Mengt net, déi Gefore wiere fir ëmmer fort. Haut virun zéng Joer ass a Bosnien vergewaltegt ginn, si Kanner ëmbruecht ginn, si Kazetter opgeriicht ginn, ass an d'Haiser vu Sarajevo geschoss gi vun de Scharfschützen, déi ronderëm déi Stad, Olympiastad iwwregens, opgestallt waren. E puer Joer duerno ass et am Kosovo lass gaang, matzen an Europa, annerhallef, zwou Stonne Fliger vun hei ewech, a mir soen: Déi Gefor gëtt et net. Et gëtt se net tëscht Däitschland a Frankräich, et gëtt se net tëscht Lëtzebuerg an der Belsch, et gëtt se mol net tëscht Lëtzebuerg an England,…

(Hilarité)

…mä et gëtt se matzen an Europa. A wa mer déi Europäesch Unioun net als dee grousse kontinentale Projet onversehrt an onbeschiedegt an déi nächst 20, 30 Joer eriwwerbréngen, da gi mir där Gefor, där latenter kontinentaler Gefor, déi et an Europa gëtt, Konflikter anescht wéi mat de Mëttele vun der Politik a vu friddlecher Diplomatie ze léisen, net lass.

D'Leit kritiséieren d'Erweiderung a reege sech driwwer op - ech verstinn dat jo och e bëssen -, doriwwer wiere se net gefrot ginn. Ech géif zu där Erweiderung gären eppes soen, well ech mierken, dass dat ee Punkt ass, an deene Länner déi Nee gesot hunn, déi Nee gesot hunn aus dausend Grënn, mä op engem Punkt - Élargissement - enger Meenung waren, a well ech verstinn, dass och hei am Land Bedenke sinn. Ech géif, well ech domat eppes ze dinn hat, méi wéi een aneren hei am Haus, dat gären erklären. Dat hu mer jo net gemaach well mer d'Leit wollte rose maachen. Dat hu mer gemaach well mer keng aner Optioun haten. An heiansdo iergeren d'Leit sech jo - ech verstinn dat jo alles - iwwer esou Aussoe perspektivescher Natur, déi ech maachen.

Ech hunn 1997 dee Conseil européen presidéiert wou d'Erweiderung décidéiert ginn ass, no Ost- a Mëtteleuropa, no Zypern a Malta. Wat war dann d'Situatioun, déi mer '93, '94, '95 virfonnt hunn? Et waren an Europa 32 nei Staten entstan no 1989. Et sinn den 1. Mee 2004 sechs Staten an der Europäescher Unioun agetrueden, déi et viru 17 Joer nach guer net ginn ass: déi dräi Baltestaten Estland, Lettland a Litauen, Slowenien, dee räsonnabelsten Deel vun deem fréiere Jugoslawien, d'Tschechei an d'Slowakei, déi sech getrennt hunn; déi Länner huet et iwwerhaapt net ginn.

An an der Peripherie vun der Europäescher Unioun sinn onendlech vill nei Staten entstan, doduerch dass d'Sowjetunioun sech désagrégéiert huet. Do sinn déi sou genannte GUS-Staten entstan: d'Ukrain, Moldawien, Georgien, Kasachstan, Kirgistan; d'Zeitunge sti voll dovun. Wësst Der wéi wäit dass dat vun hei ewech ass? Et brauch een net dräi Deeg mam Fliger ze fléien ier een do ass. A véier Stonnen ass een do. Dat ass op eiser Hausdier; op eiser Hausdier an an eisem eegenen Haus sinn 30 nei Staten entstan. Hätt een déi sech selwer sollen iwwerloossen?

Déi Staten, déi Grenzproblemer mateneen hunn an haten, an historesch sech d'Käpp ageschloen hu wéinst deene Grenzproblemer, déi Staten, déi wirtschaftlech um Nullpunkt waren, well se aus engem System vun administréierter zentraldirigéierter Ekonomie iwwergewiesselt sinn, ënner dausend Affere vun de Leit, besonnesch vun deene klenge Leit a Systemer vu sozialgefaasstener Maartwirtschaft, hätt een deene Länner keng Perspektiv dierfe ginn? Hätt een deene Leit solle soen: „Kuckt dass Der eens gitt!"? „Mir hunn näischt mat Iech ze dinn. Mir hunn Iech zwar ëmmer gesot: Kuckt dass Der de Kommuniste lass gitt. Mä elo wou Der e lass gi sidd, lo kuckt no Iech, lo hu mir näischt méi mat Iech ze dinn."

Hätte mer deene Leit zu Budapest, déi 1956 virun de sowjetesche Panzeren hu misse wäichen, deenen zu Prag an zu Bratislava, déi 1968 niddergeknëppelt an niddergerullt gi sinn, deenen zu Warschau, déi sech am Krich dat Schlëmmst hu musse gefale loossen, an nom Krich sech näischt konnten erlaben, hätte mer deene Leit solle soen: „Kuckt dass Der eens gitt!"? Deene baltesche Staten, déi vun de Preise besat waren a vun de Sowjet annektéiert - honnertdausende Balte si bis 1988 an d'sibiresch Lageren ofgefouert ginn -, solle soen: „Klibbert eis! Mir hunn näischt mat Iech ze dinn!"? Hätte mer déi Länner sollen an der totaler wirtschaftlecher, sozialer an historescher Perspektivlosegkeet beloossen?

Wat wier da geschitt? Déi hätten ënnereneen aussergewéinlech vill Konflikter a Raibereie gehat. Déi hätte keng wirtschaftlech Perspektiv gehat. Een, dee militäresch op d'Prouf gestallt gëtt, an een, dee wirtschaftlech keng Perspektiv huet, een, deen dat soziaalt Aus als déi eenzeg Hoffnung huet - an dat ass keng Hoffnung -, dee setzt sech a Bewegung, dee bleift net do wou en ass.

Et gëtt iwwert d'Erweiderung sech geiergert, si hätt net solle sinn a si wier ze séier geschitt. Am Fall vun der Net-Erweiderung, am Fall wou d'Europäesch Unioun sech net op Invitatioun hin transportéiert hätt a Mëttel- an Osteuropa, hätte sech Milliounen Ost- a Mëtteleuropäer an de Westen transportéiert. Déi Problemer, déi elo beschriwwe ginn, sinn eng Folleg vun der Erweiderung, an déi, déi minim sinn, wiere maximal a grouss ginn am Fall vun enger Net-Erweiderung. Et ass zu där Erweiderung historesch keng aner alternativ Optioun gi wéi si selwer an dofir huet déi Erweiderung misse gemaach ginn.

Elo kommen 102 Milliounen Europäer an d'Europäesch Unioun. Dat ass 102 Millioune Mol Hoffnung, dat ass 102 Millioune Mol Energien, Talenter, Kënnen, Wëssen, historesch Erfahrung, Blutt an Tréinen och. 102 Millioune Mol! A mir soen: „Mir hätte gär eis Rou. Mir bleiwe gär alleng. Mir këmmeren eis gär ëm eis Saachen; bekëmmert Dir Iech ëm Är Saachen!"

De Kontinent, deen hätt een Äerdbiewen erlieft wa mer déi Erweiderung do net gemaach hätten. An dofir - dat soen ech als een, deen 1995 heibanne gesot huet, et géif keng politesch Entreprise ginn, déi esou onpopulär géif gi wéi déi vun der Erweiderung - soen ech, a wann nach esou vill Leit dogéint sinn: Et wier schlëmmer haut um europäesche Kontinent wa mer déi Erweiderung net gemaach hätten. A villerlee Hisiicht. Ech hunn een Deel dovu beschriwwen.

Mir hunn haut een Aussenhandel an Ost- a Mëtteleuropa mat deenen aacht Länner, mat deenen 102 Millioune Leit, deen ass méi grouss wéi deen Aussenhandel, dee Lëtzebuerg an iwwer 60 Joer Wirtschaftsgeschicht mat deenen 290 Milliounen Amerikaner opgebaut huet. Mir exportéieren haut méi no Ost- a Mëtteleuropa wéi no Amerika. Eisen Handel mat Ost- a Mëtteleuropa ass méi grouss wéi dee mat eisen traditionellen Handelspartner aus Iwwerséi. Eisen Undeel um Osteuropahandel ass dräimol méi séier geklomm wéi eisen Undeel um Welthandel insgesamt. Et gëtt haut méi Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, déi vu Rumänien, vu Bulgarien, vun der Tschechei, vu Slowenien a vu Polen ofhänke wéi vun Amerika.

Hu mer eppes verluer och nach bei der Erweiderung, wa mer schonn net begräife wëllen, dass et noutwendeg war wéinst deenen 102 Millioune Mënschen, déi aus der Gefaangenschaft erauskomm sinn, an där se agespaart waren? Mir hunn och nach selwer esouguer dovu profitéiert. Wéi déi Länner opgaang sinn, wéi mer och an déi Länner eragesinn hunn, hu mer schrecklech Saache gesinn, zum Beispill déi total morod, antikéiert Atomkraaftwierker, déi an deene Länner stoungen. A Bulgarien, a Lettland, op anere Plazen, Modeller vu virun der Tschernobil-Zäit, iwwerhaapt net méi geséchert.

Wa mer déi Länner net an d'Europäesch Unioun opgeholl hätten, wa mer net déi Hëllefsprogrammer entwéckelt hätte fir den Ëmbau vun deenen Anlagen oder d'alternativ Ersetzung vun deenen Anlage kënnen ze finanzéieren, wat wier dann d'Resultat? Da géife mer op deenen Zäitbommen, vun deene mer guer net wossten, dass et se ginn huet, mä wat mer awer elo wëssen, nach ëmmer sëtzen. Soss fäerte mer alles - alles fäerte mer! -, mä mir huelen net zur Kenntnis, dass déi europäesch Perspektiv, dat lues a lues sech Erurobbe vun deene Länner un d'Europäesch Unioun et méiglech gemaach huet, dass och eng aner Energiepolitik an eng aner Energieversuergungspolitik, eng manner geféierlech Energieversuergungspolitik duerch déi Exigenzen, déi mer deene Länner gesat hu fir dass se kënnen an d'Europäesch Unioun kommen, imposéiert ginn ass a méiglech ginn ass.

D'Leit reegen sech op - héieren ech - iwwert den Euro. Jo wat ass dann elo? Ech gesinn d'Madame Flesch; déi war Wirtschaftsminister 1982. Ech héieren nach d'Debatten heibannen, no der Ofwäertung vum belsch-lëtzebuergesche Frang, ofgewäert ëm 8,5% ouni dass nëmmen een eng Kéier mat eis och nëmmen eng Minutt doriwwer geschwat hätt ob dat eis géif passen oder net, wou mer d'gesamt Politik ëmgestallt hu bis hin zu den Indexmodulatiounen, vun deenen anerer gesot hunn, et wiere Manipulatiounen. Et war esou eppes dertëschent.

Elo si mer de Copropriétaire vun enger vun deene stäerkste Währunge vun der Welt. Musse mer eis doriwwer wierklech bekloen? Ass et, soulaang wéi mer de belsch-lëtzebuergesche Frang haten, net emol heiansdo zu engem Uklamme vun der Inflatioun komm? Net emol heiansdo zu engem Uklamme vun de Präisser komm?

Vun un dass ech Politik maache streiden d'Leit manner iwwert d'Präisser, déi ëmmer an d'Luucht ginn, méi laang ënnert dem belsche Frang wéi elo ënnert dem Euro. Och deemools scho sinn d'Präisser geklomm. An ech gi jo och zou, dass eenzel Secteuren e bësse schamlos profitéiert hu vun der Euroaféierung fir hir Präisser no uewen ofzerënnen. Ënnert dem Strëch hu mer eng Inflatioun, déi ënner Kontroll ass. Wéi ech an d'Regierung komm sinn - et ass laang hier -, 1982, hate mer eng Inflatioun vu 14%. 14%! Hätte mer haut nach eng Inflatioun vu 14%, hätte mer och keng automatesch Indexupassung méi. D'automatesch Indexupassung hu mer duerchgesat 1991, wéi d'Währungsunioun agefouert ginn ass am Maastrichter Vertrag, géint de Wëlle vu jiddferengem.

Déi Virstellung, Lëtzebuerg kéint sech ni duerchsetze mat senge Spezifissitéiten, mat sengen Extrasaachen, ass eng falsch Virstellung; dat hu mer fäerdeg bruecht. Well mer och gesinn hunn, dass déi präisstabilitéitsorientéiert Politik zu manner Inflatioun géif féieren an d'Indexatioun vun de Léin an de Gehälter null kompetitivitéitsverzerrend Endkonsequenzen zu Lëtzebuerg hätt.

Wiere mer am belsch-lëtzebuergesche Frang bliwwen, am europäesche Währungssystem agespaart bliwwen, wat wier da geschitt déi lescht Joren? Well d'Leit jo dat Europa oflehnen, wat mer elo hunn. Da musse se sech emol froen: Wat ass dann duerch dat Europa, wat mer elo hunn, besser gi wéi déi Situatioun, déi mer haten, ier mer dat Europa, wat mer hunn, haten?

Mir haten ee Krich um Balkan, deen éischte Krich an Europa nom Zweete Weltkrich. Mengt Der, d'Währungen hätten dorop net reagéiert wa mer net amgaang gewiescht wären, den Euro ze kréien? Mir haten ee Krich am Irak - deen zweete Krich am Irak - 2003. Mengt Der, déi europäesch Währungen hätten net matenee geschwat, wann et net déi zwéngend Kraaft vun dem einheitlech organiséierten Euro ginn hätt?

Wie weess dann nach - Firwat vergiesse mer eigentlech esou séier? - wéi dat 1991 beim éischten Irak-

krich war? Tëscht 1991 nom Krich an '93 ass 14-mol an der Europäescher Unioun op- an ofgewäert ginn. De Finanzminister, deen ech deemools war, war all sechs Wochen zu Bréissel fir iwwer Réalignementer ze schwätzen. Bei der mexikanescher Finanzkris, bei der argentinescher Finanzkris, bei der russescher Finanzkris, bei all deene Kricher, déi mer haten, bei der Dollarkris, déi mer elo hunn, beim Uklamme vun de Pëtrolspräisser - 40%, a sechs Méint, déi mer elo hunn - hätten déi national Währungen, géif et se nach ginn, am Süde vun Europa ofgewäert an am Norde vun Europa entweder ofgewäert - belsche Frang - oder opgewäert - däitsch Mark. Den däitschen Export wier zréckgaang, eis Betriber wiere konkurrenzéiert ginn, op alle Mäert vun Europa, vun de südlännesche Betriber.

1992, wéi d'Italiener ofgewäert hunn, sinn dräi Firmen zu Lëtzebuerg Pleite gaang. Wie weess dat nach? Firwat weess eigentlech kee méi dat? Wou déi Betriber, déi op dräi Schichte geschafft hunn, dräi Joer laang nëmme méi op enger Schicht geschafft hunn. Dat Europa hate mer, an elo hu mer ee bessert Europa, well mer een Europa hu wat d'Währungsstabilitéit huet, wou eis Betriber an eng geséchert Planungszon kënnen eran investéieren, wou se net duerch d'Capricë vun nationale Regierungen, déi ofwäerten, kompetitiv ofwäerten, verdrängt gi vun de Mäert. Eis Aarbechtsplaze si méi sécher ginn duerch den Euro. De Bensin un der Pompel, deen hätt zweemol de Präis vun haut, wa mer net den Euro hätten a wa mer nach mam belsch-lëtzebuergesche Frang géife gestikuléieren.

Wat hätte mer gär? Dat Europa, wat mer haten, oder dat Europa, wat mer hunn a wat mer musse besser maachen? Dat Europa, wou d'Rakéiten zu Prag stoungen, déi op Bréissel an op Lëtzebuerg geriicht waren, dat Europa, wou mer Angscht hate virun der nuklearer Katastroph, dat total iwwergerüstet Europa, wou een deen anere gekuckt huet wéi Doudfeinden, dat Europa, wat seng beschte Kräfte gelähmt kritt huet duerch déi fanatesch Oppositioun tëscht zwee Gesellschaftsmodeller, sowjeteschkommunistesch a westlech-fräiheetlech, dat Europa, wou jiddferee seng eege Währung hat, wou jiddferee fir sech alleng war, dat Europa, wou d'Solidaritéit net organiséiert war oder dat Europa, wat mer haut hunn? Wat wëlle mer eigentlech?

Firwat si mer an enger Zäit, wou ee sech net méi freeë kann? Kënne mer eis net freeën iwwert dat, wat mer zesummen do fäerdeg bruecht hunn? Hei am Land a mat eisen europäesche Partner zesummen. Dat ass dach eppes Formidabeles. D'ganz Welt staunt doriwwer. Just mir soen: Dat ass alles näischt.

Mir stëmmen Nee géint eppes wat soll kommen, well mer mat deem net zefridde si wat mer hunn. A mat deem wat mer hu si mer net méi zefridden, well mer total vergiess hunn, wat mer virdrun haten. Dofir muss een heiansdo vläicht mol erëm beschreiwen, wat mer virdrun haten a wat mer elo eréischt kritt hunn, nodeem mer déi Europäesch Unioun op d'Bee gestallt hunn.

Elo solle mer dee Verfassungsvertrag do kréien. Ob dat ganz gescheit war - vill Kolleegen heibanne wësse vu menge Reserven -, deen neie Vertrag Verfassung ze nennen, ass eng aner Fro. Well fir d'Leit ass dat ee Begréff aus der nationaler Proximitéit, deen net einfach ze iwwerdroen ass op eppes, wat kee Stat ass a wat awer méi ass wéi eng politesch Organisatioun, méi onofhängeg vun de Wierder.

Firwat musse mer dee Verfassungsvertrag an der Saach wëllen hunn? E steet elo net zur Dispositioun. Den europäesche Rot huet gesot, de Ratifizéierungsprozess, dee geet virun. En huet gesot, déi Länner, déi Paus brauche fir nozedenken, fir ze schwätzen, fir ze diskutéieren, fir ze explizéieren, solle sech déi Zäit huelen. Ee Land, wat am Explikatiounsprozess - oh, et sinn nach vill Explikatiounen ze ginn a vill Ligen aus der Welt ze huelen a vill Onwourechten aus der Welt ze huelen a vill Fantasmen aus der Welt ze huelen - esou wäit fort ass wéi mir, ass mengen ech mat sech selwer an der Rei, well et an e puer Woche senge Bierger déi Fro stellt. Ob et duergeet fir alles ze éliminéieren, wat u falsche Saache gesot gëtt, do musse mer eis gutt druginn. A mir wäerten eis och gutt druginn, fir dat ze maachen.

Et gëtt e puer Parlamenter, déi nach an dësem Mount ratifizéieren - Malta, Zypern -; dat steet a kenger lëtzebuergescher Zeitung. Firwat solle mir eis och mat der Prozedur vun deene klenge Länner beschäftegen?

(Hilarité)

Malta an Zypern ratifizéiere virum Enn vun dësem Mount. Estland mécht dat och. Déi aner Baltestaten hunn et och gemaach. Mä loosse mer net no deene klenge Länner kucken, loosse mer eis schéi fixéieren op déi grouss, op déi, déi zu eis passen.

(Hilarité)

Mä déi Kleng, déi ratifizéieren. An et gëtt der e puer, déi froe sech Bedenkzäit, well se nach net esou wäit an hirer Explikatioun si wéi mir. A mat där Explikatioun musse mer virufueren.

Wann Der mech haut frot, ob ech 100%eg sécher sinn, dass déi Verfassung a Kraaft trëtt, da kann ech lech déi Fro net beäntwerten. Ech kann hei Theater spillen a soen: Dat geet schonn. Mat der Pudderdous duerch déi zwielef Kantone fueren: Maacht lech keng Gedanken, dat geet alles schonn an d'Rei.

Wann d'Fransousen an d'Hollänner net nach eng Kéier stëmme ginn, an dat maache se réischt nom Mee 2007, dann trëtt dee Vertrag net a Kraaft. A bis dohinner trëtt e mat Sécherheet och net a Kraaft.

Mä wann en a Kraaft trëtt, well déi déi Fro dann nach eng Kéier, no enger anerer Debatt, anescht beäntwerten, dann hätt ech gären, dass déi eleng si mat hirem Nee an dass mir bei deene sinn, déi zur Zäit Jo gesot hunn.

Mir hunn eis ëmmer an der Geschicht vun eisem Land zur Zäit richteg entscheet. Ech weess net wou mer dat Talent hierhuelen, mä mir hunn eis ëmmer richteg entscheet. Ëmmer.

Mir hunn eis richteg entscheet viru 60 Joer a méi, wéi mer Nee gesot hunn zum däitschen Okkupant, während anerer net Nee gesot hunn. Mir hu vun der éischter Sekund un Jo gesot zur europäescher Integratioun, wéi anerer nach iwwert de Wee gestridden hunn, ob se solle matmaachen oder net matmaachen, a wou der hei am Land vill gesot hunn, mir dierften net matmaachen. Eis Schmelze géifen zougemaach ginn no dräi Méint, wa mer d'CECA géife maachen.

Mir hu Jo gesot zu deem Courage, dee mer gebraucht hunn, nodeem eisen Agrarstat op een Enn komm war, fir een Industriestat ze maachen an, wéi dee krank ginn ass, mat neie Projeten, neien Iddien, neien Aktivitéiten, eng nei Wirtschaft opzebauen. Mir kënne jo, wa mer wëllen. A mir hunn eis ëmmer richteg geluecht, wann et wichteg war. Loosse mer eis och dës Kéier richteg leeën!

Well dat, wat mer do offréiert kréien, dat ass gutt. Dat ass gutt fir eist Land an dat ass gutt fir Europa. Wann d'Fransousen an d'Hollänner net d'Kraaft fannen eng Kéier Jo ze soen a wann dee Vertrag eng Kéier muss, wat ech net wënschen a kaum gleewen, renégociéiert ginn, wien négociéiert do aus enger Positioun vun der Stäerkt eraus: déi, déi de Vertrag ofgelehnt haten, oder déi, déi Jo gesot hunn zu deem Vertrag? Et négociéieren déi aus enger Positioun vun der Stäerkt eraus, déi in tempore non suspecto a matzen an enger Atmosphär vum kontinentwäiten Nee era Jo gesot hunn zu deem Vertrag. Déi sinn un der Spëtzt vun deenen, déi hir Vuen, déi gutt europäesch Vuen, déi et sinn, an déi gutt national Interessevertriedungen, déi et sinn, kënnen duerchsetzen.

Deen neie Vertrag, dee regelt d'europäesch Kompetenzuerdnung nei; dat hu mer ëmmer gefrot, als Land, dass Europa net alles soll regelen, mä sech nëmmen ëm dat soll bekëmmeren, wat Europa besser ka wéi den Nationalstat, sech ewechhale soll vun allem, wat mer selwer eleng besser kënnen. Déi Iwwerreguléierungswut, dee Programmrausch vun der Europäescher Kommissioun, déi mer virun 20 Joer a méi ëmmer erëm festgestallt hunn, muss gebremst ginn an ersat ginn duerch eng fein Opdeelung tëscht europäeschen an nationalen Aufgaben. Dat liwwert deen neie Vertrag als Äntwert. Da solle mer déi Äntwert huelen.

Mir wëllen dach net - Oder wëllt een dat? -, dass d'Europäesch Unioun, doduerch dass se déi Regel net festleet, iwwert d'Entwécklung vun der Jurisprudenz - där heiansdo megalomaner - vum europäesche Geriichtshaff an eist Schoulwiesen erandiktéiere kënnt, an eis Kulturinstituter, an eist Kulturbehuelen erandiskutéiert. Wëlle mer dat?

D'Kompetenze si festgeluecht elo, op Punkten och déi fir Lëtzebuerg, sou hat ech se wéinstens emol verstan, an der Vergaangenheet ëmmer wichteg waren a wouriwwer mer mat eisen Noperen ëmmer am Sträit stoungen: d'Steieren.

Wahrscheinlech sinn ech ee vun deene ganz wéinegen heibannen, déi sech iwwerhaapt theoretesch konnte virstellen, dass een do mat Majoritéit kënnt ofstëmmen. Soss ass mer ëmmer gesot ginn, vun all Mënsch: Bei de Steiere muss et bei der Eestëmmegkeet bleiwen. An deem neie Vertrag bleift et bei der Eestëmmegkeet. A mir wëlle jo och net, dass duerch ee mehrheitleche Beschloss vun den europäesche Regierungen driwwer décidéiert gëtt, wéi den normalen TVA-Saz zu Lëtzebuerg ass. Oder wëlle mer dat?

Wëlle mer, dass eng Majoritéit vun den europäesche Regierungen, déi keng Suen hu well se net op hir Suen oppassen, driwwer décidéieren, dass eisen TVA-Saz vun 3% op der Restauratioun, op de liewenswichtege Grondernährungsmëttelen, vun 3% op 25% gesat gëtt, just well d'Majoritéit vun de Regierungen dat wëllt? Wëlle mer dat?

Stoung dat, jo oder nee, am Entworf vum Konvent? An ass dat, jo oder nee, an der Regierungskonferenz ewechgeholl ginn? Wëlle mer dat oder wëlle mer dat net?

Wa frësch verhandelt gëtt, a well jo hei vill Leit Applaus kréien, a si ginn och nach an d'Land invitéiert fir hir Iddien duerzeleeën, déi ënnert dem Deckmantel vun engem Plädoyer fir e méi soziaalt Europa, kloer an däitlech - a wat fir enger Lëtzebuerger Zeitung stoung dat? - fir d'Majoritéitsdécisioune bei der Besteierung schwätzen: Stellt den Här Emmanuelli déi Fro, wann e kënnt, ob zu Lëtzebuerg d'TVA soll duerch Majoritéitsbeschluss vun anere Regierungen erbäigefouert ginn an ob mer selwer zoustänneg si fir d'Skulptéiere vun eiser Steierlandschaft a fir d'Sozialverhältnisser hei am Land?

Wa mer nei verhandelen, wie gewënnt bei där Verhandlung? Obwuel ech deen Ausdrock „gewanne" guer net gär hunn. Wien huet déi beschten Argumenter an där Verhandlung? Deen, dee Jo gesot huet zu där Verfassung, oder deen, deen Nee gesot huet zu där Verfassung an dee mol net ka soen, firwat dass en ee Land muss vertrieden, wat Nee gesot huet?

Mä wann een ee Land vertrëtt wat Jo gesot huet, weess een, zu wat dass d'Leit an engem Land Jo gesot hunn.

Wëlle mer een europäesche Vertrag? Dat wëllen der vill, déi Nee gesot hunn a Frankräich, wou duerch majoritäre Beschloss vun deenen anere Regierungen a vum europäesche Parlament an eise Pensiounsregime agegraff gëtt. Nëmme Gott weess jo, wéi vill Zodi mer hei scho mateneen iwwert d'Pensioune gehat hunn. Mä ech hunn awer léiwer mir streiden hei an dësem Haus mateneen, wéi dass anerer, andeem mir dogéint stëmmen, décidéieren, egal wat mir soe wéi d'Pensiounen hei am Land sollen organiséiert ginn; dat ass eis Décisioun.

Déi, déi am Frankräich Nee gesot hunn, dee sou genannte fortschrëttleche proeuropäeschen Deel vum Nee hätte gären, dass dat Majoritéitsdécisioune ginn, bei de Steieren, bei der Sécurité sociale, an anere Beräicher vun der Politik, wou mir mengen, mir kleng Lëtzebuerger, do wiere mir eleng Meeschter an och wëllen eleng Meeschter bleiwen. Wat jo net heescht, dass mer net am Gedanke vun der Solidaritéit, där interaktiver, mat deenen anere Länner zesumme schaffen.

Mir hu jo eestëmmeg eng Harmoniséierung vun der TVA an Europa gemaach, mam Accord vun alle Parteien heibannen, mat Ausnahm vun deene Gréngen - aus anere Grënn.

(Interruption)

Mir hu festgeluecht, dass de Mindestsaz an Europa 15% ass. Mir waren op 12%, mir hu mussen op 15% eropgoen. Mä mir sinn nach ëmmer op 15%.

An ech hätt och gären, dass mer kënnen deen niddregste Steiersaz an der Europäescher Unioun behalen, ouni dass een anenen eis duerch Mehrheitsbeschluss seet, dass en elo muss gehéicht ginn.

Mir hunn dach eng Harmoniséierung vun der Kapitalertragssteier zu Lëtzebuerg an an Europa gemaach, ouni dass mer eist Bankgeheimnis hu missen opginn, mä awer eng europäesch Léisung hikritt. Et geet also och eestëmmeg, wann een déi richteg Verhandlungspositiounen huet a versteet, se mat Geschéck ze vertrieden.

An deem neie Verfassungsvertrag geschitt eppes, wat mer ëmmer verlaangt hunn, jiddfereen heibannen, nämlech dass déi national Parlamenter eng Roll ze spille kréien. Elo steet dran, dass, wann déi national Parlamenter befaasst ginn an a genügend grousser Zuel sech wieren, dass d'Kommissioun, déi dat jo virschléit, eng Direktiv, déi an der Opfaassung vun eisem Parlament net de Regele vun der Subsidiaritéit géif entspriechen, wou eist Parlament also géif mengen, mir kënnen dat dote besser maachen, eleng, wéi dass mer dat an der Europäescher Unioun maachen, kann Asproch erhiewen.

Elo kréie mer dat europawäit Petitiounsrecht. Doriwwer gëtt de Geck gemaach. Firwat gëtt eigentlech doriwwer de Geck gemaach? Wou gëtt et dee Kontinent? Wou gëtt et dee Grupp vu 25 Länner an der Welt, wou d'Bierger, d'Interessegruppen, déi, déi eppes ze soen hunn, oder déi, déi eppes fäerten, sech kënnen un déi politesch Instanze wende fir ze soen: „Dat do wëlle mer net oder mir hätte gär dat doten."? Mengt Der wierklech, dass, wann d'Kommissioun zum Beispill am Aarbechtsrecht Reforme mécht, wéi den Här Blair se gären hätt a wéi ech se net wëll, an et si 50 Millioune Gewerkschaftler vum EGB, déi eng Ënnerschrëften-aktioun do dergéint maachen, mengt Der da wierklech da géif d'Kommissioun soen: „Mir maachen dat wéi d'Engländer et gären hätten a mir maachen dat net esou wéi d'europäesch Gewerkschaftsbewegung et gären hätt."?

Wann d'Ëmweltverbänn an Europa, déi iwwregens ganz zefridde si mat der Lëtzebuerger Presidentschaft, eng Petitioun maache géint d'Virpresche vun der Europäescher Kommissioun, mat deem se net averstan wier, mengt Der da wierklech d'Kommissioun kënnt soen: „Dat ass eis egal wat déi Leit, déi d'Ëmweltsensibilitéit duerstellen, zum Ausdrock bréngen."?

Dat europäescht Petitiounsrecht bremst alles, wat an déi falsch Richtung leeft, an erméiglecht alles un Initiativen, déi aus der eegener Verantwortung vun der Politik wahrscheinlech ni géife geholl ginn.

Deen neie Vertrag erlaabt et, an engem onwahrscheinleche Mooss besser géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit virzegoen. Déi, déi jo maximal vun Europa profitéieren, dat sinn d'Gangster. Hätte mer gären, dass mer einfach nokucken? Oder solle mer net eis Instrumenter an d'Hand gi fir wierksam géint d'Kriminalitéit, géint den Terrorismus, géint d'Finanzkriminalitéit unzetrieden?

Déi nei Verfassung gëtt eis d'Méiglechkeet fir dat ze maachen. Asyl - mengt Der wierklech, eist klengt Land, dat klengt Frankräich, dat butzegt Frankräich, dat klengt Däitschland, dat butzegt Däitschland an der Weltkaart kënnt sech eleng wiere géint d'Problematik vun der Wanderung vun de Mënschen, géint d'Asylproblematik, géint d'Immigratiounsproblematik? Ronderëm d'Mëttelmier wunnen 350 Millioune jonk Afrikaner an 10 Joer, déi manner wéi 25 Joer al sinn. Menge mer wierklech, wa mer se aarm loossen - wat der vill wëllen, mir net - an déi setze sech a Bewegung, den Nationalstat eleng kënnt sech wieren oder kënnt déi Leit integréieren? E kann et net.

Mir brauchen europäesch Äntwerten op Froen, déi sech un de Gesamtkontinent a senger Breet an a senger Déift adresséieren. Woubäi souguer och nach an deem Verfassungsvertrag steet, dass, wat den Zougank zum Aarbechtsmaart ugeet, d'Länner selwer Meeschter bleiwen, wat ech fir eng wichteg Dispositioun halen.

Hätte mer gären eng Europäesch Unioun, déi sech zréckentwéckelt, och sozial? Wou lues a lues deen neoliberale Gedankegang, deen iwwerhaapt näischt mat Liberalismus ze dinn huet, sech duerchsetzt, an deen den onbefristeten Aarbechtsvertrag lues a lues, mä sécher, als eng absolut Ausnahm erschénge léisst, déi Zäitverträg zum normale Fall mécht? Oder wëlle mer eng Europäesch Unioun, déi d'sozial Maartwirtschaft an hir Verfassung geschriwwen huet? Déi an der Verfassung stoen huet, dass all Politik muss iwwerpréift ginn, ob se de sozialen Exigenzen entsprécht, déi bestëmmte Politik, déi do ugepeilt gëtt, duerch déi sou genannten horizontal Sozialklausel? Alles gëtt der Sozialexigenz ënnerworf a muss bewise ginn.

Wëlle mer dat oder wëlle mer einfach den Duerchmarsch vun deenen, déi den einfache Leit, déi schaffe ginn an déi net méi domm si wéi déi aner, all Rechter ewechhuelen, all Sécherheet ewechhuele wëllen, se bis an hir Dignitéit wëllen treffen, doduerch dass se sech net méi kënne wiere géint déi brutal Gewalt vun de Maartgesetzer? Wat wëlle mer? Dat wat mer an deem Verfassungsvertrag ugebuede kréien oder dat wat riskéiert ze geschéien, wann alles esou bleift wéi et ass a wann zwangsleefeg - dat huet dee leschte Sommet gewisen - déi europäesch Entwécklung sech haaptsächlech géint déi kleng Leit erëm no hannen entwéckelt?

Wëlle mer an eng Verhandlung eragoen, nodeem mer ee Vertrag gestëmmt hunn, wou mer sechs Deputéierten hunn, oder nodeem mer géint e Vertrag gestëmmt hunn, wou mer sechs Deputéierten hunn? Wëlle mer an eng Verhandlung eragoen, wou mer wéi déi grouss Länner d'selwecht behandelt ginn, wann et drëm geet e Kommissär op Bréissel ze schécken, oder wëlle mer mat enger Verhandlungspositioun eragoen, déi vum Vollek ofgelehnt gi wier? A wou een da misst erklären, dass se wuel do derfir waren, mä dass et aner Saache waren, wou se dergéint gewiescht wieren.

Wëlle mer eng wou d'Steieren, wou d'Sécurité sociale, wou de Kënnegungsschutz net kann ëmmoduléiert gi géint eise Wëllen, oder wëlle mer eng - an dofir solle mer se stëmmen, da kënne mer dat och staark vertrieden an der Zukunft -, wou déi Saachen do esou geregelt sinn, wéi et der Interesselag vum Kontinent an der Interesselag vun eisem eegene Land entsprécht?

Wëlle mer eng europäesch Uerdnung hunn, wou europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik no europäeschem Muster, no europäeschem Zoustand gemaach gëtt, oder no dem Zouschnëtt vun den nationalen Interesselage vun deene grousse Länner? Wëlle mer a Richtung europäesch Verteidegung goen, jo oder nee?

Virun 10 Joer, hei an op villen anere Plazen, war grouss Opreegung, dass d'Europäer géifen nokucke wéi um Balkan d'Mënsche géife geschluecht ginn. An elo gi mer eis d'Instrumenter an d'Hand fir selwer, anstatt ëmmer op Washington mussen ze telefonéieren, déi Problemer, déi sech heiheem an eise Länner stellen, an de Gréff ze kréien. Net nokucke musse während sechs Méint, dass Frae vergewaltegt ginn; net nokucke musse wa Konzentratiounslager erëm um Balkan opgeriicht ginn, mä selwer eppes maachen, aktiv Solidaritéit weisen: Dat steet an där neier Verfassung.

An déi, déi se oflehnen, mat alle méiglechen Argumenter, an ech hu fir villes Verständnis wat un Ängschte formuléiert gëtt, bieden ech och emol Verständnis derfir ze hunn, dass et gutt Grënn gëtt fir Jo ze soen zu deem Entworf, iwwert deen den 10. Juli ofzestëmmen ass. Well dat ass een Entworf, deen zum Gudde vun de Mënschen ass an zum Gudde vun de Länner ass.

A wat hu mir als Land dann dobäi ze gewannen? A firwat applaudéiere mer deenen a Frankräich, déi Nee zur Verfassung soen? Well se gären eng eegestänneg Aussepolitik behalen? Wat ass dat dann, eng eegestänneg lëtzebuergesch Aussepolitik? Wat ass dat? Wat ass dat dann, eng eegestänneg lëtzebuergesch Aussepolitik, trotz allen Talenter, déi mer do zënter Joren an och elo alignéieren, fir eis diplomatesch Ambitiounen no baussen ze droen? Wat ass dat dann, déi lëtzebuergesch Äntwert op d'Konflikter vun eiser Zäit, wa mer eleng op eis gestallt sinn?

Begräife mer dann net - ech komme jo elo mam Här Asselborn aus Kanada an aus Amerika erëm, viru genau engem Dag war ech beim President Bush -, dass déi aner sech froen: Wat geschitt mat deem Europa do? Déi eng spiere sech op eemol méi staark, an déi aner fille sech verlooss. Amerikaner an anerer kënne sech méi staark spieren. Mir hunn dat zwar gutt gemaach dobannen, beim Här Bush, fir dass deen do dat richteg gesinn huet.

(Hilarité)

An d'Afrikaner, déi fille sech verlooss.

Mir mussen dach gesinn, dass d'ganz Welt op Europa kuckt. Mir sinn dach net fir eis eleng. Wee si mer dann, dass mer mengen, mir kënnten d'Geschécker vun der Welt no eise Regele festleeën, ouni Rücksicht ze huelen op aner Deeler vun der Welt?

Dee Verfassungsvertrag bréngt méi Demokratie, bréngt méi Transparenz, mécht et méiglech méi Sozialpolitik ze maachen, wa mer déi richteg politesch Majoritéiten an eise Länner hunn. Dat ass jo net eng Verfassung, déi virschreift, de Kënnegungsschutz misst ofgebaut ginn. Et ass eng Verfassung, déi seet: Alles muss de sozialen Exigenzen ënnerworf ginn.

D'sozial Exigenzen, wee befënnt doriwwer? Doriwwer befannen d'Regierungen an d'Europaparlament. Et ass eng Saach vun de politesche Gestaltungsmajoritéiten, déi mer an den eenzelne Länner opriichten, déi där Verfassung Liewe gëtt.

Eis Verfassung seet jo och net: Esou muss et gemaach ginn oder esou muss et gemaach ginn. Et sinn d'Regierungen an et sinn d'Parlamenter, déi décidéieren, wat de Gebrauch ass, wat den Ëmgank ass mat enger Verfassung.

An dofir gesinn ech mam allerbeschte Wëlle keng aner Méiglechkeet, wéi den 10. Juli de Referendum ze hunn, a keng aner Méiglechkeet, wéi den 10. Juli mat méiglechst grousser Zuel Jo ze soen.

Well ganz Europa kuckt op eis. Ech kommen aus Sitzunge mat Europäer a mat Amerikaner a mat Kanadier, fir Iech kënnen ze soen - den Här Asselborn bestätegt mech doran -, dass den 10. Juli net nëmmen Europa op Lëtzebuerg kuckt, mä d'Welt op Lëtzebuerg kuckt.

Nach ni hat ee klengt Vollek esou eng grouss Entscheedung ze huelen an Europa. Nach ni!

An dat klengt Vollek, dat ass eist. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat klengt Vollek, wéi ëmmer a senger Geschicht, déi richteg Décisiounen trëfft. An dofir musse mer, ech maachen dat, mat Leidenschaft kämpfen, fir dass d'Lëtzebuerger den 10. Juli Jo soen, wéinst Europa a wéinst deem eegene Land.

Wéinst deem eegene Land fir d'éischt an da wéinst Europa; wéinst Europa fir d'éischt an da wéinst deem eegene Land. Et geet ëm eis Plaz an der Europäescher Unioun; et geet ëm eis Harmonie mat eis selwer. Et geet drëm ob mer eis versöhne mat deem, wat mer an der Vergaangenheet gehollef hunn opzebauen a wat mer wëlle mathuelen an d'Zukunft eran, eng Zukunft, déi vun deene wäert an 30 Joer dirigéiert ginn, déi näischt méi wësse vun deenen Ursaachen, déi dozou gefouert hunn, dass mer d'Europäesch Unioun an de 50er Joren hu musse maachen.

Den Hitler an de Stalin sinn an de Käpp vum Joer 2004 sou wäit ewech wéi de Wëllem II an de Clemenceau aus eisen Erënnerungskategorien. Haut scho wëssen 80% vun de jonken Éisträicher net méi wien de Goebbels an den Himmler waren. Haut schonn! Wie soll an 30 Joer dann nach wëssen, wou mer hierkommen a wat mer ze maachen hunn?

An dofir: Et ass eng Saach vum Häerz.

Plusieurs voix.- Très bien.

(Applaudissements)

M. le Président.- Ech soen dem Statsminister an Ärer aller Numm Merci fir seng engagéiert Deklaratioun, déi hien hei ofginn huet, a mir kommen dann zur Diskussioun vun deem, wat hie gesot huet. Als éischte Riedner ass den Här Michel Wolter agedroen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Kolleege vun der CSV-Fraktioun si sech eens, dass dat elo net einfach gëtt. De Statsminister huet aus eisem Häerz geschwat an en huet op seng Aart a Weis an enger Stonn an zéng Minutten de kompletten Tour vun der Fro gemaach, wéi se sech stellt.

Ech wollt am Numm vu menger Fraktioun - an och wa mer haut net de Bilan zéie vun der Présidence - eis Regierung ausdrécklech félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se an deene leschte sechs Méint am Intérêt vun Europa gemaach huet. Dir hutt, léif Kolleegen, eist Land würdeg an Europa vertrueden. Ech hunn e Statsminister, en Ausseminister, en deleguéierten Ausseminister an eng ganz Équipe ronderëm gesi vu Politiker awer och vu Beamten, déi wierklech dat Allerlescht ginn, fir aus där Présidence, déi mer dës Kéier haten, deeselwechte Succès ze maachen, wéi déi Présidencen, déi mer an deene leschte Jorzéngten haten.

Dir hutt eist Land gutt vertrueden an d'Leit hunn dat och esou gesinn. An och wann de Sommet vun der leschter Woch net zu deem Erfolleg gefouert huet, ass dat contrairement zu deem, wat ee gëschter an engem Parlament gehéiert huet, net d'Schold vun der Présidence, mä d'Schold vun deenen, déi géint gutt Argumenter net bereet ware fir de Schong vun der Solidaritéit unzedoen an domat Europa virunzebréngen.

Mir wollten, Dir Dammen an Dir Häre, an dat ass mäin zweete Punkt, eng Diskussioun iwwer Europa kréien. An deem Moment wou mer dat zesummen décidéiert hunn, hate mer éischter un eng akademesch Diskussioun geduecht, eng akademesch Diskussioun am Stil, dass mer jo déi lescht 50 Joer an Europa net villes falsch gemaach hunn an dass ee sech net kënnt virstellen, dass aus där Diskussioun eng politesch Diskussioun kéint entstoen. Eng politesch Diskussioun, déi mer hunn, déi mer dobausse mat eisem Vollek féieren, engem Vollek wat Argumenter huet, engem Vollek wat Froen huet, engem Vollek wat Ängschten huet. An duerfir ass et gutt, dass mer déi Diskussioun hunn, mä et ass och gutt, dass mer déi Diskussioun elo den 10. Juli mat engem Vote ofschléissen.

D'Argumenter sinn amgaangen ausgetosch ze ginn am ganze Land, op de Manifestatioune vun der Chamber, op de Parteimanifestatiounen, déi déi eng an déi aner organiséieren. D'Leit stelle vill Froen iwwert d'Verfassung, awer net nëmmen iwwert d'Verfassung. Si stelle Froen iwwer Europa, si stelle Froen iwwert d'Roll vu Lëtzebuerg an Europa, si stelle Froen iwwer hir eegen Zukunft a wéi et virugeet. A mir als Politiker, mengen ech, hunn och eppes geléiert, nämlech dass een och op engem europa-politesche Sujet mat de Leit iwwer konkret Inhalter, och vun nationaler Politik diskutéiere kann a soll.

Eng Schwieregkeet, déi mer an deene leschte Méint haten - an et ass enger Rei vun eis opgefall -, ass déi, dass d'Leit dobausse mat der Prozedur Schwieregkeeten haten. Net ze schwätze vun deenen, déi der Meenung waren, dass een iwwerhaapt kee Referendum sollt ofhalen. Och där gëtt et der an eiser Bevölkerung, déi der Meenung sinn, dass d'Politik, déi se dohinner gestëmmt huet, dat en fin de compte hätt solle maachen, sou wéi se dat ëmmer an deene leschte Joren a Jorzéngte fir Lëtzebuerg gemaach huet.

Mä d'Leit hate Schwieregkeete mat dem Text, dee se virgeluecht kritt hunn. Manner, mengen ech, well se Schwieregkeeten hate mam Text, mä well se keng zwee Texter dohinner geluecht kritt hunn. D'Leit hu manifestement e Besoin, wa se fir eppes décidéieren, dat ze maache par rapport zu eppes anescht. An d'Schwächt vun dëser Diskussioun, an déi mer eis eragefouert hunn - an de Statsminister huet dat an där leschter Stonn op eng brillant Aart a Weis duergestallt -, war déi, dass et en Text war, dee kee Géigentext, keng Géigepropositioun géint sech do leien hat.

De Feeler, dee mer gemaach hunn, ass deen, dass mer dunn och nach zu fënnef - et si jo elo Gott sei Dank keng fënnef méi, mä nëmmen nach véier - de Leit gesot hunn, datt se deen Text och nach solle stëmmen. A spéitstens an deem Moment ware ganz vill Leit duerjerneen, well se gesot hunn: Dir hutt eis bis elo nach ni gefrot, Dir frot eis elo an en fin de compte loosst Dir eis keng Alternativ, well Dir der Meenung sidd, aus Äre Grënn, déi héchstwahrscheinlech vun Iech aus déi richteg sinn, dass ee mat Jo soll stëmmen.

De Jo konnt sech op eppes eenegen, et ass e Kompromiss tëschen engem Europa - an dat hunn déi lescht Deeg gewisen -, wat ganz vill verschidde Biller a ganz vill verschidde Komponenten huet. Et ass also selbstverständlech en Text, dee kengem individuell vun eis zu honnert Prozent gefält, mä et ass en Text, dee resolut an d'Zukunft kuckt an et ass en Text, dee fir Lëtzebuerg e gudden Text ass. Mir hunn d'nächst Woch den 28. Juni ausféierlech Geleeënheet op déi eenzel Dispositioune vun där Verfassung zréckzekommen an och op d'Avantagen an d'Erausfuerderungen, déi se fir Lëtzebuerg an Europa stellt.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt ee Jo, mä et gëtt honnert Neenen. Honnert Neenen, déi de Beweis net hu missen untrieden, dass si sech ni op en Text gëeenegt hätten. Oder gitt Dir dovunner aus, dass a Frankräich den Här Fabius an den Här Le Pen, wa mer se zwee Méint géifen ewechspären, eraus géife kommen a sech op en Text géifen eenegen, an duerno mat deem Text d'Majoritéit vun de Fransousen hanneru sech géife kréien?

Ech ginn dovun aus, datt wa mer den Här Bossi aus Italien mam Här Blair aus England beienee setzen a mer soen zu deenen, si sollen en alternativen Text zu dëser Verfassung opschreiwen, dass déi zwee mat engem Text kommen, deen e Kompromiss géif ginn. A wa se, Här Henckes, zu engem Text géife kommen, da ginn ech Iech op eng Salztuut, dass deen Text esou wier, dass en zu Lëtzebuerg ni eng Majoritéit géif kréien, well déi Leit fir en anert Europa astinn wéi dat Europa, firwat dass mir do stinn.

Une voix.- Très bien.

M. Michel Wolter *(CSV).*- No dem Neen a Frankräich an an Holland ass an Europa eppes geschitt, wat vill Politiker sech an deem Sënn net erwaart haten. Vill méi schnell, wéi mer jeemools gemengt hunn, hu sech europawäit d'Leit an eng aner Richtung beweegt. Mir ware sécher, dass mer d'Leit hannerun eis hätte fir den europäesche Gedanken. A mir hu festgestallt an deene leschten zwou, dräi Wochen, dass op ville Plazen an eisen Ae ganz bedenklech national politesch Egoismen nees zuvirkomm sinn. Leit, déi Europa an eng ganz aner Richtung wëllen drainéieren, wéi mir dat gären hätten.

Et ass en Zécken duerch d'europäesch Politik gaangen. En Zécke wat däitlech ze spiere war op deem Sommet vun der leschter Woch, en Zécken, wat am Fong dozou bäigedroen huet, dass dee Sommet vun der leschter Woch net zu deem Succès konnt ginn, deen en en fin de compte verdéngt hätt.

An et huet ee villes héieren an Europa déi lescht zwou Woche vun Denkpaus, vun ophalen, vu virufféieren. Verschidde Leit hunn et fäerdeg bruecht an Europa an enger Woch zwee verschidde Messagë vu sech ze ginn. An duerfir ass op de Sommet gekuckt ginn. Och hei zu Lëtzebuerg, hu mer op de Sommet gekuckt, a mir hu gekuckt, wat d'Konklusioune sinn, déi aus deem Sommet erauskommen.

An dee Sommet huet en Zeeche gesat. Et war net dat Zeechen, wat sech déi eng oder déi aner heibannen erwaart haten. Dee Sommet huet net décidéiert, dass de Ratifizéierungsprozess géif opgehale ginn. De Sommet huet net décidéiert - wat eis Préférenz gewiescht wier -, dass ee sech elo op een Datum am nächste Joer gëeenegt hätt an dass een dann d'Ratifizéierungsprozedur europawäit ofgeschloss hätt op engem Datum.

De Sommet huet gesot, all Land muss nom beschte Wëssen a Gewëssen décidéiere wann, wéini an op wat fir enger Plaz dass et seng Ratifizéierungsprozedur wéilt ofschléissen. D'Regierung huet déi Responsabilitéit an d'Parlament ginn, net well d'Regierung sech hirer Responsabilitéit wollt entzéien, mä well d'Parlament eng Décisioun geholl huet, fir d'Leit ze convoquéiere fir den 10. Juli.

D'Parlament, Dir Dammen an Dir Hären, huet déi Responsabilitéit opgeholl. Et héiert een elo dobaussen, dat hätt dräi Deeg gedauert. Ech fannen, dass d'Parlament eng exemplaresch Aarbecht gemaach huet, fir an dräi Deeg innerhalb vun deenen eenzelne Fraktiounen, déi se composéiert, an duerno an der Conférence des Présidents zu enger Décisioun ze kommen, zu enger unanimer Décisioun ze kommen an net zu enger Décisioun, déi net unanime wier.

Et sinn an deenen eenzelne Parteien, wéi am Vollek, zwou Meenunge gewiescht, ob ee soll virufueren oder net, ob ee soll ausetzen, ob ee sech un enger Denkpaus soll bedeelegen, wéi se a gewëssene Länner jo och agetrueden ass, oder ob een dee Processus, dee mer ugefaangen hunn, zu Enn sollt bréngen.

Mir waren an eiser Fraktioun mat enger grousser Majoritéit der Meenung, dass een dee Processus op en Enn soll féieren. Sou wéi jo och d'Mënschen dobaussen, d'Leit dobaussen, an hirer Majoritéit der Meenung sinn, dass een dee Processus zu Enn soll féieren.

D'Verfassung ass dout, gëtt da gesot vun deenen, déi zwar elo soen, se géife gär virufueren, mä déi net nëmme gären hätten, datt se dout ass, mä se och nach gäre géife mam Lëtzebuerger Nee begruewen. D'Verfassung ass net dout, well d'Verfassung ass an enger Prozedur. Zéng Länner hu Jo gestëmmt, zwee Länner hunn Nee gestëmmt, an ier mir den 10. Juli ofstëmmen sinn nach een oder zwee Länner, déi hir Prozedur ofschléissen.

An et war esou gewollt, Dir Dammen an Dir Hären, et war gewollt, dass de Bilan géif gezu ginn, nodeem déi 25 Länner eent nom anere sech dofir oder dergéint ausgeschwat hätten. Si mir Lëtzebuerger da manner wéi d'Fransousen? Si mir Lëtzebuerger manner wéi d'Englänner? Si mir Lëtzebuerger manner wéi d'Spuenier, déi sech zu där Fro do ausgeschwat hunn?

Mir sinn der Meenung, dass d'Lëtzebuerger och d'Recht hunn zu där Verfassung hei hir Meenung ze soen. Ob se dann a Kraaft trëtt - de Statsminister huet et gesot - décidéiert sech spéider, wann de Bilan gezu gëtt. Mä mir si resolut der Meenung, dass et fir eist Land besser ass, wa mer, wann de Bilan gezu gëtt, op där Säit vun deene stinn, déi Jo zu där heiter Verfassung gesot hunn, well mer einfach net gesinn, wat fir eng Verfassung dann amplaz kéint kommen, wat fir een Text dann amplaz kéint kommen, dee fir eist Land eng besser Solutioun géif bréngen.

An dofir wëlle mer als CSV virufueren zu Lëtzebuerg mam Ratifizéierungsprozess, well e virugeet, well mer gären hätten, dass eis Stëmm gehéiert gëtt, well och nach anerer virufueren, well contrairement zu deem, wat ee jo dobausse permanent gezielt kritt, et der net nëmme gëtt, déi ophalen, mä och eng ganz Rei, déi virufueren. Well eis

Wahl ugefaangen huet a well, wann een eng Wahl ugefaangen huet an d'Leit zur Urn geschratt sinn, ee ganz, ganz gutt Argumenter an enger Demokratie muss hu fir dee Rendez-vous mam Wieler a leschter Sekonn nees ofzesoen.

Mir sinn der Meenung, dass d'Diskussioun gutt viru sech geet. Et ass jo net, wéi wa se eréischt gëschter ugefaangen hätt. Ech kennen der eng ganz Partie heibannen, déi si scho säit Wochen, säit Méint ënnerwee, fir mat de Leit ze diskutéieren. Et gëtt awer ee groussen Ënnerscheed: Virun dräi Méint hues de nach mat 20 Leit an engem Sall diskutéiert, wann s de haut iwwer Europa diskutéierst, sëtzen an deemselwechte Sall 200 an 250 Leit fir matzediskutéieren. Wann dat kee Beweis ass, dass d'Lëtzebuerger an deene leschte Wochen amgaange si sech hir Froen ze stellen an hir Meenung ze maachen, dann, mengen ech, gëtt et keen anere Beweis.

A schlussendlech, Dir Dammen an Dir Hären, si mer der Meenung, dass Europa en anere Message brauch wéi deen, deen amgaangen ass sech zur Majoritéit ze deklaréieren ouni datt e majoritär ass.

Mir géife gären als Lëtzebuerger e Message vun Hoffnung gi fir all déi nei europäesch Länner, déi fir e politesch integréiert Europa stinn an déi dat op der Basis vun enger sozialer orientéierter Maartwirtschaft wëllen opbauen, dass si wëllkomm sinn an deem Europa. Mir wëllen e Message erausginn, dass mir keen Europa wëllen, dat sech op d'Realisatioun vun enger Fräihandelszon beschränkt. Mir hunn nach dräi Wochen Zäit fir an engem rouege Gespréich mat de Leit doriwwer ze diskutéieren. Mir mengen, dass mir ganz gutt Argumenter hätten. Den 10. Juli sinn d'Leit souverän. Mir hu Vertrauen an d'Leit.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Charles Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Fraktioun félicitéiert d'Lëtzebuerger Présidence fir all déi Efforten, déi si an deene verschiddene Virsëtz, déi se gefouert huet an deenen diverse Composantë vum Conseil gemaach huet, si an hir Équipen, hir Beamten, alleguer déi Leit, déi sech an de leschte sechs Méint an och virdrun engagéiert hunn, fir datt Lëtzebuerg déi beschten Tromp konnt ausspillen, déi et ëmmer hat, nämlech déi vun der Crédibilitéit.

Wann e Land kleng ass an et gëtt klenglech, dann ass et verluer. Mä wann e Land kleng ass an et huet Crédibilitéit, da kann et engem groussen Ensembel Impulser ginn, an ech mengen, dat ass deene successive Présidencen an och dëser Présidence besonnesch gelongen.

Mir wëllen och duerfir déi Succèsen, déi d'Lëtzebuerger Présidence remportéiert huet, net schmäleren. Et ass doudsécher e grousse Succès, datt de Stabilitéitspakt konnt ënnerdaach gefouert ginn; wat net esou evident war a mir ginn och dem Statsminister do eis voll Unerkennung an eis Félicitatiounen.

Mir fannen och dat eng Revolutioun - an ech schwätzen elo vun engem Beräich, fir deen ech selwer fënnef Joer laang d'Responsabilitéit gedroen hunn -, datt mer konnten d'europäesch Partenairen iwwerzeegen, fir vun elo bis d'Joer 2015 vun 0,39 op 0,7% öffentlech Zouwendungen eropzekommen vun der nationaler Wäertschöpfung, fir et deenen Äermste vun deenen Aarmen zoukommen ze loossen. Dat ass eng Victoire fir d'Solidaritéit!

Mir sinn och frou, datt an deene verschiddene Relatiounen, déi Europa mam Rescht vun der Welt hat, d'Présidence - an do all déi, déi d'Responsabilitéit gedroen hunn - eng gutt Figur ofginn hunn. Ech mengen och, datt hei am Haus - ech wëll dat och soen als Vertrieder vun der Demokratescher Fraktioun - bal jiddfereen dozou bäigedroen huet, a mir och. Mir hunn eis zréckgehale mat lästege Froen oder Débaten. Mir hunn - net fir owes doheem erauszegoen, oder fir fir näischt ugestallt ze ginn - déi Zäit profitéiert, wou mer keng Question parlementaire virbereet hunn, fir bei d'Comptoiren erklären ze goen, wourëm datt et geet. A mir si paff iwwert dee Gruef, deen et engersäits tëschent den Aussoe gëtt an anerersäits tëschent deem, wat bis elo percevéiert ginn ass.

An de Michel Wolter huet Recht, wann e seet, do wou soss zéng Leit souzen, begéine mer der elo 120. Et ass awer net, datt do wou der soss zéng souzen, net iwwer Europa geschwat ginn ass. Et ass driwwer geschwat ginn, mä et huet keen interesséiert. Firwat interesséiere sech d'Leit elo op eemol? Mir hunn d'Gefill, datt et d'Leit haaptsächlech duerfir interesséiert, well et elo spannend gëtt. Et gëtt spannend an déi Tensioun wäert och nach zouhuele bis zum 10. Juli. An déi Spannung huet, quoi qu'on en dise, awer ee Virdeel, nämlech deen, datt mer alleguer ënner Zwang sinn, fir déi Obligation de résultat, fir den 10. Juli dat do eriwwerzekréien, voll a ganz ze assuméieren. Ech mengen, ech schwätzen do bal am Numm vu jiddferengem heibannen; bal am Numm vu jiddferengem, wann ech dat virun zwee Méint gesot hätt, dann hätt ech gesot, mir kënnten am Numm vu jiddferengem heibanne schwätzen.

Well et geet hei ëm schrecklech villes. Et geet ëm villes, wat net verstane ginn ass, et geet ëm villes, wat d'Leit plot a wat se dann - à tort mengen ech - mam europäeschen Integratiounsprozess assimiléieren. An et ass och esou, datt - op jidde Fall sou wäit wéi ech déi Rendez-vousë mat der öffentlecher Meenung an Erënnerung hu bis elo - et net drëm geet, fir sech doriwwer ewechzesetzen, mä deen, dee geplot ass mat engem Problem, dee muss och eng Äntwert fannen op dee Problem.

Een, dee seng Aarbecht viru kuerzem verluer huet oder dee soss vill Misère huet, dee kann een an där Phas doudsécher net fir Europa begeeschteren.

Et stëmmt och, datt et bei all Prozess Verléierer gëtt. Am europäeschen Integratiounsprozess gëtt et sécher enorm vill Gewënner, et gëtt och vläicht déi eng oder déi aner Verléierer. Mat deene musse mer och schwätzen an deene musse mer ganz kloer soen, datt d'Politik sech besonnesch muss mat deenen ofginn an net sech iwwert deenen hir Suergen ewechsetzen.

Et ass een tentéiert no den Ausféierunge vum Statsminister, fir elo grouss Wierder oder grouss Sätz ze beméien. Ech hat probéiert derlaanscht ze kommen. Mä ech wollt lech awer, wéi ech nogelauschtert hunn, och e puer Zitater an Erënnerung bréngen, déi mech perséinlech terribel beweegt hunn. 1990, kann ech mech erënneren, hunn ech mat engem Direkter vun enger Klinik am Oste vu Rumänien geschwat, an do sot deen, wéi mer erausgaange sinn, an engem perfekte Franséisch - an en hat d'Land ni verlooss, en huet dat niewebäi studéiert -: „Den Hitler huet mir eng hallef Generatioun confisquéiert. De Stalin an de Brejnev an den Tchernenko a wéi se alleguer heeschen, déi hu mer annerhallef Generatioune confisquéiert. Zwou Generatioune vu mengem Liewe sinn hin. Je suis arrivé au bout du rouleau."

De Mann ass och 14 Deeg drop gestuerwen.

E bësse méi wäit war eng Demonstratioun vu Studenten, an déi hunn den Uschloss un d'transatlantesch Sécherheetsstrukture gefuerdert, engersäits, an den Zougank zum europäeschen, politesche Wirtschaftsraum, anerersäits. An ech hunn och gesot, datt dat net esou evident wier, datt dat net esou séier géing goen.

Déi, déi deemools 15 Joer al waren, déi hunn der haut 32. Déi, déi 45 Joer al waren deemools, an deenen hir Eltere schonn hir Jugend confisquéiert kruten a si bis dohinner hiert Liewen, déi sinn haut an der Pensioun. An alleguer déi, déi mengen, den Elargissement wier ze séier gaangen, déi sollen eng Kéier mat deenen dote schwätzen. Déi hunn d'Gefill, datt et bei hinnen ze lues gaangen ass.

Si si privéiert gi vun den Zouwendunge vum Marshall-Plang. Do si 16 Milliarde fir 17 Länner - oder 17 Milliarde fir 16 Länner, ech weess et net méi - zur Verfügung gestallt ginn, a si waren alleguerten privéiert. Mir hunn nogekuckt, ouni iergendeppes ze ënnerhuelen, 1956 zu Budapest. Mir hunn nogekuckt, ouni eppes kënnen ze ënnerhuelen, 1978 zu Prag. Mir hu bei villem nogekuckt, wat mat Ënnerdréckung vu Mënscherechter a Minoritéiterechter ze dinn hat.

An da kënnt och dat zweet Zitat. Wéi dunn den eiserne Rideau gefall ass, du war zu Lëtzebuerg eng Konferenz. Do huet de fréiere polneschen Ausseminister Skubiszewski eng Ried gehalen an du sot en: „Mir sinn amgaang en attendant …" - 1990 huet nach kee vun Erweiderung no Polen geschwat - „…eis Relatioune mat den Nopeschlänner, well den Droit positif international esou aarm ass, anescht ze gestalten. A mir hu wëlles der däitschsproocheger Minoritéit a Polen wäitgehendst politesch a kulturell Rechter ze ginn. Deeselwechte Standard, dee mer do an deen Traité setzen, dee wëlle mer applizéieren an eisen Négociatioune mat Litauen. Well et do eng staark polneschsproocheg Minoritéit gëtt, deenen hir Rechter bafouéiert ginn, a mir hätte gär, datt dat lues a lues ëm sech gräift."

Spéider koumen d'Kopenhagener Kritären, an déi Länner hu sech alleguer dru gehalen. A wann een nëmmen ee Moment zréckdenkt: An engem Land wéi Rumänien, wann een do e Rattenfänger gehat hätt, deen nëmmen d'Halschent vum Talent gehat hätt vun engem Jean-Marie Le Pen, deen hätt bei deem Mosaik vu Kulturen a Minoritéiten dat Land do à feux et à sang gesat.

D'Rumänen haten d'Intelligenz, ënnert der Bannière vun de Bäitrëttskritären, fir un d'Spëtzt vun hirem Ministère, dee responsabel ass fir d'Gestioun vun de Minoritéiten, e Magyar ze setzen, wat en Zeechen no bannen an och en Zeechen no bausse war.

An et ass erstaunlech, an dat confirméiert och dat, wat mer de Mëtteg am Ufank hei héieren hunn, datt an all deenen do Länner, déi eng Perspektiv kruten, keen eenzegt sech tentéiere gelooss huet fir op dee Wee ze goen, deen esou laang virdrun an der Geschicht vun Europa begaange ginn ass.

A wann ee sech dat nëmmen ee Moment an Erënnerung rifft, fir et dann op déi Comptabel-Dimensioun vun der Politik ze reduzéieren, déi leider à l'origine ass vum Echec zu Bréissel, da stelle mer fest, datt mer de Präis bezuelt hu vun der Responsabilitéit. Dee Präis, deen ass esou lächerlech niddereg, datt mer eis bal musse schummen, datt mer iwwerhaapt mussen doriwwer schwätzen.

Do wou Dir Iech net konnt drop eenegen - an dat ass wéi gesot Är Schold net - dat sinn 0,05% Crédits d'engagement souwäit wéi ech verstanen hunn, dat si mol keng Crédits de payement. D'Crédits de payement sollen op 1% plafonnéieren. A souguer wann d'Crédits d'engagement alleguer duerno, am Fall wou déi Virschléi do eng Kéier ugeholl géifen, géife Crédits de payement ginn, da géife mer mat 5‰ - Mat 5‰! - dat bezuelen, wat déi do an Aussiicht gestallt kritt hunn. Et muss ee wierklech awer en Effort maachen, fir net mussen haart doriwwer ze laachen, datt iwwer esou eng minim Zomm muss gestolpert ginn.

Déi Kris, an där mer dra sinn, mécht eis Suergen, well et ass eng Kris vun der Solidaritéit. Eng Kris vun der Solidaritéit, déi praktesch esou al ass wéi d'Europäesch Unioun a si kënnt elo voll zur Explosioun. Grouss Divergenze si schonn um Haager Kongress vun 1947 mengen ech zur Sprooch komm, an déi hu bis haut ëmmer d'Europäesch Unioun net gespléckt, mä et ass maskéiert ginn duerch déi Accorden, déi komm sinn.

Le fonctionnement des institutions luxembourgeoises est fondamentalement bouleversé, puisque le projet de loi prévoit que c'est à la Commission de surveillance du secteur financier (CSSF), et non plus à la Bourse de Luxembourg, que reviennent les nouvelles compétences introduites dans le domaine de l'approbation des prospectus, en ce qui concerne les dispositions de la première partie du projet de loi et pour les offres au public visées au chapitre I de la seconde partie, c'est-à-dire les offres au public de valeurs mobilières non couvertes par la partie I. Jusqu'à présent, les compétences de la CSSF en la matière se limitaient aux offres publiques sans cotation.

La Bourse de Luxembourg, pour sa part, restera l'entité compétente devant approuver les prospectus soumis aux dispositions du chapitre 2 de la partie II, c'est-à-dire les admissions de valeurs mobilières non couvertes par la partie I à la négociation sur un marché réglementé opéré par la Bourse. Quant aux admissions de valeurs mobilières sur un «marché alternatif» (partie III), c'est l'opérateur de ce marché qui sera compétent pour l'approbation des prospectus.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 22.02.2005

Rapporteur: M. Lucien Thiel

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Laurent Mosar):

16.06.2005	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
22.06.2005	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 29.06.2005

Loi du 10 juillet 2005

Mémorial A, N° 98, page 1726

5449 - Projet de loi

portant modification:

1. de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

2. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

3. de la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire;

4. de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

La loi du 19 juillet 2004 a eu comme objectif de réformer la loi du 12 juin 1937, étant donné que les dispositions élaborées dans les années 30 en matière de développement urbain et d'aménagement communal n'ont plus répondu à une politique d'urbanisme moderne. De nos jours, cette dernière est en effet conditionnée par des concepts nouveaux, tel que le développement durable. En outre, il a fallu tenir compte des exigences découlant de ces concepts, telles que la mixité fonctionnelle et une densification compatible avec le contexte urbain donné.

La loi précitée a eu comme autre ambition de fournir aux futurs utilisateurs un instrument adapté à l'évolution actuelle en matière d'aménagement permettant une mise en valeur harmonieuse et durable de toutes les parties du territoire de chaque commune.

Le projet de loi 5449 a l'ambition de redresser un certain nombre d'insécurités juridiques ayant découlé de l'application de la loi, insécurités qui sont notamment subies par les communes ainsi que par certains corps de métier qui avaient prédit un blocage pur et simple des activités dans le secteur immobilier et du secteur de la construction.

Les principaux objectifs du projet de loi sous examen sont au nombre de deux. Premièrement, il s'agit de débloquer une situation dans laquelle nombre de communes ne se sont plus vues en mesure d'octroyer des autorisations de construire sur base des PAG «ancien régime» qui sont encore les leurs, par crainte d'enfreindre les dispositions contenues dans la loi du 19 juillet 2004 et relatives à l'obligation apparemment généralisée d'élaborer des PAP. Le deuxième objectif du présent texte, découlant du premier, est d'établir une différenciation claire et nette entre les anciens PAG et leur exécution, d'une part, et les PAG «génération 2004» et leur exécution, d'autre part. C'est en effet ainsi qu'il sera possible de relancer l'octroi d'autorisations de construire sur base des anciens PAG encore en vigueur dans l'ensemble des communes luxembourgeoises. En même temps, c'est ainsi que le mode d'exécution des deux générations différentes de PAG, reflétant des conceptions divergentes en matière d'urbanisme et d'aménagement, pourra être maintenu en accord avec le type de PAG auquel elles s'appliquent: le mode «ancien» pour les PAG «anciens», et le mode «2004» pour les futurs PAG élaborés sous l'empire de la loi du 19 juillet 2004.

Dépôt par M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 25.02.2005

Rapporteur: M. Fred Sunnen

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

(Président: M. Marco Schank):

06.05.2005	Présentation et examen du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
12.05.2005	Examen d'une nouvelle proposition de texte gouvernementale
18.05.2005	Continuation
24.05.2005	Continuation
17.06.2005	Désignation d'un rapporteur
	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
22.06.2005	Décision à prendre au sujet du point restant en suspens
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 30.06.2005

5455 - Projet de loi

portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz

Le présent projet de loi a pour objet de réaliser la fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz, conformément à l'article 2 de la Constitution et à l'article 2 de la loi communale. La nouvelle commune portera le nom de «Kiischpelt».

Ladite fusion est le résultat d'une longue concertation et coopération préalable au niveau des communes de Kautenbach, de Wilwerwiltz et d'Eschweiler. Cette coopération a pris son décollage en 1994 avec la création d'un syndicat intercommunal pour l'enseignement scolaire auquel la commune d'Eschweiler a adhéré en 1996. Le syndicat a entrepris la réalisation d'une école centrale à Wilwerwiltz et entend compléter l'infrastructure par un centre sportif, une restauration scolaire et une structure d'accueil. Cette collaboration fructueuse a incité les responsables communaux à étendre leur coopération à d'autres domaines et projets.

Par sa décision du 5 décembre 2002 le conseil communal d'Eschweiler s'est retiré des discussions en vue d'une éventuelle fusion entre les trois communes. Les pourparlers ont continué entre les deux communes restantes pour finalement aboutir aux décisions respectives de leurs conseils communaux des 28 mars 2003 et 14 mars 2003 de fusionner. Un programme commun des projets à réaliser prioritairement dans le cadre de la fusion a été élaboré. Ce programme a été présenté au Ministre de l'Intérieur lors d'une entrevue du 22 janvier 2004.

Conformément à l'article 5 de la Charte européenne de l'autonomie locale du 15 octobre 1985, ratifiée par la loi du 18 mars 1987, les conseils communaux ont organisé le jour des élections législatives nationales du 13 juin 2004 un référendum au sujet de la fusion des deux communes à la suite des élections communales ordinaires d'octobre 2005. La convention avec l'État relative à la fusion fut signée par les membres concernés du Gouvernement en date du 25 février 2005.

Il est à noter que le projet de fusion correspond, dans une large mesure, aux vues du Gouvernement, qui s'est prononcé favorablement au principe de la fusion volontaire de communes à taille réduite afin de pouvoir répondre aux défis en matière d'offre qui se posent aux communes.

Dépôt par M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 25.03.2005

Rapporteur: M. Marco Schank

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

(Président: M. Marco Schank):

18.05.2005	Discussion reportée à une date ultérieure
24.05.2005	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
08.06.2005	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 30.06.2005

5456 - Projet de loi

relative à la revalorisation du site de Höhenhof

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'autoriser la revalorisation du site de Höhenhof afin de réaliser certains projets, conformément à l'article 79 de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État. Sont ainsi prévus l'extension du tarmac entre le Cargo-Center et la nouvelle aérogare, et l'aménagement de certaines zones en vue de la réalisation ultérieure du déplacement du dépôt pétrolier ainsi que d'un parking de dissuasion souterrain raccordé à l'autoroute A1 et à l'arrêt du futur train-tram. Le coût total du présent projet de loi se chiffre à 61 millions d'euros.

Dépôt par M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics et M. Lucien Lux, Ministre des Transports, le 05.04.2005

Rapporteur: M. Roger Negri

Travaux de la Commission des Transports

(Président: M. Roland Schreiner):

11.05.2005	Désignation d'un rapporteur
02.06.2005	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 09.06.2005

5457 - Projet de loi

relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange

Le projet de loi a pour objet les travaux de rénovation nécessaires à la remise en état de l'annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange, annexe qui accueille les classes du régime préparatoire créé audit Lycée technique. L'ancienne école communale Jenker, reprise par l'État en 1994, se trouvait dans un état de vétusté à cette époque et seule une réhabilitation immédiate et complète était de nature à garantir la sécurité des élèves. La remise en état de l'annexe avait été initialement envisagée dans le cadre de la reconstruction même du Lycée Technique Mathias Adam, mais fut finalement abandonnée à cause des difficultés rencontrées dans la recherche d'un site approprié. Le Gouvernement s'est aujourd'hui rendu compte que l'état général des installations existantes, les conditions de sécurité, de salubrité et d'accueil sont déplorables à un point tel qu'une réhabilitation urgente ne devient pas seulement une question de sauvegarde d'espace scolaire, mais également une question de dignité à l'encontre des élèves qui sont parmi les plus démunis dans notre système scolaire.

Dépôt par M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 06.04.2005

Rapporteur: Mme Nelly Stein

Travaux de la Commission des Travaux publics

(Président: M. Lucien Clement):

02.05.2005	Présentation d'amendements par M. le Ministre de la Sécurité sociale
	Désignation d'un rapporteur
24.05.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
01.06.2005	Examen et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 16.06.2005

5464 - Projet de loi

relative aux mesures constructives préparatoires de la liaison Micheville

Depuis le début des années 90, les autorités françaises ont cherché à relier leur région frontalière au réseau autoroutier luxembourgeois. Ce n'est qu'en novembre 2001 lors du sommet de la Grande Région à Mondorf-les-Bains que les parties ont retenu que «sur le plan transfrontalier, la liaison Micheville poursuit l'objectif de la création d'une liaison routière de haut niveau entre le bassin des agglomérations de Micheville, de Villerupt, de Russange et d'Audun-le-Tiche du côté français et l'autoroute Esch/Alzette-Luxembourg (A4) du côté luxembourgeois afin de permettre aux navetteurs de la Lorraine venant travailler chaque jour au Grand-Duché d'approcher la Ville de Luxembourg et ses zones périphériques par une route rapide, sûre et confortable.»

Par le présent texte, le Gouvernement luxembourgeois est autorisé à faire procéder à la réalisation de la première partie de la liaison Micheville comprenant la construction de la seule structure portante du tunnel sous la zone urbanisée du site de Belval/Ouest, de l'accès Sud au site de Belval-Ouest donnant sur le Square-Mile avec raccordement provisoire sur le CR 168, les déviations de réseaux d'infrastructures souterraines et aériennes y relatives, la réalisation des études nécessaires concernant ces parties du projet ainsi que celle des études concernant les ouvrages et les infrastructures à réaliser ultérieurement dans le cadre de la même liaison. La réalisation de l'ensemble de la liaison routière connaîtra un deuxième

projet de loi concernant le passage sous les voies ferrées, la partie en territoire français, la technique spéciale du tunnel, le contournement de la cité Raemerich, les nouveaux échangeurs autoroutiers d'Ehlerange et de Lankelz, les déviations des lignes de haute tension, le déplacement des voies ferrées ARCELOR et les autres déplacements de réseaux.

Dépôt par M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 18.04.2005

Rapporteur: M. Ali Kaes

Travaux de la Commission des Travaux publics

(Président: M. Lucien Clement):

02.05.2005	Présentation du projet de loi
	Désignation d'un rapporteur
24.05.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
01.06.2005	Examen et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 16.06.2005

5472 - Projet de loi portant

1. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est des Antilles Néerlandaises des 13 mai 2004 et 27 août 2004;

2. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est d'Aruba des 13 mai 2004 et 9 novembre 2004;

3. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

4. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

5. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Île de Man des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

6. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Îles Turks et Caïcos des 23 novembre 2004 et 1er avril 2005;

7. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Anguilla des 23 novembre 2004 et 21 janvier 2005;

8. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Îles Cayman des 23 novembre 2004 et 31 mars 2005;

9. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le territoire d'outre-mer du Royaume-Uni, Montserrat des 23 novembre 2004 et 7 avril 2005;

10. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Îles Vierges Britanniques des 23 novembre 2004 et 11 avril 2005;

11. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

En date du 3 juin 2003 le Conseil a adopté une directive en matière de fiscalité des revenus de l'épargne (directive 2003/48/CE du Conseil). Cette directive a pour objet de permettre que les revenus de l'épargne, sous forme de paiement d'intérêts effectués dans un État membre de l'Union européenne en faveur des bénéficiaires résidents fiscaux d'un autre État membre, soient effectivement imposés conformément aux dispositions législatives de ce dernier État membre.

Selon ce texte, tous les États membres, sauf le Luxembourg, la Belgique et l'Autriche, appliqueront un échange d'informations dès l'entrée en vigueur des dispositions. Afin de préserver l'anonymat des clients vis-à-vis des autorités fiscales, les trois pays précités appliqueront quant à eux une retenue à la source.

L'entrée en vigueur est conditionnellement subordonnée à la conclusion d'accords avec les pays tiers ainsi qu'avec les territoires dépendants ou associés, afin d'éviter le risque d'une délocalisation de l'épargne dans les enclaves fiscales ou en dehors du territoire de l'Union européenne.

La Chambre des Députés a voté en date du 12 avril 2005 le projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts. Parallèlement, elle a adopté une motion invitant le Gouvernement:

«à veiller au respect scrupuleux des dispositions de l'article 17 paragraphes 2 et 3 de la directive,

à différer la publication et, partant, l'entrée en vigueur de la loi de transposition de la directive jusqu'au moment où les dispositions précitées se trouvent remplies par l'ensemble des pays et territoires visées par la directive.».

Des accords avec la Suisse (signé le 26 octobre 2004), Andorre (signé le 15 novembre 2004), le Liechtenstein, Saint-Marin et Monaco (signés le 7 décembre 2004) ont été conclus directement avec l'Union européenne.

Dix accords avec des territoires dépendants ou associés font l'objet de la présente procédure de ratification.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 09.05.2005

Rapporteur: M. Lucien Thiel

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Laurent Mosar):

12.05.2005	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
26.05.2005	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Examen et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 31.05.2005

Loi du 21 juin 2005

Mémorial A, N°86, page 1547

d'Chamber
online op

www.chd.lu

mat de Rubriken

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Ordre du jour

1. Ordre du jour
2. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et
   - portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;
   - portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;
   - portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;
   - portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;
   - portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;
   - portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;
   - portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale)
3. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale)
4. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle

   5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale)
5. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et
   - portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;
   - portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;
   - portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;
   - portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;
   - portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;
   - portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;
   - portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
6. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

   (Vote et dispense du second vote constitutionnel)
9. Interpellation de M. Jean Huss au sujet du projet de réglementation «REACH» proposé par la Commission européenne

   (Discussion générale - Motions - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Neen.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

1. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, wollt ech op de Wonsch vun der Regierung hiweisen, fir d'Projet-de-loie 5444, 5409, 5360 an 5361 virum Här Huss senger Interpellatioun ze évacuéieren.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Ech géif proposéieren, dass mer déi zwee éischt Projeten der Rei no huelen, déi zwee lescht mateneen. D'Regierung kann awer en bloc herno, wa mer se all diskutéiert hunn, op se alleguerten zesummen äntwerten.

Voilà, mir kommen dann zum éischte Projet, dem Projet 5444 iwwert d'Valeurs mobilières. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, d'Madame Mutsch an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Thiel, an déi aner si gebieden, wann den Här Thiel bis d'Wuert ergraff huet, fir dann och nozelauschteren.

Une voix.- Jo, Här President.

Une autre voix.- Ha!

2. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollen haut e puer Gesetzer stëmmen, déi eis Finanzplaz interesséieren - awer ausser hir kaum een an dësem Land, huelen ech un. Dat obwuel mir säit engem Véirelsjorhonnert e gudden Deel vun eisem Wuelstand de Banken an hirem Ëmgeréits verdanken. Et huet mech dofir och weider net verwonnert, wéi de Journalist, dee gëschter Moien de Chambersprogramm vun dëser Woch um Radio virgestallt huet, kee Pipjeswuert iwwert d'Dagesuerdnung vun haut verluer huet,…

(Hilarité)

…esou wéi wann et iwwerhaapt keng Sëtzung um Krautmaart géing ginn.

Wéi dat esou am Liewen ass, geet dat Gutt a Virdeelhaft mat der Zäit nun eemol an d'Normalitéit iwwer. Et gëtt zu enger Selbstverständlechkeet, déi héchstens dann d'Éier vun der Press an hire Schlagzeile kritt, wann eemol eppes schif geet oder wann déi Selbstverständlechkeet op eemol kippt, well ee vergiess hat, och heiansdo no hir ze kucken. Dann ass et awer dacks gär ze spéit fir nach d'Kéier ze kréien.

Deen éischte Projet, iwwert dee mer haut ze befannen hunn, soll déi Europa-Direktiv, déi europäesch Direktiv ëmsetzen, déi prezisiéert, wat alles an deem Prospekt ze stoen huet, dat all Kéiers dann opgeluecht muss ginn, wann e Wäertpabeier émettéiert, also op de Maart bruecht gëtt an op d'Bourse geet, fir offiziell gehandelt a cotéiert ze ginn.

Dës Direktiv aus dem Joer 2003 ass net déi éischt wat de Prospekt ubelaangt. Si ersetzt vill méi eng aner Direktiv vun 1989, mat där zwar en éischten Ulaf fir en europäesche Pass geholl gi war, ouni datt een awer deemools vun enger wierklecher Prospekt-Harmoniséierung schwätze konnt. Dernieft bréngt déi Direktiv eng Rëtsch vu Prezisiounen zu enger Direktiv vun 2001, notamment wat déi verschidde Kategorien, souwuel vun Emetteure wéi och vu Clienten, ugeet.

An alleréischter Hisiicht geet et ëm den EU-Pass fir d'Prospekter, déi, wa se an engem Land vun den zoustännegen Autoritéiten approuvéiert sinn, vun elo un automatesch fir d'ganz Unioun gëllen. Bis haut war et esou, datt de Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung gespillt huet, wat natierlech bedeit huet, datt déi sëllechen national Bestëmmungen an den Eenzelstaten hu misse vu jiddfer Emetteur berücksichtegt ginn. Domat ass et elo mam europäesche Pass fir d'Prospekter Gott sei Dank eriwwer.

Dat huet zwee grouss Virdeeler. Eng Kéier fir deen, dee sech un de Kapitalmaart wennt, fir sech Sue fir seng Entreprise ze verschafen, andeem hien Obligatiounen, also Scholdverschreiwungen erausgëtt, déi dann op der Bourse gehandelt kënne ginn. Duerch déi eenheetlech Regelung geet an Zukunft een an datselwecht Prospekt duer fir Zougang zu sämtleche Finanzmäert an Europa ze kréien - wat natierlech vill manner Opwand an domat eng seriö Käschtenerspuernis fir d'Emittente bedeit.

Dann awer och e Virdeel fir de Client, fir deen de Marché a seng Produiten elo mat deem standardiséierte Prospekt vill méi iwwersiichtlech a méi transparent ginn.

Mä net jiddfer Entreprise, déi sech um Kapitalmaart iwwer Obligatioune finanzéiere wëllt, ass gehalen, esou e Prospekt ofzefaassen a virzeleeën. Wann et sech ëm Empruntë vu wéineger wéi 2,5 Milliounen Euro iwwer e Joer handelt, brauch ee kee Prospekt, wat natierlech e Virdeel fir d'PMEen a fir déi sou genannte Start-ups ass, déi jo net grad ëmmer an de Sue schwammen.

Eng ähnlech Distinctioun gëtt um Niveau vun de Clienten, also vun den Investisseure gemaach. Nieft dem Client tout court, wéi Dir an ech, hoffen ech fir Iech,…

(Hilarité)

…erkennt d'Gesetz och de sou genannten „qualifizéierten Invester" un, bréngt et deen elo an d'Spill, dee gewësse Virrechter huet, well hien e Finanzprofi muss sinn an domat censéiert ass, ze wëssen, wat hien op der Bourse keeft. Dofir gëtt hien dann och op enger spezieller Lëscht bei der zoustänneger Iwwerwaachungsinstanz, dat heescht bei der CSSF gefeiert.

Ervirzehiewe bleiwen nach zwou Neierungen, déi sech speziell op Lëtzebuerg bezéien.

Engersäits bréngt d'Aféierung vum Europapass fir d'Emissiounsprospekter eng Kompetenzverlagerung bei eis mat sech, asoufern net méi wéi bis elo eis Bourse selwer fir d'Approbatioun vun de Prospekter zoustänneg ass, mä d'CSSF, op d'mannst wat d'Prospekter mam europäesche Pass ubelaangt. Dat ënnersträicht natierlech vis-à-vis vun dobaussen d'Seriositéit, mat där Lëtzebuerg un déi Sujeten erugeet, a verstäerkt domat ouni Zweifel d'Vertraue vun den internationalen Opérateuren an eis Finanzplaz.

Op där anerer Säit gëtt eng zousätzlech Kategorie, nämlech déi vun dem „alternative Maart" als spezifesch Lëtzebuerger Regime agefouert, mat där dem internationale Charakter vun eiser Finanzplaz Rechnung gedroe soll ginn. Wat heescht dat? Déi Sektioun, oder deen alternative Maart ass fir all déi Opérateure geduecht, notamment déi japanesch, déi eenzel Konditioune vum Pass net erfëlle kënnen, well bei hinnen aner Regelen zum Beispill a puncto Kontabilitéit gëllen. Géif hinnen dës Dier net opgemaach, missten si sech eng aner Finanzplaz fir hire Marché sichen, amplaz hir Emissiounen op eiser Bourse handelen ze loossen.

Och wann, wéi ech éinscht bedauert hunn, den Interessi fir dës Direktiv an hir Ëmsetzung an der Öffentlechkeet net ganz grouss ass, sollt een awer wëssen, datt se vun enger ganz besonnescher Bedeitung, grad fir eis Finanzplaz ass. Vläicht ass et net weider bekannt, datt eis Bourse mat déi éischt Gei weltwäit bei der Cotatioun vun internationalen Obligatioune spillt. Iwwer 24.000 Titren, dat sinn der e ganze Koup, ginn an der Neipaart gehandelt. Domat ass Lëtzebuerg Nummer zwee weltwäit an Nummer eent an Europa. Oder a Maartundeel ausgedréckt, eis Bourse huet zwee Drëttel Parts de marché an Europa an e gudden Drëttel weltwäit mat hiren Obligatiounen. Do kann ee scho verstoen, firwat ebe just an där Neipaart op dës Ëmsetzung gegammst ginn ass.

Wann een esou eng Spëtzestellung wéi eis Bourse bei den Obligatiounscotatiounen huet, huet een net nëmme Frënn, mä virun allem Konkurrenten. Kee Wonner, datt déi drop laueren, datt deen Éischten aus der Klass e Feeler mécht, fir sech da selwer dem Maart als Alternativ ubidden ze kënnen. Dir kënnt et gleewen, datt se zu London, zu Zürich an och zu Dublin ganz genee verfollegen, wat sech bei eis a puncto Prospekt deet, an ob mir et géife fäerdeg bréngen, déi Direktiv nach virum Summer ëmzesetzen. D'Gerumouers, mir wieren net amstand

dozou, koum net vun ongeféier op deene Plazen op an ass bestëmmt net ouni Hannergedanke vun deenen um Brutschele gehale ginn, déi hire Maartundeel ganz gären op eis Käschte vergréissere géifen.

An anere Wierder, et geet hei ëm e Stéck, ëm eist Stéck vun engem Kuch, un deem net nëmmen eis Bourse, mä eis ganz Finanzplaz ziert. Dofir ass dat, wat mir haut maachen, esou wichteg fir eis Zukunft. Dofir huet de Statsrot matgespillt, wéi et drëm goung, déi lescht Amendementer nach séier duerchzebréngen, woufir hie vun hei aus e spezielle Merci verdéngt. Dofir recommandéieren ech Iech dëst Gesetz ze stëmmen, zu deem ech fir mäin Deel d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun heimat abréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt dem honorabele Rapporteur, dem Här Lucien Thiel, villmools Merci ze soen an him ze félicitéiere fir déi Explikatiounen, déi en hei ginn huet, awer och scho fir säi schréftleche Rapport, dee ganz detailléiert war an dee probéiert huet, a kuerze Wierder ze resüméieren, ëm wat et hei geet.

Et geet jo ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv aus dem Joer 2003, déi nach eng Kéier zréckkënnt op d'Aart a Weis wéi déi Prospekter mussen ausgesinn. Do hate mer schonn eng Direktiv 2001, déi ass elo nach eng Kéier affinéiert ginn a komplettéiert ginn, an d'Zil dovunner ass et eben och, nach eng Kéier méi Transparenz ze kréien, awer och, wéi et richteg gesot ginn ass, d'Käschte fir d'Emetteuren erofzedrécken, andeems mer kloer Konditiounen hunn euopawäit wat am Prospekt muss stoen. Op där anerer Säit awer och, wann de Prospekt vun engem Memberstat bis ewell unerkannt ass, datt dann déi separat Unerkennung eben net méi noutwenneg ass, datt se dann eben och automatesch an all deenen anere Memberstaten unerkannt ass.

Dat ass ze begréissen, ganz besonnesch eben och aus där Ursaach eraus well mer wëssen, datt ganz vill Obligatioune grad hei zu Lëtzebuerg placéiert ginn. Et ass hei op d'Wichtegkeet vum Marché obligataire fir d'Finanzplaz higewise ginn an och op dee grousse Volumen, deen hei traitéiert gëtt, och am Verglach zu Europa, respektiv weltwäit.

An duerfir kënne mer frou sinn, datt mer déi Direktiv do, zwee Joer nodeems se ugeholl gouf, hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen. Dat erméiglecht eiser Bankplaz do mat Zäiten drop kënnen ze reagéieren an eventuell nach fir do vun engem gewëssene kompetitive Virdeel op aner Länner kënnen ze profitéieren.

Dat gesot, wëll ech am Numm vun der DP-Fraktioun hei och eis Zoustëmmung abréngen an ech hoffen, datt mer fir dëse Projet dann eng grouss Majoritéit och an dësem Haus wäerte kréien.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

(Brouhaha général)

Da komme mer direkt zum honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech wollt just nëmmen den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn, dee ganz wichteg ass, well en eng etlech Prezisioune gëtt. An ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde Bericht.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskussioun vun dësem Projet de loi ofgeschloss. Mir kommen dann direkt zur Diskussioun vum Projet 5409. D'Wuert huet de Rapporteur, nees den honorabelen Här Lucien Thiel.

3. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och bei dësem zweete Projet geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, och bei dësem Projet geet et ëm d'Verdéiwung vum Bannemaart an ëm de sou genannten europäesche Pass, deen den Exercice vun enger bestëmmter Aktivitéit queesch duerch Europa erlaabt. An och bei dësem Projet geet et ëm de Finanzsecteur, mä méi prezis ëm den Assurancëberäich an ëm déi Aktivitéit, déi an der offizieller Sprooch „Intermédiatioun" heescht.

Den Zweck vun der Direktiv ass et dem Tëschenhandel am Assurancëgeschäft en ähnleche Statut ze ginn, wéi den Assurancë selwer, déi scho säit geraumer Zäit hiren EU-Pass hunn an déi op Grond vun där besonnescher Natur vun hirem Geschäft enger Rëtsch vun nationalen an europäesche Regelen ënnerworf sinn, mat deenen aner Métieren sech net erëmzeklappe brauchen.

D'Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Assurancenintermédiatioun geschitt iwwer eng Ofännerung vum 91er Gesetz, dat d'Versécherungswiese bei eis reglementéiert. Alles wat intermédiaire an deem Beräich ass, also Agenten a Courtieren an elo neierdéngs och Souscourtieren, all déi kréien elo d'Dier zu Europa grouss opgemaach an däerfen sech an Zukunft de ganzen EU-Maart ënnert den Nol räissen, insofern se Loscht drop hunn.

Eppes weltbewegend Neies bréngt déi Ëmsetzung eigentlech net, well all déi Oploen, déi d'Direktiv den Agenten a Courtieren um europäesche Plang mécht, gëtt et scho laang um nationalen Niveau heiheem. Schliesslech kenne mir dës Aktivitéit vum Courtier a vum Agent noweislech scho säit iwwer 150 Joer an eisem Land, Zäit genuch fir dee Métier schréttweis ze reglementéieren an zum Beispill dofir ze suergen, datt déi, déi sech him verschreiwen och déi néideg Honorabilitéit a virun allem déi néideg Fachkenntnisser hunn, wa se op d'Cliente lassgelooss ginn.

Dofir ännert dës Direktiv eigentlech net ganz vill un deem wat mir scho längst kennen. Wierklech nei ass, ausser der Schafung vun der Kategorie vun de Sous-courtieren, datt éischtens an der Zukunft dee Register, deen et scho laang bei eis gëtt, muss op Distanz kënnen agesi ginn, och aus dem Ausland.

Zweetens, datt d'Agenten an d'Courtieren hire Clienten eng Rëtsch vun Informatioune musse liwweren, éier déi eng Police bei hinnen ënnerschreiwen.

An drëttens, datt d'Iwwerwaachungsinstanz vum Secteur, de Commissariat au Contrôle des Assurances d'Roll vum Ombudsmann fir den Assurancëberäich iwwerhuele muss, wéi et jo scho méi laang de Fall fir d'CSSF am Bankesecteur ass.

Doduerch datt och elo d'Agenten an d'Courtieren, déi eng fir hir Versécherungsgesellschaft, déi aner fir déi Assurancen, deenen hir Produkter si un de Mann oder un d'Fra brénge wëllen, iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa aktiv kënne ginn, soll de Bannemaart e Stéck weider Realitéit ginn. Dat ass op alle Fall den Haaptbut vun der Operatioun. An engems soll awer och dofir gesuergt ginn, datt de Client vu sengem Assurancen-Démarcheur ronderëm informéiert a gutt berode gëtt, dat souwuel wat d'Assurancëprodukter ubelaangt, wéi och d'Versécherungsgesellschaft selwer, déi dës Produkter ubitt.

Allerdéngs geet déi Direktiv net esou wäit, datt si total harmoniséiert. Si beschränkt sech op eng Rëtsch europäesch Basisregelen a léisst den Nationalstaten dernieft e gewëssene Sputt, wann et drëm geet, den Zougang zum Métier am Detail ze regelen an nach méi streng Oploen zum Beispill a puncto Informatioun vum Client ze maachen. A si erlaabt virun allem den Eenzelstaten - mam Argument vum sou genannten „intérêt général" - auslänneschen Intermédiairen, déi am Kader vun der „libre prestation de service" (LPS) op hirem Territoire operéieren, zousätzlech Contrainten opzeerleeën.

Esou vill Spillraum huet natierlech säi Gudds, well en der Konkurrenz tëscht den eenzelne Länner Plaz léisst. Hie kann awer och dozou féieren, datt versicht gëtt mat allerhand Schikanereien ënnert dem Virwand vum Knätschgummisbegréff „intérêt général", d'Protektiounsbarrièrë géint d'Konkurrenz vun dobaussen opzeriichten. Et wär jo net fir d'éischt, datt op esou Tricken zréckgegraff géif ginn.

Op jiddfer Fall heescht dat fir d'Intermédiairen, also d'Agenten an d'Courtieren, déi vun hirem europäesche Pass Gebrauch maache wëllen, datt si sech permanent um Lafenden hale mussen, och a virun allem iwwert dat, wat esou ronderëm geschitt, ier dass si sech da bei hiren LPS-Virstéiss richteg uleeë kënnen.

Op déi Aart a Weis dierft dëst Gesetz dozou bäidroen, datt de Professionalismus och am Beräich vun dem Assurancentëschenhandel nach méi Opdriff kritt, wat um Enn natierlech nëmmen dem Client zegutt komme kann.

Dofir an och well heimat en neien aus eiser Perspektiv zwar klengen awer dach ëmmerhin e Schrëtt weider a Richtung Integratioun vum europäesche Wirtschaftsraum gemaach gëtt, recommandéieren ech Iech dës Ëmsetzung ze stëmmen, geneesou wéi meng Fraktioun dat och wäert maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch ageschriwwen. Här Meisch!

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng Kéier dem Rapporteur Lucien Thiel villmools Merci soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport hei zu engem Gesetzesprojet, dee jo wéineg Neierunge fir déi national Législatioun mat sech bréngt, mat Ausnahm, datt eben d'Kategorie vum Sous-courtier hei kloer definéiert gëtt, mat enger Rei vun Extensioune fir d'Missioune vum Commissariat aux Assurances. Ech fannen dëst e gudde Projet an d'Demokratesch Partei wäert deem zoustëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Dann déi honorabel Madame Mutsch.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun géif ech och dem Rapporteur Merci soe fir säi ganz prezise Rapport. Och mir kënne mat dësem Projet d'accord sinn, zemools wou déi Recommandatioune vum Statsrot jo vun en alleguerte respektéiert gi sinn. Ech wéilt dann och am Numm vun eiser Fraktioun de positiven Accord zu dësem Projet mat op de Wee ginn.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Dann den honorabelen Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President,...

M. le Président.- Här Henckes, Dir wësst Är Zäit ass kuerz bemiess.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Leider. Ech wäert dofir versichen et kuerz ze maachen.

Ech liesen am Rapport, datt d'Iddi vun de Pensiounsfongen zu Lëtzebuerg net vill Succès fonnt huet, an dat gëtt och mat dësem Projet de loi net besser. Ech bedauere just nëmmen, datt zum Beispill am Artikel 6-3 an am Artikel 26-2 Modalitéite virgesi sinn iwwert d'Statuten, wou d'Actionnairen, dat heescht d'Compagnies d'assurances, elo solle mat integréiert ginn, wa se de Règlement de pension…

Une voix.- 't ass schlëmm, wann een en Dag net hei war!

(Interruptions)

Une autre voix.- Dir sidd am falschen Text

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Wat? Nach een.

Une troisième voix.- Dir sidd am falsche Film, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- 't ass gutt, da wäert ech mer elo erlaben…

(Interruptions et hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här Henckes, dat ass wann een en Dag net hei ass, da kënnt een nawell gären duercherneen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Dir musst méi oft an d'Chamber kommen, Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Ech entschëllege mech, Här President.

(Interruptions)

Dir musst mech e bësselchen entschëllegen, dat war elo e bëssselche séier gaangen, mä vu datt mer hei am Zwou-Minutten-Takt all méiglech Gesetzer stëmmen, kann dat emol virkommen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Et ass näischt, Här Henckes, dat kënnt jiddferengem passéieren.

Sout, domat ass d'Diskussioun…

(Interruption)

Huet d'Regierung d'Wuert gefrot?

(Interruption)

Méi spéit, d'accord.

Domat ass d'Diskussioun vun dësem Projet de loi och ofgeschloss a mir kommen zum nächste Projet de loi an - wei kënnt et anescht sinn - och do ass den honorabelen Här Lucien Thiel Rapporteur.

4. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle

5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Ech wëll dem Här Henckes säin Äifer fir d'Pensiounsfongen net bremsen, duerfir maachen ech et da kuerz och mat deem leschten.

(Hilarité)

Fir den Triptyque voll ze maachen, wëllte mer dann eng drëtt Direktiv haut ëmsetzen. Dat ass vun deenen dräi, iwwert déi mer haut diskutéieren, wuel déi, déi am meeschte weit, an dat net nëmme well mer gläich zwee Gesetzer brauchen, fir se ze implementéieren.

Är Finanz- a Budgetskommissioun, Här President, huet sech erlaabt, déi zwee Gesetzesprojeten an engem an deemselwechte Rapport ze behandelen, well et sech och ëm een an deeselwechte Sujet handelt. Datt ee gläich zwee Gesetzer duerfir brauch, ass méi eng Formsaach an ännert näischt um Fong, wéi mer elo gläich gesi wäerten.

Mir hu laang missen hei zu Lëtzebuerg op dës Direktiv iwwert „d'Aktivitéiten an d'Iwwerwaachung vun den Ariichtunge fir d'berufflech Altersversuergung" - dat ass dee schrecklechen Titel - waarden. Dee ganzen Titel ass e bëssen trapech an der Bréisseler Bürokratesprooch, an duerfir, wann Der erlaabt, géif ech fir de Rescht vu menger Interventioun nëmme méi vu Pensiounsfonge schwätzen, och wann dat net ganz richteg ass, well et gëtt och Produkter, déi keng Fonge sinn an déi deemselwechten Zweck déngen.

Et gouf e ganz spezielle Grond, datt grad mir op déi Direktiv hei gegammst hunn. Scho säit Mëtt den 90er Joren, wéi sech d'Währungsunioun a mat hir d'Harmoniséierung vun de Spillregelen, notamment deenen am steierleche Beräich, ofgezeechent hunn, stoungen d'Pensiounsfongen op der Lee vun de Projete vun eiser Finanzplaz. Där hir Responsabel waren sech bewosst, datt d'EU-Dampfwalz deen een oder anere vun hire Créneauë platt maache kënnt, an datt Ersatz misst geschafe ginn, wann een de Fortbestand vun der Finanzplaz ofséchere wéilt.

Eng vun deene Pisten, déi deemools an d'A gefaasst goufen, war déi vun de Pensiounsfongen. Et war ee sech bewosst, datt d'Vereelzung vun eiser Gesellschaft fréier oder spéider e Problem fir eis traditionell Altersversuergung géif ginn, an datt ee mat Zäit no Léisunge misst sichen, fir dat Lach, dat sech do opdeet, ze stoppen.

Deemools koum d'Iddi op, fir vun der Presenz vun deene sëllechen auslännesche Banke bei eis ze profitéieren, fir Lëtzebuerg zu engem Zentrum fir Pensiounsfongen ze maachen - an zwar Pensiounsfonge fir Entreprisen am europäeschen Ausland, deenen hir Pensiounsreserven dann hei géifen administréiert, verwalt ginn. Schliesslech ass eis Finanzplaz mat ganz Europa vernetzt, huet iwwerall e gudden Numm als héich professionelle Geldcenter a steet am Ruff, méi séier a méi flexibel wéi anerer ze sinn, wann et drëms geet, sech un nei Maartkonditiounen unzepassen.

Duerfir ass am Juni 1999, e puer Deeg virun de Chamberwahlen, e Gesetz gestëmmt ginn, dat eemoleg wäit a breet war - an nach haut ass -, well et quasi all Formë vun Zousazpensioune méiglech mécht.

A well och eis Assurancen e Stéck vum grousse Kuch wollten hunn, kruten si och hiren eegene Pensiounsvehikel deemools, esou datt schliesslech all Mënsch op der Plaz parat fir dat grousst Pensiounsgeschäft war.

Do huet just nach eppes gefeelt, ier mer konnte lassleeën, an dat war de Maart. D'Ouvertür vum europäesche Wirtschaftsraum, mat där 1999 fest gerechent gi war, huet op sech waarde gelooss, an zwar ganz genau véier Joer laang. Eréischt am Juni 2003 koum déi Direktiv, déi de Marché opmaachen a paneuropäesch Pensiounsfonge méiglech maache sollt. Et ass déi Direktiv, ëm där hir Ëmsetzung et haut hei geet.

Am Mëttelpunkt vun der Direktiv steet alt erëm eng Kéier den EU-Pass, dës Kéier fir d'Pensiounsfongen an ähnlech Bank- oder Versécherungsprodukter. Et geet drëms, éischtens de Fournisseure vun Zousazpensiounen hir Aktivitéit um europäesche Plang ze reglementéieren, zweetens hinnen ze erlaben, europawäit hir Produkter unzebidden, an drëttens eng maximal Iwwerwaachung vun hiren dach awer méi delikaten Aktivitéiten zum Gudde vun deenen ze assuréieren, ëm deenen hir Altersversuergung et schliesslech geet.

Et kann net weider verwonneren, datt grad d'Bénéficiairë vun de Pensiounsfongen eng zentral Roll an der Direktiv spillen, well souguer dann, wa si selwer net direkt zu deem Kapital bäigedroe sollten hunn, aus deem hir Zousazpensiounen herno bezuelt ginn, handelt et sech dach awer ëm Suen, déi fir si meeschtens vun hiren Entreprisen op d'Säit geluecht gi sinn an déi domat hinnen zoukommen. Et ass dës Eegenaart, déi aus de Pensiounsfongen e ganz besonnescht Finanzprodukt mécht, nämlech eng kommerziell Wuer mat enger sozialer Dimensioun.

Duerfir och déi strikt Regelen, souwuel wat d'Informatioun vun de spéidere Pensiounsempfänger wéi och d'Précautioune bei der Verwaltung vun de Fongen an dem Beuechte vun de jeeweilege Pensiounsusancen an den eenzelne Länner ubelaangt.

Wann een all déi sëllechen Oploen erfëllt, déi an dësem spezielle Fall ganz bestëmmt berechtegt sinn, kann een als Opérateur seng Fongen iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa vermaarten. Dat heescht, eng Lëtzebuerger Bank oder Assurance ka Clienten - an der Regel Entreprisen, déi Zousazpensioune fir hir Belegschafte schafe wëllen - queesch duerch ganz Europa zerwéieren, an déi ugesammelt Kapitalien hei zu Lëtzebuerg verwalten. Dat hate mir schonn deemools mat dem 99er Gesetz an der Nues, an dat soll elo definitiv duerch dës Direktiv ofgeséchert ginn.

Datt mir gläich zwee Gesetzer brauchen, fir déi Direktiv ëmzesetzen, huet wuel wéineger mat där hirer evidenter Wichtegkeet fir eise Finanzsecteur, wéi mat formale Contrainten ze dinn. Mir hunn, wéi gesot, schonn eng zimlech ausgefeilte Gesetzgebung iwwert „d'Pensiounsfongen a Form vu sepcav an assep", wéi d'Gesetz vun 1999 heescht.

Fir déi, déi net esou kënneg si mat deenen Ofkierzungen, „sepcav" steet fir „société d'épargne-pension" a bezeechent déi Pensiounsfongen, déi vun hirer Ausriichtung hier méi un Investmentfongen erukommen a sech virun allem fir de Modell vun der „defined contribution" prêtéieren, bei där d'Zousazpensioun net fixe ass, mä sech no dem abezuelte Kapital riicht. „assep" steet fir „association d'épargne-pension", déi méi op eng Versécherung erausleeft an déi en „defined benefit", also eng am Viraus festgeluechte Rent versprécht.

An d'Gesetz vun 1999 hat dës Direktiv, déi véier Joer duerno koum, souzesoe virewechgeholl. Haut geet et drëms, dat Gesetz un déi Direktiv unzepassen. D'Regierung huet sech duerfir entscheet, net an deem alen Text erëmzepiddelen, mä der besserer Iwwersiicht halber en duerch en neien ze ersetzen.

Dat wëllt heeschen, de Projet 5361 léist also eist 99er Pensiounsfongegesetz of, derbanst de Projet 5360 éischter op e méi breet Kadergesetz erausleeft, dat iwwert de renge Beräich vun „assep" an „sepcav" erausgeet an zum Beispill och déi Assurancëprodukter ofdeckt, déi deemselwechten Zweck dénge wéi d'Pensiounsfongen.

An deem Kadergesetz gëtt dann och preziséiert, wéi eng Instanz fir wéi eng Zort vun Opérateure bei eis zoustänneg ass. Déi Kontrollinstanze spillen eng wichteg Roll, well d'Direktiv dach nach munchen Detail den Nationalstaten, an domat deenen hiren Iwwerwaachungsorganen iwwerléisst.

Zoustänneg si bei eis gläich dräi Instanzen: d'Iwwerwaachungskommissioun vum Finanzsecteur, d'CSSF, fir d'„assepen" an d'„sepcaven", déi zu Lëtzebuerg a vu Lëtzebuerg aus operéieren; dann d'Assurancëkontrollkommissariat, fir déi Pensiounsprodukter, déi duerch e groussherzogleche Reglement vun 2000 agefouert goufen; a schliesslech d'Inspektioun vun der sozialer Sécherheet, besser bekannt ënnert dem Kierzel IGSS, fir all Zousazpensioun, déi vu baussen eran, dat heescht vun auslännesche Fournisseuren enger Lëtzebuerger Clientèle offréiert ginn.

Vläicht stellt elo deen een oder deen anere vun Iech sech d'Fro, ob et net méi einfach géing an ob en eenzelne Kontroller et net och géif doen. Déi Fro ass berechtegt a si spillt och an dat eran, op wat ech elo ofschléissend nach wëll agoen, nämlech op déi Grënn, firwat et eiser Finanzplaz trotz allen Effortë bis elo net gelongen ass, sech als Pensiounsfongeplaz international ze positionéieren an ze imposéieren.

Ganzer 13 Pensiounsfonge vun éischter bescheidenem Ausmooss ass alles, wat mer bis elo opzeweisen hunn. Dat bleift wäit hannert den Hoffnungen an Erwaardungen zréck, déi sengerzäit un d'99er Gesetz geknëppt goufen, an duerfir gëtt et eng Rëtsch vun Erklärungen.

Et läit op der Hand, datt d'Feele vun engem EU-Pass fir Zousazpensiounen all déi Joren eng grenziwwerschreidend Fongenaktivitéit quasi onméiglech gemaach huet. Op d'mannst dee Steen ass elo mat dëser Direktiv aus dem Wee geraumt, an de Maart ass elo op - wann och vläicht nëmmen an der Theorie, well an der Praxis wäerte mir eis nach un esou munch protektionistesche Barrièren an deenen eenzelne Länner stoussen.

Mä et wär falsch, d'Ursaache fir dee mëssgléckten Départ an dat grousst Pensiounsfongegeschäft eleng deene luesen Europäer an d'Schong ze schubsen, oder deene protektionisteschen Noperen, déi natierlech probéieren, d'Kapital vun den Zousazpensioune fir hir national Ekonomien ze reservéieren, amplaz se an d'Ausland offléissen ze loossen.

E bësse musse mer d'Schold och scho bei eis selwer sichen - virun allem bei eiser zimlech zweegeplécktener Astellung, déi deemools zum Virschäi koum, wéi mir deeselwechten Dag d'Pensiounsfongegesetz an d'Gesetz iwwert d'Zousazpensioune gestëmmt hunn, déi jo bezeechnenderweis och ënner zwee verschidde Ministèrë gefall sinn.

Wéi et nämlech drëm goung de Mammenhaiser vun eise Banken hei zu Lëtzebuerg, Lëtzebuerg als dee Standuert fir d'Pensiounsfongeverwaltung ze verkafen, an d'Mammen doropshin hiren Duechtere gesot hu si sollten dann emol ee Modell bei sech selwer bastelen, hunn eis Banken net grad dat néidegt Versteesdemech bei eisen Autoritéite fonnt. Déi haten offensichtlech Schwieregkeeten sech alleng…

Une voix.- Dat kann dach net sinn!

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Dach. Här Grethen, an Dir wësst et och.

Déi haten offensichtlech Schwieregkeeten sech alleng scho mam Prinzip vun de Pensiounsfongen unzefrënnen, an hunn esou vill Oplage gemaach, datt schliesslech kaum nach ee Loscht hat e Fong fir sech op d'Been ze setzen.

Hei knuppe ganz kloer zwou ënnerschiddlech Mentalitéiten openeen. Op där enger Säit déi europäesch, déi nach zu engem gudden Deel vum Bismarck senger Sozialversuergung geprägt ass, an op där anerer Säit den angelsächsesche Modell, dee méi op déi individuell Ofsécherung an domat op fräiwëlleg Virsuerg setzt. Mä déi Kulturkollisioun ass eis jo net friem; an dat net eréischt, säitdem datt den Här Blair versicht huet dem europäesche Sozialmodell de Fouss ze setze fir en duerch seng sou genannt liberal Moderniséierung vun Europa ze ersetzen.

Wéi gesot, nach sinn net all Barrièren heiheem an och dobaussen aus dem Wee geraumt sinn, mä op d'mannst gëtt mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv en entscheedende Schrëtt an déi Richtung gemaach fir déi mir eis schonn deemools décidéiert haten, wéi mir 1999 eist Pensiounsfongegesetz gemaach hunn. Elo kënnt et dorop un déi Ouvertür voll fir eis ze notzen a Profit doraus ze schloen, datt eis Finanzplaz sech a puncto Pensiounsfongen dach iergendwéi scho waarm gelaf huet.

Ëmmerhi si mer amgaang eis an der Fachwelt als Standuert fir eng ganz speziell Variant vu Pensiounsfongen ze positionéieren, déi sou genannt „pension pooling funds", bei deene méi Pensiounsfongen, beispillsweis vun engem Grupp, hiert Kapital zesummeleeën en vue vun enger méi effikasser Gestioun.

Grouss Multinationale sinn op der Sich no deem richtege Standuert fir hir eenzel national Pensiounsregimer ze regruppéieren. Mir leien do am Moment net schlecht an der Course, mä mir hunn awer mat redoutabele Konkurrenten ze dinn, wéi zum Beispill mat eisem Erzrival Dublin. Eng vun de Konditiounen, fir datt mir dat Renne maachen, ass och datt mir um leschte Stand vun der europäescher Législatioun sinn. Dofir ass et esou wichteg, datt mir dës Direktiv elo ëmsetzen.

Eng aner Pensiounsfongespezialitéit vun der Plaz schéngt eise Modell vun de „fonds multi-employeurs" ze ginn, deen an deem neie Gesetz verankert gëtt. Déi „fonds multi-employeurs" ergänze gewëssermoossen d'„pooling funds" no ënnen. Si sinn op déi méi kleng Entreprisen zougeschnidden, déi, wa si sech zu méi zesummendinn, duerch eng gemeinsam Gestioun vun hire Pensiounsfongen hire Leit ähnlech Leeschtungen offréiere kënne wéi déi grouss.

Et ass also net wéi wann nach guer näischt a puncto Pensiounsfonge geschitt wier. Mir si parat, fir de grenziwwerschreidende Pensiounsfonge-Maart unzegoen, deen dat wuel gréisste Geschäft an der Zukunft fir d'Finanzmäert wäert ginn.

Déi Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, mécht eis d'Paart e gutt Stéck méi wäit op. Un eisen Opérateure läit et elo dat Bescht doraus ze maachen; dat Bescht fir sech, fir eis Finanzplaz an domat och e bësse fir eis alleguer. An dofir wäert Dir och net weider verwonnert si wann ech den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Gesetzer hei abréngen an Iech Merci soen, datt Dir nogelauschtert hutt. Op d'mannst deenen, déi nogelauschtert hunn.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den Här Meisch ass den éischte Riedner. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, a mäi Virriedner huet et gesot, datt op Grond vun der demographescher Entwécklung, op Grond vum Fait, datt mer ëmmer manner aktiv an ëmmer méi pensionéiert Leit hunn, datt dat Verhältnis sech zu Gonschten ebe vun deene Pensionéierten entwéckelt, datt do eng ganz Rei vu Problemer op d'Länner duerkommen, déi an eisem Entwécklungsstadium si wéi a Westeuropa, an datt mer eis do musse Froe stellen, datt mer eis Froe musse stelle fir d'Zukunft an d'Ofsécherung an d'Sécherheet am Allgemenge vun eisem Pensiounsystem.

Et gëtt mat Sécherheet do keng Allheelmëttel, mat Sécherheet keng Solution miracle, mä datt mer awer musse kucke vläicht méi onofhängeg ze gi par rapport zu där demographescher Entwécklung, eis méi resistent dozou ze maachen, an do kann een Deel Eegeversuergung, een Deel Zousazversuergung och duerch de Patron nëmmen hëllefen, fir eis Zukunft do besser ze preparéieren.

Et ass net, datt mir dat alleng hei zu Lëtzebuerg maachen, et ass sou, datt déi Diskussiounen do queesch uechter Europa an uechter aner Länner lafen an dofir ass et jo och esou, dass ee grousse Marché eben opgaangen ass an an Zukunft nach wäert opgoen, dee vun eben de sou genannte Pensiounsfongen, an dofir ass et ze begréissen, datt mir dat Gesetz, wat 1999 hei gestëmmt ginn ass…

M. le Président.- Här Jaerling, wollt Dir eng Fro stellen?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Neen.

M. le Président.- Dann ass et gutt. Ech hat gemengt, well Dir lech esou haart…

M. Claude Meisch *(DP).*- Ech géing dem Här Jaerling awer gären op d'Fro äntweren.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hunn den Här Meisch gelueft.

M. Claude Meisch *(DP).*- Ma dat ass gutt, dat kënnt Dir méi oft maachen. Maacht et net nëmmen hei am Haus, maacht et och dobaussen, Här Jaerling.

(Hilarité)

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt et wichteg ass, datt mir dat Gesetz vun 1999 hei punktuell nach eng Kéier adaptéieren. Wat nämlech ganz besonnesch wichteg ass, dat ass, datt mir de Leit Vertraue ginn, datt wa si fir sech selwer virsuergen, datt wann hire Patron zousätzlech virsuergt, datt dat e séchere Wee och ass, fir seng eegen Altersversuergung kënnen ze garantéieren. An et ass jo och ee vun den Haaptpunkten an dësem Projet de loi de Schutz vun deene Mechanismen, awer och vun deene Versécherte selwer.

Wat och gutt ass a wat zousätzlech Chancë fir d'Bankplaz Lëtzebuerg ka bréngen, dat ass, datt hei de Marché an engem gewëssene Sënn harmoniséiert gëtt, datt mer och do gréisstendeels déi Spillregelen, déi gëllen, net nëmme fir Lëtzebuerg definéieren, mä datt mer déi upassen un déi an anere Länner. Dat kann, mat deem Know-how gekoppelt, dee mir hei op eiser Bankplaz hunn, awer och mat deenen Ambitiounen an deenen Efforten, déi mat Sécherheet hei op der Bankplaz och nach amgaange sinn entwéckelt ze ginn, dozou féieren, datt dee Secteur do, dee vläicht wéi de Rapporteur gesot huet nach net sech esou développéiert huet wéi hei 1999 am Haus och gehofft ginn ass a gemengt ginn ass, datt mer awer déi Entwécklung do net wäerte verpassen an nach déi nächst Jore kënnen nohuelen.

Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur Merci soen an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen, an och nach eng Kéier hoffen, datt dëse Projet dann och hei wäert eng Majoritéit fannen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den honorabelen Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Lucien Thiel Merci soe fir seng excellent Aarbecht, hien huet wierklech ee gudde Rapport gemaach an „just in time", fir dass mir do nach fäerdeg ginn elo fir den 1. Juli. Ech hoffen, dass mir op deem Wee och dann elo hei wierklech zu Lëtzebuerg een Zentrum kréie fir Pensiounsfongen. An deem Sënn wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Den honorabelen Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Mir sinn och mam Projet d'accord.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Här Henckes, elo ass Ären Tour.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Loosst elo den Här Henckes schwätzen!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt en Extrait vun dem Rapport virliesen: «L'idée des fonds de pension à la luxembourgeoise n'a pas connu le succès qu'on avait pu espérer. Les quelques fonds de pension qui existent n'ont pas la masse critique permettant d'établir à Luxembourg un savoir-faire et une renommée. La question se pose dès lors quelles étaient les raisons de ce relatif échec.»

Et muss een hei festhalen, datt de Projet de loi vun der Iddi hier zwar gutt ass, well mir mussen eng Transpositioun vun enger Direktiv virhuelen, mä datt mir erëm hei d'Konditioune vum Echec mat aprogramméiert hunn. Wann een nämlech vergläicht wat an Holland, an England, a Portugal oder an der Belsch zum Beispill leeft, da gesäit een, datt mir hei eng Iwwerreglementatioun hunn, déi een an anere Länner net fënnt, a wou dann natierlech och den Echec bei de Commerciaux wäert zimlech flagrant ginn.

Ech wëll nure kuerz e puer Artikelen nennen, déi net an der Rei sinn, déi een a soss kenger Législatioun fënnt ënnert där Form: dat ass den Artikel 6-3 a 26-2, wou d'Statuten, d'Modalités d'établissement et de modification du règlement de pension virgesi sinn. Mir verstinn net, firwat datt d'Assurancen, déi meeschtens Actionnaire hei sinn, musse gefrot ginn an Accorde ginn, do wou den Employeur an d'Salariat en Accord fonnt hunn. Dat gëtt et a kengem anere Land.

Da sinn déi Artikelen 68 bis 71 iwwert de Règlement de pension net kloer, vill ze vill komplizéiert an der Prozedur. Do gesäit een och, datt

am Ausland déi Saache vill méi einfach duerchgezu gi sinn.

Et muss een och bedaueren, datt bei der Exekutioun Strofbestëmmunge virgesi sinn, souguer bei enger Erreur matérielle. Och dat fënnt een a kengem anere Land.

Den Artikel 100 zum Beispill weist där Infractioune vir, an et misst ee scho bal Masochist si fir zu Lëtzebuerg ënnert deene Konditioune Gestionnaire vu sengem Fong ze ginn.

Et kann dach net sinn, datt dat, wat mer zum Beispill am Blanchiment virgesinn hate fir Affekoten, wou d'Intentioun muss virleien, hei net berücksichtegt ginn ass, an datt eng einfach Erreur matérielle duergeet.

Da muss ee beim Artikel 108-2 virgesinn, datt do anscheinend déi non communautaire Fonge viséiert sinn. Ech froen de Rapporteur, firwat déi communautaire Fongen an dësem Gesetz op dësem Punkt excluéiert sinn.

Deen drëtte Punkt, dat ass d'Mise en œuvre, dat ass den 23. September 2005 vun dësem Joer. Dat ass ee relativ kuerzen Délai - en ze vill kuerzen Délai a mengen Aen -, fir kënnen hei sech konform zum Gesetz ze setzen. Zumools mat deene ville Prozeduren an Dokumenter, déi mussen erstallt ginn.

Aus deem Grond kënne mer mat dësem Projet net d'accord sinn. Mir wäerten ons dofir enthalen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Budgetsminister, den Här Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu deene véier Projeten zesumme schwätzen, well am Fong gehéieren déi véier zesummen.

Déi véier verstäerken d'Gesetzgebung vun eiser Finanzplaz. Dat ass gutt fir d'Finanzplaz, dat ass gutt fir eist Land, well d'Finanzplaz ass ee vun den Haaptpiliere vun der Lëtzebuerger Ekonomie an et ass och eng vun de groussen Einnahmequelle vum Lëtzebuerger Stat. An duerfir mengen ech ass et gutt, datt ee sech ëmmer rëm mat deem Sujet ofgëtt.

Et ass duerfir net d'Minuttenzuel, Här Rapporteur, déi ausschlaggebend ass fir d'Wichtegkeet vun de Projet-de-loien, mä et ass de Contenu vun deene Projet-de-loien. An duerfir géing ech gären Iech, Här Rapporteur Thiel, an och deenen anere Kolleegen aus der Finanzkommissioun, Merci soe fir déi Sujete seriö behandelt ze hunn.

Ech géing och bei de Mercië wëllen dem honorablen Här Huss Merci soen, datt en d'accord war, datt mer seng Interpellatioun no dëse Projet-de-loien huelen, well ech muss ee Fliger huele fir op eng Sitzung vun der europäescher Agence vun der Sécherheet vun de Baussegrenzen ze goen. A vu datt de Fliger geschwë flitt, sinn ech frou, datt mer konnten déi Projeten hei am Ufank vun der Sitzung huelen. An duerfir wollt ech him fir dat Versteesdemech Merci soen.

Déi Projeten haut beweisen och d'Diversitéit vun der Finanzplaz. Et ass ee Projet iwwert déi international Pensiounsfongen, et ass ee Projet iwwert d'Assurancen, an et ass ee Projet, deen d'Kapital ass fir eis Bourse, nämlech dee vun de Prospekter vun de Valeurs mobilières. An et ass och grad déi Diversifizéierung vun der Finanzplaz, déi d'Regierung wëllt weiderdreiwen. Well wann een op vill Standbeener déi Finanzplaz opbaut, dann ass se manner vulnérabel an da kréie mer se weider ausgeweit, wéi mer dat gären hätten.

Mir hätte gären op dëser Finanzplaz Rechtssécherheet fir nei Produkter; Rechtssécherheet, wat mer heimadder och schafen, mä déi awer net ausschléisst, datt ee Flexibilitéit an déi Gesetzgebungen abaut, do wou verschidden Optioune méiglech sinn.

An ech deelen absolut net déi Analys, déi zum Schluss elo den Här Henckes gemaach huet, andeem en hei vun lwwerreglementéierung schwätzt. Et kann een alles am Liewen natierlech, wéi dat beim ADR net ontypesch ass, pessimistesch gesinn. Et si sécherlech eng Rei Problemer, fir datt mer déi Gesetzgebung esou développéiert kréie wéi mer dat gären hätten, mä ech si vläicht méi optimistesch. Ech liesen zum Beispill an der „Neue Zürcher Zeitung" vum 25.6., dat war viru véier Deeg: „boomendes Fondsgeschäft in Luxemburg". Do ginn dann dräi hollännesch, belsch Banken zitéiert, déi bal all hir Fongen aus Holland op Lëtzebuerg bruecht hunn. „Luxemburg wieder die Nummer 1."

Ech ginn Iech gären deen Artikel. Et gesäit een, datt de Wuesstum vum Nettoverméige vun de Fongen zu Lëtzebuerg méi schnell geklommen ass wéi an anere Länner. Dat ass och d'Resultat vun enger gudder Gesetzgebung, vun enger Gesetzgebung, déi mer permanent adaptéieren. An do wou mer Schwieregkeete feststellen, do musse mer kucken, datt mer déi Schwieregkeeten dann duerch erëm eng Kéier Adaptatioune vu Gesetzgebunge verbesseren.

Eis Gesetzgebung ass gutt. Duerch dës Gesetzer vun haut gëtt se nach besser. Mir kréien elo nei Méiglechkeeten, déi sech zesumme musse gesinn am Secteur vum „private banking", wou iwwermar déi europäesch Quellesteierregelung ufänkt, déi also och eist Bankgeheimnis bäibehält. An all déi Saachen zesummen, dee ganze juristesche Kader, deen erlaabt et elo der Regierung fir op eng méi aktiv Aart a Weis d'Promotioun, d'Explikatioun vun der Finanzplaz op de Marchéen dobaussen ze maachen.

Mir sinn eng international Finanzplaz. Mir mussen also kucken, datt mer internationaalt Geschäft op Lëtzebuerg kréien, an duerfir hu mer eis och engagéiert, och ech perséinlech, fir an deenen nächste Méint selwer mat den Akteure vun der Finanzplaz d'Vermaarte vun der Finanzplaz dobaussen ze maachen. Dat geet schonn u mat zwou Promotiounsreesen am Hierscht, déi eng an Amerika, déi aner an d'Vereenegt Arabesch Emirater, fir do och ze erkläre wat mir als Lëtzebuerg kënnen ubidden.

Et ass e Marché mat enger haarder Konkurrenz an duerfir muss een erkläre wat ee mécht, an dat kann d'Regierung zesumme mat den Akteure vun der Finanzplaz. Dës Instrumenter hëllefen eis dobäi. An duerfir soen ech der Chamber Merci, datt se hei schéngt eng ganz breet Zoustëmmung zu dëse Projeten ze ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun deene véier Projets de loi, déi mer bis elo diskutéiert hunn.

5. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales (suite)

Fir d'éischt de Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières; dat ass d'Nummer 5444.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Also dat hei ass net dee Projet, wou den Här Henckes sech wollt enthalen.

(Hilarité)

De Projet de loi 5444 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

6. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances (suite)

Da komme mer zum Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; dat ass d'Nummer 5409. Et dauert ee Moment, bis mer d'Elektronik um Stand hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5409 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Norbert Haupert), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

7. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle (suite)

Da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle; dat ass den 5360.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5360 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Gre-

8. 5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vum leschte Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle; dem 5361.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Marie-Josée Frank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Gre-

then, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Interpellatioun iwwert de Projet REACH vum honorabelen Här Huss. Bei dëser Interpellatioun ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Negri an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Interpellant, den honorabelen Här Jean Huss.

9. Interpellation de M. Jean Huss au sujet du projet de réglementation «REACH» proposé par la Commission européenne

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hu gëschter hei iwwer Europa diskutéiert, haut diskutéiere mir dann nach eng Kéier iwwer Europa...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet fir den Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- ...awer méi spezifesch iwwert déi nei europäesch Chemikaliëgesetzgebung, an dat ass eng ganz vaste an eng ganz komplex Problematik. Et ass wahrscheinlech eng vun deene gréisste Gesetzgebungen, déi jee an Europa gemaach gi sinn.

Et geet dobäi, wa REACH duerchgesat gëtt, an engem positive Sënn dorëmmer, fir engersäits d'Ëmwelt ze schütze viru Chemikalien, anerersäits awer och d'Leit, déi op der Aarbechtsplaz sinn, ze schützen. Et geet also och ëm d'Aarbechtsplazsécherheet viru Chemikalien. An drëttens geet et ëm Gesondheetsschied, déi duerch Chemikalië kënne verursaacht ginn, an déi een also misst preventiv vermeiden, andeem een eng gutt Chemikaliëpolitik géif maachen.

Ech wéilt dës Interpellatioun zum Thema REACH aleede mat folgendem däitschen Zitat: „Zum ersten Mal in der Weltgeschichte ist nun jedes menschliche Wesen vom Augenblick der Empfängnis bis zum Tode der Berührung mit gefährlichen Stoffen ausgesetzt. In den nicht ganz zwei Jahrzehnten, in denen die synthetischen Mittel zur Schädlingsbekämpfung im Gebrauch sind, haben sie sich so gründlich über die ganze belebte und unbelebte Welt verteilt, dass sie eigentlich überall vorkommen. (...) Man hat diese chemischen Stoffe in Fischen weltabgeschiedener Bergseen gefunden, in Regenwürmern, die im Boden wühlen, in Vogeleiern und im Menschen selbst, denn sie werden jetzt von der überwiegenden Mehrheit der Menschen gleichgültig welcher Altersstufe im Körper gespeichert, sie sind bereits in der Muttermilch und wahrscheinlich auch in den Geweben des ungeborenen Kindes vorhanden."

Dëse kuerzen Text, Dir Dammen an Dir Hären, staamt aus der däitscher Iwwersetzung vun engem Buch ënnert dem Titel „Silent Spring", op Däitsch „Der stumme Frühling" - hei ass dat Buch - aus dem Joer 1962, an dat ass publizéiert ginn an den USA.

D'Autorin vun dësem Buch war déi amerikanesch Biologin Rachel Carson, a si huet doranner gewarnt virun den negative Folge fir Ëmwelt a mënschlech Gesondheet, déi vun nei entwéckelte synthetesche Chemikalien, haaptsächlech vu Pestizide géingen ausgoen.

Si hat deemools gewarnt virun Aartestierwen an Aarteschwund; si hat gewarnt viru Krankheeten, wéi Allergien, Kriibs, Fertilitéitsproblemer an neurologesch Erkrankungen, déi vun dëse synthetesche Chemikalië kéinten ausgoen, a wann een d'Realitéit vun haut objektiv kuckt, da muss ee leider soen, datt si mat hiren deemolege Warnungen net ganz onrecht behalen huet.

Zënter 1962 awer si vun der chemescher Industrie onzähleg nei synthetesch Substanzen a Substanzklassen entwéckelt an am Bauwiesen, a Konsumartikelen an esou virun, op de Marché bruecht ginn. Kee weess haut genau wéi vill, mä et sinn der offiziell iwwer 100.000, an no de Schwéiermetaller an de Pestizide sinn 1962 bis haut zum Deel genausou problematesch Substanzen entwéckelt ginn, vu Léisemëttel iwwer Holzschutzmëttel an Insektiziden, bis hin zu sou genannte Weichmacher, Flammschutzmëttel an esou virun.

An d'Ausbreedung vun all dëse Chemikalië bis an déi entleeënsten a verstoppsten Ecker vun eiser Welt, vun den Amazonasflëss bis an d'Gletscherséie vun Alaska, ass also zënter 1962 monter weitergaangen, an och mir Mënschen als lescht Glidd vun der Nahrungskette sinn haut alleguerte vun der Uräicherung vun esou Substanzen an eisem Organismus betraff.

Am Joer 2004 haten sech beispillhaft eng Partie Europaparlamentarier an duerno och 14 europäesch Ëmwelt- a Gesondheetsministeren zu Budapest Bluttanalysen op verschidde Chemikalië maache gelooss, an d'Resultater dovunner waren alles mä net berouegend!

An hirem Blutt si vu ronn 100 ënnersichte Substanzen der an der Moyenne tësche 40 a 50% erëmfonnt ginn, an dat obschonn d'Bluttanalys eleng sécher net dat bescht Instrument ass fir d'Uräicherung vu Chemikalien am Kierper ze moossen.

Och hei zu Lëtzebuerg hu sech op Initiativ vu Greenpeace e puer Leit, dorënner eisen Ëmweltminister, ënnersiche gelooss, an och bei dësen Analyse konnten eng Partie vun esou problematesche chemesche Réckstänn opgedeckt ginn.

Ass dës Uräicherung an eisem Organismus geféierlech, a wa jo, wéi geféierlech ass si dann? Wat fir Krankheete kënnen eventuell doraus entstoen? Entweder chronesch Erkrankungen, vläicht esouguer Kriibs oder aner Erkrankungen? Ech wäert herno dorobber zréckkommen.

An de Medien an an der öffentlecher Meenung gëtt vu Problemer mat der Chimie meeschtens just geschwat, wann et zu chemesche Katastrophe komm ass, wéi zum Beispill an de 50er Jore Minamata a Japan, Seveso an de 70er Joren an Italien, an den 80er Jore Bhopal an Indien, oder zum Beispill nach d'lescht Joer oder d'virlescht Joer zu Toulouse a Frankräich, wou et zu enger Explosioun do an der chemescher Industrie komm ass.

E gewëssent Interesse, Opmierksamkeet a Bekanntheetsgrad an de Medien an an der Öffentlechkeet kruten och nach esou Skandaler wéi zum Beispill den Holzschutzmëttelskandal an Däitschland, deen haut och nach undauert, virun allem fir déi betraffe Leit undauert, déi haut nach krank sinn, oder zum Beispill de Jorzéngte schonn undauernde Skandal vum Asbest, deen an de kommende Joren nach wäert 10.000 wann net 100.000 vun Doudegen an Europa fuerderen, oder zum Beispill och d'Affäre vun den FCKWen, déi laang Joren zur progressiver Verdënnung vun eiser Ozonschicht gefouert hunn, an doduerjer zu vermehrtem Hautkriibs oder sou genannte Melanomen.

An all dëse bekannte Fäll aus der Vergaangenheet hunn déi betraffe Fabrikanten a chemesch Industrië laang Zäit oder souguer bis haut wéi am Fall vum Bhopal absolut onverantwortlech an deelweis kriminell reagéiert. Si hu sech domm gestallt, si hunn evident a bekannt Risike verniedlecht, si hu jorelaang gemauert, zum Deel well si hir Produkter einfach nach e puer Joer profitabel wollten ofsetzen, oder well si grouss finanziell Entschiedegungsprozesser gefaart hunn. Bref, si hunn oft einfach jorelaang weidergemaach bis si endlech vun der Politik gestoppt goufen, an dat ganz kloer op Käschte vun Ëmwelt an Déierewelt an op Käschte vun der Gesondheet vu ville betraffene Leit.

E lescht aktuellt a rezent Beispill, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Land Nicaragua, an doranner d'Stad Chinandega mat senge Bananneplantagen, wou elo virun dräi Deeg an der internationaler Press ze liese war - ech weisen lech dat hei -, vu Méindeg, dem 27. Juni, wou do zu Dag komm ass, datt 20.000 Leit, déi do an deene Bananneplantagë geschafft hunn, op eng schwéierst Aart a Weis duerch de Pestizid Nemagon an hirer Gesondheet geschiedegt gi sinn. Zum Beispill kënnt do 30-mol méi oft Uteruskriibs vir bei Frae wéi soss a ganz Nicaragua, si Feelgebuerten, Doutgebuerten, Mëssgebuerten, Sterilitéit, Hautproblemer, an 1.000 Leit vun deenen 20.000 si bis haut scho gestuerwen.

Mä och do erëm eng Kéier ass datselwecht Verhale vun de grousse chemesche Multien, an dësem Fall Dow Chemical, Occidental Chemical, Shell an esou virun, an och vun de Bananneplantagëbesëtzer Chiquita an esou virun: Si maache guer näischt; si maachen, wéi wann et si guer näischt géif ugoen, an dat ass eng Affär, déi um Niveau vun esou Saache wéi deenen doten absolut skandaléis ass.

Souwäit, Dir Dammen an Dir Hären, just ee kuerze Résumé an e puer Stéchwierder iwwer e puer méi vergaangen oder rezent Skandaler vun der chemescher Industrie, déi an der Öffentlechkeet, an de Medien eng gréisser Roll gespillt hunn.

Vill manner, nach vill ze vill wéineg bekannt ass awer haut de Risiko, sinn Ëmwelt- a Gesondheetsgefore vun eisem alldeeglechen Ëmgank mat Chemikalien, déi all Dag a ganz niddrege Konzentratioune vun eis iwwert d'Haut, iwwert d'Ootmung oder iwwer eis Ernährung noweisbar opgeholl ginn, an zum Deel noweisbar och an eisem Organismus gespäichert ginn.

Iwwert dësen allgemenge mä och individuelle Gesondheetsrisiko kann engem haut keen Aarbechtsmedeziner an och keen Toxikolog, dee sech e bësse seriö hëlt, eng sécher a berouegend Informatioun ginn. Éischtens, well et iwwer dausende vu Chemikalien, déi haut um Marché sinn, déi a Baumaterialië sinn, déi a Konsumartikele sinn, keng oder héchstens ongenügend Informatiounen an Date gëtt, oder d'chemesch Industrie, wa si esou Daten huet, si bis haut net öffentlech gemaach huet.

E puer Zuele just iwwert dat heitegt Feele vun Informatiounen an Daten: Fir déi wäit verbreetste Substanzen, déi all Joer zu iwwer 1.000 Tonnen hiergestallt a vermaart ginn, sinn et just 14% wou e sou genannte Basisdatensatz öffentlech bekannt ass. Iwwerhaapt keng Informatioun, dat heescht guer keng Daten iwwert d'Chemikalië gëtt et fir ronn 15% dovun. Virun allem iwwert déi sou genannten Altstoffer, dat heescht zéngdausenden, déi virun 1981 schonn hiergestallt a vermaart goufen, gëtt et haut nach nëmme ganz wéineg Informatiounen, an eng ähnlech desolat Situatioun ergëtt sech op der Aarbechtsplaz an der Praxis vum Ëmgank mat sou genannte Gefahrstoffer an de Betriber, wou sou genannte Sicherheitsdatenblätter d'Belegschafte vun de Betriber solle schützen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat nach de leschte Weekend d'Geleeënheet zu Würzburg an Däitschland un engem internationale Kongress iwwer REACH deelzehuelen an do Zuelen ze héieren iwwert d'Qualitéit vun dëse sou genannte Sicherheitsdatenblätter. Vu qualifizéierten Ëmwelt- an Aarbechtsmedeziner ass do gesot ginn, datt just ronn 20% vun deene Sécherheetsdateblieder gutt wieren, 40% géife Feeler enthalen a 40% wiere carrément ongenügend.

A souguer en däitschen Aarbechtsmedeziner vun der chemescher Industrie vun der BASF huet op deem Kongress vu schätzungsweis 20% feelerhaften Informatioune geschwat, an, wat nach méi problematesch ass, hien huet op Statistiken higewisen, wouno an Däitschland just 12% vun de Firmen, déi mat esou Gefahrstoffen ëmginn, doriwwer iwwerhaapt seriö informéiert wieren.

Eng Fro: Sinn dann esou Zuelen eventuell eng Erklärung dofir, firwat datt grad och haut europawäit esou vill Leit op hirer Aarbechtsplaz krank ginn, chronesch krank ginn, eventuell Kriibs kréien, an ëmgekéiert awer europawäit prozentual nëmme ganz wéineg Leit als beruffskrank oder invalid unerkannt ginn, well de Lien zur Expositioun mat Chemikalien net gemaach gëtt oder net ka gemaach ginn? Sinn déi wéineg chemesch bedéngte Beruffserkrankungen, déi als solch unerkannt ginn - hei a Lëtzebuerg sinn et der 2 bis 3%, no de Statistiken -, eventuell nëmmen d'Spëtzt vun engem Äisbierg?

Et muss een ëmmerhi wëssen, datt an Europa ronn 23% vun de Salariéen, dat sinn 32 Millioune Leit, eleng kriibserregende Chemikalien op der Aarbechtsplaz ausgesat sinn. Wéi vill dramatesch Eenzelschicksaler - ech denken zum Beispill un d'Asbestproblematik - si sécherlech domadder verbonnen, mä och wéi vill onnëtz Ausgaben am Gesondheetssecteur a wéi vill Belaaschtunge fir d'Krankekeesen, well et si grad esou chronesch schwéier Erkrankungen, déi an der Behandlung am deierste sinn.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net nëmme bei Chemikalien, déi op der Aarbechtsplaz eenzel oder a Kombinatiounscocktailen zum Asaz kommen, wou haut de Schong dréckt. Ech hat am Ufank drop higewisen, datt allgemeng, dat heescht insgesamt an eiser Ëmwelt, an der Otemloft, de Biedem, de Gewässer, Nahrungsmëttel, Kleeder, Baumaterialien, Miwwel, Kosmetik, ëmmer méi Chemikalien am sou genannte Niedrigdosisberäich enthale sinn, ënner anerem och an eise Wunnengen, am Hobbyberäich an esou virun.

A well dës Chemikalien doranner net permanent festgebonne bleiwen, trieden se ënner bestëmmte Konditiounen, Temperaturbedingunge beispillsweis, aus, a féieren zur Belaaschtung vun allem, wat mir zu engem gesonde Liewen awer bräichten, nämlech eng gesond Loft fir ze ootmen, eng gesond Ernährung an esou virun. An dës Belaaschtung erkläert och déi Uräicherung mat esou Substanzen an eisem Organismus, wou haut kee seriöen Toxikolog méi ka behaapten, esou Chemikaliecocktaile wieren absolut onbedenklech. Héchstens kann haut dozou gesot ginn, datt mer iwwert déi Gesondheetsrisiken ze wéineg wëssen.

Zwee Aspekter erlaben haut awer dovunner auszegoen, datt déi emfaassend Presenz an Uräicherung vu Chemikalien negativ Konsequenzen op eis Gesondheet huet. Éischtens epidemiologesch Daten, op déi sech och d'Europäesch Kommissioun baséiert huet, fir REACH auszeschaffen, an déi noweisen, datt zum Beispill Asthma an Allergien an deene vergaangenen zwee, dräi Jorzéngte ganz staark zougeholl hunn a weider nach zouhuelen.

Datselwecht gëllt fir verschidde Kriibszorten, zumools fir hormonell bedéngte Kriibszorte wéi Broschtkriibs, Hodekriibs, Prostata an esou virun, déi mat hormonell wierksame Chemikalien, de sou genannten „endocrin disrupters", a Verbindung bruecht ginn. Dozou gehéiere vill Pestiziden an aner chloréiert oder broméiert Substanzen, déi eis ëmginn.

Et gëtt an dëser Ëmweltepidemiologie och nach higewisen op eng Zounahm vun Hirntumoren a Leukämie, virun allem bei Kanner, all Joer ëm 1 bis 1,5%. Et ginn och haut ëmmer méi Liene gesinn tëschent der chronescher Expositioun mat Chemikalien an neurodegenerativen Erkrankunge wéi Alzheimer oder Parkinson oder neuropsychiatreschen Entwécklunge wéi Depressioun, Hyperaktivitéit bei Kanner, Autismus bei Kanner an esou virun. Schliesslech schéngt och d'Chimie eng gréisser Roll dobäi ze spillen, datt haut ronn 15% vun alle Koppelen an Europa keng Kanner méi kënne kréien.

Zweete Punkt: Niewent epidemiologeschen Date gëtt et och ëmweltmedezinesch Erfahrungen an och Schätzunge vu kritesche Wëssenschaftler, an do spillen natierlech keng Grenzwäerter aus der Aarbechtsmedezin oder aus der Akuttoxikologie eng Roll, mä do gëtt als Ausléiser vu Krankheete virun allem e Mix aus immunologesche Mechanisme genannt, haaptsächlech Inflammatioun, genetesch ongënschteg Konstellatiounen, individuell Susceptibilitéite vun den eenzelne Leit, altersgeschwächt an esou virun.

Laut Ëmweltmedeziner, déi zum Beispill och vum 13. bis de 15. Juni bei eiser Lëtzebuerger Konferenz iwwer Ëmwelt a Gesondheet hei zu Lëtzebuerg dobäi waren, géifen ëmmer méi Leit ëmmer méi empfindlech op niddreg Konzentratioune vu Wunngëfter, Pestiziden, Schwéiermetaller an esou viru reagéieren, an eng Partie vun hinnen, déi sou genannt MCS-Krank, „multiple chemical sensitivity", géife souguer op extrem niddreg Konzentratioune vun all deene Produite reagéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wat synthetesch-chemesch Substanzen alles bei der Gesondheet kënnen uriichten, sief un engem leschten, mä beonrouegende Beispill erläutert, an zwar um Beispill vun Intelligenz- a Gehirproblemer vun eise Kanner. Do misste vläicht grad och emol d'Schoulpolitiker hei am Sall e wéineg nolauschteren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

D'lescht Joer am Juni huet eng Etüd vum WWF, dem World Wide Fund For Nature, nei wëssenschaftlech Etüden zesummegefaasst, déi noweisen, datt neurotoxesch, dat heescht gehirschiedegend an nerveschiedegend wierkend Chemikalien d'Intelligenz vun de Kanner géifen aschränken. Vum Bläi ass dat bekanntlech schonn zënter 20 Joer mindestens bekannt, mä zum Beispill och PCBen, déi extrem laanglieweg sinn, a vun deene mer scho virun dräi Joer hei geschwat hunn, well d'Fësch an eenzelne Flëss domadder belaascht sinn, oder zum Beispill och broméiert Flammschutzmëttel, déi sech an Televisiounsapparater, Computeren, Videoen an esou viru befannen a vun do kënnen ausgasen, oder an Autossëtzer, a Polstermiwwel, oder souguer a Matratzen, gehéieren nieft villen aneren zu neurotoxesch wierksame Chemikalien.

An, Dir Dammen an Dir Hären, kuckt lech emol am Rapport d'activité vum Ministère vun der Santé a vum Statslabo un, wéi oft vun eiser Lëtzebuerger Ëmweltambulanz, déi mat beschränkte Mëttel awer eng ganz gutt Aarbecht mécht, zum Beispill esou neurotoxesch Flammschutzmëttel a Kannermatratzen oder a Polstermiwwel fonnt ginn.

An déi Ëmweltambulanz gëtt bekanntlech just vum Dokter an en Haus bestallt fir ze moossen, wann onerklärlech an net therapéierbar Gesondheetsproblemer, zum Beispill stännegen Houscht, Asthma oder bestänneg Infektiounen, virleien, déi dann awer, wann déi Analyse gemaach gi si vun der Ëmweltambulanz a wann eppes fonnt ginn ass, a ganz ville Fäll verschwannen, wann déi inkriminéiert Miwwelstécker oder zum Beispill déi Kannermatratzen duerch onbelaaschtener ersat gi sinn.

Do kënnt Der nofroen an der Praxis vun der Ëmweltambulanz. Si huet eng ganz Rëtsch vu Fäll, wou beispillsweis Kannermatratzen zu Asthma an zu Otemweeproblemer gefouert hunn, a 14 Deeg nodeem déi Matratzen ewechgeholl gi sinn an duerch onbelaaschtener ersat gi sinn, sinn op eng Kéier och d'Otemweeproblemer bei deene Kanner fortgaangen.

Wat awer seet eis déi WWF-Etüd méi genau iwwer neurotoxesch Chemikalien an eventuell Gehirschied bei Kanner? Ech zitéiere just kuerz dorauser: „Die Erkenntnisse offenbaren in erschreckender Weise, dass Chemikalien, denen wir alle ausgesetzt sind, die Gehirnentwicklung und die Motorik von Kindern schädigen können, und zwar schon in Konzentrationen, die bereits im menschlichen Blut nachgewiesen wurden."

Et gëtt do geschwat vu weltwäite Beobachtungen u Kanner, an niewent méi schwaache Gedächtnisleeschtungen, verminderte visuelle Erfahrungscapacitéiten a méi niddregen Intelligenzquotiente gëtt do och bericht iwwer neuropsychiatresch Verhalensstéierungen, wéi zum Beispill wat ech gesot hunn, Autismus, Hyperaktivitéit, Opmierksamkeetssyndromer, bei deene gläichfalls also eng Belaaschtung schéngt mat eng Roll ze spillen.

En héichkarätege Wëssenschaftlergremium aus den USA huet geschat, datt ronn 10% vun allen neurologesche Stéierunge ganz oder deelweis duerch Chemikalië verursaacht wieren. An an engem Presseinfo vun deemselwechte WWF vum 8. Juni 2004, ënnert dem Titel „Verdummen Chemikalien unsere Kinder?", warnt also dës grouss weltwäit täteg Ëmweltorganisatioun virun der Neurotoxicitéit vu villen alldeeglech presente Chemikalien a verlaangt, datt d'chemesch Industrie déi geféierlechst vun esou Stoffer endlech aus de Produkter eraushëlt, an datt déi europäesch Politik méi schnell wéi bis elo misst virsiichteg handelen nom Principe de précaution, fir esou Substanzen ze verbidden an duerch manner problematescher ze ersetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo gläich méi konkret op den techneschen Inhalt vu REACH ze schwätze kommen, well REACH wëllt vum Prinzip hier jo déi negativ Konsequenze vun all deene Chemikalien op Ëmwelt a Gesondheet besser an de Gréff kréien, an dat Zil ënnerstëtze mir als Gréng selbstverständlech, da muss ech op dëser Plaz awer gläich aschränkend soen, datt engersäits bei REACH dës neurotoxesch Gesondheetsrisiken iwwerhaapt emol net matconsidéréiert ginn, wat eng vun de grousse Schwächten ass vu REACH, an datt zum Zweete bei REACH och zum Beispill déi virdrun erwähnten, nei wëssenschaftlech Methode bei der Risikoanalys, zum Beispill immunologesch Analysen, genetesch Analysen, individuell Susceptibilitéitsanalysen an anerer iwwerhaapt net zum Droe kommen, wat och eng weider entscheedend Schwächt vum REACH-Programm ass.

Esou datt trotz REACH, an och wann an zwielef Joer, am Joer 2017, de Registréierungsprozess endlech ofgeschloss soll sinn, bis dohin an och nach duerno weiderhi Gesondheetsproblemer duerch synthetesch Chemikalië wäerte viru bestoen; ofgesinn emol vun der Tatsaach, datt den Délai fir eng ofschléissend Registréierung eréischt an zwielef Joer, am Joer 2017, och net grad eng attrayant Perspektiv ass. Op dësen zwee Punkten ënner anerem misst REACH, wann et dann hoffentlech en dynameschen a lernfäege Prozess soll sinn, op jidde Fall nogebessert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, trotz dëse méi fundamentalen aus Siicht vum Gesondheetsschutz wichtege Kritiken un där virleiender Versioun vu REACH ass et urgent, datt de REACH-Prozess endlech ufänkt an a Gang kënnt.

Fir déi heibannen oder dobaussen, déi elo net wësse wat REACH genau heescht, sief kuerz erwähnt, datt REACH ofgeleet ass vun den englesche Wierder „registration" also Enregistrement, „evaluation" also Risikoaschätzung an „authorisation of chemicals" also der Maartzouloossung vu Chemikalien.

Vereinfacht ausgedréckt ass REACH also eng nei oder iwwerhaapt emol eng méi emfaassend europäesch Chemikaliëgesetzgebung, wou et also un éischter Plaz emol ëm den Enregistrement geet, dat heescht ëm eng Bestandsopnahm vun de Chemikalien, virun allem vun deene ronn honnertdausend, déi scho virun 1981 um Marché waren. Nom schrëttweisen Enregistrement soll et dann - wann néideg -schrëttweis zur Evaluatioun, dat heescht zur Risikoaschätzung an dann eventuell zur definitiver Zouloossung oder awer zu Aschränkungen oder eventuell zu Verbueder kënne kommen. D'Zilsetzung vu REACH kënne mir also nëmme begréissen.

Wat de genauen definitiven Inhalt vu REACH ubetrëfft, deen eréischt am Joer 2006 ënner éisträichescher Présidence wahrscheinlech wäert ofgeschloss kënne ginn, sou wëlle mer do awer ofwaarden, wat finalement bei REACH erauskënnt. Virun allem fir ze gesinn, ob et der chemescher Industrie geléngt REACH nach weider ze verwässeren, wéi dat bis haut schonn de Fall ass, oder awer ob et ëmgekéiert den ONGe vun Ëmwelt a Gesondheet an den europäeschen Dokteschorganisatiounen, de Gréngen an de fortschrëttlechen anere Kräften am Europaparlament geléngt, déi elo virleiend verwässert REACH-Versioun erëm op- oder nozebesseren, datt dat Ganzt iwerhaapt e Sënn mécht.

Wa REACH wierklech an de kommenden zéng an 20 Joer endlech e wesentleche bessere Schutz vun Ëmwelt a mënschlecher Gesondheet soll garantéieren, da si mir do als Politiker alleguerte gefuerdert a virun allem och eis sechs Europapolitiker. An dann dierft et eigentlech net sinn, datt en Deel vun hinne reng industrieorientéiert Amendementer, wéi se zum Beispill vun engem CDU-Représentant, dem Här Nassauer vun der hessescher CDU virubruecht ginn, och nach ënnerstëtzt.

Dir Dammen an Dir Hären, de REACH-Prozess ass mat dësem Dag, mat dëser Interpellatioun zu REACH nach laang net eriwwer. Eis Lëtzebuerger Présidence mat hirer Equipe ëm den Här André Weidenhaupt a mat der Madame Joëlle Welfring huet u sech bis elo eng wäitgehend ganz gutt an zolidd Aarbecht gemaach. Mä elo an de kommende sechs bis zwielef Méint komme mer an déi leschte Ligne droite virun der Entscheedung. A mir wäerten als Gréng genauestens verfollege wat sech an den zoustännege Kommissioune vum Europaparlament wäert dinn a mir wäerten op jidde Fall och genauestens d'Ofstëmmverhale vun eise sechs Europaparlamentarier verfollegen, fir an der Öffentlechkeet duerzestellen, wien aktiv fir Ëmwelt a Gesondheet antrëtt a wien ëmgekéiert just d'Positioune vu grousse chemesche Konzerner op Käschte vun Ëmwelt a Gesondheet énnerstëtzt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat dës Interpellatiounsdemande scho virun e puer Méint agereecht, fir ze wësse wéi d'Lëtzebuerger Présidence den Dossier REACH iwwerhaapt wéilt ugoen. Wa se elo eréischt um Schluss vun der Lëtzebuerger Présidence haut hei an der Chamber ka stattfannen, sou ass dat awer u sech guer kee Problem, well éischtens déi décisive Endphas vun den Debatten am Europaparlament an am Conseil eréischt am Hierscht an am Wanter wäert stattfannen an zweetens well et wichteg ass, datt d'Lëtzebuerger Regierung och no senger Présidence am Europäesche Conseil weiderhin eng fortschrëttlech an eng responsabel Haltung anhëlt.

Dofir wäert ech zum Schluss vu menger Interventioun och e puer Motioune virleeën, déi engersäits sollen hëllefen déi aktuell Versioun vu REACH erëm e wéineg ze verbesseren oder nozebesseren an déi anerersäits sollen dofir suergen, datt Lëtzebuerg sech uerdentlech virbereet op déi Situatioun wa REACH definitiv a Kraaft trëtt, well dann op eis Regierung eng ganz Partie vun Evaluatiounen, dat heescht vu Risikoaschätzungsfuerderungen, mä och vu Berodungsufuerderunge vu Lëtzebuerger Entreprisen, haaptsächlech vu klengen a mëttleren Entreprisen, vu PMEen, wäerten zoukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e puer lescht Zuelen a Meenunge virzeweise firwat REACH längst iwwerfälleg ass, firwat et am Fong e risege Skandal ass, datt domadden net scho viru 25, 30 Joer oder méi Joren ugefaange ginn ass.

Laut den Aussoe vun der OCDE - an dat si bekanntlech jo net onbedéngt Ökofundamentalisten - vum Programme sur les produits chimiques aus dem Joer 2000 - dee Programm huet 74 Säiten - gëtt et «des milliers de produits chimiques utilisés dans le monde dont les risques n'ont pas fait l'objet d'une évaluation approfondie». Do gëtt geschwat vu ronn 4.000 chemesche Substanzen, déi weltwäit a Quantitéit vun iwwer 1.000 Tonne pro Joer géife vermaart ginn an ech zitéieren nach eng Kéier: «À la fin de 1999» also viru knapp fënnef Joer «quelque 150 évaluations de substances chimiques produites en grande quantité étaient terminées, 250 autres étaient en cours.»

Also vun deene 4.000 weltwäit am meeschte verbreete Substanze si just 150 Risikoaschätzungen do. An esou kënnt et dann och zur Konklusioun vun der OCDE, d'selwecht wéi bei REACH, ech zitéieren nach eng leschte Kéier: «Les données sur la toxicité des substances pour l'environnement et la santé publique devraient être disponibles en 2020.» Dat heescht vum Datum vum OCDE-Bericht aus dem Joer 2000 a ronn 20 Joer.

Datt dës onhaltbar Situatioun esou laang, dat heescht bei REACH bis mindestens den Zäitraum 2016-2017 kann undaueren, ass sécherlech skandaléis vu Säite vun de grousse chemeschen Industrien, mä och vu Säite vun der virherrschender Politik europa- a weltwäit, well d'Rachel Carson a sengem Buch „Der stumme Frühling" 1962 scho virun deenen negative Folge gewarnt huet; a si war net déi Eenzeg. Déi ganzen Zäit - iwwert déi lescht 20, 30 Joer - hunn och aner Leit, Wëssenschaftler, Toxikologen, Biochemiker, Biologen an och ONGen ëmmer erëm do virdru gewarnt, mä déi chemesch Konzerner sinn einfach ëmmer erëm gewäerde gelooss ginn, si konnten ëmmer weider an ëmmer nei synthetesch Substanzen entwéckelen an op de Maart bréngen, egal ob se ëmwelt- a gesondheetsschiedlech waren oder net.

Well dat bis haut esou war - an dat seet souguer d'Europäesch Kommissioun an enger Iddi méi diplomatesche Wierder, wéi ech elo hei, an hirem Wäissbuch iwwert d'Chemikalië vum Februar 2001, an dëst Wäissbuch ass jo bekanntlech d'Grondlag vum REACH-Prozess -, dofir ginn haut ëmmer méi Krankheeten a Verbindung bruecht mat onkontrolléierten sech ausbreedende Chemikalien.

Am Anhang I vun dësem Kommissiounswäissbuch gëtt beispillsweis méi genau op eng Krankheet higewisen, nämlech op Allergien, déi bekanntlech ëmmer méi zouhuelen. Zitat aus deem Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun: „Allergiekosten werden in Europa auf 29 Milliarden Euro pro Jahr geschätzt. Chemikalien dürfen hier durch direkte Auslösung von Allergien oder durch Erhöhung der Empfindlichkeit gegenüber natürlichen Allergenen, zum Beispiel Pollen, eine wichtige Rolle spielen. Eine US-Studie hat gezeigt, dass die Häufigkeit von Asthma seit den 70er Jahren um 40% gestiegen ist. Wenn dank der neuen REACH-Strategie nur ein Bruchteil dieser 29 Milliarden Euro an Allergiekosten gespart werden kann, wären die Kosten der Strategie bereits gedeckt."

A mir wëssen alleguerten, datt bis viru kuerzem an deelweis bis haut nach vu munche Chemiehiersteller geklot gëtt, REACH wier fir si vill ze vill deier; eng Ausso, déi awer spéitstens no enger kierzlech vun der Industrie selwer gesponsorter Etüd, der KPMG-Etüd, absolut onseriö ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat virdru gesot, datt ëmmer scho Wëssenschaftler gewarnt hunn, mä haut ginn déi Warnungen ëmmer méi haart an ëmmer méi emfaassend. Esou ass net méi spéit wéi d'lescht Joer zu Paräis en dramateschen Appel vun internationale Wëssenschaftler lancéiert ginn, de sou genannten „Appel de Paris" an hei ass deen Appel, ech hunn e matbruecht, an en heescht „Déclaration internationale sur les dangers sanitaires de la pollution chimique".

Doranner gëtt nach eng Kéier schärfstens gewarnt virun dëse Geforen an de bisherege Laisser-aller a Saache Vermaartung a Verbreede vu Chemikalië gëtt verueerteelt. Et gëtt do gewarnt virun ëmmer méi Kriibs, ëmmer méi Sterilitéit an ëmmer méi Missbildungen, virun ëmmer méi Allergien an Otemwee-Erkrankunge wéi Asthma. Et gëtt do gewarnt virun enger weiderer Zounahm vun den neurodegenerativen Erkrankungen an Erkrankunge vum Imunsystem. Et gëtt och gewarnt viru Gefore fir Ëmwelt a fir eise Klima an et kënnt dann zum Schluss vun dësem Appel de Paris zu folgender Deklaratioun an dräi Artikelen, déi ech lech wëll zitéieren; si si ganz kuerz:

«Nous, scientifiques, médecins, juristes, humanistes, citoyens, convaincus de l'urgence et de la gravité de la situation, déclarons que,

Article 1: Le développement de nombreuses maladies actuelles est consécutif à la dégradation de l'environnement

Article 2: La pollution chimique constitue une menace grave pour l'enfant et pour la survie de l'homme

Article 3: Notre santé, celle de nos enfants et celle des générations futures étant en péril, c'est l'espèce humaine qui est elle-même en danger.»

Dir Dammen an Dir Hären, dat kléngt ganz dramatesch, mä déi éischt Ënnerzeechner vun dësem Appel waren nëmme Wëssenschaftler a Medeziner, dorënner bis haut ronn eng Dosen Nobelpräisträger, dorënner och de Kofi Annan, an dorënner den Daachverband vu sämtlechen europäeschen Dokteschorganisatiounen. Nodréiglech hunn och vill besuergte Politiker, ONGen an esou viru, sech dësem Appel vum Mee 2004 ugeschloss, esou dass am Moment praktesch eng Millioun Leit deen Text schonn ënnerschriwwen hunn.

Niewent hiren dräi Deklaratiounen, an dat huet grad och mam virleiende Projet REACH ze dinn, verlaangen dës Wëssenschaftler a Medeziner e puer konkret Mesuren, vun deenen ech just déi wichtegst hei ka résuméieren:

Éischt Mesure: De sofortege Verbot vun alle Substanzen, déi wëssenschaftlech nogewise kriibserreegend sinn, déi zu genetesche Veränneruge féieren oder déi d'mënschlech Fruchtbarkeet a Fro stellen, an d'Uwendung vum Substitutiounsprinzip bei all deene Substanzen.

Zweet Mesure: D'Uwendung vum Principe de précaution bei alle chemesche Produkten a Substanzen, déi ganz laanglieweg, dat heescht persistent sinn, déi sech uräicheren an déi toxesch sinn. An evidenterweis och vis-à-vis vun deene Substanzen, déi héich persistent an héich uräicherungsfäeg sinn, an dëst ouni nach länger ze waarde bis 100%eg oder 101%eg sécher nogewisen ass, datt dat esou ass. Well et géing drëm goe fir preventiv irreversibel Gefore fir Ëmwelt a Gesondheet ofzewieren.

D'Risikoaschätzung, dat heescht d'Evaluatioun an déi eventuell Festleeung vu Grenzwäerter, wann net direkt op all dës Substanze kéint verzicht ginn, misst sech dann awer op jiddfer Fall orientéieren un den empfindlechste Liewewiesen, an dat wiere kleng Kanner an de Fötus während der Schwangerschaft.

An enger drëtter Mesure gëtt gefuerdert, datt europawäit schnellstens konkret chiffréiert Réductiouns- a Substitutiounspläng missten erstallt ginn, esou wéi dat zum Beispill Schweden, Dänemark an Norwegen viru Jore scho gemaach hunn, par rapport zum Asaz vu Pestizidien. An datt schnellstens Alternative missten erschafft an op de Marché bruecht ginn.

Si plädéiere weiderhi fir eng méi grouss an emfaassend penal a finanziell Haftung vun de grousse chemeschen Entreprisen a fir eng international Juridictioun an dësem Sënn.

An enger sechster a leschter Mesure plädéieren se am europäesche Kader vu REACH fir eng drastesch Verschäerfung a Verstäerkung vun der virleiender Versioun vu REACH a fir eng absolut Prioritéit vum Virsuerge- a vum Substitutiounsprinzip.

Esouwäit, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Appel.

Ech hat virdru schonn erwähnt, datt REACH eng ganz emfaassend komplex a komplizéiert Matière ass, an ech mengen, datt et hei op dëser Tribün net nëmmen aus Zäitgrënn net Plaz ass an och net méiglech ass, op all Detailer, op all Zuelen an op all méi technokratesch Beschreiwungen anzegoen. Ech wëll an ech kann dat dofir just a ganz groussen Zich hei erklären.

Eleng scho fir d'Komplexitéit an den ëmstriddene Charakter vu villen eenzelnen Dispositiounen ze illustréieren, wéilt ech drop hiweisen, datt nodeem d'chemesch Industrie et fäerdeg bruecht huet, mat Hëllef vu Blair, Schröder a Chirac, déi éischt Versioun vu REACH ofzeschwächen an op wichtege Punkten ze verwässeren, elo par rapport zu dëser Versioun, zu dëser verbesserter Versioun nach weiderhi ronn 5.000 Amendementer am Europaparlament virleien, déi an 20 Sprooche mussen iwwer-

sat ginn. Eleng an der Ëmweltkommissioun vum Europäesche Parlament sinn et der ronn 1.200. Datselwecht gëllt fir d'Industriekommissioun. An der Kommissioun fir de Binnemarché leien 900 Amendementer vir, an der Kommissioun fir d'Ekonomie sinn et der 450, an da kommen der och nach aus fënnef oder sechs weidere Kommissiounen.

Wat finalement dobäi wäert erauskommen, ass am Moment nach guer net ofzegesinn. Mä dat wäert ofhänke vun de majoritäre Positiounen an deene verschiddene politesche Fraktiounen. Woubäi haut scho kloer schéngt, leider, datt déi Haaptbremser vu REACH aus de Reie vu konservative Chrëschtdemokraten an Deeler vun de Liberale kommen. Esou huet zum Beispill eleng deen Här Nassauer, vun deem ech virdru scho geschwat hunn, vun der CDU, 267 industrieinspiréiert Amendementer erabruecht, während ëmgekéiert den Här Sacconi, de sozialistesche Rapporteur am Ëmweltausschuss, eng Verstäerkung a Verbesserung vun där aktueller REACH-Versioun wëllt erreechen.

Wat ass ëmstridden? Ëmstridde bleiwen haut esou wichteg Froe wéi d'Virsuergeflicht vun de Chemiehiersteller par rapport zu all hire Produkter oder de Prinzip vun der noutwendeger Autorisatioun a Substitutioun, wann Alternative verfügbar sinn.

Ëmstridden ass och de Stellewäert vun Déiereversich, fir de Gesondheetsrisiko beim Mënsch kënnen anzeschätzen. Vu ville Säiten, och vun de Gréngen, gëtt verlaangt, datt et do schnellstens zu enger drastescher Miniméierung an zum Iwwerhuele vun alternative Methoden, zum Beispill vu mënschlechen Zellkulture muss kommen. A grad och hei zu Lëtzebuerg duerch d'Efforte vun der ALPA an deene leschten zéng Joer sinn do interessant Entwécklungen amgaangen, wouzou een d'ALPA muss félicitéieren.

Ganz ëmstridde bleift och d'Fro, awéiwäit wat fir oder wéi vill Date musse geliwwert gi bei enger Substanz, déi quantitativ net grad esou an d'Gewiicht fält, vun där „just" 1 bis 10 to pro Joer a Produzent op de Marché kënnt. An eisen Ae missten och do, well et sech och do ëm problematesch Stoffer kann handelen, zumindest seriö Basisdaten op den Dësch kommen.

Deeselwechte Sträit gëtt et och par rapport zur Dateliwwerung a Risikoaschätzung vu Substanzen, déi niewent aneren a fäerdege Produkter a Konsumartikelen enthale sinn, an dat och wa se zum Beispill an d'Europäesch Unioun importéiert ginn.

Ëmstridde bleiwe bei der Registréierung och déi zäitlech an déi substanzbezunne Prioritéiten, a finalement gëtt et och nach Sträit doriwwer, awéiwäit d'chemesch Industrie d'Recht soll behalen, bestëmmten Daten däerfe geheim ze halen, oder inwiewäit ëmgekéiert d'Uwender an och d'Ennverbraucher, dat heescht de Konsument, d'Recht op Informatioun, dat heescht op e seriöen Etiquetage vun alle Produkter soll zougestane kréien.

Vum Spéitsummer un a virun allem am September sollen d'Décisiounen an deene wichtegsten, an de fiederféierende Kommissioune vum Europaparlament falen. Am Oktober soll dann eng éischt Liesung an der Plénière vum Europaparlament stattfannen, an duerno wäert dann Enn des Joers och nach den Europäesche Conseil Stellung bezéien, duerno d'Europäesch Kommissioun versichen eng nei Versioun ze maachen, ier et dann 2006 méiglecherweis zur definitiver REACH-Versioun wäert kommen.

Am Résumé also nach eng Kéier: Déi wichteg Zilsetzunge vu REACH, esou wéi dat am Kommissiounswäissbuch gefuerdert gouf, ënnerstëtzen déi Gréng selbstverständlech, well si an eisen Aen elementar Viraussetzunge fir eng endlech besser Ëmwelt- a Gesondheetspolitik sinn.

Et si virun allem zwee grouss Prinzipien, déi do vu Wichtegkeet sinn: Éischtens datt esou schnell wéi méiglech all Informatiounen iwwert d'Risikopotenzial vun de chemesche Substanzen a Produkter mussen op den Dësch kommen an datt d'Beweislaascht am Konfliktfall och ëmgekéiert gëtt.

Bis elo hunn d'Behörde misse beweisen, ob eng Substanz schiedlech wier oder net; elo soll hei d'Beweislaascht ëmgekéiert ginn. Dat ass u sech eng gutt Saach, wann dobäi allerdéngs nach eng onofhängeg drëtt Kontrollinstanz ageschalt gëtt, fir och esou Saachen ze kontrolléieren.

An deen zweete Prinzip, dee bei REACH soll gëllen, deen och ganz gutt ass, dee mer och ënnerstëtzen, deen ass, ech wëll mol soe wéi en op Englesch genannt gëtt: „no data - no market", wat fir eis e ganz wichtege Prozess ass. Dat heescht, wa vun de chemeschen Industrië keng oder keng zefridde stellend Informatioune geliwwert ginn, kann et och net zur Evaluatioun an zur Genehmegung vun enger Substanz kommen. Dat sinn déi zwee wichtegst Prinziper vu REACH, déi mer also ënnerstëtzen, an déi wierklech e Fortschrëtt sinn.

Déi grouss chemesch Industrie hat am Ufank - e kuerzen Historique - eng Zäit laang heftegst Lobby-Aarbecht gemaach fir REACH ganz zu Fall ze brëngen, wat dunn awer net méiglech war. Duerno huet se mat der Erpressung vun Delokalisatioun an Ofbau vun Aarbechtsplaze versicht Drock ze maachen, fir de REACH-Projet op wichtege Punkten ze verwässeren. An dës Lobby-Aarbecht geet och haut nach virun, fir méiglechst wéineg Informatiounen ze liwweren a fir méiglechst wéineg gefäierlech Substanze mussen ze substituéieren a vum Maart ze huelen. E wierklechen Ëmwelt-, Verbraucher-a Gesondheetsschutz schéngt do häerzlech wéineg eng Roll ze spillen.

Et muss een allerdéngs ëmgekéiert och positiv ervirhiewen, datt net all Industrie, net all Firma esou stur ass. Sou huet sech während de REACH-Diskussiounen erausgestallt, datt eng Partie, zum Beispill nordeuropäesch Firmen, oder och asiatesch grouss Firmen duerchaus opgeschlosse waren, fir direkt ze reagéieren a gefäierlech chemesch Substanzen aus hire Produiten erauszehuelen.

Och vun Uwenderfirmen, deene sou genannten „down users", déi vun de grousse chemesche Firme beliwwert ginn, komme lues a lues positiv Signaler. Esou huet zum Beispill kierzlech nach déi europäesch Bauindustrie, déi an Europa ronn 26 Milliounen Aarbechter beschäftegt, an engem rezente Positiounspabeier REACH begréisst a gefuerdert, datt d'REACH erëm misst opgebessert ginn, fir ze garantéieren, datt gefäierlech Substanzen a Produitë géife substituéiert an duerch Alternativen ersat ginn. An och d'kosmetesch Industrie aus Europa, d'Colipa, huet REACH begréisst a fäert souguer, datt hir Produiten net ënnert d'REACH-Veruerdnung géife falen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg, datt d'Uwender, d'Utilisateursfirme vu Chemikalien a Produkter, also déi Firmen, déi tëschent der chemescher Industrie an dem Endverbraucher mussen operéieren, ufänken ze erwächen. Ënnert hinne gëtt et gréisser Firmen, mä grad och vill Mëttel- a Klengbetriber, a grad si geroden a Konflikt mat de Verbraucher, wa gefäierlech Substanzen an Alldagsproduiten oder a gängege Konsumartikele virkommen. An dat ass jo leider haut ëmmer méi heefeg de Fall, esou wéi mer dat duerch d'Aarbecht vun eiser Ëmweltambulanz hei zu Lëtzebuerg eleng kënne feststellen.

Wa REACH a Kraaft ass, da misst an eisen Aen op jidde Fall eis Regierung eng Zort „task force", eng Cellule de compétence asetzen, déi sech domadder géif beschäftegen, fir engersäits dësen Uwenderbetriber, virun allem de PMEe berodend ze hëllefen, a fir gläichzäiteg all aner Froen och ze behandelen, déi vun där neier europäescher Chemikalienagence zu Helsinki herno wäerten op eis zoukommen, zum Beispill eis Presenz an europäeschen Expertëgruppen an d'Mataarbecht mat dëser Agence, oder och déi eventuell Evaluatiounsflichte vu chemesche Substanzen, déi kéinten op eis zoukommen.

An dësem Sënn wëll ech och hei eng Motioun abréngen, déi ech bis elo eleng ënnerschriwwen hunn, wou ech aner Fraktioune gefrot hunn, ob se da bereet wieren se ze ënnerstëtzen. Ech hunn hinnen och eng Kopie dovunner ginn. Hei ass also déi Motioun, Här President.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant l'évolution en cours du processus REACH et que le vote définitif sur REACH aura lieu probablement en 2006;

- considérant que notre pays devra alors faire face dans l'après-REACH à de nouveaux défis non négligeables;

- considérant que les firmes utilisatrices de produits chimiques et notamment les PME auront besoin d'informations détaillées et de conseils adéquats;

- considérant, d'autre part, que la collaboration prévue de notre pays avec l'Agence européenne pour les produits chimiques située à Helsinki exigera de la part de nos administrations un engagement sérieux relatif à la participation dans les comités d'experts et dans le travail d'évaluation de produits chimiques;

- considérant que dès maintenant un «Practical Preparation Programme» pour REACH vient de commencer ses travaux et que le Luxembourg a intérêt à y collaborer dès le début;

invite le Gouvernement

- à se donner de suite les moyens budgétaires et de personnels compétents nécessaires afin d'être à même de répondre à ces nouveaux défis;

- à mettre en place une «cellule de compétence» travaillant activement dans ce sens.

(s.) Jean Huss.

Dir Dammen an Dir Hären, an enger zweeter Motioun wéilt ech nach eng Kéier op déi wichtegst Punkten zréckkommen, wou mir mengen, datt déi aktuell REACH-Versioun misst nogebessert ginn. Ech hunn do just e puer Punkten erausgeholl - et hätt een nach vill méi kënnen erwähnen - an ech hu versicht, déi an enger Motioun festzehalen, an där d'Regierung invitéiert gëtt, an deem zukünftege Prozess an deenen nächste Méint sech um europäesche Plang dofir anzesetzen, fir datt wierklech déi gefäierlechst Produkter verbuede ginn, wann Alternativen do wieren, oder datt mindestens hiren Usage an der Zäit misst limitéiert ginn.

Fir och eng Partie Substanze mat an den Evaluatiounsprozess eranzehuelen, zum Beispill Substanzen, vun deenen ech scho virdru geschwat hunn, neurotoxesch Substanze beispillsweis, an och fir datt de Public wierklech e seriöt an emfaassend Informatiounsrecht kritt. Sou Saachen hunn ech do dragesat. Ech hunn der e puer nëmmen erausgeholl. Dat ass also och eng Motioun, déi an déi Richtung soll goen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les substances préoccupantes devraient être interdites si des alternatives plus sûres sont disponibles;

- considérant qu'un grand nombre de substances toxiques, neurotoxiques ou allergènes ne sont toujours pas répertoriées dans la catégorie des substances extrêmement préoccupantes;

- considérant que la sûreté des produits chimiques importés n'est pas toujours garantie;

- considérant que le public n'est pas suffisamment informé sur les produits chimiques existants, ne permettant pas de porter un jugement avisé, de comparer les produits aux alternatives disponibles et d'effectuer un acte d'achat éclairé;

- considérant qu'un certain nombre d'informations indispensables, notamment le nom des auteurs de l'enregistrement, les catégories de tonnage et les données concernant l'exposition ou encore les fiches de données de sécurité permettant de tracer les produits préoccupants tout au long de la chaîne de fabrication, restent confidentiels;

invite le Gouvernement

- à agir au niveau européen afin:

d'interdire les substances préoccupantes si une alternative plus sûre est disponible;

de limiter l'usage des substances préoccupantes dans le temps;

de soumettre un plus grand nombre de substances à la procédure d'autorisation, notamment celles contenant des allergènes cutanés et respiratoires puissants ou affichant une neurotoxicité et immunotoxicité;

de garantir la sûreté de tous les produits, y compris les produits importés;

de renforcer le droit à l'information du public sur l'usage de substances dangereuses dans les produits par un étiquetage adéquat;

de faire appel à des stratégies limitant strictement l'expérimentation animale et promouvant des méthodes alternatives;

de lancer une campagne d'information sur les risques réels des produits préoccupants.

(s.) Jean Huss.

A schliesslech hätt ech och nach eng drëtt Motioun, eng Motioun, déi méi praktesch op eis Lëtzebuerger Praxis gemënzt ass, an déi virun allem dofir antrëtt, eng breet offiziell, dat heescht vun der Regierung offiziell gesteiert, Informatiounscampagne ze lancéieren, fir besonnesch eis Kanner - well d'Kanner reagéieren am sensibelste par rapport zu esou chronesche Chemikalienexpositiounen - ze schütze virun esou negative Konsequenze vun Alldagschemikalien.

Hei ass, Här President, och déi Motioun, déi wéi gesot och op ass, wann aner Fraktiounen déi wëllen ënnerstëtzen.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que les enfants sont une catégorie de la population particulièrement sensible aux substances préoccupantes;

- considérant que les enfants peuvent être exposés aux sources de pollution à l'intérieur des logements et dans les différents établissements qu'ils fréquentent, notamment les crèches, écoles, cantines, halles de sport, etc.;

- considérant qu'un grand nombre de produits de consommation courante destinés aux enfants, notamment les jouets, couleurs, friandises, etc., peuvent contenir des substances préoccupantes;

- considérant que certaines études démontrent que les enfants exposés à certains polluants courent deux fois plus de risques de maladies des voies respiratoires;

invite le Gouvernement

- à lancer une campagne d'information pour sensibiliser les parents et les institutions aux risques de l'indoor pollution et de certaines substances préoccupantes.

(s.) Jean Huss.

M. le Président.- Jo, ech stelle fest, et ass eng Ënnerschréft drop; et stinn awer fënnef Nimm drop. Da sinn et also…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Also, et ass esou: Wann aner Fraktioune bereet sinn dat ze ënnerstëtzen, dann huele mir déi Nimm vun der grénger Fraktioun ewech; wann dat net de Fall ass, da sinn et natierlech déi gréng Kolleegen, déi dat da wäerte maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum leschte Punkt vun dëser Interpellatioun, e Punkt, dee ganz kloer mam Projet REACH ze dinn huet, deen awer de Kader vun der aktueller Diskussioun iwwer REACH eng kleng Iddi sprengt, well en eng aner Problematik mat an d'Spill bréngt.

Aus deem, wat ech bis elo gesot hunn, geet jo ganz sécher ervir, datt fir déi Gréng de Substitutiounsprinzip vu gréisserer Wichtegkeet ass, well gëfteg Substanze ganz einfach aus Grënn vum Ëmwelt- an Aarbechtsschutz an aus Gesondheetsgrënn musse verbuede ginn an duerch Alternativen ersat ginn.

Wie seet Alternativen, dee seet Alternative mussen entwéckelt ginn, dee seet och Fuerschung an Innovatioun, an domadder och Kreatioun vun neie sënnvollen Aarbechtsplazen. Ob et ëm d'Erfuerschung oder d'Weiderentwécklung vun neien Testmethoden, medezineschen Testmethoden, toxikologeschen Testmethode geet, fir zum Beispill Déiereversich drastesch ze miniméieren, oder ob et ëm méi global Produktinnovatioune geet, all dës Entwécklunge schafen nei Tätegkeeten, nei Produkter, nei Techniken, nei Déngschtleeschtungen an domadder och nei Aarbechtsplazen.

Eng Partie Beispiller aus der Vergaangenheet: Zum Beispill de Verbuet vun de PCBen, de Verbuet vun den FCKWen, vu kuerzkettege Chlorparaffinen oder vum Holzschutzmëttel PCP hu gewisen, datt et méiglech ass, wann et da gewollt ass, manner problematesch Solutiounen ze sichen an ze fannen.

Just e klengt, e ganz rezent Beispill aus dem Beräich vun den Holzschutzmëttel, vun deene souwisou duerch d'Biozidrichtlinie vun 1998 déi meeschte sollen ab 2008 verbuede ginn. Do huet elo zum Beispill viru kuerzem e Laboratoire zu Toulouse a Frankräich en neit Holzschutzmëttel entwéckelt ënnert dem Numm Asam, wat d'Ofkierzung ass fir «Anhydride succinique d'alkénoate de méthyle» - e schwéieren Numm. Dës Substanz gëtt hiergestallt aus Raps a Sonneblummenuelech, ass 100% planzlech, 100% ontoxesch, mä ganz wierksam. D'Europäesch Kommissioun ënnerstëtzt dës Entwécklung am Intérêt vun Ëmwelt a Gesondheet, mä och am Intérêt vu ville Kleng- a Mëttelentreprisen.

Et kéint een och op aner Beispiller an aner méiglech Alternative verweisen. Et gëtt der an der Tëschenzäit ëmmer méi an op ëmmer méi Gebidder. An dës Entwécklung ass hoffentlech just den éischten Deel vun enger Entwécklung hin zu enger méi nohalteger, zu enger méi ekologescher, ofbaubarer a manner toxescher Chimie.

Mä net nëmme wéi gesot aus Ëmwelt- a Gesondheetsgrënn ass esou eng Entwécklung onverzichtbar, mä och aus energiepolitesche

Grënn. Wann ee weess, wéi vill vun der aktueller Chimie nach ëmmer op Pëtrol oder Kuel opgebaut ass, a wann ee virun allem beim Pëtrol viraus ka gesinn, wéi schnell et do zu Versuergungsenkpäss, zu Mängel an zu ëmmer méi héije Präisser riskéiert ze kommen, da misst een eleng och schonn aus deem Grond ufänken ëmzedenken, an no alternative Léisungen an deem just geschilderte Sënn vu méi Naturchimie ze sichen.

REACH, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng vun deene wichtegsten, wann och äusserst komplexen europäesche Gesetzgebungen. Den Usaz dovunner am Wäissbuch war ganz richteg. Ob allerdéngs ab deenen nächste Joren Ëmwelt a Gesondheet besser viru geféierleche Chemikalië kënne geschützt ginn, hänkt vun eis all of, hei zu Lëtzebuerg an Europa virun allem och vun den Entwécklungen am Europaparlament an de kommende Méint.

Bleift déi aktuell scho verwässert Fassung, dann ass et héchstens e klengen, mä ongenügende Schrëtt no vir. Gëtt duerch d'Industrielobby de Projet nach weider verwässert, da muss ee leider soen: „Außer Spesen nichts gewesen."

Nëmme wann et geléngt iwwer positiv Amendementer déi aktuell Versioun erëm ze verbesseren, ka REACH wierklech e gréissere Succès ginn, e Succès deen eng Partie Plus-valuë géif mat sech bréngen: zum Éischten e bessere Verbraucherschutz, zum Zweeten e besseren Ëmwelt- an Aarteschutz, zum Drëtten e bessere Gesondheetsschutz an doduerch eng verbessert Situatioun vun de Krankekeesen, an zum Schluss zum Véierten eng nei, modern, innovativ a responsabel Chemikaliëpolitik, déi eigentlech och an haaptsächlech am global verstanenen Intérêt vun der europäescher Chemieindustrie selwer misst sinn an déi qualitativ nei Vermaartungschancen op sämtleche Weltmäert géif opmaachen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war eng laang Interpellatioun. Ech gesinn, dat waren elo 45 Minutten. Ech soen lech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt, an ech si gespaant, wat déi aner Fraktiounen, awer och wat d'Regierung dozou ze soen huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Huss. Den éischte Riedner ass den Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären. D'chemesch Produkter begleeden eis, mir brauchen se. Duerch hir Produktioun an hiren Asaz belaaschten si awer eis Atmosphär, eise Buedem an eist Waasser. Mir Mënsche liewen awer an där Biosphär, an duerfir ass et nëmme richteg an och wichteg, dass elo eppes ënnerholl gëtt, fir dass eben déi dräi Liewensressourcë méi geschount ginn.

Dëse Projet de réglementation, dee mer elo grad an enger exemplarescher Virliesung vum honorabele Jean Huss erkläert kritt hunn, stellt eng Suite vun dem Wäissbuch zur Strategie iwwert déi zukünfteg europäesch Politik am Beräich vun der chemescher Substanzindustrie duer. E Beweis méi, wéi néideg et ass, Europa ze hunn, well ouni Europa kënnte mer do näischt erreechen. REACH ass e Beweis, dass Europa lieft. Déi REACH-Direktiv soll dann, wa se a Kraaft trëtt, déi méi wéi 40 aktuell Direktiven a Veruerdnungen ersetzen.

D'Kärstéck vun dem REACH ass et, en integréierte System zur Registréierung, zur Evaluatioun an zur Zouloossung vun de chemesche Substanzen opzebauen. De Problem besteet awer doranner, dass et zurzäit kaum Informatiounen zu de Gesondheets- an Ëmweltrisike vun den agesate chemesche Substanzen an der Europäescher Unioun gëtt. Am Moment gëllt 1981 als Stéchdatum, also e Joer vun hei aus 24 Joer zréck. Déi bis 1981 op de Maart bruechte Chemikalië gëllen als „present", all déi, déi no 1981 agefouert goufen, als „nei".

Den Ënnerscheed tëschent deenen éischten an deenen zweete läit doranner, dass nëmmen déi nei Substanzen, dat sinn der ronn 3.000, virun hirer Aféierung op de Maart op eventuell Risike fir Mënsch an Ëmwelt getest goufen. Wéi d'Handhabung vun deenen ale Chemikalien ass, dat sinn der ëmmerhi bal 100.000, ass bis haut nach net geregelt! Dat huet mat sech bruecht, dass déi Substanze vu virun 1981 weider ongepréift am Handel sinn a keng nei entwéckelt ginn - dat misst jo de Fall sinn -, déi dann och méi ëmweltfrëndlech wieren.

Nodeems awer am Joer 1993 eng Veruerdnung iwwert d'Registréierung vun neie Substanzen agefouert gouf, goufen der 141 vun deenen 3.000 Substanzen ausgewielt, fir méi eng seriö Risikobewäertung. 141 vun 3.000! An da muss ee bedenken, dass vun 141 der haut genau 27 de ganze Wee vun der Bewäertung duerchlaf hunn! Do gesäit een also, wéi wichteg dat hei ass, an dass déi europäesch Gesetzgebung fir chemesch Produkter net méi up-to-date ass; duerfir besteet Handlungsbedarf.

Ee fundamentaalt Element vun dem REACH ass et sécherlech, dass elo d'Entreprisen, déi chemesch Substanzen hierstellen oder importéieren, an d'Responsabilitéit geholl ginn. Si mussen déi mat der Notzung verbonne Risike fir de Mënsch an d'Ëmwelt bewäerten an déi Mesuren ergräifen, fir deene vun hinnen erkannte Risike virzebeugen. Well am Moment läit d'Entscheedung, ob d'Substanze solle gepréift ginn oder net, ganz bei de Verwaltunge vun den eenzelne Länner, an net bei de Produzenten.

Dës Prozedure vun de Produzenten oder vun de Verwaltunge sinn an der Regel laangwiereg an och käschtenintensiv. Mat REACH muss net méi de Stat, d'Verwaltungen, mä ëmgedréint elo mussen dann déi eenzel Produzente fir d'Sécherheet vun hire Substanzen, déi op de Maart gesat solle ginn, den Noweis erbréngen.

Vun deenen 100.000 chemesche Substanzen, déi um Maart sinn, sollen dann déi 30.000, déi am meeschte gebraucht ginn, nei bewäert ginn. Dat sinn déi, déi am Moment ouni ausreechend Gesondheets- an Ëmwelttester am Ëmlaf sinn an déi mir alleguer och benotzen. Déi restlech 70.000 sollen nëmmen da bewäert ginn, wa sech eventuell Gesondheets- oder Ëmweltrisikoen astelle kéinten.

Fir dës Bewäertung hunn dann d'Produzente jee no Substanz dräi, sechs oder eelef Joer Zäit. Duerno gëtt evaluéiert, wéi eng Substanzen da vum Maart definitiv erofgeholl musse ginn. De Grondgedanken ass also deen, dass et elo un der chemescher Industrie ass, an net méi un de Verwaltungen, fir d'Onbedenklechkeet vun der Weiderveraarbechtung vun hire Substanzen nozeweisen. Eréischt dann dierf weider produzéiert an och verkaaft ginn. Duerno mussen dann déi Substanzen, déi gëfteg sinn, aus dem Verkéier gezu ginn.

Awer nach di mir eis immens schwéier, well vill Entreprisen argumentéieren, de REACH kéint zu enger héijer Aarbechtslosegkeet an Europa féieren. Si schwätze souguer vum Doud vun der europäescher chemescher Industrie. Deem ass awer net esou. REACH stellt fir déi europäesch Industrie, chemesch Industrie wuelverstanen, eng eemoleg Geleeënheet duer, d'Vertraue vun de Konsumenten erëm zréckzegewannen.

Och wa REACH Supplementarkäschte fir d'chemesch Industrie bedeit, esou fält dat awer net an d'Gewiicht, wann ee weess, dass déi Industrie en Ëmsaz vun honnerte vu Milliarden Euro am Joer huet. Dës Méikäschte muss een och da volkswirtschaftlech emol eng Kéier gesinn. Dat heescht jo, dass duerch Nieweneffekter ganz vill Sue kënne gespuert ginn, notamment am Gesondheetsberäich.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet de réglementation REACH stiechen e puer Virdeeler ervir. Den Här Huss huet der genuch erzielt, ech huelen der just zwee, dräi hei eraus.

D'Registréierung vun de chemesche Substanze gëllt als e wichtegt Element vun dem REACH. Chemikalien, déi a Mengen iwwer eng Tonn pro Fabrikant oder Importateur an och pro Joer hiergestallt oder importéiert ginn, mussen an enger zentraler Datebank erfaasst ginn. Déi soll zu Helsinki geschafe ginn, an do sollen och all déi Daten dann dem Konsument vermëttelt ginn, fir dass hien, wann en eng Substanz asetzt, weess, wat en dann an de Grapp hëlt.

D'Ëmsetze vum Substitutiounsprinzip, eng fundamental Iwwerleeung vun Europa. Wann eng geféierlech Substanz duerch eng manner geféierlech ersat ka ginn, da soll dat geschéien.

D'Beweislaascht, dat ass schonn e puermol hei ugeklongen, soll ëmgedréint ginn. Elo sollen net méi d'Verwaltungen, mä d'Produzenten dës Beweislaascht erbréngen.

REACH geet och net zu Laaschte vun der Industrie. Dat huet d'Etüd vun der KPMG gesot. D'Käschte vun der Bewäertung vun den 30.000 Substanzen, déi mer elo grad ugesprach haten, belafen sech op ongeféier 1,9 bis 3,2 Milliarden Euro. Dat entsprécht manner wéi 0,05% vum Joresëmsaz aus dem Joer 2001 vun de 50 gréissten europäesche Chemiekonzerner. Also ech géif do bal soen, Peanuts.

Amplaz nei a besser a méi ëmweltfrëndlech Produkter ze entwéckelen, halen d'Produzenten awer léiwer un den ale vu virun 1981 fest. Hei muss gesot ginn, REACH geet méi wäit. Haut gëtt relativ wéineg an d'Fuerschung investéiert, awer dat wäert sech ännere mussen. Duerch REACH gëtt méi investéiert fir méi ëmweltfrëndlech Substanzen ze entwéckelen, well d'Industrien sech doduerch sécherlech och nei Wettbewerbsavantagen op der Weltebene verschafe kënnen.

D'Vergaangenheet beweist eis, dass d'Substitutioun vun anere Produkter dacks mat engem Verbuet verbonne war, an duerno huet sech awer erausgestallt, dass et de richtege Schrëtt war. Huele mer de Fall vun der Ozonschicht, vun den ozonschichtzerstéierend Aerosolen. Dee Moment wou en Ersatz do war, dunn ass et op der Front vun der Ozonschicht besser ginn. Mir kréien de Problem vun der Ozonschicht lues awer sécher an de Grëff. Wou e Wëllen ass, do ass och e Wee. An hei muss ech och soen, dass d'Universitéit mat hirer Faculté scientifique agebonne muss ginn. Do läit Potenzial an dat ka staark agebonne ginn.

Am Bauwiesen, an der Holzveraarbechtung, an der Automobilbranche, an der Textilindustrie, an der Landwirtschaft, am Ëmwelt- an och am Gesondheetssecteur wéi och am Computerberäich, iwwerall kommen d'Mënsche mat chemesche Substanzen a Kontakt. Vum klengste Kand bis zu der eelster Bomi komme mer alleguerten all Dag mat Chemikalien a Kontakt. A mir wësse just net, wat mer deelweis an der Hand hunn, wat mer anootmen a wat ons Ëmwelt belaascht.

Duerch déi nei Reglementatioun REACH, wa se dann a Kraaft triede soll an een, zwee Joer, kënne vill finanziell Mëttel duerch den Asaz vu manner geféierleche Substanzen agespuert ginn. De Risiko fir ons Gesondheet gëtt vill méi kleng. Ech hunn e puer Etüden nogelies gehat, déi behaapten, bis 2030 kéinte mir an der Europäescher Gemeinschaft bis zu 50 Milliarden Euro eleng am Gesondheetsberäich aspueren. D'Krankheeten, déi op de Kontakt mat gëftege Chemikalien zréckzeféiere sinn, kënnen däitlech zréckgoen.

Mëttlerweil kënnen am mënschleche Kierper ongeféier 300 Substanzen nogewise ginn, déi viru 50 Joer nach mol guer net bekannt waren. Och eisen Ëmweltminister huet dat jo a sengem eegenen Aderlass gesot kritt, wat alles a sengem Blutt schwëmmt. Dës Substanze kënne beim Mënsch zu engem erhéichte Kriibsrisiko, zu méi Allergien an zu Entwécklungsstéierunge féieren.

Duerch REACH kënnen dës Risike bedeitend verklengert ginn. Mir kréien alleguerten ee verbesserten Ëmweltschutz duerch manner gëfteg Chemikalien, déi eis Ëmwelt belaaschten. Sécherlech klëmmt och domadder eis Liewensqualitéit - an dat ass jo eppes, wat mer als eppes Wäertvolles ugesinn -, well mer jo manner Pestiziden asetzen.

Dat alles féiert zu enger méi grousser Transparenz. D'Leit kréien déi néideg Informatiounen iwwert dat wat se kafen a kënnen och dann hire Choix treffen, wa se an engem Geschäft sinn. Si mussen sech da keng Gedanke méi maachen, ob déi verschidde Produiten, déi se kafen, an der Rei sinn, also vun der europäescher Agence zu Helsinki getest gi sinn.

Als een Nodeel - dat musse mer awer unerkennen - kéint eventuell drop higewise ginn, dass de bürokrateschen a finanziellen Opwand vun de Betriber kéint wuessen. Grad déi Kleng- a Mëttelbetriber, deene musse mer dann zur Hand goen andeems mer hinnen dann hëllefen dee Prozess ze erliichteren.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech awer ënnersträichen, dass d'CSV-Fraktioun dëse Projet de réglementation REACH ganz an der Logik vun der Lissabon-Strategie gesäit an och vum Kyoto-Protokoll.

Firwat? Do geet et jo awer ganz eendeiteg ëm dat vernetztent Zesummespill tëschent de sozialen, de wirtschaftlechen an och den ëmweltpolitesche Komponenten. A mengen ugeféierte Virdeeler gesäit een, dass et erëm d'Europäesch Unioun ass, déi am Beräich vun dem Schutz vum Mënsch an der Biodiversitéit staark Akzenter setzt.

A mir sinn eis sécher, dass wa mir et elo aféieren, déi aner Wirtschaftsbléck an den nächste Joren och en Ëmdenke wäerte matmaachen. D'Mënsche verlaangen alleguerten no méi Schutz fir hir Gesondheet an och fir hir Biosphär. Laut den Ëmfroen ënnerstëtzen 72% vun de Leit dobaussen déi europäesch Ëmweltpolitik. Souguer 80% vun de gefrote Mënschen halen d'Ëmweltpolitik als ee wäertvollt Element vun hirem Alldag.

Mir hunn dat gesi bei der Entschwiefelung vun de Kuelekraaftwierker, beim Asaz vun dem onverbläite Bensin an dem propperen Diesel, wéi och bei der Aféierung vum Katalysator oder elo beim Partikelfilter oder bei dem Bau vu Kläranlagen a Recyclingparks. De Mënsch wëllt einfach sech selwer geschützt gesinn an och seng Ëmwelt. A grad dat seet jo den europäeschen Traité am Kapitel III am Beräich Ëmwelt. Do gëtt kloer an däitlech op den europäesche Volet higewisen, deen hei ugesprach ginn ass.

D'CSV-Fraktioun wëllt dann awer och nach eng Kéier der Lëtzebuerger Présidence vun der Europäescher Unioun vun deene leschte sechs Méint e grousse Merci ausschwätzen. Si huet et fäerdeg bruecht, no heftegen an och kontroversen Diskussiounen am Dossier REACH, eng gutt Viraarbecht ze leeschten. Dat beweist einfach, dass och e klengt Land an der Europäescher Unioun ka ganz Grousses bewegen. Elo mussen da Groussbritannien an Éisträich beweisen, dass déi Steilvorlage vun eis, bei hinnen ëmgesat ka ginn an dat am Sënn vum Schutz vum Mënsch a vu senger Ëmwelt.

Ech soen lech da Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Emile Calmes ageschriwwen. Här Calmes, wann ech gelift.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi mäi Virgänger dat hei elo gesot huet, ass et richteg, datt et sech beim REACH ëm eng Proposition de règlement handelt vum Europäesche Parlament a vum Conseil, wou et ëm den Enregistrement, d'Evaluatioun an d'Autorisatioun vu chemesche Substanze geet, esou wéi ëm d'Restriktiounen, déi sech op dës Substanzen sollen uwennen an ëm d'Schafung vun enger Agence européenne vun dëse chemesche Produkter.

Dës Proposition de règlement baséiert sech op d'Wäissbuchstrategie pour la future politique dans le domaine des substances chimiques aus dem Joer 2001.

D'Zil vun där Strategie hei ass selbstverständlech - wéi esou oft an dësen Domänen hei - eng nohalteg Entwécklung.

Et gëllt och en Iwwerbléck iwwert déi Onmass vu chemesche Substanzen ze behalen, den Impakt op d'Gesondheet an d'Ëmwelt ze evaluéieren an da schlussendlech och op ee Minimum ze reduzéieren.

Säit 1981 muss all nei chemesch Substanz - éier se op de Maart kënnt - op hire Risiko fir Ëmwelt a Gesondheet iwwerpréift ginn. Sou goufe säit 1981 insgesamt iwwer 2.700 dëser Neisubstanze kommerzialiséiert. Déi sou genannten „substances existantes", dat heescht déi, déi et virun 1981 gi sinn, an dat maachen awer ëmmerhin 99% vun alle chemesche Substanzen aus, ënnerleien hirersäits awer dann net dëse Virschréften, sou dass hir respektiv Gefor op d'Gesondheet oder fir d'Ëmwelt oft am Däischtere leie bleift.

D'Wäissbuch vun 2001 proposéiert deemno eng Strategie, déi an deem Beräich soll méi Transparenz schafen, e bessere Schutz fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt ustrieft, gläichzäiteg d'Déiereversich reduzéiere wëllt, ouni awer op där anerer Säit d'Kompetitivitéit vun der europäescher Chemiesindustrie op d'Spill wëllen ze setzen. Et muss een nämlech wëssen, dass 1,7 Milliounë Leit an dësem Domän hei schaffen, also insgesamt iwwer 3 Milliounen Aarbechtsplazen hei drun hänken. Et däerfe bei där ganzer Strategie och keng nei Hindernisser am Kader vun der OMC opgebaut ginn, dat sinn alles Ziler, mengen ech, déi Sënn maachen an déi een op d'mannst, och wann een se net deelt, awer ka verstoen.

Et handelt sech deemno ëm eng relativ schwiereg Aufgab, well d'Ziler hei dach awer relativ héich gestach si ginn, de Pensum, dee bevirsteet, enorm ass a well hei muss mat verschiddenen an oft entgéigegesaten Intérête jongléiert ginn. Dat alles a villes méi mécht REACH zu engem relativ komplizéierten Dossier, deen haut - véier Joer nom Wäissbuch - nach ëmmer kontrovers diskutéiert gëtt.

Dat Wäissbuch gesäit ënner anerem vir, d'Industrie fir d'Sécherheet responsabel ze maachen, eng Erlaabnis fir all als geféierlech agestufte Substanz ze verlaangen - an

et gëtt geschat, datt et där eng 1.500 wäerte sinn -, d'Substitutioun, also den Ersatz vun deene Risikosubstanzen duerch manner geféierlecher ze ersetzen an eng adequat Informatioun vun der Bevölkerung an ee weltwäite séchere Gebrauch vun de chemesche Substanzen.

Säit Oktober 2003 läit dës Proposition de règlement REACH elo um Dësch an d'Reaktiounen hunn och net op sech waarde gelooss, virun allem säitens vun der Chemiesindustrie. Et ass vill iwwert de finanziellen Impakt spekuléiert ginn: d'Kommissioun rechent mat engem Käschtepunkt zwëschent 2,8 a 5,3 Milliarden Euro. Verschidden Etüden hunn dann awer och een Horrorzeenario beschriwwe bei deem d'Käschte géife bis op 180 Milliarden Euro eropklammen! Déi allerrezentst Etüden, déi vu mengem Virriedner hei ugefouert gi sinn, hunn dann erëm eng gewësse Rou an d'Spill bruecht a sinn zur Schlussfolgerung komm, datt allgemeng déi Dépensen dach awer ze verkraafte wieren. Déiselwecht Etüd verheemlecht awer net, datt besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber duerch déi nei Contrainte seriö finanziell Schwieregkeete kënne kréien.

De Minister Lux, deen déi Etüd hei den 12. Mee als Argument geholl huet, fir all finanziell Ängschte vum Dësch ze raumen, soll sech bewosst sinn, dass d'Chemiesindustrie net nëmmen - wéi mir dat oft alleguer mengen - aus grousse Multinationale besteet, mä och aus enger ganzer Rei vu Kleng- a Mëttelbetriber. Sou gëtt gesot, datt an Europa nieft deene grousse Multien eng ronn 36.000 Kleng- a Mëttelbetriber sinn, déi 96% vun de chemeschen Entreprisen ausmaachen an déi awer dann zwar nëmmen op där anerer Säit 28% vun der Gesamtproduktioun leeschten. Déi Betriber einfach esou ze ignoréieren, mengen ech, kann net am Sënn vun der Kompetitivitéit sinn.

Et muss ee sech awer och an dëser Situatioun bewosst sinn, datt hei net nëmme Produzente vu chemesche Substanze betraff sinn, mä och eng ganz Rëtsch vu Betriber, déi dann erëm dës Substanz als Matière première verschaffen.

Eng aner vun den Haaptpréoccupatioune vun der Chemiesindustrie ass déi vun der Confidentialitéit vun hiren Donnéeën. Wëlle mir eis Betriber hei an Europa konkurrenzfäeg halen, esou muss ee Mëttelwee tëscht der totaler Transparenz an dem Secret de production fonnt ginn. Hei wäert d'Roll vun der virgenannter Agence européenne de produits chimiques vu wesentlecher Bedeitung sinn.

REACH wërft nach eng ganz Rei aner Froen op, esou ass gemengt a gefaart ginn, datt déi finanziell Mëttel, déi d'Betriber an Zukunft mussen an d'Applicatioun vun deem Reglement stiechen, der Fuerschung herno wäerte feelen; mäi Virriedner huet dat hei bemierkt. Och mir wësse wéi wichteg d'Fuerschung ass, wëlle mer an der Zukunft kompetitiv sinn. Eiser Meenung no däerf hei net iwwert d'Zil erausgeschoss ginn an et muss opgepasst ginn, d'Betriber net iwwerzebelaaschten.

D'Importateure vu chemesche Substanzen an d'EU mussen ebenfalls d'Sécherheet vun deene Substanzen iwwerpréiwen.

Am Allgemengen ass et esou, datt eng Substanz muss enregistréiert ginn, wa méi wéi eng Tonn pro Joer dovu produzéiert an importéiert gëtt. Eng speziell Prozedur ass virgesi fir den Enregistrement vu chemesche Substanzen, déi sech a fäerdege Produkter befannen. Nëmmen déi Substanzen, déi als geféierlech gëllen an déi normalerweis fräigesat ginn, mussen enregistréiert ginn. Hei besteet allgemeng nach Opklärungsbedarf wat d'Definitioun vun där natierlecher Fräisetzung konkret an der Praxis dann och bedeit.

Den Enregistrement betrëfft deemno eng ganz Palette vu chemesche Substanzen, woubäi mer haut nach net wëssen, wéi vill dat der duerstellen. Et gëtt geschwat vun 30.000, vu 70.000 oder souguer, wéi mäi Virriedner dat hei gesot huet, vun 100.000 verschiddene Substanzen. Net heivu betraff sinn da Substanzen, déi fir Forschungszwecker gebraucht ginn. Polymere sinn an enger éischter Phas ebenfalls ausgeschloss.

Expertë sinn der Meenung, datt och Metaller, d'Alliagen, d'Mineralien, den Offall oder recycléiert Produitë misste vum obligatoreschen Enregistrement ausgeklamert ginn. Et gëtt gefäert, datt d'Metallindustrie, déi op grouss Volumë vun importéierter Matière première ugewisen ass, kéint geschwächt ginn. Dëst kéint och de Fall fir d'Pabeierindustrie zum Beispill sinn, déi säit der Erfindung vun der Press ouni gréisser Stéierfäll grouss Quantitéite vu Substanzen zu engem apparemment harmlose Produkt verschaffen.

Allgemeng kann ee sech d'Fro stellen, ob ee systematesch all méiglech Substanze soll oder muss enregistréieren, onofhängeg vum Risiko, deen et duerstellt. Mussen da bis zu 100.000 Substanzen enregistréiert ginn, wat anscheinend da bis zu eelef Joer wäert daueren, fir déi all ze enregistréieren? Ass d'Quantitéit, eng Tonn pro Joer, dee pertinentste Kritär, oder misst net den estiméierte Risikofacteur méi ausschlaggebend sinn? Ech mengen et misst sech op alle Fall an enger éischter Phas op déi Substanze konzentréiert ginn, wou gefäert gëtt, datt een negativen Impakt op d'Gesondheet oder d'Ëmwelt besteet. Dee Kritär gëtt jo an der nächster Phas, nämlech där vun der Evaluatioun, ugewennt.

D'Prozedur vum Enregistrement riskéiert eng zäitopwändeg ze ginn, ouni de Käschtepunkt ze vergiessen. Eng Léisung, déi virgeschloe ginn ass, ass déi vun der „one substance - one registration", OSOR genannt. Deemno kéinten d'Betriber Donnéeën iwwer eng an déiselwecht Substanz, déi se verschaffen, austauschen. Dat géif déi ganz Prozedur rationaliséieren, d'Käschte senken, wat deene Kleng- a Mëttelbetriber géif zegutt kommen, an och Zäit gewannen. Natierlech misst dann een Accord tëschent deene concernéierte Betriber bestoen, notamment wat d'Opdeelung vun de Käschte betrëfft. Ech mengen dat wier eng Méiglechkeet, déi een net soll ignoréieren, an et wier interessant emol kloer d'Meenung vun der Regierung zu dësem OSOR-System ze héieren.

No der Etapp vun dem Enregistrement kënnt dann déi vun der Evaluatioun. Hei kéint ee virun allem op d'Roll vun der Agence européenne des produits chimiques zréckkommen, déi hei eng ganz grouss Roll ze spille kritt, an där hirer Relatioun mat de Memberstaten. Ech erënneren drun, datt et zwee Typë vun Evaluatioun ginn; déi vun den Dossieren, déi vun de Memberstate gemaach solle ginn, an déi vun de Substanzen. Fir ze verhënneren, datt an deenen eenzelne Memberstaten ënnerschiddlech Kritären ugewannt ginn, wat zu enger Distorsioun vun der Konkurrenz innerhalb vum Bannemaart géif féieren, brauche mer eng staark Agence, déi och ee Wuert bei der Evaluatioun vun den Dossiere muss kënne matschwätzen. An der Koordinatioun muss d'Agence eng zentral Roll spillen.

REACH gesäit am Moment vir, datt all Memberstat sech eng Verwaltung muss ginn, déi déi néideg Kompetenzen a Ressourcen huet, fir den Obligatiounen nozekommen. Dat heescht, datt mir eng Verwaltung bräichten, déi déi vun der Chimiesindustrie agereechten Dossieren evaluéiert. Ass Lëtzebuerg dorop virbereet a wie géif dës Evaluatiounen hei zu Lëtzebuerg maachen? Mir hu jo eng Partie Verwaltungen, déi hei a Fro kommen.

Déi drëtt Etapp ass déi vun der Autorisatioun. Nëmmen déi Substanzen, déi als geféierlech anzestufe sinn, wéi kriibserreegend, bioaccumulativ oder mutagène Substanzen, brauchen eng Autorisatioun, fir kënnen ënner gewësse Konditiounen op dem Maart zougelooss ze ginn. Et gëtt geschat, datt eng ronn 1.500 Substanzen a Fro kommen. D'Autorisatioun besteet awer net einfach doran, datt no der Evaluatioun ee Stempel einfach nëmmen dodrop gedréckt gëtt. Neen, et ass dëst och eng relativ laangjähreg Prozedur wou notamment gekuckt gëtt, wéi sécher d'Risike bei där virgesinner Utilisatioun ënner Kontroll sinn, ob et Ersatzméiglechkeete ginn an esou weider. Et wäerten all déi Jore plus ou moins 25 nei Substanze pro Joer op d'Lëscht vun deene Substanze bäikommen, déi enger Autorisatioun ënnerleien.

De Moment gesäit REACH nach eng Partie Onzoulänglechkeete vir. Sou kann eng Substanz, déi sech op där Lëscht befënnt, déi also eng Autorisatioun bräicht, fir an der EU op de Maart ze kommen, ouni Autorisatioun exportéiert ginn. Dëst kann, mengen ech, net am Sënn vum Respekt vun der Ëmwelt sinn, wat jo eng global Démarche a sech awer misst sinn.

Den Import aus engem Drëttstat vun engem fäerdege Produit, deen dann esou eng Substanz enthält, déi wa méiglech nach an der EU produzéiert gëtt a virdrun exportéiert ginn ass, ënnerläit dann och kenger Autorisatioun. Ech mengen, dat ass kee Modell, deen Europa kann ustriewen. Mir produzéiere Substanzen, déi eis ze geféierlech si fir domat ze schaffen, exportéieren se dann an Drëttlänner wéi China, Indien, Sudan, oder wat weess ech, déi sei da verschaffen. Mir importéieren dann erëm déi fäerdeg Produkter hei zréck, déi da genau déi Stoffer enthalen.

M. le Président.- Här Calmes, erlaabt Der eng Fro vum Här Huss?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Et ass keng Fro. Ech mengen et ass just ee kuerzt Beispill, fir dat ze illustréieren, wat Der elo gesot hutt, wat wichteg ass.

Hei an Europa ass schonn zënter 20 Joer DDT verbueden. Déi chemesch Firmen, déi en hei hiergestallt hunn, däerfen en hei also net méi vermaarten, mä si vermaarten en awer nach a Länner vum Tiers-Monde.

Wat geschitt dann? An de Länner vum Tiers-Monde ginn dann - a verschiddene Länner vum Tiers-Monde - Teppecher domadder behandelt, géint d'Insekten. Déi Teppecher, Orientteppecher beispillsweis, déi kommen dann op de fräie Weltmaart an déi lande bei eis an eisen Zëmmeren. An eis Ëmweltambulanz, déi moosse geet an d'Haiser a munche Fäll, déi fënnt an deenen Teppecher genau deen DDT erëm, deen hei schonn zënter 30 Joer verbueden ass, deen do awer nach däerf ugewannt ginn. Et lant erëm alles bei eis, wéi gesot, an eisen Haiser oder op eisen Telleren.

M. Emile Calmes *(DP).*- Ech mengen déi Problematik, déi den Här Huss hei usprécht, ass allgemeng bekannt. An déi hu mer jo och am Kader vum Montréal-Protokoll diskutéiert, wou et ëm d'CFCe geet, déi mir dann an deene Länner, déi Signataire si vun deem Protokoll, eis hei selwer verbidden, a wou mir jo awer ëmmerhin um gudde Wee sinn, dëse Problem ze léisen, wou awer nach esou vill Reserven a Stocken do sinn, déi dann nach an anere Länner wéi Indien an Drëttweltlänner kënne gebraucht ginn.

Chinandega hutt Dir hei genannt. Ech war selwer do an dat wat ech do ze héiere krut - ech kann dat nëmme bestätegen, wat Dir hei gesot hutt. Dat wat an de Bananneplantagë vu Gëfter ugewannt gëtt, dat ass dramatesch fir déi Leit, déi domat musse liewen. An net nëmme fir déi Leit, déi domat musse liewen, mä wann Der gesitt, wou iwwerall Bananne geplanzt si ginn a wou 20 Joer duerno näischt méi geschitt, well de Buedem herno an engem Ausmooss verseucht war an och ni méi eppes wäert wuessen, dann ass dat scho besuergniserreegend.

An duerfir géif et dann och nach feelen, wa mir ënner Ëmstänn dann déi Produiten, déi bei eis hei net erlaabt sinn, an dat wollt ech hei soen a mengem nächste Saz, och nach an der Drëtter Welt iergendwou géifen entsuergen. Dat wier eng Suerg, déi dann nach ënner Ëmstänn géif dobäikommen. Ech mengen, datt dat net de Modell ass, deen eis europäesch Ministere gären hätten. Duerfir sinn ech iwwerzeegt, datt si och op deem Niveau hir Aarbecht wäerte maachen. Duerfir kéint een u sech d'Fro stellen, ob dee leschte Freiden um Conseil vun den europäeschen Ëmweltministeren iwwert dee Sujet hei geschwat ginn ass an ob déi Diskussioun opgeworf ginn ass, fir eventuell Paradoxen hei kënnen ze vermeiden.

Wéi gesot, eent vun den ultimativen Ziler vu REACH ass natierlech d'Substitutioun, dat heescht déi geféierlech Substanzen duerch manner geféierlech Substanzen ze ersetzen, wann et nëmme geet. De Minister Lux, mengen ech, an hien huet dat jo bekannt ginn, ass ee ferventen Unhänger vun esou enger Mesure. Mir alleguer ënnerstëtzen hien an där Démarche.

Ofschléissend kann een da soen: D'DP deelt voll a ganz d'Objektiver, sou wéi se am Wäissbuch vun 2001 opgestallt goufen, mat un éischter Stell dem Schutz vun der Gesondheet an der Ëmwelt. D'DP erënnert drun, datt och d'Erhale vun der Kompetitivitéit, awer och vun der europäescher Chimiesindustrie, eent vun den Objektiver war. Mir sinn der Meenung, datt mat REACH en Ëmdenke bei der Chimiesindustrie a bei anere Produzenten erbäizeféieren ass. Mir sinn awer och der Meenung, datt am Sënn vun der nohalteger Entwécklung déi wirtschaftlech Kompetenz net aus den Ae verluer soll ginn, zumools de finanziellen Impakt op Kleng- a Mëttelbetriber net ze ënnerschätzen ass.

Wéi bereet Lëtzebuerg sech op déi Défien hei vir? Wéi wëlle mir konkret eis Kleng- a Mëttelbetriber op REACH virbereeden? Ech wier frou wann den Här Krecké eis kéint genau erklären, wéi se déi national „helpdesks" wäerten duerstellen, wéi se wäerte funktionéieren a wéi wäit se eis Kleng- a Mëttelbetriber kënnen ënnerstëtzen. Sinn déi „helpdesks" nach am Stadium vun der Iddi oder ass déi Iddi an der Zwëschenzäit schonn op iergendeng Manéier ausgeräift? Ech mengen et wier falsch ze waarden, bis REACH dann eng Kéier a Kraaft ass. Mir mussen eis am Virfeld virbereeden, fir am Moment vum Akraafttriede vu REACH prett ze sinn.

Mir sinn och der Meenung, datt de Succès vu REACH och vun enger staarker Agence européenne des produits chimiques wäert ofhänken. Selbstverständlech däerf d'Fuerschung net vernoléissegt ginn, well dat d'Léisung jo vun alle Problemer ass.

Et soll een och den OSOR, „one substance - one registration", net verwerfen. Wéi ass d'Haltung vun der Regierung hei derzou?

Et muss ee sech bei REACH, wéi déi Proposition de règlement am Moment ausgesäit, sécherlech nach e puer aner Froe stellen. Zum Beispill déi, ob de Kritär vun der Quantitéit, eng Tonn pro Joer, ee pertinente Kritär ass. Bréngt et eppes, praktesch alles wëllen ze enregistréieren? Misst net méi gezilt op d'Risikofacteure gekuckt ginn?

Riskéiere mer net iwwert d'Zil erauszeschéissen, wa mer dat alles wëlle maachen, wat mer eis virhuelen? Misst net och méi global gekuckt ginn a probéiert ginn, op internationaler Basis, méi fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt ze erreechen a vläicht an internationale Programmer mat anere Länner net nëmmen um europäeschen Niveau eleng ze schaffen? Ech hunn hei en Numm stoen, „Global HPV Portal". Ech weess elo net wat et heescht, mä dat schéngt esou eppes wéi Kyoto ze sinn um Niveau vun de chemesche Substanzen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här Calmes, Dir hutt gesot, ob et néideg wier fir all déi Substanzen ze enregistréieren, ob et net géif duergoe fir déi geféierlechst ze ënnersichen. De Problem ass, ier ee ka soen, datt eppes geféierlech ass, muss ee wëssen, wat dran ass. Dat heescht, et muss ee fir d'éischt emol den Enregistrement maachen. Et muss ee wëssen, wat fir eng Substanzen do sinn, ier ee kann evaluéieren, ob ee Risiko besteet oder net, an dofir ass dee Prinzip do geholl ginn.

M. Emile Calmes *(DP).*- Dat ass richteg. Ech mengen, dat soll ee systematesch bei neie Produkter maachen, mä mir hunn nach esou vill opzeschaffen aus der Vergaangenheet, datt ech fäerten, datt wa mir alles wëlle matenee maachen, mir riskéieren iwwerhaapt net virunzekommen. Dofir sinn ech folgender Meenung: Wann ee weess, wéi vill Produkter nach an der Vergaangenheet zustane komm sinn, déi virun dëser Reglementatioun hei leien, fäerten ech, datt mir déi Aufgab net kënnen erleedegen. Dofir mengen ech, muss ee sech awer op eng Haaptpartie Saache konzentréieren.

Et sti jo also nach eng Partie Froen hei op, an et wier interessant der Regierung hir Meenung gewuer ze ginn, wat mer jo elo wäerte maachen, net nëmmen déi vum Ëmweltminister, dee sech an d'Blutt kucke gelooss huet, mä selbstverständlech - esou wéi ech dat scho virdrun hei gesot hunn - och déi vum Wirtschaftsminister, dem Här Krecké.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Roger Negri. Här Negri wann ech gelift.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, op der „Agence Europe" vu gëschter, dem 28. Juni 2005, konnt een noliesen, datt um Débat d'orientation vum Conseil européen de l'environnement de 24. Juni ënnert der Présidence vun eisem Ëmweltminister Lucien Lux ee Konsens konnt fonnt ginn am Kader vun der REACH-Diskussioun iwwert déi geféierlechst chemesch Produiten.

Hei soll d'Genehmegungsprozedur renforcéiert gi fir d'Ëmwelt besser ze schützen an zugläich d'Innovatioun an dësem Secteur ze promouvéieren. Dat Ganzt gëtt koordinéiert iwwer eng Agence européenne des produits chimiques. Des Weidere gouf sech op eng Lëscht vu 1.500 vun deene geféierlechste chemesche Produitë gëeenegt, déi genehmegungsflichteg ginn. Dëst misst elo och d'Industrie méi rassuréiere fir am Dossier REACH an nächster Zäit Neel mat Käpp ze maachen.

Ech wëll eisem Ëmweltminister vun dëser Plaz félicitéieren, net nëmme fir dëse Succès am Dossier REACH, mä och fir seng excellent

Aarbecht während der gesamter Présidence.

Här President, REACH heescht - wéi meng Virriedner schonn erkläert hunn - „Registration, Evaluation and Authorisation of Chemicals“, also d'Registréierung, d'Bewäertung an d'Zouloossung vu chemesche Stoffer.

Ee kuerzen Historique: Säit 1967 gëtt et Gesetzer am Chemikaliërecht, also d'Gesetzgebung fir geféierlech Substanzen, wat an der Praxis heescht, dass op geféierleche Produiten een Doudekapp oder een anert Zeechen drop ass.

1976 koum d'Direktiv 76/769/CEE vum 27. Juli eraus iwwert d'Mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses vu chemesche Substanzen. Dobäi geet et dorëm ze verhënneren, dass geféierlech Substanzen ouni weideres ënnert d'Leit kommen, zum Beispill Plastikweichmacher a Spillsaachen, wat zurzäit diskutéiert gëtt.

Enn der 80er Joren, Ufank der 90er Joren ass entscheet ginn, dass ier nei chemesch Produiten op de Marché kommen, dës solle getest ginn. 1993 ass décidéiert ginn, datt dat jo net nëmme fir nei Produitë ka gëllen, mä och fir déi al Produitë soll gëllen. Dobäi huet ee virun allem déi erausgewielt, an dat ass essentiel, déi an héijem Volume produzéiert ginn, High Volume Production Chemicals - HVPCen.

2001 ass d'Wäissbuch, de Livre blanc zur zukünfteger europäescher Chemikaliëpolitik publizéiert ginn. Hei geet et ëm Folgendes: De Vorsorgeprinzip - principe de précaution - ass méi staark verankert. D'Industrie ass verantwortlech an huet d'Charge de preuve. De Schutz fir Mënsch an Ëmwelt gëllt als Prioritéit. Een neien Elan fir d'Wettbewerbsfäegkeet fir d'EU-Chemiesindustrie gëtt ugestrieft. D'Ewechkomme vun Déiereversich muss erreecht ginn. D'WTO-Kompatibilitéit gëllt als Zil. Dat heescht, datt d'EU-Reglementéierung vun Importer esou muss sinn, datt si wettbewerblech Handelskonflikter vermeit.

Am Oktober 2003 koum ënnert der italienescher Présidence der EU-Kommissioun hire REACH-Virschlag op den Dësch. Dëse gouf vun Ufank u souwuel am Conseil Compétitivité wéi och am Conseil Environnement behandelt. Dowéinst ass ee Groupe ad hoc Produits chimiques gegrënnt ginn.

Am Europaparlament gëtt et néng Kommissiounen, déi sech mat REACH beschäftegen. Dovunner sinn der dräi en coopération renforcée: d'Ëmwelt, d'Industrie an de Marché intérieur. Dovunner huet d'Commission de l'Environnement de Chef de file. De Conseil ass relativ positiv zu REACH agestallt. Et kann ee soen, dass eng Majoritéit vu Länner dofir sinn.

Wat ass dann elo REACH genee? Am Débat iwwert déi nei EU-Chemikaliëveruerdnung geet et oft just ëm kuerzfristeg Käschten, déi mat REACH op d'Firmen duerkommen. Virun allem gëtt et Bedenke bei den Industrië virum Hannergrond vun der momentaner wirtschaftlecher Stagnatioun an Europa. Dëst huet dozou gefouert, dass dee fréiere Kommissiounsentworf schonn ofgeschwächt gouf.

Trotzdeem huelen d'Kontroversen ëm d'Chemikaliëpolitik net of, mä ginn ëmmer erëm genährt vu methodesch fragwürdegen Industriestudien, déi REACH als wirtschaftsfeindlech oder iwwerdriwwe bürokratesch ofstempelen. Aus deene leschte respektiven Etüde geet ervir, an dat ass och nach vun der EU-Kommissioun um Lëtzebuerger Workshop vun der EU-Présidence confirméiert ginn, dass d'Hiersteller vu Substanzen, déi a klengen Tonnagë produzéiert ginn, méi Problemer mat REACH wäerten hunn.

Bei REACH geet et ëm eng Informatioun, déi et erméiglecht, fir d'Notzung vu Chemikalië méi sécher ze maachen. REACH ass ee flexible System, mat deem bestoend Informatiounslücke bei Altstoffen op eng käschteneffizient an harmoniséiert Aart a Weis zougemaach kënne ginn.

De potenzielle Risiko vu chemesche Stoffer an hiren Ofbauproduiten fir Mënsch an Ëmwelt ass säit Jorzéngten een Dauerbrenner. Regelméisseg sinn nei Stoffer oder hir Wierkungen am Bléckfeld vum Débat public. E puer Beispiller: Heiansdo geet et ëm allergieausléisend Duftstoffer am Kosmetikgeschir oder hormonell wierksam Weichmacher a Kunststoffproduiten oder fortpflanzungsschiedegend Mëttel a Frigoen. Een zukunftsfäegen Ëmgang mat Chemikalië géif also virun allem dem Usager, dem Aarbechtnehmer an dem Environnenemt zegutt kommen.

REACH schaaft ee méi staarken Ureiz, fir dass Firmen sech mat der sécherer Uwendung vu Stoffer ausernee setzen. D'Kommunikatioun tëschent deenen Zwee, nämlech dem Hiersteller an dem Uwender vu Chemikalien, gëtt däitlech verbessert. Do doniewent ginn och déi verschidde Responsabilitéitsschnëttstelle méi kloer geregelt.

Heieraus ergi sech folgend Virdeeler: manner Haftungsrisike fir d'Entreprisen, manner Imageverloscht, kee Wettbewerbsvirdeel méi fir Stoffer, deenen hir Geféierlechkeet net ka beuerteelt ginn, d'Vermeide vu Schied op der Aarbechtsplaz an och am Privatberäich, Käschtenaspuerungen am Gesondheetsberäich an am Ëmweltschutz.

Aus enger däitscher Etüd an dësem Kontext geet ervir, dass d'Käschte vun de Schied duerch Chemikalië pro Awunner zwëschen 0,5 a 5 Euro pro Joer leien.

Wat kascht REACH, a wat bréngt REACH? D'Käschte maachen net méi wéi een hallwe Prozent, 0,5% vum Ëmsaz aus vun der Chemieindustrie pro Joer. Si belafen sech insgesamt op 2,3 Billiounen, dat sinn 10^9 Euro. D'Käschte kënnen nach erofgesat ginn, zum Beispill duerch alternativ Testmethoden - QSARs - ëm ronn 0,9 Billiounen Euro, oder duerch esou Virschléi wéi OSOR - „one substance - one registration” -, déi ee Minus vu 4 bis 24%, jee no Zeenario, kënne bréngen. Dat heescht, dass fir ee Produit europawäit eng eenzeg Registréierung néideg ass.

D'Argumentatioun vun der Industrie géint REACH war: D'Produitë verschwannen um Marché an d'Chemieindustrie verlagert sech ausserhalb vun Europa. De Géigendeel schéngt de Fall ze sinn, wéi déi lescht KPMG-Etüd bestätegt, déi d'Secteure vun der Automobil-, der Elektronik- an der Verpakungsindustrie a Beräicher wéi Zement-, Pabeier-, Zénk- an Eisenindustrie analyséiert huet.

REACH wäert sech positiv op d'Wettbewerbsfäegkeet auswierken, an zwar éischtens: REACH gëllt och fir importéiert Stoffer, dat heescht, datt déi europäesch Stoffhiersteller, déi scho vill Daten iwwer hir Produiten hunn, sech doraus ee Wettbewerbsvirdeel kéinte vis-à-vis vun Importateure verschafen.

Zweetens, den „first mover“-Virdeel. Op dem Sommet vu Johannesburg 2002 ass décidéiert ginn, dass gesondheets- an ëmweltschiedlech Auswierkunge vu Chemikalië bis 2020 miniméiert solle ginn. Mëttelfristeg besteet doduerch weltwäit souwisou d'Noutwendegkeet vun enger verbesserter Chemikaliëkontroll.

Wat ass dann elo d'Envergure vun der Registréierung vu Chemikalien duerch REACH? Duerch d'REACH-Reglement, dat an der Virbereedung ass, soll dat europäescht Chemikaliërecht grondleeënd reforméiert ginn an de REACH-System soll agefouert ginn. De Kär vun dëser neier Politik ass den Ëmgang mat den Altstoffer, zu deenen ee bal keng Informatiounen huet. An deene leschte 50 Joer si méi wéi 100.000 nei Chemikalien op de Marché komm, déi nach ni op hir Ëmwelt- a Gesondheetsverträglechkeet getest gi sinn. Dovunner gëtt et der 30.000, déi iwwer eng Tonn pro Joer produzéieren. Nëmmen nei Stoffer sinn op hir Ëmwelt- a Gesondheetsproblemer getest ginn. Dat sinn ongeféier 3.500 Stoffer.

De REACH-System verlaangt vum jeeweilegen, deen de Stoff an de Verkéier bréngt, also dem Hiersteller oder dem Importateur, dass hie fir d'Sécherheet vu senge Chemikalië selwer verantwortlech ass, an dass hien déi fir d'Bewäertung dofir néideg Daten och selwer beschaaft. Am Däitschen heescht dat „Beweislastumkehr“ oder am Franséischen „renversement de la charge de la preuve“.

Registréierungsflichteg an domadder vum REACH-System grondsätzlech erfaasst sinn d'Chemikalien, déi ab enger Tonn pro Joer produzéiert ginn. Den Empfang vun den Daten, dee bei der Registréierung néideg ass, riicht sech no der Quantitéit, dem Volume vum produzéierte Stoff. Sou ergëtt sech, dass an enger Quantitéit vun zéng Tonne pro Joer d'Flicht besteet, fir Stoffsécherheetsberichter opzestellen (CSR, Chemical Safety Reports). Doranner stinn ënner anerem och Virschléi fir d'Risikominimiséierung. Duerch dës „risk-based approach“ soll d'ganz Industrie, ob kleng oder grouss, ob se vill oder wéineg produzéiert, mat deenen nämlechten Daten, dem sou genannte Grunddatensatz, virregistréiert ginn. Et ass kloer, datt déi kleng Industrien e groussen Opwand musse bedreiwen, fir déi néideg Daten ze kréien.

Et gëtt an där Hisiicht zwou Zorte vu Chemieindustrien:

D'Hiersteller an d'Importateuren, déi mussen d'Registréierung maachen an déi néideg Informatiounen zur Verfügung stellen.

Dann zweetens, d'Downstream-users, dat sinn d'Uwenner. Si kréien duerch REACH méi Informatiounen a kënnen dowéinst méi sécher mat Chemikalien op der Aarbechtsplaz ëmgoen, hir Mataarbechter besser informéieren a méi sécher a manner geféierlech Produiten dorauser maachen.

D'Agence européenne des produits chimiques fir d'Evaluatioun vu chemesche Produiten, doriwwer muss europawäit an och hei zu Lëtzebuerg nogeduecht ginn. Wéi geschitt dann dës Evaluatioun vun de Chemikalien an Zukunft nom REACH-Reglement? Et gëtt eng europäesch Chemikalienagence geschaf. Si kritt hire Sëtz zu Helsinki, kritt 250 Mataarbechter, an hir Missioun ass d'Harmoniséierung vun de Chemikalien europawäit ze regléieren.

Wat heescht dann elo d'REACH-Direktiv fir Lëtzebuerg? Hei zu Lëtzebuerg gëtt et bal keng Industrien, déi als Hiersteller ënner REACH falen. Et gëtt allerdéngs e puer Importateuren, also Downstream-users. Esou wéi REACH haut definéiert ass, wäerten allerdéngs awer och eis Glas-, Zement- an Eisenindustrie als Hiersteller vu Stoffer betruecht ginn. Dat muss een a Fro stellen, well déi stelle jo am Prinzip keng geféierlech Produiten hier.

Hei gëllt et, elo de Perimeter vu REACH esou ze délimitéieren, dass nëmmen déi Produiten erageholl ginn, déi och Sënn maachen. Fir de Kader vu REACH richteg anzeschätzen, soll gesot ginn, dass chemesch Stoffer, déi eng echt geféierlech Nuisance fir Mënsch an Ëmwelt hunn, an dëst Reglement kommen. De Bensin an den Diesel, d'Plastik-Polymeren, d'Medikamenter, d'Kosmetika an d'Nahrungsmëttelzousätz sinn net a REACH.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Déi hunn eege Reglementer.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Eege Reglementatiounen.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Okay.

D'Agence zu Helsinki huet niewent dem feste Personal verschidde Comitéën, déi sech mat der Evaluatioun vu Chemikalië beschäftegen. Déi Comitéë si mat Leit aus de Memberstate besat. Hei ass et wichteg, dass de Lëtzebuerger Stat de Lien zwëschent der Industrie an der europäescher Agence hierstellt. Am Chemikaliëberäich besteet zu Lëtzebuerg den Ament ee Comité interministériel, aus der Santé, dem Environnement, dem Travail an der ASTA.

Des Weidere brauche mir hei zu Lëtzebuerg eng Produktgesetzgebung. Lëtzebuerg huet am Moment eng Prozessgesetzgebung, an dëst duerch d'Kommodo-Inkommodo-Gesetz. Mir brauchen eng Cellule fir d'Berodung, fir dass d'Betriber sech net fir alles op Helsinki wenne mussen, wat jo an der Praxis och net méiglech wäert sinn. Et wier denkbar fir déi Agence, déi sech hei zu Lëtzebuerg ëm REACH bekëmmert, an eng bestehend Verwaltung oder an een CRTE ze integréieren, ënnert der Form vun enger Agence des produits chimiques, esou wéi am Energiesecteur, wou d'Agence de l'Énergie besteet.

Här President, um Niveau vun der EU-Kommissioun lafe momentan déi sou genannte REACH Implementation Projects. Lëtzebuerg ass hei leider net aktiv an net representéiert. En Accord politique op europäeschem Niveau zu REACH wäert an der leschter Halschent 2005 ënnert der englescher EU-Rotspresidentschaft um Niveau vum Conseil kommen. Da läit et un den Éisträicher oder un de Finnen, fir dat Ganzt ofzeschléissen. Dëst geet elo séier, a mir si gefuerdert hei zu Lëtzebuerg ze handelen a mat Zäit déi richteg Akzenter ze setzen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling ageschriwwen. Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll dem Här Huss emol félicitéiere fir seng Initiativ, dëst wichtegt ëmweltpolitescht Thema haut hei kënnen ze debatéieren.

Dat hei ass en Thema, wat am Fong an d'Kompetenze vu mengem Parteikolleeg Roby Mehlen fält, dee leider haut verhënnert ass. Dofir fält dës Ried och vläicht net esou ausféierlech aus, wéi dat normalerweis de Fall wier.

Une voix.- Ooohhh!

Une autre voix.- Ech hunn en awer gesi gëschter.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Gelift, Madame?

La même voix.- Ech hunn e gesinn.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech och nach, ech hunn en och gëschter gesinn.

Une autre voix.- Aahh!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- E war gëschter scho verhënnert.

M. le Président.- Loosst den Här Jaerling ufänke mat senger Ried!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Nodeem eng Rei Experten hei dat Thema kloer ëmrass hunn an och méi an den Detail gaange sinn, wëll ech versichen, mat menge bescheidene Kenntnisser dat Wesentlecht iwwert de Projet REACH hei virzebréngen an aus eiser Siicht virzedroen.

Et geet jo also hei haaptsächlech ëm d'Umeldung, d'Préifung an d'Zouloossung vu Chemikalien, vun ëm déi 30.000 chemesch Stoffer, déi um Maart sinn. Bei 90% vun deene Produite leien absolut keng Risikodate vir, dat heescht si sinn am Fong guer net iwwerpréift ginn,...

Une voix.- Et gëtt der vill méi!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- ...an déi aktuell europäesch Chemiegesetzgebung geet beileiwen net duer fir déi Geforen ofzewenden, déi vun dëse Produiten op d'mënschlech an d'déierlech Gesondheet, awer och op d'Ëmwelt iwwerdroe kënne ginn.

REACH ass en Dokument vun ëm déi 1.200 Säiten. Déi Texter, déi doranner verfaasst sinn, solle 40 verschidde bestehend gesetzlech Veruerdnungen ersetzen, fir e bessere Schutz vu Mënsch an Natur kënnen ze garantéieren. REACH soll och schlussendlech keng EU-Richtlinn ginn, mä eng Veruerdnung, déi an deene 25 Länner soll Gültegkeet kréien.

Wéi wichteg dëst Thema ass, gesi mer dorunner, datt eleng am EU-Parlament sechs Kommissioune méi oder wéineger mam REACH-Projet beschäftegt sinn, ënner anerem d'Ëmweltkommissioun, d'Kommissioun fir de Verbraucherschutz, mä och d'Kommissioun fir d'Industrie an d'Kommissioun fir de Bannemaart. Dës Tatsaach eleng ënnermauert net nëmmen, datt de Projet REACH wichteg ass, mä och datt verschidden Interessegebidder vun dësem Projet betraff sinn.

Deen neie System gëtt eis eng besser Kontroll iwwert d'Produktioun, den Import an d'Benotzung vu Chemikalien. Et ass awer e System, deen op d'Informatioun iwwert dës chemikalesch Stoffer opgebaut ass an op den Zougang zu dësen Informatiounen. Dat ass e Projet, deen op d'Preventioun opgebaut ass, also op de Précautiounsprinzip. Ze vill oft hu mer eréischt hannendrun oder ganz oft souguer vill ze vill spéit erausfonnt, wéi geféierlech deen een oder deen anere vun deene chemesche Stoffer ass. Elo mussen déi méiglech Konsequenze fir Mënsch an Natur virdrun esou wäit wéi méiglech ënnersicht ginn, an dës Informatioune mussen dann och hannerluecht ginn.

Et feelen eis haut vill Informatiounen iwwert déi chemesch Produkter, déi schonns am Ëmlaf sinn, a souguer eng Rei vun hinne si guer net zougänglech. Dofir ass déi Informatiounsflicht net nëmme fir déi nei Produiten, déi op de Maart kommen, wichteg, mä och fir déi Produiten, déi schonns um Maart sinn.

Am Zesummenhang mat der Analys iwwert d'Konsequenze vu chemesche Stoffer fir Mënsch an Natur muss sech och d'Fro gestallt ginn, ob do, wou se agesat ginn, dës Stoffer net duerch manner schiedlech Mëttel kënnen ersat ginn. De REACH-Projet ka laangfristeg dozou féieren, datt manner schiedlech Stoffer an der Industrie agesat ginn. Mä wéi bei all Projet, dee Mënsch an Natur betrëfft, däerfe mer net d'Konsequenze vergiessen, déi de REACH-Projet fir d'Wirtschaft huet.

Ouni Zweifel mussen d'Betriber e groussen Effort bréngen, wann dëse Projet soll ëmgesat ginn. Dofir muss gekuckt ginn, dass dësen Effort esou kleng wéi méiglech fir d'Betriber ass, besonnesch och, fir dass e fir déi Kleng- a Mëttelbetriber finanzéierbar bleift.

D'Schwieregkeet besteet wéi ëmmer doranner eng Balance ze fannen tëschent den Intérêtë vun de Betriber an dem Ëmwelt- a Verbraucherschutz. Mir plädéieren dofir an dësem Zesummenhang fir de Précautiounsprinzip. Dem Schutz vu Mënsch an Natur muss awer d'Prioritéit erhale bleiwen.

Do derniewent däerfen déi Klenga Mëttelbetriber awer net iwwerfuerdert ginn an och wa mer dësen neie System fir noutwenneg halen, sollt hien dach esou ausgeluecht ginn, dass dës Betriber sou mann wéi méiglech Problemer kréien, fir déi nei administrativ Belaaschtung kënnen ze verkraaften.

Här President, ech wëll elo nach op zwee méi spezifesch Punkten agoen, déi eis um Häerz leien.

Als Éischt däerfe mer net vergiessen, datt den neie System eis nei Informatioune soll liwweren. Dës Informatioune musse mer jo dann awer och iergendwou hierkréien.

Et misst vun der EU also fir d'éischt versicht ginn, op bestoend Informatiounssystemer an Informatiounsmaterial aus deene verschiddene Staten zréck kënnen ze gräifen a se dann an engem Datekonzept ze sammelen, fir e Maximum vun Donnéeën zur Verfügung ze hunn.

Fir ze wëssen ob e Produit schiedlech ass fir Mënsch an Natur, muss dëse Produit fir d'éischt getest ginn. Dës Produkter kann een natierlech net um Mënsch testen, wat mat sech bréngt, dass normalerweis op Déiereversich muss zréckgegraff ginn.

Mir sinn der Meenung, datt Déiereversich souwäit wéi méiglech ageschränkt wann net souguer verbuede musse ginn. Leider ass an deem Zesummenhang d'Reglementatioun, déi vum REACH-Projet virgesinn ass, net konkret an net konsequent genuch.

Déiereversich mussen op jidde Fall da verbuede ginn, wann et eng alternativ Méiglechkeet gëtt chemesch Stoffer ze teste wa keng Date virleien.

Nëmmen eng strikt a konkret Reglementatioun kann Déiereversich op e Minimum reduzéieren, respektiv ganz verbidden. Dës Reglementatioun muss direkt an de REACH-Projet integréiert ginn a bindend sinn.

En anere Punkt, deen ech an dësem Kontext opwerfe wëll, ass deen, datt am Zesummenhang mat dësem Projet eng eenheetlech Kennzeechnung fir Chemikalien europawäit agefouert hätt kënne ginn. Esou eng eenheetlech Kennzeechnung géif eng besser Informatioun vum Bierger a Konsument sécherstellen.

Des Weidere wëll ech drun erënneren, datt et wichteg ass, dass de Grondprinzip vun der Responsabilitéit vum Hiersteller vu Chemikalien net däerf a Fro gestallt ginn. Souwuel de Verursacherprinzip wéi d'Beweislaaschtëmkéierung däerfen duerch den neie REACH-System net a Fro gestallt ginn.

Nëmmen duerch e responsabiliséierte Betrib kann de Risiko duerch chemesch Stoffer fir Salariéen, de Konsument an d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech gehale ginn; awer och iwwert de Wee vu gutt informéierte Bierger a Konsumenten. Et ass also wichteg fir déi Informatioun och dem Konsument weider ze reechen. An e Maximum un Informatioun kann nëmmen dozou hëllefen den Ëmgang mat deene Produiten ze regléieren an och de Mënsch virdrun ze warnen.

Wichteg ass och déi europäesch Agentur fir chemesch Stoffer, där hir Aufgaben awer kloer ofgegrenzt musse ginn, fir ze garantéieren, dass duerch eng enk Zesummenaarbecht vun allen Akteuren eng praktikabel kloer ëmweltorientéiert awer och betribsfrëndlech Ëmsetzung vun der Chemiepolitik garantéiert ka ginn.

An och national gesinn, muss déi Datenerfaassung iwwert d'Chemikalië fonctionnéieren. Si muss koordinéiert ginn an hire Contenu muss zu all Moment iwwerpréifbar sinn.

D'Recommandatioune vu REACH missten awer och op hir Vereinbarkeet mat de Grondsätz vun der Subsidiaritéit iwwerpréift ginn.

Datt se ëmgesat solle ginn, oder musse ginn, ass kloer, d'Aart a Weis awer misst deenen eenzelne Länner iwwerlooss ginn am Kader vun deenen hire gesetzleche Bestëmmungen. An do wou keng Bestëmmunge sinn, missten der onbedéngt geschaf ginn am Interesse vum Mënsch, dem Déier an der Ëmwelt.

Wat elo dem Här Huss seng dräi Motiounen ubelaangt, esou ginn déi an déi Richtung wou mir och geduecht hunn. An ech mengen et ass déi richteg Richtung. Et ass dat, wat am Fong erwënscht ass, wat an dësem Kontext mat der Ëmsetzung vu REACH soll festgehale ginn an dofir hu mir och kee Problem fir déi dräi Motiounen ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert. Den Här Ëmweltminister Lucien Lux.

Schwätzt den Här Wirtschaftsminister och?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Ech maachen Iech déi Freed, Här President.

M. le Président.- Ech freeë mech och drop, Här Minister.

(Interruption)

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Dem President géif ech eng Freed maachen, Dir géif ech keng Freed maachen.

(Interruptions et hilarité)

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert versichen, zesumme mat dem Kolleeg Jeannot Krecké, kuerz op dës Debatt anzegoen, ouni dem Versuch ze erleien am Detail op déi eenzel Punkten, déi souwuel vum Interpellant wéi och vun deenen anere Riedner hei skizzéiert gi sinn.

Ech wëll awer net vergiessen, fir dem Kolleeg Jean Huss ze félicitéiere fir déi Debatt hei, déi sécherlech, sou wéi hien et gewënscht hat, hätt kënnen am Ufank vun eiser Présidence stattfannen, mä ech mengen, si ass och elo nach utile, well u sech déi entscheedend Momenter vun der Reglementatioun REACH, déi stinn eréischt virun der Dier. An ech menge kënnen ze soen, ouni dass de Kolleeg Jean Huss mech wäert dementéieren, dass den Esprit, souwuel wat de Fong wéi och d'Method ubelaangt, déi mer an deene leschte sechs Méint geschaf hunn, gréisstendeels deem entsprécht, wat säi Souci war.

Wann ech haut de Moien d'Zensur kritt hu vu dem Europäesche Büro vun den Ëmwelt-ONGen iwwert d'Lëtzebuerger Présidence, déi, mengen ech, muer public gemaach gëtt an deem ech net wëll virgräifen, well dat hir Aufgab soll sinn, da wëllt ech awer just ee Saz virliesen, dee se an der Konklusioun soen zu der Aarbecht vun der Lëtzebuerger Présidence am Zesummenhang mat der Reglementatioun REACH: „Finally, the Luxembourg Presidency did an excellent job in achieving transparency in its work, combined with good technical capacity and by setting the right priorities and keeping a fair balance."; ech mengen et ass dat déi Aarbecht.

An ech wëll virun allem och eise Fonctionnairen, déi am REACH-Grupp an am Virfeld an och während de Conseile mat eis geschafft hunn, dee Saz do gäre weiderginn, well et weist, mengen ech, dass mer vun Ufank un, wat déi grouss Prinzipien ubelaangt, de richtege Wee gaange sinn.

Mir hunn och, wat d'Method ubelaangt - an dat huet eis allen zwee, dem Här Krecké a mir, vun Ufank u wichteg geschéngt -, op jidderee gelauschtert.

Et gëtt där Présidencen - an ech fäerten och e bëssen déi, déi elo virun der Dier steet -, do geet et mam Kapp riicht doduerch. An et gëtt därer - an déi Lëtzebuerger Présidence war eng dovunner -, déi all Säite nogelauschtert huet, souwuel deene Memberslänner, déi mat eis wollte schwätzen zu deem Thema, wéi awer och den ONGen, wéi och der Industrie, wéi och an deem Workshop, dee mer gemaach hunn hei zu Lëtzebuerg, wou jiddereen zu Wuert komm ass.

An ech mengen, dass dat vun der Method hier wichteg ass fir zu engem ausbalancéierte Resultat ze kommen, dat souwuel déi wichtegst Zilsetzung vu REACH ass, nämlech de Gesondheetsschutz fir d'Konsumenten awer och fir déi Leit, déi an der Chemieindustrie schaffen, an awer och op där anerer Säit d'Praktikabilitéit, dat heescht, dass mer näischt maachen, wat komplett niewent de Realitéite läit a sech och net an d'Froe vu Kompetitivitéit a Finanzéierbarkeet areit.

Ech géif och mengen, dass et eis am Laf vun deene Wochen a Méint wichteg war - an déi lescht Wochen hunn eis do gutt Resultater bruecht -, kloer ze maachen, dass REACH net den Doud vun der Chemieindustrie géif bedeiten an dass et vun de Prinzipien hier wichteg war kloer ze maachen, dass am Géigendeel eng moderniséiert, eng op Gesondheetsschutz an op de Précautiounsprinzip bauend Chemieindustrie an eisen Ae mëttel- a laangfristeg e „gain de productivité", e „gain de compétitivité" géing bedeiten an dass mer duerch esou eng Richtlinn Virreider um Niveau vun de chemesche Produiten an der Welt kënnte ginn.

Ech mengen déi Asiicht do hu mer ëmmer erëm marteléiert op all deene Plazen, wou mer dat maache konnten. Souwuel déi Studien, déi vun der Kommissioun gemaach gi sinn - de Kolleeg Negri ass drop agaangen -, wann ee gesäit, dass de Coût vun der REACH-Reglementatioun op 0,1% vum Joresëmsaz vun der EU-Chemieindustrie an enger Studie vun der Kommissioun berechent ginn ass, a wann een dann dergéint gehalen huet déi 50 Milliarden Euro, déi gerechent gi sinn, déi an deenen nächsten 30 Joer kënnen eleng um Niveau vum Gesondheetswiese gespuert ginn, ech mengen da war deen Débat wichteg.

Hien huet zu Recht d'KPMG-Etüd nach eng Kéier dohinner geluecht, déi jo ausgerechent, géif ech bal soen, vun der Chemieindustrie selwer kommen ass, dofir net konnt verréideresch sinn an deem Mooss, dass et elo de Prinzip gewiescht wier: Wie mech bezilt, dee kritt dat, wat e gären héiert.

Hei mengen ech ass och kloer gemaach ginn an deene Secteuren, déi hei studéiert gi sinn, dass d'Horrorzeenarien, déi eng Zäit gezeechent gi sinn, kënnen ad acta geluecht ginn.

Fir dat wat fir eis an deenen nächste Méint um Spill steet, ass zu Recht gesot ginn, dass mir hei zu Lëtzebuerg eis elo relativ schnell mussen zesummesetze fir ze kucken, wat mer aus der Reglementatioun national maachen. Eng Rei vun Décisioune stinn do aus an et ass zu Recht gesot ginn: Wa mer et fäerdeg bréngen, am Conseil, nom Avis vum Europaparlament Oktober-November, wa mer dann am Dezember am Conseil ënnert de Briten, déi sech dat fest virgeholl hunn, zu engem Accord kommen, dann, wéi gesot, no den technesche Iwwersetzungen an anere Saachen, déi ze maache sinn, kéint et ënnert den Éisträicher oder de Finnen zu enger definitiver Position commune kommen. Et ass ëmmer kloer ze wëssen, dass dat hei e Reglement ass, wat d'application directe ass, esou dass mer also scho misste kucken, dass mer fir den 1.1.2007 missten déi do Décisiounen huelen.

An ech géif och mengen, dass mer an deenen zwou Kommissiounen, souwuel där vun der Ekonomie wéi vun der Ëmwelt, eis sollten à Réunion-jointen dann heiansdo gesinn, fir praktesch ze kucken, wat dat heescht. Mir sinn haut net an der Lag fir ze soen, wat déi national Autoritéit ass, déi sech dann drëm këmmert. Schafe mer eng nei Agence, déi sech dann zesummesetzt op enger interministerieller Ebene vun deene Ministèren, déi betraff sinn? Dat sinn net nëmmen déi zwee, déi haut de Mëtten hei vertruede sinn. Dat ass och d'Santé, dat ass och den Travail, dat ass och den Här Boden mat de Classes moyennes, respektiv och mat der Agriculture. Dat ass also mengen ech eng Décisioun, déi mer dann an deenen nächste Wochen ze huelen hunn. Baue mer, wéi gesot, op eng nei Agence? Setze mer op bestoend Verwaltungen, Ëmweltverwaltungen oder anerer?

Ech mengen déi Décisioune sinn dann ze huelen, wéi och déi finanziell Moyenen, déi mer brauchen. Ech mengen dat ass jo an der zweeter Motioun och nach eng Kéier ervirgehuewen, déi finanziell Moyenen, déi mer brauchen, fir dat dann an d'Wee ze leeden.

Mir hunn, wann ech gesot hunn, vum Fong hier, a wat den Esprit war vun deem wat mer gemaach hunn, souwuel de Wirtschaftsminister an de Kompetitivitéitsconseil, déi jo praktesch parallell ëmmer getagt hu par rapport zum Conseil Environnement, am Environnementsconseil virun allem gesat op de Prinzip vu Précautioun an de Prinzip vun der Substitutioun. Ech mengen dat war e bëssen déi Method, déi mer haten, dass mer do haaptsächlech déi Saache beaarbecht hunn, während am Kompetitivitéitsconseil - an de Wirtschaftsminister wäert drop agoen - méi op déi Froe vun der Praticabilitéit, vun der Aart a Weis wéi d'Agence soll schaffen, wat fir eng Wierkung dass se soll hu par rapport zu den nationalen Autoritéiten an esou weider, agaangen ass.

Iwwert de Précautiounsprinzip mengen ech ass alles hei gesot ginn. Dat ass ee vun deene wichtegsten. Dofir mengen ech wëlle mer eng nei Richtlinn um Niveau vun de Chemikalien hunn. Si ass d'Basis eleng schonn am Artikel 1, wou den Objet definéiert gëtt. Si, mengen ech, ass ee vun den haaptsächleche Prinzipien an der Politik vum Livre blanc vun 2001 gewiescht. Si gëtt dokumentéiert duerch d'Beweislastumkehr, déi mer hei maachen, dass d'Preuve bei der Industrie läit. Si ass mengen ech wichteg opgrond vun der Responsabilitéit, déi d'Industrie kritt, fir all déi Informatiounen, déi se dohinner leet, an och déi Gestioun vun de Risquen, déi proposéiert sinn. All déi Punkte ware fir eis wichteg.

Schlussendlech ass de Prinzip vun der Substitutioun ee vun deene Prinzipien, déi natierlech méi an der Diskussioun stinn, déi och mengen ech méi contestéiert sinn. Ech mengen, dass de Substitutiounsprinzip d'Konsequenz selwer ass vun deem wat de Regime vun der Autorisatioun bedeit. An et ass och op deem Niveau do wou d'Propositioune vun der Kommissioun sécherlech net esou wäit ginn, wéi mer dat alleguer mengen a wéi et och um Niveau vun dem Conseil Environnement vu ville Länner nach eng Kéier dohinner geluecht ginn ass.

Mir wëllen also weider encouragéieren, dass de Prinzip vun der Substitutioun verstäerkt soll ginn, innerhalb vum Autorisatiounsregime. Ech mengen dat ass déi Aufgab, déi mer kritt hunn, och e Freiden am Ëmweltconseil an deem Débat d'orientation, dee mer haten.

Zu der Situatioun zu Lëtzebuerg, wéi gesot, hunn ech gesot, dass déi zwee Ministèrë bis elo dat gutt zesumme pilotéiert hunn, eis Fonctionnairë gutt zesummegeschafft hunn. Dat wëlle mer och weider maachen. Et soll do kee Broch elo entstoen, doduerch dass d'Lëtzebuerger Présidence eriwwer ass, dass et erëm gëtt wéi et e bësse virdru war, wou u sech zu Bréissel kee sech esou richteg ëm REACH gekëmmert huet. Mir hunn also wierklech en catastrophe missen do eis Equipe, d'Ressourcehumainen dohinner setzen, an ech mengen et soll net e Broch ginn, dass mer elo mar erëm ufänken opzehalen.

Et ass richteg bemierkt ginn, dass mer an der Interimstrategie net aktiv mat derbäi sinn. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi sech elo muss stellen, ob mer net, esou wéi zum Beispill déi däitsch Regierung et gemaach huet, et fäerdeg bréngen, fir en Accord wierklech elo schonn ze fannen, an dësem Moment, tëschent der Regierung op där enger Säit, der Chemieindustrie an och der IG Chemie op där anerer Säit.

Dat heescht d'Fro ass, ob mer net am Hiersch oder Ufank d'nächst Joer eis schonn zesummesetzen, souwuel mat der Industrie, déi betraff ass, awer och mengen ech mat de klengen a mëttleren Industrien, op déi den Här Calmes zu Recht higewisen huet, an natierlech och mat de Gewerkschaften, fir ze kucken inwieweit dass mer hei zu Lëtzebuerg e Modus vivendi, eng Plattform fannen, fir déi Ëmsetzung do esou gutt wéi méiglech iwwert d'Bühn ze kréien. Mir haten ee ganz interessanten Hearing gehat och bei dem europäesche Gewerkschaftsbond, deen all déi Froen aus der Siicht vun de Salariéen opgeworf huet. Ech menge mir sollten si also net op der Säit loossen, wa mer elo eis nach eng Kéier zesummesetzen.

Wat elo d'Motiounen ubelaangt, wëllt ech nach kuerz op déi agoen. Här Huss, wat déi éischt Motioun ugeet, déi eis invitéiert eng ganz Rei vu Saachen ze maachen, fir déi mer an deene leschte Wochen a Méint geschafft hunn. Villes, wat hei steet, mengen ech huet zu deenen Zilsetzungen an Orientéierunge gehéiert, déi à la base ware vun der Aarbecht, déi mer gemaach hunn.

Dofir géingen de Jeannot Krecké an ech proposéieren, dass een déi Motioun géif souwuel an d'Ekonomies- wéi an d'Ëmweltkommissioun verweisen. Mir géingen hei d'Verspriechen ofginn, dass am Oktober, wa mer erëm an déi zwee Conseilë ginn, wou ech unhuelen, dass d'britesch Présidence, am Virfeld vläicht vun engem Accord politique am Dezember, en Débat wäert féieren, dass mer virun deene Conseilen an déi zwou Kommissioune kommen oder eng Commission jointe maachen, wat mengen ech nach méi intelligent wier, fir ze soen: Wou si mer drun? Wéi wëlle mer eis an deene Conseilen do positionéieren?

Mir haten dat iwwregens, jiddefalls an der Ëmweltkommissioun, och schonn am Virfeld vun deenen anere Conseilë gemaach, wou mer informéiert hunn iwwert déi Aarbechten an iwwert déi Positiounen, déi mer géingen huelen. Esou dass mer also déi Motioun géingen dohinner verweisen, net wëlle froen, dass se soll ofgelehnt ginn, well ech mengen et sinn eng Rei vu Saachen dran, déi ganz richteg sinn.

Et sinn awer eng Rei vun anere Saachen dran, déi een hannerfroe kann. Ech mengen, et ass och fir eis schwéier eis haut esou prezis op Saachen ze positionéieren, wann een net weess wéi d'britesch Présidence elo wëllt un d'Saach erugoen. Ech mengen en imperatiivt Mandat géing et eis och vläicht schwéier maachen an deenen Diskussiounen, déi mer elo an deenen nächste Wochen a Méint nach ze féieren hunn.

Déi zweet Motioun, do géinge mer der Chamber proposéieren se ze akzeptéieren, well dat mengen ech richteg ass. Mir sinn am Zesummenhang hei, ëmmer erëm muss een dat soen, vun engem Règlement d'application directe. Et gëtt also net nach eng laang Diskussioun vun nationaler Transpositioun a vu fréckelen hei a fréckelen do. Ech mengen dat ass hei net méi erlaabt. Esou dass mer eis scho mussen am Laf vum nächste Joer preparéieren, fir d'Saachen zu Lëtzebuerg och a Gang ze kréien.

Dat Eenzegt, Här Huss, wat mer géinge proposéieren, dat wier beim zweeten Tiret amplaz vun enger «cellule de compétence» en Term ze huelen, dee méi generell wär, en attendant dass mer eis definitiv do fixéieren; ze soen also: «à mettre en place une coordination interministérielle».

Ech mengen dat léisst alles op wat noutwendeg ass a wat mer brauchen an deenen nächste Wochen a Méint hei zu Lëtzebuerg.

Schlussendlech déi drëtt Motioun. Mer géinge proposéieren déi un d'Gesondheetskommissioun, un d'Kommissioun vun der Sécurité sociale an der Santé ze verweisen. Dat ass nämlech eng Kompetenz vum Gesondheetsminister. Deen ass awer de Mëtten net hei. Ech mengen et wär onfair elo hei eppes unzehuele wat eng Aufgab ass, déi sech un hie wennt. Dofir géinge mer mengen, dass de Gesondheetsminister d'Geleeënheet soll kréien an der Kommissioun, bei Geleeënheet vun enger vun deenen nächste Sëtzungen, dann och zu där Motioun seng Meenung ze soen an ze kucken, inwieweit dass hien dat wëllt ëmsetzen.

Ech mengen, „indoor pollution" an och d'Ëmweltambulanz, dat ass eng Kompetenz vum Gesondheetsminister, an et soll een him also och d'Geleeënheet ginn, fir kënnen dann zu där Motioun do an der Kommissioun, a vläicht herno bei enger anerer Geleeënheet, déi sech sécherlech bitt, nach eng Kéier drop zréckzekommen.

Fir eis wär et sécherlech interessant no deem Débat vun de Mëtteg, dee wéi gesot net deen Esprit vu Précautiounsprinzip dementéiert huet, vu wierklech der Noutwendegkeet vun enger Moderniséierung, vun der Noutwendegkeet net all deenen Däiwel-un-d'Wandmole-Strategien, déi gemaach gi sinn, deenen Horrorzeenarien, déi gemaach gi sinn, ze erleien, mä wierklech riicht weider ze goen an eiser Attitüd, an och de Substitutiounsprinzip, sou wäit en ëmmer technesch praktikabel ass, sou wäit en ekonomesch verstänneg ass - et ass kloer, dass do net alles geet -, mä esou no wéi méiglech un d'Wahrung vun deem Prinzip ze kommen. Ech mengen, dass deen Esprit de richtege war.

Ech mengen, dass mer op sinn, fir souwuel an eng Commission jointe wéi och hei an de Plenum - dee Moment wou et wierklech da fir en Accord politique am Conseil am Dezember interessant gëtt - eng Kéier zréckzekommen an ze soen, wéi mer eis als Regierung zu deene Froen, déi dann nach opbleiwen, wëlle positionéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Wuert huet dann de Wirtschaftsminister.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen et kuerz, leet Äert Gewëssen direkt a Rou.

Ech wollt awer soen, dass den Här Huss mech net enttäuscht huet. Hien huet éischtens e Sujet opgegraff, deen him um Häerz läit - dat weess ech säit längerem duerch déi Aarbecht, déi hie mécht. Hien huet och mat moult détails gewisen, dass hie sech ëm esou Saache bekëmmert. Och wann ech net ëmmer konnt mat him d'accord sinn, huet hien awer a ville Beräicher och eng Kenntnis, déi méi wäit geet wéi meng - dat muss ech éierlech agestoen -, sou dass ech fannen, dass deen Débat awer utile war.

Déi meescht froe mech jo awer: „Wat ass REACH?" Ech mengen, Dir hutt et op alle Fall fäerdeg bruecht deen Dossier, wat e ganz wichtegen Dossier ass op europäeschem Plang, awer hei zu Lëtzebuerg mol e bëssen op d'Kaart ze setzen. Dee Mérite muss een lech wierklech loossen.

Ech mengen, et ass och e Paradebeispill op zwee Punkten. Den éischten ass deen: Hei gesi mer richteg, wéi dat Verhältnis vun deenen dräi Pilierë bei Lissabon ka sinn. Hei hu mer wierklech en Zesummespill vu Froe vu Santé, Environnement, mat Wirtschaftlechkeet, an dat huet domadder mat Aarbechtsplazen ze dinn.

Dofir fannen ech, well et e Beispill ass, dass mer och dofir musse kucken, dass mer propper erauskommen - och op europäeschem Plang. Et ass net egal, wéi mer dat do meeschteren. Ech kommen op deen zweete Punkt herno zréck.

Ech mengen och, dass, sou wéi et ugepaakt ginn ass vun eiser Säit aus, et eng Trame hat, mat där och wierklech probéiert ginn ass déi zwee Voleten esou ze beliichten; wann Der esou wëllt, andeem dass ech den Deel Emploi e bësse mat ofgedeckt hunn.

Dir wësst, dass dat doten eng Propositioun ass, déi vun zwou Direction-généralë komm ass, déi eng Entreprise, déi aner Environnement, an dass mer dat dann och an zwee Conseilë maachen. Deen een huet méi eng wirtschaftlech Ausriichtung, deen anere méi eng Ëmweltausriichtung.

Mir hunn eis och dofir als Ministeren déi Aarbecht opgedeelt. Wat mer och gemaach hunn, dat ass, mir hunn déi Leit, déi do uewe sëtzen, déi dräi Stéck, zu enger Équipe jointe zesummegefaasst. Dat heescht, déi Equipe huet als Block geschafft an et ass net eng Equipe vum…

Une voix.- Et sinn der véier!

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Pardon, ech hat deen een net gesinn.

(Hilarité)

Une voix.- Entschëllegt!

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Et ass net esou, dass deen ee Minister seng Leit geschéckt huet an deen anere seng, wéi dat oft de Fall ass, mä mer hunn awer an dësem Fall probéiert eng Equipe ze maachen, déi zesummeschafft an op déi mir och allen zwee zréckgegraff hunn.

Ech hu gesot, dass et e Paradebeispill ass an zweefacher Hisiicht, och wat d'„better regulation" ubelaangt. Also, ech muss soen, wat hei dobäi erauskënnt, doru gëtt déi ganz Diskussioun «mieux légiférer» en Europe jugéiert.

Wann hei eppes erauskënnt, wat net praticable ass; wann hei eppes erauskënnt, wat sech herno als absurd an der Praxis weist, da soen ech lech, da war déi ganz Diskussioun, déi mer gefouert hunn elo während Méint ënner eiser Présidence haaptsächlech, mä déi awer elo nach weidergeet, sënnlos.

Ech mengen, een éischte wichtege Schrëtt ass, dass een eng Transparenz kritt, doduerch dass ee mol een Text huet, op deen ee sech beruffe kann, an net déi 40 Texter wéi et bis elo war. Et muss ee bei deem doten Dossier - wat e ganz komplizéierten Dossier ass, an deem een op widderspréchlech Informatioune stousse kann - wierklech Effikassitéit weisen.

Här Huss, Dir hutt eng Rei Saachen zitéiert, eng Rei Wëssenschaftler zitéiert, bei deenen dat de Fall ass. Den Här Calmes huet et och ënnerstrach: Do ass dat eent bewise ginn a säi Contraire. Dir hutt haaptsächlech - an dat verstinn ech - aus deenen Etüden, déi lech méi sachlech schéngen aus Ärer Siicht, zitéiert. Mä Dir kritt genau datselwecht zitéiert aus aneren Etüden.

Et hat ee wierklech d'Impressioun bei iwwer 50 Études d'impact - 50 études d'impact! - dass deen, dee bezuelt huet, och gesot huet, wat drasteet, well et war esou wäit ausenaner heiansdo, dass een un der Objektivitéit muss zweiwelen, esou dass een och mengen ech en anere Wee muss fannen. Ech mengen, do huet net nëmmen eng Säit d'Wouerecht gepacht. Ech mengen, d'Wouerecht läit iergendwou an der Mëtt.

Dat Eenzegt, wat ech fonnt hunn a wat ech och schonn als Ausso gemaach hunn, dat ass: „better regulation" gesäit jo och vir, dass am Virfeld soll gekuckt ginn ëmmer Études d'impact ze maachen, an net dass elo Direktiven einfach an d'Landschaft gesat ginn an herno gëtt gekuckt, ob dat dote praticable ass, mä ech mengen, mir si bei 50 ukomm, an ech hunn d'Ausso gemaach an hu gesot, dass et elo duergeet.

Ech mengen, déi nächst Etüd hëlt eis d'Décisioun net ewech, déi politesch Décisioun, déi mer ze huelen hunn. Dofir soen ech, et wieren der elo genuch um Dësch vun där enger a vun där anerer Säit.

Et kann een och net soen, hei wier laanscht d'Leit ewech geschafft ginn. Ech hunn nach seelen eppes gesinn, wou esou vill Dialog gefouert ginn ass. Ech weess net, Dir hutt dat wahrscheinlech verfollegt.

Ech muss soen, d'Europaparlament huet ganz vill Aarbecht gemaach. Et sinn néng Kommissiounen, néng Stéck, déi sech dorëm bekëmmeren. Ech hunn dat do nach ni an engem Dossier gesinn. Ech selwer war dräimol present a Kommissiounen. Dräimol! Dat kënnt Der och nofroen. Dat ass seelen. An de Lucien Lux ass natierlech op senger Säit och nach gaangen. Mä ech war eleng dräimol do, plus am Workshop wou ech present war, esou dass ech mengen, dass mer mat der Société civile, mat der Industrie, mat jiddferengem wierklech probéiert hunn ze schwätzen.

Ech mengen, do huet déi Lëtzebuerger Présidence als Grupp, also Block e risege Mérite doranner. Dee Mérite hunn net déi Ministeren, well mir hunn déi Gespréicher net gefouert. De Mérite huet déi Equipe; déi Equipe, déi och am Europaparlament, wéi ech op alle Fall do war, an der Wirtschaftskommissioun, also an der Industriekommissioun an deem Fall, ganz staark gelueft ginn ass fir déi Sachlechkeet, mat där se geschafft huet. Ech mengen, dat soll een einfach zur Kenntnis huelen.

Et ass sécher, dass et muss praticable sinn. Et ass gradesou sécher, dass eng Rei staark gesondheetsschiedlech Elementer eben net kënnen herno gebraucht ginn.

Bon, ech hu gesot, et gëtt e Mëttelwee fonnt. Hei muss opgepasst ginn, wat mat de PMEë geschitt. Den Här Calmes huet sech Suergen dorëms gemaach, an dat ass richteg. Dir hutt gefrot, wat mat den Helpdesken ass. Ech gesinn déi Helpdesken um Niveau, an ech hunn hinnen et ugekënnegt, vun deenen zwou Chamberen, der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, ugesiedelt. Wéi ech dat probéiere mat hinnen ze organiséieren, weess ech nach net, mä ech gesi se op alle Fall do ugesiedelt.

Wann et sech erausstellt, dass och déi vun der Landwirtschaft noutwendeg ass, da soll een déi mat abauen, well déi huet och hei zu engem Deel matzespillen. Dofir mengen ech, misst een hinnen d'Moyenë ginn. Et misst ee sech och eens ginn, wéi een do virgeet. Et huet kee Wäert, dass mer do sechs verschidde Berodungsgremië schafen.

Mir probéieren dat op enger Säit ze maachen, mä mir sinn nach net esou wäit, Här Calmes, dass ech lech definitiv soe kann, wéi sech dat do fënnt. Dir hutt eng Rei Saachen ugeschwat. Wann ech soen, et dierf net zu enger onméiglecher Bürokratie kommen, dann ass et och, well mir heirobber jugéiert ginn. Hei si vill Discoursë gehale ginn, wéi gesot, iwwer „better regulation". Dat hei muss herno och esou sinn.

Där Geschicht vun OSOR sinn ech ganz favorabel gesënnt, well ech fannen, et kann net sinn, dass do all Kéiers all Eenzelnen deemselwechten Dénge muss follegen. Mä do sinn eng Rei administrativ Elementer, déi gekläert musse ginn. Ech mengen, do si mer zwar op engem gudde Wee.

Ee lescht Wuert iwwert d'Agence. Dir hutt et ënnerstrach, déi Agence soll op Helsinki kommen. An eisem Conseil ass wierklech gesot ginn, dass déi renforcéiert soll ginn. Mä mir hunn awer drop gehalen, dass déi national Capacitéiten och missten erhale ginn. Dat heescht, et war jo ëmmer e bësse gefrot ginn, wourobber d'Gewiicht am meeschte geluecht gëtt, a wéi een awer kéint kucken, dass eng Regelung erauskënnt, déi an alle Länner d'selwecht applizéiert gëtt, dass een net besser huet an enge Länner den Enregistrement ze maache wéi an aneren. Dofir ass gesot ginn, dass e Renforcement vun der Agence zu Helsinki soll geschéien, mä dass een déi Capacité nationale soll oprechterhalen, an dat probéiere mer ze maachen.

Dofir hu mer lech dee Wuertlaut och proposéiert, deen den Här Lux an Är Motioun wollt eraleeën. Et wier elo am Moment och wierklech net fair lech ze soen, mir hätte schonn eng Solutioun. Mir hu se nach net! Mä Dir hutt Recht, vu dass et ee Règlement ass d'application tout de suite, kënne mer net waarden. Et ass net wéi bei enger Direktiv, bei där een dann nach ee Joer huet, ier een et ëmsetzt.

Ech menge schonn, dass hei eng propper Aarbecht vun eise Leit geleescht ginn ass, och am Sënn, wéi - mengen ech - Dir et kënnt verstoen, wa mer och net an alle Punkten lech vläicht Satisfaktioun ginn hunn. Mir kommen och gären erëm, wéi gesot, an déi zwou Kommissiounen, fir och am Laf vun der Zäit ze kucken déi Décisiounen, déi dann ustinn op europäeschem Plang, mat lech ofzeschwätzen. Dat hei soll elo an totaler Transparenz geschéien, esou wéi mer dat ugefaangen hunn, a mir hu kee Problem fir dat och esou weiderzeféieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen dann zu de Motiounen.

Motions

Op deenen dräi Motiounen hu mer eng Ënnerschrëft, Här Huss!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, dat sinn also dräi Motiounen. Den éischte Punkt, dee mer effektiv musse maachen, dat ass ze regulariséieren, dass se iwwerhaapt akzeptabel sinn.

Ech hat virdrun a menger Ried gefrot, ob Kolleege vun anere Fraktioune bereet wieren, hir Ënnerschrëft op déi Motiounen ze setzen. Wann dat net de Fall wier, da géife meng Kolleegen hei selbstverständlech déi Motiounen ënnerstëtzen. Dofir géif ech dat gäre wësse vun deenen anere Fraktiounen. Wann d'Motiounen 1, 2 oder 3 ënnerstëtzt ginn, da sollen déi Kolleegen sech mellen, fir datt se recevabel sinn.

M. le Président.- Ech wollt datselwecht froen, Här Huss, ob Leit aus anere Fraktiounen d'Motiounen ënnerstëtzen andeem se hir Ënnerschrëft ginn. Ech widderhuelen nach eng Kéier d'Propositioune vum Minister: Déi éischt Motioun soll an d'Kommissioun verwise ginn, déi zweet Motioun ass akzeptéiert vun der Regierung, an déi drëtt Motioun, déi soll och an d'Gesondheetskommissioun verwise ginn.

Voilà, an d'Fro un déi aner Fraktiounen, ob se da bereet sinn, déi Motioun ze ënnerstëtzen?

Une voix.- Et ass déiselwecht wéi mir eng haten.

Une autre voix.- Jo.

M. le Président.- Här Grethen!

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, ech hunn eng Fro zur Motioun Nummer 2. Do gëtt d'Regierung invitéiert fir sech «de suite les moyens budgétaires et de personnels compétents nécessaires» ze ginn. Ech hunn héieren, dass den Här Minister Lux hei gesot huet, hie géif déi Motioun unhuelen.

Duerfir wollt ech den Här Minister da froen, wat senger Evaluatioun no déi Moyens budgétaires wieren, wat déi Moyens en personnels compétents wieren, a wou déi ugesiedelt ginn, a wéini dat dann de Fall ass, well ech ginn dovun aus, Här President, wa mer hei de l'accord vun der Regierung eng Motioun stëmmen, dass d'Regierung och schonn hei de festen Engagement kann huelen, dass am nächste Budget souwuel d'Finanzen do sinn, wéi awer och am Numerus clausus déi noutwendeg Personaldécisioune geholl ginn.

M. le Président.- Här Minister, Dir sidd ugeschwat.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Ech mengen an deenen Ausféierungen, déi ech virdru ginn hat, kloer gesot ze hunn, dass, wann ee sech den Timing ongeféier virstellt vun der Reglementatioun REACH, da kann een dovun ausgoen, dass mer net virum 1. Januar 2007 mussen hei zu Lëtzebuerg kucken, wéi mer éischtens d'Kompetenz situéieren an eng bestehend Verwaltung - ech hu gesot zum Beispill d'Ëmweltverwaltung - oder ob mer eng Agence kreéieren, andeem mer eenzel Ministerë vereedegen.

D'Fro ass och, ob mer do Chambres professionnelles oder net mat dranhuelen an déi Agence, esou dass also net am Budget 2006 déi Noutwendegkeet ass, mä virun allem am Budget 2007…

M. Henri Grethen *(DP).*- Ah!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- …déi Noutwendegkeet ass, an ech mengen, dass et och à ce stade onméiglech ass ze soen, ier ee weess wéi d'Reglementatioun definitiv ausgesäit, wat een u Ressources humaines an der Fro vun der Autorisatioun, zum Beispill am Régime d'autorisation brauch. Et weess een och net, wéi

definitiv a wéi schnell d'Agence européenne zu Helsinki ka situéiert ginn.

Dat, mengen ech, wat dës Motioun seet, a wat mir als Regierung ënnerstëtzen, dat ass, dass mer an deenen nächste Méint mussen déi national Hausaufgaben esou schnell wéi méiglech maachen, an dass mer den Engagement hei als Regierung iwwert déi Motioun wäerten huelen an déi Garantie och ginn, fir duerfir ze suergen, dass am Budget 2007 d'Froe gekläert sinn, fir dass an där Verwaltung, déi mer dann definitiv mat der Aufgab wäerte beoptragen, déi néideg Moyenen, souwuel finanziell Moyenë wéi en personnel do sinn, fir dat kënnen ze maachen.

M. le Président.- Är Äntwert schéngt kloer ze sinn. Här Grethen?

(Interruptions)

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, esou kloer ass se net,…

Une voix.- Neen!

M. Henri Grethen *(DP).*- …well ech hunn elo verstanen, dass dat do eréischt den 1. Januar 2007 fréiestens muss en place sinn. Duerfir géif ech proposéieren en ordre principal, dass een dës Motioun géif an d'Budgetskommissioun verweisen, en ordre subsidiaire misst een am éischten Tiret vum Dispositif soss schreiwen, «à se donner le moment venu les moyens nécessaires», well «de suite», dat ass direkt, «le moment venu», dat ass dann eben den 1. Januar 2007. Mä et wier vläicht am beschten, et géif een dat hei un d'Budgetskommissioun verweisen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, mir hunn als gréng Fraktioun kee Problem, souwuel de Virschlag vum Minister vun der «coordination interministérielle» do emol dranzesetzen als provisoreschen Term, a mir hunn och kee Problem, dee Virschlag vum Här Grethen unzehuelen, fir ze soen, «le moment venu».

M. le Président.- Da géif déi zweet Motioun folgendermoossen ausgesinn: Am éischten Tiret, «à se donner le moment venu les moyens budgétaires», an am zweeten Tiret géife mer déi «cellule de compétence» ersetzen duerch «cellule de coordination interministérielle». Da ginn ech och, ech hu weider keng Bereetschaft gesinn, fir…

Här Oberweis?

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, am Numm vun der CSV-Fraktioun géif ech proposéieren, mäin Numm op déi Motiounen dropzesetzen.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Meisch *(DP).*- Bei eis ënnerschreift den Här Calmes.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. Emile Calmes *(DP).*- Selbstverständlech.

Une voix.- Krrrrrrrrr!

Une autre voix.- Här Jaerling!

M. le Président.- Dir ënnerstëtzt déi dräi Motiounen, esou wéi se virleien? Déi zwou, déi an d'Kommissioun iwwerwise ginn, an déi aner, déi mer dann unhuelen, an den Här Negri…

Une voix.- …ënnerschreift…

M. le Président.- …fir d'Sozialistesch Aarbechterpartei. Här Negri?

M. Roger Negri *(LSAP).*- Jo, ech hunn déi zweet Motioun schonn ënnerschriwwen.

M. le Président.- Merci.

Domat géife mer dann awer iwwert déi zweet Motioun ofstëmmen, déi bleift dann nach.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant l'évolution en cours du processus REACH et que le vote définitif sur REACH aura lieu probablement en 2006;

- considérant que notre pays devra alors faire face dans l'après-REACH à de nouveaux défis non négligeables;

- considérant que les firmes utilisatrices de produits chimiques et notamment les PME auront besoin d'informations détaillées et de conseils adéquats;

- considérant, d'autre part, que la collaboration prévue de notre pays avec l'Agence européenne pour les produits chimiques située à Helsinki exigera de la part de nos administrations un engagement sérieux relatif à la participation dans les comités d'experts et dans le travail d'évaluation de produits chimiques;

- considérant que dès maintenant un «Practical Preparation Programme» pour REACH vient de commencer ses travaux et que le Luxembourg a intérêt à y collaborer dès le début;

invite le Gouvernement

- à se donner le moment venu les moyens budgétaires et de personnels compétents nécessaires afin d'être à même de répondre à ces nouveaux défis;

- à mettre en place une «cellule de coordination interministérielle» travaillant activement dans ce sens.

(s.) Jean Huss, Emile Calmes, Aly Jaerling, Roger Negri, Marcel Oberweis.

Ass de Vote électronique gefrot?

(Négation)

Oder kënne mer duerch en Handzeechen ofstëmmen? Här Huss!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Här President, just eppes wat ech och nach wëll soen: Wa mer déi zweet hei elo unhuelen, dat ass jo da ganz gutt, mat deenen aneren zwou Motiounen hu mir och kee Problem. Also besonnesch déi éischt Motioun, et si jo eng ganz Rei vu Fuerderungen do dran. Ech mengen, d'Kolleege sollen d'Méiglechkeet hunn, dat ze diskutéieren, an déi soll duerchaus da kënnen an déi zoustänneg Kommissioun, an eng Commission jointe am beschten, verwise ginn.

Ech kann och Verständnis dofir hunn, wat den Här Lux hei gesot huet, datt déi drëtt Motioun sech éischter un de Gesondheetsminister riicht, datt mer déi an der Santéskommissioun da solle behandelen, an datt mer da kucken, mam Minister zesummen do déi beschte Léisung ze sichen.

M. le Président.- Stellt Der déi zweet Motioun zum Vote?

Une voix.- Jo.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG), interpellateur.*- Jo, jo, jo!

Vote

M. le Président.- Gutt. Kënne mer dat iwwer Handzeeche maachen?

(Assentiment)

Wien dermat d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. le Président.- Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass déi zweet Motioun ugeholl.

Sou, mir kommen dann zum nächsten a leschte Punkt um Ordre du jour, nämlech zur Question avec débat vum Här Marco Schank.

Plusieurs voix.- Déi ass muer, Här President.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Dann ass den Dossier net zortéiert ginn, wéi ech erakoum.

(Hilarité)

Domadder ass dann dës Sëtzung um Enn a si ass opgehuewen.

Ech soen Iech Merci.

(Fin de la séance publique à 17.35 heures)

JEUDI, 30 JUIN 2005

44E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Question urgente N°488 de M. Gast Gibéryen concernant la réunion d'information dans l'enceinte du Lycée technique des Arts et Métiers sur le traité établissant une Constitution européenne
2. Question avec débat N°3 de M. Marco Schank relative aux eaux de baignade au Luxembourg
3. 5449 - Projet de loi portant modification:
   1. de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
   2. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;
   3. de la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire;
   4. de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

   (Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)
4. 5455 - Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz

   (Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres et M. Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Mir si befaasst mat enger Question urgente vum honorabelen Här Gast Gibéryen. Dës Fro ass adresséiert un d'Madame Minister vun der Éducation nationale. D'Madame Minister huet sech d'accord erkläert fir direkt op déi Fro ze äntwerten. Deementspriechend ginn ech dem Här Gibéryen d'Wuert fir seng Fro ze presentéieren. Här Gibéryen!

1. Question urgente N°488 de M. Gast Gibéryen concernant la réunion d'information dans l'enceinte du Lycée technique des Arts et Métiers sur le traité établissant une Constitution européenne

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech si frou, datt d'Madame Minister direkt bereet war fir de Mëtten heihinner ze kommen, fir déi Fro ze beäntwerten. Esou wéi mir, hutt och Dir wahrscheinlech gëschter Owend op der Televisioun am „Journal" kënnen an engem Reportage gesinn, wéi eng lëtzebuergesch Europadeputéiesch an enger Klass vum Lycée des Arts et Métiers eng Informatiounsversammlung iwwert den Europäesche Verfassungsvertrag ofgehalen huet, mat dem Opruff, do mat Jo ze stëmmen, an och dementspriechend Informatiounsmaterial do verdeelt huet.

Mir sinn der Meenung, datt an enger öffentlech-rechtlecher Schoul dat net däerft sinn, oder wann et wier, datt dann déi Informatioun misst équilibréiert sinn, an et sinn och vill aner Leit där Meenung. Dir wësst, datt mir d'lescht Woch schonn eng Motioun eraginn hunn, an där mer wollten dokumentéieren, datt déi Campagne, déi vun der Regierung gemaach gëtt, och eesäiteg fir de Jo ass, wat mer och net richteg fannen. Et ass eng politesch Majoritéit, déi dat aneschters gesäit,…

(Interruptions)

…mä mir hunn awer hei och eis Problemer domat, well mer dat net fir richteg fannen.

Duerfir wollte mer d'Fro un d'Madame Minister stellen, ob si Kenntnis vun dëser Aktioun huet, an ob den Educatiounsministère och esou Informatiounsversammlungen da seng Erlaabnis ginn hätt? An ob d'Politiker dierfe Reklamm maache fir e Jo zum Traité constitutionnel, an ënner wat fir enge Konditiounen? Mussen déi Vertrieder net da vun alle politesche Stréimungen an Ausriichtunge gläich behandelt ginn? An ob nach weider esou Aktiounen an deem Genre a Schoule mat Bedeelegunge vu Vertrieder vu Parteien an deenen nächsten Deeg bis zum Referendum geplangt sinn? Wa Jo, wéi eng datt dat sinn?

Ech wier frou, wann d'Madame Minister…

(Interruptions)

…eis géif dann eng Äntwert dorobber ginn, fir datt dat net soll bal emol stëmmen, wat haut an enger däitscher Zeitung steet, am „Handelsblatt", déi elo dëser Deeg hei zu Lëtzebuerg waren a gekuckt hunn, wéi der Regierung hir Campagne leeft, an haut da schreift dat däitscht „Handelsblatt": „Im Radio laufen stündlich Werbespots, die - unterlegt von Beethovens Neunter Symphonie - in ihrer Dramatik an die Propaganda der Nazis erinnern."

Plusieurs voix.- Oooohhhh!!! Huuiii!!!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat steet haut am „Handelsblatt"!

(Brouhaha général)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Wann esou eppes an enger däitscher Zeitung steet, dat ass nawell ganz interessant!

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat steet haut am „Handelsblatt"!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech wëll dat hei zitéieren, fir déi eesäiteg Campagne, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, an duerfir fannen ech et net gutt, wa mer och géifen an de Schoulen eng eesäiteg Campagne maachen. Ech wier duerfir frou wann d'Madame Minister mer géif dorobber äntwerten.

(Interruptions)

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech fannen dat eng schlëmm Ënnerstellung, a besonnesch wann dat vun engem däitsche Blat op Lëtzebuerg eragedroe gëtt!

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- Sou, d'Madame Minister vun der Éducation nationale, Madame Delvaux.

(Brouhaha général)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President,…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Kommt, elo bleiwe mer beim Thema.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Ech beäntwerten och ganz gären eng Fro, hunn och eng Meenung zur Verfassung, wollt awer elo hei keng Reklamm maachen. Ech fannen dat och en ellent Wuert fir Informatioun a fir dee Fait, deen hei beschriwwen ass, wou ech eigentlech d'Opreegung net verstinn, well de Lycée technique des Arts et Métiers huet säit Joren d'Traditioun, dass en all Joer all Europadeputéierten uschreift a se freet, ob se wéilten an d'Schoul kommen. Dat ass eng Initiativ vun engem Enseignant, fir d'Instruction civique méi anschaulech ze presentéieren. An dat ass all Joer, wou dat leeft, an dat leeft dëst Joer och.

An deem Kader war gëschter esou eng Europadeputéiert do, an d'nächst Woch sinn och nach Europadeputéierten am Lycée technique des Arts et Métiers fir op d'Froe vun de Schüler ze äntwerten. Dass elo dëst Joer Froen iwwert d'Verfassung gestallt ginn, dat ass jo eigentlech net erstaunlech. Wa keng géife gestallt ginn, da géif dat mech wonneren. Dass d'Televisioun do war - déi aner Jore war d'Televisioun och net do -, och duerfir kann een d'Schoul elo net responsabel maachen.

Ech wéilt och soen, dass fir esou Aktivitéiten an de Schoule keng extra Autorisatioun vum Ministère muss virleien. Ech denken och net drun, esou eng ze froen, well mir wëlle jo just d'Schoulen encouragéieren, sech opzemaachen an Intervenantë vu baussen eran an d'Schoulen ze invitéieren, fir eben d'Schoul méi lieweg ze maachen. Et ass méi interessant, et léisst ee sech vun engem Jurist erklären, wéi d'Justiz fonctionnéiert. Mir encouragéieren, dass d'Betriber sollen an d'Schoul kommen, fir Ried an Äntwert ze stoen, wéi eng Entreprise fonctionnéiert, Resistenzler, fir de Kanner ze erzielen, wéi et am Krich war.

An ech fannen et dann och normal, dass, wann een iwwer Politik schwätzt - Instruction civique soll jo eis Institutioune beschreiwen -, se dann, wann d'Schoule wëllen an d'Enseignantë wëllen, Parlamentarier do invitéieren, an ech géif dat och net als Reklamm bezeechnen, mä ech mengen dat ass d'Aarbecht vun eis alleguerte fir eis Aarbecht ze erklären an de Schüler dat och méi no ze bréngen a méi ze illustréieren.

Ech hat och elo keng Zäit, an hunn och éierlech gesot net d'Absicht fir an de 27 Lycéeën elo unzeruffen, fir ze froen, wéi eng Leit si nach invitéiert hunn an d'Schoulen ze kommen, an hire Programmen, déi normal lafen. Dat Eenzegt wat ech weess, dass also am Lycée technique des Arts et Métiers déi Campagne do weiderleeft. D'nächst Woch sinn nach zwee Europadeputéierte vun anere Parteien am Lycée technique des Arts et Métiers.

Eppes anescht, wat ech weess, dat ass, dass d'Conférence nationale des élèves Versammlungen organiséiert, allerdéngs ausserhalb vun der Schoulzäit, mä an Infrastrukture vun der Schoul, mam Premier, wou d'Schüler de Premier froen iwwert d'Verfassung. Dat ass de 5., 6. an de 7. Juli.

Vun aneren Aktiounen hunn ech keng Kenntnis, an ech muss éierlech soen - an ech denken, dass déi Meenung jo hei vum Haus gedeelt gëtt -, dass ech et wichteg fannen, dass d'Schüler sech fir Politik interesséieren a fir politesch Froen, an dass ech och der Meenung sinn, dass dat an d'Schoul gehéiert, à condition dass an deenen Informatiounsversammlunge keng xenophob oder rassistesch oder géint d'Mënscherechter Meenunge vertruede ginn. Mä an deem anere Fall hunn ech domadder kee Problem.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zum zweete Punkt vun eiser Dagesuerdnung, dat ass d'Question avec débat N°3 vum Här Marco Schank iwwert d'Waasserqualitéit. Dem Auteur vun der Fro sti fënnef Minutten zou fir seng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, seng Zousazfro virzedroen. Voilà, dann huet den Här Schank d'Wuert.

2. Question avec débat N°3 de M. Marco Schank relative aux eaux de baignade au Luxembourg

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert d'Problematik vun eise Badegewässer hei zu Lëtzebuerg ass an deene leschte Woche vill diskutéiert ginn, och an de Medië gewälzt ginn. D'Europäesch Kommissioun huet an hirem Rapport vum 26. Mee 2005 d'Resultater vun 2004 virgestallt a gesot, datt déi Situatioun éischter schlechter gëtt, an datt den Taux de conformité vun eise Gewässer weider erofgaange wier.

Fir ze rappeléieren: Hei zu Lëtzebuerg ginn 20 Zones de baignade gekuckt; vun deene Sitë respektéiere 50% déi méi strikt Qualitéitsnormen, 65% déi virgeschriwwen Normen, 20% vun de Sitë sinn net konform, a 15% sinn als Badegewässer net erlaabt!

Am Verglach zu deenen anere 24 EU-Memberlänner ass dat effektiv net genial. Et muss een awer fairerweis soen, datt duerch d'Inkohärenz vun den Texter d'Länner sech deelweis och laanscht hir Verantwortung drécken an einfach belaaschte Flëss mitunter net als Badegewässer deklaréieren an domat och kee Verbuet verhänke mussen, wéi dat zum Beispill un der Ënnersauer geschitt.

Dat heescht, op däitscher Säit kënnen dann an deemselwechte Floss d'Leit schwamme goen, ouni datt dat Waasser do besser ass. Ëmgekéiert besteet an der Musel, déi méi belaascht ass wéi d'Sauer, kee Verbuet fir dran ze schwammen. Wat Lëtzebuerg ubelaangt, däerf een awer weider an der Uewersauer um Stau, an der Our zu Wäisswampech an zu Rëmerschen an de Baggerweiere schwamme goen.

Fir d'Ënnersauer heescht dat awer, datt een och dëse Summer tëschent Ettelbréck a Waasserbëlleg net an d'Waasser däerf, an dat ass selbstverständlech kee gutt Signal weder fir den Assainissement insgesamt zu Lëtzebuerg nach fir eis Renommee am Tourismussecteur, wann dat Verbuet fir schwammen ze goen zënter 1989 an der Ënnersauer besteet.

Engersäits gëtt gesot, datt do d'Kläranlag op der Bleesbréck de Problem géif duerstellen, anersäits huet den Innenminister an engem Interview gesot, datt virun allem d'Uelzecht der Sauer Problemer mécht. Ech wëll awer zur Kläranlag op der Bleesbréck soen, datt ech weess, datt do am Moment technesch Anlage moderniséiert ginn, respektiv e Konzept fir eng drëtt Stuf erstallt gëtt.

Bis 2015 muss laut der europäescher Direktiv d'Waasser an eise Flëss a Baache propper sinn, chemesch an ekologesch. Besser wier sécher, wa mer dat och schonn éischter hikriten.

Ech wollt da meng Froe stellen un de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Waassergestioun: Wéi wäit si mer insgesamt mat eisem Programm fir de Bau, d'Renovéieren, d'Moderniséiere vun de Kläranlagen zu Lëtzebuerg? Ginn déi Moyenen duer, déi de Moment d'Waasserwirtschaftsamt zur Verfügung huet, dat och am Kontext mat der Belegschaft, mat de Ressources humaines?

Dann, wéi wäit si mer mat der Ëmsetzung vun der Directive-cadre vum 23. Oktober 2000, déi jo eng ganz Palette vu konkrete Schutzmoossname virgesäit fir d'Bannegewässer propper ze halen, respektiv d'Ekosystemer an der Riicht ze halen.

An dann zum Schluss: Misst net d'Waasserwirtschaftsamt mam Ministère, zesumme mat den zoustännegen Ofwaassersyndikater, offensiv op déi eenzel Gemengeféierungen duergoen, fir méi Dynamik an den Dossier ze kréien, respektiv geschitt dat net schonn?

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schank. D'Wuert huet elo den zoustännege Minister, den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Marco Schank huet d'Situatioun vun eise Badegewässer hei zu Lëtzebuerg vum Joer 2004 ugeschwat op Basis vun engem Rapport vun der Europäescher Kommissioun. Tatsächlech waren an deem Joer an der Ënnersauer d'Gewässer net wéi et soll sinn. Et muss een och wëssen, dass et dat Joer vill gereent huet, an et deelweis och waarm war, dat heescht, et ware Konditiounen, déi dozou gefouert hunn, dass d'Gewässer net esou gutt an net an esou engem gudden Zoustand waren.

Et muss een awer och feststellen, wéi d'Traditioun et wëllt, dass wann en neit Joer ufänkt, och dëst Joer 2005, ëmmer e Prélèvement gemaach gëtt, an dëst Joer kann ech lech matdeelen, ass bei deenen 20 Statiounen hei am Land, déi gekuckt gi sinn, just bei enger Statioun e Problem gewiescht, esou dass ee feststellt, dass fir d'Joer 2005 eis Badegewässer besser si wéi dat Joer virdrun. An dat ass notamment drop zréckzeféieren, well d'Kläranlag vun Iechternach a Betrib ass, well do déi drëtt Stuf deelweis fonctionnéiert an doduerch hu mer dann e besseren Zoustand.

Une voix.- Très bien!

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Wann een en dynamesche Buergermeeschter zu Iechternach huet wéi den Här Jos Scheuer, kann et just besser ginn. Ech wëll him da félicitéiere fir déi Initiativ, dass en déi Kläranlag frëschgemaach huet, well et ass jo net de Stat, deen d'Kläranlage baut, mä et sinn d'Gemengen, déi se bauen. Dat muss een ëmmer wëssen!

D'Gemengen hunn d'Kompetenz vun dem Assainissement vum Waasser, an d'Gemenge kréien 90% gehollef vum Stat. Esou gëtt d'Geschicht geschriwwen an esou musse mer déi ganz Problematik och verstoen, an dofir kann de Stat zesumme mat de Gemengen ëmmer nëmmen dat maachen, an och d'Waasserwirtschaftsamt, wat d'Gemengen an d'Weeër leeden. An dat ware fir den Exercice 2004 25 Milliounen, déi do verschafft gi sinn, an d'nächst Joer sinn et der 35 Milliounen Euro, fir déi d'Demanden do leie vun de Gemengen. Ech kommen awer nach dorop zréck.

Eis Gewässer sinn also amgaange besser ze ginn. Ech kann lech och soen, dee Bilan, deen elo zu Mondorf gemaach ginn ass, Här President, vun der Commission de l'Intérieur, wou Dir och Leit gefrot hat, se sollen dohinner goe fir nozelauschteren, war positiv. Ech weess net, wien dohinner gaange war. Ech weess awer, datt een Drëttel vun eise Gewässer schonn deene Kritäre vun 2015 entspriechen a chemesch an ekologesch propper sinn. Dat ass jo net schlecht, mä bei deenen anere mussen nach Analyse gemaach ginn an d'Problemer si bekannt.

Ech mengen, d'Problemer dat sinn: Mer musse méi Renaturéierung kréien, dat dréit vill zur Qualitéit vum Waasser bäi. Mer musse kucken, dass déi eenzel Gemengen och kleng Kläranlage kréien, well déi och eng ganz grouss Roll spillen. Deen drëtte Facteur, deen een net däerf vergiessen, dat sinn déi diffus Infiltratiounen an de Buedem, déi duerch d'Landwirtschaft kommen oder duerch Schwéiermetaller, déi och dobausse sinn.

Wann een déi dräi Aspekter léist, wann een déi méi no ugeet, mengen ech, kann een déi Saach an de Gréff kréien. Also, de Bilan ass net schlecht, wëssend och dass d'Musel ëmmer kanaliséiert bleift, mä gréisstendeels, mengen ech, si mer nach laang net déi Schlechtst.

Souwisou ass de Kritär, ob een e Badegewässer huet oder net, net drop zréckzeféieren, dass ee Gewässer am Fong geholl an engem besseren Zoustand wär, mä dat ass einfach eng Klassifizéierung, déi dat eenzelt Land mécht. Mir hunn d'Ënnersauer als Badegewässer klassifizéiert; eis däitsch Noperen hunn dat net gemaach. Mir hätten dat och kënne maachen. Et ass esou, mä ech sinn iwwerzeegt an ech sinn optimistesch, dass mer dës Situatioun an de Gréff wäerte kréien.

Dir hutt och dann ugeschwat, wou déi eenzel Projeten dru sinn a wéi déi am Fong geholl weiderginn. Ech hunn do e puer Chifferen nokucke gelooss. Ech kann lech matdeelen, dass am Joer 2004 am Ganzen 122 Dossiere vun deenen eenzelne Gemengen oder Syndikaten an den Intérieur erakomm sinn, an d'Waasserwirtschaftsamt erakomm sinn. Déi stellen e Montant vun Engagement vun 98 Milliounen duer. Op deenen Demandë gëtt dann elo geschafft. Dat dauert net méi wéi ee Joer fir déi ze traitéieren, bis se nees erausginn.

Esou kann een da feststellen, dass am Joer 2004 94 Dossierë favorabel ofgeschloss goufen. Dat waren net déiselwecht wéi déi, déi dat Joer erakoumen, dat waren der och scho vun deem Joer virdrun. An dofir läit och dee Montant, deen do elo engagéiert gëtt iwwert d'Joer 2004, bei 156 Milliounen. Dat ass scho Geld. Also, dat ass elo dat, wat op eis zoukënnt.

Et kann een och kucken, wéi dat an den eenzelne Bassinë sech erëmspigelt. Do muss ee feststellen, dass fir d'Uelzecht 7,2 Milliounen Euro virgesinn sinn. 2004 sinn ausgi ginn: Fir d'Chiers waren et 467.000 Euro; fir d'Musel 3,9 Milliounen; fir d'Sauer 13,3 Milliounen a fir Divers nach 65.000 Euro. Ech ventiléieren dat a soen déi Chifferen nach eng Kéier hei, dann hunn d'Leit se och dobaussen: Fir d'Sauer mécht dat 53%, fir d'Uelzecht 29, fir d'Musel 16 a fir d'Chiers oder d'Kor 2%. Bei der Musel si mer eréischt bei 16%, well déi Kläranlagen nach net mat dra sinn.

Wann ech da kucken, wéi déi eenzel Aarbechten am Detail ausgesinn, stellen ech fest, dass d'Aarbechte fir de Kollekter fir d'Atertdall zesumme mat der Statioun, also mat der Kläranlag, fäerdeg sinn.

Ech stelle fest - dat wësst Dir -, dass de Projet vun der Kläranlag vu Beetebuerg hei an der Chamber ass, an dee wäert deemnächst och gestëmmt ginn. Ech stelle fest, dass d'Statioun vun Esch/Schëffleng säit zwee Joer fäerdeg ass. Wann ech déi kucke vun Hesper, déi mer d'lescht Joer hei gestëmmt hunn, da sinn do 14,9 Milliounen Euro engagéiert, an do hunn d'Aarbechten elo ugefaangen a ginn Enn 2006 fäerdeg.

Da kommen ech op Iechternach, wou ech jo scho virdru gesot hunn, déi ganz Aarbechten, déi si fäerdeg, an doduerch hu mer schonn e klenge Qualitéitssprong kritt an der Ënnersauer. Dann d'Kläranlag zu Betzder, do sinn ongeféier 7 Milliounen, déi engagéiert solle ginn. Do si Problemer juristescher Natur, well déi Kläranlag um Territoire vun der Gemeng Biwer läit, do hoffen ech awer, dass mer do erauskommen. Dann ass et déi vum Heischtergronn, do solle 65 Milliounen engagéiert ginn. D'Konstruktioun huet do ugefaangen, an dat wäert wierklech eng Plus-value brénge fir dee ganze Stauséi an all déi Gemengen do ronderëm.

Bei der Stad Lëtzebuerg ass och en décke Batz engagéiert. Wann een do kuckt, da maachen d'Kläranlag plus Kollekteren am Ganze 94 Milliounen aus. D'Kläranlag ass déi vu Begge plus d'Kollekteren, an déi Aarbechte sollen Enn 2005 ufänken. Dir gesitt also, zwee Projete si mateneen an der Chamber gestëmmt ginn. Hesper huet schonn ugefaangen. Beggen huet nach net ugefaangen, do kommen heiansdo Verzögerungen.

Datselwecht, wann ech vu Verzögerunge schwätzen, gëllt fir d'Kläranlage vun eiser Musel, wou zu Mäertert, Waasserbëlleg, Gréiwemaacher fir déi Kläranlag 30 Milliounen engagéiert sinn. Do soll Ufank 2006 ugefaange ginn.

Wat d'Ënnermusel ugeet, wou 25 Milliounen emol veruschlaagt gi sinn, esou si mer do elo an eng Phase décisive komm an deem Sënn, dass fir déi Kläranlag, déi mat eisen däitsche Frënn vu Perl iwwert den Entsorgungsverband Saarland gebaut gëtt, elo d'Konventioun deemnächst ënnerschriwwe gëtt, an zwar den 18. Juli um fënnef Auer, zesumme mat dem Ëmweltminister aus dem Saarland, dem Här Mörsdorf. Dat soll dann do geschéien an dann hunn d'Gemenge Réimech, Wellesteen a Rëmerschen och eng Kläranlag. Da muss een och nach ervirhiewen, dass fir d'Modernisatioun vun de Kollekteren an och vun deenen eenzele Bassinë vum SIAS 13 Millioune veranschlaagt sinn.

Dir gesitt also, et ass vill Geld, wat ausgi gëtt. An och wann een an d'Zukunft kuckt, op fënnef oder zéng Joer, stellt ee fest, dass do nach vill am Fong geholl muss gemaach ginn. Den Här Schank huet dat schonn ugeschwat. Fir d'Statioun vu Bleesbréck sinn 22 Milliounen emol engagéiert, fir déi Kläranlag och méi grouss ze maachen an ze moderniséieren. Datselwecht gëllt och fir Miersch, Bierenger-Miersch, och do sollen et ongeféier 22 Millioune sinn.

Fir d'Äischdall musse mer och eppes maachen, do sinn 12 Millioune virgesinn. A fir d'Ourdall och nach 22 Milliounen. Dir gesitt also, dass mer an deenen eenzelnen Dossierë gutt weiderkommen.

Et musse jo am Ganzen 800 Millioune nach engagéiert ginn. Dat ass ee Chiffer, deen ëmmer avancéiert gëtt. Bis dato sinn ongeféier 250 bis 300 Milliounen engagéiert, déi de Moment dra sinn, déi also da sollen am Fong geholl an deenen nächste Jore verschafft ginn.

Dir gesitt also, d'Waasserwirtschaftsamt huet do eng ganz gutt Aarbecht gemaach, zesumme mat deene Gemengen. Mä ech widderhuelen et nach eng Kéier, d'Gemenge mussen eis Projete bréngen, soss kënne mir näischt maachen.

Déi zweet Fro, déi Dir stellt, dat ass déi iwwert d'Moyenen, déi d'Waasserwirtschaftsamt huet, ob mer do nei Postë bräichten, oder wéi do d'Problematik ass. Dozou kann ech lech Folgendes soen: Dir wësst, 1999 ass déi Iddi vum Waasserwirtschaftsamt op den Teppech komm, an 2004 ass d'Gesetz

gestëmmt ginn. Do sollten am Fong geholl theoretesch, den Effectif théorique, deen deemools ausgerechent gi war, dat waren 92 Leit. Zum Schluss sinn awer nëmme 57 Posten zréckbehale ginn, esou dass 57 Leit beim Waasserwirtschaftsamt schaffen.

Et kann een och feststellen, dass zwëschen 2001 an 2003 eelef Leit bäikomm sinn iwwert den Numerus clausus. 2004 an 2005 sinn awer keng Leit bäikomm. Fir dëst Joer hu mer awer elo gefrot - dat ass ëmmer eng Prozedur beim Stat, dass ee freet wéi vill Leit ee brauch an deenen eenzelne Servicer - an do hu mir 20 Leit ugefrot. Da musse mer kucke wat dobäi erauskënnt.

Wat ech feststellen ass, dass am Fong geholl d'Waasserwirtschaftsamt sech konsolidéiert huet. Mir hunn et hei fäerdeg bruecht, d'Kompetenzen ze bündelen ënnert der Direktioun vum Här Paul Hansen, deen elo vum 1. September un an d'Pensioun geet, a vun deem ech muss hei ganz kloer soen, dass deen eng gutt Aarbecht gemaach huet, mat all senge Leit.

En huet et fäerdeg bruecht, déi Zoustännegkeet, déi mer do kritt hunn, richteg ze artikuléieren, an en huet et och fäerdeg bruecht, déi intellektuell technesch Capacitéiten oder den Know-how - loosse mer emol esou soen - esou an d'Weeër ze leeden, dass am Fong geholl eng performant Aarbecht kann an eisem Waasserwirtschaftsamt gemaach ginn.

Sou dass ech, éierlech gesot, fir d'Zukunft awer mengen, wa mer nach e bësse Personal, verschidden Hëllefen do kënne kréien, dass mer do där wichteger Roll, déi mer musse spillen an deem Beräich, an déi mer och wäerte spillen an deem Beräich, kënne gerecht ginn. Wann ech soe wäerte spillen, dann ass et doduerch, well mer jo, wéi all Land an Europa, déi Directivecadre oder déi Waasserrichtlinn mussen ëmsetzen, an déi hutt Dir jo och als drëtte Punkt an Ärer Fro ugeschwat.

Do kann ech Iech soen, dass mer virum Hierscht wäerten am Regierungsrot domat passéieren. Den État des lieux ass gemaach ginn. Ech hunn e virdrun ugeschwat. An ech hunn Iech och gesot, dass mer eng maximalistesch Ëmsetzung wëlle maachen, besonnesch och wat dee quantitativen Aspekt vun der Direktiv ugeet. Dee qualitativen, deen ass an eisem Land aktuell. Deen aneren, d'Hydrologie an all déi Elementer, déi sollen elo ëmgesat ginn, dat wäert net einfach ginn. Dat sinn och Gesetzgebungen aus de Joren 1929 a 1669, also do kéinte mer och, géif ech mengen, an deenen nächste Jore Kloertext schwätzen an och do eis modern Mëttel ginn, fir där grousser Erausfuerderung vun engem proppere Waasser an engem gudden Assainissement méi gerecht ze ginn.

Voilà, dat war dat, wat ech Iech wollt soen, Här Schank. An dofir soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zum Projet de loi 5449 «portant modification de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain». D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, d'Madame Flesch, d'Madame Mutsch, den Här Gira an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

3. 5449 - Projet de loi portant modification:

1. de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

2. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

3. de la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire;

4. de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, e bësse méi wéi virun engem Joer hate mer an der Chamber hei iwwert de Projet de loi 4486 iwwert d'Gemengenan d'Stadentwécklung debattéiert. Dësen Text, dee spéiderhin d'Gesetz vum 19. Juli ginn ass, war ee vun deene wichtegsten an der leschter Legislaturperiod.

No laanger Viraarbecht, an d'Betounung läit hei wierklech um Adjektiv laang, well mer eréischt no etlechen Avisën…

(Interruption)

…a Kommissiounssëtzungen de Pak zoumaache konnten, ass en Text adoptéiert ginn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Scheuer!

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- …deen dat veraaltend 1937er Gesetz reforméiert huet, andeems déi urbanistesch Planifikatioun vun eise Gemengen a Stied dem heitege Kontext…

(Interruption)

…vun enger nohalteger Entwécklung an engem modernen Urbanismus ugepasst gouf.

Et geet bei dësem neie Gesetz virun allem drëm, eng rationell an eng nohalteg Flächennotzung an eise Stied a Gemengen ze realiséieren, déi den neie Konzepter, déi sech eis Regierung am Beräich vun der Landesplanung ginn huet, an ech denken hei un den IVL, entsprécht. Dobäi huet d'Gesetz vum 19. Juli 2004 déi eenzel Planifikatiounsdokumenter vereinfacht an harmoniséiert, eng kloer Hierarchie zwëschent dësen Instrumenter etabléiert an d'Prozeduren entschlackt a reforméiert.

Mam virleienden Text ginn eng Rei Problemer aus der Welt geschaf, déi sech virun allem bei der konkreter Applikatioun bei de Gemengen a bei verschidde Beruffssparte gestallt hunn an déi virun allem e Blocage am Bausecteur erbäigefouert hunn. An et huet missen zu verschidde Rektifikatiounen am Gesetz vum 19. Juli 2004 kommen.

Et goung beim virleienden Text deemno drëm, fir eng Situatioun an de Gemengen ze deblockéieren, déi keng Baugenehmegungen op Basis vun den ale PAGe méi konnten ausstellen, well se gefaart hunn, géint d'Gesetz vum 19. Juli ze verstoussen. Des Weidere geet et drëm, fir eng kloer Distinctioun zwëschent dem alen an dem neie PAG ze maachen, respektiv bei hirer jeeweileger Ausféierung.

Domadder gëtt et de Gemengen erëm erméiglecht, fir Baugenehmegungen auszestellen, an dat op Basis vun deene sëlleche PAGen, déi am Land nach en vigueur sinn. Dat heescht och, datt déi verschiddenaarteg Ausféierung un deenen zwou Generatioune vu PAGen, déi allen zwee zwou verschidden Approchen an der Landesplanung an am Urbanismus erëmspigelen, oprechterhale ka ginn.

Op verschidde Schwieregkeete bei der Uwendung vun dësem Gesetzestext vun 2004 hat de Statsrot a sengem Avis vum 3. Mee 2005 schonn higewisen. Ech wëllt duerfir gären e puer Iddien aus dësem Avis zitéieren: «C'est donc à bon escient que le Gouvernement s'est résolu à remettre du moins partiellement sur le métier un texte qui manifestement place les décideurs communaux et les promoteurs immobiliers devant de grandes difficultés pour ce qui est de l'interprétation du régime légal applicable et du maniement des instruments réglementaires que la nouvelle loi met à leur disposition.»

Et bestoung also Handlungsbedarf an dësem Beräich, deen d'Regierung och mat dëser Gesetzesvirlag opgegraff huet. De 25. Februar 2005 huet den Innenminister Jean-Marie Halsdorf dësen Text an der Chamber deponéiert. Den 1. Mäerz 2005 ass den Text an de Statsrot geschéckt ginn, deen den éischten Avis den 3. Mee ofginn huet. De 26. Mee ass de Statsrot op en Neits mat enger Serie Amendementer befaasst ginn, déi an der Kommissiounssëtzung vum 24. Mee adoptéiert goufen.

Den Avis complémentaire vum Statsrot ass de 14. Juni agaangen. An der Sitzung vum 17. Juni 2005 huet déi parlamentaresch Innenkommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Den Text, wéi och déi respektiv Avisë goufen an enger Partie Réuniounen op Häerz an Niere gepréift, wat schlussendlech den 22. Juni 2005 zur Adoptioun vum schréftleche Rapport an zu dësem Text gefouert huet.

Här President, d'Schlësselelementer vun dësem Text loosse sech an dräi Kategorien andeelen:

Éischtens, et goung drëm fir d'Incompatibilitéit zwëschent dem PAG aus deem ale Regime an der Uwendung vun den neien Dispositiounen iwwert d'PAPen an d'Baugenehmegungen opzehiewen, andeems eng weider Iwwergangsbestëmmung an d'Gesetz agebaut gëtt, déi et de Gemengen elo erlaabt, fir hir al PAGen no den Dispositiounen, wéi se am Plang an am jeeweilege Bautereglement ageschriwwe sinn, ze exekutéieren. Dës Moossname betreffe virun allem d'Artikele 26 a 27, dat heescht déi gesetzlech Dispositiounen, déi d'Ausschaffe vun engem PAP, mat verschidden Ausnahmen, virgesinn.

Déi PAGen, déi am ale Regime entworf goufen, sinn am Kontext vun der neier Gesetzgebung um grapheschen an um technesche Plang net méi zäitgemëiss. Méi genee heescht dat, datt déi al PAGe ganz prezis Virschréften ze respektéieren haten, wat dem Buergermeeschter d'Méiglechkeet ginn huet, fir Baugenehmegungen auszestellen ouni missen op e PAP zréckzegräifen.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Très bien!

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur.*- Am Gesetz vum 19. Juli ass de PAP awer als Prinzip festgehale ginn, wat sech deemno schlecht mat der viregter Praxis op een Nenner brénge léisst.

Aus dësem Grond huet missen eng Iwwergangsléisung fonnt ginn, déi sech um Gesetz vun 1937 inspiréiert. Datselwecht gëllt och fir d'Bautereglementer. D'Gemenge sinn opgeruff, bis den 8. August 2010, also a fënnef Joer, hir PAGen ze iwwerschaffen. D'Iwwergangsbestëmmunge falen ewech, wann déi jeeweileg Gemengen hir PAGe reforméiert hunn an hire legalen Obligatiounen nokomm sinn. Déi Iwwergangsbestëmmunge sinn am Artikel 108bis an 108ter formuléiert ginn.

Duerch den 108bis hunn d'Auteure versicht d'Méiglechkeet ze schafen, fir déi al Generatioun vu PAGen no den ale Modalitéiten ofzeänneren, ouni datt sech dës Modifikatiounen op d'Gesetz vum 19. Juli bezéie mussen. Fir ze verhënneren, dass déi PAGen nom allgemenge Gutdünken während der Iwwergangsphas, wou d'Gemengen hir PAGe mat der neier Legislatur konform setze kënnen, ofgeännert ginn, gouf initialement festgehalen, datt dës Modifikatiounen nëmmen am sou genannten Intérêt général gemaach dierfte ginn. Am Kader vum Gesetz vun 1937 war et ëmmer Usus gewiescht, fir d'PAGen iwwert de Wee vun engem PAP ofzeänneren. Aus dëser Ursaach eraus hunn d'Auteure vum virleienden Text versicht eng Dispositioun an d'Gesetz anzefügen, dat heescht de Paragraph 3 vum Artikel 108bis, dee virgesäit, datt och dës Modifikatioune sech nëmme maache loossen, wa se dem Intérêt général entspriechen.

Dës Approche, Dir Dammen an Dir Hären, konnt de Statrot net deelen an en huet sech duerfir formell opposéiert, andeems e virun allem de Respekt an der Hierarchie vun de legalen Instrumenter am Beräich vum Aménagement communal ugemahnt huet. Wann d'Auteure vun dëser Dispositioun, an dat war an dësem Fall déi parlamentaresch Kommissioun vum Intérieur, gemengt hunn d'Flexibilitéit um Niveau vun de PAGen an de kommunale Bautereglementer, sou wéi se am Kader vum 1937er Gesetz ausgeschafft goufen, nëmme kënnen ze garantéieren, andeems d'Méiglechkeet an d'Liewe geruff gëtt, fir se punktuell ofzeänneren, ier se definitiv no den Normen aus dem neie Gesetz iwwerschafft ginn, da kann dës Ofännerung nëmmen toleréiert ginn, wa se sech un deene Modalitéiten orientéiert, déi bei der initialer Mise en vigueur gegollen hunn.

D'Optioun, fir d'PAGen iwwert de Wee vu Modifikatiounen un de PAPen ofzeänneren, ass ze vermeiden, well se, laut Statsrot, nei Rechtsonsécherheeten zur Folleg hätt. D'Kommissioun huet sech dëser Interpretatioun ugeschloss an deemno dës Dispositiounen aus dem Text erausgeholl.

Den Artikel 108ter beseet u sech, datt wann d'PAGen net reforméiert ginn, esou wéi et am éischte Paragraph vum Artikel 108 virgesinn ass, datt dann de Buergermeeschter eng Baugenehmegung ausstelle kann, fir Bau-, Rénovations- an Transformatiounsaarbechten, déi konform zum PAG, zum PAP oder zum Projet de PAP, déi en cours d'approbation sinn, an dat am Moment vum A-Kraaft-Triede vum virleiende Gesetz.

Dës Formulatioun ass absichtlech esou explizit formuléiert ginn, fir d'Opportunitéit an d'Nécessitéit ze ënnersträichen, fir weiderhi Baugenehmegungen op Basis vun ale PAGen auszestellen, wann de Projet konform zu dësem PAG ass. Dat waren d'Ausféierungen zu den Iwwergangsbestëmmungen, wou ech hoffen, datt se explizit genuch waren.

Den zweete wichtege Punkt an dëser Virlag ass d'Ofschafe vun der Expertëlëscht fir d'Ausschaffe vun engem PAP. All Geometer, all Ingenieur oder Architekt kann elo e PAP ausschaffen, ouni datt eng speziell Qualifikatioun duerfir noutwendeg ass. D'Lëscht vun de Spezialiste fir d'PAGe bleift awer bestoen, wat der Philosophie vun engem modernen an nohaltegen Urbanismus, sou wéi si am Gesetz vum 19. Juli 2004 ugeduecht ass, weiderhin entsprécht.

Drëttens gëtt dovunner profitéiert, fir eng Partie weider Modifikatioune redaktioneller Natur am Text vum Gesetz vum 19. Juli 2004 unzebréngen.

(Hilarité)

Op déi wëll ech net am Detail zréckkommen, well se explizit an den Documents parlementaires zu dëser Gesetzesvirlag beschriwwen an erkläert sinn.

Op alle Fall si meng Fraktioun an ech frou, datt mer zu engem dach glécklechen Ofschloss vun dëser dach munchmol onnéideger polemescher Debatt kommen. Ech denken, datt déi Léisung, déi mer mat dësem Text erbäiféieren, eng viabel Léisung ass, déi d'Aarbechten an de Gemengen a bei de betraffene Corps-de-métieren erëm ukuerbelt.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur ageschriwwen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bei dësem Projet kann ee soen „endlech"! Mir hunn hei e Fall vum Fonctionnement vum Stat, wou mer ons all musse Froe stellen. 1973 ass d'gesetzlech Basis geschaf ginn, fir esou Interventioune vu spezialiséierte Leit an de Schoulen ze erméiglechen, wann de Besoin sech bei Kanner géing stellen. Dat huet da bis 1994 gedauert bis dat an d'Praxis ëmgesat ginn ass a bis dee Service rééducatif ambulatoire geschaf ginn ass, well de Besoin effektiv do war.

De Problem war awer, dass de Stat engersäits de Besoin erkannt huet, e Service geschaf huet, sech d'Moyenen an de Ressources humaines awer net ginn huet, fir deem Besoin nozekommen. An dann ass op en Trick zréckgegraff ginn, an dat hunn déi sukzessiv Regierunge gemaach. Ech attackéieren hei keen, mä et muss ee sech d'Fro stellen: Funktionéiere mer richteg, esou wéi mer organiséiert sinn?

Et ass nämlech iwwert d'Loi budgétaire dann all Joers eng Stonnenzuel festgesat ginn, déi dee Service zur Verfügung hätt, fir kënnen ze funktionéieren. Dat heescht, d'Dépense ass vum Stat getätegt ginn, mä op där anerer Säit sinn awer keng Leit fest agestallt ginn, obwuel mer se gebraucht hunn. Dat ass menger Meenung no e Wee, dee mer an Zukunft net méi däerfe goen.

Mir hunn nach aner Beispiller vu Servicer, déi de Stat schaaft duerch e Gesetz, well e Besoin do ass, an op där anerer Säit gëtt hie sech net d'Ressources humaines, an da gëtt probéiert iwwer Zäitkontrakter oder hei iwwer Stonnenzuelen iwwert d'Ronnen ze kommen. An dat éischtens au détriment vun deene Leit, déi esou beschäftegt ginn. Et ass jo och konträr zum Aarbechtsgesetz, an ech wëll dem Rapporteur félicitéiere fir déi kritesch Téin, déi hien och ugeschloen huet.

Et ass och net gutt fir de Service selwer a fir d'Kanner, déi betreit ginn, well ëm déi geet et jo schliesslech hei. Et huet een nämlech festgestallt, dass an deem Service e ganz groussen Turnover war. Well déi Leit, déi do geschafft hunn, an enger prekärer Situatioun waren, hu se da probéiert eppes aneschters ze fannen, a soubal si an engem anere Secteur e richtegen Aarbechtskontrakt kruten, si se fortgaang, wat mat sech bruecht huet, dass dauernd Fluktuatiounen an deem Service waren, wat net gutt war fir de Service, mä et war virun allem net gutt fir d'Kanner.

Duerfir musse mir ons iwwerleeë bei all neiem Gesetz, wat mer stëmmen, dass mer do zur Situatioun kommen, dass mer ons dann och d'Ressources humaines ginn, quitte dass dann de Numerus clausus muss an d'Luucht goen. Well, mir léien ons an déi eegen Täsch a mir fuddelen am Fong, well d'Dépense fir de Stat, déi bleift awer iwwert de Budget, well déi Leit musse rémunéréiert ginn. Mir contournéieren d'Aarbechtsgesetz a mir dreiwen d'Leit an eng Prekaritéit, déi mer awer wierklech net kënnen zouloossen.

Dofir sinn ech frou, dass dee Projet endlech op den Ordre du jour kënnt, well, gleeft mer et, et ass eng Situatioun, mat där ech och konfrontéiert war, an et war net esou einfach - legislativ gesäit et einfach aus, well et ass just een Artikel -, mä et war net esou einfach, dat hei deblockéiert ze kréien, fir dass een déi Stonnenzuel, déi am Budget steet, a Poste géing ëmwandelen.

2001 - an de Rapporteur huet dat och ervirgestrach - ass d'Stonnenzuel agefruer ginn, an dat war net well kee Besoin do war, mä, wéi de Rapporteur et och gesot huet, fir net virunzefueren nach méi Leit an déi prekär Situatioun ze bréngen, well ee soss als Arbeitgeber net seng Responsabilitéit iwwerholl hätt. An ech wor der Meenung, dass fir d'éischt misst de Problem geléist ginn am Intérêt vun de Leit, am Intérêt vum System an am Intérêt vun de Kanner, déi betreit ginn.

De Projet de loi, dee konnt eréischt finaliséiert ginn no de Wahlen, dass e prett wor, an no de Wahle konnt ech kee Projet méi déposéieren. Dofir sinn ech frou, dass dat dunn am November duerch d'Madame Delvaux geschitt ass an dass mer elo dee Projet hei um Ordre du jour hunn.

Menger Meenung no solle mer ons dat hei och virun Aen halen, wa mer aner Servicer beim Stat schafen, och an aneren Domänen, dofir riicht et sech un all d'Deputéierten, dass mer oppassen, dass dat do net nach eng Kéier passéiert.

D'Madame Gantenbein huet zu Recht de Problem opgeworf vun de Chargés de cours, am Secondaire, do hu mer eng ähnlech Situatioun. Mir haten se am Primaire. Mir hunn do Leit gebraucht. Mir hunn awer refuséiert hinnen e Statut ze ginn, eng Aarbechtssécherheet. Wann de Stat Leit brauch, da muss en och als Patron, wéi de Privatpatron dobaussen och, sengen Obligatiounen nokommen an net soen: „Der Mohr hat seine Schuldigkeit getan, der Mohr kann gehen." Dofir musse mer och eng Solutioun am Secondaire fir d'Chargés de cours fannen.

Mä erlaabt mer, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir nach ee Wuert ze soen iwwert de Service vum SREA an d'Éducation différenciée. Eng Zäitchen ass déi Diskussioun net gutt gelaf. Et wor nämlech eng Spannung, dass gesot ginn ass: Hei sinn d'Centres d'éducation différenciée an do sinn déi integréiert Kanner. An da goufen et Leit, déi hu gemengt, all handicapéiert Kand misst onbedéngt integréiert ginn an et misst alles gemaach ginn. An aner Leit hu gesot: Ah neen, dat geet dann au détriment vun der Éducation différenciée.

Mir hunn awer nëmmen eng Zort vu Kanner, déi Problemer hunn, an déi sinn heira regruppéiert. Dofir ass et menger Meenung no net e Richtungssträit, deen ee muss féieren - Muss integréiert oder deelintegréiert ginn? -, mä et muss een ëmmer vun der Situatioun vum eenzelne Kand ausgoen. A wann au départ d'Integratioun bei klenge Kanner sech vläicht relativ liicht mécht, well do d'Differenze mat deenen aneren net esou grouss sinn a well se do nach akzeptéiert ginn am Grupp, an opgrond vun hire Capacitéiten och vill kënne mat ewechhuelen, a well déi aner Kanner an der Klass och ganz vill kënnen dobäi léieren, esou ass dat awer, wann d'Kanner e bësse méi al ginn, net onbedéngt de Fall.

Dofir muss een differenzéieren a fir all Kand e Projet maachen, deen dauernd muss ugepasst ginn, an dass een dat muss als Léisung fannen, wat dat Bescht vum Kand ass, an net drun erugoe mat den Aen, dass gesot ginn ass: „Dat do ass ee fir eng Ediffsklass", an ze maachen, wéi wann déi Aarbecht net esou gutt wier.

Ech si frou, dass déi Diskussioun elo Gott sei Dank e bëssen nogelooss huet. Well ech ka mech erënneren, dass mer an der leschter Legislatur eng Kéier eng Visite gemaach hunn an e Centre d'éducation différenciée. Ech hat gefrot dat kënnen ze organiséieren, well ech der Meenung wor, dass d'Deputéierte mol solle kucken, wat do mat de Kanner geschafft gëtt. Do gëtt jo ebe just fir Kanner, déi Schwieregkeeten hunn, spezifesch op hir Schwieregkeeten e Programm développéiert an doduerch maachen se Progrèsen, mä et ass ee Moment duergestallt ginn, wéi wann déi Kanner um Ofstellgleis wieren. Or, dat ass op kee Fall richteg.

Dofir sinn ech frou, dass déi ganz Diskussioun sech elo, Integratioun oder net Integratioun, méi entkrampft huet. Menger Meenung no musse mer ons virun d'Moyenë ginn an dat hei ass ee Schrëtt an déi Richtung fir déi Kanner, wou et méiglech ass, kënnen ze integréieren. Mä wann een se wëllt sënnvoll integréieren, da muss een och deen néidegen Encadrement hunn.

Wat den Encadrement ubelaangt, esou géing ech mer wënschen, dass, nodeem de Problem hei geléist ass, ee géing fäerdeg brénge Equipen ze schafen - et si jo scho regional Strukturen elo geschafe ginn -, mä dass kënne gréisser Schoulgebaier op stabelt Personal zréckgräifen, déi ganz an d'Gebai och integréiert ginn an esou sënnvoll als Ressourcë fir d'ganzt Gebai kënnen ugesi ginn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass déi Aarbecht, déi déi Leit leeschten a geleescht hunn, souwuel am SREA wéi an de Centres d'éducation différenciée, eng formidabel Aarbecht ass. Eng Aarbecht, déi net liicht ass. Eng Aarbecht, wou een och heiansdo u seng Limitë stéisst a wou ee gesäit, dass een net alles kann erreeche mat deene Kanner, wat ee sech virgestallt huet, wou et Réckschléi och gouf. A wann ech dann déi Leit kucken, ënnert deene schwieregste Bedingungen, a beim SREA och nach ënner prekäre Bedingunge schaffen, an ech froen se: „Wéi maacht Der dat, Är Aarbecht mat esou engem Engagement ze maachen?" Da soe se: „Mir kréien enorm vill vun deene Kanner erëm."

An ech mengen dat muss een erliewen. Et muss ee gesinn, wéi esou Centrë fonctionnéieren. An ech wëll hei meng Unerkennung all deenen ausdrécken, déi an deem Secteur schaffen a sech enorm asetze fir d'Scolarisatioun vun deene Kanner, déi d'Chance net hunn esou kënnen ze evoluéiere wéi all déi aner Kanner.

No deene puer Remarquen, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wollt ech den Accord vun der DP-Fraktioun ginn an nach eng Kéier en Appel un ons maachen, wa mer an Zukunft Servicer schafe beim Stat, egal a wellechem Domän, da musse mer och dofir suergen ons d'Moyenen ze ginn en ressources humaines, fir dat kënnen nozevollzéien. Well soss si mer muer an engem aneren Domän erëm op deemselwechte Punkt wéi hei, an dat ass net gutt, weder fir de Fonctionnement vum Stat, nach fir déi Betraffen, nach besonnesch fir de Service, dee mer um Bierger musse leeschten.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Dann huet den Här Claude Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Castegnaro huet et scho gesot fir unzefänken: Mir maachen haut e Stéck Vergaangenheetsbewältegung.

Als gréng Fraktioun bedauere mir et selbstverständlech och, datt dat esou laang gedauert huet, bis datt mer endlech esou wäit sinn, datt déi Leit, déi beim SREA schaffen, kënne fest agestallt sinn.

Ee Service schafen a géréieren, wou een de Leit keng fest Ustellung ka ginn, ass en Nodeel fir deen, deen e Service géréiert. Et ass en Nodeel fir déi Leit, déi do schaffen. Et ass dovu geschwat ginn, datt ganz vill Leit, déi, wa se d'Méiglechkeet haten an en anere Service ze kommen, wou se besser Konditioune kritt hunn, dann och dovu Gebrauch gemaach hunn. A schlussendlech ass dat och fir déi Kanner, déi vun deem Service profitéieren, net glécklech.

Duerfir: Gutt, datt mer haut dee Projet hunn. Mir wäerten als gréng Fraktioun dee Projet selbstverständlech och mat Jo stëmmen.

Erlaabt mer just kuerz ze soen, an den Här Castegnaro huet dat och schonn ugeschnidden: Et ass awer nach keng Äntwert op déi zukünfteg Entwécklung. An ech mengen, och do misst ee sech Gedanke maachen. Et ass ugeschwat ginn, ob een dat vläicht am neie Schoulgesetz kéint mat verschaffen. Op alle Fall ass dat eng gutt Geleeënheet fir ze diskutéieren.

Firwat? Majo et gëtt um Terrain ganz vill Servicer. Et gëtt scho laang de Service de guidance de l'enfance an et gëtt de SREA, an da gëtt et och nach esou eppes wéi en Appui communal, deen op ënnerschiddleche Gemenge ganz wäit geet, fir dann net iwwert d'Logo an esou weider nach ze schwätzen.

An ech mengen, do misste mer eis och nach Gedanke maachen, wann een d'Entwécklung vum SREA kuckt, wou ee seet, si hu '94 ugefaange mat 135 Unitéiten, 2001 ass et agefruer ginn op 2.377 Unitéiten, da kann et jo elo net sinn, datt dat een exponentiellë Wuesstum gëtt. Dat heescht, mir mussen eis schonn iwwerleeën, wéi eis Servicë fir d'Enfants à besoins spécifiques an de Schoulen an Zukunft organiséiert ginn.

Ech freeë mech op déi Diskussioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den Här Gibéryen freet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Mäi Kolleeg Jacques-Yves Henckes sollt am Fong zum Projet schwätzen, mä en ass an enger Sitzung, mengen ech, an der Gemeng Lëtzebuerg. Dofir wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun awer d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

(Interruption)

Et ass schwéier hien ze ersetzen, mä ech versichen et awer.

Ech wëll d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen. Ech wëll dem Kolleeg Castegnaro Merci soe fir säi gudde Rapport, deen en hei gemaach huet. An et ass, mengen ech, vu menge Virriedner alles, wat am Zesummenhang mat dësem Projet ze soen ass, gesot ginn.

Ech mengen et ass wichteg, nodeem datt mer bei de Chargéen am Primaire, wou mer eng ähnlech Situatioun haten, am Secondaire besteet se nach, datt mer hei déi Onsécherheet eraushuelen an duerch dëst Gesetz d'Situatioun vun deene Leit regelen. Ech mengen, dat wat mer dem Privatsecteur am Fong mat Recht virschreiwen, datt d'Leit mussen a festen Aarbechtsverhältnisser sinn, do misst de Stat am Fong och bei sech esou eng Situatioun schafen.

Et ass ëmmer ongesond, wa mer virun allem an der Educatioun op verschiddenen Niveauen déi Situatioun hunn an haten, wou Leit keng fest Aarbechtsverträg hunn. Ech mengen dat ass net gutt fir eng Situatioun an der Schoul. Déi Leit hunn eng grouss Responsabilitéit, virun allem déi heite Leit, an duerfir soll een och deene Leit déi Garantië ginn, déi se brauchen, fir esou eng Aarbecht kënnen ze maachen. Duerfir ass dat hei e gudde Projet, deen eis Zoustëmmung fënnt.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet elo d'Madame Unterrichtsministerin d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech haut fir d'zweet,…

(Hilarité)

…well mer dat Gesetz vum SREA haut stëmmen, well och déi grouss Unanimitéit hei an der Chamber besteet a wat jo u sech net erstaunlech ass, well dee Projet ass iwwerzeideg an et ass héich Zäit, dass déi Leit, déi als Chargés iwwer Joren am SREA agestallt sinn, e feste Kontrakt kréien.

Ech muss soen - ech huelen u menger Virgängerin ass et esou gaangen a mir geet et och esou -, dass ee sech schummt, wann een deene Leit begéint a wann ee weess, dass hir Aarbechtskontrakter net an der Rei sinn, an ech si frou, datt ech hinnen elo ka mat manner Gêne begéinen, well se dann endlech regulariséiert sinn.

Ech sinn och mat all deenen d'accord, dass mer eis musse Moyenë gi fir esou Situatioune wéi där do an Zukunft ze vermeiden an awer déi Servicer, déi mer brauchen, kënnen unzebidden - a mir brauchen déi Servicer!

Wa mer elo soen, mir sinn um Niveau vun 2001 - do hu mer eigentlech d'SREAs-Stonnen agefruer - a mir sinn elo 2005, an deemools sinn eigentlech Kanner betreit gi bis an d'sechst Schouljoer, dat heescht, et war geduecht vun 1994 un, wou de SREA gegrënnt ginn ass, fir dat dann ëmmer wuessen ze loossen, dass een dann eng Kéier dee ganze Curriculum vun de Kanner, sou laang wéi se schoulflichteg sinn, dat wär also bis 15, 16 Joer, géif gesinn, wat ongefeier de Besoin wär an dann hätt een eng Iddi vum Ordre de grandeur.

Vu dass 2001 aus verständleche Grënn d'Stonnenzuel agefruer ginn ass, si mer eigentlech ni op deen Niveau komm, wou mer genau wossten, wat d'Besoinë wäre fir eng Population scolaire donnée. En plus wësse mer jo, dass mer all Joer méi Kanner an eis Primärschoule kréien a mir kréien och Kanner, deenen hir Besoinen och wahrscheinlech an d'Luucht ginn. Et ass net esou, dass d'Zuel vun den Enfants à besoins spécifiques proportionell zu eiser Population scolaire ofhëlt; si bleift pour le moins constant. Dat heescht, ech ginn dovunner aus, dass mer elo eng Situatioun regulariséieren - wouriwwer ech frou sinn -, mä dass mer an Zukunft awer nach Leit brauche fir all déi Servicer, déi déi Enfants à besoins spécifiques do à charge huelen.

Déi Diskussioun, wéi mer déi Servicer sollen organiséieren, wäerte mer am Hierscht féieren am Kader vun deem neie Schoulgesetz, wou ech déi Servicer gäre géif dran integréieren.

D'Madame Gantenbein huet gefrot, fir et ähnlech bei de Chargés de cours am Enseignement postprimaire ze maachen, wat elo net direkt eppes heimadder ze dinn huet, mä wat awer eng ähnlech Problematik ass, wou d'Zuel och immens ugeklommen ass a wou mer och fir den Hierscht e Projet an d'Regierung ginn, fir deenen och eng Solutioun unzebidden, dass se e feste Kontrakt kënne kréien.

Fir op d'Kanner à besoins spécifiques zréckzekommen. Ech hunn eigentlech déi Iwwerleeung net richteg verstanen, mä fir mech ass et awer kloer, dass Kanner mat Besoins spécifiques Kanner sinn, déi der Obligation scolaire ënnerleien an deene mer mussen an der öffentlecher Schoul eng Scolarisatioun bidden, déi hinnen et erlaabt och hir Potentialitéiten esou ze entwéckelen, well och fir Kanner à besoins spécifiques oder enfants à handicap muss et e Förderplang ginn, muss et en Enseignement ginn, deen se esou wäit bréngt, wéi et méiglech ass.

An elo weess ech net ob et ubruecht ass iwwert déi bescht Manéier, wat ass den Avantage vun där enger Form vu Scolarisatioun par rapport zu där aner, ze streiden. Fir mech ass et zimlech kloer, de Prinzip ass d'Integratioun. Nëmme wann d'Integratioun schwiereg ass, da musse mer kucke Léisungen ze fannen, an an all Fall musse mer Léisunge fannen, déi op d'Besoinë vun all Kand zougeschnidden sinn an em déi an eiser Schoul offréieren.

Ech soen Iech alleguerte Merci, dass Dir dat Gesetz hei stëmmt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5403 iwwert de Code des assurances sociales. Et sinn ageschriwwe bis elo den Här Wagner an den Här Jaerling. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Romain Schneider.

5. 5403 - Projet de loi modifiant

1) le Code des assurances sociales;

2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss vun dësem Schouldag nach e klengen technesche Projet vun der Sécurité sociale. Dat ass de Projet de loi 5403 iwwert d'Modifikatioun vum Code des assurances sociales, awer och vum modifizéierte Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'spezial Pensiounsregimer vun de Statsbeamten, vun de Gemengen a vun de Beamte vum CFL, an derniewent d'modifizéiert Gesetz vum 28. Juli 2000 iwwert d'Koordinatioun zwëschent deenen eenzelne Regimer vun de Pensiounswesen.

Dëse Projet de loi gouf vum Securité-sociale-s-Minister Mars Di Bartolomeo de 24. November 2004 an der Chambre des Députés déposéiert. De Conseil d'État huet een éischten Avis den 22. Februar ginn an een zweeten Avis, nodeem d'Parlament dräi Amendementer eragereecht hat, de 14. Juni. D'Kommissioun huet iwwert dës Avisën an och iwwert de Projet de loi befonnt an an enger Sitzung vum 21. Juni eestëmmeg de Rapport ugeholl.

Ëm wat geet et elo an dësem Projet de loi, deen een am Prinzip an dräi Punkte kann zesummefaassen?

Den éischte Punkt ass deen, de Projet de loi probéiert virun allem fir eng Rei vun Effets malencontreux, déi generéiert goufen duerch Interferenze vun zwee Gesetzer, ze klären, ze redresséieren. Dat ass éischtens d'Gesetz vum 9. Juli 2004 iwwert d'Effets légaux vun dem PACS-Gesetz, dat en vigueur getrueden ass den 1. November 2004, an zweetens d'modifizéiert Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Reglementatioun vun dem Accès op verschidde Professiounen: Artisan, Commerçant, Industriel, awer och liberal Professiounen an déi natierlech och Agréff haten an de Code des assurances sociales. E Gesetz, dat also gestëmmt gouf den 9. Juli 2004, mä dat en vigueur getrueden ass de 15. August 2004.

Virun allem viséiert an dësem Projet de loi sinn eng Rei Punkten, an dat sinn d'Punkten 1), 2), 7), 8), 13), 14), 16), 18), 19), 20) an 21), déi direkt iwwerholl ginn am Code des assurances sociales an déi do Bezuch hunn op d'Artikelen 1, 5, 85, 95, 171 an 180, an déi eis also erlaben déi Problemer, déi opgetaucht sinn, d'Effeten dovun, wat d'Loi d'établissement ubetrëfft, de Volet sécurité sociale virun allem, ze évitéieren, fir datt net eng Mise à néant vun deenen zwee Gesetzer an dësem Volet géing geschéien. Dës Modifikatiounen erlaaben et eis aus där doter Situatioun erauszekommen.

Am zweete Fall ass et dann och den Artikel 293 vum CAS, deen ëmgeännert gëtt an dat wat d'Delegéierte vun de Juridictions sociales ubetrëfft, dat virun allem och no engem Avis vum Conseil d'État, deen hei kloer an engem Projet de loi gesot huet, datt d'Organer vun der Union des Caisses de Maladie misste modifizéiert ginn an dat mécht deen heite Projet de loi andeem en de Mode de nomination, virun allem och d'Zuel an d'Durée vun de Funktioune vun dësen Delegéierten, determinéiert.

An dann drëttens gouf profitéiert vun dësem Gesetz, fir en Toilettage ze maache vun enger Rei vun Artikele vum CAS.

Dëse Projet de loi, wéi gesot, gouf analyséiert vum Conseil d'État, deen eng Rei Propositiounen hat, déi d'Kommissioun iwwerholl huet. An zu deenen dräi zousätzlechen Amendementer, déi nach eng Kéier eragereecht goufen de 26. Abrëll 2005, wou bei deenen zwee éischten Amendementer, wou et sech ëm eng Erreur d'interligne gehandelt huet, wou am Prinzip dee ganzen Text eng aner Bedeitung kritt hätt, keen Asproch war vum Conseil d'État.

Och am drëtten Amendement, wou mer een Artikel 5 bäigefügt hunn, fir och hei ze évitéieren, datt d'A-Kraaft-Triede vum Gesetz Changementer géing bréngen op bestehend Affiliatiounen, och hei gouf dat transitoire dra gesat, datt et keng Ännerungen däerft op bestehend Affiliatiounen hunn, ausser wann d'Persounen dat géinge selwer froen, respektiv wa Circonstances juridiques do wieren, déi deem géifen entgéint goen.

An deem Sënn, no mengen éischter techneschen Erklärunge vun deem wierklech technesche Projet hei, géing ech mäin Accord ginn zu dësem Projet de loi an an engems och dee vun eiser Fraktioun erdeelen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen ageschriwwen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech géif wëllen am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur villmools Merci soen, dass hien dat effektiv eminent technescht Gesetz esou gutt rapportéiert huet an och hei erkläert huet an ech géif wëllen den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Den Här Wagner!

M. Carlo Wagner *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och selbstverständlech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Romain Schneider, félicitéiere fir säi mëndlechen an och schréftleche Rapport. Esou wéi e richtegerweis gesot huet, ass dee Projet de loi hei essentiellement technescher Natur. Ech muss awer soen, dass en trotzdeem eng Rei vun Ongereimtheeten an Incompatibilitéiten zwëschent verschiddene Gesetzer an och dem CAS, dem sou genannte Code des Assurances Sociales, aus der Welt schaaft an dofir ouni Zweifel ganz utile ass.

Dofir ginn ech och am Numm vu menger Fraktioun, der Demokratescher Partei, den Accord zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling ageschriwwen.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci fir säin detailléierte Rapport. Ech géif mengen, den éischte Schrëtt a Richtung Rentegerechtegkeet ass eng gutt Koordinatioun emol tëschent de Regimer, an nodeem dass mer elo hei all Artikelen dohinner placéiert hunn, wou mer se gäre gehat hätten a wou se och higehéieren, kënne mir och nëmmen eis Zoustëmmung zu deem Gesetz ginn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet nach d'Regierung, den zoustännege Minister, den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur Merci soe fir déi effikass Aarbecht, grad wéi der gesamter Kommissioun.

Hei handelt et sech net ëm e spektakuläert Gesetz, mä awer e wichtegt Gesetz, dat Inélégancen an net gewollten Zesummewierke vun anere Gesetzer erëm op déi richteg Schinn bréngt. Dofir wollt ech der Chamber e grousse Merci soen, dass se esou schnell geschafft huet, an ech stelle mat Freed fest, dass bei allen Intervenanten Unanimitéit hei bestanen huet.

Merci, Här President.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zu de Voten.

6. 5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote (suite)

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet de loi 5434 iwwert d'Schafung vum Lycée-pilote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Une voix.- Passt op, ech hunn hei dee Knäppche fir d'Schleidersëtzer! Déi zweet Rei, dee mam orangen Déngen…

M. le Président.- De Projet de loi 5434 ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei 10 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Frank), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marcel Sauber), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

(Interruption)

Här Bettel?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Eis Fraktioun gëtt d'Dispens net, Här President!

M. le Président.- Hmmm!

7. 5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA) (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi «portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire».

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5395 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marc Spautz), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

8. 5403 - Projet de loi modifiant

1) le Code des assurances sociales;

2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension (suite)

Sou, da komme mer zur Ofstëmmung vum leschte Projet de loi, zum 5403, iwwert de Code des assurances sociales.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5403 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Frank), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marc Spautz), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, da si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Chambersitzunge si virgesi fir den 12., 13. a 14. Juli. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.26 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op **www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Sommaire des séances publiques

Ordre du jour page 478

5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales pages 478-479, page 481

5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances page 479, page 481

5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle

et

5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu pages 479-481, pages 481-482

Interpellation de M. Jean Huss au sujet du projet de réglementation «REACH» proposé par la Commission européenne pages 482-490

Question urgente N°488 de M. Gast Gibéryen concernant la réunion d'information dans l'enceinte du Lycée technique des Arts et Métiers sur le traité établissant une Constitution européenne pages 490-491

Question avec débat N°3 de M. Marco Schank relative aux eaux de baignade au Luxembourg pages 491-492

5449 - Projet de loi portant modification:

1. de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

2. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

3. de la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire;

4. de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles pages 492-499

5455 - Projet de loi portant fusion des communes de Kautenbach et de Wilwerwiltz pages 499-501

Communications page 502

Retrait du rôle des affaires page 502

5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote pages 502-510, page 512

5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA) pages 510-512, page 513

5403 - Projet de loi modifiant

1) le Code des assurances sociales;

2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension page 512, page 513

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 12 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
0356	M. Marc Spautz	Délivrance des permis de travail
0370	Mme Vera Spautz	Indemnité de formation
0378	M. Jacques-Yves Henckes	Le cycle universitaire complet dans le cadre du processus de Bologne
0388	Mme Colette Flesch	Expulsion de familles et ressortissants kosovares
0398	M. Aly Jaerling	Allocations familiales
0403	M. Jean Huss	Mise à disposition de l'église d'Ernster au culte orthodoxe serbo-croate
0404	M. Alex Bodry	Listes électorales
0406	M. Jacques-Yves Henckes	Regroupement de la Bibliothèque nationale et de la Bibliothèque universitaire
0408	M. Félix Braz	Rapport du «European Monitoring Centre on Racism and Xenophobia» (EUMC)
0409 cf. 0411	M. Marc Spautz	Transposition de la directive européenne sur le temps de travail du personnel roulant
0410	M. Aly Jaerling	Réaménagement du virage du CR110 entre Bascharage et Clemency
0411 cf. 0409	M. John Castegnaro	Transposition de la directive 2002/15/CE relative à l'aménagement du temps de travail des personnes exécutant des activités mobiles de transport routier
0412	M. Jacques-Yves Henckes	Annulation de l'autorisation de bâtir des dépôts pétroliers à proximité de la zone d'activité «Bourmicht»
0414	M. Ben Fayot	Incapacité de travail et réinsertion professionnelle
0420	M. François Bausch	État de l'enquête dans l'affaire «Bommeleeër»
0422	M. Ben Fayot	Harcèlement moral sur les lieux de travail
0426	Mme Françoise Hetto-Gaasch	Déchets en bordure de route
0427	M. Robert Mehlen	Circulation interdite sur le CR188 entre Canach et Schuttrange
0429	Mme Viviane Loschetter	Création d'une cellule de compétence en genre
0430	M. Marcel Oberweis	Site unique pour les facultés universitaires
0431	M. Marco Schank, M. Jean-Paul Schaaf et M. Ali Kaes	Construction d'un lycée pour le canton de Clervaux
0433	M. Jean Huss	Irradiation des aliments
0434	M. Jean Huss	Commission Internationale de la Protection Radiologique (CIPR)
0435	M. Jean Huss	Codex alimentarius
0439	Mme Claudia Dall'Agnol	Création de commissions consultatives à l'égalité des chances au niveau communal
0452 urgente	Mme Anne Brasseur	Bâtiment scolaire du «Neie Lycée»
0459	M. Jean-Pierre Koepp	Formation des animateurs touristiques
0466	M. Aly Jaerling	Compétences du Grand-Duc
0476	M. Aly Jaerling	Référendum sur le traité établissant une Constitution pour l'Europe

Question 0356 (15.3.2005) de M. Marc Spautz *(CSV)* concernant la délivrance des permis de travail:

Selon la loi du 28 mars 1972 concernant l'entrée et le séjour des étrangers, aucun travailleur non communautaire ne peut occuper un emploi salarié, manuel ou intellectuel sans y être autorisé. Suite à l'accord de coalition 2004, l'arrêté grand-ducal du 7 août 2004 portant constitution des ministères a transféré les compétences de la délivrance de ces permis de travail du Ministère du Travail et de l'Emploi vers le Ministère des Affaires étrangères et de l'Immigration.

Tout en sachant que la mise en service du Service des Permis de Travail au sein du Ministère des Affaires étrangères et de l'Immigration a nécessité un certain temps, il me revient qu'une bonne centaine de dossiers sont toujours en suspens. Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration:

1. Combien de demandes de permis de travail émanant de citoyens communautaires et non communautaires ont été reçues?
2. Combien de permis de travail ont déjà été accordés par le nouveau service?

Réponse (8.6.2005) M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration:*

Le nombre de demandes de permis de travail émanant de citoyens communautaires et non communautaires n'est pas déterminable, alors que les demandes sont adressées à l'Administration de l'Emploi conformément au vœu du législateur et que bon nombre sont retournées à l'expéditeur quand elles ne sont pas complètes.

Parmi celles qui sont complètes et avisées par l'Administration de l'Emploi, le Service des permis de travail a pris, depuis son déplacement matériel vers la direction de l'Immigration, c'est-à-dire depuis le 15 février 2005, quelque 1.369 décisions, dont 1.189 constituent des décisions d'octroi, 75 des décisions de refus, 105 des décisions de dispense du permis de travail.

Des 1.369 décisions, 159 se rapportent aux ressortissants communautaires des nouveaux États membres, dont 128 se sont vu octroyer un permis de travail.

Question 0370 (23.3.2005) de Mme Vera Spautz *(LSAP)* concernant l'indemnité de formation:

Depuis le début des années 90, une indemnité de formation a été payée aux demandeurs d'emploi inscrits au CNFPC. À part un arrêté du Ministre du Travail, ce paiement n'avait pas de base légale. Notons qu'en moyenne entre 450 et 500 personnes assignées par l'ADEM à une mesure de formation bénéficiaient d'une indemnité de formation.

Aujourd'hui, l'article 2, paragraphe 2, alinéa 4 de la loi du 19 décembre 2003 portant modification de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du Plan d'action national en faveur de l'emploi 1998 prévoit la disposition suivante: «Une indemnité de formation respectivement un complément de formation peut être attribué aux demandeurs d'emploi qui participent à une mesure de formation (…). Les modalités d'attribution ainsi que le montant de l'indemnité seront déterminés par règlement grand-ducal.»

Le règlement grand-ducal en question suscitait des difficultés: Alors qu'il n'était pas encore en vigueur en janvier 2004, les montants et les dispositions y insérés furent appliqués afin de garantir le paiement des indemnités. Or, en juin 2004, les avis du Conseil d'État

et des Chambres professionnelles étaient disponibles et rien ne s'opposait à l'entrée en vigueur du règlement grand-ducal. Tel n'est malheureusement pas le cas, de sorte qu'actuellement environ 330 personnes concernées ne profitent plus ou pas de l'indemnité qui leur était promise.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre:

- Quels sont les éléments qui expliquent les difficultés liées au règlement grand-ducal susmentionné?
- Quelles sont les raisons qui expliquent que le paiement de l'indemnité de formation a été suspendu?
- Est-ce qu'il est exact que les personnes concernées n'ont pas été informées des raisons du non-paiement?
- Qu'est-ce que Monsieur le Ministre entend faire pour remédier à cette situation et dans quels délais est-ce que les demandeurs d'emploi continueront à bénéficier de cette indemnité?

Réponse (31.5.2005) de M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi:*

Par sa question N°0370, l'honorable Députée Vera Spautz voudrait avoir certaines précisions sur les difficultés rencontrées pour continuer le paiement des indemnités de formation revenant à des demandeurs d'emploi inscrits au CNFPC.

Je voudrais tout d'abord relever que la question me laisse perplexe alors que l'honorable Députée est certainement au courant des problèmes rencontrés par mes services en la matière alors qu'elle se trouve engagée dans des projets financés par le Fonds pour l'Emploi.

En effet, comme elle le souligne dans sa question parlementaire, l'article 2, paragraphe 2, alinéa 4 de la loi du 19 décembre 2003 portant modification de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du Plan d'action national en faveur de l'emploi 1998 dispose qu'une «indemnité de formation respectivement un complément de formation peut être attribué aux demandeurs d'emploi qui participent à une mesure de formation (…). Les modalités d'attribution ainsi que le montant de l'indemnité seront déterminés par règlement grand-ducal.» C'est d'ailleurs par le Ministre du Travail que cette modification a été proposée.

Or, un tel règlement grand-ducal n'existe pas encore alors qu'un consensus sur le champ d'application personnel et le niveau des indemnités de formation à charge du Fonds pour l'Emploi n'a pas encore été trouvé. Un groupe de travail est entrain de réviser un projet de texte qui a d'ailleurs fait l'objet d'un avis du Conseil d'État.

Quant aux indemnités de formation, il est à noter que leur paiement n'a pas été suspendu, mais que la proposition d'engagement budgétaire a fait l'objet d'un visa de la part du contrôle financier. Contrairement à l'allégation erronée relatée dans certains organes de presse, l'opposition de paiement n'a donc pas son origine dans l'attitude du Ministre du Travail ni d'un quelconque fonctionnaire de ce Ministère. L'honorable Députée devrait savoir que dans un tel cas soit il n'y a pas de paiement, soit le Ministre doit faire usage de la procédure dite du «passer outre».

Comme en l'espèce le Ministre du Travail et de l'Emploi n'est que le dernier maillon dans la chaîne et que sa fonction se limite à celle d'un ordonnateur, il voulait explorer toutes les pistes possibles avant de recourir à cette procédure ultime qui l'oblige d'ailleurs à se justifier devant la commission compétente de la Chambre des Députés. J'entends d'ailleurs en référer à la Comexbu du Parlement sous peu.

Malheureusement, malgré tous pourparlers, notamment avec la direction du Contrôle

financier, la situation n'a pu être débloquée que moyennant un «passer outre» afin de permettre la continuation du paiement des indemnités de formation jusqu'à la fin de l'année scolaire, c'est-à-dire jusqu'au 15 juillet 2005.

Pour cette date le groupe de travail ministériel est appelé à déposer ses propositions. Sans vouloir anticiper les conclusions de ce groupe, il me semble cependant nécessaire de limiter dorénavant l'indemnité de formation à ceux qui en ont vraiment besoin et qui sont disponibles pour le marché de l'emploi. En effet, la mesure en question n'est pas une mesure de soutien social, mais une mesure visant à renforcer l'employabilité, donc la disponibilité des personnes en question pour le marché de l'emploi.

Entre-temps les indemnités de formation du premier trimestre de 2005 ont été ordonnancées.

Question 0378 (23.3.2005) de M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)* concernant le cycle universitaire complet dans le cadre du processus de Bologne:

Actuellement le Règlement grand-ducal du 27 février 1987 portant organisation des examens-concours pour l'admission au stage des fonctions administratives de la carrière supérieure des administrations de l'État et des établissements publics exige dans son article 3 que les candidats à l'examen d'aptitude générale doivent être titulaires d'un diplôme universitaire délivré après un cycle d'études d'au moins quatre années.

Or dans le cadre du processus de Bologne un cycle universitaire complet correspond à un degré master avec 300 crédits ECTS. Les exigences de la législation en vigueur au Luxembourg ne se situent cependant qu'au niveau de 240 crédits ECTS.

La législation relative au recrutement et au statut des fonctionnaires devrait être modifiée par ailleurs.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre:

1. Le Gouvernement ne devrait-il pas exiger dans le cadre des examens-concours pour le recrutement dans la carrière supérieure que les candidats à l'examen d'aptitude générale soient titulaires d'un diplôme universitaire délivré après un cycle d'études d'au moins cinq années (correspondant à un degré master de 300 crédits ECTS) conformément aux dispositions du processus de Bologne?
2. Dans l'affirmative, est-ce que le Gouvernement procèdera à la modification du Règlement grand-ducal du 27 février 1987 portant organisation des examens-concours pour l'admission au stage des fonctions administratives de la carrière supérieure des administrations de l'État et des établissements publics et aux lois relatives aux conditions de recrutement et au statut des fonctionnaires?

3. À partir de quelle date ces nouvelles dispositions légales et réglementaires seront-elles applicables alors que les étudiants qui s'engagent actuellement dans des études universitaires doivent pouvoir prendre leurs dispositions de même que les administrations concernées qui risquent de devoir reporter d'une année le personnel à recruter durant l'exercice concerné?

Réponse (10.6.2005) de M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:*

En réponse à la question parlementaire posée par Monsieur le Député Jacques-Yves Henckes, il y a tout d'abord lieu de rappeler que le classement dans une carrière déterminée auprès des administrations et services de l'État ne dépend pas seulement de la formation ou des études que les candidats ont accomplies, mais également des attributions attachées aux fonctions à exercer et des sujétions particulières auxquelles sont soumis les fonctionnaires classés dans cette carrière.

Dans ce contexte il n'est pas inutile de mentionner que le Gouvernement a institué un groupe d'experts appelé à faire une analyse générale, entre autres, du recrutement du personnel de l'État. Il est évident que ce groupe d'experts devra englober dans ses réflexions les conséquences que le processus de Bologne pourra notamment avoir sur le recrutement dans la carrière supérieure des administrations de l'État. Le Gouvernement attendra les conclusions du groupe de travail à ce titre avant toute décision de changer la réglementation actuelle en matière de recrutement pour tenir compte du processus de Bologne.

Le Gouvernement tient encore à préciser qu'indépendamment des conséquences à attacher au processus de Bologne, la réglementation en matière de recrutement a déjà dû être adaptée plus récemment pour prendre en considération certaines évolutions qui se sont dégagées au niveau européen en matière de diplômes d'études universitaires ou supérieures. C'est ainsi que la pratique en Europe consiste désormais à ne plus exiger un cycle complet d'études universitaires dans une spécialité précise, mais il suffit que le diplôme final obtenu par le candidat sanctionne un cycle d'études complet quel que soit le cursus universitaire suivi par le candidat. De même sont dorénavant admis aux examens-concours de la carrière supérieure des lauréats pouvant se prévaloir d'études d'enseignement supérieur de très haut niveau sans qu'il ne s'agisse d'études universitaires proprement dites, sous la réserve de remplir des conditions très précises quant à la durée des études et quant à la valeur du diplôme.

Ces nouvelles dispositions relatives à la formation exigée pour les candidats aux emplois de la carrière supérieure sont fixées par le règlement grand-ducal du 30 janvier 2004 portant organisation des examens-concours pour l'admission au stage des fonctions administratives et scientifiques de la carrière supérieure des administrations de l'État et des établissements publics. En effet, le Gouvernement entend assurer un suivi régulier de l'évolution des formations au niveau européen dans la mesure où ce domaine se trouve en constante évolution.

3. Et war an eisen Ae wichteg virunzefueren. Dir erënnert Iech un déi Debatt, déi mer virun engem Mount gefouert hunn iwwert déi auslännesch Aflëss, déi mer an eis Debatt erakruten, nom duebelen Nee vu Frankräich a vun Holland, iwwert d'Zécken dat duerch d'Land gaangen ass, duerch d'Bevölkerung, zum Deel och duerch déi eenzel Parteien. Mir hunn zesummen an engem Akt, deen der Chamber zur Éier gereecht, kollektiv décidéiert virunzefueren. An et huet sech gewisen, dass dat déi richteg Décisioun am richtege Moment war.

4. Lëtzebuerg huet en Zeeche gesat. Et ass vun deenen engen a vun deenen aneren e bëssen esou lächerlech gemaach ginn, déi leschte Wochen, ob oder ob net Lëtzebuerg dann iwwerhaapt nach soll ofstëmme goen; ob eise Vote eng Influenz hätt oder ob e keng Influenz hätt.

Abee, d'Kommentaren an der auslännescher Press, net nëmmen an der Lëtzebuerger Press, an deene leschten Deeg hu gewisen, dass dee Vote vu Lëtzebuerg keen inutilë Vote war; dass dat e Vote war, deen an engem Processus stattfënnt; dass elo 13, a virun der grousser Vakanz 15 vun deene 25 Länner den Traité ratifizéiert hunn; an dass mer voll Zouversiicht kënne kucken, wann déi magesch Barrière vun 20 iwwerschratt ass, wou dann d'Problemer sech stelle bei deenen, déi ratifizéiert hunn, oder an deem Fall bei deenen, déi net ratifizéiert hunn.

Mir sinn op jiddfer Fall frou an zefridden, dass Lëtzebuerg a seng Leit sech op déi richteg Säit an där Debatt geschloen hunn an dass mir am Camp vun deene Länner sinn, déi am éischten Tour vun der Froestellung direkt mat Jo geäntwert hunn.

5. Als CSV, an dat huet een de Moien och an de Presseanalysë gesinn, si mer selbstverständlech net onzefridden driwwer, dass besonnesch bei de Wieler och vun eiser Partei e ganz gudde Report vun de Stëmme koum. Dass déi Argumenter, déi mer développéiert hunn, bei eise Wieler akzeptéiert gi sinn. Dass déi Campagne, déi mer als Partei iwwer Woche gemaach hunn, hir Friichte par rapport zu deem Deel vun der Bevölkerung, déi mir kënnen erreechen als Partei, och gedroen huet.

6. Et bleiwe selbstverständlech nach eng Rei vu Froen. Et ass elo schwiereg an zéng Minutten déi ganz Panoplie vu Froen duerchzegoen, déi sech stellen, vun Interrogatiounen, vu Bémolen, déi een an déi ganz Diskussioun muss setzen. Duerfir just d'Stéchwuert aarteg, an, en attendant dass mer méi eng fundamental Analys vun der ganzer Situatioun maachen, vläicht zwee, dräi Punkten.

Éischtens huet ee festgestallt, dass, jee méi wäit mer an där ganzer Debatt komm sinn, jee méi wäit mer en fin de compte vun der initialer Fro ewechkomm sinn. Wou sech am Ufank drop konzentréiert ginn ass, besonnesch vum Camp vum „Oui“, fir ze probéieren de Leit ze explizéieren, wat an deem Verfassungsvertrag stoung, hu mer am Laf vun der Debatt misse mierken, dass d'Froen, déi d'Leit sech gestallt hunn, wäit iwwert dee Verfassungsvertrag erausgaange sinn, an dass se sech en fin de compte haaptsächlech artikuléiert hu mat der Fro, wéi deen eenzelne Bierger sech a seng Positioun an der Gesellschaft, sech a seng Positioun hei zu Lëtzebuerg a sech a seng Positioun iwwer Lëtzebuerg an Europa virstellt.

Mir hu vill Perséinleches héieren an all deene Debatten, déi mer gefouert hunn. Dat ass eppes, wat eis interpelléiert a wat mer sécher och wäerte vum Hierscht un an déi nationalpolitesch Diskussiounen, déi mer zwar seit Jore scho gefouert hunn a wou mer och net näischt gemaach hunn an deene leschte Joren, mä wou mer trotzdeem deen een oder aneren Aspekt dovun an d'Nationalpolitik musse mat iwwerhuelen.

Zweetens bleiwen ech derbäi wat ech schonn e puermol gesot hunn, dass d'Froestellung vun dësem Referendum extrem problematesch war. Duerch de Fait, dass een de Leit keng Alternativ ginn huet, dass een en Text virgeluecht huet, dee just mat Jo a mat Neen ze beäntwerte war, doduerch dass een en fin de compte gemengt huet, dass ee sech hei an enger akademescher Sëtzung mat de Leit géif erëmfannen, sinn eng Rei vu Mechanismen déclenchéiert ginn, déi zu där Diskussioun gefouert hunn, wéi mer se kennen.

Drëttens, vill vun eis sinn iwwerrascht, anerer manner, iwwer verschidden Aussoen, déi mer an där Diskussioun héieren hunn: Elargissement, Türkei, d'Fro vun den Auslänner hei zu Lëtzebuerg, d'Fro vun den Auslänner, déi eise Lëtzebuerger géifen hir Aarbechtsplazen ewechhuelen, sinn an enger Däitlechkeet, an enger Intensitéit gestallt ginn, déi Verschiddener vun eis net erwaart hunn. Och dee Phenomeen mussen a wäerte mer analyséieren an op dee musse mer Äntwerte fannen.

Deen nächste Punkt ass d'Grondastellung vun deene jonke Leit. Jonk Leit ënner 30 Joer, déi majoritär Neen zum Verfassungstraité gestëmmt hunn. Et ass net un eis, fir mam erhuewenen Zeigefanger elo duerch d'Land ze lafen an deenen ze soen: Du, du, du, dir hutt elo net déi richteg Décisioun geholl! Mä et muss ee sech d'Fro stellen, wat d'Basis vun där Décisioun war.

Ass et d'Onkenntnis vun der Geschicht, vun de geschichtlechen Zesummenhäng, vun de geschichtleche Realitéiten? Ass et de Fait, dass zu Lëtzebuerg ganz oft d'Geschicht beim Zweete Weltkrich ophéiert an duerno net méi weidergefouert gëtt, och net an der öffentlecher Ausenanersetzung an an der öffentlecher Diskussioun?

Ass et de Fait, dass ee bei ville jonke Leit awer trotzdeem och an der Diskussioun mierkt, dass hinnen d'Basiskenntnisser vum Fonctionnement vun enger Gesellschaft zum Deel net méi esou present sinn, wéi dat vläicht bei de fréiere Generatiounen de Fall war? Dass een nëmmen dat ka verdeelen, och als Gesellschaft, wat een erakritt, an dass deen Eenzelnen en Effort muss maachen, fir zum Gesamtprodukt vun enger Natioun ze kontribuéieren? Alles dat si Punkten, déi mer an deenen nächste Wochen a Méint zesumme mussen analyséieren.

Ech wéilt schléisse mat engem Punkt, dee mech, fir et fein ze soen, zimlech énervéiert. Dat ass deen een oder deen aneren, deen elo aus deem Deel vum Vollek, dat jo just kommentéiert, mengt elo missen ze soen, et wär en därmoossen déiwe Gruef tëschent der Politik an de Leit, a wou sech déi akademesch Fro gestallt gëtt, ob déi Chamber hei iwwerhaapt nach representativ wär fir d'Lëtzebuerger Vollek.

Ech wëll deene Leit soen, wou deen een oder deen aneren d'ailleurs probéiert hat, emol eng Kéier an dat Haus hei eranzekommen - dat war hinnen net gelongen -, a vläicht ass och deen een oder deen anere méi bëssege Kommentar aus där Liewenssituatioun eraus ze verstoen, dass, wann eng Chamber zu engem Traité eng Décisioun hëlt, an deen eenzelne Politiker an déi eenzel Parteien eng Décisioun mussen huelen, se verflicht sinn, duerch d'Verfassung, déi ze huelen am Intérêt national. Dass ee perséinlech Gedanken an och perséinlech Appréhensiounen op d'Säit muss leeën, dass ee muss kucken, no Ofweiung vun den Argumenter fir de Jo oder fir den Neen, an der Zomm vun deem, wat ee gehéiert huet, eng Décisioun ze huelen.

An déi Décisioun konnt, fir de Gros vun de Lëtzebuerger Deputéierten, nëmme mat engem klore Jo ausgoen, well einfach d'Zomm vun deem, wat deen Traité eis bréngt, par rapport zur Zomm vun deem, wat deen Traité eis net bréngt, eis dozou bruecht huet, iwwer eenzel Bedenken, iwwer eenzel Schwieregkeeten an iwwer eenzel Appréhensiounen eraus e klore Jo fir dës Verfassung ze soen.

Deen eenzelne Bierger, deen de leschte Sonndeg gewielt huet, muss sech net nécessairement déiselwecht Froestellung stellen. Deen eenzelne Bierger, dee sech e Sonndeg d'Fro gestallt huet, huet ganz oft par rapport zu sech selwer räsonnéiert, zu senger sozialer Situatioun, zu senger Situatioun an enger Gesellschaft. Déi zwee sinn net ëmmer deckungsgläich. Déi zwee stelle sech déiselwecht Froen. Et ass jo verréckt fir ze mengen, dass d'Politiker, déi ënnert dem Vollek sinn, sech déi Froen net géife stellen. Déi Fro kritt awer net ëmmer déiselwecht Äntwert.

Ech fannen, dass eis Chamber mëtten am Land steet, mëtten ënnert de Bierger steet. Mir wëssen och wou de Schong dréckt, an et ass dorunner wou mer déi nächst Wochen a Méint a Jore wäerte weiderschaffen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte Sonndeg hunn d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger Jo gestëmmt, Jo zu enger gemeinsamer Europäescher Verfassung, Jo zu deem Traité, deen déi Verfassung soll a Kraaft setzen. Dat no enger laanger, enger breeder an enger gutt gefouerter Diskussioun, an och enger kontrovers gefouerter Diskussioun, a glécklecherweis och kontrovers gefouerter Diskussioun, well dat huet dozou gefouert, datt sech ganz vill Leit, vläicht net fir d'éischt, mä awer emol ganz intensiv mat der Europäescher Unioun, mat deem Projet vun engem gemeinsamen Europa, mat deem Wee, dee mer bis ewell zesummen zréckgeluecht hu mat anere Länner, an awer och nach deem Stéck vum Wee, dat nach virun eis wäert oder kéint leien, ausenaner gesat hunn.

Dee Jo, dat ass eng responsabel Haltung vu Lëtzebuerg, eng responsabel Haltung, well mer um Ufank vun deem europäesche Wee stoungen a well mer doduerjer och deen europäesche Wee weider mat wëlle goen, a well mer awer och deen europäesche Wee doduerjer weider erméiglecht hunn, well mer dat an enger ganz schwiereger europäescher Situatioun gemaach hunn, an där et mat Sécherheet net einfach war, kloer Jo ze soen, mä d'Lëtzebuerger hunn dat gemaach.

Dat no enger Campagne, déi vu ganz villen Acteure gefouert ginn ass. Enger Campagne fir de Jo, wou der ganz vill dru bedeelegt waren, wou net Eenzelner dat eleng gemaach hunn, a wahrscheinlech och Eenzelner et eleng net gepackt hätten, mä wou jiddfereen d'Äerm mat eropgestréppt huet. Dat ware Parteien, och Parteien, déi hei am Haus vertruede sinn, dat ware Gewerkschaften, dat waren ONGen, dat ware ganz, ganz vill Privatleit, déi och hiren Numm an d'Fënster gestallt hu fir de Jo. An ech mengen, all déi, déi gehofft hunn, datt et Jo géing ginn, déi sollen och all deene Merci soen, datt si Engagement iwwer Wochen a Méint ewech gewisen hunn, fir datt mer dat dote Resultat zesumme konnten erreechen.

Haut - an et ass gesot ginn - musse mer awer och wëssen, datt net jiddferee Jo gesot huet, datt 43% vun de Leit Nee gesot hunn. Dat bestëmmt net nëmmen aus enger oder aus e puer Ursaachen eraus, mä deen Neen - a mir wëssen et, a mir hunn et gemierkt an der Campagne - ass ganz, ganz heterogen, mä trotzdeem musse mer probéieren, déi Messagen ze verstoen, déi d'Leit och der Politik domadder wollte mat op de Wee ginn, well bestëmmt net jiddfereen, dee Nee gestëmmt huet, ass géint Europa, ass fundamental géint d'Europäesch Unioun a géint den europäesche Prozess.

Et ass gesot ginn, et gëtt e puer Gruppe vu Leit, e puer Iddien, déi mer eis kënne maachen, firwat d'Leit Nee gestëmmt hunn a wat se dozou beweegt huet, an déi Messagë solle mer eescht huelen, déi Messagë solle mer net an en Tirang leeën, mä mir mussen se par contre an der aktiver Politik déi nächst Wochen a Méint an och nach Joren diskutéieren a kucken, wat d'Beweggrënn wierklech waren, an ob se net vläicht éischter Problemer och an hirem Alldag haten, ob net éischter och déi national Politik gefuerdert ass, fir deene Problemer Rechnung ze droen, an doduerjer och e weidert Vertrauen deene Leit an d'Politik ze erméiglechen, awer och e gréissert Vertraue par rapport zum europäesche Prozess doduerjer erëm hierzestellen.

Et ass gesot ginn, datt gewësse Regioune vum Land, virun allem de Süden, méi skeptesch gewiescht wären e Sonndeg, méi Nee gesot hunn. Ech mengen net, datt mer eis nëmmen op déi geographesch Opdeelung do solle konzentréieren, mä och emol kucken, wéi kënnt déi zustanen, ob net do och éischter sozioprofessionell Ursaache sinn. A wa mer den Neen an de Jo matenee vergläichen, fanne mer wahrscheinlech éischter eraus, dass et sozioprofessionell Ursaache sinn, wéi elo reng geographescher. An et ass och net esou, datt se an deene Gemengen - an ech weess vu wat ech schwätzen -…

(Interruption)

…majoritär Nee gestëmmt hunn, datt do lauter schlecht Europäer géinge wunnen. An och an deenen anere Gemengen, déi majoritär Jo gestëmmt hunn, ass et bestëmmt och esou, dass der do och mat Nee gestëmmt hunn an do waren also och nach Leit, déi Froen haten, déi skeptesch waren an déi sech Suerge gemaach hu wou Europa géing hifféieren.

Nun am Süde vum Land ass et bestëmmt esou, datt nach eng Rei vun anere Problemen existéieren oder verstäerkt existéieren. Mir wëssen, datt de Chômage a ville Gemengen, a villen Uertschaften do méi héich ass. Mir wëssen, datt mer an engem Strukturwandel dra sinn, deen nach net bewältegt ass. Mir wëssen, datt mer an deem Strukturwandel aus der Industriegesellschaft erauskommen an an eng Déngschtleeschtungsgesellschaft eraginn an datt dat natierlech fir de Süden aner Froen opwerft, méi Froen opwerft, ganz perséinlech Froe bei deem Eenzelnen opwerft, schéngt mer och kloer ze sinn.

Da gëtt gesot déi Jonk wieren och besonnesch skeptesch gewiescht par rapport zu Europa generell a par rapport zu deem Traité an hätten dann och mat grousser Zuel Nee gestëmmt. Vläicht hu mer och net déi richteg Argumenter fonnt, fir déi Jonk ze iwwerzeegen. Fridden ass eng Selbstverständlechkeet mëttlerweil ginn, oppe Grenzen ass eng Selbstverständlechkeet, den Euro ass eng Selbstverständlechkeet fir vill Jonker, well se u sech d'Zäit wou d'Grenzen nach zou waren, wou een op der Grenz huet misse stoe bleiwen an d'Mall opmaachen an huet misse weise wat een dann alles dran hätt, net méi kennen.

Jonker hunn awer vläicht och aner Zukunftsängschten a méi Zukunftsängschte wat si perséinlech erëm ubelaangt. Wou fannen se muer nach eng Aarbecht? Wéi ass et mat der sozialer Sécherheet? Wéi ass et mat hire Pensiounen? A si hunn och vläicht all déi Froen an Zukunftsängschten an dee Jo oder an deen Neen do eraninterpretéiert.

Dann ass e weideren Aspekt, dee mer schéngt wichteg ze sinn, net ze négligéieren, obschonn e schockéiert, dat ass, datt net wéineg Lëtzebuerger och gesot hunn, ma mir hu schonn ze vill Auslänner bei eis an et kommen der doduerjer vläicht nach méi, wa mer eis méi opmaachen zu anere Länner, wa mer den europäesche Wee nach e Stéck méi ginn, déi eis dann d'Aarbechtsplazen ewechhuelen oder eis Betriber ginn an aner Länner.

Och wann dat eng Fro ass, déi bestëmmt net direkt eppes mat dësem Traité ze dinn huet, huet een dach do e gewëssene Malaise gespuert an d'Konklusioun mengen ech ass déi, datt déi Integratioun nach net bewältegt ass, datt u sech nach ëmmer vill ze vill Communautéiten hei am Land niewentenee liewen an net richteg mateneen an datt mer do weider Effortë musse maachen.

Fir d'Konklusiounen definitiv ze zéien, mengen ech, dann ass dat sécherlech zwee Deeg nom Vote ze frél, mä trotzdeem kann een der haut schonn zéien. Wa mer grad déi Fro do kucke vun der Integratioun, déi ville Leit nach Suerge mécht, d'Presenz vu villen Ausländer hei am Land, déi ville Leit Suerge mécht, da musse mer déi Effortë verstäerken, fir d'Integratioun réusséieren ze loossen. Dat ass en Appel, sécherlech net nëmme un d'Politik, mä u jiddereen, u Lëtzebuerger an och un net Lëtzebuerger hei am Land. Et gëtt mat Sécherheet och do nach ze iwwerleeën: Wéi ass d'Participatioun vun den net Lëtzebuerger? Wéi kënne mer déi verstäerken? Wéi kënne mer hinnen nach méi Ureizer gi mat deelzehuelen an en Deel och ze gi vun der Lëtzebuerger Gesellschaft? A mir hunn eng Rei vun Iwwerleeunge gemaach an dësem Haus.

Am Regierungsaccord steet zum Beispill och fir d'double Nationalitéit anzeféieren, fir och deenen, déi e Schratt wëllen op eis duerkommen an eis Nationalitéit wëllen unhuelen, et e Stéckelchen nach méi einfach ze maachen an och d'Integratioun méi einfach ze maachen. A vläicht solle mer eis och nach eng Kéier iwwerleeën an eis déi Fro stellen, déi mer eis am Ufank vun der Campagne gestallt hunn, nämlech: Hätten net awer sollen d'EU-Auslänner hei mat wiele goen? An ass dat net eng Fro, déi mer och elo nach eng Kéier sollen op den Ordre du jour huele vläicht fir zukünfteg Referenden, fir se dann an aller Rou a mat där néideger Zäit, dat och wa mer wëssen, datt eng Verfassungsännerung do noutwenneg ass, kënnen ze tranchéieren?

Wéi komme mer besser un déi Jonk erun? Ech mengen net, datt déi Jonk verluer si fir den europäesche Prozess, fir den europäesche Gedanken, mä mir mussen Effortë maachen. Mir mussen Effortë maachen an de Schoulen. Mir musse vläicht aneschters argumentéieren an Europa aneschters engem Jonken erklären. D'Opklärung muss weidergoen. D'Opklärung, déi mer an dëser Campagne gemaach hunn - a wou der vill vun eis bei deene Jonken ware, bei Jugendveräiner an an de Schoulen -, mengen ech, musse mer weiderféieren a vläicht nach méi systematesch maachen a mir mussen och deene Jonke kloer maache wéi se konkret kënnen d'Europäesch Unioun erliewen.

Ech wëll nach eng Kéier op eng Motioun hiweisen, déi ech am Kontext vun de leschte Budgetsdebatten am Dezember 2004 erabruecht hat, déi awer leider mat de Stëmme vun der Majoritéit ofgelehnt ginn ass, a wou et grad drëms gaangen ass: Wéi kënne mer déi Jonk fir Europa begeeschteren? Wéi kënne mer kucke fir déi Jonk an déi Campagne do mat anzebannen? Wéi kënne mer kucke fir mat de Jugendassociatiounen zesummen esou eng Campagne ze féieren, fir datt mer déi Jonk da wierklech direkt kënnen uschwätzen?

An dann eng aner, ganz wichteg Konklusioun, dat schéngt mer awer déi ze sinn, datt den europapolitesche Débat muss weidergoen hei am Land. Déi positiv Erfahrung, déi mer alleguerte gemaach hunn andeems mer op d'Leit duergaange sinn, an d'Leit matdiskutéiert hunn, well se gehale ware sech bis den 10. Juli eng Meenung ze maachen, well se och gehale ware fir Jo oder Neen zu deem Traité do ze stëmmen, si se an ee breeden Débat mat agetrueden, eppes wat mer bis ewell hei am Land - op jidde Fall fir europapolitesch Froen - nach net kannt hunn, an deen Elan solle mer notzen a mir sollen e weiderféieren.

Deen Débat däerf hei net op en Enn goen, deen Débat muss weidergoen an e soll och déi nächst Jore weidergoen. An dofir wëll ech och nach eng Kéier op eng Propositioun vun der Demokratescher Partei zréckkommen, fir d'Europawahlen an d'Chamberwahlen ze trennen.

Mäi Fraktiounskolleeg, den Henri Grethen, huet zesumme mam Lydie Polfer 1999 eng deementspriechend Proposition de loi hei agereecht. Mir sollen déi nach eng Kéier op den Ordre du jour huele fir d'Chamberwahlen dräi Méint no vir ze réckelen. Et ass een Artikel, deen an der Proposition de loi do steet an et ass net ganz schwéier fir doduerjer et ze erméiglechen, datt mer no all fënnef Joer e regelméissegen Europawahlkampf kréien, dann eng europapolitesch Debatt hei kënne féiere wou mer ugehale sinn, deen Effort ze widderhuelen, dee mer elo déi lescht Wochen a Méint gemaach hunn, fir mat de Leit am Land iwwer Europa ze schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Jo huet gewonn a mat him all déi Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger, déi wëlle mat Europa weiderfueren, wéi mer dat säit 50 Joer opgebaut hunn. Ech mengen, et muss een hinnen alleguerte Merci soe fir deen Entscheed, dee wichteg ass fir onst Land a fir d'Zukunft vun onsem Land.

De Jo vum leschte Sonndeg bestätegt och wat eng grouss Majoritéit vun dëser Chamber an de leschte Méint décidéiert huet.

Éischtens war et richteg e Referendum ze organiséieren. Dëse Referendum huet fir d'éischt an onser rezenter Geschicht zu enger ëmfaassender Diskussioun iwwert d'europäesch Integratioun an hir Politik gefouert; an dat war gutt esou.

Zweetens war et richteg de Referendum op den 10. Juli 2005 festzeleeën. Kuerz no der Présidence, net zesumme mat de Gemengerotswahlen an och net ze laang mat der Applikatioun ze waarden, sech awer Zäit gi fir mat de Leit ze diskutéieren.

Drëttens war et richteg och no dem Neen a Frankräich an an Holland, ons Ratifikatioun wéi virgesinn duerchzezéien an un deem Datum festzehalen, dat ëmsou méi wéi den Europäesche Rot vum 17. Juni 2005 keng kloer Décisioun dozou geholl huet. Am Oktober 2005 kënne mer dann elo ons parlamentaresch Ratifikatioun mat der zweeter Lecture zu Enn bréngen an domat offiziell a formal dat bestätegen, wat d'Lëtzebuerger Vollek décidéiert huet.

Här President, déi Parteien, déi sech fir dës Démarche décidéiert hunn an och dorunner festgehalen hunn, hu Recht behalen dat et esou ze maachen, wéi se dat décidéiert haten. Alles dat gesäit elo ganz einfach aus, et war awer bekanntlech guer net esou einfach.

An ech wëll nach eng Kéier hei soen, dass d'Chamber während all deene Méint hir Roll voll a ganz erfëllt huet. Si huet den 28. Juni hir parlamentaresch Aarbecht iwwert den Traité gemaach. Si huet mat hire Mëttelen Auditiounen organiséiert, déi all Meenung zum Ausdrock komme gelooss hunn. All Meenung an dëser Chamber gouf duerch d'Chamber-TV iwwerdroen. Si huet Versammlungen uechtert d'Land organiséiert, ass op d'Biergerinnen an d'Bierger zougaang, huet hinne Ried an Äntwert gestan an huet hinnen Informatioune verdeelt an Explikatioune ginn; kee Matraquage, mä Informatiounen an Explikatiounen.

Vill vun onsen Deputéierten, ech wëll dat och hei soen, hunn dobäi ee groussen Asaz gewisen. D'Chamber huet dobäi hir eege Mëttelen agesat, a besonnesch

och d'Aarbecht vun hire Mataarbechter, deenen een nach eng Kéier hei muss Merci soen.

Och d'Parteien hunn aus hirer Täsch eng Campagne organiséiert, déi alles anescht wéi eng Materialschluecht war. D'LSAP zum Beispill huet eng Affiche, een Autocollant, ee klengen Dépliant produzéiert; dëst war e Budget vun ëm déi 5.000 Euro; dogéint hat den Neen aner Mëttelen. Annoncë fir den Nee goufen aus dem Ausland bezuelt. Wann ech de Materialopwand vum Nee kucken, deen d'ganzt Land mat Affichen iwwerschwemmt an iwwerklieft huet, da war dat, wat de Jo u Material hat, lächerlech wéineg.

Här President, ech wollt déi puer Remarquë fir d'éischt lassginn, well een direkt no dem Referendum d'Impressioun hat, an och nach zum Deel huet, et hätt net de Jo, mä den Nee gewonn. Dat wëllt awer net soen, dass een elo selbstzefridde soll sinn an dat Resultat, a virun allem dat, wat elo kënnt, net offen a kritesch sollt ugoen.

Iwwert d'Resultat u sech, d'Analys dovunner, wëll ech hei net spekuléieren. Mä et ass sécher falsch, an et ass scho gesot ginn, wa behaapt gëtt dobaussen, d'Chamber hätt mat 55 vu 60 Stëmmen d'Verfassung gestëmmt, dat wier awer wäit ewech vun deene 55% vum Jo am Referendum. Do wier also ee Broch zwëschent dem Pays légal an dem Pays réel.

Ech wëll awer hei soen, dass d'Logike vun der representativer Demokratie a vun der direkter Demokratie ganz verschidde sinn. An der direkter Demokratie heescht et, eng Entscheedung mat Jo oder Neen ze fällen, an dat oft iwwer komplex Themen. An dofir drécken sech am Jo wéi am Nee vill verschidde Meenungen aus. Et ass also elo un de Sozial- an de Politikforscher fir erauszefannen, wat de Jo an den Neen eigentlech bedeiten.

Ons Sozialisten interpelléiert natierlech d'Wahlverhale vun de Jonke vun 18 bis 30 Joer. Wann den ILReS-Sondage da stëmmt, solle 60% vun dëser Wielerschaft géint d'Verfassung gestëmmt hunn. Ech wéisst wierklech gär firwat. Ech constatéieren awer och zugläich - dat däerf een och net vergiessen ëmmer bei deenen Diskussiounen -, dass vill politesch bewosst Jonker aktiv an dës Campagne agegraff hunn, fir de Jo.

Ons als Sozialisten interpelléiert och, wat an de Südgemenge geschitt ass. Et ass net anescht iwwregens a verschidde Quartiere vun der Stad, vun der Haaptstad, wou Nee gestëmmt gouf, oder och an eenzelne Gemengen um Land. Et kann ee sécher unhuelen, dass et déi sozial Onsécherheet, d'Angscht virum Chômage, d'Angscht virun der Iwwerfriemung a virun der Konkurrenz vum Ausland ass.

Den Neen ass sécher den Ausdrock vun engem soziale Malaise an onser Gesellschaft, deen d'Europäesch Verfassung als Sënnebock geholl huet; déi Verfassung, déi awer näischt mat deem Malaise direkt ze dinn huet.

Dofir, wat kënnt elo no dem Referendum?

Ech menge fir d'éischt muss Europa op der Agenda vun der Lëtzebuerger Politik bleiwen, a fir mech geet et do ëm zwou Prioritéiten. Déi éischt ass, déi dagdeeglech europäesch Politik an d'Lëtzebuerger Politik eran ze droen. Mir hunn hei schonn oft doriwwer geschwat, mir mussen elo endlech domat weiderkommen. All Politiker, all Eenzelnen heibannen, muss sech bewosst sinn, dass europäesch Gesetzer onst Liewe matbestëmmen. Mir mussen also vun Ufank u matbestëmmen, der Regierung op d'Fangere kucken, déi europäesch Gesetzgebung vun Ufank u kritesch beliichten.

Och d'Europawahle mussen endlech de Stellewäert an der Lëtzebuerger Politik kréien, déi si verdéngen. Dëst wäert sécher net esou einfach ginn - Dir kennt meng Meenung doriwwer -, wéi verschidde Leit sech dat elo virstellen. Et muss awer probéiert ginn.

Déi zweet Prioritéit ass, iwwer eng Partie Punkten an der europäescher Politik aus dem Vagen erauszekommen. Ech hu bei dëser Campagne observéiert, wéi wéineg d'Leit allgemeng iwwer Europa wëssen, dat heescht wat Europa kann oder däerf. Fir mech ass eng vun den Ursaache vu munchem Nee d'Onkenntnis vun Europa.

Wann en héichrangege Politiker an der Referendumscampagne soe konnt, hie wier géint eng Europäesch Verfassung, well hie géint en europäesche Superstat wier, dann ass dat eigentlech lächerlech; well weder d'Verfassung, nach iergendee Land an Europa esou e Superstat wëllt.

Wann zum Beispill dat Argument vun der Militariséierung a vun der Oprüstung vun der Europäescher Unioun, oder d'Angscht, et géif erëm den obligatoresche Militärdéngscht zu Lëtzebuerg agefouert ginn, wann dat Argument esou gutt ukomm ass, dann och aus der Onkenntnis eraus iwwert dat, wat d'Europäesch Unioun op deem Plang däerf an net däerf.

Datselwecht gëllt fir de Sproch vun deem sou genannten neoliberale Charakter vun der Europäescher Unioun, an dofir och iwwert d'allgemeng Konzeptioun vun Europa. Ech wëll net op den Detail agoen.

Här President, d'LSAP ass frou, dass de Jo kloer an däitlech zu Lëtzebuerg gewonnen huet. Dat ass net d'Enn vun der Geschicht, mä eng weider Etapp op dem Wee vun engem besseren, méi demokrateschen a méi sozialen Europa. Et ass eng wichteg Etapp op dem Wee vun der europäescher Ratifikatioun vun der Verfassung an op jidde Fall eng wichteg Bestätegung fir d'Iddien, déi an dëser Verfassung dra sinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Nächste Riedner ass den honorablen Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Gréng ass et kloer, de Referendum huet ee gudde Jo erausbruecht, 56,52%. Et muss ee wëssen, datt dee Referendum hei stattfonnt huet ënner extrem schwierege Bedéngungen, well net nëmmen déi national Diskussioun huet de Referendum an d'Leit beaflosst. Et si ganz vill Aflëss vu bausse komm. Mir waren an engem schwieregen europäesche Kontext. An ënnert all deenen dote Konditiounen ass dat Resultat vu 56,52% sécherlech e ganz gutt Resultat.

Ech deelen och dem Här Fayot seng Aschätzung, datt d'Chamber virun allem hir Roll ganz gutt erfëllt huet an deene leschte Méint. All déi Initiativen, déi d'Chamber geholl huet, huet se geholl an engem pluralistesche Geescht. An deenen Hearingen hei an der Chamber - deenen dräi, déi stattfonnt hunn; wou d'Press present war; déi iwwert d'Chamber-TV iwwerdroe gi sinn - hu gréisstendeels d'Zivilgesellschaft, gréisstendeels esouguer d'Géigner, kann ee soen, kënnen d'Wuert kréien; d'Deputéierten hu sech grouss Retenue operluecht, fir an deenen Debatten hei net anzegräifen, fir ebe grad déi zu Wuert kommen ze loossen. Mir hu 14 öffentlech Versammlungen organiséiert, wou all Kéiers och e Géigner vun dem Verfassungstext mat um Podium souz, a virun allem awer och der vill am Sall d'Wuert kritt hunn, fir datt deementspriechend eng kontrovers Debatt konnt gefouert ginn.

Ech wëll mech awer net ze vill laang méi domadder ophalen, well méi wichteg ass et, fannen ech, haut eng Rei Saachen, eng Rei Messagen ze ginn, déi an d'Zukunft geriicht sinn.

Et ass fir eis als Gréng op alle Fall kloer, datt elo net usteet, eng Interpretatioun ze maachen, am Sënn datt hei de Jo iwwert den Nee gewonnen hätt. Well den 10. Juli war keng politesch Wahl, wou Parteien zur Dispositioun stoungen, oder Persounen; den 10. Juli stoung zur Diskussioun eng komplex an historesch Fro, nämlech d'Europäesch Unioun an ob d'Europäesch Unioun endlech sollt eng politesch Dimensioun kréien oder net. An datt natierlech bei esou enger komplexer an historescher Fro e knappt Resultat, zumools an deem schwieregen Ëmfeld, géing erauskommen, dat war eigentlech nëmmen normal.

Duerfir ass et och relativ kloer fir eis, datt esou gutt beim Jo wéi beim Neen d'Interpretatiounen, déi d'Leit dozou beweegt hunn, fir Jo oder Neen ze stëmmen, ganz villfälteg sinn, ganz ënnerschiddlech sinn, an datt et einfach net seriö ass fir elo haut schonn, zwee Deeg no deem Referendum, groussspureg Konklusiounen ze zéien oder Interpretatiounen ze maachen, wat dann am Detail wierklech d'Leit beweegt huet, sech esou oder esou ze décidéieren. Et gëtt vill Aspekter, déi een do nach muss analyséieren, fir genau erauszefannen, firwat eng Majoritéit Jo gestëmmt huet an eng Minoritéit Nee gestëmmt huet.

Et muss een awer och derbäi soen, datt et ganz geféierlech ass, op der Nee-Säit zum Beispill, well et jo do eigentlech elo ee Grupp gëtt, dee sech déi 43%...

(Interruptions)

…op säi Fändel wëllt schreiwen an no bausse mécht, wéi wann et eigentlech säi Mérite oder seng Aarbecht gewiescht wär, déi dozou gefouert hätt, datt sech 43% fir Neen ze stëmmen décidéiert hätten.

Ech géing do virdru warnen, well wéi gesot et gëtt villfälteg Interpretatiounen, oder villfälteg Beweggrënn, firwat datt d'Leit Nee gestëmmt hunn. Et kéint emol nach esou wäit kommen, wa mer emol d'genau Detailer an d'Analysen hunn, datt vill Leit, déi aus engem éierlechen Engagement - am Comité pour le Non zum Beispill - aktiv waren, vläicht nach béis Iwwerraschunge kënnte kréien an deenen nächste Wochen a Méint, wa se emol d'Detailanalysë kréien, firwat datt dann zum Beispill och e gudden Deel vun de Leit Nee gestëmmt hunn.

Fir eis ass et wichteg, datt mer elo net, wéi dat awer e bësselchen d'Tendenz ass an deene leschten Deeg, am Kaffissaz liesen, wéi een op gutt Lëtzebuergesch seet, oder aus der Hëft eraus ganz schnell Analysen oder Interpretatioune maachen, mä datt ee sech Zäit dofir hëlt, datt ee sech dat Zuelematerial, wat mer zur Verfügung hunn, genau ukuckt an dann doraus eng uerdentlech politesch, eng wëssenschaftlech begrënnten, am beschte politesch Analys mécht.

Duerfir hunn ech an der aussepolitescher Kommissioun am Numm vu menger Fraktioun d'Propos gemaach, datt d'Regierung onbedéngt dat villt Zuelematerial zum Beispill, wat mer zur Verfügung hunn, vun Oktober bis haut, a wat jo wahrscheinlech och nach virugeet, dat heescht all déi Enquêten, déi vun der ILReS zum Beispill gemaach gi sinn, soll verdéift auswäerte loossen, an dann awer och um Schluss der Uni Lëtzebuerg en Optrag ginn, fir eng verdéifte Studie ze maachen iwwert d'Beweggrënn vum Jo an och vum Neen an dësem Kontext.

Eréischt da kritt een herno dat eraus, wat ee wahrscheinlech och brauch als Politiker, fir kënnen ze kucken, wou ee muss politesch agéieren an Zukunft. Zum Beispill dann op där enger Säit bei de Leit, déi Nee gestëmmt hunn, fir deene bei hiren Ängschten a Suergen entgéintzekommen, oder awer och op där anerer Säit bei deene Leit, déi Jo gestëmmt hunn, fir deenen hirem Wonsch, deen ëmmerhin awer mat 56,52% zum Ausdrock bruecht ginn ass, Rechnung ze droen.

Här President, wat eis als Gréng natierlech och besonnesch besuergt mécht, dat ass dat generellt Onverständnis iwwert den europäesche Prozess an iwwert d'europäesch Institutiounen, wat ee konnt feststellen op deene ville Versammlungen, déi een ofgehalen huet. Ech muss och soen, et mécht mech heiansdo e bëssen nervös, wa mer als Politiker Léieren ausgedeelt kréien, elo op deene villfältegste Plateauen, déi et dann an der Gesellschaft gëtt, wat dann elo wierklech an der Bevölkerung diskutéiert gi wär, an oft déi Leit, déi déi Interpretatiounen do maachen, net mat eis an de Säll waren an deene leschten zwee Méint, wann d'Diskussioune waren.

Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, op alle Fall fir mech war dat eng interessant Erfahrung, fir an deem leschten annerhallwe Mount e puer dausend Leit ze begéinen aus dem Vollek an den öffentleche Versammlungen. Ech mengen, wat mech awer do besonnesch erschreckt huet, dat ass de Fait, datt den europäesche Prozess an d'europäesch Institutiounen an och wéi d'Décisioune falen an Europa kaum verankert sinn an de Käpp vun de Leit, wat ganz vill zu Mëssverständnisser féiert.

Besonnesch erschreckend ass natierlech do éischtens d'Feele vun där Kategorie 18 bis 25 Joer an den öffentleche Versammlungen, obscho mer als Parteien Effortë gemaach hunn, fir och Versammlunge ganz spezifesch op d'Jugend auszeriichten. An zweetens awer och dat wat een héieren huet, zumindest déi Echoen, déi ech kritt hu vun eisem Europadeputéierten, deen a Schoule gaangen ass, dat wat do 18- bis 25-Jähriger deklaréiert hu wat hir Beweggrënn wären, firwat si géingen Nee stëmmen.

An do muss ee soen, wat eis net erschreckt als Gréng, dat ass, datt déi jonk Leit do hiert eegent Schicksal an d'Hand huelen an décidéieren, bei enger Décisioun Neen ze soen. Et ass duerchweegs normal an och berechtegt natierlech an enger Demokratie, datt een och däerf Neen zu eppes soen. Mä wat eis erschreckt huet, dat sinn d'Argumenter an d'Beweggrënn, déi dozou gefouert hunn, fir datt et zu deem Neen, haaptsächlech bei Jugendlechen, komm ass.

Eiser Meenung no ass et relativ kloer, do ass eng riseg historesch Lacune bei deene Jugendlechen tëschent 18 a 25 Joer. Awer net nëmmen eng historesch Lacune, mä och iwwert d'Kenntnis vum Fonctionnement vun eisen Institutiounen, souwuel national wéi och europäesch oder international. Do muss een einfach e Constat maachen, datt eis öffentlech Schoul e risegen Echec ze verzeechnen huet par rapport zu där doter Diskussioun.

An, Här President, well dat dee Volet ass, dee mir als eng vun deene wichtegste Konklusioune gesinn, déi een elo direkt aus där ganzer Diskussioun ronderëm de Referendum kann zéien, an deen eis ganz wichteg ass, hu mer eis als gréng Fraktioun erlaabt, eng Motioun ze verfaassen, déi déi dote Problematik beschreift, a wou mer d'Regierung opfuerderen, duerfir ze suergen, datt an der Schoul eng nei Dynamik entsteet, fir datt mer déi ganz europäesch Dimensioun an d'Schoulen erakréien, fir datt d'Schoulbicher net bei 1945 ophalen, mä datt se dann do weiderginn, an datt och déi Diskussioune musse gefouert ginn, zemools wa mer wëssen, datt an deenen nächste Joren a Jorzéngten ëmmer méi Jonker an d'Schoule wäerte kommen, déi einfach logescherweis…

(Coups de cloche de la Présidence)

…kee Wësse méi hunn zu deem, wat 1945 geschitt ass.

Ech wëll déi Motioun heimadder déposéieren, Här President.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que de nombreux élèves arrivent à la fin de leur scolarité avec une connaissance approximative du fonctionnement de nos institutions nationales et européennes;

- considérant que la formation des jeunes à la vie politique constitue une condition indispensable à l'intérêt de ceux-ci pour la vie publique ainsi qu'au bon fonctionnement d'une démocratie;

- considérant que l'éducation civique des jeunes n'est actuellement pas assurée de façon satisfaisante dans les écoles;

- considérant que nous vivons une époque de grands bouleversements, marquée par la remise en question des certitudes et la recherche de nouveaux rapports sociaux et que l'éducation est souvent au coeur du changement social;

- considérant que le programme de la plupart des cours étudiés dans notre enseignement postprimaire, notamment l'histoire et la littérature française, n'exprime pas ou peu l'évolution opérée lors des dernières décennies;

- considérant que le regard historique doit permettre de mieux comprendre le contexte actuel, principalement depuis 1945;

invite le Gouvernement

- à impulser une nouvelle dynamique pédagogique dans le but de promouvoir efficacement la dimension européenne à travers les différents cours qui s'y prêtent, et de la sorte, favoriser l'esprit civique et les valeurs du pluralisme et de la tolérance auprès de nos élèves.

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Merci, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ee weidere Punkt, Här President, deen ech wëll uschneiden, dat ass, datt mer eigentlech an den nächste Méint wäerten d'Geleeënheet kréien, als Politik an der Praxis ze beweisen, datt et niewent dem wirtschaftlechen Europa och e politescht Europa gëtt. Dat heescht, datt et en Europa gëtt, wat déi sozial, déi ekologesch an demokratesch Dimensioun eescht hëlt.

Mir wëssen alleguerten, datt mer am Hierscht mussen en Aktiounsplang zu Bréissel erareechen am Kontext vum Lissabon-Prozess, a mir wëssen och alleguerten, oder zumindest misste mer et elo wëssen, datt d'Ae vun der ganzer Zivilgesellschaft op eis wäerte geriicht sinn, wéi deen Aktiounsplang do wäert ausgesinn, an datt mer et do net verpassen, fir duerfir ze suergen, datt déi dräi Saile vum Lissabon-Prozess, nämlech déi wirtschaftlech, déi sozial an déi nohalteg, respektéiert ginn.

Dat heescht, mir kënnen als national Regierung, als Parlament, als Parteie beweisen, duerch eng Aarbecht vun deenen nächsten dräi Méint ganz konkret am Oktober, datt et eis eescht gemengt ass mam politeschen Europa. Ech hoffen duerfir, datt mer an deenen Diskussiounen, déi am Moment an där zoustänneger parlamentarescher Kommissioun stattfannen, an och

am Hierscht bei der Rentrée parlementaire, wa mer definitiv de Lëtzebuerger Aktiounsplang arrêtéieren, d'Leit net wäerten enttäuschen.

An dann dee leschte Punkt ganz kuerz, Här President. D'Europawahle mussen effektiv vun den Nationalwahle getrennt ginn. An ech wëll och hei soen, déi Fuerderung ass net d'Fuerderung vun enger Partei an och net nei, déi gëtt schonn zënter Joren diskutéiert, ech géing soen zënter bal datt d'Europäescht Parlament déi méi grouss Dimensioun kritt huet, déi et haut eben huet an och ëmmer nëmme weider wäert kréien.

Mir mussen eis natierlech relativ séier als Parteien zesummesetze fir ze kucken, do Neel mat Käpp ze maachen, eppes Konkretes erauszehuelen. Mä ech mengen - mir hunn an der aussepolitescher Kommissioun schonn driwwer diskutéiert -, mir sollen eis awer bewosst sinn, datt mer eng Léisung solle sichen, déi och wierklech alle Problemer an allen, loosse mer soen, Ufuerderlisten a Suerge vun de Leit an deem Kontext gerecht gëtt.

Mir sollen net aus der Hëft schéissen an elo mengen, et wär eng Proposition de loi do, déi direkt „das Ei des Kolumbus" wär. Mir hunn an der Kommissioun och schonn iwwert déi diskutéiert. Et gëtt eng ganz Rei Iddien, och vun anere Parteien. Mir sollen déi all zesummen diskutéieren an da geschlossen am Hierscht relativ séier eng Décisioun an déi do Richtung huelen. Ech mengen, dat ass am Intérêt vun eis alleguerten.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Leschte Riedner ass den honorablen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Resultat vun dem Referendum e Sonndeg hei zu Lëtzebuerg huet mat 56,5% Jo an 43,5% fir den Neen den Traité constitutionnel fir d'Europäesch Unioun vum Vollek ratifizéiert.

Une voix.- Jo!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- D'Chamber respektéiert dee Vote, esou wéi d'Chamber dat eestëmmeg virun e puer Wochen an enger Motioun hei festgehalen huet.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Oh!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Madame Flesch, d'Chamber huet eestëmmeg festgehalen, dee Vote ze respektéieren, genausou gutt wéi an der Chamber, wann de Referendum mat Neen ausgaange wier, véier aner Parteien, déi fir de Jo opgeruff haten, den Traité jo dann och net ratifizéiert hätten.

Une voix.- Dir hutt Iech isoléiert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et ass jo also an zwou Richtungen, wou et gaangen ass. Et ass gesot ginn, d'Chamber…

(Interruptions diverses)

Mir waren eis eens heibannen, datt mer aus Respekt vis-à-vis vum Bierger de Referendum…

(Brouhaha général)

…, datt mer de Referendum géife respektéieren, egal a wat fir eng Richtung datt e géif ausgoen. Dat hu mer eestëmmeg beschloss, a selbstverständlech sti mir zu deem, wat mir hei décidéiert hunn.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, dat gesot, wiere mir awer och Demandeur, fir datt mer eis Constitutioun géifen änneren, fir datt an Zukunft Referenden einfach géifen eng Décisioun definitiv erbäibréngen an datt net méi no engem Referendum d'Chamber nach eng Kéier misst doriwwer décidéieren. Ech mengen och doriwwer sollt een eng Kéier seriö heibannen diskutéieren.

(Interruption)

56,5% sinn an engem internationale Verglach sécherlech e ganz gutt Resultat. Wa mer et awer reng national kucken, mengen ech, wier jiddereen heibannen eens, datt mer viru Méint oder annerhallwem Joer, wéi mer de Referendum décidéiert haten, aner Prozenter an de Raum gestallt hunn. Deemools hu mer ënnert eis alleguer vun 80%, vu 85% geschwat an elo, wéi gesot, ware mer awer frou wéi um Schluss e positiivt Resultat - op jidde Fall béi deenen, déi Jo gesot hunn - erauskomm ass.

(Interruptions)

Vu 56,5%.

Här President, wann een d'Campagne kuckt, wéi se gelaf ass - an do sinn ech mat dem Här Fayot net ganz d'accord wat hie virdrun hei gesot huet, obschonn ech dem Här Fayot mäi Respekt wëll entgéintbréngen, well keen anere wéi hien huet hei an dëser Campagne deen Asaz bruecht, wat een och soll eng Kéier heibanne soen, och wann een net mam Fong averstanen ass…

M. le Président.- Här Gibéryen, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Bausch?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wann et net op meng Zäit geet, jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, neen, neen.

M. le Président.- Neen. Dann huele mer déi also, Här Bausch. Dann eng kuerz a prezis Fro.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Bon, dann erlaben ech et selbstverständlech.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt dem Här Gibéryen eng kuerz Fro stellen. Hien huet gesot, wéi mer déi Motioun deemools hei ofgestëmmt hunn, eigentlech an der Konsequenz wann dës 55 Deputéierten, déi Jo stëmmen, an de Referendum géing Neen ausgoen, da missten se hir Demissioun ginn an dësem Parlament. An der nämlechter Konsequenz froen ech hien dann elo, dee jo deemools dat hei fir eis gesot huet, vu datt et elo Neen ass, ob dann den ADR och kollektiv demissionéiert am Parlament.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass eng ganz kloer Fro vum Här Bausch, Här President.

M. le Président.- An dann eng kloer Äntwert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wat sech och ganz kloer beäntwere léisst. Den ADR huet virum Referendum net hei am Parlament mat Nee gestëmmt.

(Brouhaha général et hilarité)

Den ADR huet kloer gesot, datt mer eis virun de Wahlen net géifen un enger Wahlmanipulatioun vum Bierger bedeelegen. An Dir waart déi, déi heihinner komm sidd an zu de Leit gesot hutt, hei mir maachen Iech et vir, wéi Der musst wielen, an do hu 55 Jo heibanne gestëmmt a wann de Wieler elo Nee gesot hätt, da wieren déi 55 kloer désavouéiert gewiescht. Mir hu gesot, mir maachen déi Wielermanipulatioun…

(Interruption)

M. le Président.- Här Spautz.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Spautz, wann ech gelift, déi Schëfflenger musse ganz roueg sinn an där heiter Fro.

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Si hunn awer wéinstens eng Meenung.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Déi Schëfflenger…

(Interruption et brouhaha général)

M. le Président.- Här Spautz, wann Der wëllt eng Fro stellen, da stellt se. Am anere Fall ass et elo um Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Déi Schëfflenger musse ganz roueg sinn an dëser Fro, well déi kéinten och iwwert Demissiounen nodenken.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dir vläicht awer och!

Une autre voix.- Dir hat awer Jo gestëmmt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, jo.

Här President, déi Campagne - ech wëll just soen, dass da meng Zäit elo erëm weiderleeft -, déi hei gemaach ginn ass fir de Jo, do muss ee wëssen, datt véier Parteie fir de Jo waren, datt Gewerkschafte fir de Jo waren, virun allem den LCGB war fir de Jo, et ware Baueregewerkschaften dofir, Gewerkschafte vun de Patronater an datt d'Regierungspropaganda eesäiteg mat Steierzuelergelder finanzéiert ginn ass, d'Lëtzebuerger Press, virun allem „d'Wort", nëmmen eesäiteg informéiert huet, eng Erpressung vum Statsminister bis hin zu enger Amëschung vun eisem Statschef, alles dat zum Jo. A wann een dat mat an d'Iwwerleeungen eranhëlt, da muss ee soen, dass dee Jo mat 56,5% awer e bescheidene Jo ass.

(Interruptions)

A wann déi Campagne, Här President, ausgeglach gewiescht wier, weess een net ob den Neen hätt kënne gewannen.

(Interruption)

Madame Flesch, Dir sidd jo an der Demokratescher Partei, an déi steet dem „Journal" jo ganz kloer no, an haut steet am „Journal" ze liesen op der zweeter Säit: „Wäre da nämlich nicht die Erdrutsch-Einheitsfront der Ja-Sager gewesen und deren Propaganda-Tsunami, das Neinchen hätte zum Nein werden können." Dat steet haut an Ärer Zeitung, just fir dat ze ënnermaueren, wat ech hei gesot hunn.

Här President, dofir menge mir och et wier wichteg, datt mer an Zukunft géifen niewent dem Gesetz wat de Referendum organiséiert och géifen e Gesetz maachen, wat d'Campagne bei engem Referendum géif organiséieren; d'Finanzéierung vun dem Referendum fir déi eng a fir déi aner Säit an d'Konditiounen och fir déi eng an déi aner Säit.

Et ka jo net richteg sinn, datt 10 oder 15 oder 20 Leit kommen a soen hei mir sinn dofir oder dergéint, datt déi solle Sue kréien. Mä ech mengen och do misste mer kloer Kritäre maachen, wéini datt ee ka soen, datt ee fir déi eng oder fir déi aner Säit ass, an da misst een och deene finanziell Mëttel zur Verfügung stellen, fir datt een och kéint iwwert dee Wee eng objektiv Campagne maachen, déi ausgeglach ass, souwuel fir de Jo wéi fir den Neen, wéi dat iwwregens och an anere Länner ass wou de Referendum d'Regel ass.

D'Diskussioun, déi mer mam Wieler an deene leschte Méint gefouert hunn, war ganz positiv. Ech mengen et war scho wichteg, datt mer de Referendum décidéiert hunn an och bäibehalen hunn an et war och wichteg fir eis, well mir ënner Politiker hunn och an der Vergaangenheet net esou intensiv iwwert d'europäesch Politik diskutéiert, wéi mer dat an dësem Fall gemaach hunn an och dat sollt een als positiv gesinn; och wa mer verschidde Meenungen hunn, dat ënnermauert nun emol eben dat demokratescht Spill, an dofir muss déi Diskussioun heibannen an dobausse weidergoen.

Et kann natierlech net esou sinn, datt mer elo soen, mir musse mam Bierger schwätzen an da mengen, mir missten dem Bierger eis Meenung octroyéieren. Mä mir solle mam Bierger schwätzen iwwer seng Suergen, déi hien huet. Suergen, firwat datt esou e massiven Neen - och fir Lëtzebuerger Verhältnisser - bei dësem Referendum erauskomm ass. D'Leit hunn Angscht virum Sozialdumping, virum Chômage, Problemer am Wunnengsbau, mat den europäesche Grenzen, mat der Erweiderung, mat der Iwwerfriemung, och e ganz sensibelen Thema, dee mer och solle ganz sensibel upaken.

Dofir soe mir, deen Traité hei war virum 10. Juli dout an e bleift och no dem 10. Juli dout an et wäerten Neiverhandlunge kommen. A wa mer déi Neiverhandlungen eescht huelen a mir huelen och eescht, datt mer wëlle mam Bierger iwwer seng Suergen diskutéieren a se unhuelen, da musse mer och am Kader vun den Neiverhandlungen dofir suergen, datt deene berechtegten Ängschte vun de Bierger och Rechnung gedroe gëtt. Dofir soen ech, esou een neie Vertrag, dee kann net méi Verfassung heeschen. Den zweeten an den drëtten Deel sollen net méi dra sinn, et solle sozial novollzéibar Kritären a Strukturen agebaut ginn, wou d'Leit wierklech Garantië kréien, an Europa soll seng Grenzen kréien. Ech wäert elo net méi déif op déi Themen agoen.

Mir wäerten och an Europa ni méi en Traité duerchkréien an deem de Suerge vun de Bierger net Rechnung gedroe gëtt. Wa mir also en neien Traité kréien - a mir brauchen en neien Traité, fir datt Europa a senge Strukture fonctionnéiert -, da muss och deene Froen do Rechnung gedroe ginn, soss kréie mir an enger Rei vu Länner an Europa ni méi en Traité duerch. An dofir ass et och gutt, datt deen Traité hei an dëser Form net duerchgeet, datt e muss nei verhandelt ginn, well wann dësen Traité duerchgaange wier, wier all deenen dote Suergen net Rechnung gedroe ginn, da wieren se nimools an den Traité erakomm. Elo hu mer d'Chance, fir datt se erakommen an et wäert och an déi Richtung goen.

Här President, zum Ofschloss nach e puer Wierder iwwert d'Wielerverhalen, well esou vill vum Süden a vum Zentrum geschwat ginn ass. Et ass richteg, datt am Süden an de grousse Südgemenge mat Nee gestëmmt ginn ass. Mä et däerf een net elo esou maachen, wéi wann am Süden ebe vill méi Aarbechter wieren an dofir wier et am Süden en Nee ginn. Mä och am Zentrum, muss ee wëssen, hu bis zu 40% Nee gestëmmt, an och am Zentrum gëtt et, och hei an der Stad Lëtzebuerg, Wahlbüroe wou den Nee souguer gewonnen huet. Et ass also net, datt een elo eng Differenz ka maache wou ee seet: 51% okay, 49% Neen.

Et muss ee wëssen, datt déi Deelung vun de Meenunge queesch duerch d'Land geet, ob dat elo 52% oder 48% sinn, och 40% am Zentrum muss eis ze denke ginn an datt et dann also net nëmmen Aarbechter waren oder kleng Privatbeamten, déi dergéint gestëmmt hunn, mä datt et queesch duerch d'Schichte vun der Bevölkerung Leit gëtt, déi Problemer mat deenen Texter, mat deenen Iddien, mat deenen Ausriichtungen hunn an dofir hu se Nee gestëmmt.

A wann d'Jugend och majoritär mat Nee gestëmmt huet, da solle mer och elo net mengen, d'Jugend géif näischt dovu kennen. D'Jugend war och informéiert an huet sech och informéiert. Si kuckt et vläicht duerch en anere Brëll. Si si jo och déi, déi d'Zukunft viru sech hunn. Dësen Traité maache mer jo net oder hätte mer jo net fir ons gemaach, mä et ass do wou d'europäesch Politik fir déi nächst 20, 30, 40 Joer definéiert gëtt. Et ass also hir Zukunft an dofir ass et och berechtegt, dass si sech Suergen ëm hir Zukunft maachen. A wa si als Jonker net konnten heivunner iwwerzeegt ginn, da solle mer dat als eescht unhuelen an op hir Suergen agoen an net mengen, mir missten dann higoen a mir missten si vun anere Meenungen iwwerzeegen.

A genausou gutt wéi duerch d'Schichte vun eiser Bevölkerung d'Meenungen ausernee ginn, ass dat och parteiintern de Fall. Ech mengen all d'Parteien, déi eng méi, déi aner manner, hu gedeelte Meenungen. Et sinn am Fong d'CSV a mir, als ADR, déi am nooste bei eisem Elektorat sinn, well d'ILReS…

(Hilarité)

Jo, dat ass awer nun emol eben esou. D'CSV, mengen ech, läit bei iwwer 70 oder 80%, mir leie bei 90%, d'Sozialisten, bei deenen ass et fifty-fifty. Do géif ech am Fong soen, wann ech hire Kongress kucken, op hirem Kongress, mengen ech, war nëmmen een dergéint, sou datt am Fong hir Delegatioun wäit vun hirer Basis ewech ass. Datselwecht hu mer…

(Interruption)

Mir haten de Courage fir op eisem Kongress geheim ofzestëmmen a mir hu majoritär e Resultat fir den Nee kritt a mir hunn dat, wéi dat an enger Demokratie an an enger Partei üblech ass, respektéiert.

An och eis gréng Kolleege si gedeelt. Dofir soll kee mengen, en hätt alles fir de Jo oder alles fir den Nee gedoen. An alle Parteien, wéi an der Bevölkerung, gëtt et déi zwou Meenungen, an duerfir sollt een och déi zwou Meenunge fir seriö huelen.

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir musst awer esou lues zum Schluss kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären - ech kommen zum Schluss -, de Referendum huet bewisen, dass d'Lëtzebuerger, trotz massiver, eesäiteger Beaflossung,…

(Interruptions)

…hir Selbstkritik bei sech behalen hunn an awer e staarken Neen zum Ausdrock bréngen. D'Politik muss deem Rechnung droen, wa mer eis wëllen an Zukunft seriö huelen, a virun allem wa mer eis Bevölkerung wëllen eescht huelen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet d'Regierung d'Wuert an der Persoun vum Vize-Premier Minister, dem Här Jean Asselborn. Här Asselborn!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Schëffleng, mat zwee Europadeputéierten an dräi Deputéierten, déi Jo gesot hunn, däerft ni Nee stëmmen,…

(Interruptions)

…a wann, da wär ech roueg!

Une voix.- Ma déi hunn awer hir Meenung gesot a keng Politik vun den eidele Still gemaach, Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, jo. Da weess ech, et ass kee méi désavouéiert gi wéi déi Schëfflenger Politiker.

(Hilarité)

Une autre voix.- An déi Fréisenger?!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Zu Fréiseng ass et net esou kloer wéi zu Schëffleng.

(Hilarité et brouhaha général)

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gibéryen, d'Wuert huet elo den Här Jean Asselborn!

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Dir Dammen an Dir Hären, ënner ganz schwierege Konditiounen huet Lëtzebuerg e Sonndeg Jo gesot. Schwiereg an deem Sënn, dass den Trend an der EU jo op Nee fixéiert war.

Lëtzebuerg huet Jo gesot, an als Regierung kann ech Iech soen, dass dëst psychologesch gesi vun enger ganz grousser Wichtegkeet ass fir eist Land, awer och fir d'Europäesch Unioun. An ech soen direkt hei, och am Numm vun eiser Regierung, dass mer net d'accord sinn, weder mat deenen, déi menge si kéinte vu Spaltung duerch d'Bevölkerung nom Referendum schwätzen, nach mat deenen, déi den Impakt vum Resultat vu Lëtzebuerg fir Europa carrément erofspillen an esouguer niéiere wëllen.

Léif Kolleegen, Här President, Frankräich huet, wa mer eis erënneren, 1992 bei Maastricht mat 50,5% Jo gesot, géint also 49,5%. Frankräich war no deem ganz serréierte Vote duerno iwwerhaapt net gespléckt, mä glécklech, dass ee positiivt Resultat erauskomm ass. A wann een déi jéngste Geschicht vu Frankräich kuckt an der Europäescher Unioun, war dat net zum Nodeel vun 100% vun de Fransousen.

Europa däerf, soll a muss Matière à discussion sinn, selbstverständlech och bei eis. Mä ech soen awer och direkt, dass no dësem Referendum net all Geste, dee gemaach gëtt, net all Reflex, net all Reform, net all Décisioun um politesche Plang däerf a soll als Repère um Resultat vum Referendum gesi ginn.

Lëtzebuerg ass kee Vollek vu 55% op där enger Säit a 45% op där anerer Säit. Dat ass net eleng eng iwwerflächlech Analys. Si ass och mat Viruerteeler duerchwuess, déi ierféiere kënnen.

Lëtzebuerg huet de Sonndeg eng kloer majoritär Meenung ervirbruecht. Dat ass gutt esou an et ass esouguer nach besser, dass déi Meenung positiv ass. Dat heescht och net, dass den Nee vum Jo muss ausradéiert ginn. Déi Lëtzebuerger, déi Nee gesot hunn, si keng schlecht Lëtzebuerger, sinn och keng schlecht Europäer, si stellen sech selwer mol, un éischter Plaz, mä och eis an der Regierung, och an der Chamber hei, Här President, Froen. Zum Beispill déi virun allem, ob d'Akzenter, d'Démarche vun der europäescher Politik déi richteg ass.

D'Substanz vun der Politik vun der Europäescher Unioun muss net eleng verstane ginn, si muss och akzeptéiert ginn. Dëst ass e Message un all Europapolitiker, selbstverständlech och hei am Land. Mä am Contraire zum Jo, och dat musse mer kloer gesinn, ass den Nee jo kee kohärente Projet. Déi eng hunn Nee gesot, well et ze wäit an ze séier gaangen ass. Déi aner hunn Nee gesot, well et net wäit genuch an net séier genuch gaangen ass.

Europa huet Lëtzebuerg villes ginn an deene leschte Jorzéngten. A kucke mer vläicht déi materiell Wäerter och, Här Bausch. Mir mussen dat jo och maachen. D'Bankplaz, d'Agrarpolitik, d'Ëmweltpolitik, d'Stolindustrie, d'Satellittegeschäft, d'Diversifikatiounspolitik, dat sinn alles Gebidder, wou mer ouni Europa net do stéinge wou mer haut sinn, mä, ech ginn Iech komplett Recht, d'EU huet eis awer och eng Skala gi vu Wäerter an der Gesellschaft, déi onbedéngt positiv duerch Europa beaflosst gi sinn. D'Solidaritéit zum Beispill, Respekt, internationaalt Recht sinn Notiounen, déi selbstverständlech net perfekt sinn, mä déi an enger ganz offener Astellung an Europa diskutéiert gi sinn.

An duerfir musse mer eis asetzen, duerfir musse mer kämpfen alleguerten, duerfir musse mer oppassen, dass eise Modell, dee mer hei zu Lëtzebuerg kennen, eis Philosophie vu sozialer Sécherheet an och vun Aarbechtsmaartpolitik net ënnergruewe ginn. Kompetitivitéit engersäits, Lounindexéierung anerersäits. Zum Beispill Wuesstum engersäits a Sécherheet vun der Aarbechtsplaz anerersäits. Diversifikatioun engersäits, Matbestëmmung anerersäits. Dat musse Begréffer bleiwen, déi sech net ofstoussen, mä déi sech complétéieren.

Mir hunn als Land, Här President, Jo gesot, well mer wëllen, wa gezielt gëtt am Hierscht 2006, bei deene mindestens 20 Länner sinn, déi prett sinn. Prett sinn aus der Europäescher Unioun eng Entitéit ze maachen, déi op der Weltbühn eng Stëmm huet, déi zielt. Een Europa, wat sech och politesch strukturéiert huet.

Nun, wann et stëmmt, dass 60% vun de jonke Leit Nee sollte gesot hunn, dat wier effektiv grave. Dat wier grave, och an deem Fall, wéi den Här Fayot gesot huet, ënnert dem Gesiichtspunkt, dass vill jonk Leit sech trotzdeem, dat hu mer jo gesinn, an där Campagne engagéiert hunn.

D'Europäesch Unioun ass kee Modell vu gëschter, keng Konzeptioun aus der Vergaangenheet, déi der Zukunft net gewuess wier. Hu mer vläicht de Feeler gemaach och hei am Land, d'EU ze dacks als de Prellbock fir national Problemer duerzestellen, obscho se dat iwwerhaapt net verdéngt hat? Oder d'EU als ee Modell ze verkafen, wou déi Grouss ënner sech mat jeeweilege mëttleren a klengere Staten am Wandschiet just politesch Konkurrenz schüren, souguer och heiansdo ganz bewosst national betounten Egoismen an de Vierdergrond setzen?

D'Europäesch Unioun ass doudsécher net perfekt, loin de là, mä si ass awer d'Heemecht vun de jonke Leit vun haut, och de jonke Lëtzebuerger am 21. Jorhonnert. Duerfir musse mer Europa mat dëse jonke Leit vun haut gestalten, net géint se, net laanscht se, mä mat hinnen. Duerfir ass et eng absolut Obligatioun, géif ech mengen, op déi jonk Leit zouzegoen an, wann Der erlaabt, géif ech och soen, net eleng mam Geschichtsbuch, mä och virun allem mat de grousse Froe vun der Zukunftsgestaltung, déi onweigerlech iwwert d'Schinn vun der Europäescher Unioun lafen.

Dësen Débat iwwer Europa war - fir ofzeschléissen, Här President - nëtzlech, doudsécher interessant, war passionnant. En ass mat Engagement, mat Begeeschterung an och mat Dignitéit gefouert ginn, mat enger Ausnahm, wann Der mer dat erlaabt.

(Hilarité)

Hei an der Chamber, Här President, wëll ech Iech, Här Weiler, grad wéi och dem President vun der aussepolitescher Kommissioun, dem Ben Fayot, an alle Kolleegen, déi matgehollef hunn an dëser Campagne, ausdrécklech am Numm vun der Regierung ee grousse Merci soen. Dat war een Novum, dat war immens vill Engagement vun der Chamber, an ouni deen Asaz, kann ee soen, wier dat Resultat, dat positiivt Resultat net zu Stane komm.

Mir sinn ee Land dat weess, wat Solidaritéit ass, materiell gesinn, wéi awer och wäertpolitesch gesinn. Mir hunn d'EU-Verfassung e Sonndeg, dat muss ee soen, net gerett, mä mir hunn awer deene Staten an der Europäescher Unioun, déi nach net ratifizéiert hunn, mindestens Courage gemaach an d'Assurance och ginn, dass den Trend vum Negative keng Fatalitéit ass, déi net opzehale wier. An, wann Der mer dee Saz och erlaabt, wéi 1937 huet d'Lëtzebuerger Vollek bei engem Referendum gewosst, d'Weiche richteg ze stellen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun dëser Debatt ukomm. Mir sinn nach saiséiert mat der Motioun, déi den honorablen Här François Bausch erabruecht huet, fir d'Regierung opzefuerderen eng nei pedagogesch Dynamik an d'Coursen ze kréien, fir d'Dimension européenne ze promouvéieren. Ech denken…

(Interruption)

Jo, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- …an ech fannen déi ass berechtegt. Et steet hei «notamment l'histoire et la littérature française». Et soll een einfach schreiwen «la littérature». Et ass jo net nëmmen d'Littérature française. Also «française» eraushuelen.

(Interruption et hilarité)

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que de nombreux élèves arrivent à la fin de leur scolarité avec une connaissance approximative du fonctionnement de nos institutions nationales et européennes;

- considérant que la formation des jeunes à la vie politique constitue une condition indispensable à l'intérêt de ceux-ci pour la vie publique ainsi qu'au bon fonctionnement d'une démocratie;

- considérant que l'éducation civique des jeunes n'est actuellement pas assurée de façon satisfaisante dans les écoles;

- considérant que nous vivons une époque de grands bouleversements, marquée par la remise en question des certitudes et la recherche de nouveaux rapports sociaux et que l'éducation est souvent au coeur du changement social;

- considérant que le programme de la plupart des cours étudiés dans notre enseignement postprimaire, notamment l'histoire et la littérature, n'exprime pas ou peu l'évolution opérée lors des dernières décennies;

- considérant que le regard historique doit permettre de mieux comprendre le contexte actuel, principalement depuis 1945;

invite le Gouvernement

- à impulser une nouvelle dynamique pédagogique dans le but de promouvoir efficacement la dimension européenne à travers les différents cours qui s'y prêtent, et de la sorte, favoriser l'esprit civique et les valeurs du pluralisme et de la tolérance auprès de nos élèves.

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Très bien.

Sou, kënne mer bei där Motioun par main levée…

Jo, den Här Minister Asselborn!

M. Jean Asselborn, *Vice-Premier Ministre.*- Ech mengen, déi Motioun ass am Sënn vun deem, wat jo och elo gesot ginn ass heibannen an der Chamber, wat d'Regierung och deelt, esou dass mer déi Motioun och kënnen an där Fassung hei matdroen.

M. le Président.- Voilà.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

Plusieurs voix.- Jo.

Vote

M. le Président.- Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun 1 ass domadder eestëmmeg ugeholl, Här Bausch.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, et misst een Eenzelnen awer e Crashcours ginn am Franséischen!

M. le Président.- Här Grethen, wéi ass Är Propositioun?

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, et misst een Eenzelnen, den Auteuren op d'mannst, e Crashcours am Franséische ginn.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Den Här Bausch hélt dat…

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Ech huelen dat zur Kenntnis. Ech wäert Är Motiounen an Zukunft och méi genau kucken, Här Grethen!

(Interruptions)

Ech sinn iwwerzeegt, ech fanne bei lech och franséisch Feeler.

Une voix.- Op alle Fall!

M. le Président.- Loosse mer elo net iwwert d'Form streiden. D'Haaptsaach ass, mir hunn de Contenu eestëmmeg akzeptéiert.

Da kéime mer zum nächste Punkt respektiv zum éischte Punkt vun eisem richtegen Ordre du jour, zum Projet de loi sur les contrats de garantie financière. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch an d'Madame Mutsch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert, ech géif lech bieden.

5. 5251 - Projet de loi sur les contrats de garantie financière portant

- transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière;

- modification du Code de commerce;

- modification de la loi du 1er août 2001 concernant la circulation de titres et d'autres instruments fongibles;

- modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1er du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières;

- abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension;

- abrogation de la loi du 1er août 2001 relative au transfert de propriété à titre de garantie

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5251 ass e Projet, dee wéinst senger Komplexitéit an och wéinst senger Technicitéit net vill Leit heibannen an och net dobausse wäert vum Stull rappen. Duerfir wäert ech mech och a mengem mëndleche Rapport zimlech kuerz faassen. Dir fannt alles wat wichteg ass an den Documents parlementaires an an dem Rapport vun der Kommissioun.

Dee Projet gesäit d'Transpositioun vun der europäescher Direktiv iwwert d'Finanzgarantie-Kontrakter an eis national Gesetzgebung vir. Dës Direktiv huet haaptsächlech als Zil, éischtens, déi juristesch Sécherheet vun de Garanties financières ze verstäerken; zweetens, d'Konditioune vun der Gëltegkeet vun de Garanties financières an d'Opposabilitéit besonnesch géintiwwer Drëttpersounen ze harmoniséieren; an drëttens, méi eng grouss Flexibilitéit am Gebrauch vun de Garanties financières ze erlaben an doduerch de Gebrauch ze vereinfachen, an dat besonnesch a grenziwwerschreidenden Transaktiounen.

D'Mechanismë vun de Garanties financières, besonnesch hir Effikassitéit an hir Verléisslechkeet, spillen eng wichteg Roll fir d'Sécherheet vun de Wirtschaftsopérateuren, ëmsou méi wou haut déi Transaktiounen op der Finanzplaz schnell vir sech ginn. Dofir mussen déi Garanties financières einfach si bei hirer Gestaltung, flexibel während hirem Bestoen a besonnesch effikass bei dem Schutz vun de Bénéficiairë géintiwwer anere Créancieren, besonnesch am Fall vun enger Procédure collective.

Well eis Finanzplaz esou eng wichteg Roll an eiser Wirtschaft duerstellt, ass dëse Projet och vun esou enger héijer Wichtegkeet fir eist Land. Mä zënter Jore schonn huet eise Gesetzgeber versicht, eis Gesetzer de Besoine vun der Finanzplaz unzepassen, esou datt eng Rei vun den Dispositioune vun där Direktiv schonn haut an eiser Gesetzgebung enthale sinn. Eis Gesetzgebung geet souguer a verschiddene Punkte méi wäit. Dësen Acquis vun enger méi strenger Ausleeung vun der Direktiv huet de Projet iwwerholl, fir d'Sécherheet vun den Opérateuren op eiser Finanzplaz ze festegen an esou d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz och fir auslännesch Investisseuren ze assuréieren.

Bis elo waren déi eenzel Dispositiounen iwwert d'Garanties financières bei eis a verschiddene Gesetzer niddergeschriwwen. De Projet regruppéiert an engem an an deemselwechte Gesetz sämtlech Dispositioune fir d'Garanties financières, wat eis Gesetzgebung méi transparent an hir Ausféierung méi sécher mécht.

Wat d'Sachkompetenz vum Projet betrëfft, esou bezitt de Projet sech op d'Garantiekontrakter vu sämtleche Créancen a Finanzinstrumenter, esou wéi de Contrat de gage, d'Operatioune vun engem Transfert de propriété à titre de garantie an d'Operatioune vun enger Mise en pension de biens.

Wat d'Persounekompetenz vum Projet ubelaangt, geet de Projet vill méi wäit wéi d'Direktiv, andeems datt en nieft den übleche Professionelle vum Finanzsecteur och déi kommerziell an Industriebetriber viséiert, déi en Accès op de Finanzmaart hunn, an dernieft och d'Pensiounsfonge souwéi d'Organismes de titrisation.

Wichteg Neierunge vum Projet leien, éischtens, an der Aféierung vun engem klore Régime juridique

iwwert de Gage vun engem ënnergeuerdnete Rang; zweetens, an dem Ofschafe vun der Obligatioun vun der Mise en demeure préalable bei der Realisatioun vun engem Gage; drëttens, an der Onofhängegkeet vun der Manéier vun der Realisatioun vum Gage, vu senger Natur; véiertens, an dem Ofschafe vun der Obligatioun, datt déi net cotéiert Wäertpabeiere bei der Realisatioun vum Gage musse versteet ginn; a fënneftens, wat ganz wichteg ass, an der Aféierung vun der Méiglechkeet vun enger Mise en gage vun de Gesellschaftspartë vun enger Société à responsabilité limitée.

D'Chambre de Commerce, de Statsrot an déi Europäesch Zentralbank hunn alleguer e positiven Avis zu dësem Projet ofginn. D'Chamberskommissioun huet souzesoen alle Remarquë vun deenen Avisë Rechnung gedroen a se an hir Amendementer zum Projet afléisse gelooss. De Statsrot huet och dës Amendementer positiv aviséiert, an d'Chamberskommissioun huet de Rapport eestëmmeg ugeholl a schléit och der Chamber vir, de Projet, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun, an ofschléissend wéilt ech besonnesch de Fonctionnairë vun der Commission de Surveillance du Secteur financier a vum Finanzministère, besonnesch dem Här Jean Guill, Direkter vum Tresor, villmools Merci soe fir seng Ënnerstëtzung bei der Analys vun dësem Gesetzesprojet, déi net einfach war.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Meisch.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt dem Här Haupert ze félicitéiere fir seng mëndlech Erklärungen, grad wéi fir säi schréftleche Rapport. Och d'Demokratesch Partei stëmmt dësem Projet de loi zou, mat deem jo déi Directive collatérale ëmgesat gëtt, wou mer vun der Geleeënheet och profitéiert hunn, fir dann een eenzegen Text ze kréien, wat elo d'Matière en contrats de garantie financière ubelaangt.

Datt mer do och méi Transparenz drakréien, datt mer wëssen, wou mer dat kënnen noliesen, datt mer eng ganz Rei vun Dispositiounen awer och hei bäibehalen hunn, déi iwwert den Text vun der Direktiv erausgaange sinn, datt mer also net zréckgaange sinn, an datt eben och elo fir eng ganz Rei vun Typë vu Contrats de garantie financière déiselwecht Regele gëllen, dat dréit sécherlech zur Transparenz an deem dote Secteur bäi.

Duerfir sinn dat eng Rei vun Argumenter - et géingen nach anerer ginn -, déi dozou féieren, datt d'Demokratesch Partei deem dote Projet de loi hir Zoustëmmung gëtt.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Dann d'lescht Riednerin, d'Madame Mutsch. Madame Lydia Mutsch!

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Här President, ech wéilt och am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur fir säin ausféierlechen a ganz prezise Rapport Merci soen a mech där résuméierter Unerkennung vum Virriedner uschléissen an domat och den Accord vun eiser Fraktioun mat op de Wee ginn.

M. le Président.- Voilà.

D'Regierung huet dann d'Wuert. Den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Jo, Här President, och Merci am Numm vun der Regierung fir den honorabelen Här Haupert an déi aner Kolleegen aus der zoustänneger Chamberskommissioun. Dat hei Gesetz muss ee gesinn zesumme mat deenen dräi, déi mer viru ganz kuerzem hei am Haus gestëmmt hunn, déi erëm eng Kéier de juristesche Kader ronderëm dës Finanzplaz verbesseren. Hei schafe mer méi Rechtssécherheet.

Et muss ee wëssen, datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg eng féierend Roll huet am Kontext vun de Garanties financières, an duerfir mengen ech ass et gutt, datt mer hei déi Direktiv transposéiert hunn, mä zugläich - an dat ass elo grad och ugeklongen - méi wäit gaange sinn an domadder eng Rei Operatioune besser ofsécheren, wéi dat op anere Finanzplazen ass. Duerfir ass dat hei e ganz klore Plus fir déi Finanzplaz an et ass gutt, dass dëst Gesetz nach konnt virum Summer an dëser Chamber zur Ofstëmmung kommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann direkt zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi iwwert de Bau vun engem Centre d'activités fir handicapéiert Leit zu Biissen. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Bettel, den Här Diederich, den Här Adam an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

Madame Frank, Dir hutt d'Wuert an d'Tribün ass fir Iech.

6. 5371 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre d'activités de jour avec atelier protégé pour personnes handicapées physiques à Bissen

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Gesetzesprojet 5371 erlaabt dem Stat en Opbau vun engen Centre d'activités de jour, mat engem Atelier protégé fir behënnert Leit, deen d'Fondation du Tricentenaire zu Biissen wëllt realiséieren an exploitéieren, mat ze finanzéieren. Dëse Projet sollt eigentlech schonn ufanks dës Joers gestëmmt ginn. Mä deemools war den definitive Programm vun de Servicer, déi ugebuede sollte ginn, nach net finaliséiert.

Op Wonsch vun der Familljeministesch ass an der Sitzung vum 17. November 2004 décidéiert ginn, de Projet de rapport zum virleiende Gesetzentworf nach net unzehuelen an ze waarden, ob d'Ännerungen Inzidenzen hätten op de Projet. Eréischt d'viregt Woch hu mer déi néideg Prezisioune kritt zu den organisatoreschen an architektoneschen Ëmännerungen. De Projet de rapport ass de 5. Juli an der Familljekommissioun unanime ugeholl ginn.

Am éischte Projet sollten d'Services de jour an den Atelier protégé gemëscht an op zwee Stäck sinn. Déi praktesch Ëmsetzung vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwer behënnert Leit huet eng Trennung vun dësen zwou Aktivitéite mat sech bruecht. D'Pläng hunn also missen iwwerschafft ginn. D'Ateliere sinn elo vergréissert ginn. Wann een d'Pläng kuckt, gesäit een, datt déi raimlech Organisatioun op eng horizontal an net méi vertikal Ënnerdeelung baséiert. D'Ofännerunge sinn an enker Kollaboratioun mat deene betraffene Ministèren ausgeschafft ginn.

Dëse Projet ass eng logesch Suite vum Gesetz vum 12. September 2003 fir behënnert Leit. Ech erënneren Iech drun, datt dat Gesetz ënner anerem e Mindestakommes fir Behënnerter agefouert huet, déi kenger Beruffstätegkeet nogoe kënnen. Dësen Text huet och d'Aarbecht am Kader vun engem Atelier protégé reglementéiert. Behënnerter, déi an engem Atelier protégé beschäftegt sinn, kruten de Statut vun engem Salarié unerkannt a mat alle Verflichtungen a Garantien, wéi zum Beispill d'Recht op eegent Gehalt.

Esou Moossname sinn noutwenneg fir d'Selbstbestëmmung an déi aktiv Participatioun vun eise behënnerte Bierger ze promouvéieren; d'Gesetz vun 2003 wat d'Weiche gesat huet, fir d'finanziell Onofhängegkeet an d'sozioökonomesch Ofsécherung vun deene Behënnerte ze promouvéieren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dee virleiende Gesetzesprojet setzt dës Objektiver, déi iwwregens um europäeschen Niveau zu Lissabon, wou den Europäesche Rot sech fir d'Integratioun fir all sozial schwaache Bierger ausgeschwat huet, festgehal gi sinn, an der Tat ëm. Et läit op der Hand, datt wa mir Wäert op d'Onofhängegkeet an d'Selbstverwierklechung vun de Behënnerte leeën, datt mir hinnen dann och mussen hëllefen a se begleeden an hir Famill ënnerstëtzen, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn eng Aarbecht ze kréien.

Wat ass d'Aufgab vun deem Atelier protégé? Mir wëssen, datt vill Behënnerter net kënnen um reguläre Aarbechtsmaart beschäftegt ginn. Anerer mussen als alleréischt un de gewéinlechen Aarbechtsmaart ugepasst ginn. Och dat ass d'Aufgab vun dem Atelier protégé. Vill Behënnerter, déi zum Beispill aus der Éducation différenciée erauskommen, brauchen intensiv Ënnerstëtzung, Guidance an Orientatioun.

Ech mengen op deem Wee muss nach Etleches verbessert ginn. Et muss een dobäi awer realistesch bleiwen a sech bewosst sinn, datt de Prozentsaz vun deene behënnerten Aarbechter, déi et fäerdeg brénge sech op deem gewéinlechen Aarbechtsmaart ze profiléieren, relativ niddereg ass, sou dass den Atelier protégé fir vill déi eenzeg Plaz ass wou si kënne beschäftegt ginn.

D'Aarbechtskonditiounen an deem Atelier protégé ginn un d'Besoine vun de Behënnerten adaptéiert. Den Atelier protégé, sou wéi en am Gesetzestext virgesinn ass, soll eng wirtschaftlech Produktiounsunitéit sinn am Sënn vum Gesetz vun 2003 an där de behënnerte Mënsch schafft a seng Capacitéiten unerkannt kritt. A Wierklechkeet wësse mer alleguerten, datt dat net esou einfach ass, deen ekonomesche Volet an der Realitéit ze garantéieren.

Den Atelier protégé, deen zu Biissen wäert entstoen, wäert virun allem sech an deene Secteuren usiedlen, déi sech duerch eng staark Valeur ajoutée kennzeechnen. Et ass geduecht, datt op där enger Säit d'Produktiounsaarbecht enger bestëmmter Nofro entgéintkomme wäert an op där anerer Säit d'Kreativitéit vun den Aarbechter soll förderen.

Nieft deem Atelier protégé gesäit d'Fondation du Tricentenaire vir, datt de Centre och verschidden Aktivitéiten dagsiwwer de Behënnerte soll ubidden. Dës Aktivitéite sollen, wéi den Atelier protégé, zum Bien-être vun deene betraffene Leit bäidroen.

Ech begréissen et, datt vill Wäert op den individuelle Programm geluecht gëtt. Et geet nämlech net duer héich usprochsvoll Infrastrukturen ze bauen. Mir brauche genuch an engagéiert qualifizéiert Personal. D'Programmer, d'Aktivitéiten, déi een deene behënnerte Leit an esou Strukturen ubitt, sollen och op déi jeeweileg individuell Besoinen an Aspiratioune von deene betraffene Leit geschnidde ginn. Eng modern Prise en charge vu Behënnerten ëmfaasst vill Aspekter, déi iwwert déi reng infrastrukturell Approche erausgeet. Dat ass och jiddefalls d'Ausso vun dem Direkter Christophe Lesuisse.

De Service d'activités de jour, deen nieft dem Atelier protégé entsteet, huet eng therapeutesch Vokatioun. Verschidden Aktivitéiten, mam Objektiv behënnert Leit ze ënnerstëtzen an ze beroden, ginn am Kader vun dëser therapeutescher Unitéit ugebueden, déi ee kann an zwee verschidden Ënneruitéiten opdeelen. Den Atelier thérapie an den Atelier thérapie-kiné. E Bain thérapeutique, e Snoezelensall, e Sall fir Physiotherapie, souwuel wéi en Turnsall, vervollstännegen déi infrastrukturell Offer.

An deem éischte Projet war virgesinn, datt eng Piscine thérapeutique sollt dohinner kommen. Dat ass awer net zréckbehale ginn, well mer wëssen, datt dat mat engem enorme Käschtenopwand verbonnen ass.

De Centre, deen eng Capacitéit vun 80 Plaze wäert hunn, dovunner 48 am Service thérapeutique an 32 am Atelier protégé, ass geduecht fir Leit mat mëttelschwéiere bis schwéieren Handicapen. Nieft dem Atelier production oder thérapie, sinn och eng Rei vu gemeinsame Raimlechkeete virgesinn, wéi eng Salle à manger, e Coiffeur, souguer eng Esthéticienne ass hei virgesinn. Ech begréissen och dës Iddi, well och si hunn d'Recht no hirer Aarbecht sech ze fleegen a sech schéin ze maachen.

Wat den urbanisteschen Aspekt ugeet, ass et ervirzehiewen, datt de Centre an der Zone artisanale a commerciale um Klengbusbierg zu Biissen gebaut gëtt. Et ass vill Wäert op d'Topographie vum Terrain geluecht ginn, deen iwwregens einfach zougänglech ass. E weidere Punkt, dee fir déi betraffe Parzell geschwat huet, ass d'Méiglechkeet, dass dës Parzell, sou wéi se läit, eventuell zukünfteg kann ausgebaut ginn.

D'Gebailechkeeten, déi aus dräi Deeler wäerte bestoen, ee Süd- an een Nordflügel, plus en Haaptgebai a Form vun engem Hallefkrees, integréiere sech gutt an dee ländleche Raum. D'Fassade vun de Gebailechkeete si gréisstendeels verglaast. Domadder ass eng optimal Luminositéit geséchert an erlaabt ënner anerem de Pensionnairen eng direkt Vue no baussen ze hunn.

Dës Elementer si wichteg Facteuren, déi och zum Wuelbefanne vun de Pensionnairen am Centre bäidroe wäerten. Den Accès zu dem Centre befënnt sech am Haaptgebai. En zweeten Accès ass awer nach virgesinn um Niveau vun der Glasgalerie, déi déi zwee Fligele matenee verbënnt. Dësen Zougank ass virun allem fir behënnert Leit mat reduzéierter Mobilitéit geduecht.

D'Gestioun vun der Energie wäert och maximal rationaliséiert ginn, wat fir effektiv méi en ëmweltfrëndlechen Energieverbrauch steet an doriwwer eraus och manner Käschte wäert bedeiten. De ganze Projet dréit sécher der nohalteger Entwécklung Rechnung, an déi technesch Installatiounen entsprieche souwuel den europäesche wéi och den nationalen Normen. A mir wëssen et alleguerten, datt mer mat all eisen Normen, déi mer hunn, horrend héich Käschtepunkte kréien, wou een och an Zukunft eng Kéier emol muss doriwwer nodenken.

Wat elo den Detail vum Projet ugeet, verweisen ech Iech op de Gesetzesprojet respektiv op d'Pläng.

Nach e puer Wierder zur Finanzéierung vum Centre, deen nom Père fondateur vun der Fondation du Tricentenaire, dem Här Chanoine Jean Heinisch, gebierteg vu Biissen, benannt wäert ginn. Ech fannen, datt dat ganz richteg a gutt esou ass, well den Här Jean Heinisch, deen hat d'Häerz op der richteger Plaz, an hien huet ganz, ganz ville behënnerte Leit a sengem Liewe vill a gutt Aarbecht geleescht. Dofir huet hien och den Numm vun deem Centre verdéngt!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice*.- Eng Parenthèse: D'Fondation du Tricentenaire zu Walfer ass zënter hirem Bestoen am Joer 1978 am Beräich vum Accueil fir behënnert Leit ganz aktiv. Déi wäertvoll Aarbecht, déi säit där Zäit vun deem ville Fleegepersonal geleescht ginn ass, huet och e grousse Merci verdéngt. Am Laf vun de Joren hu se hir Servicer ausgebaut. Zënter 1996 géréiert d'Fondatioun eng Residenz fir behënnert Erwuessener zu Heeschdref, déi ee Joer méi spéit, 1997, och Leit dagsiwwer opgeholl huet.

Vu datt d'Demande esou grouss war wat elo den Accueil de jour ugeet, sollt dësen Accueil an enger neier Struktur ausgebaut ginn. Eng éischt Konventioun tëschent der Fondatioun an dem Stat mam Objet, dës nei Struktur zu Heeschdref ze bauen, ass schonn am Juni 2001 ënnerschriwwe ginn. Mä aus techneschen a finanzielle Grënn ass de Site vun Heeschdref net zréckbehale ginn an duerch dee vu Biissen ersat ginn.

Op deem Punkt ass ervirzehiewen, datt de Statsrot sech freet, ob dësen neie Site awer net riskéiert am Endeffekt méi deier ze gi wéinst der geographescher Lag an deenen domadder verbonnene méi héijen Transportkäschten. Dës Kritik huet awer d'Kommissioun net gedeelt. D'Pensionnairë vum Centre zu Biissen wäerten net aus der Stad an och net aus dem Minett kommen. Ech denken, datt si

méi aus der Regioun vum Norde wäerten dohinner kommen.

Well, mir wëssen et alleguerten, datt eng grouss Nofro am Norde besteet, an haut scho ganz vill Leit 30 bis 40 km musse fueren, fir an engem Atelier protégé oder an engem Centre d'accueil de jour am Dag kënne betreit ze ginn. An ech mengen, wann d'Nordstreck emol fäerdeg ass, wäert dat sécher och e positiven Effekt hunn.

No dem Avenant vum 4. November 2003 soll de Stat also 80% vun de Konstruktiounskäschten, déi sech op ronn 13,7 Milliounen Euro belafen, droen. Dat mécht ronn 10,7 Milliounen Euro aus, wann ee sech op dee leschte bekannten Index bezitt. Déi aner 20% vun de Käschte gi vun der Fondation du Tricentenaire iwwerholl. Ech kann och nach ervirhiewen, datt de Regierungsrot déi staatlech Participatioun op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz décidéiert huet, an datt dee virleiende Bauprojet engem urgenten, nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir behënnert Leit entsprécht.

Nach e Wuert wat den Detail zum Bail emphytéotique ugeet. De Statsrot huet regrettéiert, datt de Bail net am Dossier louch, an huet op Problemer higewisen, déi kéinten optauchen, wann de Maître de l'ouvrage net d'Garantie hätt, den Terrain, op deen de Centre gebaut gëtt, ze besëtzen. Mä ech weess awer, datt d'Gemeng eng gutt Relatioun mat dem Centre huet, an datt si och den 12.10.2004 e Certificat ausgestallt huet, wou si dem Centre deen Terrain gratis zur Verfügung stellt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Projet de loi ass e weidert Beispill vun integrativer Behënnertepolitik, wou de behënnerte Mënsch, seng perséinlech Entfalung a seng gesellschaftlech Integratioun am Mëttelpunkt stinn. Zil ass et, esou vill wéi méiglech behënnert Matmënschen an d'Beruffswelt ze integréieren an déi psychologesch Barrièren nohalteg ze bekämpfen. Ech wier frou, wa jiddfereen haut heibannen dësem Projet de loi géing zoustëmmen, a ginn domadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Dann ass als éischte Riedner ageschriwwen den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt dann och d'Tribün.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech soen Iech Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech der Madame Frank Merci soe fir hire Rapport, dee si hei virun eis gehalen huet.

Op verschiddene Punkte kann een eens sinn oder net. Wann de Conseil d'État seet, zum Beispill, dass et, well et zu Biissen ass an net zu Steesel, wéi am Ufank geplangt war, vläicht kéint méi deier ginn, do steet am Rapport, dat wier vläicht net wouer, well eben net bewise gi wier, dass déi meescht Leit aus der Stad oder aus dem Bassin minier géife kommen.

Et ass awer eng Tatsaach, dass am Bassin minier an am Zentrum, dat heescht ënner Biissen, méi Leit wunne wéi iwwer Biissen, dat ass geographesch bedéngt, et steet am Rapport. Mä do kann ee vläicht dem Conseil d'État net direkt d'Kritik verwerfen a soen, hien hätt do Onrecht, mä ech mengen, mir sinn elo net do fir ze kucken, wou a wéi a fir do e puer Suen ze spueren, wann et drëms geet, fir 80 Plazen ze kreéiere fir handicapéiert Leit.

De Projet ass selbstverständlech ganz interessant, well et éischtens eng Méiglechkeet gëtt fir déi handicapéiert Leit ze schaffen, eng Schaff ze kréien, en Atelier protégé an en Encadrement ze hunn, déi adequat sinn an déi immens personaliséiert sinn. Et ass net esou, dass do déi 80 Leit keen hunn, dee sech ëm si bekëmmert, mä au contraire, et gëtt eng ganz Equipe vu Leit, déi do sinn an déi mat deene verschiddene Moyenen, déi se hunn, sech ëm si bekëmmeren. Ech hu virdru scho gefrot, d'Dagestherapie zum Beispill an eng ganz Rëtsch vu Saachen, déi nach net an engem Text stoungen, déi hei applizéiert ginn.

Et kéint ee sech och d'Fro stellen, d'Rapportrice sot virdrun, et ass och e Coiffer an eng Esthéticienne do, an dat ass flott fir déi Leit, déi do sinn. Selbstverständlech mengen ech och, dass et flott ass fir déi Leit vu Biissen, dass e Coiffersalon an esou enger Installatioun do ass. E wäert jo net zou si fir déi Leit, déi net an der Gemeng wunnen. Dat heescht et wäert och e Va-et-vient an deem Centre sinn. Ech mengen et ass ganz wichteg fir déi Leit, déi do sinn, fir déi handicapéiert Leit, och Kontakter ze kréien.

Mir hate jo zum Beispill schonn e Centre hei gestëmmt, wou mer eng Crèche, wou mer Kanner haten, an ech mengen, dass et ganz wichteg ass, deene Leit, déi do an deene Centrë sinn, d'Méiglechkeet ze ginn, och Leit ze gesinn, a Kontakt ze kommen, ob dat elo mat Kanner ass, wéi mer dat an deem Text haten, deen d'Madame Ministesch eis scho stëmme gedinn huet, op jidde Fall deen elo realiséiert gëtt, oder ob dat elo haut ass mat Installatiounen, déi och fir d'Leit vu baussen do sinn, wou och dann e Passage do ass, a wou een da vläicht eng Frëndschaft oder op jidde Fall e Kontakt mat der Bausewelt ka kréien.

Deen heiten Text, wéi gesot, ass ganz wichteg. Ech erlabe mer, Madame Ministesch, an Dir wësst et, et ass eng éternel Leier, ech hat et och schonn an der Kommissioun gesot, dofir erlaabt mer, dass ech et hei nach eng Kéier soen: Ech si ganz frou, dass mer ganz vill fir déi handicapéiert Leit maachen. Ech mengen et soll ee ganz vill hëllefen, esou vill wéi ee kann. Et soll een och ganz vill fir déi eeler Leit maachen - do maache mer jo och ganz vill. Mir hu jo regelméisseg e Centre fir Personnes âgées hei.

Mä et wier wichteg, och eppes fir déi Jonk ze maachen, Madame Minister. Ech hunn et schonn e puermol gesot, dofir kennen ech och schonn Är Äntwert, mä ob et net méiglech ass, Struktursplazen ze hu fir jonk Leit, déi op der Strooss sinn. Ech hunn Iech eng Question parlementaire elo gestallt, och iwwert d'Fuguen. Et wier och wichteg, dass mer hei eng Kéier eng Debatt hätten iwwert d'Situatioun vu jonke Leit, iwwer Strukture fir déi jonk Leit.

Ech schwätzen elo net vu Centres de vacances. Et geet net hei ëm Tourismus oder ëm déi Leit, deenen et gutt geet, mä et muss een och eng Kéier no deene jonke Leit kucken, deenen et net gutt geet, wat mer vu Strukturen hu fir déi, ob dat jonk Toxicoe sinn, ob dat jonk Leit sinn, déi op der Strooss sinn, jonk Leit, déi Problemer hu mat Medikamenter, oder jonk Leit, déi sexuell abuséiert gi sinn an op déi falsch Plazen herno placéiert ginn.

Op jidde Fall, mat där klenger Ouverture zur Debatt, fir en anert Thema unzepaken, well ech einfach mengen, dass et e wichtegt Thema wier, wäert ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem heite Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Dann ass ageschriwwen den Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Tribün.

M. Fernand Diederich *(LSAP)*.- Här President, Madame Minister, Merci fir d'éischt emol der Rapportrice fir de Projet, fir de Rapport, deen si gemaach huet. Erlaabt mer méi kuerz ze sinn. Ech wëll just op zwee Punkten agoen.

Un dëse Projet de loi N°5371 gi mer als Deputéiert mat gréisserer Sensibilitéit erun, wéi wa mer e Projet solle stëmmen, wou et ëm Stroossen oder ëm Brécke geet, déi och zwar wichteg sinn, mä awer net déi mënschlech Dimensioun opweise wéi mer se hei virfannen, wou et direkt ëm Mënsche geet, a besonnesch ëm Mënschen, déi dagdeeglech mat engem Handicap musse liewen an op d'Hëllef an d'Solidaritéit vun der Gesellschaft a vun der Politik mussen ziele kënnen.

Duerfir si mer frou, datt mat dësem Projet modern, adequat Infrastrukture geschafe ginn, wou an engem individualiséierte Programm, mat Hëllef vun engem qualifizéierte Personal, deenen eenzelne Leit, nom relativen Niveau vun hirer Ofhängegkeet, dee beschtméiglechen Encadrement kann offréiert ginn.

Niewent dësem Center fir Dagesaktivitéiten, kënnen déi behënnert Leit awer och an engem Atelier protégé enger wirtschaftlecher Aktivitéit nogoen. Si hunn am Sënn vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwert déi handicapéiert Persounen de Statut vum Salarié. Dës Beschäftegung erlaabt et hinnen, sech ze engagéieren, Dag fir Dag Efforten ze maachen, sech selwer duerch de Prozess vun der Aarbecht wéi och duerch dat hiergestallt Endprodukt ze realiséieren, doniewent awer och zäitweis enger méi kreativer Beschäftegung nozegoen.

Frou sinn ech, datt bei dësem Projet dem Prinzip vun der Dezentralisatioun Rechnung gedroe gouf an datt net nëmmen Infrastrukturen, wéi d'Superdreckskëscht a Bauschuttdeponien dezentral ugesiedelt ginn, well se anerwäerts keng Akzeptanz fannen.

De Site Biissen läit an der neier Regioun vum Aménagement du territoire, déi heescht Centre-Nord, direkt un der N7, no beim Contournement, esou datt och keng Problemer sinn, fir dee Site ganz gutt un d'Verkéiersnetz unzebannen. Vill Leit kommen och bestëmmt aus der Regioun Nordstad - Ettelbréck, Dikrech a Miersch -, esou dass déi Bedenke vum Conseil d'État mengen ech awer net deementspriechend kënnen zréckbehale ginn.

Um Schluss wëll ech soen, datt mer dëse Projet begréissen, an ech wëll heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Dann ass den Här Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt soen ech der Madame Frank Merci, déi ganz ausféierlech war an hirem Rapport. Esou ausféierlech, datt ech am Fong geholl net méi vill bäidroe wëll.

Dass hei e Centre d'activités de jour mat Atelier protégé fir Mënsche mat engem kierperlechen Handicap oder mat multiple Behënnerunge gebaut gëtt, an dat zu Biissen, ass eng gutt Saach. Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dëse Projet och. Mir kréien hei déi néideg Infrastruktur, fir 80 Leit opzehuelen.

Zu deenen zwou Bemierkunge vum Statsrot wëll ech als ale Biissener soen: Biissen läit net um Enn vun der Welt, mä zimlech zentral am Lëtzbuerger Land. An ech mengen, datt et do absolut keng Schwieregkeeten dierft ginn, fir och fir d'Leit accessibel ze sinn.

An déi zweet Saach, wat de Bail emphytéotique oder den Droit de superficie ugeet, do ass et esou, d'Gemeng Biissen waart am Fong geholl just drop, datt mir dee Projet hei stëmmen, an dann dierft dat ouni Problemer an d'Rei goen.

E lescht Wuert nach vläicht zum Jean Heinisch, deen 1998 gestuerwen ass an och zu Biissen begruewen ass. Dat ass effektiv dann e Biisser Jong, deen aus enger industrieller Famill komm ass; si haten eng Seeërei. En huet als Kaploun, Paschtouer, duerno als Dechen an der Stad Lëtzebuerg gewierkt. E war Matbegrënner net nëmme vun der Fondation Tricentenaire, mä och vun der Fondation Maison de la porte ouverte. An ech fannen dat am Fong geholl ganz flott, datt dann deen Center zu Biissen eben och den Numm vum Här Heinisch kritt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech géif mengen, no all deenen Explikatiounen, déi hei scho gemaach goufen, kënne mir och vun eiser Säit aus nëmmen d'Zoustëmmung zu dësem Projet ginn. Ech géif mengen, all Invest an de Mënsch ass ee wichtegen Invest an deem kann een nëmmen zoustëmmen, an duerfir ass dat heiten och e gudde Projet.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madame Minister Marie-Josée Jacobs, wann ech gelift.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här President. Ech géif fir d'éischt och wëllen der Rapportrice, der Madame Marie-Josée Frank, villmools Merci soen. Si huet dat wierklech hei esou explizit gemaach, datt ech, gradesou wéi d'Kolleegen, déi virausser hei geschwat hunn, dat ganz kuerz ka maachen. Ech géing vläicht just wëllen ee Wuert soen och iwwer Biissen.

Dir verdenkt mer näischt, datt mer awer e liicht Lächeln iwwert d'Gesiicht geet, wa Biissen elo op eemol um Enn vun der Welt géing leien. Ech fanne jo nach ëmmer, datt Maarnech matzen am Zentrum vun der Welt läit. Da ka Biissen awer net esou aus der Welt sinn.

Dofir mengen ech, dat muss een och wëssen, datt awer och am Moment eng ganz Partie Infrastukturen och ewell am Minett bestinn. Et ass also och méi richteg, fir e bëssel chen ze dezentraliséieren a fir domadder e bësse méi an d'Mëtt vum Lëtzebuerger Land ze goen, fir datt och déi Leit, déi vun do kommen, och wann et der manner sinn, dann awer och d'Méiglechkeet hunn, net musse vun enger Säit op déi aner gefouert ze ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech géing mech och wëllen deene Mercien uschléissen, sougutt vis-à-vis vun der Aarbecht, déi am Tricentenaire gemaach gëtt, mä awer och vis-à-vis vun der Gemeng Biissen, déi wierklech mustergülteg an där heiter Fro ass. Et ass och haut nach net an alle Gemengen automatesch esou, datt an d'Hänn geklatscht gëtt, wann een dohinner kënnt a seet, mir wëllen eppes do maache fir Behënnerter. Si sinn nach méi wäit gaangen, fir och nach do deen Terrain an der Emphytéose zur Verfügung ze stellen, mat symboleschen Euroen, déi se do kréien.

An ech géing och wëllen déi Aarbecht, déi de Claude Adam hei ervirgestrach huet, vum Här Heinisch éieren. Ech weess net, wee vun lech den Här Heinisch nach kannt huet, mä eng Kéier am Joer ass en, an der Zäit, bei mech komm an en hat ëmmer nei Iddien, en hat ëmmer nach iergendwou aarm Leit, déi e fonnt hat, fir déi en eppes wollt maachen. Ech denken, datt et och schéin ass, fir dee Mann heimadder ze éieren an dat och hei ze soen.

Ech si selbstverständlech och der Chamber dankbar, wa se haut dee Projet hei stëmmt. Et geet drëm, fir fir 80 Leit, déi behënnert sinn, entweder an den Atelieren eng Aarbechtsplaz ze fannen oder awer dann an enger Structure de jour; fir och deene Gesetzer Rechnung ze droen, déi mer an där leschter Regierung hei gestëmmt haten. Wou et eng Kéier drëm gaangen ass, fir en Akommes ze schafe fir déi Leit entweder, déi um fräie Maart schaffen oder awer an engem Atelier thérapeutique, oder awer deenen, déi eben d'Méiglechkeet net hunn, opgrond vun hirem Handicap, datt se an engem Centre de jour sinn, an elo do d'Méiglechkeet kréien, fir e Revenu de remplacement ze kréien an der Héicht vum RMG.

Wann een déi eng Gesetzer stëmmt, da muss een och kucken, datt déi aner nokommen, well soss gëtt dat kee Sënn.

Esou eng Kommissioun, wéi mir se hei einfach wëllen octroyéieren, an och dann nach wëllen octroyéieren, wien dann do däerf dran a wien net do dran däerf, ech mengen, dat kann net fonctionnéieren. An all Gemengekommissiounen, déi am gudde Glaf vun de Gemengepappen oder -mammen dohinner gesat ginn, dat si konsultativ Kommissiounen, déi d'Gemenge beroden. An och wa mer géifen eng gesetzlech Kommissioun hei schafen, esou wéi se hei steet, dann hätt se nach ëmmer nëmmen e konsultative Charakter, dat heescht, si wär ëmmer nach nëmmen do fir d'Gemengen ze beroden, se kënnt also net méi maache wéi eng aner Kommissioun.

Also schéngt et mer sënnlos ze sinn, hei elo iergendenger Kommissioun e gesetzleche Kader ze ginn, iwwer aner Kommissiounen ze setzen; sou wéi de Statsrot och a sengem Avis gesot huet, déi gradesou wichteg sinn, wéi Finanzkommissiounen oder wéi aner Kommissiounen. Dat heescht also, et huet kee Sënn hei enger Kommissioun e gesetzleche Kader ze ginn, déi net méi Pouvoir huet wéi all déi aner konsultativ Kommissiounen, dat heescht e konsultative Charakter.

(Interruption)

D'Auslännerkommissioun ass vum Gesetz hier festgeluecht. D'Mietkommissioun ass och vum Gesetz hier festgeluecht.

(Interruption)

Mä do ass awer net dra festgeluecht, dass esou vill Prozent Männer oder Frae mussen dra sinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Ma da reizt och net ëmmer den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- An der Auslännerkommissioun ass just eng Paritéit zwësche Lëtzebuerger an Auslänner an net zwësche Männer a Frae festgeluecht. Dat schéngt mer awer logesch ze sinn. Et ass awer net festgeluecht wéi vill Männer a Fraen, dass mussen do dra sinn. Dir kënnt awer net hei Äppel mat Bire vergläichen. Also, ech soen lech just,…

(Interruptions)

M. le Président.- Wann ech gelift.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- …egal wéi et ass, d'Fraen oder d'Männer, egal ween et ass, musse fräi Wiel behalen, wat se wëlle maachen an a wat fir eng Richtung, dass et geet. Ech kann nëmmen un e Spréchwuert erënneren: „Et kann een e Kaméil bis bei d'Waasser féieren, mä drénke muss et selwer."

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien, excellent.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Voilà. Merci, Här Jaerling. Dann huet nach d'Wuert d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen der Madame Dagmar Reuter-Angelsberg Merci soen, déi sech zu hirer Zäit als Deputéiert hei déi Aarbecht gemaach huet fir eng Proposition de loi op den Instanzewee ze ginn, an och selbstverständlech mech de Félicitatiounen uschléisse fir de Rapport vun der Madame Loschetter, déi deen elo am Numm vun der grénger Fraktioun gemaach huet, an dann denken ech sécher och am Numm vun der Madame Reuter-Angelsberg.

Dës an déi viregt Regierung - den Här Grethen huet dat elo grad gesot - geet net op de Wee vun der obligatorescher Aféierung vun esou enger Kommissioun. Ech géing och wëllen hei ervirhiewen, den Här Grethen hat gefrot, wéi dat mat deene Féminisatioune vun den Nimm do wier, an ech géing mer eng Freed doraus maachen, dem Här Grethen e Guide zoukommen ze loossen, deen hei zu Lëtzebuerg erauskomm ass - ewell méi laang, et ass ewell déi zweet oder déi drëtt Oplag, déi besteet - a wou déi verschidden Nimm a Fonctiounen drastinn. Ech sinn awer och ganz frou, datt den Här Grethen, als Fraktiounschef vun der DP, an där Kommissioun do dran ass. Et ass och wichteg…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Nëmme fir deen Aspekt.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Nëmme fir den Aspekt vun der Egalitéit zwësche Männer a Fraen.

Et ass wichteg, datt och Männer op deene Plazen do sinn an net nëmme Fraen, sou wéi ech och frou sinn, datt sou vill Kolleegen den Owend hei sinn, fir dëser Debatt bäizewunnen, dat ass alles den éischte Wee bei der Ënnerstëtzung vun de Fraen, fir dat dann alles fäerdeg ze kréien, wat mer eis wënschen.

Mir hunn de 5. Juli eng Circulaire virgestallt, déi mir, den Innenminister, de President vum Syvicol an ech selwer, de Gemenge geschéckt hunn - iwwregens och op Wonsch vun der Kommissioun - a wou och gefrot ginn ass, datt déi eenzel Buergermeeschteren deenen neie Kandidate sollen déi Circulaire zur Verfügung stellen.

Mir hunn domadder awer net ugefaangen. Ech wëll just soen, datt 1995 de Conseil national des Femmes - déi jo de Mëtten an der Chamber ware fir nach eng Kéier hir Revendicatiounen ze ënnersträichen am Kader vum drëtten europäesche Programm fir Chancëgläichheet vu Fraen a Männer a fir de Projet politique et communal à l'égalité des chances ze lancéieren - ënnerstëtzt ginn ass vum Ministère du Travail, vum Syvicol a vun deem nei geschafenen deemolege Ministère vun der Promotion féminine. Dat ass jo ëmmer eng Fro, ob een e Glas hallef voll oder hallef eidel gesäit.

Mir hate Succès an deene leschten zéng Joer, wann ech bedenken dass mer 2005 74 Chancëgläichheetsdelegéierten haten, 41 Kommissiounen an de Gemengen an och aacht Servicer an de Gemenge Beetebuerg, Suessem, Esch, Déifferdeng, Diddeleng a Schëffleng. An och zwee regional Servicer, déi am Kader vun dem Leader fonctionnéieren, eng Kéier d'Genderhaus zu Réiden an och eng Kéier de Mouvement pour l'égalité des femmes et des hommes am Osten. Ech hoffe just, datt déi Servicer och iwwert déi Leader-Programmer eraus bestoe bleiwen an net erëm verschwannen, wann eng Kéier déi Gelder do net méi vun Europa zur Verfügung stinn.

Selbstverständlech mussen déi Campagnen an Informatiounsversammlungen, déi d'Delegéierten ënnerstëtzen, och vum Conseil national des Femmes virugefouert ginn, wou semestriel, regional Réunioune gemaach ginn, wou Austausch vun Erfahrung a vu Wësse gemaach gëtt a wou och déi nei Delegéierten dohinner kënne kommen. An ech ginn awer gären zou, datt de Prozentsaz vun 10 op 15%, net terribel grouss war an ech géing wierklech hoffen, datt en dës Kéier vu 15 wéinstens op 30% géing eropgoe bei deenen nächste Gemengewahlen, ouni datt ech mer awer do allze vill Illusioune maachen.

De Conseil national des Femmes huet och e Réseau zwëschent deene professionelle Servicer an d'Liewe geruff, an zënter 1997 besteet fir de Service à la politique communale d'égalité des hommes et des femmes eng Konventioun zwëschent dem Ministère an dem Conseil national. Dës Servicer ginn de Gemengen technesch Hëllef beim Plange vun neie Strukturen an och vun Aktivitéiten, an ech denken och, datt si hëllefen, deen Gender mainstreaming och ëmzesetzen.

D'Regierung selwer hat de 27. Mee ugeholl, datt mer an all Ministère eng Genderkompetenzzell aféieren a mir wäerten och e Plan d'égalité fir Fraen a Männer hei an der Chamber virleeën, dee selbstverständlech och mat den ONGen an och mat dem Comité du travail féminin vervollstännegt gëtt.

Mir mussen 2006 erëm eng Kéier bei d'UNO goe fir eise fënnefte Rapport Seda virzestellen an ech géing wierklech en eindringlechen Appel un d'Chamber maache fir eis ze hëllefen, net nach eng Kéier mussen erklären ze goen, mir hätten nach ëmmer eis Verfassung net ëmgesat, wat Egalitéit zwëschent Männer a Frae géing ubelaangen an datt mer och beim Gesetz iwwert den Numm vun de Kanner kënnte soen, och dat hätte mer aus der Welt geschaf. Da géinge mer als Lëtzebuerger Land e bëssel chen e bessert Bild maachen, wéi datt ech fir d'drëtte Kéier dohinner kommen an erklären, mir maachen dat elo direkt an dat kënnt elo, an an zwee Joer steet erëm deeselwechten do a seet erëm eng Kéier, mir sinn net esou wäit, also ech wier lech ganz dankbar, wann Dir mech dobäi géingt ënnerstëtzen.

Une voix.- Mir ënnerstëtzen lech.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Merci villmools.

Fir awer op de Gemengenniveau zréckzekommen ass et och kloer, datt mat dem INAP - an duerfir ass et och gutt, datt de Minister vun der Fonction publique hei ass - genügend Formatiounen ugebuede ginn, och fir an de Gemengen den Gender mainstreaming als Aarbechtsmethod unzegesinn an och alle Fonctionnairen dat ze vermëttelen.

Une voix.- Dat gëtt schwiereg!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Dat bedeit, datt mer kucke wéi d'Gesetzer an d'Reglementer sech auswierken op Männer an op Fraen, ob se sech d'selwecht auswierken oder aneschters auswierken, Projeten a Programmen ënnersichen op hir ënnerschiddlech Auswierkung op déi zwee Geschlechter, fir wann Differenzen do wieren deem dann do entgéintzewierken an och datt ee soll kucken an der Duerstellung an de Publikatiounen, datt een do och gesäit, wou d'Männer a wou d'Fraen do dra sinn.

Wichteg sinn awer selbstverständlech och d'Statistiken. An ech war eigentlech verwonnert, wéi dës Kéier d'Leit esou erstaunt waren, a gesot gouf, hei d'Meedercher hu besser ofgeschnidden am Premièresexamen.

Fir déi, déi sech ewell e bësse méi laang dorëm gekëmmert haten, war dat eigentlech keng grouss Neiegkeet,…

(Interruption)

…mä et ware mol Statistiken, déi doriwwer komm sinn an et ass awer heiansdo gutt, wann een dat dann och ka beleeën. An trotzdeem, datt d'Meedercher ewell méi laang besser Resultater hunn, Madame Brasseur, stelle mer awer fest, datt mer se an der Ekonomie awer nach ëmmer net op deenen héchste Plazen a genügendem Mooss virfannen. Esou datt mer denken, datt mer och do déi Efforten, déi mer gemaach hunn, och an Zukunft musse viruféieren.

Mir haten elo hei d'Diskussioun iwwert den Genderbudget, an ech mengen och dat ass deen, dee wahrscheinlech am schwéiersten ëmzesetzen ass, an och do si mer amgaangen ze kucke fir Coursen ze organiséieren, fir datt och d'Leit esou gutt beim Stat, wéi och an de Gemengen, wësse wéi se sech do mussen organiséieren an no wat se do musse kucken; an am Oktober/November ginn déi éischt Coursen doriwwer och ofgehalen.

D'Objektiver vun där Circulaire, déi mer geschéckt hunn, ware selbstverständlech d'Ëmsetze fir Chancëgläichheet a Gläichstellung vu Fraen a Männer, déi selbstverständlech net soll Gläichmaacherei sinn, Här Grethen, an Dir kennt mech gutt genuch fir ze wëssen, datt ech dee Leschte wier, deen d'selwecht wëllt si wéi…

(Interruption)

Ech weess dat, ech weess dat.

…ee Mann. Ma Dir hat gesot, Dir wiert géint d'Gläichmaacherei, ech si selbstverständlech och géint d'Gläichmaacherei, well mer géingen eis selwer ganz villes ewechhuelen, wa mer alleguerten d'selwecht wieren, also dat wëlle mer sécher net.

(Interruptions et hilarité)

Responsabilitéit awer selbstverständlech och op dem lokalen Niveau an do hunn och déi lokal Responsabel eng Aufgab ze maachen. Si stinn am enke Kontakt mat de Gemengen an der Populatioun a se hunn en direkten Afloss op dat alldeeglecht Liewe vun de Leit. Si schafen d'Rahmebedingunge fir ze bauen, fir d'Schoulen, d'Schoulweeër, de Schoultransport, mä awer och d'Veräinsliewen an d'Sécherheet.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Si beaflossen d'Transportverbindungen, d'Schafe vu Servicer fir Kanner, Jugendlecher an och fir eeler Leit, an och do geet et dorëms fir ze kucken, ob déi richteg Auswierkungen esou gutt fir Frae wéi fir Männer do sinn. Männer a Frae ginn aneschters a sinn aneschters sozialiséiert. Si hunn aner Rollen. Si kréien och anerer vun eiser Gesellschaft zougeduecht. Trotzdeem gesi mer, datt dat awer och ëmmer erëm changéiert.

Wichteg ass, datt an der Gemeng selwer de Schäffen- an de Gemengerot an der Deklaratioun d'Chancëgläichheet zwësche Männer a Fraen aschreiwen. Dofir hu mer och gemengt, dat wier e gudde Moment, fir elo dorobber opmierksam ze maachen. Ech hunn déi Iddi vum Här Klein eng gutt fonnt, fir ze soen, et wier wichteg, datt net een eenzege Chancëgläichheetsdelegéierten a sämtleche Kommissioune wier - ech verstinn och, dass dat net méiglech ass -, mä déi Leit, déi an der Kommissioun do dra wieren, datt och een, net wéi gesot ëmmer deeselwechten, mä een awer och kënnt an déi aner Kommissioun lauschtere goen, fir domadder och d'Informatioun ze kréien, wat do geschitt, mä awer och, fir d'Informatiounen do virunzeginn.

D'Schafe vun engem Service professionnel Berodung bedeit och professionell Berodung fir de Schäffen- an de Gemengerot an d'Analys vun der Situatioun vun de Fraen a vun de Männer an der Verwaltung, mä och an der ganzer Gemeng an duerno en Aarbechtsplang fir d'Verwaltung an och déi ganz Gemeng.

Mir hunn esou ee Pilotprojet de Moment an der Gemeng Péiteng an do hu mer e Questionnaire standard erausginn, fir d'Situatioun an d'Besoine vum Personal ze kennen. Eng Offer vu Coursen iwwert d'Grondkenntnisser vun der Gläichstellungspolitik ass wichteg fir d'Gemengepersonal, well si jo e Multiplicateur sinn op dem Terrain. Mä awer och Offere vu Coursë fir spezifesch Besoine si wichteg, an hei hu mer vun der Gemeng Péiteng gesot, datt dat besonnesch fir d'Kommunikatioun gëllt, an do hu mer eng éischt Etapp gemaach mat Formatioune fir d'Beamten, eng zweet fir d'Aarbechter, déi am September ugeet, an déi drëtt Etapp wäert no de Wahle virugefouert ginn. Déi Circulaire gëtt de Gemengen Unhaltspunkter.

Dat, wat alles an deene leschte Jore gemaach ginn ass, steet an de Broschüre vum Conseil national des Femmes, an international Beispiller gëtt et och iwwert den CCRE, wat dem Syvicol seng europäesch Aarbechtsgrupp ass. Ech denken, datt een och muss gesinn an enger Gemeng, datt niewent dem Fait, datt et an der Schäfferotserklärung dran ass, och wichteg ass, datt verschidde Plazen ontypesch besat ginn, zum Beispill mat Gäertnerinnen, mat Ingenieurinnen, mat engem Telefonist oder mat engem Botzmann, datt ee geziilt Männer…

M. le Président.- Madame Minister, Dir musst esou lues zum Schluss kommen, Är Zäit ass eriwwer.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Ech halen direkt op, Här President.

D'Gemeng schreift geziilt Fraen a Männer an de Circulairen an och an de Bréiwer un, oder fördert d'Gläichstellung doduerch, datt se Plazen no bekannte Fraen nennt. Ech denken och, datt et wichteg ass, bei allem, wat mat dem Bauen ze dinn huet, och do déi ënnerschiddlech Besoine vu Fraen a Männer ze gesinn, wéi familljefrëndlech Stroossen, Spillplazen, Rouzonen, Akafsméiglechkeeten an esou virun.

Ech muss mech tommelen, well den Här President seet mer, ech hätt keng Zäit méi.

Ech denken, dass och d'Maisons relais e wichtege Punkt doranner sinn, well et ass ee wichtegen Deel, an och dat ass hei ervirgehuewe ginn, wa mer gären hätten, datt Leit kënnen a Famillje kommen, décidéiere wéi se hiert Liewen organiséieren, da musse genügend Structures d'accueil do sinn, déi flexibel genuch sinn, fir dass och d'Eltere kënnen hirer Aarbecht nogoen.

Op där anerer Säit gëtt et awer och ze kucken, wéi déi nei Liewensverhältnisser sinn, ze kucken zum Beispill, wa während dem Dag d'Familljen net méi doheem sinn, well se schaffe ginn, da muss een och kucken, datt d'Gemengeservicer méi laang op sinn. Et muss een och kucken, datt een owes zum Beispill, wann de Bus kënnt, een deem och ka soen: „Hei hal bei menger Dier stall, aus Sécherheetsgrënn, net dass ech muss bis op deen nächsten Arrêt fueren."

Et gëtt also ganz vill praktesch Moossnamen, déi een och ka maachen, fir de Leit, de Bierger an de Biergerinnen domadder hiert Liewe méi liicht ze maachen. Et ass also net nëmmen eng theoretesch Diskussioun, déi mer hei féieren, mä eng ganz praktesch. Ech hoffen op jiddfer Fall, datt, wa mer eis am Oktober hei erëm gesinn an d'Gemengewahlen eriwwer sinn, en anert Bild an eise Gemengen ass wéi dat vun de 15% vu Fraen, déi bis elo do mat dobäi waren.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domadder ass dëse Punkt ofgeschloss. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5254 iwwert d'Kennzeechnung vu geféierleche Preparater. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Ali Kaes.

8. 5254 - Projet de loi relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, dee mer haut den Nomëtteg hei an der Chamber wäerten ofstëmmen, huet u sech keng grouss politesch Bedeitung, wat awer net wëllt heeschen, datt et en onwichtegen Text ass.

Dëse Projet betrëfft eng Matière, déi eng grouss Wichtegkeet huet, speziell fir déi Leit, déi mat geféierleche Substanzen a Produkter respektiv Preparatioune musse schaffen oder dagdeeglech domadder mussen ëmgoen.

Chemesch Produkter, Dir Dammen an Dir Hären, sinn an eisem Alldag omnipresent, well mir gräife praktesch all Dag op esou chemesch Preparater zréck. Och wann net all Preparatioune geféierlech si fir de Mënsch respektiv fir d'Ëmwelt, esou stelle mer awer fest, datt eng Rei vun hinnen u sech eng reell Gefor fir de Mënsch duerstellen oder zu engem Risiko kënne ginn, wa se net richteg benotzt ginn, respektiv wa se regelméisseg iwwer eng länger Zäit net richteg agesat ginn.

Et ass dofir wichteg iwwer eng kloer Reglementatioun vun dëse Produkter ze verfügen, an dat fir éischtens eng Kontroll ze hunn, wat schlussendlech op de Maart kënnt, an zweetens fir sécher ze sinn, datt de Benotzer och beschtméiglech iwwert d'Risike vu geféierleche Produkter informéiert ass.

D'Mise sur le marché vu geféierleche Preparater ass um europäeschen Niveau staark reglementéiert. D'Evaluatioun vun de Risiken, déi esou Preparater fir d'Gesondheet a fir d'Ëmwelt kënnen duerstellen, wéi och déi noutwendeg Informatioun fir de Benotzer vun esou Preparater si Géigestand

vun enger ganzer Rei vun europäeschen Direktiven, déi zum Deel an eis national Gesetzgebung ëmgesat goufen. Esou kënnt et, datt mer an dësem Beräich och zu Lëtzebuerg iwwer eng strikt Reglementatioun verfügen.

De virleiende Gesetzesprojet huet zum Zil déi bestehend Gesetzgebung iwwert d'Klassifikatioun, d'Verpackung an och d'Beschréftung vu geféierleche Preparater vum 10. Juli 1995 ausser Kraaft ze setzen a se duerch en neien Text ze ersetzen. Dës Moossnam ass noutwendeg, well d'Direktiv, déi dem Gesetz vun 1995 zu Grond louch, duerch eng aner Direktiv, nämlech déi vum 31. Mee 1999 ersat ginn ass. Den europäesche Législateur war der Meenung, et misst een d'Direktiv vun 1988 komplett iwwerschaffen, fir déi onduerchsiichteg Situatioun um Terrain ze klären, well et an de Memberstate vun der Europäescher Unioun ze vill grouss Ënnerscheeder gëtt, wat d'Klassifikatioun, den Emballage an och den Etiquetage vu geféierleche Preparatioune betrëfft.

Déiselwecht Iwwerleeungen hunn d'Auteure vum Gesetzesprojet dozou beweegt d'Direktiv vun 1999 ze transposéieren an doriwwer eraus d'Gesetz vun 1995 iwwert d'Klassifikatioun, d'Verpackung an d'Beschréftung vu geféierleche Preparatiounen ze abrogéieren an et duerch de virleienden Text ze ersetzen.

Erlaabt mer vläicht eng Bemierkung nach. De virleienden Text setzt net nëmmen d'Direktiv vun 1999 an eist nationaalt Recht ëm, mä och nach verschidde Rektifikatiounen zu dëser Direktiv, esou wéi eng Direktiv vum 7. August 2001.

D'Direktiv vum 31. Mee 1999 huet als Zil déi verschidde Reglementatiounen, déi et um Niveau vun der Klassifikatioun, der Verpackung an der Kennzeechnung vu geféierleche Preparatiounen innerhalb vun der Europäescher Unioun gëtt, ze harmoniséieren an dat am Sënn vun enger méi grousser Sécherheet fir de Mënsch an och fir d'Ëmwelt.

Trotz verschiddenen europäeschen Dispositioune bleift et leider eng Realitéit, datt et an dësem Beräich nach vill Ënnerscheeder zwëschent den eenzelne Länner an der Unioun gëtt. Eng eenheetlech Linn soll a muss geschafe ginn, well ouni dës Linn den europäesche Maart net optimal ka fonctionnéieren. Och kéint ënner anerem de Prinzip vun der fräier Konkurrenz net respektéiert ginn.

Ech wëll hei net op déi verschidden Detailer weder vun der Direktiv nach vum Gesetzesprojet agoen, et sinn immens technesch a prezis Texter. Ech wëll a menger Interventioun awer nach deen een oder deen anere Punkt ervirhiewen.

D'Direktiv gesäit generell Prinziper vir, wat d'Klassifikatioun vun de geféierleche Preparatiounen ugeet. Deemno gëllen als geféierlech Preparatiounen all Mëschungen a Léisungen, déi aus zwou oder méi Substanze bestinn, vun deenen op d'mannst eng als geféierlech agestuuft gëtt, respektiv all déi Preparatiounen, déi eng Gefor fir d'Gesondheet oder fir d'Ëmwelt duerstellen, oder déi geféierlech si wéinst hire physeschen oder chemeschen Eegeschaften.

Geféierlech Preparatioune ginn no enger bestëmmtener Evaluatiounsmethod a verschidde Risikostufen agedeelt. Den Detail vun där Klassifikatioun gëtt am Kader vun engem Projet de règlement grand-ducal, dem Projet 5243, geregelt. Dëse Projet setzt ënner anerem d'Klassifikatiounskritäre fest.

Fir datt d'Preparatiounen, déi op eise Maart kommen, och konform zu den neie Virschréfte sinn, muss besonnesch op d'Kennzeechnung Wäert geluecht ginn. Verschidden Indikatioune mussen d'office op der Verpackung stoen. D'Etiketten oder d'Beschréftung musse kloer an däitlech de Benotzer vun esou Preparatiounen iwwer zum Beispill de chemeschen Numm vun de Substanzen, aus deenen d'Mëschung besteet, informéieren.

Och wann d'Kennzeechnung immens wichteg ass, well se dem Benotzer u sech eng éischt Informatioun liwwert, bleift dës Informatioun awer zimlech generell gehalen. Dëse System muss complétéiert ginn, an zwar duerch e speziellen Informatiounssystem, iwwert de Wee vu sou genannte Fiches de données de sécurité.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Verpackung vun esou Produkter muss och aus Sécherheetsgrënn bestëmmten Usprëch gerecht ginn. D'Verpackung dierf zum Beispill weder wéinst senger Form, nach wéinst engem graphesche Muster opfälleg, respektiv unzéiend fir Kanner sinn. Si muss och mat engem extraë Sécherheetsverschluss versi sinn.

Wéi fir d'Klassifikatioun solle groussherzoglech Reglementer d'Konditioune vun der Verpackung a vun der Kennzeechnung festhalen. E Projet ass an deem Sënn deponéiert ginn, et ass dat de Projet 4245.

D'Regelen, wéi de speziellen Informatiounssystem soll fonctionnéieren, ginn och iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht, an zwar de Projet 5246 iwwert d'Fiches de données de sécurité.

Doriwwer eraus gesäit d'Direktiv vun 1999 och vir, datt d'Memberstate gewëssen Obligatiounen a Verflichtungen hunn. Nëmmen d'Preparatiounen, déi konform zur Direktiv sinn, kënnen op de Maart kommen. Déi zoustänneg national Autoritéite kënnen all Informatiounen iwwer geféierlech Preparatioune bei deene Persounen ufroen, déi fir d'Mise sur le marché vun de Preparatioune responsabel sinn.

Verfeelungen zu de virleienden Texter kënne mat Prisongsstrofe bis zu engem Joer a maximale Geldstrofe bis zu 200.000 Euro bestrooft ginn.

Fir den Detail vum Gesetzesprojet verweisen ech op de Projet selwer, respektiv op de Rapport vun der Kommissioun an de Commentaire des articles.

Ech wëll e puer Wierder soen iwwert d'Positioun vum Statsrot an iwwert déi parlamentaresch Aarbechten.

De virleienden Text ass a senger initialer Versioun op verschidde Kritike beim Statsrot gestouss. Sou huet de Statsrot gläich dräi Oppositions formelles ausgeschwat.

Déi éischt Oppositioun betrëfft den Artikel 10 vum Gesetzesprojet, dee sech op déi Organer bezitt, déi virgesi si fir d'Informatiounen iwwert d'Risike vu geféierleche Preparatioune fir d'Gesondheet zesummenzedroen. Den initialen Text huet virgesinn, datt de Minister dës Organer iwwer e groussherzoglecht Reglement kann nennen. A sengem Avis vum 30. Mäerz 2004 war de Statsrot der Meenung, datt eng einfach Designatioun duerch de Minister géif duergoen. E war awer der Meenung, datt d'Kritären, déi dës Organer mussen erfëllen, fir kënnen eventuell designéiert ze ginn, am Kader vum Gesetzesprojet misste fixéiert ginn.

De Statsrot huet sech och géint d'Bäibehale vum Artikel 15 ausgeschwat. Dësen Artikel huet a senger originaler Versioun virgesinn, datt ënner anerem d'Beamten aus der Ëmweltverwaltung, respektiv aus der Gesondheetsdirektioun Zougang hunn zu den Installatiounen, Siten oder aneren Etablissementer, déi mat der Produktioun oder dem Stockage vu geféierleche Preparatiounen ze dinn hunn. Dem Statsrot no brauch ee keng speziell Dispositioun wat den Accès ugeet virzegesinn, am Fall vun engem flagranten Delikt. Hei applizéiert sech einfach den Droit commun. Wann een net an dëser Hypothees ass, sollen nom Statsrot d'Offizéier vun der Police judiciaire net eleng de Pouvoir hunn, d'Opportunitéit oder d'Dauer vun de Perquisitiounen an de Saisien ze applizéieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Rapporteur, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Jo, ech hunn och déi Zäit vun der Fraktioun zegutt, well et ass soss keen, dee vun eiser Fraktioun schwätzt, Här President.

(Interruption)

Här Calmes, ech loossen Iech och ëmmer hei schwätzen.

Déi drëtt Opposition formelle betrëfft den Artikel 17, neien Artikel 16. Dës Dispositioun bezitt sech op d'Sanktiounen. Den initialen Text huet sech op verschidden Dispositioune bezunn, ouni déi verschidden Hypotheesen ze beschreiwen, déi strofrechtlech kéinte sanktionéiert ginn. De Statsrot verlaangt op dësem Punkt Prezisioun an den Text eranzebréngen.

Déi parlamentaresch Kommissioun huet eng Rei vun Amendementer zu dësem Text virgeschloen, déi se an hirer Sëtzung vum 20. Abrëll 2004 ugeholl huet. Bal all Propositioune vum Statsrot si vun der Kommissioun iwwerholl ginn, ausser déi, déi de leschten Alinea vum Paragraph 2 vum éischten Artikel betrëfft.

A sengem Avis complémentaire vum 7. Dezember 2004 huet de Statsrot seng Opposition formelle net opgehuewen, wat den Artikel 17 respektiv 16 ugeet. Et hätt een net um Niveau vum Artikel 7 preziséiert, wien d'Informatiounsflicht hätt. Or, dës Persoun fält ënnert den Artikel 16, fréieren Artikel 17, a ka sanktionéiert ginn, sou datt et immens wichteg ass, dës Persoun ze identifizéieren.

D'Kommissioun huet en neien Amendement a senger Réunioun vum 12. Januar 2005 ugeholl a preziséiert, datt et de Responsabele vun der Mise sur le marché ass, deen a sech déi Persoun duerstellt. Dësen Amendement ass du schlussendlech vum Statsrot approuvéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt de virleiende Gesetzesprojet, deen an dëser Matière fir eng gréisser Harmonie um europäeschen Niveau wäert suergen, an och am Interesse vum Schutz vun de Leit an der Ëmwelt ass, eng breet Zoustëmmung an dëser Chamber wäert fannen.

Ech ginn och als mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun heimadder den Accord vun der CSV zu dësem virleiende Gesetzesprojet a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den honorablen Här Emile Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz wollt ech dem Rapporteur hei awer félicitéiere fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen e war ganz komplett, an dat erlaabt mer relativ kuerz ze sinn.

Ech menge mir sinn eis all eens, datt de Projet quant au fond dach eppes fir de Schutz, d'Gesondheet an d'Sécherheet vum Bierger mat sech bréngt, virun allem fir déi Leit, déi all Dag mat deene Substanzen iwwert déi mer hei schwätze musse schaffen.

Aus deem Gesetz hei geet ervir, datt d'Inspection du Travail et des Mines u sech zoustänneg ass fir d'Gérance vun der Klassifikatioun, den Emballage an den Etiquetage vun dëse geféierleche Preparatiounen.

Net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer awer hei an enger Interpellatioun iwwer eng nei Proposition de règlement diskutéiert, ëm dee sou genannte REACH-Programm, wou dann och an deenen eenzelne Länner sollen Helpdesken installéiert ginn.

Souwäit wéi ech dat matkritt hunn, misst dat an de Beräich vum Ëmweltministère falen. Dat ass vläicht eng éischt Remarque, datt mer, en vue vun deem wat do viraussteet, eis Hausaufgaben dach am Virfeld solle maachen a vläicht solle kucken, wien dann hei am Land duerfir zoustänneg ass, ob dat déi eng oder déi aner oder déi zwou Verwaltunge sinn. Ech mengen dach, datt do relativ grouss Erausfuerderungen op eis duerkommen, a mir sollen awer versichen, dat gutt ze managen.

Och an där Debatt vun der leschter Woch ass hei Rieds gaang iwwert d'Kompetitivitéit vun där Industrie, déi sech mat deene Produkter do ofgëtt.

Et ass jo alles schéin a gutt, datt mir eis als Europäer doriwwer ganz vill Gedanke gemaach hunn. Mir sinn awer och der Meenung, datt dat Ganzt op enger breeder internationaler Basis, e bëssen ähnlech dem Kyoto-Protokoll, misst gekuckt ginn, fir déiselwecht Objektiver ze verfollegen, fir esou eng Distorsion de concurrence awer an dësem Beräich hei ze vermeiden. Et mécht nämlech kee Sënn, datt déi eng Länner immens Effortë maachen, fir déi Problematik hei an de Gréff ze kréien, an op där anerer Säit aner Länner iwwerhaapt näischt maachen a virufueren, ouni Rücksicht op d'Gesondheet vum Mënsch an op d'Ëmwelt, wéi wann näischt gewiescht wier.

Quant au fond, mengen ech, si mer awer mat deem Gesetz hei d'accord, an ech wollt am Numm vun eiser Fraktioun den Accord zu deem Gesetz hei bréngen an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider!

M. Romain Schneider *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing och fir d'éischt dem Rapporteur, dem Ali Kaes, Merci soe fir säi schréftlechen a virun allem ganz explizite mëndleche Rapport, deen e ginn huet.

Ech mengen, d'Ëmsetzung vun der Direktiv an dem Projet de loi gëtt eis hei e weidere Schutz fir eis Gesondheet, souwuel fir eis wéi och fir eis Ëmwelt, an derniewent mengen ech och, dass d'Bezeechnung vun deenen eenzelnen Emballagen, déi genau geregelt ass, och e grousse Schutz fir d'Kanner ass, déi ganz dacks a Kontakt mat esou Produite kommen. Ech mengen och dat ass en zousätzleche Facteur derbäi, deen eis als Fraktioun och dëse Projet ënnerstëtze léisst.

Duerfir géif ech och am Numm vun eiser Fraktioun elo schonn den Accord erdeelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schneider. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. D'Wuert huet nach d'Regierung, den Här Minister…

Plusieurs voix.- Den Här Jaerling!

(Interruption)

M. le Président.- Jo, mä Här Jaerling, da musst Der Iech aschreiwen! Ech kann awer net wëssen, wann Der net ageschriwwe sidd, datt Der och nach gären d'Wuert hätt!

(Interruptions)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Et ass heiansdo net einfach, Här President.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, ech hunn am Fong mat dësem Projet zwee Problemer. Deen éischte Problem ass dee vum Responsabelen de la mise sur le marché. Aus dësem Gesetz geet net kloer ervir, wien dat ass. Menger Usiicht no misst dat ganz eleng den Hiersteller sinn, a keen aneren. Dat geet aus dësem Gesetz net kloer ervir. An et kann net sinn, dass mer musse waarde bis eng Jurisprudenz hei eng Kéier geschafe gëtt, fir festzestellen, wien dee Responsabelen dann elo ass, wann eppes mat deene geféierleche Produite geschitt.

Deen zweete Punkt, wou ech perséinlech e Problem hunn, dat ass mat deenen Derogatiounen, déi hei drastinn. Wann e Produit…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech bieden Iech!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Wann e Produit do ass…

M. le Président.- Och wann den Här Jaerling net ageschriwwe war, musse mer him awer nolauschteren.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Wann e Produit do ass, dee wéinst dem sou genannte Betribsgeheimnis oder wéinst Substanzen, déi am Fong an engem Produit dra sinn, déi geheim solle sinn an déi net duerfe veröffentlecht ginn, dass do an dësem Gesetz Derogatioune geschafe ginn, also, ech kann Iech soen, ech perséinlech kann net domat d'accord sinn, dass, wann et ëm de Schutz vu Mënsch, Déier an Natur geet, dann an iergendengem Gesetz Derogatioune sinn, déi Problemer kënne schafen, wa Substanze verheemlecht ginn, déi an iergendengem Produit sinn.

Dat geet och ganz kloer géint d'Philosophie vum REACH-Programm, deen awer kloer duergeluecht huet, dass mer sollen an d'Richtung goen, fir all chemesch a geféierlech Produiten ze enregistréieren, och ze etikettéieren, dass de Consommateur e kloert Bild huet wat en dann elo do huet. Duerfir kann ech net domat d'accord sinn, dass an dësem Gesetz Derogatiounen drastinn, déi einfach kënne verhënneren, dass alles, wat an engem Produit dran ass, op der Etikett soll stoen. Duerfir wäert ech mech perséinlech bei dësem Gesetz enthalen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Wuert nach d'Regierung, de Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, Merci, Här President. Ech wëll emol fir d'éischt den Deputéierten a virun allem dem Rapporteur, dem Ali Kaes, Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi hei gemaach gouf. Et ass eng Direktiv, déi mer scho laang hätte sollen ëmsetzen. A wéi vill technesch Direktiven ass dat net ëmmer ganz einfach, well déi Ëmsetzung och ëmmer jee no Land verschidden ass. Dat ass notamment de Problem hei mat de Mises sur le marché an de Responsabele vun der Mise sur le marché, dat ass zu Lëtzebuerg aneschters wéi an engem grousse Land. Ech kommen nach eng Kéier op déi Fro zréck.

Mir hu laang hei dru geschafft, fir eng uerdentlech Solutioun ze fan-

nen, déi dem Statsrot och konnt eng Opposition formelle entzéien. Dat ass am drëtten Ulaf geschitt, an ech sinn och duerfir frou, dass mer haut kënnen dee Projet evakuéieren. Dat erlaabt eis och dräi Reglementer, déi scho vun der Conférence des Présidents vun der Chamber aviséiert sinn, gläichzäiteg a Kraaft ze brëngen, esou dass mer engersäits manner Rechtsonsécherheet hunn am Land, an op där anerer Säit komme mer och bei eisem Scoreboard mat der Ëmsetzung vun den Direktiven, notamment vum Marché intérieur an aneren, weider.

Den Här Jaerling huet zwou Froe gestallt, déi éischt ass déi iwwert de Responsabele vun der Mise sur le marché. Do ass einfach de Problem an engem klenge Land, dass een deen net ka vun uewen erof fixéieren. Wann de Producteur hei am Land ass, dann ass et deen, wann et awer een aneren ass, deen importéiert, dann ass et en aneren, an duerfir musse mer eis hei Latitude ginn, fir dass d'Gewerbeinspektioun Fall fir Fall dat heite ka kontrolléieren, fir do de Leit entgéintzekommen.

An ech mengen de Statsrot huet jo och do juristesch Problemer gesinn. De Statsrot huet sech hei d'Saach net einfach gemaach. En huet seng Opposition formelle opgrond vun eisem leschten Amendement, dee mer an der Kommissioun zesumme gemaach hunn, levéiert, an da mengen ech, dann hätte mer d'Rechtsonsécherheet och levéiert.

Wat richteg ass, dat ass, dass eng nei Generatioun vun Direktiven amgaang ass ze kommen, d'REACH-Direktiven, wou während der Lëtzebuerger Présidence vill dru geschafft gouf. Déi sinn awer nach net fäerdeg, dee Pak REACH. Duerfir solle mer elo emol déi heiten Direktiven ëmsetzen, well och d'Kommissioun dat esou vun eis verlaangt. An ech menge mir sollen se esou ëmsetzen, dass mer se och elo kënnen à ce stade hei zu Lëtzebuerg uerdentlech ëmsetzen.

Duerfir géing ech Iech bieden, déi heiten Direktiv esou unzehuelen, also d'Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv unzehuelen, an doduerch eis ze erlaben, eng Partie Rechtsonsécherheet aus der Welt ze schafen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5254 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat hunn ech gemaach.

(Hilarité)

M. le Président.- Très bien. Da froen ech d'Chamber, ob se d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gëtt?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi, dat ass de Projet 5293, eng Konventioun iwwert de Bureau Européen des Radiocommunications. Rapporteur ass den Här François Maroldt. Här Maroldt, et ass un Iech.

Une voix.- Très bien.

9. 5293 - Projet de loi portant approbation de l'instrument amendant la Convention relative à la création du Bureau Européen des Radiocommunications (BER), fait à Copenhague, le 17 décembre 2002

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. François Maroldt *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet ass sécherlech keen absoluten Highlight beim Ofschloss vun eisem parlamentaresche Joer. Ech denken awer, dass dësen Text iwwert déi administrativ Zesummeleeung vum Bureau Européen des Radiocommunications, kuerz BER, an dem Bureau Européen des Télécommunications, kuerz BET, zum nei geschafene Bureau Européen des Communications, kuerz BEC genannt, sécherlech zu enger Verbesserung vun der Koordinatioun an den Aarbechte vun dëse Gremien an engem Beräich, dee fir Lëtzebuerg als Mediestanduert besonnesch wichteg ass, bäidréit.

De virleiende Projet ass den 29. Januar 2004 vun der deemoleger Ausseministesch Lydie Polfer an der Chamber deponéiert ginn. Den Text ass den 20. Januar an de Statsrot verwise ginn, an de 4. Mee 2004 aviséiert ginn. An der Kommissiounssëtzung vum 19. Oktober 2004 huet d'Kommissioun hire Rapporteur designéiert. An därselwechter Sëtzung souwéi an der Sëtzung vum 9. Juni 2005 ass den Text zesumme mam Avis vum Statsrot analyséiert ginn. De schréftleche Rapport ass an der Sëtzung vum 30. Juni 2005 ugeholl ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

D'Conférence Européenne des Postes et Télécommunications, kuerz CEPT, ass 1959 vun 19 Staten an d'Liewe geruff ginn. Et ass haut eng Organisatioun, déi net manner wéi 45 Staten emfaasst, queesch iwwert den europäesche Kontinent. Dës Organisatioun befaasst sech an alleréischter Linn mat de reglementareschen Aspekter am Beräich vum Post- a Kommunikatiounswiesen. Bis 2001 huet sech d'Organisatioun an dräi Comitéen opgedeelt: de Comité Européen des Régulateurs Postaux, CERP, de Comité Européen des Radiocommunications, CER, de Comité Européen pour les Affaires de Réglementation des Télécommunications, CEART.

(Hilarité)

Dës zwee lescht genannte Comitéen hunn an den 90er Joren zwee Büroen an d'Liewe geruff, déi als Begleetorganer bei den Aarbechte vun dësen zwee Comitéë fungéieren. Dat eent ass de Bureau Européen des Radiocommunications, kuerz BER, an dat anert ass de Bureau Européen des Télécommunications, kuerz BET. Am September 2001 ass d'CEPT sech eens ginn, fir Reformen an hirer Aarbechtsweis anzeleeden, déi sech un den Entwécklungen am Beräich vun den Informatiounstechnologien orientéieren. Dozou gehéiert och d'Fusioun vum BER a vum BET,…

(Interruptions)

…déi elo an ee Büro, dem BEC, zesummegeluecht ginn. Dësen neie Büro assistéiert elo souwuel de Comité des Communications électroniques wéi och de Comité des Affaires postales an d'Présidence vun der CEPT.

D'CEPT huet d'Konventioun iwwert d'Kreatioun vum BER vum 23. Juni 1993 amendéiert,...

(Interruption)

...fir d'Kompetenzen aus dem BET dem BER ze iwwerdroen an de BEC an d'Liewen ze ruffen. Dëst Instrument ass den 8. an den 9. Abrëll 2002 duerch de Conseil vum BER bei senger 14. ordinärer Réunioun adoptéiert ginn, esou wéi et am Artikel 20 Paragraph 1 an der Konventioun iwwert d'Schafung vum BER vu La Haye virgesinn ass.

De BEC ass also haut de permanenten an eenzege Büro vun der CEPT,...

(Hilarité)

...wat zu enger Vereinfachung vun de Strukturen a vum Fonctionnement vun der CEPT gefouert huet.

Une voix.- Ah!

(Interruptions diverses)

M. François Maroldt *(CSV), rapporteur.*- Et vereinfacht och d'Relatioun zwëschent den Instanze vun der CEPT an aneren internationalen Organisatiounen, wéi beispillsweis d'Europäesch Unioun oder den Institut européen de Normalisation.

Op verschidde juristesch Krokelegkeeten huet de Statsrot a sengem Avis vum 4. Mee 2004 higewisen. Duerch dat amendéiert Instrument vun der Konventioun iwwert d'Schafung vum Bureau Européen des Radiocommunications gëtt déi initial Konventioun vum 23. Juni 1993 ersat an d'Konventioun vum 8. Abrëll 1999 zur ETO oder dem Bureau Européen des Télécommunications abrogéiert, an deem Moment wou d'Ratifikatiouns-, d'Akzeptatiouns- an d'Approbatiounsinstrumenter vun de Vertragsënnerzeechner op d'mannst zu 80% vun de Parts contributives um neien Organismus un de Gouvernement dépositaire vun der Konventioun iwwert de BEC gaange sinn.

Fir Lëtzebuerg stellt sech deemno d'Fro, ob eist Land weiderhin un déi ze ersetzend Konventioune liéiert ass, obwuel dës auslafe wann all d'Konditioune fir d'Akraafttriede vun der neier Konventioun rassembléiert sinn.

De Statsrot huet sech des Weideren dofir ausgeschwat fir den Artikel 2, esou wéi en am initialen Text virgesi war, erauszehuelen, well d'Konventioun iwwert de BET vum 8. Abrëll 1999 ausleeft, soubal d'Konventioun iwwert de BER a Kraaft trëtt. Dëser Observatioun ass d'Kommissioun nokomm an huet de besoten Artikel aus dem Projet erausgeholl.

Här President, ech denken ech hätt a mengem Rapport d'Haaptpilierë vun dësem Projet de loi duergeluecht. Dëse Projet huet an der Kommissioun zu kenge gréissere politesche Verwerfunge gefouert, an dofir géif ech Iech bieden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn, esou wéi dat d'CSV-Fraktioun mat hirem Accord virmécht.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Maroldt Merci fir säi kloren an däitleche Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Här President, ech wollt Iech soen, dass ech och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. A kuerze Wierder: Mir haten de BER, mir haten de BET an elo hu mer de BEC.

(Hilarité)

Wat ze soen ass, dat ass dass de BEC d'„personnalité juridique" huet, dass e ka Kontrakter signéieren, dass e kann „ester en justice", dass e kann Accorden ofschléisse mat de Staten an internationalen Organisatiounen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Eise Rapporteur huet eis dat ganz ausféierlech duergeluecht. Mir soen him nach eng Kéier Merci an ech iwwerbréngen heimadder den Accord vun eiser Fraktioun, vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf. Den Här Diederich fir déi sozialistesch Fraktioun.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Nom excellentë Rapport vum Här Maroldt an och den zousätzlechen Erklärunge vum Här Bettendorf...

(Hilarité)

...bleift mer just eppes iwwreg: den Accord vun eiser Partei ze ginn.

Plusieurs voix.- Très bien! Aaahhh! Bravo!

M. le Président.- Den honorabelen Här Braz huet d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll dem Här Maroldt och just Merci soe fir dee Bericht. Et war net einfach, mat esou vill Ofkierzungen e Bericht ze halen, mä hien huet dat op eng korrekt Aart a Weis gemaach, och an der Kommissioun. Dofir Merci, a vun de Gréngen dann och dofir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Minister Jean-Louis Schiltz huet d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications.*- Jo, Här President, ech mengen, datt meng Virriedner praktesch alles gesot hunn. Ech wëll just vläicht eng Kéier drop hiweisen, datt et hei drëm geet fir datt dee Büro, deen neie fusionéierte Büro, deen eng Vereinfachung ass, Avisë gëtt an Etüde realiséiert an den Domäner vun den elektronesche Kommunikatiounen a vun der Post.

Ech wollt dem Här Maroldt vun dëser Plaz Merci soe fir säi Rapport an och de Kolleegen aus der Kommissioun. Ech mengen et bleift soss näischt deem Projet bäizefügen.

M. le Président.- Merci, Här Minister, fir déi kuerz a prägnant Stellungnahm. Da komme mer direkt zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5293 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, der Diskussioun vum Projet iwwert d'Notzung vum extra-atmosphäresche Raum. D'Wuert huet den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer!

10. 5363 - Projet de loi portant approbation du Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de 50er, 60er a 70er Jore vum leschte Jorhonnert hat d'Raumfahrt nach Symbolcharakter am Kale Krich. Esou ass haut awer d'Conquête spatiale virun allem méi op eng friddlech Notzung ausgeriicht an och eng méi kommerziell Notzung. An internationale Konsortië mat Participatioun vu Staten aus alle Kontinenter gëtt och virun allem um Niveau vun der Satellitentechnologie zesummegeschafft.

Et ass kloer, dass eist Land als Medieninformatiouns- a Kommunikatiounsstanduert e wichtegen Acteur an dësem Secteur ass, a mat der SES dee gréisste private Satellitebedreiwer op der Welt, deen och mëttlerweil eng Stäip vun eiser Ekonomie duerstellt an ouni Zweifel ee vun den Aushängeschëlder vun eisem Land an Europa an an der Welt duerstellt.

Mam virleienden Text gëtt de sou genannten Traité de l'Espace guttgeheescht. Den offiziellen Terminus ass «Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes». Wat och ëmmer dat heescht.

(Interruptions)

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Sinn se eenzel all opgezielt?

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Si sinn net all opgezielt. Si sinn och net am schréftleche Bericht opgezielt. Mä, Här Mehlen, Dir kënnt dat roueg eng Kéier nohuelen.

Dësen Traité definéiert d'Regelen, déi ee brauch fir e friddlecht Mateneaner tëschent de Staten am Beräich vun der Exploitatioun vum Weltraum ze garantéieren.

Dësen Text ass den 19. Dezember 1967, also am Kale Krich, vun der UNO-Vollversammlung ugeholl ginn an ass och eng logesch Suite vun enger anerer Deklaratioun vun der UNO-Vollversammlung aus dem Joer 1963 iwwert déi Prinzipië vun de staatlechen Aktivitéite bei der Exploratioun vum Weltraum. Déi zwee Texter, also deen Traité an dës Deklaratioun, hunn d'Jalonë geluecht fir déi friddlech Notzung vun deem sou genannten Espace extra-atmosphérique, well se niewent aneren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...internationale Konventioune kloer duergeluecht hunn, datt et net ka sinn, datt de Weltraum u sech e rechtsfräie Raum ass, wou alles méiglech ass.

Et bedierf klorer Regele bei senger Exploratioun, bei senger Exploitatioun, déi virun allem déi international Zesummenaarbecht an déi friddlech Notzung an de Vierdergrond stellen. Beispiller heivunner sinn ënner anerem den Austausch vun Informatiounen, d'Definitioun vu generellen Norme fir d'Sécherheet ze assuréieren oder d'Notzung vun der Nuklearenergie am Weltraum.

Niewent dësem Traité de l'Espace gëtt et aner Traitéen, déi e ganz generelle juristesche Kader an dëser Matière stellen. Fir d'éischt gëtt et en Accord iwwert d'Rettung vun den Astronaute vun 1967, och den 19. Dezember 1967. Lëtzebuerg huet deen Text ënnerschriwwen, mä nach net ratifizéiert. Een Deel dovunner gëtt och an dësem Text scho geregelt.

En zweeten Text ass d'Konventioun iwwer eng international Responsabilitéit bei engem Schued, duerch e Satellit zum Beispill. Et ass eng Konventioun vum 29. November 1971. Déi hu mer duerch e Gesetz vum 9. Juni 1983 approuvéiert.

En drëtt Instrument ass eng Konventioun vun 1974 iwwert d'Immatrikulatioun vu Satelliten an aneren Objeten, déi esou am Weltraum ronderëm fléien.

Ee véiert Instrument - och nach net vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen - ass een Accord iwwert d'Aktivitéite vu Staten um Mound an aneren Himmelskierpere vun 1979. Do gesäit een awer, datt scho verschidden…

Une voix.- Mir kéinten och e Referendum maachen.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Mir kéinten och ee Referendum doriwwer maachen, an déi Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, kéinten och op de Mound fléien, fir ze kucken, wéi et do ausgesäit.

(Hilarité et interruptions diverses)

A sengem Avis vum 7. Dezember 2004 huet sech de Statsrot hannert dës Zilsetzung gestallt an dëse Projet guttgeheescht. En huet awer gläichzäiteg gemengt, datt déi aner Texter, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

De Statsrot huet awer gemengt, datt Lëtzebuerg misst déi aner Konventiounen, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet an déi awer nach net ratifizéiert sinn, esou séier wéi méiglech ratifizéieren, fir d'Kohärenz vun deem ganze juristesche Kader hierzestellen.

Am schréftleche Rapport schlussendlech wäert Dir och dann déi Basisregelen erëmfannen, well och eng Diskussioun an der Kommissioun doriwwer war, wéi et mat der Responsabilitéit vum Stat ass, wann ee Satellit eroffält; wou d'Responsabilitéit vum Lëtzebuerger Stat ass, wann een zu Lëtzebuerg immatrikuléierte Satellit vun der SES an engem anere Land géif eroffalen, wéi de Schued do ass, wéi d'Regele sech hale mam Konventiounsvertrag.

Et wier e bësse laang, fir dat hei opzelëschten an ze explizéieren. Dir kënnt dat an deenen zwee Abschnitter, déi ech dozou consacréiert hunn am schréftleche Bericht, noliesen. Dann ass dat alles fir de schréftlechen an de mëndleche Bericht.

Wat d'Fraktioun ugeet, sou wäert d'CSV-Fraktioun mat grousser Begeeschterung dësem Text d'Zoustëmmung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Santer. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, am Numm vu menger Fraktioun däerf ech dem Rapporter félicitéiere fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Ech däerf der Chamber soen, dass mäi Kolleeg Charles Goerens déif impressionnéiert ass iwwert déi detailléiert Fachkenntnisser, déi de Rapporteur hei exposéiert huet. Dee Projet ass jo wichteg fir d'Mënschheet. Dofir wäert et lech net wonneren, Här President, wa meng Fraktioun deem Projet hir Zoustëmmung gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den Här Diederich huet d'Wuert.

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- No den ausféierlechen Erklärunge vum Rapporteur…

(Hilarité)

…wëll ech och dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- An als leschte Riedner huet den honorabelen Här Félix Braz d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Ech wëll och just kuerz dem Här Santer Merci soe fir säi Bericht. Mir brénge selbstverständlech och eis Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- Fir d'Regierung huet den Här Jean-Louis Schiltz d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre délégué aux Communications.*- Här President, fir d'éischt Merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport iwwert déi wichteg Froen, déi och juristesch heiansdo komplizéiert sinn. De Rapporteur ass am Detail op den Text agaang.

Lëtzebuerg benotzt den Espace extra-atmosphérique, well et ass dat, wouvunner mer hei schwätzen. Doduerjer datt d'SES, wéi de Rapporteur richteg gesot huet, déi haut e Pilier vun eiser Ekonomie ass, eng Satellitteflott exploitéiert, bréngt déi Exploitatioun eng Verantwortung mat sech. Mir ginn där Verantwortung hei haut de Kader. Et ass eng gutt Saach, datt mir do Regelen hunn, an ech géif d'Chamber also bieden de Projet ze stëmmen.

M. le Président.- Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kéimen dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an ouni Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Emile Calmes);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.36 heures)

MERCREDI, 13 JUILLET 2005

47E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

1. 4766 - Projet de loi concernant le sport et portant
   a) modification de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;
   b) modification du code des assurances sociales;
   c) dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

   (Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

2. 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

   (Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

   (Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale)

4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant
   a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;
   b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
   c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

   (Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet den Här Krecké am Numm vun der Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports.*- Nach net, mä wann et Äre Wonsch ass, ech hu vill Saachen um Häerz.

M. le Président.- Mir wäerten lech opmierksam dee ganze Mëtten nolauschteren, Här Minister.

Mir kommen direkt zur Diskussioun vun dem éischte Projet de loi, dee mer haut de Mëtten um Ordre du jour hunn, an dat ass de Projet 4766 iwwert de Sport. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, d'Madame Flesch, den Här Kox, den Här Jaerling an den Här Haupert. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alex Bodry. Här Bodry, d'Tribün ass fir lech.

1. 4766 - Projet de loi concernant le sport et portant

a) modification de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;

b) modification du code des assurances sociales;

c) dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Diskussioun a mat dësem Vote haut den Nomëtteg gëtt Lëtzebuerg sech en neit Sportsgesetz. Dat bestehend Gesetz wat de Sport regelt dréit den Datum vum 26. Mäerz 1976.

No also bal 30 Joer ass sécherlech eng allgemeng Revisioun vun der Législatioun iwwert de Sport ubruecht. Well de Sport sech verännert huet an deene leschten 30 Joer, d'Ufuerderungen, d'Mis-

sioune vum Sport an och d'Ausübung vum Sport an och d'Problemer, mat deenen de Sport sech ausenaner ze setzen huet, net méi déiselwecht si wéi an de 70er Joren.

An och wann d'Grondkonzeptioun vun 1976 net komplett falsch ass, och haut nach net, muss awer Folgendes festgestallt ginn:

1. De Vocabulaire an dat allgemengt Ausriichte vun deem Text sinn deelweis net méi zäitgemëiss.

2. Eenzel Dispositioune vun deem Gesetz vu '76 sinn ni ugewannt ginn, a knapp 30 Joer Applikatioun.

3. Verschidde méi rezent Aspekter vum heitege Sportswiese ginn an deem 76er Text net ugeschnidden.

D'Fortschrëtter, an et sinn der eng ganz Partie ginn, an der Förderung vum Sport, an den 80er a besonnesch an den 90er Joren, wéi zum Beispill d'Hëllefe fir d'Federatiounen am administrativen, am technesche Beräich, d'Schafe vun der ENEPS, d'Centres de formation, d'Sportsmodeller, eenzel Hëllefe fir Spëtzesportler an esou weider.

Dat sinn am Fong eng ganz Rëtsch Initiativen, déi mer haut scho bal als selbstverständlech ugesinn, déi net duerch d'Sportsgesetz vu '76 komm sinn, mä déi eigentlech, mat Ausnahm vum Congé sportif, niewent deem Gesetzestext vu '76 entstane sinn.

Si sinn entstanen duerch de politesche Wëlle vun deene sukzessive Responsabelen, duerch Initiativen, déi de Comité olympique, respektiv d'Federatioune geholl hunn, an déi schlussendlech zu deene politeschen, administrativen Décisioune gefouert hunn, déi da gréisstendeels iwwert déi jeeweileg Budgetsgesetzer hir Assise fonnt hunn an déi néideg Kreditter fonnt hunn, fir kënnen ëmgesat ze ginn.

Déi eenzeg Ausnahm, wou légiféréiert ginn ass, ass eigentlech d'Arméigesetz vun 1997 gewiescht, wou iwwert dat Gesetz d'Schafung vun enger Sportssektioun fir Elitesportler an d'Liewe geruff ginn ass. Eng Dispositioun, déi mer jo och an deem heiten neie Sportsgesetz wëlle mat iwwerhuelen.

Dësem Gesetzesprojet kann een eigentlech dräi Ambitiounen zouschreiwen. D'Ambitioun eng Grondlag duerzestellen, e Kader ze bidde fir d'Promotioun a fir d'Ausübung vum Sport hei zu Lëtzebuerg. D'Ambitioun déi bestehend positiv Modeller an Experienze vu Sportsförderung ofzesécheren an definitiv ze verankeren. A schlussendlech d'Ambitioun och, duerch eng Rei vun Neierungen, en nach méi positiivt Ëmfeld fir d'Ausübung vum Sport am Allgemengen a fir de Leeschtungssport am Speziellen ze schafen.

Wann een elo deen Text hei analyséiert, da mengen ech soen ze kënnen, dass am grousse Ganzen deen Text hei där dräifacher Ambitioun eigentlech Rechnung dréit, zum gréissten Deel zumindest. Sécherlech hunn net all Fuerderunge vun der Sportswelt oder vun deenen engen oder anere Kreeser, déi sech am Laf vun der laanger Gestatioun vun deem heiten Text zu Wuert gemellt hunn, kënne berücksichtegt ginn.

Besonnesch den COSL hat och am Laf vun deene leschte Joren déi eng oder aner stramm kritesch Bemierkung ervirbruecht. Ech stellen awer fest, dass och hien haut um Standpunkt steet an et war eigentlech jo och de Standpunkt vun der zoustänneger Kommissioun vun dëser Chamber, dass elo de Moment komm wier fir de Projet zouzeschnüren, en ze stëmmen an dann och natierlech Suerg ze hunn, dass déi Bestëmmungen, déi dra sinn, an déi Neierungen, déi e beinhalt, an déi nei Pisten, déi en opweist, dann och kënne konkret an deenen nächste Joren ëmgesat ginn. An dozou, natierlech, brauch een de politesche Wëllen an déi néideg Kreditter, fir dat ze maachen.

Mat dësem Projet geet et e bëssen esou wéi mam EU-Verfassungsvertrag, wann ech eng leschte Kéier dee Verglach däerf beméien. Eigentlech schreift e munches fest, wat elo scho besteet, an an eenzelne Punkte bréngt en e Plus vun deem wat mer haut hunn.

Ech hunn awer keen Domän fonnt, wou deen Text hei géif eng Regressioun duerstelle par rapport zum Gesetzestext vun 1976.

Well grad wéi dat Gesetz vun 1976 ass deen heiten Text och a gewëssen Aspekter éischter e politeschen, éischter ee programmateschen Text, an nëmmen deelweis e juristesch wierklech verbindlechen, e reng normativen Text.

D'Philosophie also an och den Opbau entspriechen duerfir a grousse Zich deem, wat mer haut am Sportsgesetz vun 1976 stoen hunn. Mat allerdéngs, grad wat dat Normatiivt ugeet, dräi wesentlechen Ännerungen, déi eigentlech den normative Charakter verstäerke vun deem heiten Text par rapport zu deem, wat mer haut vu Gesetzestext hunn.

An zwar och op dräi Punkten.

Éischtens emol d'Aféierung vun enger neier Strofbestëmmung, d'Aféierung vun engem Delikt vum Doping an d'Lëtzebuerger Recht. Dat ass eng fundamental Neierung. Do si mer am normative Beräich voll dran.

Zweetens och Ofännerunge vum Code des Assurances sociales, fir, wat d'Sozialofsécherung vun de Spëtzesportler haaptsächlech ugeet, kënnen eng Rei vun Erliichterungen ze bréngen. Och dat ass normativ.

An déi drëtt wesentlech normativ Ännerung an deem heiten Text par rapport zu dem bestehende Gesetz, dat sinn och déi wichteg Ausnahmebestëmmungen, déi hei dra si par rapport zu eiser Législatioun iwwert den Aarbechtsvertrag, respektiv d'Ofännerung vum Gesetz vu '37 iwwert d'legal Bestëmmunge vun den Déngschtleeschtunge vum Employé privé.

Alles dat sinn also Dispositiounen, déi nei sinn; Dispositiounen, déi e reng normative Charakter hunn. Déi also och de juristesche Wäert, deen dëse Projet huet, ganz kloer verstäerken.

Et bleift awer, dass dëse Gesetzestext, wéi dat bestehend Gesetz a wéi och vill aner Gesetzer an anere Beräicher, eng Rei vun Zilsetzunge festleet, eng Rei vu Missioune vum Stat, vum organiséierte Sport, vun de Gemenge festleet, Verflichtungen, ouni dass direkt bei all Verflichtung Sanktioune virgesi sinn, ouni dass déi Verflichtungen direkt vläicht alleguerten aklobar si viru Geriicht.

Et ass eben déi méi programmatesch Ausriichtung, déi deelweis an deem heiten Text dran ass, déi zu där enger oder anerer Kritik Ulass ginn huet am legislative Prozess. De Statsrot an och eng ganz Rëtsch vu Beruffschamberen hunn dorobber higewisen.

Mä wéi gesot, ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass déi Kritik a mengen Aen nëmmen deelweis berechtegt ass, well besonnesch elo an deene leschte Joren a ganz ville Beräicher: am Ëmweltberäich, am Beräich vun der Famill, am Beräich vum Konsumenteschutz, eng Rei Texter vun der Chamber als Gesetzer guttgeheescht gi sinn, déi och éischter eng programmatesch Ausriichtung haten, déi also net onbedéngt an alle Punkten direkt juristesch verbindlech waren.

Mä och d'Zilsetzunge sinn heiansdo wichteg, an och d'Zilsetzunge kënnen an engem Gesetzesprojet hiren Nidderschlag fannen, wa se natierlech gekoppelt si mat enger ganzer Rëtsch vu konkreten, normative Festleeungen.

E reng normativen Text hätt a mengen Aen och bedeit, dass een deem Ganze sécherlech méi eng dirigistesch Ausriichtung hätt misse ginn. Dat wollte mer jo ausdrécklech net, an dat war eng Fro, déi ofgeschwat gi war 1994/95 mat de Responsabele vum COSL, fir vu virera kloerzemaachen, dass et net d'Absicht vun der Regierung vun deemools war, a sécherlech och net d'Absicht vun deene Regierungen duerno, fir hei an iergendenger Form dirigistesch an de Sportsbetrib anzegräifen.

Hei soll jiddferee seng Roll spillen am Kader vun enger rationaler, gerechter Opdeelung vun den Zoustännegkeeten an am Respekt virun der Autonomie vun deem engen a vun deem aneren. Hei gouf also net an déi Richtung geduecht, dass mer e statsdirigéierte Sportsbetrib sollten hei zu Lëtzebuerg kréien, an duerfir kann, wann dat d'Haaptoptik war, eigentlech net en Text erauskomme mat reng normativem Charakter.

E puer Wuert iwwert d'Entstehungsgeschicht an d'Entwécklung vun där Iddi vun engem neie Sportsgesetz. Et ass eigentlech 1994 lassgaange mat enger Table ronde vum deemolege Sportsminister, dem Johny Lahure, organiséiert mat de Federatiounen, mat eenzelne Spëtzesportler, fir gemeinsam ze kucken, wéi kënnt de Sport, besonnesch de Leeschtungssport, hei zu Lëtzebuerg weiderentwéckelt ginn. An eng vun de Konklusiounen, déi deemools an där Table ronde am Fréijoer 1994 erauskomm war, war déi, dass ee sech misst iwwerleeën eng Rei vun Neierungen an engem neie Sportsgesetz virzegesinn.

Déi Iddi ass vun där nächster Regierung 1994/95 erëm opgegraff ginn. Ech selwer hat d'Éier, während dräi an engem hallwe Joer de Sportsressort ze verwalten, an ech ka mech gutt drun erënneren, den Här Haupert sécherlech och, deemools waren eng Rei vu Virgespréicher. Dat war deemools keng esou einfach Affär wou jiddferee gesot huet: Hurra, elo kréie mer en neit Sportsgesetz! Do waren eng Rei vu Virgespréicher. Mir waren zwee-, dräimol zesummen, wou mer déi prinzipiell Fro fir d'éischt emol diskutéiert hu mat de Responsabele vum COSL, ob eng Noutwendegkeet besteet, en neit Sportsgesetz ze maachen, a wat d'Grondorientéierung vun engem neie Sportsgesetz kéint sinn.

D'Suerg vun den deemolege Responsabele vum COSL war fir effektiv gewährleescht ze kréien, dass net sollt an iergendenger Form eng Mainmise vun dem öffentleche Pouvoir op de fräi organiséierte Sport hei zu Lëtzebuerg kommen. A wéi déi Préalabele gekläert waren, ass och versicht ginn, an engem partnerschaftleche Geescht virunzekommen. Et ass en Aarbechtsgrupp agesat ginn, mat Responsabele vum Sportsministère, mat de Responsabele vum Conseil supérieur vum Sport a vum COSL, wou gekuckt ginn ass, fir sech dann ze eenegen op en éischten Entworf vun engem Text.

Deen doten Entworf ass nach eng Kéier am Ministère iwwerschafft ginn an huet dann zu engem Avant-projet de loi gefouert, deen 1998 eng éischte Kéier am Regierungsrot virgestallt ginn ass. Dat war, mengen ech, meng lescht Amtshandlung, déi ech als Sportsminister gemaach hunn. Ech mengen ech war souguer e puer Deeg schonn net méi a Funktioun, ech hunn awer nach d'Presentatioun vum Projet de loi sengerzäit am Regierungsrot gemaach.

Duerno ass festgehale ginn, dass elo all déi aner Departementer a Verwaltungen, déi mat Deelaspekter vun deem Projet do ze dinn hunn, géifen hiren Avis ofginn. An dunn ass ganz kloer e bësse Sand an d'Getriebe erakomm. Et kann een net grad behaapten, dass onbedéngt en Excès de zèle gemaach gi wär vun deenen aneren Départements ministériels, fir u sech hir Stellungnahm zu deem Ganzen eranzeginn.

Dat huet sech da gezu bis iwwert den Terme vun där Legislaturperiod 1999 eraus, bis da schlussendlech am Februar 2001 vun der Madame Brasseur als Sportsminister den Dépôt vun engem Projet de loi konnt gemaach ginn, deen am Wesentlechen d'Iddië bäibehalen huet, bis op eng oder déi aner Ausnahm, déi am Fong och schonn an deem Virprojet mat dra waren. Och do ass et relativ lues virugaangen, et si méi kritesch Stellungnahme komm, offizieller an offiziöser.

Dat huet dann och déi viregt Regierung dozou bruecht, fir nach eng Kéier eng Rei vun Amendementer zum éischte Projet eranzereechen, dat war am Mee 2002. An duerno huet et dann erëm eng Kéier bal zwee Joer gedauert - mä dat ass awer net der Regierung hir Schold gewiescht - bis de Conseil d'État säin éischten Avis zum Projet gemaach huet, dat war am Februar 2004, en Avis wou u sech de Prinzip guttgeheescht ginn ass, wou eigentlech och déi meeschte Moossname Gnod fonnt hunn an den Ae vum Statsrot, mä wou awer och dräi Opposition-formellen an deem Avis vum Statsrot dra waren.

Déi deemoleg zoustänneg Chamberskommissioun huet dann hir Aarbechten intensivéiert an deene Fréijorsméint vun 2004. Et ass zu enger Rëtsch vun Amendementer komm, erëm eng Kéier d'Stellungnahm vum Statsrot, erëm eng Kéier Amendementer, an dunn ass da schlussendlech vun där Kommissioun awer am Mee décidéiert ginn - et war just zum Ofschloss vun der leschter Legislaturperiod -, net méi elo dee Projet do duerchzedrécken an där leschter Sitzungswoch praktesch an elo e bësse Rou erakommen ze loossen, esou dass eigentlech dann dës Chamber an déi nächst Regierung deen heite Projet mat iwwerholl hunn als Ierfschaft.

Am Regierungsprogramm vun 2004 steet dran, dass dat Sportsgesetz soll esou schnell wéi méiglech verabschit ginn, an den neie fir de Sport zoustännege Minister, den Här Jeannot Krecké, huet sech dann och beméit, fir esou schnell wéi méiglech mat deem Projet elo an deem éischte Joer virunzekommen, doduerjer dass en och relativ schnell an déi zoustänneg Chamberskommissioun komm ass, och nach eng Rei vun Iddië matbruecht huet, wéi een op deem engen oder deem anere Punkt nach kënnt deen Text hei verbesseren.

Mir hunn déi diskutéiert, hunn och nach déi eng oder aner eegen Iddi vun der Kommissioun mat erageholl, an a véier, fënnef Sitzungen - ech hunn net genau nogezielt - hu mer dann iwwert deen heite Projet diskutéiert, an no, wéi gesot, enger Rei vun Amendementer als Kommissioun, no engem leschten Avis vum Statsrot konnte mer eis da schlussendlech op en Text eenegen. Dee Rapport vun der Kommissioun ass och da bal eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn, bei der Enthalung vum ADR-Vertrieder.

Dat war - wéi gesot - de Werdegang vun deem heite Projet. Wann een alles rechent, da sinn dat méi wéi zéng Joer, bal eelef Joer. Ech muss soen, et ass ganz kloer, et ass sécherlech e Projet, dee global gesi positiv ass. Ech gestinn awer gären an, dass et kee Projet ass mat engem revolutionäre Charakter, an déi laang Gestatiounsperiod steet net onbedéngt an engem direkte Verhältnis zu der Envergure,…

(Interruption)

…déi deen heite Projet huet.

Mä et bleift awer, mengen ech, dass en a ganz ville Punkten dat verankert, wat elo vu Joer zu Joer iwwert de Budget weidergeschriwwe gëtt. Dat Bestehend kann also definitiv gefestegt ginn.

Et sinn awer eng ganz Rëtsch vu Punkten dran, déi eng Neierung duerstelle par rapport zu haut an déi dem Sport sécherlech an deem engen oder aneren Aspekt hei zu Lëtzebuerg och wäerte weiderhëllefen an deenen nächste Joren, wann déi Texter seriö geholl ginn, a wa jiddfereen de feste politesche Wëllen huet, se och an der Praxis an deenen nächste Joren ëmzesetzen.

Ech sinn eng Kéier iwwert den Text geflunn an ech hunn a mengem schréftleche Rapport eng 18 Punkte festgehalen, déi eng Neierung duerstelle par rapport zu deem, wat mer net nëmmen am Gesetz vun 1976 stoen hunn, mä och an der Praxis vun haut eigentlech Gültegkeet huet, wat also wierklech Neierunge sinn.

Dat geet vun der Roll vun de Federatiounen iwwert déi ganz kloer Festschreiwung vun der Autonomie vum Sportsmouvement a vun der subsidiarescher Roll a komplementarer Roll vun den öffentleche Pouvoiren am Sportswiesen, bis hin op esou eng Neierung, déi eréischt elo viru kuerzem duerch en Amendement drakomm ass, fir och um Niveau vun der Éducation précoce a vun de Spillschoulen obligatorescherweis sou genannt motoresch Aktivitéite fir déi Kanner ze organiséieren.

Dann ass och eng nei Iddi drakomm duerch eng Suggestioun vum heitege Sportsminister, fir e Konzept, wat sech och am Regierungsprogramm elo vun 2004 niddergeschloen huet, an deem Text hei verankert ze kréien, dat heescht méi staark ze setzen op eng proaktiv Politik tëschent der Gesondheet an dem Sport, an d'Gesondheet duerch Sport als Iddi eigentlech méi staark ze pousséieren.

Et ass och ugeschnidden an deem heiten Text - an als fréieren Ëmweltminister weess ech, dass dat en akute Problem war, an ech mengen nach ëmmer bleift - d'Noutwendegkeet, fir och gewësse Sportaarten, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, fir déi net zu Lëtzebuerg auszeschléissen, mä awer duerch eng geziilten Implantatiounspolitik ze erreechen, dass déi och d'Chance hunn hei zu Lëtzebuerg sech kënnen ofzeweckelen, awer dat wéi gesot an enger geuerdneter Form, net diffus verspreet iwwert d'ganzt Land, mä op verschiddene Plazen, wou sech dann tëschent den Departementer muss eens gesat ginn, wou dat ka sinn, wou also do den Impakt am klengste bleift.

Dann natierlech och d'Utilisatioun vun de Sportsinfrastrukturen. Och dat ass interessant hei awer, dass d'Iddi dra verankert ass. Ech mengen, dass besonnesch och dem COSL um Häerz louch, datt, wat d'Utilisatioun vun deene Sportsinfrastrukturen ugeet, do haaptsächlech an éischter Linn déi sollen dem Schoulsport an dem Compétitounssport déngen, an natierlech och fir eng aner öffentlech Notzung vun de Leit sollen op sinn, soufern déi zwou aner Utilisatiounen dat nach méiglech maachen.

Da sécherlech och e wichtege Punkt, dat ass u sech déi legal Ofsécherung vun der jährlecher Hëllef, déi de Stat gëtt fir d'Sportsaktivitéiten an och fir den techneschen Encadrement a fir den administrativen Encadrement vum Sport, sief dat um Niveau vum Sportsmouvement, sief dat um Niveau vun deenen eenzelne Federatiounen.

Dat sinn och ganz nei Iddië par rapport zum Text vun 1976, déi een haut sécherlech schonn erëmfënnt, mä wou et awer wichteg ass, dass een op Grond vun der Situatioun am Sportswiesen do net verkennt, dass mer do net um Endpunkt ukomm sinn an dass do och nach méi Besoine sécherlech sech ganz kloer bemierkbar maachen. Mir

kommen net laanscht eng gewësse Professionaliséierung vum Sportswiesen, wa mer hei wëlle Resultater opzeweisen hunn an deem ganze Sportsberäich.

Dann eng Iddi, déi mer an der Kommissioun an enge vun de leschte Sitzungen zréckbehalen hunn, dat ass, dass mer u sech déi Versécherung, wat d'Haftung ugeet, d'Zivilhaftung ugeet respektiv d'Ofsécherung géint Accidenter, dass mer déi net nëmmen aféieren respektiv confirméiere fir Leit, déi lizenzéiert sinn, fir Sportler, also respektiv déi Leit, déi eng Lizenz bei enger Federatioun hunn, mä dass mer do och déi sou genannte geleeëntlech fräiwëlleg Mataarbechter mat eranhuelen. Dat sinn also déi Leit, déi spontan erugezu ginn, wann et drëm geet eng Sportsmanifestatioun ze organiséieren. Dat kënnen déi Leit sinn, Pompjeeën oder anerer, déi de Verkéier versichen ze reglëieren, an déi Leit, déi fir Sécherheetszwecker mat erugezu ginn.

M. le Président.- Här Bodry, ech mengen den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports.*- Neen, neen!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Dat hätt mech jo gewonnert, wann de Minister mer hätt wëllen eng Fro stellen!

(Hilarité)

Déi Leit, déi een also nach muss mat erunzéien, wat oft d'Eltere sinn zum Beispill, déi eng Hand mat upaken, wann et drëm geet fir eppes ze organiséieren. All déi Leit falen an Zukunft also hei ënnert déi obligatoresch Versécherung a ginn an Zukunft mat ofgeséchert. Dat ass och ee konkrete Schrëtt fir dem Éierenamt, der fräiwëlleger Mataarbecht, entgéintzekommen.

Da wéi gesot d'Aféiere vun engem Spezialstatut am Interesse vun de sou genannten Elitesportler, den Héichleeschtungssportler, wou eng ganz Rëtsch vu Moossnamen hei verankert sinn, fir deene kënnen entgéintzekommen.

Dat betrëfft de schoulesche Beräich mat dem Horaire aménagé, mat der Méiglechkeet fir d'Exame kënnen och getrennt duerchzefëieren; dann déi vill diskutéiert Prioritéit bei den Astellunge beim Stat respektiv am öffentleche Secteur - ech soen herno nach e puer Wuert méi am Detail dozou -, wéi och d'Prise en charge vun der Säit vum Stat vun engem Deel vun de soziale Chargë fir déi doten Héichleeschtungssportler, déi keen Akommes oder nëmmen e ganz klengt Akommes hunn. Alles dat sinn, mengen ech, wichteg Neierungen, déi an deem heiten Text verankert sinn, par rapport zu der Versioun vun 1976.

Dann natierlech, an dat hunn ech schonn ervirgestrach, e ganz wesentleche Volet, deen erakomm ass, dat ass d'Aféierung vun engem Delikt fir den Doping ze bekämpfen.

Dat hu mer bis dato zu Lëtzebuerg net kannt. Hei hätt ee missen eigentlech op aner Texter zréckgräifen, fir strofrechtlech géint Doping virzegoen, a wou also an deem heiten Text virgesinn ass, dass haaptsächlech déi Leit, déi esou Dopingsprodukter beschafen, dass déi u sech hei mat ganz staarke Strofen ze rechnen hunn, mat Geldstrofen, héije Geldstrofen an och mat héije Prisongsstrofe vun dräi Joer an deem enge Fall a bei enger Rezidiv mat bis zu fënnef Joer Prisong. Hei ass schonn de politesche Wëllen an deem heite Gesetzestext mat dran, fir wierklech mat staarke Geschützer eigentlech virzegoen, fir dem Phenomeen Doping probéieren Här ze ginn.

Wat opfält an deem heiten Text, dat ass eng Optioun, déi d'Regierung bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet de loi sengerzäit geholl huet, nämlech déi, dass de Sportler selwer eigentlech net direkt ënner Strof gestallt gëtt. Dee kéint à la rigueur iwwert d'Complicitéit respektiv als Coauteur vun engem Delikt mat a Fro kommen. Mä de Sportler u sech, dee sech dopt, gëtt iwwert deen heiten Text net ënner Strof gestallt. Dat ass eng Optioun, déi geholl ginn ass.

Doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn. Dat wëll ech ganz kloer och hei a mengem perséinlechen Numm zum Ausdrock bréngen. Mä hei huet Lëtzebuerg eben déi doten Optioun geholl. Et muss ee gesinn, wéi gesot, wéi sech dat doten an der Praxis elo da wäert bewähren.

Dann en aneren, e wesentleche Punkt, deen och der Suerg vun der Sportsbewegung eigentlech entsprécht, ass, fir munches, wat de Sport betrëfft, aus de Geriichtssäll erauszehalen. Well u sech den normalen Oflaf vum Sport dach awer duerch eng Lawin vu Geriichtsprozesser sécherlech net virugedriwwe gëtt, mä éischter behënnert gëtt, war ëmmer d'Suerg fir ze kucken, fir esou wäit wéi méiglech Problemer, déi am Zesummenhank mat dem Sport entstinn, net virun déi ordinär Geriichter ze bréngen, mä wa méiglech iwwert de Wee vun engem Arbitrage, vun enger Schlichtung eigentlech op e gutt Enn ze féieren. Déi Iddi fënnt een och an deem Gesetzestext hei erëm.

Natierlech ass d'Sportswiesen och kee rechtsfräie Raum. Dat wëll ech och soen. Dorobber hunn ech ëmmer als Jurist higewisen, dass dat net ka sinn. Wann een net zu sengem Recht kënnt, muss een och engem Sportler oder wien et och ëmmer ass d'Recht zougestoe fir virun déi uerdentlech Geriichter ze goen. Mä virdru soll ebe probéiert gi sech am Gudden ze eenegen an eng Léisung ze fannen, déi dann all Sträitparteien zefridde stellt. Déi Iddi fënnt sech an deem heiten Text erëm.

Gradesou och wéi d'Iddi fir gemeinsam géint Gewalt an och géint de Friemenhaass am Sport virzegoen, engem Phenomeen, dee méi e rezente Charakter huet, mä deen een net däerf ënnerschätzen. Dofir och hei déi méi programmatesch Ausso, dass ee gemeinsam wëllt dergéint virgoen.

Da schlussendlech als leschte Punkt - ech hu jo schonn am Virfeld dorop higewisen - déi Ofännerungen am Aarbechtsrecht, déi Ausnahmbestëmmungen, déi fir de Sport elo hei agefouert ginn, wat den Aarbechtsvertrag ugeet, wat d'Méiglechkeet ugeet fir e Contrat à durée déterminée kënnen ze maachen, respektiv och déi Méiglechkeet, déi hei elo agefouert gëtt, wann et sech ëm Aarbechtsverhältnisser zu Trainere respektiv zu Sportler handelt, dass déi net onbedéngt mussen iwwer e regelrechten Aarbechtsvertrag geregelt ginn, wann dat nëmmen eng Niewentätegkeet vun där Persoun, deem Trainer oder deem Sportler, ass. Do ginn also gewëssen Assouplissementer gemaach fir d'Sportswiesen, wat sécherlech och deem Ganzen zegutt kënnt.

Voilà, dat si grosso modo déi wesentlech Ännerungen, déi deen heiten Text bréngt. E puer Wuert nach zu enger Kritik, déi oft geäussert ginn ass, haaptsächlech och vum COSL an och vun eenzelne Chambres professionnelles: Firwat gëtt net méi fir de Bénévolat gemaach? Dat ass eng Diskussioun, déi och schonn an deene leschte Jore gefouert ginn ass, besonnesch: Firwat gëtt net méi am fiskalesche Beräich gemaach?

D'Kommissioun war der Usiicht, dass een à ce stade fir de Sport eleng deen Dossier net méi sollt opmaachen, well u sech jo och de Bénévolat an d'Stëtzung vun der éierenamtlecher fräiwëlleger Tätegkeet keng Affär nëmme vum Sportssecteur ass, mä mir brauchen de Bénévolat an alle gesellschaftleche Beräicher. Mir hunn en och glécklecherweis nach an alle gesellschaftleche Beräicher.

Dofir war d'Kommissioun der Meenung, dass et eis net wäit géif bréngen, eleng fir de Sport hei speziell Bestëmmungen an deem dote Beräich anzeféieren, mä dass eng méi global Reflexioun vun der Regierung misst gemaach ginn iwwer zousätzlech Ënnerstëtzungsmoossname fir d'éierenamtlech Tätegkeet, an dozou och natierlech d'Fro soll gekuckt ginn, ob sech net am fiskalesche Beräich do Méiglechkeeten erginn, woubäi ee sech muss bewosst sinn, dat ass ganz kloer, dass, wann een de Leit wëllt um steierleche Plang entgéintkommen, dat nëmmen deene Leit eppes bréngt, déi och Steiere bezuelen.

Leit, déi keng Steiere bezuelen, well se an deenen ënneschten Akommeskategorië leien, deenen hëlleft een net mat steierlechen Ofschreiwungsméiglechkeeten an Ähnlechem, well déi scho souwisou keng Steiere bezuelen. Do misst ee sech dann also och fir déi eng Kategorie aner Hëllefsmoossnamen afale loossen, wann ee wëllt an deem ganze Beräich do eppes maachen. Mir waren der Meenung, dass ee wéi gesot net méi wäit à ce stade kéint komme wéi dat, wat elo an deem Gesetzestext hei drasteet.

Verschwonnen aus deem Text ass eng onglécklech Bestëmmung, déi an de Projet eragerutscht war, déi virgesinn hat, dass bei gewëssene Sportsmanifestatioune vu gréisserem Charakter, wou och eng kommerziell Iddi hannendru wier, dat heescht wou Benefiss géif erausprangen, d'Organisateure gehale wieren, fir ze participéieren un de Mehrkosten, déi dat dote fir d'öffentlech Hand mat sech bréngt, zum Beispill wat d'Polizeiorganisatioun ugeet. Do war eng Opposition formelle vum Statsrot a souwuel déi viregt Kommissioun wéi dës Kommissioun waren der Meenung, dass een effektiv esou een Text net kënnt hei bestoe loossen, well do géint d'Gläichheet virum Gesetz verstouss gëtt.

Well wa sech déi dote Fro stellt, an déi ka sech stellen, sécherlech net nëmmen am Sport, mä och an anere Beräicher, wou grouss Manifestatioune stattfannen a wou Mehrkoste fir d'öffentlech Hand ufalen, a wann een esou eng Regelung mécht, da misst dat selbstverständlech gëlle fir sämtlech Sektoren, an et misst een natierlech och am Detail d'Kritäre festleeën, no deenen déi dote Regelung soll spillen. Dat war en anere Kritikpunkt, deen de Conseil d'État mat Recht geäussert huet, a wou d'Chamber der Meenung ass, dass effektiv een esou en Text net kann dra bestoe loossen.

Eng Meenungsverschiddenheet hate mer mat engem niewesächleche Punkt, de Sportsmusée, wou mer trotz reegem Bréifwiessel mam Conseil d'État op kee Konsensus komm sinn. Do war eppes falsch verstane ginn. Mir hunn et awer net fäerdeg bruecht, dat erëm riichtzebéien, sou dass mer dee Passage iwwert de Sportsmusée hei erausgeholl hunn. Wéi gesot ech mengen, dass doduerch awer den Text u sech net u Wäert verléiert. Voilà, dat zum Inhalt vun deem Text.

En Text ass dat eent, d'Ëmsetze vun engem Text ass eppes Zweetes, an d'Suerg, déi mer an der Kommissioun haten, dat war och, dass mer d'Regierung gäre géife gesinn, an och déi nächst Regierunge gäre géife gesinn, dass se mat dozou bäidroen, wéi d'Gemengen och, wéi de Sportsmouvement och, fir deen heiten Text mat Liewen ze erfëllen, och déi néideg Budgetsmëttel zur Verfügung ze stellen. Ouni déi geet et net, fir dass eenzel nei Dispositioune vun deem heiten Text och wierklech kënnen um Terrain gräifen. Wann dat geschitt, mengen ech, dass mer haut en uerdentleche Gest gemaach hunn am Sënn vum Lëtzebuerger Sport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als éischt Riednerin ass d'Madame Françoise Hetto ageschriwwen. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut bal véier an en halleft Joer nom Dépôt an der Chamber ass dann dat sou genanntent Sportsgesetz endlech op der Ligne d'arrivée ukomm. De Werdegang vum Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut de Mëtteg ofstëmme wäerten, ass bekannt a gouf och elo grad nach eng Kéier vum Rapporteur, dem honorabelen Här Alex Bodry, beschriwwen, deem ech op dëser Plaz och am Numm vu menger Fraktioun wëll félicitéiere fir säi kompletten an excellentë schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Här President, och wann d'Leit schonn am leschte Jorhonnert sportlech aktiv waren, sou ass de Stellewäert vum Sport an eiser heiteger Gesellschaft awer e ganz anere ginn. Gouf virun honnert Joer de Sport nach méi als eng Fräizäitbeschäftegung ugesinn, sou ass de Sport vun haut méi wéi nëmmen en Zäitverdreif an och en Amusement.

Sport ass haut eng Plaz vu sozialer Kommunikatioun an Interaktioun, Ausdrock vun engem moderne Liewensstil, en Zeeche vu Liewensqualitéit an awer virun allem ee Facteur vun engem preventive Gesondheetssystem. Wéi mer allegueerte wëssen, leide ganz vill Leit an eiser moderner schnellliweger Gesellschaft, ob dat elo Jonker oder Aler sinn, u verschiddenen Zivilisatiounskrankheeten, zum Beispill Häerz-Kreeslaf-Krankheeten, Bluthéichdrock oder chroneschem Iwwergewiicht. Et ass erschreckend festzestellen - an dat sollt eis wierklech alleguer e bësselchen ze denke ginn -, dass am Moment uechtert d'Welt méi Mënschen duerch verschidde Krankheete stierwen, déi eng direkt Konsequenz vu Fettleibegkeet sinn, wéi et Mënsche gëtt, déi duerch Ënnerernährung ëm d'Liewe kommen.

Falsch Ernährung op där enger Säit an e Mangel u Bewegung op där anerer Säit droe ganz sécher dozou bäi, dass eis Gesellschaft ëmmer méi zu enger kranker Gesellschaft verkënnt. Eng krank Gesellschaft, déi also och ëmmer méi zur Laascht vun eisem Gesondheetssystem an eise Krankekeese gëtt. Fir deem entgéintzewierke gëtt et zum Beispill an Däitschland zënter dem Abrëll 2003 d'Initiativ „Deutschland bewegt sich für ein gesünderes und längeres Leben". Dës Initiativ gëtt ënner anerem vun der BARMER, der gréisster däitscher Krankekeess gedroen an huet als ganz kloert Zil, d'Gesondheetspreventioun an de Käpp vun der Bevölkerung ze verankeren.

Duerch Televisiounsspotten a Reklammen an der geschriwwener Press ginn d'Leit iwwer verschidde Sportaarte wéi Walking, also ganz einfach Sportaarten, oder Vëlofueren informéiert an opgeklärt an niewebäi gi se awer och dozou opgeruff fir sech méi ze bewegen. Dat Ganzt mam Hannergedanke vun enger aktiver Gesondheetspreventioun. Dass hannert dëser Initiativ déi gréissten däitsch Krankekeess steet, verwonnert net, well och si wäerten erausfonnt hunn, dass duerch de Sport de Risiko fir zum Beispill u Bluthéichdrock oder Obésitéit ze erkranke verringert gëtt. De positiven Niweneffekt vun dëser Initiativ spigelt sech dann och sécherlech an de méi niddregen Dépensë vun der Krankekeess erëm.

Ech sinn der Meenung, dass mir och hei zu Lëtzebuerg sou eng ähnlech Initiativ misste starten. Dat Ganzt an enker Kollaboratioun mat eise Sportsfederatiounen, dem Sportsministère an dem Gesondheetsministère.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, menger Meenung no ass de Sport eng, wann net déi Äntwert fir eiser ëmmer méi kranker Gesellschaft ze hëllefen. Well d'Leit dacks eréischt da sportlech aktiv ginn, wa se bis gesondheetlech Problemer verspieren, musse mer preventiv handelen an och duerfir suergen, dass si sech ëmmer méi an ëmmer méi fréi sportlech betätegen. Dat zielt och fir eis Kanner a Jugendlecher.

Dëser Revendicatioun, wéi se och am Koalitiounsaccord vum Juli 2004 festgehale gouf, gëtt duerch dat neit Sportsgesetz Rechnung gedroen. Gesondheetserzéiung fänkt duerfir net - wéi dat fréier de Fall war - eréischt am Préscolaire un, mä gëtt elo ausgeweit op de Précoce. Elo geet et awer hei net dorëms fir elo déi kleng Däbbessen doe komplizéiert Übungen ze maachen, mä et geet am Fong geholl méi dorëms fir se ze begeeschteren, fir hiren Defizit u Bewegung auszegläichen a fir déi motoresch Bewegungsofleef ze verfeineren. D'Mesure fir de Sport schonn am Précoce unzebidde gouf iwwregens och vum Statsrot ganz staark begréisst.

Sport an der Schoul déngt net nëmmen der Gesondheet vun eise Kanner, mä léiert si och wichteg mënschlech Wäerter an Normen. De Sport kann dës Roll bei eise Kanner awer nëmmen dann erfëllen, wa si e qualitativ héichwäertege Sportsunterrecht ugebuede kréien. An duerfir sollten d'Gemengen am Kader vun hirer Schoulorganisatioun och versiche qualifizéiert Personal am Sportsunterrecht anzesetzen, an d'Sportsunitéiten esou ze gruppéieren, dass d'Kanner beschtens kënnen dovunner profitéieren, an net wéi dat dacks de Fall ass, dass wierklech wäertvoll Zäit verluer geet duerch vill ze vill laang Bustrajeten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net nëmmen eis Kanner, och de Rescht vun eiser Populatioun huet Urecht op eng adequat Sportsoffer a Sportsinfrastrukturen. Dëser ëmmer méi grousser Demande an der Bevölkerung gëtt elo Rechnung gedroen. Am neie Gesetz steet geschriwwen, dass Sportsinfrastrukturen nieft der Schoul an dem Leeschtungssport och dem breede Public mussen zougänglech gemaach ginn, dat virun allem ausserhalb vun de Schoulstonnen, also och während de Vakanzen.

Ausserdeem sollen d'Gemengen, esou wéi de Statsrot et och recommandéiert huet, spezifesch Sportsprogrammer fir hir Bierger ausschaffen an ubidden. Dat ganz besonnesch awer fir d'Kanner a fir déi Jugendlech. Hei sinn also eis Gemenge gefuerdert, fir sech déi néideg Mëttel ze ginn, fir den Erwaardunge vun hire Bierger an Awunner gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere wichtege Punkt, deen ech wierklech wëllt ervirhiewen, ass d'Ausweitung vun der Assurance sportive. Nei ass nämlech, dass net nëmmen d'Sportler an déi Dirigents sportifs, mä an Zukunft sämtlech Bénévolen, Collaborateure vun de Veräiner, och déi, déi wierklech nëmme geleeëntlech aushëllefen, duerch eng ganz nei staatlech Assurance ofgeséchert ginn, déi de Stat mat engem oder méi Assurancenorganisme kann ofschléissen.

Ech mengen, mir sinn dat och eise ville Bénévolë schëlleg, well ouni si ka kee Sportsclub effikass fonctionnéieren a keng Sportsveranstaltung mat Succès iwwert d'Bühn

bruecht ginn. Dëst ass ganz kloer eng Unerkennung fir hir wäertvoll Aarbecht, déi si fir de Veräin Woch fir Woch leeschten.

Ech denken an deem Kontext am Besonneschen un déi vill Elteren, déi sech an de Sportsveräiner engagéieren, fir Chauffeur fir d'Equipe vun hirem eegenen Kand an och där vun deenen anere Kanner ze spillen.

Ech hätt awer elo an dësem Kontext eng Fro un de Minister iwwer eppes, wat nach net ganz kloer ervirgaangen ass aus dem Projet de loi: Gëllt dës Assurance elo nëmmen, wéi dat beschriwwen ass «lors des activités sportives», oder och während där Zäit virdun an duerno, wou se muss preparéiert ginn?

Ech ginn elo just e puer Beispiller: Zum Beispill, wann d'Elteren d'Trikotë musse siche fueren; wann d'Kanner um Rendez-vous eng Stonn waarde virum Match; wann d'Eltere mat hire Kanner mat hirem eegenen Auto op Matcher oder Tournéieren an d'Ausland fueren an hir eege Kasko net onbedéngt wëllen op d'Spill setzen; wann een duerch e Mëssgeschéck engem Kand de Fanger a senger Autosdier quëtscht; oder wann de Sand virum Beachvolleyball scho muss um Terrain verdeelt ginn an, an, an.

Ech mengen, do gëtt et eng ganz Partie Beispiller, wou et fir déi Concernéiert wichteg ass ze wëssen, ob se an deem Fall dann elo mat verséchert sinn duerch dës nei Assurance oder net. Ech wär frou, Här Minister, wann Dir mir herno dorobber kéint eng Äntwert ginn.

Dës Mesure, fir déi bénévole Mataarbechter an eng Assurance mat anzeschléissen, war iwwregens och e Wonsch vum Comité olympique, deen hien a sengem Avis mat erabruecht huet.

Mir begréissen natierlech och de Fait, dass de Stat weiderhin eis Elitesportler ënnerstëtzt, eis Spëtzesportler vun haut, sief dat elo de Benoît Joachim, de Kim Kirchen, d'Gebridder Schleck am Cyclissem, d'Liz May am Triathlon, d'Tessy Scholtes am Karate oder eis Tennis-Crackë Muller, Kremer, Schaul a Minella fir nëmme si ze nennen. Si beweisen eis op alle Fall, Dag fir Dag, zu wéi enge Leeschtungen eng spezifesch a laangjähreg Förderung ka féieren.

All eis Elitesportler droen ausserdeem duerch hir gutt Leeschtungen dozou bäi, eist Land an der Welt ze representéieren an och méi bekannt ze maachen. Si sinn awer net nëmmen ee positiivt Aushängeschëld vun eisem Land an der Welt, mä heiheem sinn a bleiwe si Virbiller, Idoler an Idealer vun eise Kanner, déi versichen hinnen et nozemaachen. Duerfir ginn a mussen si och weiderhi mat den néidege Mëttel vum Stat ënnerstëtzt ginn.

Här President, ech kommen esou lues zum Schluss. De Motto „mens sana in corpore sano", also de gesonde Geescht an engem gesonde Kierper, ass haut an eiser aggressiver, schnelllieweger a gestresster Gesellschaft méi wéi jee aktuell, an de Sport verdéngt dohier och e besonnesche Stellewäert.

Net nëmmen dass déi Jonk an hire Veräiner léieren sech mat Gläichaltregen ze moossen a sech ze défouléieren, si kréien hei jo och Wäerter vermëttelt, wéi Toleranz, Respekt, Fairplay, Zesummenhalen - Wäerter ouni déi eng Gesellschaft net fonctionnéiere kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Sportsgesetz mat deem laange Baart ass doudsécher net perfekt, mä et huet awer vill positiv Aspekter an et ass och schlussendlech e Schratt an déi richteg Richtung. D'Experienz wäert eis da sécherlech weisen, wou an op wéi enge prezise Punkten nach muss a kann och vläicht nogebessert ginn. Domadder wëll ech schléissen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a bréngen och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Hetto. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen déi honorabel Madame Colette Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen, eng gewësse Fatalitéit schéngt op de Sportsgesetzer hei am Lëtzebuerger Land ze laaschten: Si ginn duerch eng ganz laang Period vu Preparatioun, da falen se an administrativ Tergiversatiounen, da kënnt eng ganz laang Period vu Consultatiounen, an domadder lafe mer de Risque, dass bis zu deem Moment, wou de Projet an d'Chamber kënnt, e scho wäitgehend zerriet ginn ass.

Dat war 1920 de Fall bei enger Proposition de loi, déi dunn agereecht ginn ass, an déi Proposition de loi ass schliesslech 1939 verworf ginn. Dat war och de Fall fir d'1976er Gesetz, dat kann ech aus perséinlecher Erfahrung bezeien. Ech war deemools dobäi, an ech weess, wéi vill et hin- an hiergaangen ass, a wéi laang et gedauert huet. An dat ass och wouer fir dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren.

Gëschter hat eng Dageszeitung zwou Säiten iwwert dat neit Sportgesetz an huet d'Ahnengalerie vum Sportgesetz publizéiert. Fënnef Ministeren, huet „d'Wort" geschriwwen, haten deen Text op hirem Büro leien: den Här Johny Lahure, den Här Alex Bodry, den Här Georges Wohlfart, d'Madame Anne Brasseur an den Här Jeannot Krecké.

Et ass effektiv wouer, an de Rapporteur huet drun erënnert, dass d'Iddi gebuer ass 1994 zur Zäit vum Minister Johny Lahure. Deen éischten Avant-projet ass virgeluecht ginn am Conseil de Gouvernement 1998; et ass awer dunn zu kengem Projet komm. D'Consultatiounen interministerieller Aart hu gedauert vun 1998 bis 2000. De remaniéierte Projet ass dunn den 13. Februar 2001 déposéiert ginn. Du sinn déi extern Consultatiounen ugaange mat de Chambres professionnelles, dem COSL, dem Syvicol, an hu bis 2002 gedauert. De Projet ass zimlech fundamental vun der Regierung amendéiert ginn den 12. Juni 2002, an d'Aarbechten an der Chamber sinn ënnerbrach ginn duerch d'Wahle vum 13. Juni 2004.

Wa mer haut also kënnen dee Projet diskutéieren, géing ech soen, da sinn et haaptsächlech dräi Leit, déi de Mérite dovun hunn. Fënnef Ministeren haten de Projet op hirem Büro leien; ee Minister huet de Projet fäerdeg gestallt, boucléiert an déposéiert 2001, an dat war d'Anne Brasseur, Minister vun der Éducation nationale, vun der Formation professionnelle a vum Sport. D'Madame Brasseur huet weider am Joer 2002 de Projet relativ fundamental amendéiert, fir gewësse Kritike Rechnung ze droen. An deen Text, dee mer haut stëmmen, ass guer net wäit entfernt vun deem, deen deemools déposéiert an dunn amendéiert gouf.

De jëtzege Sportsminister, den Här Jeannot Krecké, huet d'Aarbechten direkt reaktivéiert no der Prise de fonction vun der neier Regierung, an den Alex Bodry als Rapporteur huet d'Kommissioun musse leeden duerch en aussergewéinlech voluminéisen Dossier. Et ass seelen, dass mir an der Chamber esou vill Grammen u Pabeier hunn, wou mer eis mussen derduerchwullen.

Also, deenen dräi e ganz spezielle Merci, dass mer haut kënnen zu engem Ofschloss vun deem Projet kommen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

De But dovun ass ganz kloer: Den Text, deen 30 Joer alen Text vum Sportsgesetz soll moderniséiert ginn; e soll adaptéiert ginn un d'Evolutioun vum Sport an der moderner Welt, un d'Exigenze vum Sport, un d'Evolutioun vun der Gesellschaft och, an och un d'Evolutioun vum internationale Kontext, sief dat de Conseil de l'Europe, sief dat d'Union européenne, sief dat och de Comité International Olympique.

Esou wéi d'Deeler II bis IV vum Rapport vun der parlamentarescher Kommissioun et beweisen, sinn déi eenzel Objektiver an dësem Gesetz erfëllt an erziilt ginn.

Ganz perséinlech wéilt ech zwar eng Remarque bäifügen an déi wär, dass ech mam Rapporteur d'accord sinn an deem wat en op Säit 6 vu sengem Rapport gesot huet a wat en awer net méi ganz geschéngt huet ze deelen a sengem mëndleche Rapport, dass den Text, dee mer haut diskutéieren, éischter - an ech zitéieren en «d'essence programmatique» ass an net «à caractère strictement normatif».

Am Souci vun enger gudder legislativer Prozedur hätt ech mer gewënscht, dass mer e bësse méi normativ virgaange wieren. Ech halen dobäi fest, dass et sécher keen Zoufall ass, wa véier vun deene fënnef Beruffschamberen, déi en Avis zum Gesetz ofginn hunn, eben och bedaueren, dass et éischter eng Déclaration d'intention ass wéi en Text de loi, dee kloer juristesch Normen etabléiert.

Mä wann ech dat soen, dann ass dat einfach e Bedaueren zur Form a guer net zum Fong vum Gesetz, well effektiv stellt dëst Gesetz e wesentleche Fortschrëtt duer par rapport zum Text vun 1976. Déi Fortschrëtter, déi enregistréiert gi sinn oder déi Plus-valuen - wéi de Rapporteur se nennt -, et sinn der 18, dat sinn déi, déi hien a sengem Rapport opgezielt huet. Ech mengen et sinn der wéinstens 19 oder 20. Mä dat kann een alles fannen op Säit 6 a 7 vum Rapport vun der parlamentarescher Kommissioun.

Déi Fortschrëtter sinn all wichteg, mä menger Meenung no gëtt et der vläicht, déi méi an d'Woschuel fale wéi anerer, an do zielen ech der siwen. Dat ass d'Tatsaach, dass an dësem Gesetz d'Federatiounen unerkannt ginn an, wéi soll ech soen, protégéiert ginn, legal protégéiert ginn, dass an dësem Gesetz d'Autonomie vum Mouvement sportif rechtlech festgeschriwwe gëtt, an dass och rechtlech festgeschriwwe gëtt, dass d'öffentlech Hand beim Sport eng subsidiaresch Roll ze erfëllen huet.

Weider schéngt et mer ganz wichteg, dass hei och festgeschriwwe gëtt, dass de Stat dozou beruff ass, de Sport ze ënnerstëtzen. Et ass also net nëmme méi eng Saach vun enger jährlecher Décisioun beim Budget, mä hei gëtt ee fir alle Mol festgeschriwwen, dass de Stat hei muss intervenéieren. De Montant vun der Dotatioun hänkt dann natierlech all Joer vun de Budgetsdiskussiounen an -décisiounen of.

Et ass och wichteg, dass mer e Statut spécial fir ons Elitesportler am Gesetz festschreiwen. Et ass enorm wichteg, dass mer de Kampf géint den Doping hei rechtlech consacréieren an dass mer soen, sans préjudice vun deene Moossnamen, déi um private Plang vun der Sportswelt à l'égard vun de Sportler geholl ginn, sollen an Zukunft Sanctions pénales, streng Sanctions pénales ugewannt gi géigeniwwer deenen, déi mat Drogen handelen, se verschreiwen oder de Sportler se verpassen. Dat ass menger Meenung no e ganz wesentleche Punkt, deen normative Charakter huet an deen enorm wichteg ass an dësem Gesetz.

Schliesslech ass och dat Engagement wichteg, géint d'Violence a géint d'Xénophobie am Sport ze kämpfen, an dann, last but not least, déi spezifesch Regelen, déi virgesi si fir d'Aarbechtsrelatioune vu souwuel Trainere wéi och Sportler mat de Verbänn ze regelen. Dat ass jo e Problem, deen ëmmer erëm opgeworf ginn ass, och an den Assembléeë vum COSL, a wou endlech elo hei eng kloer Sprooch geschwat gëtt.

Dat sinn also alles Dispositiounen, déi der Evolutioun vun der Gesellschaft Rechnung droen, déi der Evolutioun vun der Roll vum Sport an der moderner Welt Rechnung droen an déi - a leider ass dat och néideg - Garde-fouen opriichten, fir déi Dériven ze bekämpfen, déi leider hautdësdags och mam Sport verbonne sinn.

D'parlamentaresch Kommissioun - an de Rapporteur huet dat gesot - huet allgemeng unerkannt, dass ee misst eppes virgesinn, fir de Bénévolat ze ënnerstëtzen, esou wéi de COSL dat a sengem Avis vum 25. Abrëll gefrot hat. D'parlamentaresch Kommissioun war aus deenen Ursaachen, déi de Rapporteur opgezielt huet, awer der Meenung, dass déi Mesurë sech net kéinten op de Sport beschränken, mä dass se missten d'application générale sinn.

Et kann ee sech ganz gutt virstellen an et weess een, dass de Bénévolat eng ganz wichteg Roll och an der Kultur spillt, an och bei deenen, déi sech Suerge maachen iwwert d'Erhale vun onsem Environnement. Et soll hei ganz allgemeng iwwert de Bénévolat nogeduecht ginn, an d'Kommissioun huet d'Regierung opgefuerdert, eng global Reflexioun zu deem Sujet ze féieren.

Ech wär dem Minister also dankbar, wann hien ons kéint soen, wéi hien d'Äntwert zu där Fro vun der parlamentarescher Kommissioun gesäit. Ech wëll en passant, wat de Bénévolat betrëfft, awer och festhalen, wéi de Rapporteur, dass d'Kommissioun, entgéint dem Conseil d'État an entgéint anere Kritiken, déi komm waren, der Meenung war, dass d'Assurance sportive accidents och soll gëlle fir déi, déi, wéi soll ech soen, occasionnel dem Sport Déngschter leeschten. Also net nëmme fir déi, déi voll engagéiert sinn, mä och fir déi, déi bei dëser oder där Geleeënheet bénévole dem Sport eng Hand upaken.

Här President, den Avis vum Syvicol werft bei mir wéinstens eng Fro op. De Syvicol insistéiert, a menger Meenung no zu Recht, op d'Autonomie communale, mä freet awer dann, dass de Stat soll d'Frais de fonctionnement et d'entretien vun de kommunale Sportsinstallatioune mat begläichen. Dat schéngt mer eng Fuerderung ze sinn, déi a Contradictioun ass mam Prinzip vun der Autonomie communale. Wann et sécherlech legitim ass, dass de Stat soll eng Hand mat upaken, fir Sportsinstallatiounen ze bauen, esou wéi dat och bei der Kultur de Fall ass, da schéngt et mir, dass d'Gemengen awer sollen hir Installatiounen esou konzipéieren, dass se an der Lag sinn, duerno se och ze verwalten.

De Conseil d'État huet dat ganz kloer gesot a mir hunn dat an dëser Chamber och gesot, wéi mer zwee Kulturprojeten an d'Participatioun vum Stat bei deene Kulturprojeten diskutéiert hunn. Dat waren d'Centres culturels zu Ettelbréck an zu Iechternach. Et ass nach guer net esou laang hier, dunn hu mer gesot, d'Gemenge sollen sech awer Gedanke maachen, wéi déi Installatiounen duerno kënnen, sollen a musse fonctionnéieren.

Här President, de Conseil d'État huet och bei dësem Projet méi Avisë gi wéi mer gewinnt sinn - et sinn der véier insgesamt - an huet domadder wesentlech zu der endgülteger Form vun dësem Projet bäigedroen. D'Kommissioun ass bei deenen Awänn vum Conseil d'État meeschtens de Suggestioune vum Conseil d'État nogaangen, voll oder deelweis, an net nëmme wann eng Opposition formelle vum Conseil d'État komm ass. Och a Fäll wou de Conseil d'État einfach eng Suggestioun gemaach huet, ass d'Kommissioun higaangen an huet déi Suggestioun mat an den Text erageholl.

Nëmme bei dräi Froe war dat net de Fall. Dat war bei den Artikelen 2, 4 a 16 vum Projet. Beim Artikel 2 hat de Conseil d'État zweemol gefrot, et soll een d'Raison sociale vum COSL aus dem Gesetz erausloossen. D'Kommissioun war net där Meenung, well se zu Recht a mengen Ae gemengt huet, dass et scho wichteg wär, dass dat och am Gesetz verankert wär, also d'Vokatioun vum COSL als Daachorganisatioun vum organiséierte Sport.

D'parlamentaresch Kommissioun huet och de Conseil d'État net suivéiert wéi en am Artikel 4 kritiséiert huet a gemengt huet, dass d'Roll vun de Gemengen net prezis genuch ëmschriwwe wär an dass een do misst méi wäit goen. D'Kommissioun huet gemengt - an ech deelen déi Meenung -, dass d'Mise à disposition vu sportlechen Infrastrukturen effektiv ënnert d'Missioune vun de Gemenge fält an dass een do net weider misst vill a laang Explikatiounen zum Gesetz ginn.

Beim Artikel 16 huet de Conseil d'État gemengt, et soll een net mat enger allgemenger Notioun operéieren am Kampf géint den Dopage a sech référéieren op «un organe représentatif sur le plan national». Hien huet gemengt, et soll een explicitement déi Institutioun mam Numm nennen. Or, déi rezent Erfahrung weist, dass domadder Gefore verbonne sinn. Am Laf vun deene leschte Méint a Joren huet déi Institutioun geännert, souwuel wat hir Statute betrëfft wéi och wat hir Dénominatioun betrëfft. Esou dass d'Kommissioun der Meenung war, dass mer solle bei der allgemenger Definitioun bleiwen, déi d'Situatioun ofdeckt, egal wéi dann den Numm vun där Institutioun duerno ka sinn.

Et gëtt eng aner Bestëmmung, déi och schonn erwähnt ginn ass, an dat ass den Artikel 18, deen d'Violence dans le sport betrëfft. Do war d'Kommissioun mam COSL an och mam Conseil d'État der Meenung, dass déi Dispositioun, déi virgesinn huet, am Ufank, dass d'Organisateure vu Manifestations sportives à but commercial missten d'Frais de service d'ordre rembourséieren, an déi do schonn ofgeännert gi war als eng Kann-Bestëmmung, fort misst. Déi ass dann och ganz aus dem Text erausgeholl ginn.

Schliesslech, wat den Artikel 5 betrëfft, huet d'Kommissioun den Text komplettéiert, andeem si virgeschloen huet, dass bei deene Mesuren, déi am Artikel 5 stinn, d'Ënnerstëtzung vun deene Programmer soll virgesi sinn, déi dozou déngen d'Gesondheet duerch de Sport ze préservéieren.

Ech weisen dorop hin, dass de Conseil d'État sech deem Amendement ralliéiert huet mat der Bedingung, dass d'Regierung misst de Gemengen d'Méiglechkeete ginn déi Programmer utile ze organiséieren. Ech wier also och do frou, wann de Minister ons kéint soen, wat seng Iddië sinn, fir där Bedingung vum Conseil d'État entgéintzekommen.

Dann, Här President, ier ech ofschléissen, wollt ech d'Fro opwerfe vum Sport an der Schoul. Dat schéngt mir vun äusserster Wichtegkeet ze sinn, well d'Schoul besser wéi all aner Institutioun kann dozou féieren, dass d'Kanner an déi jonk Leit effektiv Sport maachen. Sécherlech ass et gutt, wa si vun de Familljen hier mat op de Wee kréien, si solle Sport maachen, mä déi, déi dat doheem net matkréien, déi sollen et da wéinstens an der Schoul matkréien.

D'parlamentaresch Kommissioun huet an hirer drëtter Serie vun Amendementer vum Abrëll vun dësem Joer virgeschloen, dass d'Éducation précoce soll mat abezu gi bei deene pedagogeschen Domäner, fir déi eng Activité motrice obligatoresch ass. Also net Éducation sportive, mä Activité motrice, wat, mengen ech, dem Alter vun de Kanner besser entsprécht. Et ass eng gutt Saach.

Sengersäits huet de Conseil d'État gemengt, dass d'Reglementatioun iwwert de Sport bei der Uni net soll ënnert d'Sportsgesetz falen, mä soll geregelt ginn am Gesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg, sou dass de rechtleche Rahme vum Sport an der Schoul an deem Gesetz, wat mir haut diskutéieren, sech beschränkt op engersäits d'Éducation précoce an de Préscolaire, wou d'Activités motrices obligatoresch sinn, an dann de Primaire, de Secondaire, de Secondaire technique, wou d'Éducation sportive obligatoresch ass an och bewäert gëtt an der Schoulzensur. De Minister vun der nationaler Erzéiung soll de Volume an de Contenu vun deem Enseignement definéieren.

Wéi de Sportsminister, den Här Krecké, seng Fonctiounen opgeholl huet, do huet hien ee Changement de cap préconiséiert, eng Tendenzwende beim Schoulsport. An ech hunn him doropshin eng Fro gestallt, an ech hunn eng ähnlech Fro un de Minister vun der Éducation nationale geschéckt. D'Ministerin vun der Éducation nationale huet mir den 3. September 2004 geäntwert, si hätt nach net den Detail vun de Propositioune vum Sportsminister, a si géing sech virbehale spéider op déi Initiativen zréckzekommen, notamment wa si d'Konklusiounen hätt vun enger Etüd iwwert d'Mobilitéit vun de jonke Leit zu Lëtzebuerg.

An enger Äntwert, an engem blumege Stil, also dans „un style fleuri", huet de Sportsminister de 26. Oktober 2004 mir geäntwert, hie wier gedriwwe vun der Suerg - an ech zitéieren - «de mettre un terme à des pratiques courantes si elles révèlent un certain laisser-aller, de définir les problèmes qui se posent et d'aller à la recherche de solutions vivables».

Hien huet mech weider dorop higewisen, dass de Sport net méi an den direkte Kompetenze vum Minister vun der Éducation nationale wier, an dass doduerjer et inéluctable wier «un dialogue permanent et une relation de complicité avec la Ministre de l'Éducation nationale» ze hunn, an hien huet an deem Zesummenhang eng Referenz gemaach op de Pilotprojet Ganzdagsschoul.

Hien huet mir schliesslech gesot, dass gewësse Servicer vu sengem Departement dee Moment, dat war also am Oktober vum leschte Joer, amgaang wiere Consultatiounen ze féiere mat allen implizéierte Partner a mat dem Zil «d'identifier les pistes à suivre notamment au profit du sport scolaire».

Bon, Här President, d'Regierung ass elo bal ee Joer am Amt. D'Gesetz iwwert de Lycée-pilote ass gestëmmt. D'Chamber ass drop an drun d'Gesetz iwwert de Sport ze stëmmen. Et géing mech also interesséieren ze wëssen, wat déi konkret Resultater sinn, zu deenen d'Relation de complicité vum Sportsminister mat der Educatiounsministerin geféiert huet.

(Interruption)

Wat sinn d'Konklusioune vun deene Consultatiounen, déi d'lescht Joer engagéiert si ginn? Wat sinn d'Pisten, déi de Minister identifizéiert huet au bénéfice vum Sport an der Schoul? Wat sinn d'Mesuren, déi hie préconiséiert, an d'Virschléi, déi sollen ëmgesat ginn? Well ech si mam Rapporteur d'accord: D'Gesetz ass eng Saach, mä nach muss een duerno kucken, wéi et ëmgesat gëtt, a wat do geschitt. Mir wieren also frou ze wëssen, wat d'Iddien, wat d'Vision vum Minister an deem Zesummenhang ass.

Dat gesot, Här President, si mir als demokratesch Fraktioun der Meenung, dass dëse Projet wierklech ee Fortschrëtt bedeit par rapport zum Gesetz vun 1976, dass de Projet de bestehenden Text verbessert a moderniséiert, dass hien ons sportlech Gesetzgebung adaptéiert un d'Evolutioun vun der Gesellschaft an un d'Exigenze vum Sport an och un d'Evolutioun vum internationale Kader. Mir wäerten also dee Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch, ier den Här Kox d'Wuert kritt, huet den Här Bodry nach d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech hat just nom Rapport vergiess d'Kap als LSAP-Spriecher unzedoen. Ech géif natierlech dann och am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Text ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Mir hate schonn Douten; mir hunn dru gezweifelt.

M. le Président.- Mir huelen dat zur Kenntnis, mat Freed. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Bon, och vu menger Säit wëll ech fir d'éischt dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soe fir deen ausféierleche schréftleche wéi mëndleche Rapport. Mir haten zwar e bësse Problemer, well mir eng Rei vu Rapporten hannereneen do iwwerkucken an unhuelen hu missen.

Als fréiere Sportsminister a President vun enger grousser Sportsfederatioun ass de Rapporteur jo perfekt mat der Matière vertraut, sou dass scho bal alles méi oder manner iwwert d'Zustanekomme vun dësem neie Gesetz souwéi déi eenzel Neierunge par rapport zum ale Sportsgesetz vun 1976 gesot gouf.

Dofir wollt ech och direkt am Ufank vu menger Interventioun den Accord vu menger Fraktioun zu dësem neie Sportsgesetz ginn.

Et hätt ee sécherlech an deem engen oder anere Punkt vun dësem Gesetz vill méi wäit kënne goen, besonnesch wat den obligatoresche respektiv normative Charakter vun dësem Gesetz ugeet. Sou berout de Rôle vum Stat a ville Punkten éischter op enger allgemenger Absichtserklärung, déi gläichzäiteg och nach relativ vag gehalen ass, wéi op enger aktiver Gestaltung vum Stat innerhalb der Sportswelt.

Dëst gouf och praktesch vu sämtleche Chamberen an deene respektiven Avisë bemängelt. Dass deem esou ass, schéngt jo hei zu Lëtzebuerg historesch sou gewuess ze sinn a berout op dem Wonsch vun enger staarker Autonomie säitens de sportlechen Institutiounen an Organisatiounen. Wat awer noutgedrongen zu munchen net vermeidbare Konflikter tëschent konkurréiernde Federatioune féiert, déi net ëmmer am Intérêt vum Sportler beziehungsweis vum Sportsmouvement am Allgemenge sinn.

Wann d'Aufgabe vum Stat nach am Gesetz vun 1976 als Missioune vun der allgemenger Orientatioun, der Koordinatioun, der Ënnerstëtzung an dem Encouragement definéiert goufen, esou huet de Stat sech awer an der Tëschenzäit ëmmer méi vun dësen Aufgabe verabschit an huet sech progressiv a méi komplementär Beräicher ëmorientéiert. A Beräicher, wou natierlech déi méi oder manner autonom Sportswelt noutgedrongen aus finanzielle Grënn net kann aktiv ginn. Besonnesch an deene Beräicher, déi mam Bau a mam Ënnerhalt vu Sportsinfrastrukturen ze dinn hunn.

Dëst féiert awer dozou, wéi dat esou oft hei zu Lëtzebuerg de Fall ass, dass mer éischter an de Bëton wéi a mënschlech Ressourcen investéieren. E gutt Beispill heifir ass sécherlech d'Coque um Kierchbierg. Näischt géint déi excellent baulech wéi architektonesch Leeschtung. Et erweist sech awer bei ville prakteschen Uwendungen an der leschter Zäit, déi do waren, dass dës monumental Sportsinfrastrukturen net ëmmer den eigentleche sportleche Bedürfnisser gerecht ginn.

Dës Kritik zielt awer net nëmme fir d'Infrastrukture vum Stat, mä och fir d'Sportsinfrastrukturen an de Gemengen. Hei kënnt een och eng ganz Rei vu rezente Beispiller opzielen, wou d'eigentlecht Zil, nämlech eng breet a villfälteg sportlech Notzung, net ëmmer erreecht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz bitt deemno éischter, esou wéi scho vu ville vu menge Virriednerinnen a Virriedner hei développéiert, nëmmen e Kader mat enger Rei vun néidegen Adaptatiounen, déi dat un déi jëtzeg Praxis e bëssen upassen. De Stat probéiert also esou gutt wéi méiglech, sech aus der Sportswelt erauszehalen a just nom Prinzip vun der Subsidiaritéit ze handelen. Ob dëse Prinzip awer de richtege Wee ass, wëll ech elo hei net weider développéieren.

Duerfir wäert ech och nëmmen op e puer Aspekter vun dësem Sportsgesetz agoen, déi, mengen ech, awer essenziell fir de Sport, mä net nëmmen eleng fir de Sport sinn.

D'gesellschaftlech Entwécklung vun de leschte Joren hei zu Lëtzebuerg weist, dass de Stat eng ëmmer méi wichteg Roll a bestëmmte Beräicher vum Sport muss iwwerhuelen. De Stat muss duerfir seng Aufgaben nei iwwerdenken. Ewech vun der normaler staatlecher Verwaltung hin zu méi enger aktiver staatlecher Gestaltung, ouni awer, an dat ass wichteg, och hei zu Lëtzebuerg, déi sensibel Autonomie vun de sportleche Veräiner a Federatiounen op d'Spill ze setzen. Duerfir brauche mer u sech och keen neit Sportsgesetz, mä de Wëllen, do wou de Stat muss a kann aktiv ginn, dëst mat der néideger Seriositéit och unzepaken an duerchzeféieren.

Dës wichteg Aufgab als Gestalter gesinn ech fir d'éischt a besonnesch an der Schoul, speziell beim Schoulsport a bei de parascolairë Sportsaktivitéiten. Dësen Engagement ass net nëmmen en Engagement fir der Sportswelt eng Hëllefstellung bei der Talenterkennung unzebidde respektiv Brécken ze bauen tëschent der Schoul, de Veräiner an de Federatiounen, mä virun allem déi staatlech Verflichtung fir zu enger ausgeglachener Entwécklung vun eise Kanner respektiv Jugendleche bäizedroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Schoulsport huet eng ganz wichteg Roll bei der Entwécklung vun eise Kanner a Jugendlechen ze iwwerhuelen. Bei der Entwécklung vun eise Kanner a Jugendleche mussen all méiglech Facettë vum mënschleche Wiesen ugesprach an développéiert ginn. D'Bewegung ass a bleift e Grondbesoin vum Mënsch, ganz besonnesch vum Kand, well se vital ass fir seng physesch, motoresch, psychesch, intellektuell a sozial Entwécklung. Dëse Bewegungsprozess hëlleft mat, dass seng Perséinlechkeet besser entwéckelt, geformt a stabiliséiert gëtt.

E weidere ganz wichtege Punkt vum Sport ass d'Betätegung an d'Deelhuelen um kulturellen a gesellschaftleche Liewen. Wien net derbäi ass, riskéiert ausgeschloss ze sinn. De Sportsunterrecht soll deemno hei jiddferengem d'Viraussetzung schafen, fir kënnen derbäi ze sinn. E soll een zolitten a villfältege Grondbagage bei jidder Kand a Jugendlechen entwéckelen, fir dass se sech duerch d'Matmaachen um Sport kënnen integréieren.

E weideren Aspekt, an deen ass scho vu menge Virriednerinnen ugeschwat ginn, dee leider ëmmer méi an de Vierdergrond réckelt, ass dee vun der Gesondheet vun eise Kanner a Jugendlechen. Dëse Phenomeen spigelt sech besonnesch am Iwwergewiicht vun eise Kanner zréck. Déi kierzlech duerchgefouert Ënnersichung vum Service médical des écoles huet erginn, dass och hei zu Lëtzebuerg schonn 19,1% vun de Schoulkanner an der Primärschoul un Iwwergewiicht respektiv Fettsucht leiden. Ech mengen, e katastrophale Befund. An Däitschland ass mëttlerweil all fënneft Kand an all drëtte Jugendleche mat Iwwergewiicht geplot.

Et schéngt sech ze bestätegen, dass d'Iwwergewiicht an d'Fettsucht an hir Folgen op d'Gesondheet sech zu enger grousser Problematik vun eiser moderner Gesellschaft vum 21. Jorhonnert entwéckelen. Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi zu enger prononcéierter Bewegungsmangelgesellschaft mat dramatesche Folge fir d'Gesondheet an deemno och fir eis Krankekeesen. Déi alarmant Etüd weist op, dass eng dramatesch Verschlechterung, wat de Gesondheets- a Bewegungszoustand vun eise Kanner betrëfft, festzestellen ass.

De Schoulsport - an do muss, Här Minister, onbedéngt aktiv ugepaakt ginn - huet deemno fir mech eng dräifach preventiv Missioun:

1. duerfir ze suergen, dass bei de Kanner eng positiv Astellung zum Kierper, zur kierperlecher Ustrengung a sportlecher Betätegung opgebaut a fixéiert gëtt;

2. esou ze handelen, dass och d'Viraussetzung geschafe gëtt, dass keng Schied do weider optrieden, wat natierlech op e qualifizéiert Personal muss zréckgefouert ginn an

3. duerch d'Kombinatioun mat Ernährungsprogrammer zu méi enger staarker Sensibilitéit, zu enger gesonder an ausgeglachener Lesskultur bäizedroen.

Et gëtt nämlech eng ganz kloer a staark Korrelatioun tëschent dem Bewegungsmangel engersäits an der falscher Ernährung op där anerer Säit. Duerfir ass et immens wichteg, dass de Stat endlech op deem Plang aktiv gestalteresch virgeet. Et ass duerfir begréissenswäert, dass dës Problematik an dësem Gesetz och behandelt gëtt. Mä och hei geet d'Gesetz fir mech net wäit genuch an net méi wéi eng Absichtserklärung kann een an deem ganzen Text sichen.

Zréck awer nach eng Kéier zum Schoulsport. Aus menger 14-jähreger Tätegkeet als Prof an engem Lycée technique weess ech, dass de Sport oft net mat der néideger Seriositéit éischtens emol respektéiert gëtt an zweetens och duerchgefouert gëtt. Hei mengen ech si mer och net wäit ewech vun engem sportleche PISA-Debakel. Duerfir musse mer och endlech an deem Beräich eng seriö Debatt iwwert de Stellewäert vum Sport an der Schoul féieren.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Dës souwuel an der Primärschoul wéi an de Lycéeën.

Duerfir hunn ech mer erlaabt, am Numm vun der Grénger Partei eng Motioun auszeschaffen, déi d'Regierung opfuerdert, de Stellewäert vum Schoulsport nei ze iwwerdenken an de preventive Charakter vum Schoulsport, besonnesch am Zesummenhang mam Bewegungsmangel an dem Iwwergewiicht vun eise Kanner a Jugendlechen, nei ze evaluéieren an entsprechend Handlungsfelder ze definéieren an ëmzesetzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'activité physique est élémentaire pour permettre le développement physique, moteur, psychique et intellectuel chez l'enfant;

- considérant que le sport est un excellent moyen d'intégration qui favorise la cohésion sociale et engendre des sentiments d'appartenance à la collectivité;

- considérant qu'une hausse sensible de l'obésité peut être constatée chez les jeunes et que ce phénomène risque de devenir un des plus grands problèmes de santé du 21e siècle;

- considérant que notre culture d'alimentation couplée à une sédentarisation importante des loisirs des jeunes conduit effectivement à la surcharge pondérale;

invite le Gouvernement

- à reconsidérer l'importance du sport à l'école et à réévaluer le caractère préventif du sport sur la santé des enfants et des adolescents;

- à redéfinir et à mettre en œuvre les domaines d'activités qui créeront les conditions qui permettent de lutter contre l'inactivité physique et l'obésité chez les jeunes.

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Merci.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss op e weideren Aspekt vum Sport am Zesummenhang mat der Schoul anzegoen, méi speziell déi parascolaire Aktivitéite wéi d'LASEP an d'LASEL. Dës parascolaire Aktivitéite sinn e ganz wichtegt Instrument fir de Kanner an de Jugendlechen iwwert den normale Schoulsport eraus weider interessant sportlech Aktivitéiten unzebidden an de Goût, fir Sport ze maachen, weiderzeentwéckelen. Des Weidere stellen déi Aktivitéiten eng ganz wichteg Bréck tëschent de Veräiner hier a bidden en idealen Terrain, fir talentéiert Sportler ze entdecken a vläicht weiderzevermëttelen an ze förderen.

Dësen Idealfall gëllt awer leider net fir all Gemenge respektiv Lycéeën. Et ass oft dem Zoufall iwwerlooss, ob eppes an enger Gemeng leeft oder net. Mat engem optimalen, flächendeckenden, deels regional organiséierten Ugebot u parascolairen Aktivitéite kéint de Kanner wéi der Sportswelt e groussen Déngscht geleescht ginn, ouni déi sensibel Autonomie vun der Sportswelt unzetaaschten.

Duerfir bitt dëst neit Sportsgesetz och hei d'Geleeënheet, zesumme mat den Acteuren um Terrain, déi jo oft och am Bénévolat déi Aktiounen duerchféieren, de Rôle vum Stat bei der Orientatioun, der Koordinatioun, der Ënnerstëtzung an dem Encouragement am Zesummenhang vun de parascolairen Aktivitéiten ze evaluéieren an och hei nei Handlungsfelder ze definéieren an ëmzesetzen.

Duerfir erlaabt mer, dass ech eng zweet Motioun déposéieren, fir grad och do d'Regierung opzefuerderen, sech zesumme mat den Acteuren un en Dësch ze setzen an d'Evaluatioun vun de parascolairen Aktivitéiten ze ënnersichen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant le rôle important que jouent la LASEP et la LASEL auprès des enfants et des adolescents en organisant et en développant la pratique des sports à travers leurs activités parascolaires;

- considérant leur position privilégiée, entre l'école et les associa-

tions sportives, pour détecter d'éventuels talents sportifs parmi les jeunes et ensuite les orienter vers les disciplines sportives qui leur conviennent le mieux;

- considérant que de grandes disparités existent dans l'offre d'activités sportives à travers les différentes communes ou régions de notre pays;

invite le Gouvernement

- à évaluer le rôle de l'État dans l'orientation et la coordination des activités parascolaires sportives;

- à redéfinir et à mettre en oeuvre, avec l'ensemble des acteurs du terrain, les domaines d'activités sportives afin de détecter les nouveaux défis sportifs parascolaires.

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Bon, domadder sinn ech um Schluss vu menger Interventioun ukomm. Wéi schonn am Virfeld gesot, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zum Sportsgesetz heimat eran. Ech freeë mech schonns, nom Triathlon vu Remerschen an nom Gesondheetslaf vun Iechternach op déi nächst sportlech Kompetitioun mat eisem Sportsminister an op eng nächst sportlech Kompetitioun tëschent all de Memberen hei aus der Chamber.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Nom Här Kox huet dann den Här Jaerling d'Wuert. Här Jaerling, wann ech gelift.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Mäi léifst Thema!

M. le Président.- Dir sidd fir 30 Minutten ageschriwwen, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, déi packen ech gutt.

(Interruption)

Une voix.- En ass duerchtrainéiert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och fir d'éischt dem Här Bodry fir säin ausféierleche Rapport Merci ze soen.

Den Haaptgesiichtspunkt, no deem mer dat heite Gesetz gesinn, ass sozialpolitescher Natur, mä mir gesinn et awer och ënnert dem wichtegen Aspekt vun der öffentlecher Gesondheet. Leider leet dëst Gesetz säi Schwéierpunkt haaptsächlech op d'Förderung vum sou genannten Elitesport. Et ass och just do, wou et säi gréisstendeels deklarative Charakter opgëtt a konkret gëtt. Do leien och déi wesentlech Neierungen. Dat meescht, wat par rapport vum 1976er Gesetz ännert, gëtt iwwregens schonn haut am Alldag vum Sport praktizéiert.

Här President, déi Europäesch Kommissioun huet alarméiert festgestallt, dass ronn 200 Millioune Bierger an der Unioun un Iwwergewiicht leiden. Wann d'Haapturssaach dovunner nieft enger net adaptéierter Ernährung de Bewegungsmangel an eiser moderner Sëtzgesellschaft ass, dann hu mer als Politik eis eiser Verantwortung ze stellen. Ech weess, vu wat dass ech schwätzen! Dëst ëmsou méi, well och ëmmer méi Kanner ënnert de genannte Problemer ze leiden hunn.

Ech denken, datt wann et eleng ëm Erwuessener géif goen, da kéint een doriwwer streiden, ob d'Allgemengheet, also de Stat sollt sech do aktiv amëschen. Mir sinn eng fräi Gesellschaft, an als Erwuessene misst ee grouss an al genuch sinn, fir ze wëssen, wéi ee gutt lieft oder wéi ee muss liewen. Ech sinn e liewegt Beispill dovun, wéi een et net soll maachen.

(Hilarité)

Et gëtt awer nach deen een oder deen anere Sumo-Ringer weider heibannen. Ech sinn net deen eenzegen!

(Interruption)

Bei de Kanner awer handelt et sech ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft, a si kënnen net wielen. Si ginn eragebuer an eng Gesellschaft, déi a villem net méi ganz gesond ass. Eis Kanner wäerte mat de Konsequenze vun deem ongesonde Liewensstil, an dee si eragebuer ginn, musse liewen an a spéidere Joren nach ellen ze kämpfen hunn, fir dat riichtzebéien, wat mir a mat eisem deelweis onverantwortleche Liewensstil un hinne verbrach hunn.

Une voix.- Sou ass et!

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Et mécht eis besonnesch Suergen, dass hautdësdags bei Kanner a Jugendlecher Krankheeten zouhuele wéi Blutthéichdrock, Häerzerkrankungen, Deformatioune vum Bewegungsapparat a virun allem Diabetes vum Typ 2, eng Krankheet, déi fréier als Altersdiabetes bezeechent ginn ass. Dozou gesellen sech nach wuessend motoresch Defiziter a Koordinatiounsproblemer.

Aus der Fuerschung iwwert d'Léiere wësse mer jo ganz kloer, datt tëscht Kierperbeherrschung, kierperlechem Wuelbefannen a Léierverméigen en enken Zesummenhank besteet.

Mir wëssen awer och, an dorobber wëll ech hei explizit opmierksam maachen, datt et sech beim wuessende Bewegungsmangel och ëm e soziale Problem kann handelen. Obésitéit a Bewegungsmangel ginn oft zesumme mat Aarmut a schlechte Bildungsviraussetzungen aus dem Elterenhaus verbonnen. Mat dëse Gesondheetsproblemer gëtt en zousätzleche Problem vu sozialer Exclusioun geschafen a grad bei Kanner weien esou kierperlech Benodeelegunge ganz schwéier. Hei sti mer als politesch Verantwortlech vun eiser Gesellschaft virun enger grousser gesondheetspolitescher Erausfuerderung.

Dowéinst begréisst den ADR ausdrécklech, datt dëst Gesetz och fir d'Éducation préscolaire an d'Éducation précoce, déi sech jo ëmmer méi an eiser Gesellschaft duerchsetzt, d'physesch Aktivitéit obligatoresch mécht. An eiser Sëtz-, Computer-, Video- an Tëleesgesellschaft heescht et schonns bei deene Jéngsten den Hiewel preventiv…

(Interruption)

An Autosgesellschaft! Do hutt Der och Recht.

D'Bewegung a virun allem d'Freed u sportlecher Aktivitéit muss schonn a jéngste Joren intensiv gefördert ginn. Dofir begréisse mer och déi nei Obligatioun hei ausdrécklech. Besonnesch och well déi gewielte Formel flexibel genuch ass fir mat de personellen an infrastrukturelle Realitéiten an eise Gemenge gutt eens ze ginn.

Virum aganks ernimmte gesondheetspoliteschen Hannergrond begréisse mer och de Fait, datt am Artikel 5 vum Gesetz Stat a Gemenge verflicht gi gesondheetlech preventiv Programmer duerch de Sport ze ënnerstëtzen.

Dat war eng traditionell Fuerderung vum ADR an déi hat mam Dokter Jean Colombera hire ferventeste Verfechter. Mir bedaueren awer, datt et just bei dëser Deklaratioun am Gesetz bleift an datt se net konkretiséiert ginn ass.

Wat heescht dat zum Beispill konkret, dass de Stat an d'Gemengen «soutiennent des programmes de préservation de la santé par le sport»? Wéi soll dat geschéien? Duerch wat fir eng Organer an Institutiounen? Bis zu wat fir engem Käschtepunkt? Firwat gëtt dofir net an Zukunft e konkrete Budgetsposten agesat oder eng Kommissioun, déi esou Programmer kënnt ausschaffen?

An et kéint ee weider esou Froen opwerfen. Dëst Gesetz gëtt op esou Froen awer keng Äntwert. Do hätt ee vill méi wäit kënne goen, jo souguer vill méi wäit misse goen!

Wann een däitsch Statistiken hei op Lëtzebuerg kann iwwerdroen, da bewegen sech d'Bürosmënschen hautdësdags aktiv nëmmen 20 bis 25 Minutten den Dag. Dobäi réit de Sportsmedeziner dëser Kategorie Leit zu zwou- bis dräimol d'Woch bis minimum 30 bis 45 Minutten Ausdauersport wéi lafen, Vëlofueren oder schwammen oder soss Sportaarten.

Bei eisem däitschen Noper ginn d'Käschte vun der moderner Sëtzgesellschaft, wéi ech se nennen, op zeg Milliarden Euro geschat. Dës duerch Bewegungsmangel provozéiert Käschte fir d'Allgemengheet entstinn duerch bestëmmte Forme vun Diabetes, Réckeproblemer, Iwwergewiicht- an Häerz-Kreeslaf-Problemer.

Ech sinn der Iwwerzeegung, datt, wa mer den Artikel 4 (1) vun dësem Gesetz iwwert d'Obligatioun vu Sport am Précoce an am Préscolaire effektiv notzen an ëmsetzen, dëst e grousse Schrëtt fir d'Preventivmedezin bedeit, esou wéi den Dokter Colombera dat hei ëmmer erëm gefuerdert hat, a wéi hien dat och an enger Proposition de loi am Spierkel 2003 konkretiséiert huet.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Jo, Leeschtungssport ass net esou einfach.

Här President, datt sech e gesonde Liewensstil, zu deem regelméisseg kierperlech Aktivitéite gehéieren, rentéiert, dat hu Laangzäitetüde beluecht. Ech zitéieren hei just eng Etüd vun der Stanford University, wou den James Fries zwou Gruppe suivéiert huet. Um Ufank vum Pensiounsalter huet d'Grupp vun den iwwergewiichtege Fëmmerte mat Bewegungsmangel duebel esou heefeg Hëllef am Alldag gebraucht, wéi d'Grupp vun de schlanken, Sport dreiwenden net Fëmmerten. Altersbedéngt Aschränkunge sinn an der Sport dreiwender Grupp och eréischt bis sechs Joer méi spéit fir d'éischt agetratt.

An dat muss och d'Zil vun der Preventivmedezin duerch de Sport sinn: D'Leit zu engem Liewensstil animéieren, dee se esou laang wéi méiglech gesond hält. Dofir begréisse mir och ausdrécklech den Artikel 1 vum Gesetz, deen ee fir alle Mol festhält, dass de Sport d'intérêt général ass an datt jiddfereen d'Recht op seng Ausübung huet, mam Zousaz awer leider «dans la limite des facilités matérielles existantes».

Ech mengen, et ginn eis ëmmer duerch finanziell Contraintë Grenze gesat, wa mer wëllen an de Mënsch investéieren.

Dësen Zousaz féiert mech awer och dozou, alt erëm eng Kéier op e gravéierende Mangel an de Lëtzebuerger Sportinfrastrukturen hinzeweisen. Ech hunn hei an deem Sënn schonns den Hierscht 2002 intervenéiert an och eng Motioun zur Ofstëmmung bruecht. Meng Fraktioun huet doranner d'Regierung opgefuerdert am Programme directeur d'équipements sportifs e Keelen- a Bowlingcenter virzegesinn. 2004 hat ech an enger Question parlementaire nach eng Kéier nogehaakt.

De leschte Samschdeg huet den Här Sportsminister um Kongress vun de Keelesportler bei 500 Leit eng kleng Ouverture gemaach, eng Ouverture fir e Keelesportcenter an de Plan quinquennal vun de Sportinfrastrukture mat nach aneren Infrastrukturen ze integréieren.

Den internationale Keelesport gehéiert engersäits zu enger sportlecher Disziplin, déi am COSL unerkannt ass. De Keelesport ass och déi Sportaart, déi hei am Land déi meeschte Weltmeeschtertitele mat heembruecht huet, an dat souwuel am individuelle wéi am Mannschaftssport.

(Interruptions)

Wat gëtt et fir e Land méi Wäertvolles am Sport wéi e Weltmeeschtertitel?

Et gëtt do derniewent awer och näischt méi Aarmséileges wéi e Land, wat dës Titelen net emol offiziell unerkennt.

Den Hobbykeelesport ass eng sportlech Distraktioun fir vill Leit, déi sech déi méi deier Sportaarten net leeschte kënnen. Et ass do derniewent nach e kulturellt Zesummentreffe vu Leit aus allen Natiounen, wat och hëlleft den Integratiounsprozess ze förderen.

De Bowling, eng aner Aart Keelesport, deen och an d'Keelefederatioun integréiert ass, ass drop an drun olympesch ze ginn. Och an deem Beräich hu mer eng Rei ausseruerdentlech Sportler, déi, wann et esou wäit ass, och prett si fir eis eng zweet Medail vun den Olympesche Spiller mat heemzebréngen. Dofir brauchen se awer deen néidegen infrastrukturellen Encadrement an déiselwecht Viraussetzungen, wéi all aner Sportler och.

Här President, och op aner Defiziter an der sportlecher Fräizäitinfrastruktur, grad am dicht bevëlkertste Süde vum Land, weisen ech och schonn zënter Joren hin. An ech denken hei besonnesch un d'Offer vun oppene Schwemmen. Dat huet sech eréischt dëst Joer mat der jorelaanger erwaarter Réouverture vun der Rodanger Schwemm e bësse geännert.

Ech kommen awer elo zu Punkten, a besonnesch Exceptiounen, déi dëst Gesetz schaaft, mat deenen ech net d'accord ka sinn. Dat sinn éischtens emol d'Derogatiounen zum Aarbechtsrecht an zweetens eng oppen Atteinte vum Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz. An dat och nach, nodeems der Opposition formelle vum Statsrot méi oder wéiniger Rechnung gedroe gouf.

Zu Punkt 1: Mat sengem 22. Artikel versicht dëst Gesetz de sou genannte legale „flou", dee bis elo am Beräich vun de bezuelten Traineren a Sportler geherrscht huet, ze léisen. Dat gëtt gemaach, andeems formell Exceptiounen zum Aarbechtsrecht legaliséiert ginn. An dat ass fir mech inakzeptabel.

Et gëtt hei erméiglecht, Aarbechtskontrakter à durée déterminée ze maachen, déi eng Lafzäit vu méi wéi 24 Méint hunn an déi och méi wéi 2-mol erneiert kënne ginn. Dat ass elo schonn déi siwent legaliséiert Atteinte vun de Regele vum 1998er Gesetz iwwert d'befrist Aarbechtskontrakter.

Befrist Aarbechstverträg solle just, a mussen dat och bleiwen, Verträg fir aussergewéinlech Situatioune sinn. De Contrat à durée déterminée ass per Definitioun schonns den Ausdrock vun engem prekäre Beschäftegungsverhältnis.

Ech stelle fest, dass dës prekär Beschäftegungsverhältnisser zu Lëtzebuerg zouhuelen. An ech stelle fest, dass dëst Gesetz e weideren Nol am Sarg vum exceptionnellë Charakter vu befristeten Aarbechtsverträg ass.

Mat dësem Gesetz wäert de Contrat à durée déterminée d'Regel am Sportssecteur ginn. Dat, nodeems e schonn am Schoulsecteur vum Préscolaire bis an de Supérieur duerch esou legal Derogatiounen omnipresent ginn ass. An ech erënneren drun, datt och fir de Pool vun Educateuren, déi e psychosozialen Encadrement vu Chômeuren assuréiere sollen, esou Exceptiounen zougelooss goufen.

Déi kloer Philosophie vum 1989er Gesetz iwwert d'Aarbechtskontrakter gëtt an der Praxis grad op staatlecher Säit ëmmer méi opgeweecht. Dat ass Sozialofbau am Konkreten. Dat ass ee vun deene Grënn, firwat ech dësem Gesetz net einfach esou zoustëmme kann.

Dobäi besteet a mengen Ae fir esou Exceptiounen och am professionelle Sportsberäich keng wierklech Noutwendegkeet. Och Kontrakter, déi à durée indéterminée ofgeschloss goufen, kënnen de Particularitéite vun deem Secteur gemäss flexibel gehandhaabt ginn.

E Contrat à durée indéterminée kann ëmmer de commun accord gekënnegt ginn. Wann en eesäiteg gekënnegt gëtt, da mussen déi gesetzlech Kënnegungsfriste respektéiert ginn an da mussen déi spillen, a soss näischt anescht.

Här President, ech schléissen of mat eisem zweeten Haaptkritikpunkt; e Punkt, wou de Statsrot mat enger Opposition formelle gedréit huet. Dëst wéinst der Violatioun vun engem fundamentale Prinzip an engem Rechtsstat.

Eng generell Astellungsprioritéit soll mat dësem Gesetz fir sou genannten Elitesportler geschaf ginn. Dat trëppelt de Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz mat Féiss. Och wann dunn den Zousaz koum, datt dat net fir Plaze gëllt, wou en Examenscconcours am Virfeld muss gemaach ginn.

De jure gesäit dat elo vläicht besser aus, mä de Wëllen, datt se par rapport zu Gläich- an esouguer Besserqualifizéierte Prioritéit genéissen, bleift kloer bestoen.

A mir wësse jo och, wéi dës Examens-concours beim Stat heiansdo gehandhaabt ginn. Dass do de Kandidate gläich Chancë just virgegaukelt ginn. Mä datt de Mérite, d'Plazéierung guer näischt doriwwer seet, wien da schliesslech eng Plaz kritt.

De wichtegste Kritär ass oft d'Parteikaart, respektiv geleeschten Déngschter fir eng vun deene jeeweilege Regierungsparteien. A wann een dat weess, da weess een och wou ee sech deen Zousaz, deen op Drock vum Statsrot hei erakoum, hei zu Lëtzebuerg kann histiechen.

Frot Iech just emol, wou verschidden Attachéë vun enger bestëmmter Fraktioun no de Wahlen hi verschwonne sinn. Deelweis scho virun dem leschte Statsexame waren se a verschiddene Ministèren en place. Den Exame war just nach eng Formalitéit. Dat nennt een Onrechtsstat, dat nennt een net Rechtsstat.

D'Ongläichheet virum Gesetz hei zu Lëtzebuerg kënnt an deem Gesetz hei och onverschimmt zum Virschäin. Iwwerhaapt ass d'Gesetz och völleg onkloer, wat dann elo en Elitesportler soll sinn. E gëtt net kloer definéiert. Et gëtt just op de COSL higewisen, wann deen engem seng sportlech Qualifikatioun unerkennt.

(Interruption)

Ech hunn de COSL net a Fro gestallt. Ech wëll just soen, dass hei an dësem Gesetz d'Kritären, wien en Elitesportler ass, net kloer virgesi sinn, an och beim COSL kënnt dat net esou kloer zum Virschäin.

Dann ass een en Elitesportler, wann ee vum COSL unerkannt gëtt, an da kann ee vun deenesellwechten Avantagen, déi dëst Gesetz fir dës bestëmmte Minoritéit schaaft, profitéieren. Dat ass alles anescht wéi ee gudden Text.

Op deem Punkt kann et nach garantéiert sëllech Contestatioune ginn.

Dës arbiträr, eesäiteg, elitär a favoritistesch Ausriichtung vum neie Sportgesetz ass einfach net akzeptabel.

Och wat de Bénévolat am Sport ugeet, deen iwwregens net definéiert gëtt a wou et just heescht, de Stat géing deen ënnerstëtzen, gesi mer e gewaltegen Defizit an dësem Gesetz.

Bis op de Congé sportif. Dat ass déi eenzeg konkret Mesure, déi fir d'Bénévoler an deem Gesetz dran ass a wou d'Bénéficiairë vun dëser Mesure definéiert ginn.

An och hei ass den elitäre Charakter net ze iwwersinn. Et gëtt dëse Congé just fir Jugen an Arbiteren um internationale Plang. Dat ass fir Elitesportler an hiert Encadrementspersonal och net grad e Fortschrëtt. Den Asaz fir de Sport um lokalen an nationale Plang zielt net.

Ech kann hei just d'Regierungsparteien zu Folgendem opfuerderen: Si sollen de Bénévolatsproblem, wa schonn net spezifesch fir de Sport an dësem Gesetz, da wéinstens awer allgemeng an en anert spezifescht Gesetz apaken. An dofir wëll ech dann och hei eng Motioun deponéieren, fir d'Regierung opzefuerderen, an déi Richtung ze goen.

Motion 3

D'Volleksvertriederkummer,

- gesäit am Bénévolat en onverzichtbaart Element vum gudde Fonctionnement vun eiser Gesellschaft an alle Beräicher;

- begréisst, datt dat neit Sportsgesetz d'öffentlech Hand verflicht de Bénévolat am Sportsberäich ze ënnerstëtzen;

- ass iwwerzeegt vun der Noutwendegkeet, d'éierenamtlech Aarbecht am associativë Beräich ganz allgemeng, an net nëmmen am Sportsberäich, duerch e favorabele sozialen a legale Kontext ze förderen;

- erënnert un d'«Proposition de loi portant institution d'un congé associatif» vum 6. am Chrëschtmount 2000;

fuerdert d'Regierung op

- der Volleksvertriederkummer e kohärent Konzept fir d'Förderung vum Volontariat virzeleeën;

- den associativë Secteur als legitime Gespréichspartner am politeschen Entscheedungsprozess ze berücksichtegen;

- eng öffentlech Promotiounscampagne op d'Been ze stellen, déi den éierenamtlechen Engagement vun de Bierger valoriséiert;

- e sou genannten «congé associatif» anzeféieren, vergläichbar dem «congé sportif»;

- de legislativen, fiskalen a budgetäre Kader vum éierenamtlechen Engagement ze verbesseren, haaptsächlech duerch Infrastrukturen, déi zur Verfügung gestallt ginn, duerch d'sozial Ofsécherung vu Bénévolen an duerch d'Réckerstattung vun de Käschten, déi hinnen an hirer Tätegkeet entstinn.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Här President, wann och eng Rëtsch gutt Intentiounen an dësem Gesetz ze erkenne sinn, kann ech dëst Gesetz dach net esou einfach matstëmmen. Dëst Gesetz weist eng sëlleche Lacunen op, net nëmme wat de Bénévolat oder d'Förderung vum Breedesport ugeet; et ass a ville Punkten onkloer an onprezis. Et violéiert esouguer de fundamentale Rechtsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz bei Astellunge beim Stat. An et legaliséiert alt erëm Derogatiounen zum normalen Aarbechtsrecht.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech stëmme kee Gesetz, wat Derogatiounen zum Aarbechtsrecht mat sech bréngt, an ech stëmmen och kee Gesetz, wou d'Chancëgläichheet um Aarbechtsmaart bradéiert gëtt.

Et kann net sinn, datt gesond an deelweis scho verhätschelt Athleten och nach de Virrang kréie virun all deenen aneren Demandeurs d'emploi, déi keng Zehnkämpfer sinn.

Et ass scho schlëmm genuch, datt a verschiddene Beräicher d'Parteikaart an d'Dozougehéieren zu engem Sportsveräin méi en héije Wäert hu wéi Leeschtung a Qualifikatioun.

Mir hunn an eiser Arméi eng Sportssektioun, an déi sech all Elitesportler ka mellen an doduerch schonn eng Rei Virdeeler kritt. Dofir brauche mer net nach weider Privilegien ze schafen.

Mir schwätzen an dësem Haus ëmmer méi oft vu Chancëgläichheet. Mat dësem Gesetz gëtt d'Chancëgläichheet mat Féiss getrëppelt. Wann Der vu Chancëgläichheet schwätzt, da wann ech gelift fir jiddfereen. An da mengt och wann ech gelift dat, wat Der sot. Soss sot wann ech gelift hei näischt méi iwwer Chancëgläichheet.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Haupert huet nach d'Wuert gefrot. Honorablen Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, ee Gléck datt ech nach nom Här Jaerling hei ka schwätzen, soss hätten d'Leit dobaussen op eemol d'Impressioun, wéi wann een Héichelitesportler an den Elitesport wierklech bei eis am Land verpönt géife ginn. Mä nodeem datt den Här Jaerling awer wierklech op den Detail vum Gesetz agaang ass, kann ech mech mat e wéineg méi allgemenge Considératiounen iwwert dat Gesetz hei ofginn.

Ech mengen, ech wéilt awer ufanks dem Rapporteur, dem Här Bodry, félicitéiere fir deen ausféierleche Rapport an him besonnesch Merci soen, well en a senger Fonctioun als fréiere Sportsminister wesentlech och zu deem Gesetz hei bäigedroen huet, an datt mer och zu där Zäit eng flott Kollaboratioun, wat d'Elaboratioun vun dësem Text ubelaangt, haten.

De Projet 4766 gesäit ee Kadergesetz fir de Lëtzebuerger Sport vir. Wéi dat bestehend Gesetz, an den Här Bodry huet drop higewisen, et staamt scho vun 1976, baséiert dëse Projet och op zwee wichtege Prinzipien, wat d'Organisatioun vum Sport an eiser fréier Gesellschaft ubelaangt: de Prinzip vun der Autonomie vun dem Mouvement sportif an de Prinzip vun der Subsidiaritéit, wat d'Roll vun den öffentlechen Instanzen am Sport ubelaangt.

De Mouvement sportif mat senge Veräiner, de Federatiounen an och mat sengem Daachverband, dem COSL, soll d'Sportgeschehen an eisem Land eegestänneg féieren an och organiséieren. De Stat an d'Gemenge sollen nëmmen do intervenéieren, wou dem Mouvement sportif seng Kompetenzen a Mëttel net méi duerginn, an dat nom Prinzip „esou vill Stat wéi néideg an esou wéineg Stat wéi nëmme méiglech".

De Projet 4766 iwwerhëlt och verschidden Dispositiounen, déi schonn am Gesetz vun 1976 enthale sinn, bréngt awer och eng Rei vu wichtegen neien Elementer an eis Gesetzgebung eran, wéi zum Beispill déi vum Kampf géint den Doping, vum Tribunal arbitral fir de Sport, der Regelung vum Aarbechtsrecht vun de professionellen Trainer a Sportler, déi an eise Veräiner täteg sinn, a spezifesch Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Elitesportler.

Här President, och wann den Elitesport d'Aushängeschëld no bausse vum Sport duerstellt, well hien déi grouss Mass begeeschtert an d'Schlagzeile vun der Sportsrubrik vun de Medie monopoliséiert, esou muss een awer, wann ee vu Sportspolitik schwätzt, de Sport ënner all senge Facetten an an all sengen Dimensioune betruechten. Dëst sinn de Sport als gesondheetsfördernde Facteur, wann e mat Mooss bedriwwe gëtt, de Sport a senger sozialer Dimensioun, an dat souwuel wat den aktive wéi och de passive Sport ubelaangt, de Sport als Integratiouns- a Resozialisatiounsfacteur, de Sport als Erzéiungsfacteur, a last but not least de Sport a senger wirtschaftlecher Dimensioun wat d'Schafung vun Entreprisen an Aarbechtsplazen ubelaangt.

Une voix.- Très bien.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, an eiser Gesellschaft, déi duerch en iwwerméissege Sédentarisme - a verschidde vu menge Virriedner, d'Madame Flesch an den Här Kox a souguer den Här Jaerling hunn drop higewisen -, also eis Gesellschaft…

Une voix.- Besonnesch, net souguer.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Ben, hie besonnesch.

Also an eiser Gesellschaft, déi duerch dee Sédentarisme geprägt ass, muss de Sport als Erzéiungsfacteur eng méi grouss Roll spille wéi dat bis elo de Fall war. Wann de Sportsminister och keng direkt Kompetenzen huet, wat de Schoulsport ubelaangt, esou muss hien als responsabele Regierungsmember fir de Sport säi ganzt Bestriewen asetzen, fir datt an Zukunft eis Jugend duerch de Sport zu gesonde Bierger eropwiisst, déi hir Roll an eiser Gesellschaft meeschtere kënnen a besonnesch d'Interesse vun eisem Land an der globaliséierter Welt vertriede kënnen.

D'Kolleegin Françoise Hetto an och den Här Kox hu virdrun op dat chronescht Iwwergewiicht vun eise Kanner higewisen. Dëst kënnt zum Deel duerch eng falsch Ernährung, awer och a besonnesch duerch e Manktum u Bewegung. Eis Kanner hu gréisstendeels verléiert, an der fräier Natur ze spillen an ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul ze goe respektiv ze fueren. No der Schoul sëtzen se allze oft a vill ze laang virun der Televisioun oder dem Computer.

Une voix.- Dat ass wouer.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Sécher fanne mer nieft der Schoul och am privat organiséierte Sport a souguer a kommerzielle Betriber an an öffentleche Strukturen e breet Angebot fir physesch Betätegungen, awer net all Kand mécht fräiwëlleg vun deem Angebot Gebrauch, an déi am wéinegsten, déi et am néidegsten hätten. Hei ass d'Schoul gefuerdert fir dee Manktum u Bewegung vun eise Kanner ze kompenséieren.

Ech weess, datt eis Schoulprogrammer schonn iwwerlaascht sinn, an d'Enseignantë vun all Fach mengen, hiert Fach misst nach méi Plaz an de Schoulprogrammer kréien. Hei musse mer awer wësse wat mer wëllen. Ass eise Kanner genotzt, wa se zwar vill Wësse mat op de Wee kréien, awer keng Energie fannen, fir dat Wëssen oder fir hiert Wësse wäertvoll ëmzesetzen? Och an de Schoulprogrammer musse mer verstoen, Prioritéiten ze setzen, wa mer aus eise Kanner selbstänneg Bierger wëlle maachen. Et geet jo ëm eis Kanner an net ëm déi verschidde Fächer.

An deem Sënn muss och am Kader vun enger Ganzdagsschoul oder Ganzdagsbetreiung - an d'Madame Flesch huet och schonn drop higewisen - eng besser Zesummenaarbecht tëschent Schoul a private Sportsassociatiounen, besonnesch am Primärunterrecht ugestrieft ginn. Esou eng Kollaboratioun kéint mat Sécherheet dozou bäidroen, de Sport an der Schoul ze revaloriséieren, de Veräiner an hirer Aktivitéit entgéintzekommen, a besonnesch eise Kanner hëllefen zu gesonde Bierger eropzewuessen. Op dësem Plang ziele mer besonnesch op eise Sportsminister, fir datt an Zukunft de Sport an der Erzéiung vun eise Kanner déi Plaz anhëlt, déi fir hir kierperlech Entwécklung onerlässlech ass.

Esou eng Zesummenaarbecht vu Schoul a Sportsveräiner kéint och deelweis dozou bäidroen, dee leidege Problem vum Bénévolat am Sport ze léisen. Mir sinn eis all bewosst, datt dee Problem sech op anere Pläng vun eiser Gesellschaft stellt. Och den Här Jaerling huet a senger Ried dorop higewisen. Eent steet fest: Ouni de Bénévolat kéint eist Zesummeliewen an der Gesellschaft bal net méi fonctionnéieren. Eleng déi dausenden an dausende Stonnen, déi vun den Dirigente vun eise Veräiner onentgeltlech geleescht ginn, stellen eng onschätzbar Kontributioun vun de Fräiwëllegen zu eisem Gesellschaftsliewen duer, déi, wa se misste vu Professionelle geleescht ginn, eng schwéier Belaaschtung fir d'Budgete vun eisem Stat a vun eise Gemenge géing duerstellen.

Esou eng Professionaliséierung géing zwar nei Aarbechtsplaze schafen, wat awer net onbedéngt de Problem vum Bénévolat géing léisen, deen awer fir d'Gedeie vun eisem Gesellschaftsliewe vu grousser Wichtegkeet ass. Och eng forfaitaire Ofschreiwung vum besteierbaren Akommes vun den Onkäschten, déi dem Bénévolë bei der Ausübung vu senger Tätegkeet am Veräin operluecht ginn, hätt menger Meenung no - an do sinn ech mam Här Bodry d'accord - zu kenger valabler a scho guer net zu enger équitabler Léisung vum Problem gefouert, well jo nëmmen déi Leit dovu profitéiert hätten, déi Steiere bezuelen, an dat si mat Sécherheet net all eis Bénévoler. Nieft dem administrativen Opwand, deen esou eng Moossnam mat sech bruecht hätt, hätt se och nach zu onnëtzen Ongerechtegkeeten an Onzefriddenheete gefouert, wat dem Bénévolat mat Sécherheet net gedéngt hätt.

Här President, a puncto Bénévolat wëllt ech hei awer och nach op e Mëssstand hiweisen, dee sech besonnesch an enger Sportaart breet gemaach huet. Hei sti Leit Stonnen a Stonnen, Woch aus, Woch an, hirem Veräin onentgeltlech zur Verfügung fir Geld duerch Baler, Tombolaen an de Verkaf vun Thüringer an d'Keess ze bréngen, fir Sportler kënnen ze bezuelen, déi fir hire Plëséier zwee- bis dräimol an der Woch trainéieren a sonndes och nach eng Kompetitioun spillen. An anere Sportaarten trainéieren d'Sportler all Dag ouni nëmmen een Euro ze kréien, an hir Leeschtunge sinn och nach international gesi vill besser wéi déi vun deenen Eischtgenannten.

Hei hu Mëssstänn sech agebiergert, well deen een oder anere Veräin vorübergehend e Sponsor fonnt huet, dee säi perséinlechen Ego beim sportlechen Erfolleg vu senger Equipe befriddege konnt, deen awer, wann e säi Sponsoring agestallt huet, de Veräin mat eidelen Hänn oder besser gesot mat eideler Keess zréckgelooss huet, an deen da mat zousätzlechem Bénévolat huet misse versichen, dat Lach ze stoppen. Och esou Mëssstänn droen net zur Förderung vum Bénévolat bäi. Déi Mëssstänn kënnen awer net duerch e Gesetz geléist ginn. Hei muss de privat organiséierte Sport a besonnesch déi zoustänneg Federatioun selwer fir Uerdnung suergen.

Wann een allgemenge Problem vu Bénévolat an eiser Gesellschaft besteet, da muss versicht ginn, an Zesummenaarbecht tëschent öffentlechen Instanzen a private Veräiner - an ech mengen, den Här Kox huet och schonn drop higewisen -, eng Léisung hei erbäizefëieren. Hei huet de COSL an enger vu senge Publikatiounen, dem „Flambeau", e wichtegt Basisdokument ausgeschafft, dat valabel zu enger konstruktiver Diskussioun iwwert dee Problem kéint bäidroen.

Här President, eng wesentlech Neierung a Verbesserung vum Gesetz bréngen déi nei Moossnamen zu Gonschte vum Héichleeschtungssport mat sech, déi den Här Jaerling awer vu sengem Standpunkt aus hei e wéineg kritiséiert huet. Duerfir muss ech dat e wéineg erëm riichtbéien.

Den Héichleeschtungssport huet sech an deene leschte Joren ëmmer méi professionaliséiert - ech mengen dat ass e Fait, do hunn och scho meng Virriedner drop higewisen -, awer net an alle Sportaarte besti professionell Strukturen, a besonnesch net all Elitesportler ass gewëllt fir säi Studium oder seng Aarbecht länger Zäit opzeginn, fir eng professionell Sportscarrière anzeschloen.

Dofir ass et och ze begréissen, datt duerch dat neit Gesetz de Statsech nach méi un de Moossname vum Mouvement sportif associéiert, fir den Elitesportler d'Méiglechkeet ze bidde während hirer sportlecher Carrière hire Sport op eng quasi professionell Manéier ausüben ze kënnen, an hir sozial a berufflech Aglidderung no hirer sportlecher Carrière hëlleft virzebereeden an ze assuréieren. Dës berufflech a sozial Rekonversioun muss awer och fir de professionelle Sportler zielen. Dës Dispositioune mussen awer nach mat Inhalter gefëllt ginn.

Net all Beruffssportler a schonns guer net all Héichleeschtungssportler verdéngt a senger kuerzer sportlecher Carrière genuch, fir sech duerno an d'Pensioun zréckzezéien. Neen, déi meescht mussen sech no enger Aarbecht ëmkucken, fir hire Liewensënnerhalt an dee vun hirer Famill assuréieren ze kënnen. Hei huet d'Allgemengheet eng moralesch Verflichtung. Schliesslech huet den Héichleeschtungssportler och zum positiven Image vum Land bäigedroen a ville Leit an eiser Gesellschaft während Joren zu grousser Begeeschterung gehollef.

Wat déi aner Dispositiounen zugonschte vum Leeschtungssport ubelaangt, esou si meng Virriedner am Detail op déi Moossnamen agaangen, esou datt ech net nach eng Kéier hei brauch dorobber zréckzekommen.

Här President, als weider Erneierung hält de Projet de verstäerkten Engagement vun dem Stat an dem Mouvement sportif sengem Kampf géint de Gebrauch vum Doping am Sport fest. Bis elo huet de Stat an de COSL am Kader fir d'éischt vum Comité national de lutte contre le dopage dans le sport, deen duerno Agence luxembourgeoise antidopage genannt ginn ass, e gemeinsame Kampf géint den Doping gefouert. De Stat huet d'Logistik fir den Dépistage vun den Dopingssënner gestallt an de Mouvement sportif huet iwwer seng eegen Instanze Strofe fir den erwëschte Sportler no der Strofeskala vun de jeeweilegen internationale Verbänn ausgesprach.

De COSL huet sech ëm d'Iwwerwaachung vun dem Verhängen a vun der Ausféierung vun de Strofe gekëmmert an esou fir eng équitabel Ausleeung vun den Anti-Doping-Dispositiounen tëschent de Sportler vun alle Sportaarte gesuergt. Fir déijéineg, déi dem Sportler den Doping verschaaft oder administréiert hunn, ware keng direkt Strofe virgesinn. Si sinn ënnert d'Dispositioune vun dem Gesetz iwwert d'pharmazeutesch Produkter gefall.

De Projet, dee mir hei virleien hunn, gesäit zolidd Strofe - a meng Virriedner, d'Madame Flesch an den Här Bodry, hu schonn drop higewisen - fir déijéineg vir, déi onerlaabt Dopingprodukter hiergestallt, verkaaft oder transportéiert hunn, fir d'Dokteren, déi Doping fir de Ge-

brauch am Sport verschriwwen hunn, a besonnesch fir d'Soigneuren, déi de Sportler Dopingsproduiten administréiert hunn.

D'Gesetz gesäit awer keng Strofe fir de Sportler vir, deen an enger Kontroll erwëscht gëtt. De COSL war ëmmer der Meenung, datt dat eng Ugeleeënheet vum Sport wier, wou de Stat sech net soll amëschen. Well net nëmmen am Sport gëtt gedoppt, och an anere Beräicher vun eiser Gesellschaft, ouni datt déi Leit bestrooft ginn, an et geet jo schliesslech ëm hir Gesondheet.

Am Sport ass et awer esou, datt deejéinegen, dee sech dopt, net nëmme senger Gesondheet schuet, mä och d'Resultat vun der sportlecher Compétitioun an direktem Vergläich mat senge Konkurrenten, déi sech net gedopt hunn, verfälscht.

Une voix.- Très bien!

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Well et sech also ëm eng sportlech Ugeleeënheet handelt, war de COSL och ëmmer der Meenung, datt d'Dopingssënner am Sport misste sanktionéiert ginn, awer iwwert déi eegen Instanzen an no den eegene Regele vum Mouvement sportif.

Fir datt d'Sportler vu sämtleche Sportaarten am Fall vun engem Dopingverstouss d'selwecht behandelt kéinte ginn, huet déi international Agence am Kampf géint den Doping versicht gläich Regele fir all Sportaarten opzestellen.

Dat huet net all internationalem Verband an de Krom gepasst a si wollten sech hir eege Regele ginn. Bei Geleeënheet vun der Assemblée vun der internationaler Agence am Fréijoer a Kanada huet den deemolege President vum Sportministeschrot vun der Europäescher Unioun - eise Sportsminister - eng onmëssverständlech Positioun vun der Europäescher Unioun an dëser Ugeleeënheet vertratt, an deenen internationale Verbänn, déi gemengt hunn de Luussert kënnen ze spillen, de Krich ugekënnegt, woufir ech hien hei vun dëser Plaz aus och wéilt félicitéieren.

Här President, dat sinn e puer Bemierkungen, net nëmmen zum Sportsgesetz, awer doriwwer eraus zum Sport am Allgemengen, déi ech hei développéiere wollt. Och wann dat neit Gesetz an Zukunft net all Problemer an dem Sport wäert regelen, esou bréngt et dach eng Rei wesentlech Ännerungen an Erneierunge fir de Sport, esou datt ee begréisse muss, dass no esou enger laanger Zäit de Projet endlech accouchéiert, woufir ech besonnesch de Sportsminister, awer och seng Mataarbechter an all déi Leit, déi bei der Ausschafung vum Projet eng Hand ugepaakt hunn, vun dëser Plaz wëll félicitéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Dann ass als leschte Riedner virgesinn den Här Sportsminister Jeannot Krecké. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem dass e fréiere bekannte Sportler, och nach President vum COSL an Deputéierten hei eng Rei Saache riichtgebéit huet, fält et mir méi einfach dat eent oder dat anert un Iech ze bréngen.

Dir hutt et selwer gesinn, d'Madame Flesch huet et retracéiert an den Här Bodry ass drop agaangen: Déi Diskussioune hunn 1994 ugefaangen, mat engem Dépôt Februar 2001 ass et weidergaangen, fënnef Ministeren hunn un deem Gesetz do geschafft, plus all déi vill Mataarbechter.

Wéi ech ugetruede sinn, hat ech a mengem For intérieur d'Décisioun geholl, et misst elo duergoe mat diskutéieren an duergoe mat verhandelen. Ech hunn eng Optioun geholl, déi mer och net Leed deet, ech hunn nämlech gesot ech géing mat der Chamberskommissioun zesummeschaffen an ech géing mam Rapporteur enk zesummeschaffen, fir ze kucken dann zu engem Resultat ze kommen, nodeem dass mer laang, laang op e Resultat gewaart hunn.

An dofir muss ech soen, dass mer eis décidéiert haten déi Entscheedungen ze huelen. Duerch den Avis, deen de Conseil d'État eis dohinner geluecht huet, duerch Opposition-formellen, déi hie gemaach huet, hu mer missen Entscheedungen huelen an déi eng oder aner Richtung. Mir hu gesot, dass mer seng Propositiounen, déi e gemaach huet, an och Saachen, déi a mengen eegene Kompetenze sinn, haaptsächlech mol nach géife kucken, an dann alles, wat doriwwer erausgeet a wat erëm aner Administratioune betraff hätt, erauszehalen. Net ze vergiessen, dass mer an enger Presidentschaft waren, an ech awer mäi Versprieche, dat doten an engem Joer ze maachen, trotzdeem wollt duerchzéien.

Ech muss soen, et ass garantéiert méiglech wéi bei all Gesetzer nach e besseren Text ze kréien. Dir wësst, dass ech schonn eng Kéier gesot hunn - d'Madame Flesch huet et selwer gesot -, et wier vill schonn zerriet ginn. Meng Angscht war, et géing nach zerriet ginn. Et wier besser mol eng Rei Saachen, déi Besserungen déi dra sinn, ze festegen, déi mol festzeschreiwen an da kann een duerno iwwer Saache schwätzen.

Ech war elo zu Andorra an hunn do e Fall erlieft vun engem Spëtzesportler, dee verletzt gouf, deen Indépendant ass an deen elo an enger Situatioun ass, wou hie keen Akommes huet - an deem Mooss! Do sinn doudsécher Lacunen, déi mer de Moment hunn an déi ee misst opfëllen.

Stellt Iech awer elo vir, ech hätt elo gesot, okay, dat do hunn ech elo erkannt, elo fänke mer nach eng Kéier un iwwert d'Sozialversécherungen ze schwätzen. Da wiere mer erëm fir dräi Joer fort gewiescht! Ech hu gemengt, mir sollen dat mol festegen, wat elo do ass an déi Problemer net vergiessen, déi hei ugeschnidde gi sinn an déi sécherlech - muss ech soen - och hire Stellewäert hunn.

Den Här Jaerling ass net do, mä ech wollt him awer soen…

(Interruption)

Neen, neen, Dir sot em dat. Dat ass léif. Ech hunn dat net béisaarteg gemengt; ech hat dat net gesinn.

Mä hien huet esou vill géint Spëtzesportler geschwat. Ech kënnt him ganz vill Beispiller vu Leeschtungsa Spëtzesportler weisen, déi awer wierklech hu misse leiden dorënner, dass si eist Land vertrueden hunn, dass si sech agesat hunn, fir an engem National-Equipe-s-Tricot unzetrieden. Zu Andorra hu se am Numm vun eisem Land dee Sport gedriwwen, dee si sech eben erausgewielt haten, a mam Resultat, dass se elo perséinlech Aboussen hunn.

Dofir gesinn ech net dee risegroussen Avantage, deen den Här Jaerling huet wëllen ausmaache bei de Spëtzesportler, deen déi hätten.

Wéi gesot, ech hunn déi Démarche mat der Chamber an haaptsächlech och mam Rapporteur gemaach, well ech wousst, dass hien och à la base dovunner war. D'Foto weist jo, dass dat laang gedauert huet. Am Artikel, deen Der gewisen hutt, si jo zwou Fotoen. Dass dat laang gedauert huet, dat gesäit een e bëssen - en ass mir net béis - un de Fotoen!

(Hilarité)

Ech war frou, dass vu mir net déi Foto vun haut an dann déi Foto vun deemools dra war, deemools wéi ech och schonn eng Kéier eppes mat deem Sportsgesetz ze dinn hat, nämlech dem Sportsgesetz vun 1976, wéi ech am Ministère geschafft hunn, war ech domat beoptraagt eng Rei Saachen ëmzesetzen, wat dat dote Gesetz beinhalt. Ech si frou, dass déi Foto net do ass, esou dass dat Vorher-Nachher mat mir net noutwendeg war.

(Interruption)

Ech wollt op e puer Punkten agoen, déi hei awer ervirgestrach gi sinn, an nach eng Kéier kloer ënnersträichen, dass fir mech et dräi, vläicht véier Beräicher gëtt, déi wichteg sinn an op déi ech mech och wäert achséieren. Dir sot mir: „Mir mierken nach net genuch dovunner." Dat eent ass awer de Schoulsport, well do alles ugeet, well do d'Basis geschafe gëtt vun deem, wat soll geschéien.

Et ass net fir näischt, an ech kommen awer nach op e puer Elementer zréck, dass mer och elo am Gesetz déi Éducation précoce, iwwert déi mer awer hei e bësse locker driwwer ewech ginn, dass do festgeschriwwe gëtt, dass mer eng Aufgab hunn, déi sou fréi wéi méiglech muss ufänken. Nämlech déi, déi Bewegungsméiglechkeeten de Kanner ze ginn, déi hinnen op anere Plaze feelen. A maacht lech näischt vir, och wa mer dat maachen, da brénge mer knapps fäerdeg dat ze redresséieren, wat se verluer hunn, doduerch dass se haut net déi Méiglechkeeten hunn, déi mir alleguerten haten, wéi mer jonk waren.

Dass dobäi Spaass muss entstoen, ass essentiel. Well mir kënnen net méi dekretéieren, dass ee weiderhi Bewegung mécht, dass ee weiderhi Sport mécht, dass ee Spëtzesport oder Leeschtungssport mécht. Mir kënnen em just Spaass ginn. An ech mengen et war d'Françoise Hetto, wat gesot huet: Et ass wichteg, dass déi Leit dobäi sinn, dass se eppes maachen.

Dat ass ass dat wat mer musse fäerdeg bréngen, nämlech dass se duerno weiderfueren. An eis Gesellschaft ass nun eben esou opgebaut, dass vill, loosse mer soe Vakanzen, vill Loisirë ronderëm de Sport dréinen. Wann een do beispillsweis net ka schwammen, dann ass een ausgeschloss vun enger ganzer Rei Aktivitéiten, déi nun ebe stattfannen, wou d'Schwammen d'Basis ass.

An Dir dierft net vergiessen, dass do ronderëm dee Breedesport, vu Schoulsport eriwwer op Breedesport, dass do och ganz villes entstanen ass, wat mëttlerweil eng wirtschaftlech Aktivitéit duerstellt.

A schlussendlech ass de Leeschtungssport, an ech loosse mer dat net vermiesen, trotzdeem och fir eis ënnerstëtzenswäert. Ënnerstëtzenswäert aus deene Schwaachpunkten, déi ech virdrun unhand vun engem Beispill gewisen hunn, mä awer och well et d'Lokomotiv ass. Et ass d'Lokomotiv, fir dass aner Leit och dat do maachen. Déi beschte Reklamm ass sonder Zweifel, wa mer gutt Leeschtungssportler hunn. Besonnesch an eenzelne Sportaarte gesäit een, dass dann automatesch och vill Leit an déi Richtung ginn.

Ee Wuert zum Stellewäert, Här President. De Stellewäert ass net dee vum Sport hei am Lëtzebuerger Land, trotz ville gudden Interventiounen, déi ech haut héieren hunn hei. Ech mengen, en ass gepréegt duerch keng Polemik an duerch wierklech déif gräifend gutt argumentéiert Rieden, mä de Problem ass, dass dat dobausse vläicht a Sonndesriede ganz oft esou gesot gëtt, mä wann et drop ukënnt - an am Schoulsport hu mer et heiansdo gesinn -, da sinn aner Saachen op eemol méi wichteg. An et ass richteg, wa mer an enger Zäit liewen, wou mer soen, iwwert de Lissabon-Prozess hu mer eis eng ganz Rei Aufgabe ginn, dann ass de Sport vläicht net déi allerieweschte Prioritéit.

Mä wa mer e vernoléissegen, bezuele mer et iergendwann, an dat sinn ech sécher, ganz deier. An ech hoffen, dass dee Stellewäert, deen ech awer gehofft hat, an nächster Zäit kënnen ze verbesseren, duerch d'Aart a Weis, wéi mer och d'Sportspolitik gestalten, dass dee kéint besser ginn.

Ech hat och gehofft, deen Traité iwwert dee mer glécklecherweis hei zu Lëtzebuerg zumindest eis positiv ausgedréckt hunn, dass mer iwwert dee Wee och de Stellewäert vum Sport kéinten hiewen. Et ass net ze vergiessen, dass den Artikel 282 do endlech de Sport als eegestännege Beräich consacréiert, an net als Unhängsel an Annexe vun iergendengem anere Beräich. Vill Leit hunn dat vergiess. Vill Leit hunn net dorunner geduecht.

Letztendlech hänkt et och dovun of, ob een erkläert kritt, dass dee Stellewäert mëttlerweil och en ekonomesche Stellewäert huet. Dat ass net nëmme well d'Saache sech professionaliséieren, mä well ronderëm de Sport eng ganz Rei Beruffer entstane sinn, induzéiert de Sport jo eng ganz Rei Aktivitéiten, déi haut gréisser Ausmoossen hunn. Well ech muss Iech soen, ech weess net ob ee Robinson Club oder Club Méditerranée, ob een dat an den Hotelsberäich eriwwer muss maachen oder ob een dat net zum Beräich Sportsaktivitéite muss zielen, well dat eent ouni dat anert géing mat Sécherheet net fonctionnéieren.

Dann ee Wuert, Här President, zur Fro: Hätt ee solle méi wäit goen hei an deem Gesetz? Ech hu verstanen, dass den Här Kox gemengt huet, éischtens dat Gesetz wier an deem Mooss net esou noutwendeg an zweetens wann, da misst ee vläicht méi incisiv Elementer dran erëmfannen.

Sécherlech schreiwe mer hei haaptsächlech déi Punkte fest um Niveau Autonomie, déi gefrot sinn. Ech hat verstanen, an ech wollt dat net grondleeënd ëmänneren, well et och meng Iwwerzeegung ass, dass d'Sportspolitik vu Säite vun der Regierung an och vun den Autoritéiten op lokalem Plang soll komplementar sinn, baséierend op dem Subsidiaritéitsprinzip. Mir hunn ee grousse Partner do, deen och representativ ass, dat ass de COSL, an dee wollte mer och hei iwwert dat Gesetz consacréieren, op déi do Aart a Weis.

An ech ginn Iech ee Beispill: Beim leschte Kongress vum Handball war op eemol ze liesen an deenen hirem Rapport, ech hätt gesot, déi missten obligatoresch een Nationaltrainer kréien. Ma ech denken am Dram net drun, hinnen dat ze soen. Dat steet an hirem Rapport. Wat ech awer gesot hunn ass: Wann der gär bénéficiéiert vu Mesures spéciales, an déi Mesures spéciales sinn opgebaut op eng Nationaléquipe, da musst der och eng Nationaléquipe hunn, ergo en Nationaltrainer, deen iwwert d'ganzt Joer schafft, an net een, deen nëmme véier Wochen hei an nach eng Kéier zwou Wochen do eppes mécht.

Dat muss een dann esou gesinn an dozou stinn ech. Ech wëll also hinnen net soen, dass se dat musse maachen - dat ass e gutt Beispill fir ze illustréieren -, mä op där anerer Säit soen ech, d'Mesures promotionnelles, déi hänken awer drun, ob dee Cadre A, ob déi Nationaléquipe och funktiounsfäeg ass an deementspriechend och organiséiert ass. A wann dat a mengen Aen nëmmen ze erreechen ass iwwert den Nationaltrainer, da muss d'Federatioun selwer décidéieren, ob se een Nationaltrainer astellt an ob se dee ganz astellt, an dee Moment kritt si e subsidiéiert wéi anerer och, zu deem Tarif, deen do virgesinn ass.

Ech hale mech do eraus, ob se et maachen oder net, sou wéi ech mech och eraushale mat de Resultater, déi heiansdo dobäi erauskommen. De Sportsminister ass och weiderhin net responsabel fir d'Resultater, déi bei där enger oder anerer Federatioun erauskommen.

Wat d'Gemengen ubelaangt, fir déi ze berouegen, déi vläicht op dee Gedanke géinge kommen, besonnesch haut. Ech muss soen, déi Gemengen, déi déi Aufgaben hunn, et ass hei gefrot ginn: „Jo, wat hutt Der da wëlles?", ech mengen et war d'Madame Flesch: „Wat wëllt Der da genau domadder maachen?"

(Interruption)

Jo, jo. Ech muss éierlech soen, Madame Flesch, deen do Passus kënnt jo net vu mir. Ech wollt jo net dat Gesetz hei nach grondleeënd ëmänneren. Ech hunn dat Gesetz geholl, esou wéi et ausgeschafft ginn ass vun der Madame Brasseur, well ech dat e gudde Fong fonnt hunn, an ech hat kee Grond fir mech dorunner reiwen ze goen. Ech hu mer näischt drënner virgestallt direkt, mä ech war awer d'accord mat deem wat d'Madame Brasseur an deen Text do erageschriwwen huet.

Ech muss allerdéngs soen, a mir haten déi Diskussioun um Rand mat Momenter, d'Gemengen hunn och eng Aufgab heiranner. Wa mir soen, de Sport ass wuel fräi, mä mir wëssen awer, dass mer et deier bezuelen, wa mer et net fäerdeg bréngen déi sportlech Aktivitéiten, haaptsächlech am Breedesport, oprechtzëerhalen, da soen ech, dann huet de Stat do eng Aufgab, an domat d'Regierung, mä dann huet d'Gemeng awer och eng. Well do kënne mer net ufänken ze soen, jo wann der gär hätt, dass mer eppes maachen, da musst der eis subsidiéieren dofir.

Do huet eng Gemeng, an do sinn ech awer formell, och eng eegen, ureegen Aufgab fir dofir ze suergen, dass dat do méiglech ass an dass si iwwert dee Wee och d'Gesondheet vun hire Leit am A behält. Well ech hunn Iech gesot, dat do bezuele mer eng Kéier ganz deier muer an de Krankekeesen, an dat gesi mer am Moment kommen. Ech kommen nach op déi Etüd zréck.

An da schlussendlech wollt ech soen, dass et e véierte Beräich gëtt, beispillsweis och fir ze weisen, dass ech net nëmme mech mat Leeschtungssportler ausenaner setzen, a fir och ze weisen, wéi een d'Autonomie léisst an awer kann awierken. Ech hu festgestallt, dass et am Handicapéierteberäich ee Grupp gëtt, dee ganz aktiv ass, gutt funktionéiert; do wäert ech mech och mat Sécherheet net amëschen. Et gëtt een anere Grupp, dee funktionéiert am Moment guer net, sou dass den Handicapéiertesport op deem Beräich flaachläit.

Do geschitt guer näischt. Ech hunn do Initiative geholl. Ech hunn eng Fra, d'Ginette Krings, genannt, déi am Fong geholl mäi Représentant e bëssen an deem Milieu soll sinn. Eng Fra, déi och do eng Kompetenz huet an och do scho bekannt ass. A si soll mer e bëssen hëllefen an Ureegung ginn. A si ass déi Fra, déi ech identifizéiert hunn, fir déi Ureegunge bei mech weiderzereechen, déi mer kënne maachen. Ech wäert am September mat Propositiounen erauskommen an deem dote Beräich.

Dat weist, wann eng Kéier iergendwou eppes ass, wat ech essenziel a wichteg fannen, dass ech dann agräifen, doduerch dass ech probéieren Initiativen ze huelen. Ech wäert net selwer déi Federatioun als Sportsminister erëm eng Kéier op d'Bee bréngen. Mä ech wäert probéieren, dass awer ee sech drëm bekëmmert, dass een aneren dat erëm eng Kéier mécht. Sou gesinn ech de Rôle vum Sport. An ech wäert och an de Budget spe-

ziell Kreditter abauen, fir hinnen ënnert d'Äerm ze gräifen, fir eppes unzeleieren, an duerno muss et erëm vum selwe rullen. Sou gesitt Dir op alle Fall, wéi deen aktuelle Sportsminister déi do Aarbecht gesäit.

Well et ass gesot ginn, dass mer besser - normalerweis a Gesetzer, ech mengen ech hunn der genuch erlieft, ech war 15 Joer hei - méi normativ Elementer hätten. Ech mengen den Alex Bodry huet wierklech excellent gewisen, firwat dat nu wierklech hei an dësem Fall schwiereg ass.

Madame Flesch, ech ka mer net virstellen, wann dat eent d'Basis ass, Autonomie, komplementar, subsidiaresch, an ech wollt datselwecht och dem Henri Kox soen, dass een da vill normativ Elementer dra mécht.

Well normativ Elementer sinn déi, déi si contraignant. Déi sinn herno déi, déi imposéieren. Wann een dat net wëllt, dann ass d'Konsequenz déi, dass een dat och an deem Mooss net kann abauen.

Mir hunn et agebaut op e puer Plazen, wéi notamment wat den Doping an haaptsächlech d'Liwwerung vun Dopingselementer ubelaangt. Jo, do si mer ganz contraignant. Mir waren op een, zwee aner Punkten et och, wou et mengen ech vertrietbar ass. Mä ech menge fir méi wäit ze goen, do ännert een total d'Philosophie an der Zesummenaarbecht mat de Sportsverbänn, mat de Sportsautoritéiten, déi et par ailleurs ginn, an dat war u sech net mäin Optrag, deen ech mer ginn hat.

Dat Gesetz ass noutwendeg - fir déi, déi dorunner zweifelen -, well ech soen Iech, et ass éischtens net méi zäitgemäss, dat vu '76. Ech kennen et, wéi gesot, gutt; d'Madame Flesch kennt et vläicht nach besser. Mä mir hu just iwwert d'Arméigesetz bis elo eppes gemaach. Fir de Recht hu mer eng Rei Saachen agefouert, déi gutt waren, mä déi net déi Basis hunn, dass d'finanziell Ënnerstëtzung och mol kann iwwer ee Gesetz ofgeséchert sinn. D'Héicht ass selbstverständlech net ofgeséchert, mä awer de Prinzip ass domadder emol unerkannt.

Da war ee wichtege Punkt, wann ech richteg verstanen hunn, dee vum Bénévolat, wou den Alex Bodry schonn eng ganz Rei Äntwerte ginn huet, an och den Här Haupert huet gewisen, firwat dass mer am steierleche Beräich nun décemment et net kënne maachen. Ech mengen do sinn nach aner Elementer, déi mat eraspillen, et kann een dat net begrenzt just op een Deel bezéien.

Ech muss Iech soen, ech war ëmmer dergéint fir fiskalesch Mesuren ze huelen, fir de Bénévolat ze ënnerstëtzen, well Dir musst wëssen, dass 40% - et sinn der muer vläicht 45 oder 35, mä an der Moyenne 40% - vun de Leit iwwerhaapt keng Steiere bezuelen. Da rechnen ech nach net déi, déi der net vill bezuelen. Wann een net vill Steiere bezilt, kann een och net vill vun Abattementer hunn. Also ass dat eng Mesure, déi déi meescht Leit net betrëfft.

Si ass menger Meenung no net gutt, well se nëmmen dann op de Sport bezu wier an aner Associatioune kéimen direkt hannendrun. An et ass souwisou eng Iwwerbelaaschtung vun eisem Steierrecht. Ech hätt léiwer mir géingen eis aner Saachen afale loossen, an duerfir, Här Jaerling, wollt ech Iech soen, dass ech déi Motioun, déi Der hei hutt, mam beschte Wëllen an där Form net unhuele kann, och wann ech vill Saachen hei kann akzeptéieren. Also ech hu kee Problem och, ech wëll net soen, ech géing der Chamber recommandéieren Neen ze soen. Hei si Saachen dran, déi si gutt, mä déi iwwersteigen awer meng Kompetenzen, Här Jaerling.

Wann ech hei gesinn, den associativë Secteur ass legitime Gespréichspartner, da froen ech: Wien ass dat dann, deen associativë Secteur? Wann Dir mer sot, d'Förderung vum Volontariat, dat geet largement iwwer meng Kompetenzen eraus, dat geet an de Sozialberäich, an de kulturelle Beräich.

Wat ech Iech also ka virschloen, Här Jaerling, dat ass, dass mer déi Motioun do mat an d'Regierung huelen, well hei sinn awer masseg Dispositiounen, wou de Sportsminister sech net umiesst ze soen, ech huelen un oder ech huelen net un. Wann Dir also domat d'accord sidd, da géing ech einfach froen, ob ech se dierf mat an d'Regierung huelen, well e Congé associatif décidéieren ech jo net haut de Mëtteg hei beim Mikro, och wann ech Loscht hätt dat ze maachen, mä dat ass net a menger Kompetenz. Wann Dir also domat d'accord wiert, géing ech dann an deem Moment se mat…

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Jaerling?

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Selbstverständlech!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här Minister, ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass dat do eng Motioun ass, déi d'LSAP, wéi se nach an der Oppositioun war, hei eraginn huet.

(Interruption)

Da misst Der awer och dem Här Bodry säin Avis froen, well et ass nämlech eng Motioun vun him, déi ech just op Lëtzebuergesch iwwersat hunn,…

(Interruptions diverses)

…an ech wollt Iech nach eng Kéier d'Méiglechkeet ginn, fir se elo, wou Dir an der Regierung sidd, dann awer hei an d'Realitéit ëmzesetzen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Jaerling, wéi war dann elo Är Fro? Dir hat d'Wuert gefrot, fir eng Fro ze stellen.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Här President, ech ginn him eng Äntwert op eng Fro, déi en net gestallt huet. Ech soen Iech ganz einfach, Dir hutt mech jo héieren, ech ginn net Nee soen, well ech dat hei…

(Interruption)

Ech hu jo net Nee gesot zu deem doten, ech wousst dat do emol net méi. Mäin Erënnerungsverméigen ass net esou grouss, an ech sinn och net esou schlecht un esou eppes ze denken, wéi Dir.

(Interruptions)

Mä ech hu jo gesot, et sinn awer Saachen, déi stinn net am Regierungsprogramm. Sti se net am Regierungsprogramm, da kann ech dat net hei maachen - och wann et engem an der Regierung heiansdo kribbelt fir selwer Décisiounen einfach ze huelen. Duerfir hunn ech Iech proposéiert, ech huelen se mat an d'Regierung an dann diskutéiere mer doriwwer.

(Interruption)

Wat de Bénévolat ubelaangt, muss ech Iech soen, dat Dokument vum COSL, wat excellent ass, ass ugesprach ginn, mä ech hunn op eenzelne Punkten nach net méi Saachen eraginn. Dat huet zum Deel mat deem ze dinn, wat ech dem Här Jaerling elo gesot hunn. Do sinn aner Gruppéierungen och betraff. Mä ech muss Iech soen, dat gëllt och fir déi Gruppéierungen, déi déi Saache froen. Mä hei am Besonneschen och wat de COSL freet.

Do gi beispillsweis steierlech Avantagë fir Federatiounen a fir Clibb gefrot. Dat hu mer haut schonn! D'Fro ass: Hu mir dat Instrument iwwerhaapt ëmmer gebraucht? Huet d'Keelefederatioun, där Dir virgestanen hutt, huet déi dat Instrument vun de steierlechen Ofschreiwungen an deem Mooss gebraucht? Sot mir dat, Här Jaerling, an da sinn ech domat d'accord fir doriwwer ze schwätzen.

Mir hunn haut eng ganz Rei Hëllefsstellungen, déi méiglech sinn an déi haut A.s.b.l.en zoukommen. Déi meescht vun de Federatioune mussen a sinn och alleguerten A.s.b.l.en. D'A.s.b.l.en hunn eng ganz Rei Avantagen, déi se kënnten ausspillen. Ech stelle fest, dass dat an deem Mooss bis elo net geschitt ass. Dat gëllt garantéiert och fir Är.

Huele mer de Congé-éducation als Beispill, anstatt elo erëm en neie Congé hannendrun ze hänken. Dee Congé-éducation, ass deen esou ausgenotzt ginn, wéi e bis elo auszenotze war? Ech woen et ze bezweifelen. Et geet also drëm, besser ze kucken dat ze gebrauchen, wat haut do ass, anstatt vill Neies derbäizemaachen.

Wat d'Versécherungen, wat de Bénévolat ubelaangt, wëll ech der Madame Hetto soen, déi sech do ganz vill Suerge mécht:

Éischtens, dat ass e ganz allgemenge Prinzip. Ech hätt net gär, wa mer géingen d'Leit hei op d'Iddi bréngen, dass se bei allem wat se maachen, och am Loisirsberäich, ofgeséchert si bis un d'Liewensenn. Ech muss soen, e bësse muss an deem Land hei nach geschéien, ouni dass een d'Fro stellt vun der Ofsécherung! Well soss si mer vir bäi an hanne widder. Also wa mer elo jiddferee bis op d'Allerlescht mussen ofsécheren, dat ass einfach e Prinzip, et huet näischt mam Sport ze dinn, dat ass eppes wat ech perséinlech muss lassginn: Ech fannen, dass mer ze vill a Watt apaken an net méi déi eege Responsabilitéit nach selwer spille loossen.

Mä fir de Rescht, Madame Hetto, versécheren ech Iech eent: Meng Mataarbechter sinn amgaangen, d'Diskussioun mat där Assurance ze féieren, an där mir sinn, fir dass sech déi Ausbesserungen a Verbesserungen, déi do virgesi sinn, exakt wäerten applizéieren, fir déi dote Leit wéi fir all déi aner Leit, déi haut schonn ënnert déi Versécherungsbestëmmunge falen. Exakt déiselwecht, do gëtt et keng Diskriminatioun, weder positiver nach negativer Natur.

Dir kënnt Iech net virstellen, dass mer awer fir déi Leit, déi net lizenzéiert sinn an nëmmen heiansdo fueren, op eemol eppes ganz aneschters maache wéi dat, wat mer fir déi Leit, déi Joer an Dag aktiv sinn, maachen. Mir probéiere genau datselwecht fir déi ze maachen, an duerfir ass et och am selwechten Abschnitt wou et ass.

Ee Wuert zum Doping. Beim Doping hunn ech ëmmer gesot - mä och meng Virgängerin huet dat gesot - Toleranz zéro. Ech fuere mat deem weider wat si engagéiert huet. Do trennt eis iwwerhaapt guer näischt, wéi an eenzelnen anere Punkte selbstverständlech och net. Mä hei hu mer säit kuerzem eng eegen Agence, an duerfir war et och gutt, dass mer net drageschriwwen hunn, dass et dee Comité sollt sinn, well mir hunn eng Agence misse grënnen opgrond vun eiser Zesummenaarbecht mat der internationaler Agence, déi zu Montréal ass. Mir hu se Alad genannt, et ass d'Agence luxembourgeoise antidopage. Duerfir kënne mer esou eppes net aschreiwen. Mir stinn dozou, dass ee ganz anere Wand am Dopingberäich, am Antidopingberäich - komm, mir maachen et esou - am Moment amgaangen ass opzekommen.

Am Oktober wäerte mer eng Konventioun unhuelen zu Paräis bei der UNESCO, déi da sämtlech Länner liéiert, déi Konventioun, déi aus der WADA, dat haut déi international Agentur ass, kënnt. Dat Instrument plus de Code, deen Antidopingcode, deen dorunner hänkt, mécht och dann d'Applikatioun an alle Länner, wou et also tëschent dem privat organiséierte Sport, där Antidopingagence an de Regierungen zu enger Zesummenaarbecht kënnt an enger mutueller Unerkennung vun den Dispositiounen. Dat gëtt e risege Fortschrëtt, menger Meenung no.

Den Här Haupert huet sech Suerge gemaach iwwer eng Federatioun haaptsächlech, déi do nach en Alleingang gemaach huet. Ech hunn et net dobäi belooss, dass ech eng Kritik ausgesprach hunn, ech hu se och hei empfaangen, hu mer dat ugehéiert, hu fonnt, dass se op engem Punkt Recht haten, op zéng anerer net, hunn hinne proposéiert, déi zéng aner Punkte falen ze loossen, an op deem enge géing ech probéiere mat der WADA ze verhandelen. Ech waarden op d'Resultat.

Op alle Fall huet d'FIFA meng Mediatiounsproposen ugeholl, déi ech hinne sengerzäit hei gemaach hat, an ech hoffen, dass dat zu engem gudden Enn gefouert gëtt. Ech waarden nach op d'Äntwerte souwuel vum Här Rogge wéi och vum Här Pound a kucken an hoffen, wéi gesot, dass domat da Schluss ass.

Ee Wuert zum Här Jaerling senge Kritiken un den Aarbechtskontrakter. Här Jaerling, ech ka mer net virstellen, dass et Iech virschwieft, dass elo alles texto am Sport esou ugewannt gëtt. Ech hat gemengt, eng Spezifissitéit am Sport kënnt et ginn. Wéinstens eng Rei Saachen. Et gëtt een, deen d'Exception sportive schonn eng Kéier als Journalist préconiséiert huet. Ech nennen et Spezifissitéit.

Ech ginn Iech e Beispill. Wa mer dat do applizéiere bei den Traineren, déi e Salariésstatut dann hunn, da kréie se emol all Sonndeg wou se op den Terrain gi 70%. Dat ass de Minimum, dee se nämlech méi kréien. D'Feierdeeg kréie se dann 100%! Kënnt Der Iech virstellen, dass dat do fonctionnéiert? Dat kann net fonctionnéieren! An all Spiller, deen e Kontrakt huet, géing dann och dodrënner falen, vu dass mer vun déterminé an non déterminé schwätzen. Dat géing op all déi aner…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- An d'Contrats à durée déterminée och, Här Minister.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Majo! Ech weess…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Et gëtt keng Exceptioun.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Ech weess dat. Mä ech soen Iech, et gëtt eng Rei Spezifissitéiten doranner, a wann Der déi net wëllt unerkennen, dann ass dat Äert gutt Recht, mä erkläert awer dann de Federatiounen, wa se owes erausginn, da mussen se jo och extra Zäiten hunn. Ech huelen un, dass dann och an den Aarbechtskontrakt drastoe kënnt, bis wéini dass se ze schaffen hunn. Ech géing awer gär deen Aarbechtskontrakt op där doter Dispositioun gesinn, sou dass ech mengen, dass dat hei schonn eng gutt Regelung ass, dass mer déi eng oder aner Spezifissitéit hei agebaut hunn.

A gleeft mer et, bei der Astellungspolitik, déi relativ restriktiv wäert sinn, wäerte mer eis un den Definitioune vum COSL orientéieren, an et deet mer Leed, do si keng Parteikaarte gewënscht. Hutt Dir de COSL am Verdacht, dass hie Propositioune wäert maache mat Parteikaarten?

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Neen, neen, neen! Ech hunn déi Richteg am Verdacht!

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Jo, jo, jo! Ben, ech hunn e bëssen d'Impressioun, dass Der Är Chancëgläichheetspunkten op deem doten op alle Fall falsch ubruecht hutt.

Ech wëll dann e Wuert zu den Infrastrukture soen. Et ass richteg, mir hunn am Infrastrukturprogramm fir de Vëlo eng Pist virgesinn, déi mer mat engem Partner wäerte maachen. Do sollen och souwuel d'Keele wéi de Pétanque berücksichtegt ginn. Den INS gëtt ausgebaut. Dee gëtt elo ugefaangen. Lëlz gëtt ganz frësch gemaach do uewen, an et gëtt och eng nei Maison des Sports erausgesicht. Ech kann Iech awer och soen, dass an nächster Zäit um Niveau vun den Infrastrukturen doudsécher Aménagement-du-territoires-Aspekter wäerte mat eraspillen.

Ee Wuert dann zu der Madame Flesch hirer Fro, fir de Schoulsport méi viabel ze maachen. Dat, wat ech do wëlles hunn, méi viabel ze maachen, dat ass…

(Interruption)

Wéi?

Une voix.- Vivabel steet do!

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Jo! Ech hat net gesot, ech géing dann einfach der Madame Delvaux virschloen, si soll erëm dräi Stonnen aféieren. Dat wier dat Einfachst, wat ech kënnt maachen. Mir hunn eis zesummegesat a mir hunn doriwwer geschwat. An ech soen Iech, Dir wäert net elo ongedëlleg ginn, wann ech Iech soen, dass am September, Oktober Proposë vu Säite vun der Madame Delvaux, vum Här Di Bartolomeo a vu mir selwer wäerte kommen, déi an eng Richtung wäerten zéien. Do wäerte vill ganz flott a ganz vill Neierungen dra sinn, an ech géing Iech also just bieden nach vläicht eng Zäit ze waarden. Ech wëll nach eng Rei Diskussiounen ofwaarden.

A wat déi Complicitéit betrëfft, déi Der dann nach eng Kéier ugeschwat hutt: Tëschent eis zwee besteet eng grouss Complicitéit. Ech hoffen, dass zwëschent der Madame Brasseur an hir selwer och eng grouss Complicitéit sengerzäit bestanen huet.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Ech hat ni e Problem mat mir selwer, Här Minister. Och haut net!

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports*.- Ah bon! Ech huelen och un, dass Dir eng grouss Complicitéit mat Iech selwer hat. Da vergläiche mer, wat an deem engen an an deem anere Beräich erauskomm ass.

Dir hutt Recht dobäi gehat - ech mengen, et war den Här Kox, deen drop higewisen huet -, dass d'Fro vum Parascolaire ganz wichteg ass. An ech wollt der Madame Delvaux souwisou eppes virschloen.

Madame Delvaux - Dir waart net hei -, hei sinn zwou Motiounen, déi ech awer wollt an d'Kommissioun verweisen, fir dass Dir Iech kéint dozou ausdrécken, well ech d'Impressioun hunn, dass se sech éischter un Iech riichten an ech net wëll op Är Platebanden trëppelen.

Op alle Fall sinn ech total mat Iech d'accord, dass, och wa mer dat Bescht an der Schoul organiséieren, wa mer net d'Bréck fäerdeg bréngen, dass se dann a privat organiséierte Sportaarten oder Veräiner herno schaffen - an do kënnt souwuel déi Neigestaltung vun der Schoul wéi och d'LASEL, d'LASEP eng Roll spillen -, ech mengen, dann hu mer versot.

Wéi gesot, dat dote sinn e puer Elementer. Ech kënnt och op d'Rechercheelementer agoen, déi ech, wat de Sport ubelaangt, och hei wëlles hunn eranzebréngen. Ech loosse mer dat awer fir eng aner Kéier a soen Iech Merci, dass Der alleguerten esou positiv, mat enger Ausnahm, Iech ausgedréckt hutt

zu deem Sportsgesetz. Dat Gesetz fannen ech noutwendeg. Et ass fir mech elo mëttlerweil erëm eng Kéier méi wéi zäitgeméiss. Ech mengen och, dass d'Sportswelt gréisser Avantagen dovunner huet, awer net nëmmen d'Leeschtungssportler, mä d'Leit alleguerten.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4766 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an 1 Abstentiouns.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Här Jaerling, wëllt Dir Är Abstentiouns begrënnen?

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech hunn dat ausreechend gemaach, Här President.

M. le Président.- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Voilà, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

Pardon, et sinn nach Motiounen do. Fir d'éischt komme mer zur Motioun Nummer 1, déposéiert vum Här Henri Kox. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Interruptions diverses)

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Här President, majo den Här Minister huet proposéiert, dass déi zwou Motioune sollten an d'Kommissioun vun der Educatioun kommen. Ech géif dat dann akzeptéieren a mengen, dass mer dann do nach eng Kéier drop zréckkommen.

M. le Président.- Bon, da ginn déi zwou Motiounen, déi vum Här Kox déposéiert gi sinn, an d'Educatiounskommissioun verwisen.

Vun der Motioun vum Här Jaerling huet den Här Minister gesot, dass hien déi wëllt mat an d'Regierung huelen. Normalerweis verweise mer d'Motiounen an d'Kommissiounen. Mä wa mer dës elo an d'Regierung verweisen, dann denken ech, dass een dat ka maachen, mä et misst een awer och wëssen, dass se dann awer eng Kéier erëmkënnt.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports.*- Här President, Dir kënnt awer verstoen, dass sech hei eng Rei Froe stellen, déi queesch duerch e puer Ministèrë ginn.

M. le Président.- Här Minister, mir hunn Är Explikatiounen héieren; mir verstinn déi och. Ech froe just den Här Jaerling, ob hien d'accord ass, datt mer déi Motioun hei elo mol un d'Regierung verweisen, wann d'Regierung eis versprécht, dass se deemnächst eng Kéier erëmkënnt.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Ech mengen, et ass eng ganz nei Prozedur. Mir loossen eis mol iwwerraschen. Mä et ka jo awer da sinn, wann d'Regierung dann hir Décisioun geholl huet, dass mer dann eventuell eng Question avec débat dorauser maachen.

M. le Président.- Très bien. Da si mer eis och do eens. Den Här Minister Krecké mellt eis, wat d'Regierung iwwert dës Motioun délibéréiert huet.

Voilà, da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet 4513, enger Konventioun iwwert den Ëmweltschutz. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Rapporteur Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

2. 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 25. Juni 1998 huet Lëtzebuerg zesumme mat 39 Staten déi sou genannten Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen, dëst an der Persoun vum deemolegen Ëmweltminister Alex Bodry, dee sech speziell dofir op Aarhus an Dänemark déplacéiert huet.

(Interruptions)

Dëst Ofkommes geet vun der Iddi aus, datt mir méi Fortschrëtter am Ëmweltberäich kréien, wann d'Leit méi staark fir d'Ëmweltproblemer sensibiliséiert sinn a wann alleguerten d'Bierger d'Méiglechkeet kréien d'Ëmweltpolitik aktiv matzegestalten. Eng Grondiddi vun der Konventioun ass, dass all Mënsch e Recht drop huet an engem Environnement ze liewen, an deem hie sech wuel fillt an deen e Bäitrag zu senger Gesondheet leescht. Dat gëllt net nëmme fir d'Bierger vun haut, mä och fir déi Generatiounen, déi no eis kommen.

Nohaltegkeet ass ee Begréff, deen hautdësdags esou oft fir all Méigleches benotzt gëtt, dass e kaum nach eppes auszesoe schéngt. An dësem Kontext ass en awer genau richteg, well d'Aarhus-Konventioun eng nohalteg Ëmweltpolitik zum Zil huet.

Ëmweltschutz ass kee Luxus. All Mënsch brauch proppert Drénkwaasser, propper Loft, gesond Liewensmëttel an e Liewensraum, dee fräi ass vun Ëmweltgëfter. Trotzdeem setzt d'Politik oft aner Prioritéiten a stellt kuerzfristeg Interessen iwwer e konsequenten Ëmweltschutz, deen dofir suergt, dass eis Kanner a Kanneskanner genausou selbstverständlech kënnen op vital, natierlech Ressourcen zréckgräifen, wéi mir dat maachen.

De Schutz vun der Ëmwelt geet jiddfereen eppes un, an d'Aarhus-Konventioun gesäit vir, dass alleguerten d'Bierger an deene Staten, déi se ënnerschriwwen hunn, e reellen Afloss op d'Ëmweltpolitik solle kréien. D'Signataire sollen dofir an dräi verschiddene Beräicher aktiv ginn an hire Bierger méi Rechter zougestoen.

Den éischte Volet betrëfft d'Informatioun. All Bierger soll en direkten Zougank zu Ëmweltinformatiounen hunn. De Stat huet d'Flicht dësen Accès zur Informatioun net nëmmen ze erméiglechen, mä aktiv ze förderen. Zwar gesäit d'Konventioun och Situatioune vir, an deenen de Stat d'Recht huet Informatioun zréckzebehalen, dës Fäll sollen awer d'Ausnahme sinn. D'Regel ass, dass de Stat schnell an ouni ëmständlech oder deier Prozeduren Ëmweltinformatiounen erausgëtt. Doriwwer eraus ass e gehalen, vu sech aus wichteg Informatiounen an dësem Beräich ze publizéieren, woubäi dem Internet eng wesentlech Roll zoukënnt.

En zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft d'Participatioun. D'Öffentlechkeet muss bei wichtegen Décisiounen, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, vun Ufank u mat agebonne ginn. Dat betrëfft ënner anerem d'Genehmegungsprozeduren. Hei mussen d'Bierger vu vireran informéiert ginn an d'Méiglechkeet kréien aktiv um Entscheedungsprozess deelzehuelen. Dat heescht och, dass d'Délaië vun de Prozeduren esou festgesat sinn, dass dës Participatioun reell fonctionnéiert an net nëmmen um Pabeier besteet.

D'State verflichte sech iwwert d'Aarhus-Konventioun och hir Bierger ze encouragéieren sech ze engagéieren, wa politesch Konzepter, nei Gesetzer oder Reglementer ausgeschafft ginn, déi d'Ëmwelt betreffen.

Den drëtte Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft den Accès zur Justiz. D'Bierger sollen d'Méiglechkeet kréie fir nei Rechter, déi aus dësem Accord entstinn, och anzekloen. Wann deemno eng Verwaltung sech weigert, d'Informatiounen erauszeginn, oder berechtegt Ufroen einfach ignoréiert, kann deen, deen d'Demande gemaach huet, viru Geriicht goen. Datselwecht gëllt wann d'Recht op Participatioun net berücksichtegt gëtt. Op dës Manéier soll séchergestallt ginn, dass déi Rechter, déi um Pabeier sou schéin ausgesinn, och an d'Realitéit kënnen ëmgesat ginn.

Ausserdeem sollen d'Bierger kënne viru Geriicht goen, wa Privatleit oder öffentlech Verwaltungen eppes maachen, wat géint dat bestehend Ëmweltrecht verstéisst.

Här President, Dir gesitt, dass d'Aarhus-Konventioun vill méi ass wéi een Ofkommes iwwert den Ëmweltschutz. Et ass en Accord deen d'Demokratie ënnerstëtzt; d'State verflichten sech am Ëmweltberäich transparent ze handelen an dem Bierger eng méiglechst grouss Participatioun zouzegestoen.

Demokratie, Transparenz, Rechenschaftsflicht vis-à-vis vun de Bierger a politesch Participatioun si Grondwäerter vun deenen d'Europäesch Unioun gedroe gëtt. Et ass deemno logesch, dass net nëmmen d'State vun der Europäescher Unioun, mä och d'EU selwer dës Konventioun ënnerschriwwen huet.

D'EU huet sech verflicht Direktiven auszeschaffen, déi sécherstelle sollen, dass d'Aarhus-Konventioun an all Memberstat ëmgesat gëtt. Onofhängeg vun der Tatsaach, dass Lëtzebuerg 1998 ënnerschriwwen huet, musse mir d'Grondsätz vun der Konventioun an eis national Gesetzgebung eranhuelen, souwéi déi entspriechend EU-Direktiven a Kraaft trieden. Et leien haut schonn dräi EU-Direktive vir, déi déi zwee éischt Voletë vun der Aarhus-Konventioun couvréieren. Eng véiert Proposition de directive iwwert den Accès zur Justiz gëtt am Moment diskutéiert.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Lëtzebuerg ass eent vun deene leschte Länner, dat d'Aarhus-Konventioun nach net ratifizéiert huet. Just Däitschland, Irland a Griichenland sinn am selwechte Fall wéi mir, woubäi d'Slowakei als eenzege vun deene 25 Memberstaten d'Aarhus-Konventioun nach net ënnerschriwwen huet.

Och wat d'Ëmsetze vun den EU-Direktiven ugeet, huet Lëtzebuerg e Retard. D'Direktiv 2003/4/EG, iwwert den Accès zur Informatioun hätt misse bis de 14. Februar 2005 ëmgesat ginn, d'Frist fir d'Direktiv 2003/35/EG iwwert d'Participatioun vun der Öffentlechkeet un den Décisiounen am Ëmweltberäich ass de 25. Juni 2005 ofgelaf. Am Réckstand si mir och fir d'Direktiv 2001/42/EG ëmzesetzen, déi am Kader vun der Espoo-Konventioun gemaach gouf. Bei dëser Direktiv steet zwar d'Evaluatioun vu Pläng a Programmer am Ëmweltberäich am Mëttelpunkt, mä et geet hei awer och ëm d'Informatioun an d'Participatioun vun de Bierger. Dës Direktiv hätte mir bis den 21. Juni 2004 missen an nationaalt Recht ëmsetzen.

Dat heescht, dass mir eis net endlos Zäit loosse kënne fir eis national Gesetzgebung ze adaptéieren, och wann dat konkret net ëmmer ganz einfach ass.

Här President, d'Aarhus-Konventioun ass wéi gesot de 25. Juni 1998 vum Kolleeg Alex Bodry als Ëmweltminister ënnerschriwwe ginn. De respektive Projet de loi ass de 26. Januar 1999 an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 14. November 2000 erstallt. De 7. Februar 2001 gouf de Kolleeg Emile Calmes als Rapporteur bestëmmt, an den 20. Mäerz 2002 huet d'Ëmweltkommissioun iwwert de Projet de loi debattéiert, ouni dem Dossier weider Suiten ze ginn.

An der aktueller Legislaturperiod hu mir als Ëmweltkommissioun d'Aarhus-Konventioun erëm op den Ordre du jour geholl an de 17. Januar 2005 mech als Rapporteur bestëmmt. De 7. Juli 2005 hu mir als Ëmweltkommissioun de Rapport zu dësem Projet de loi unanime ugeholl.

Eigentlech war et virgesinn, fir haut zesummen iwwer e weidere Projet de loi ofzestëmmen, deen d'Aarhus-Konventioun betrëfft. Niewent dem Projet de loi, deen Dir elo hei virleien hutt, ass dat de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun, dee jo deen éischte Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft.

Leider huet sech am leschte Moment nach ee Problem a Relatioun mat bestehende Gesetzer erginn, sou dass mir an der Kommissioun eestëmmeg beschloss hunn, de Rapport an enger nächster Sëtzung vun der Ëmweltkommissioun nach eng Kéier am Detail ze diskutéieren, an net einfach aus sou genanntem falschen Zäitdrock e Projet de loi hei an der Chamber stëmmen ze loossen, dee sech da ganz schnell als net richteg erweise kéint.

Trotzdeem verflichte mir eis déi lescht Detailer, déi de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun betreffen, schnell ze regelen an dëse Projet och direkt am Hierscht virun d'Chamber ze bréngen.

Als Ëmweltkommissioun hu mir awer unanime dru festgehale fir haut schonn iwwert d'Ratifizéierung vun der Aarhus-Konventioun ofzestëmmen. Éischtens, wéi gesot, well d'Konventioun schonn zënter dem 30. Oktober 2001 a Kraaft ass a Lëtzebuerg souwisou schonn eent vun deene leschte Länner ass, dat se nach net ratifizéiert huet. An zweetens wëlle mir ee kloert Signal setzen, dass mir dës Konventioun eescht huelen an hir Ëmsetzung net wëllen esou laang wéi méiglech erausschieben; de politesche Wëlle géif dozou feelen anerefalls.

Dëst gouf och esou am Koalitiounsprogramm festgehalen: «Le Gouvernement accordera une priorité à la transposition à court terme en droit luxembourgeois de la convention d'Aarhus».

Dëst anzehale wäert net ëmmer ganz einfach sinn. Mir sinn eis an der Kommissioun bewosst, datt et sech net ëm eng vun deene ville politeschen Deklaratiounen handelt, an deenen iwwer éiergäizeg Ziler geschwat gëtt, wou a Wierklechkeet awer hannendrun net vill passéiert. Iwwer eisen Engagement an iwwer eis Verflichtungen, déi d'EU agaangen ass, si mir gehal an där nächster Zäit Neel mat Käpp ze maachen.

De Statsrot hat schonn a sengem Avis vum 14. November 2000 ënnerstrach, dass eenzel Veränerungen, déi d'Aarhus-Konventioun mat sech bréngt, fir Lëtzebuerg carrément revolutionär sinn. Et wäert net domat gedoe sinn, e puer Gesetzer nozebesseren an un d'EU-Recht unzepassen.

Mir wäerten eis ganz Approche am Ëmweltberäich mussen änneren, fir déi Form vu Participatioun kënnen ze erreechen, déi d'Konventioun virgesäit. Well déi Direktiv betrëfft jo net nëmmen Naturparken an Ëmweltprojeten, mä sämtlech Projeten, déi een Impakt op d'Ëmwelt hunn. Dat betrëfft d'Genehmegungsprozeduren an eis Bebauungspläng, wou mir jo an der Lescht gesinn hu wéi schwiereg et ka si fir an deem Beräich eng Reform duerchzezéien. Dat betrëfft awer och den Aménagement du territoire als Ganzt, wou dem Ëmweltschutz muss Rechnung gedroe ginn.

An der Praxis bréngt dat sécher Problemer mat sech. Gefrot ass deemno politesche Courage an e fermet Engagement. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech soen, datt mir bereet sinn dës Erausfuerderung unzehuelen, well mer der Meenung sinn, dass et derwäert ass fir sech am Kader vun der Aarhus-Konventioun ze engagéieren.

Ënner Ëmstänn wäert et eng Zäit daueren, bis sämtlech Aspekter vun der Aarhus-Konventioun zu Lëtzebuerg zum Droe kommen. Mä wann et eng Kéier esou wäit ass, wäert Lëtzebuerg e Fortschrëtt gemaach hunn; ee Fortschrëtt am Sënn vu méi Demokratie, méi Transparenz a méi direkter Participatioun vun de Bierger. A virun allem e Fortschrëtt fir den Ëmweltschutz, deen ëmmer méi u Bedeitung gewënnt, wann een un d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft denkt a sech Gedanken iwwert d'Liewensqualitéit vun deene Generatioune mécht, déi no eis kommen.

Här President, am Numm vu menger Fraktioun wëll ech domat den Accord fir d'Ratifizéierung vun der Aarhus-Konventioun ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Negri Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, Madame Ministesch, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank, wéi ëm-

mer, muss ech dem Rapporteur, dem honorabele Roger Negri, Merci soe fir de schréftlechen an och de mëndleche Rapport zu der Aarhus-Konventioun. Vläicht direkt virausgeschéckt, dat ass e wichtegt Instrument, well se vun der UN-Wirtschaftskommissioun fir Europa, der UNECE, ausgeschafft ginn ass.

D'Aarhus-Konventioun konnt, no der Ratifikatioun vun dem 16. europäeschen ënnerzeechende Land, den 30. Oktober 2001 a Kraaft trieden. Heibäi handelt et sech ëm den éischte völkerrechtleche Vertrag, deen alle Persoune wäitgehend Rechter am Ëmweltschutz zougesteet. Den Zougang zu den Ëmweltinformatiounen ass eng eminent Viraussetzung, fir dass sech iwwerhaapt Mënsche mat an dee gesamte Meenungsbildungsprozess zu engem Projet mat Ëmweltimpakt abanne loossen.

Dat erlaabt natierlech och dann de Verwaltungen, de kommunalen an de staatlechen, hir Décisiounen ze huelen, an dat vill méi berouegt. Duerch d'Matënnerzeechnung duerch d'Europäesch Unioun kritt dës Konventioun awer grad haut am Globaliséierungsprozess vill méi eng grouss Bedeitung.

D'Konventioun selwer huet dräi Pilieren. Deen éischte Pilier soll dem Matbierger den Zougang zu den Informatiounen iwwer seng Ëmwelt erlaben, wat haut jo duerch déi modern Technologien zur Informatioun relativ einfach ass. Dozou gehéieren den Zoustand vun eise Liewensraim, de Liewensressourcen, de Kaméidi, d'Energiefroen, d'Gesetzer an d'Pläng zu Projeten.

Nei ass awer an där Konventioun, dass den Interesse fir eng Ëmweltinformatioun net begrënnt muss ginn. Jidder natierlech oder juristesch Persoun, eng ONG oder en Interessegrupp, déi sech an den Ëmweltschutz erabrénge wëllt, kann hei da Reglementer a Gesetzestexter agesinn a Froen dozou stellen. Den Délai fir eng Fro vum Bierger ze beäntwerten ass op ee Mount festgesat ginn, ausser et ass eng Fro, déi relativ komplex ass, da kann ee bis zu zwee Méint op seng Äntwert waarden. Dës Äntwert läit dann a schréftlecher oder elektronescher Form vir.

Wann eng Autoritéit awer net iwwert d'Informatioune verfügt, da ka se déi Ufro un eng aner Verwaltung weiderreechen, déi méi kompetent ass, an da kritt een awer seng Äntwert. Ënner bestëmmten Ëmstänn ka keng Äntwert op eng Fro geliwwert ginn, wann zum Beispill den Intérêt public priméiert oder wa Betribsgeheimnisser am Spill sinn. Dee Refus, dee muss awer da kloer begrënnt ginn. An et muss och drop higewise ginn, wellech juristesch Weeër an dësem Fall ageleet kënne ginn.

Den zweete Pilier ass méi interessant. Dee favoriséiert de Public, sech an den Décisiounsprozess eranzebréngen, a grad an deene Projete wou den Ëmweltimpakt ganz grouss ass. Vu grousser Importenz, an dat ass de revolutionäre Geescht vun där Konventioun, ass et, dass de Public opgeruff gëtt, vun Ufank un an den Décisioune vun de Prozedure matzemaachen, also ex ante. An dat ganz am Géigendeel vun haut, wou oft d'Bierger jo im Nachhinein zougelooss ginn, also ex post agebonne ginn.

An dësem Zesummespill läit déi grouss Innovatioun, déi sécherlech och bei eis am Land Répercussiounen op eis Gesetzgebung en matière vun der Ëmwelt wäert kréien. Ënner anerem kann an de Projete matdiskutéiert ginn, zum Beispill beim Bau vun enger Autobunn, Eisebunnstrassen, Héichspannungsleitungen, an der Offallwirtschaft oder awer am Aménagement du territoire.

Den drëtte Pilier leet dann d'Konditioune vum Accès zur Justiz fest an deene Fäll awer, wou en Demandeur fir eng Ëmweltinformatioun sech am Onrecht spiert, wou en also keng Äntwert op seng Froe konnt kréien. D'Reklamatiounen an d'Klorechter fir eenzel Persounen an Ëmweltverbänn ginn och an deene Fäll geregelt, wou d'Autoritéiten an hiren Décisioune géint d'national Gesetzgebung verstouss hätten. D'Haaptzil ass ganz eendeiteg: D'Öffentlechkeet muss e breeden Zougang zur Justiz kréien.

Et ass op enger vun de Konferenze vun der Aarhus-Konventioun gesot ginn, dës Dispositioun, notamment deen drëtte Pilier, mécht den Accès zur Justiz méi einfach. Et kënnt hei zu enger méi grousser Transparenz an doriwwer eraus dann zu enger Demokratisatioun vun den Décisiounsprozeduren. Dat gëllt besonnesch an deene Länner, déi d'Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen hunn, a wou et mat de Mënscherechter net esou wäit hier ass wéi bei eis am Land.

Dës Konventioun bedeit och, dass d'Décisiounen am Beräich zum Beispill vum Kommodo-Inkommodo an engem neie Liicht musse gesi ginn. D'CSV-Fraktioun gesäit an der méiglecher Ëmsetzung vum drëtte Pilier, dee jo iergendwann da wäert kommen, awer e gewëssene Risiko, well an dësem Beräich d'Gesetz vum 10. August 1992 schonn den Droit d'agir virun der Justiz garantéiert. Hei muss mat der néideger Virsiicht geschafft ginn. Dat sot jo och de Statsrot a sengem Avis.

D'Aarhus-Konventioun kann awer och am Liicht gesi gi vun der Lissabon-Strategie. Do gëtt jo vum Opbau vun enger performanter Wëssensgesellschaft geschwat. A grad d'Wëssen an engem komplexen Thema wéi der Ëmwelt ass vun héijer Bedeitung.

An doriwwer eraus gewënnt d'Konventioun och Bedeitung an der Duerchsetzung vun den allgemenge Mënscherechter. Den honorabele Mill Calmes an ech hunn un der zweeter Aarhus-Konferenz zu Almaty a Kasachstan partizipéiert. Wann een do mat de Leit geschwat huet, dann huet ee festgestallt…

(Interruptions)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Wéi hutt Der da mat deene geschwat? Kasachstanesch, oder wéi?

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Zum Beispill. Mir hunn dat gemaach. Mir hunn dat séier geléiert.

Do hu mer festgestallt, dat ass grad a Länner…

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Oberweis huet ganz eleng hei d'Wuert!

Une voix.- Ouh?

Une autre voix.- Mir kommen e bësse vum Sujet hei ewech.

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Ech wollt just soen, dass mer mat de Leit geschwat hunn, an och an deene Länner, wéi z.B. de GUS-Staten ass d'Thema vun de Mënscherechter am Zesummenhang mat den Ëmweltiwwerleeungen een Haapthema. Mir gesinn also hei, d'Gesondheetsemfannen an d'Wuelbefanne vun de Mënschen ass ee vun deene wichtegen Elementer vun der Aarhus-Konventioun.

An deem Zesummenhang rappeléieren ech och wat de Generalsekretär vun der UNO, de Kofi Annan, gesot huet: „Dat aktiivt Engagement vun de Bierger ass d'Viraussetzung fir e bedeitende Fortschrëtt a Richtung vun der nohalteger Entwécklung."

Une voix.- Da sot, mir hätten dat och gesot.

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- An déi kréie mer awer ereischt dann, wann een dee Volet an d'Schoul bréngt. D'Ausbildung an d'Weiderbildung kënnen hei vill leeschten. Dat ausgemaacht Zil an dëser laangfristeger Strategie läit awer eendeiteg an deem erhéichte Schutz vun eiser Ëmwelt, an do sécherlech och am Schutz vum Mënsch.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge kann ee sech awer froen, firwat da grad d'Ëmwelt als éischt Matière politique an d'partizipativ Demokratie gestallt ginn ass. Do muss ech e bësse méi wäit aushuelen.

Um Enn vun de 60er Joren huet sech an Europa e groussen, komplexen Thema gestallt, nämlech d'Bëschstierwen. A Skandinavien an an de Länner vum fréieren Ostblock hunn d'Bëscher dramatesch gelidden. Dat koum duerch d'Emissioun vum Kuelendioxid a Schwefeldioxid aus eise Géigenden. Fir dëse Problem deemools an de Gréff ze kréien am nach gedeelten Europa, ass dunn iwwert d'UNO versicht ginn, eng Léisung erbäizefëieren.

1979 konnt sech zu Genf op eng éischt Konventioun iwwert d'grenziwwerschreidend atmosphäresch Ëmweltbelaaschtunge gëeenegt ginn. Schonn zéng Joer méi spéit, wéi de Rido an Europa gefall ass, hu mer dann an enger éischter Operatioun, der sou genanntener paneuropäescher Kooperatioun zum Schutz vun der Ëmwelt, weider verhandelt an aus deenen Iwwerleeungen eraus ass d'Konventioun vun Aarhus gebuer ginn. Mir gesinn also, dass e ganze Prozess duerchlaf ginn ass.

Wa mer haut dës Konventioun ratifizéieren, da gëtt et nach just dräi Länner, déi déi Aufgab net an der Europäescher Gemeinschaft gemaach hunn. Leider huet d'Slowakei se net ënnerschriwwen, a vläicht sollte mir d'Regierung opfuerderen oder froen, dass een d'Slowakei kënnt invitéieren, och matzemaachen. Well d'Slowakei genau wéi d'Tschechei si Länner, wou een dee Bëschschued nach gutt gesäit.

D'CSV-Fraktioun steet zu där Konventioun hei, an ech bréngen den Accord zu dësem Gesetzesprojet eran a soen da Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächste Riedner ass den Här Calmes agedroen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, meng zwee Virriedner waren esou komplett, datt dat et mir erlaabt, dach relativ kuerz hei ze sinn. Ech wollt dem Rapporteur awer félicitéiere fir säi gudde schréftlechen an och mëndleche Rapport, grad ewéi mengem Virriedner, deen dat nach komplettéiert huet, wat gefeelt huet.

Ech menge mam Fong vun där Aarhus-Konventioun si mer eis jo alleguer eens heibannen. Datt et ee Schrëtt zu méi Nohaltegkeet ass, ass ganz richteg, an et ass och richteg, datt een nieft dem wirtschaftleche Pilier an dem soziale Pilier och dem Ëmweltpilier am Sënn vun der Nohaltegkeet méi e grousst Gewiicht gëtt.

De Rapporteur huet drop higewisen, datt dat Gesetz hei scho virun der leschter Legislaturperiod déposéiert ginn ass, an datt mer an der leschter Ëmweltkommissioun net virukomm sinn, obschonn ech do Rapporteur war, bedéngt doduerch, datt juristesch Onsécherheete bestan hunn an datt d'Juristen aus dem Ëmweltministère eis da geroden hunn, virsiichteg hei virunzegoen an deem Sënn, datt mer solle versichen, gläichzäiteg eng europäesch an national Législatioun mat hei ëmzesetzen. Et geet ëm de sou genannten Effet direct oder net Effet direct.

Et muss een awer soen, datt mer deemools u sech Zäit hate fir dat ëmzesetzen, well wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, war deemools just ee Land wat déi Konventioun ënnerschriwwen hat vun deene 25 europäesche Länner, et sinn der jo och an Zentral- an Osteuropa e ganze Koup Länner, déi dat hei ënnerschriwwen hunn, mä deemools war Dänemark dat eenzegt Land, wat déi Konventioun hei ënnerschriwwen hat an dofir ware mer net presséiert.

An der Zwëschenzäit ass d'Problematik déiselwecht; d'Fro vum Effet direct ass nach ëmmer gestallt, an d'Äntwerte sinn nach ëmmer ënnerschiddlech. An ech mengen, mir selwer waren eis jo och an der leschter Kommissiounssitzung nach net honnertprozenteg op alle Punkten eens, well soss hätte mer dat Gesetz iwwert den Accès à l'information, wat mer haut hätte solle mat hei stëmmen, jo net zréckgestallt, an net décidéiert am Hierscht drop zréckzekommen.

Méi komplizéiert gëtt et selbstverständlech, wa mer elo op d'Klorecht kommen, dem drëtte Volet vun dëser Konventioun hei. Mäi Virriedner huet jo schonn drop higewisen. Mä och do wäerten eis dann d'Zäit an d'Zukunft d'Äntwerte liweren.

An der Zwëschenzäit - an de Rapporteur huet et gesot - si mir bal dat eenzegt Land, wat déi Konventioun hei nach net ëmgesat huet, an dofir mengen ech, gëtt et awer Zäit dat ze maachen. Dofir wäert dann och eis Fraktioun deem Gesetz hei zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Calmes Merci. Als nächste Riedner ass elo den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, déi Gréng begréissen natierlech och, dass Lëtzebuerg dës Konventioun endlech - dat muss ech och soe wéi mäi Virriedner - an nationaalt Recht wäert ëmsetzen.

Mä eis als Gréng wonnert et awer och net därmoossen, dass mer esou spéit u sinn. Déi eenzel Regierungen zu Lëtzebuerg hu sech nach ëmmer schwéier gedoe bei dësem Thema. Si hu sech schwéier gedoe beim Recht op Informatioun fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Ëmweltorganisatiounen. Si hu sech schwéier gedoen, fir deeneselwechte Leit an Organisatiounen e Matsproochrecht an deem Beräich ze ginn, an ech hunn haut jo confirméiert kritt, dass an deem Haus hei nach ëmmer ganz vill Leit sinn, déi sech och an Zukunft wäerte schwéier doen, fir d'Klorecht fir all dës Leit ze erweideren.

(Interruption)

Glift?

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Hutt Dir elo un e bestëmmten Exminister geduecht?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Jo, ënner anerem. Ech kommen nach op deen ze schwätzen. Hien ass jo ëmmer flott, fir Beispiller ze ginn. Nach jorzéngtelaang wäerte mer un deem kënnen zieren.

Här President, muss ech drun erënneren, dass 20 Joer - Dir hutt richteg héieren! - 20 Joer, nodeem déi éischt Impaktstudiendirektiv vun der EU hätt missen ëmgesat ginn, se zu Lëtzebuerg nach ëmmer net ëmgesat ass fir de Beräich Stroossen?

Ech weess net, ob déi méi jonk Kolleegen a Kolleeginnen, déi hei an deem Haus sëtzen, sech dees iwwerhaapt bewosst sinn, dass mer nach ëmmer net eng Direktiv vun der EU vun 1985 ëmgesat hunn!

Muss ech drun erënneren, dass d'Ëmweltschutzorganisatiounen zwar iwwer eenzel Gesetzer e gewësst Klorecht kritt hunn, fir sech als Partie civile ze constituéieren, mä dass se awer nach ëmmer net géint eenzel Autorisatioune kënne viru Geriicht zéien, mat der cocasser Situatioun, dass zum Beispill e Mouvement écologique konnt a Frankräich géint Cattenom kloen an an der Belsch géint den Ikea, dass dat awer zu Lëtzebuerg de Moment nach ëmmer net méiglech wier, fir dat och u ganz konkrete Beispiller ze illustréieren?

Dofir menge mir, dass dee Vote vun haut zwar schéin a gutt ass, mä dass awer nach ganz villes ze maachen ass. Mir hu laang spekuléiert an der Ëmweltkommissioun, ob dann déi Konventioun hei elo direkt applikabel wier. Vläicht weist deen een oder anere Prozess an Zukunft, wat et dann domat op sech huet. Mä zumindest, wat den drëtte Volet ubelaangt, ware mer eis awer alleguerten eens, mengen ech, dass awer wierklech an deenen eenzelne Gesetzer nach villes misst geschéien.

Fir den éischte Volet ware mer jo bal fäerdeg gi fir de Projet de loi 5217 iwwert den Droit à l'information ëmzesetzen. Ech sinn och do zouversiichtlech, dass eis dat am Hierscht wäert geléngen.

Wat d'Matsproochrecht ubelaangt, wëll ech awer wierklech hei nach eng Kéier insistéieren, dass endlech, endlech, Här President, dës Impaktstudiendirektiv fir de Beräich Stroossen och ëmgesat gëtt.

Fir d'Klorecht huet zumindest mol den Ëmweltminister eng Dier opgemaach a gesot, hie wëllt awer op dee Wee goen. Ech sinn zwar elo schonn e bësse méi skeptesch ginn no den Aussoe vum Här Oberweis hei. Do schéngen sech awer déi zwou Parteien an der Regierung nach net ganz eens ze sinn, wéi wäit dass dann do elo déi Ouverture soll kommen. Ech géing op jiddfer Fall…

Une voix.- Den Här Oberweis ass nach net an der Regierung.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Oh, et ass awer e wichtege Mann an der CSV-Fraktioun, an ech weess jo, wéi d'CSV ganz oft…

(Interruptions)

D'CSV-Fraktioun huet sech schonn des Öfteren esou Leit aus der Fraktioun…

M. le Président.- Den Här Gira huet ganz eleng d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, et wier jo net déi éischte Kéier, dass d'CSV géing ee vun hire Leit aus der Parlamentsfraktioun virschécken, fir dem Land dann awer lues a lues unzekënnegen, wou d'Richtung da géing higoen. Mä kucke mer mol, wou et hei higeet.

Une voix.- Dir schéngt Iech Illusiounen iwwert d'Séparation des pouvoirs ze maachen!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Also, ech mengen net, dass dat nach richteg ass, wat ech an engem gewësse Cours an der Instruction civique am Lycée geléiert hunn. Ech menge besonnesch hei am Land sinn do gréisser Problemer an der Tëschenzäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, déi Politiker an déi wirtschaftlech Kreesser - wéi ee virun allem erëm konnt an den Avisë vun der Chambre de Commerce liesen -, déi Leit also, déi menge méi Recht op Informatioun, méi Matsproochrecht an e bessert Klorecht fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Société civile géing all Projeten

an der Gesellschaft blockéieren a géing wierklech zu enger endloser Hällewull vu Prozesser féieren, déi ieren sech. Genau de Géigendeel ass de Fall.

Et kann ee roueg nokucken, dass an deene Länner, déi eng progressiv Gesetzgebung an deem Beräich hunn, méi Innovatioun entsteet, méi Kreativitéit, an do gi besser Léisunge fonnt. Am Ufank vun dem Décisiounsprozess mag et tatsächlech sinn, dass eppes e bësse méi laang dauert. Mä duerno ass awer dann d'Akzeptanz an der Populatioun vill méi grouss, an déi Léisungen, déi fonnt sinn, gi ganz oft och méi nohalteg wéi dat, wat mer heiansdo bei eis gesinn.

An do kommen ech, Här Mehlen, bei deen Här, deen Dir éinescht schonn, mengen ech, ugeschwat hutt. Mir hu jo hei am Land wierklech zwee absolut ofschreckend Beispiller, wéi een et net soll maachen.

Dat éischt ass d'Saarstrooss. Wann d'Prozedure bei der Saarstrooss agehale gi wiere vun deene responsabele Politiker, da wier déi Situatioun längst gekläert. A wa mer haut e Blocage hunn, dee bedauerlecherweis muss ee soen, och schonn zu Doudegen an Tëschenzäit gefouert huet, dann ass et net, an ech wëll dat nach eng Kéier kloer soen, dann ass et net, well d'Leit hiert Recht gesicht hunn, mä dee Blocage ass nëmmen do, well d'Ministeren sech iwwert d'Recht ewechgesat hunn. Dat ass méi wéi eemol virum Tribunal administratif an der Cour administrative confirméiert ginn, souguer virum Europäesche Geriichtshaff.

An dat zweet…

(Interruptions)

An dat zweet Beispill, wéi kéint et anescht sinn, dat ass d'Nordstrooss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kréie jo muer de Mëtteg hei awer wierklech in extenso d'Rechnung presentéiert fir dem Här Goebbels seng Method mam Kapp duerch d'Wand ze fueren.

Wier deemools eng seriö Impaktstudie gemaach ginn, da wieren eng ganz Rei vun deene Problemer, déi elo op eemol optauchen, deemools schonn erkannt ginn. An et waren och Leit genuch, déi gewarnt haten deen doten Tracé ze huelen, a mat esou engem Tunnel duerch déi do Geologie ze fueren.

Et muss een net Geolog sinn, fir ze wëssen, dass wann een esou e risegen Tunnel duerch de Lëtzebuerger Sandstee buert, dass een da virun allem Waasser begéint. Ech wëll der Diskussioun vu muer net virgräifen, mä ech sinn hei iwerzeegt, dass - an ech maachen eng Wett haut mat Iech - dat muer net déi leschte Rallonge fir d'Nordstrooss wäert sinn. Mä wa mer wierklech emol am Gréngewald oder ënnert dem Gréngewald mat de Baggeren an de Buerer amgaange sinn, da wäerten nach ganz aner Iwwerraschunge komme wéi déi, déi elo scho kommen.

Wier eng seriö Impaktstudie gemaach ginn, ech mengen, da wier schonn am Virfeld offensichtlech ginn, dass et verréckt ass dee Projet do duerchzezéien. A wier och op eng Rei ONGe gelauschtert ginn, da wier op jidder Fall net déi do Variant gebaut ginn. Eng Variant, vun där d'Verwaltung selwer scho seet, dass se verkéierstechnesch näischt bréngt, a bei där haut scho sécher ass, dass de Chaos um Kierchbierg virprogramméiert ass, wann dës Strooss vläicht eng Kéier am nächste Jorzéngt hir definitiv Versioun kritt, an och Autoen a Camionë kënnen driwwer fueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss sinn déi Gréng der Meenung, dass d'Problemer mat deenen eis Gesellschaft haut konfrontéiert ass a grad d'Problemer am Ëmweltberäich vill ze vill komplizéiert sinn, fir hir Léisung just e puer Politiker an Technokraten ze iwwerloossen.

Mir brauchen den Know-how, d'Phantasie an d'Kreativitéit vun de Leit vun der Strooss, vun den Ëmweltschutzorganisatiounen, vun der Société civile en général, fir nohalteg Léisungen zu dëse Problemer ze fannen.

Déi Gréng wënschen sech, dass dës Erkenntnis sech endlech och zu Lëtzebuerg a politesche Kreesser an och a wirtschaftleche Kreesser duerchsetzt, well et gëtt an eisen Aen héich Zäit dofir.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gira. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Merci, Här President. Dee Projet de loi, mat deem mer haut befaasst sinn, huet selbstverständlech e groussen ëmweltpoliteschen Impakt. Mä wann ee sech e bëssen an d'Matière eraknéit, da gesäit een, datt e virun allem e juristeschen an e prozedurale Volet huet, wou et ganz schwéier ass derduerch ze kommen.

Ech si mat all deenen, déi viru mir geschwat hunn, d'accord, datt et wichteg ass an eiser heiteger Welt, wou esou vill haaptsächlech industriell Aktivitéiten, awer och aner Aktivitéite sinn, datt d'Leit fir d'alleréischt Accès un d'Informatiounen ëmweltpolitescher Natur hunn, fir kënnen ze jugéieren, wat passéiert oder wat geplangt ass, a fir dann och d'Méiglechkeeten ze hunn, fir do kënnen aktiv ze ginn.

Dat ass jo den Inhalt vun dëser Konventioun, déi mer haut solle stëmmen. An et muss een drop hiweisen, datt dat jo wäit iwwert déi national Grenzen erausgeet, normalerweis, an datt et duerfir och gutt ass, datt esou vill Länner gläichzäiteg där Konventioun hei bäigetratt sinn. Och wann ee ka bedaueren, datt mir dann elo eent vun deene leschte Länner sinn.

Et ass scho gesot ginn, datt et am Fong geholl dräi gréisser Piliere sinn. Deen een ass dee vum Accès un d'Informatioun, deen zweeten ass dee vun der Participation directe vum Public un den Décisiounen, un deene Projeten, déi e groussen Impakt op d'Ëmwelt hunn, an deen drëtten, den Accès à la justice, huet virun allem den Aspekt, datt deen Accès à la justice soll esou wäit wéi méiglech gratis sinn, fir datt net d'Leit opgrond vun hirer vläicht prekärer finanzieller Situatioun dovun ofgehale si fir kënnen en justice virzegoen, wa se mengen, dat wier noutwendeg.

Mir als ADR-Fraktioun si grondsätzlech mat där Ausriichtung d'accord.

Et ass eng Konventioun, dat heescht mir mussen se huelen oder mir mussen se stoe loossen. Mir kënnen um Inhalt vun där Konventioun näischt änneren. Mir hu keen Afloss op déi eenzel Dispositiounen, an trotzdeem sief et vläicht erlaabt e puer Remarquen iwwert de Contenu ze maachen.

Mir gesinn zum Beispill, datt d'Chambre de Commerce Suergen ausdréckt, datt beim Accès à l'information kéinten Informatiounen divulguéiert ginn, déi een ënnert de Secret commercial et industriell kéint klasséieren, an datt doduerch Entreprisë kéint e Schued entstoen. Ee vu menge Virriedner huet drop higewisen, datt selbstverständlech d'Administratioun, wann esou e Fall do wier, d'Recht huet dat ze refuséieren an datt een dann natierlech och erëm d'Recht op e Recours huet. Sou datt dat awer normalerweis an der Praxis lo keng direkt Bedrohung fir d'Entreprisë géing duerstellen.

Dat Zweet ass, an dat ass eng Suerg, déi een natierlech deele kann. Wann ee gesäit wéi schwéierfälleg datt mir hei zu Lëtzebuerg gi sinn, wann et ëm Autorisatioune geet an et stellt ee sech dann d'Fro, ganz besonnesch an engem Ëmfeld vu Rechtsonsécherheet, an ech kommen nach dorop ze schwätzen, datt eventuell d'Prozeduren nach vill méi laang gi fir eng Autorisatioun duerchzekréien, dann ass dat eppes mat deem mer eis mussen intensiv ausernee setze bei der praktescher Ëmsetzung.

De Conseil d'État weist och - warnend, géing ech soen - dorop hin, well e feststellt, datt déi Konventioun wäit iwwer eis bishereg Législatioun an där Matière erausgeet. An e seet och, datt eng Partie Gesetzer an der Folleg missten iwwerschafft ginn, virun allem d'Gesetzer: vum 21. Mee '90 iwwert den Aménagement du territoire, dat vum 19. Januar '04 iwwert den Naturschutz, an och Ofännerunge vun anere Gesetzer, dat vum 10. August '93 iwwert d'Naturparken an dat vum 10. Juni '99 iwwert de sou genannte Kommodo-Inkommodo.

Trotzdeem setze mer dës Konventioun ëm, an et ergëtt sech effektiv, wann een d'Konventioun an hiren Texter kuckt, de Risiko vu Rechtsonsécherheet. Dat war och en Thema an der Kommissioun, an d'Fro ass natierlech gestallt: Wat priméiert dann elo am Zweifelsfall, déi national Législatioun oder d'Konventioun?

Do ass den ieweschte Prinzip, datt d'international Konventioun priméiert.

D'Fro vum Effet direct vun där Konventioun ass gestallt ginn. Do hu mer eng - a mengen Aen, ech si kee Jurist - excellent Note vum Ministère geliwwert kritt, déi eis awer och nach deelweis an Onkloerheet léisst. Well wann een d'Konklusioun, an ech erlabe mer se kuerz virzeliesen: «Au regard de ce qui précède, il est permis d'affirmer que la question de l'effet direct de la convention d'Aarhus est réelle et non pas purement théorique. Il est permis de dire qu'en France on se prononce plutôt pour l'effet direct de certaines dispositions de la convention d'Aarhus. Il se peut que les tribunaux luxembourgeois aient une vue similaire.» Dat ass awer net sécher. «Cependant des incertitudes subsistent.» An dat ass eigentlech e bëssen de Schwaachpunkt vun der aktueller Situatioun.

Et ass noutwendeg, a mir sinn och domat d'accord, datt mer endlech dee Schratt maachen, datt mer d'Konventioun ëmsetzen. Mä mir mussen awer och wëssen, datt et an der Folleg dovun dach awer zu Schwieregkeete kënnt.

Mer wäerte souwisou jo nach länger Zäit un deene verschiddene Voletë vun dëser Konventioun musse schaffen an, Här Minister, ech drécken hei eng Suerg aus, ech mengen et ass d'Suerg vu ville Leit dobaussen: Mir hei als héicht Haus, mir kréien heiansdo gesot mir wieren net extra fläisseg, an dat vu Leit, déi eis mat engem Oeil malveillant kucken. Anerer soen, mir wieren ze vill fläisseg, mir géingen ze vill Texter produzéieren.

Ech neigen éier derzou fir ze soen, mir géingen ze vill Texter, déi heiansdo och net allze vill gutt openee koordinéiert sinn, produzéieren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et wier gutt, wa mer dee ganze Prozess hei ofgeschloss hunn, wa mer dann eng uerdentlech koordinéiert an iwwersiichtlech Gesetzgebung an där ganzer Matière hätten. Ech weess net wéi mer et technesch ëmgesat kréien, mä et ass awer eng vun de grousse Suergen, déi ech hei wëll ausdrécken.

Ech bréngen, wéi ech et schonn ugekënnegt hunn, domat den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux. Här Minister!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt mol meng Freed ausdrécken, dass souwuel all Fraktiounen hei an der Chamber haut hire Wëlle bekunt hu fir déi Konventioun hei wa méiglech unanime ze ratifizéieren, gradewéi iwwregens och de Statsrot dat virdru gemaach huet.

Dat war méiglech, well de Regierungsprogramm vun der CSV-LSAP-Regierung sech kloer dofir ausgeschwat huet, déi Ratifizéierung esou schnell wéi méiglech virzehuelen; zesummen iwwregens mat deem Projet de loi, dee jo vun der viregter Regierung do louch, wat den éischte Volet vum Accès à l'information betrëfft; wat mer och, mengen ech, am Hierscht direkt kënne maachen, wa mer dee klenge Problem do nach geléist hunn.

Ech mengen dat weist iwwregens och, dräi Deeg nom Traitésreferendum kann een dat jo vläicht nach soen, dass munches am Ëmweltberäich op Drock vun den europäeschen Initiativen an Direktive kënnt. Ech mengen, dass mer feststellen a ville Beräicher, zumools wat d'Wäerter, d'Seuilen, déi mir bei der Loft, dem Waasser an anere Qualitéite geliwwert kréien, just vun europäeschen Direktiven a Reglementer aus kommen. An ech mengen an där heiter Fro gëllt, wéi a villen aneren, dass mer engersäits mussen dofir suergen, an ech mengen déi Suerg ass vun e puer Riedner ausgedréckt ginn, dass mer näischt maachen, wat onnëtz Zäitverloschter an der Ëmsetzung vun néidege Projete mat sech bréngt, mä dass mer dat awer déifgrënneg an eeschthaft mat eise Bierger kënne maachen an dass mer d'Effeten, déi eenzel Projeten op d'Ëmwelt hunn, seriö kucken.

Deen Equiliber do, ech mengen dee musse mer fäerdeg bréngen. A wann hei vun eenzelne Riedner, och vum Här Gira, gesot ginn ass, Rechtsonsécherheet, da muss ech soen, ech selwer sinn der Meenung, dass déi Konventioun, mat all sengen dräi Voleten, déi mer hei ofstëmmen, dass mer domadder soen, dass mer déi dräi Voleten och wierklech wëllen an dass mer fir d'Klorecht vun den individuelle Persoune wéi och vun den Associatioune sinn. An de Problem ass net onbedéngt d'Rechtsonsécherheet.

De Problem, dat sinn d'Lenteurs judiciaires, déi mer hunn. Mir hunn heiansdo Angscht op dee Wee ze goen, well mer fäerten, dass doduerjer Jore verluer ginn, well Saachen op Geriichter hänke bleiwen an domat net viruginn.

Dat ass also de Problem. Esou hunn ech et jiddefalls verstanen an den Aussoen, och an de Programmer vun deenen eenzelne Parteien, an eisen Aarbechten an der Kommissioun, dass mer fir de Prinzip d'accord sinn, mä dass mer net wëllen hunn, dass doduerjer Lenteuren entstinn, déi, egal bei wat fir enge Projeten och ëmmer, ob et am Stroossebau wier oder an aneren, mengen ech, dach awer net gutt wieren. Dofir ass deen Equiliber tëschent Effikassitéit an eeschthafter, demokratescher, seriöer Diskussioun a Beaarbechtung vu Projeten dat, wat mer mussen erreechen.

Ech mengen, dass de Kolleeg Oberweis hei eis gesot huet, wat de Stand vun der Ratifizéierung ass, an dat ass jo net onbedéngt en Uerden, dee mer do verdéngt hunn, wa mer feststellen, dass mer haut elo dat drëttlescht Land vu 24 sinn, wat zur Ratifizéierung kënnt, nodeem mer dat 1998 gestëmmt hunn an 1999 hei deponéiert hunn. Ech mengen, dass dat no baussen d'Ouverture zu enger demokratescher, oppener Gesellschaft ass an och der Exekutiv, der Regierung, an allen anere seet, dass, wa se Projete maachen, se dat mat verstännegen, responsabele Bierger solle maachen, a wéi gesot da schnell zu Décisioune solle kommen.

Ech géif och mengen, Här Gira, dass mer an der Ëmsetzung vun deenen eenzelne Punkten net esou schlecht dostinn, wéi et heiansdo gemaach gëtt. Éischtens si mer am éischte Volet vum Accès à l'information an der Kommissioun esou gutt wéi prett. Ech hoffen, dass mer et fäerdeg bréngen, nach bis zum Enn vun dësem Joer dat Gesetz kënnen ze stëmmen.

Zweetens, wat d'Ëmsetzung ubelaangt vun deem zweete Volet, deen also d'Participatioun vun de Bierger un de Pläng an de Programmer ubelaangt, dat betrëfft jo dann eng Rei vun Domäner. Wat d'Loft ubelaangt läit de Règlement grand-ducal, dee geännert ginn ass, dee vum 17. Mäerz 1998, bei eisem Statschef, dem Grand-Duc, zur Ënnerschrëft. Dann ass dee Beräich ëmgesat, alles wat d'Loft ubelaangt.

Fir dat wat d'Décheten ubelaangt ass d'Gesetz am Prinzip fäerdeg fir an eis Kommissioun, nodeem de Conseil d'État jo, mengen ech, d'lescht Woch säin Avis ofginn huet. Iwwert d'Amendementer kënne mer dat, wann de President et op d'Dagesuerdnung setzt - an ech mengen et ass scho geschitt fir de 27. September -, do kucken. Dem Conseil d'État säin Avis ass éischter redaktioneller Natur, esou dass ech mengen, dass mer politesch keng Problemer däerften hunn. Dann ass och dee Beräich vun den Décheten ofgedeckt.

Wat den Accès à la justice an deem Volet zwee, wou jo Elementer si fir d'IPPC…

(Interruption)

Jo, ech schwätzen elo emol fir dat, wou ech zoustänneg sinn, an dat betrëfft also emol dat doten. Dir wësst, dass dat e Projet ass, dee beim Bauteministère läit, an et muss een also mam Bauteminister schwätzen, wou seng Aarbechten dru sinn. Ech zweifelen awer net drun, dass deen och bereet ass fir déi Aarbechte weiderzedreiwen.

Ech wëll awer soen, wat den Accès à la justice ubelaangt, e Volet also wou mer vu Rechtsonsécherheet schwätzen, dass d'Regierung e Projet ugeholl huet, wou all déi Betriber, IPPC-Betriber, wou d'Klorecht, den Accès à la justice dra virgesinn ass. Dee Projet ass un de Conseil d'État virun zwee Méint gaangen, esou dass mer also och do als Regierung weisen, dass mer deen drëtte Volet Accès à la justice eescht huelen an net nëmmen hei Rieden hale kommen, well fir déi Betriber - an dat ass jo schonn e gudden Deel, wéinstens all déi grouss Betriber, déi an den IPPC-Betriber leien, - läit de Projet beim Conseil d'État, esou dass also mat deem Projet schonn en Deel vun deem drëtte Volet, wat den Accès zur Justiz ubelaangt, och kann ëmgesat ginn.

Da schlussendlech wat deen drëtte Volet ubelaangt hat ech d'Geleeënheet hei bei enger anerer Diskussioun ze soen, dass dat, wat mer während eiser Présidence erlieft hunn innerhalb vum Conseil, eis gewisen huet, dass just zwee Länner, dat waren, wann ech et gutt am Kapp hunn, Griichenland an d'Belsch, déi eenzeg waren, déi sech ausgeschwat hu fir eng europäesch Direktiv an der Ëmsetzung vun dem Volet dräi.

Lëtzebuerg huet sech do als Présidence neutral verhalen, mä wéi gesot all déi aner Länner, dat waren also der 22 un der Zuel, hu sech dergéint ausgeschwat, esou dass et net unzehuelen ass - an ech hu mer de Programm ugekuckt vun der britischer Présidence, do steet et emol guer net méi op hirem Programm -, dass déi en Excès de zèle wäerte maachen, fir déi Problematik weiderzedreiwen. Et

wäert also ofzewaarde si bis zu den Éisträicher an och vläicht de Finnen duerno fir ze kucken, dass mer op deem Gebitt weiderkommen.

Mä dat soll eis - an do sinn ech mam Rapporteur d'accord - net drun hënneren, fir no deem Beschloss, dee mer haut gemaach hunn, esou wéi elo scho fir d'IPPC-Betriber, och weider an eiser Gesetzgebung ze kucken, wat fir eng Punkten dass mer do mussen upaken an déi Aarbechten do weiderzedreiwen, fir deem Beschluss vun haut net nëmmen e symbolesche Charakter ze ginn, dee mer net wëllen, mä och mat deem Vote vun haut der Regierung den Optrag ze ginn, fir iwwerall do, wou nach Grozone sinn oder wou nach guer keng Ëmsetzung ass a Gesetzgebungen, dat vun haut un ëmzesetzen.

Ech mengen, dass dat fir all d'Ministeren a fir all d'Ressortë gëllt, an deementspriechend sinn ech u sech optimistesch, dass mer et wäerte fäerdeg bréngen, fir souwuel de Volet eent Informatioun wéi d'Bedeelegung vun de Bierger wéi den Accès à la justice esou schnell wéi méiglech weiderzedreiwen, well ech mengen et gehéiert no deenen Debatte vun deene leschte Wochen, déi mer hei am Land och haten, zu enger Gesellschaft, déi sech vis-à-vis vun hire Bierger responsabel an offe verhält, an dat virun allem hei am Beräich vun der Ëmwelt, dass een - an do sinn ech mam Här Mehlen d'accord - um Schluss vun där Diskussioun fir jiddfereen, souguer heiansdo fir d'Fonctionnairen an de Ministèren, déi all Dag domadder schaffen, um Schluss vun där Prozedur eng Kéier muss zu enger koordinéierter Gesetzgebung kommen, fir dass jiddferee sech doranner erëmfënnt, virun allem och d'Entreprisen an d'Agenten, déi domadder ze schaffen hunn. Dat schéngt mer op der Hand ze leien.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4513 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Patrick Santer), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel) et Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach zwee Projeten um Ordre du jour fir haut de Mëtteg. Nach dräi Projeten.

Une voix.- Zwee!

M. le Président.- Zwee Projeten, pardon. Mir wäerte bis ongeféier hallwer aacht brauchen, fir déi Projeten evakuéiert ze kréien. Mir sinn eens gi fir d'Sitzung esou laang ze halen. Mir stëmmen allerdéngs muer de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung of iwwert déi zwee Projets de loi, déi mer elo diskutéieren. Et sinn eng ganz Rei vu Kolleegen, déi Obligatiounen hunn, an dofir maache mer dat esou.

Mir diskutéieren elo de Projet iwwert d'Schafung vun engem Lycée technique fir erzéieresch a sozial Beruffer. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. Aus organisatoresche Grënn schwätzt d'Madame Brasseur virun der Madame Gantenbein, wann Der domat d'accord sidd. Elo huet d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, Här Minister, an dësen Deeg a Wochen ass op dëser Plaz hei, och anerwäerts, a mat Recht mengen ech, oft iwwer historesch Momenter vun der Welt, Europa an an der nationaler Geschicht geschwat ginn. Wa mer haut de Projet de loi 5338 verabschiden, wat jo dann no den Aussoe vum President muer definitiv soll geschéien, da geet et jo drëm fir aus dem IEES, dem Institut d'Études Éducatives et Sociales, e Lycée technique pour professions éducatives et sociales ze maachen.

An da bezitt sech déi historesch Bedeitung eigentlech dorop, dass an eisem Schoulsystem d'Ëmwandlung vun dësem Institut an e Lycée technique e Prozess ofschléisst, deen dann dozou féiert, dass mer an eisem Enseignement postprimaire nach just Lycéeën hunn.

Ofgesi vun der Noutwendegkeet, endlech kloer Verhältnisser a Gläichrangegkeet am bestehende Schoulsystem ze schafen, bedeit dëse Schrëtt och eng Unerkennung fir d'Leeschtung a fir d'Pionéieraarbecht, déi den IEES gemaach huet, a gläichzäiteg och eng Opwäertung fir dës Schoul, souwuel fir d'Léierpersonal vun där Schoul wéi fir d'Schüler.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den IEES respektiv muer de Lycée technique vu Fenteng, oder méi richteg vu Léiweng, huet eng Geschicht, déi op 1973 zréckgeet, wou en am Kader vum Gesetz iwwert den differenzéierten Unterrecht an do mat Recht op déi beschtméiglechst Schoulausbildung fir behënnert oder schwaach Kanner an enger éischter Etapp den IFEM, den Institut de Formation pour Éducateurs et Moniteurs d'éducation différenciée, geschafe ginn ass, an da mam Gesetz vum 6. August 1990 den IEES, duerch dee bis haut - et ass ëmmerhin interessant ze wëssen - ronn 2.000 Schüler gaange sinn, also ausgebilt si ginn, wouvu ronn 1.600 en Diplom de fin d'études secondaires techniques kritt hunn.

Eng aner bedeitend a wichteg Etapp an deem Kontext ass d'Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2003 an d'Décisioun vum Transfert vun der Ausbildung vun den Éducateurs gradués de niveau supérieur an déi Uni.

De Rapport vun der zoustänneger Parlamentskommissioun - ech soen direkt hei alle Matglidder vun där Kommissioun an dem Sekretariat en décke Merci - ass de 6. Juli eestëmmeg verabschiet ginn. Et kann een an deem Rapport ganz vill Eenzelheeten am Zesummenhank mat deem Projet de loi noliesen.

Dir wësst, dass dee Projet de loi de 4. Mee 2004, esou laang ass dat also och net hier, deponéiert ginn ass, dass mer vun der Privatbeamte-Chamber den 9. Juli 2004 en Avis kritt hunn, deen zwar grondsätzlech d'Schafe vum Lycée begréisst huet, mä kritiséiert huet, dass dat eng monopolistesch Décisioun wier, dass si léiwer gehat hätten, dass déi Formatioun op all Lycéeë verdeelt gi wier, mä grondsätzlech war se d'accord.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 19. November 2004 hiren Accord ginn. De Conseil d'État huet en éischten Avis, den eigentlechen Avis den 22. Mäerz 2005 an en Avis complémentaire de 5. Juli 2005 ginn.

Eis Kommissioun huet ugefaange mat schaffen den 10. Mee 2005. Ech soen dat, fir dass ee weess, wéi d'Ofleef waren, fir awer och drop hinzeweisen, dass de Statsrot eng Opposition formelle ausgedréckt hat an och gefrot hat, dass eng Rei vun Texter géinge verännert ginn. Mir hunn deem Rechnung gedroen, ouni awer grondsätzlech um eegentlechen Text eppes ze veränneren.

Mir waren eis bewosst, dat muss een ënnersträichen, dass mer eng Prioritéit hei gesinn hunn, fir dass ab dem Schouljoer 2005/2006 dës Ëmwandlung geregelt ass, an dass mat deem Ëmwandelen d'Regele vum Fonctionnement an de generelle Kader vum postprimairen Unterrecht am Allgemengen a vum techneschen Unterrecht am Spezifeschen erapasse sollen.

Vu Bedeitung ass och an deem Zesummenhank, datt dat vun dësem héijen Haus hei den 1. Juni verabschiet Kadergesetz fir d'Personal vum Enseignement secondaire a vum Enseignement secondaire technique seng Uwendung fënnt.

En neie Lycée technique op der Basis ze schafe vu méi wéi 30 Joer Erfahrung an Erfolleg, bedeit och eng Chance fir dat, wat gutt war, nach besser ze maachen, dat heescht d'Optimiséiere vun den aktuelle Studien.

Mä et gëtt och hei, Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, e puer Schéinheetsfeeler, déi een offen uschwätze soll. Et sinn déi eigentlech klassesch Problemer, déi mer, wa mer iwwer eise Schoulsystem schwätzen, ëmmer erëm fannen an ëmmer erëm nennen. Ech nennen do virun allem de Problem vun de Chargés de cours an de Problem vun de Gebailechkeeten, also vun den Infrastrukturen. Vläicht erliewe mer eng Kéier an der Zukunft, dass mer en neie Lycée grënden an en neit Schoulgebai scho fäerdeg do stoen hunn, fir dass dat eigentlech an der Logik dee richtegen Oflaf hätt.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, däerf ech d'Wuert kréien, wann ech glift?

M. le Président.- Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Wann den Här Castegnaro d'accord wier, wëllt ech him just soen, dass mer an där Situatioun waren an déi awer net gutt war. Et war e Schoulgebai fäerdeg um Geesseknäppchen, mä et gouf nach kee Gesetz fir et fonctionnéieren ze dinn. Dat war de Lycée Aline Mayrisch. Dat war eng Situatioun, an déi mer awer och net méi däerfe kommen. Do war iergendwéi en Décalage entstanen, dee wierklech net ze begréisse war, esou dass mer e Schoulgebai haten, an de Lycée konnt net fonctionnéieren.

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Madame Brasseur, mir hunn elo eng nei Regierung, en neie Minister, an et kann een et nach just besser maachen.

(Interruptions)

Ech géing et méi logesch fannen, wa mer Schoulgebaier an Infrastrukturen hätten, fir all eis Schoulprobleme geléist ze kréien. Ech bleiwen där Meenung, dass dat méi logesch wier wéi de Contraire.

Den IEES vun haut, dat si 95 Beschäftegt, dovun 80 Enseignanten. Dat sinn de Moment 665 Schüler am Beräich Educateur - eng Zuel, déi mam Schouljoer 2005/2006 op 715 an d'Luucht klëmmt. Da wëll ech trotz allem nach eng Kéier d'Précaritéit vun de bestehende Schoulinfrastrukturen op zwee Siten - Léiweng a Fenteng - ervirsträichen, woubäi Fenteng fir de 15. November vun dësem Joer verlooss muss ginn an dann zu Léiweng e grousse Raum opgedeelt gëtt, fir zousätzlech Schoulsäll ze maachen, ouni dass awer genügend Capacitéit entsteet.

A wann ee weess, dass déi dräi Joergäng, déi do geléiert ginn, oft mateneen do sinn, dann ass dat Gebai, wou dat elo alles ofleeft, einfach ze enk. An eng provisoresch Containerléisung, déi gesicht ginn ass, war bis elo och net méiglech. Dat, wat elo noutwendeg ass a prioritär ass, ass eng Grondsazentscheedung fir e staatlecht Gebai ze bauen, fir dat an de Plan directeur betreffend dem Bau vu Schoulen opzehuelen. Ëmsou méi, dass mer wëssen, dass mer awer bal aacht Joer brauchen, fir en neit Gebai ze realiséieren.

Da wëll ech dobäifügen, dass nieft dem Prinzip selwer och d'Standuertfro eng Bedeitung huet. Ech sinn der Meenung, dass vu dass d'Mass vun de Schüler aus dem Zentrum an aus dem Süde kommen, de Standuert sech och do sollt erëmfannen.

Mir sinn also gefuerdert, well déi bescht Schoul ass déi, wou all d'Viraussetzunge fir en optimaalt Zesummeliewen an Zesummeléiere gi sinn.

En aneren typesch Lëtzebuerger Problem, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat vun de Chargés de cours. Och wann et am IEES e bëssen aneschters ass, dann dofir well déi Betraffen - et sinn der ronn 30 un der Zuel - ab dem Joer 2000 an deem Sënn regulariséiert gi sinn, dass hiren Aarbechtsvertrag an en dauerhafte Vertrag, also e Contrat à durée indéterminée ëmgewandelt ginn ass. E Fortschrëtt, mä keng Léisung, wéi se zum Beispill fonnt gi war bei der Verstaatlechung vun der Infirmiersschoul, wou et eng total Regulariséierung ginn ass.

Hei ass eng Chance verpasst ginn am Interesse vun deene Betraffenen, an dat wëll ech ënnersträichen, déi zu de Pionéier vun der Schoul gehéieren an déi et menger bescheidener Meenung no verdéngt hätten, eng definitiv Regulariséierung ze kréien. Mä et ass dru gescheitert, well mer iwwert d'Haltung vum Ministère de la Fonction publique déi Léisung net fonnt hunn, an et ass erëm eng Kéier drop higewise ginn - mir hunn dat déi lescht Wochen hei e puermol am Zesummenhank mat Schoulprojete gesot -, dass eng global Léisung fir déi ronn 500 Chargés de cours soll ugestrieft ginn, déi et nach am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique gëtt.

D'Argumenter sinn ëmmer déiselwecht. Et soll kee Prezedenzfall geschafe ginn, an et misst een där komplexer Personalkaderstruktur beim Stat Rechnung droen.

Da soen ech mat vill Vehemenz, dass ech hoffen, an ech gleewe jiddfereen heibannen, dass mer déi Regulariséierung, déi global, dann endlech kréien, och am Interesse vum Schoulfridden, well och do vill Energie an Zäit fir näischt verluer geet.

Ech wëllt awer och op eng aner Veränneru an deem neie Gesetz hiweisen, eng Veränneru par rapport zum IEES, nämlech déi, dass déi bis elo festgeschriwwe Formation continue am Lycée nach just op Beschloss vum Minister ka méiglech sinn. Och do gëtt erëm eng Kéier drop higewisen - wéi dat elo méi oft de Fall war -, dass do an engem spezifesche Gesetz misst légiferéiert ginn.

An do soen ech, och dat presséiert, well mer jo net nëmmen a Sonndesrieden, mä och haut a bei villen anere Sitzungen ëmmer am Kontext vum „lifelong learning" vun der Lissabon-Strategie vu Kompetitivitéit a schlussendlech vu Vollbeschäftegung iwwert déi Saache schwätzen, a se dann och mussen ëmsetzen an all Viraussetzunge schafen, datt dat kann an alle Situatioune stattfannen.

An nach eng lescht Iwwerleeung. Eigentlech brauch ech net méi op alles aus dem Rapport anzegoen, mä wou ech wëll drop hiweisen, well et mer um Häerz läit, dat ass nämlech dat, dass d'Sozialberuffer bei eis zu Lëtzebuerg zënter de 70er Joren un Attraktivitéit gewonnen hunn. Wann et fréier Rekrutéierungsproblemer an dësem Land gouf, well mer net genuch Leit haten, déi déi Formatiounen haten, sou ass dat haut net méi de Fall.

Ech hu gesot 715 Meedercher a Jongen, haaptsächlech Meedercher, sinn ab 2005/2006 an der Schoul. A wann ech drop hiweisen, dass iwwer 80% weiblech Schüler sinn, da fir och op deen Aspekt hinzeweisen, deen dat herno um Aarbechtsmaart fënnt, nämlech dass een e relativ héijen „turnover" huet, dass also besaten Aarbechtsplazen och mat Momenter fräi gesat ginn an erëm kënnen nei besat ginn.

Mä wichteg ass et, an dofir soen ech et, dass ee muss Suerg droen, dass mer déi beschtméiglechst Beruffsorientéierung hunn an dass mer och Transparenz um Aarbechtsplazbedarf hunn, fir dass mer net an eng Situatioun géingen eragerode vun Iwwercapacitéiten, an dass mer och net an eng Situatioun era géinge geroden, elo duerch d'Trennung vun der Formatioun vun de Graduéë par rapport zu den Educateuren, dass do eng Kéier e falschen an onnéidege Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart géing entstoen.

Ech wollt awer och, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, drop hiweisen, dass ee just elo muss oppassen net duerch falsch politesch Signaler d'Interesse vun eiser Jugend un dëser Ausbildung verluer goen ze loossen an et esou ze maachen, dass jonk Leit keng Zukunftsperpektive méi gesinn. Ech denken un déi politesch Signaler vun Ëmännerungen an der Finanzéierung a gewëssene Beräicher. Mir wëssen, dass mer laang gebraucht hunn - ech hunn dat scho gesot - fir déi Villfalt u Sozialberuffer hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen. An dozou huet och gehéiert, dass mer et fäerdeg bruecht hu

gutt Loun- an Aarbechtsbedingunge fir e schwéieren, mä en noutwendege Beruff ze schafen, an domat an allen Hisiichten attraktiv ze maachen.

Dofir soen ech, d'Diskussiounen iwwer eventuell Veränneruge vum Finanzéierungsmodus bei der Behënnerten-, bei der Jugend- a Kannerbetreiung, riskéieren net nëmmen e Qualitéitsabroch, mä en Attraktivitéitsverloscht an domat vläicht dann awer an Zukunft erëm en neie Mangel un héich qualifizéiertem a motivéiertem Fachpersonal ze schafen, an domat erëm e verstäerktene Réckgréff op Grenzgänger auszeléisen, an domat à la rigueur dann och erëm eng Kéier de Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart zwëschent Résidanten a Grenzgänger ze relancéieren.

Mir sollten also déi Attraktivitéit kengem Risiko aussetzen. A mir sollten déi Qualitéit vun där Schoul benotzen, fir méiglechst vill jonk Mënsche gutt auszebilden, hinnen awer a kengem Moment och nach nëmmen d'Undeitung vun enger Iwwercapacitéit zoukommen ze loossen. Dat wier net de richtege Wee.

Mä dozou gehéiert et, dass een niewent dem Schafe vun engem neie Lycée och dofir suergt, dass d'Ëmfeld stëmmt. An dozou gehéiert dann eben dee politesche Wëllen, fir en optimaalt Ugebuet am Sozialberäich, mä och an allen anere Beräicher, wou haut Educateuren an Éducateurs gradués schonn agesat ginn, an nach kéinten a missten agesat ginn, fäerdeg ze bréngen. Dat géing dozou bäidroen, dass mer besser, méi sozial a méi gerecht Ofleef am Interesse vun allen, déi an eis Schoule ginn, déi Problemer hunn, déi de Stat brauche fir eng Iwwerliewenschance an eng Zukunftsperspektiv ze hunn, kéinte garantéieren.

Ech soen nach eng Kéier menge Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun Merci, dem Sekretariat Merci. Ech bieden dat héicht Haus dëse Projet de loi ze akzeptéieren an ech wëll och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun hei matdeelen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Dann huet d'Wuert d'Madame Gantenbein. Well mer ëmdisponéieren, wann d'Madame Brasseur d'accord ass. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Hären, als Biergerin vun der Gemeng Hesper am Allgemengen a vu Fenteng am besonneschen kennen ech d'Geschicht vum IEES vu Fenteng wéi meng Jackettentäsch. Et ass eng „success story", sou hu mer se erlieft, an et gouf och zur Zäit, wéi nach déi zwou Formatiounen do waren, alt emol gelächelt an et gouf gesot „d'Fentenger Universitéit". Mä mir waren houfrech drop. Den IEES huet eiser Gemeng ee gewëssene Cachet ginn an en huet der Sektioun Fenteng zu enger Visibilitéit an zu enger Plaz op der Lëtzebuerger Landkaart verhollef, déi se virdrun net hat.

Dir Dammen an Dir Hären, de wierklech excellenten an déifgrënnege Rapport vum Här Castegnaro huet d'Problematik an och d'Weite vun deem Projet de loi, ech géif och soen d'Déift vun deem Projet de loi dokumentéiert. Meng Interventioun haut de Mëtten, dat ass eng kleng aner.

Et ass gewosst, datt mam Universitéitsgesetz vum 12. August 2003 et zu gréisseren Ëmwälzungen am Lëtzebuerger Héichschoulwiese komm ass, déi och virum IEES net Halt maachen an op déi et gëllt Äntwerten ze fannen, fir och nach weiderhin eng gutt Formatioun am socio-éducativë Beräich kënnen ze garantéieren.

Et muss een dës Formatioun vum Educateur a vum Éducateur gradué, oder besser d'Entwécklung vun dëser Formatioun, virum Hannergrond vun der gesellschaftlecher Evolutioun an de leschte véier Jorzéngte gesi fir ze verstoen, wéi wichteg dës Formatioun haut am Joer 2005 ass.

Wann ee sech fir de Beruff vum Educateur entscheet, dann ass dat kee Choix wéi een aneren. Et ass e bewosst Engagement, fir sech haaptberufflech an den Déngscht vu Kanner, Jugendlechen, Handicapéierten, eeleren an demente Leit ze stellen, also an den Déngscht vun deene vermeindlech Schwaachen an eiser Gesellschaft. Si huelen eng grouss Responsabilitéit op sech fir déi Leit, déi se betreien, an och fir sech selwer, well se dagdeeglech mat Situatioune konfrontéiert sinn, déi fir den Normalbierger an enger schnellliweger Gesellschaft oftmools aus dem Bléckfeld geroden.

Dofir ass d'Formatioun an deem Beräich déi wichtegst Komponent, fir de beschtméiglechen Encadrement ze offréieren.

De Rapporteur vum Gesetzesprojet 3144 iwwert d'Organisatioun vun de socio-éducativë Studien, wat herno d'Gesetz vum 6. August 1999 ginn ass, aus dem och den IEES ervirgaangen ass, war deemools de fréieren a leider vill ze fréi verstuerwenen CSV-Deputéierten a Vize-President vun der Chamber Willy Bourg, deen an der Chamberdebatt vum 12. Juli 1990 gesot huet, ech zitéieren en net, ech weise just drop hin, dass a senger Ausso deemools d'Besoinë vun enger Gesellschaft duergeluecht gi sinn, déi vläicht haut en anere Cachet hunn.

Deemools ass vill a praktesch nëmme vun Defiziter geschwat ginn, déi an der Gesellschaft optrieden an op déi d'Politik sollt Äntwerte fannen. Haut, géif ech soen, huet d'Betätegungsfeld vum socio-éducativë Personal sech geännert an ech géif och soen, dass d'Problematiken, wa se och deelweis déiselwecht si wéi deemools, haut trotzdeem e wéineg anescht sinn.

Et war an et ass haut e Secteur, dee vill Aarbechtsplaze geschaf huet an och nach ëmmer schaaft, well d'Besoinen ëmmer méi grouss ginn a well déi Besoinen haut och nach zousätzlech anerer Natur sinn. Ech denken do un d'Presenz vun den Educateuren an der Éducation précoce, an de Structures d'accueil an/oder an de Maisons relais. Dat ass de Kontext vun dësem Gesetzesprojet iwwert den technesche Lycée fir Beruffer am socio-éducativë Beräich, dee mer haut an dësem Haus wëllen diskutéieren.

Här President, ech wëllt awer e Bléck zréckwerfen op d'Entwécklung vum Secteur socio-éducatif hei zu Lëtzebuerg. Nom Enn vum Zweete Weltkrich bis Enn de 60er Jore war d'Action éducative et sociale, mat Ausnahm vun den Enseignanten am Primaire an de Proffen am Secondaire, nach an hire Kannerschong. Eng professionaliséiert Aarbecht mat hëllefsbedierftege Kanner duerch e speziell geschoultent Personal op verschiddenen Niveaue gouf et net.

En éischte Germe vun engem méi professionellen Ëmgang mat dëse Kanner ass 1973 ervirgaange mam Gesetz vum 14. Mäerz 1973 iwwert d'Schafung vun Instituter a Servicer an der Éducation différenciée. D'Schafung vum Institut an de 70er Joren huet sech an eng Zäit integréiert, wou Foyers de jour, Crèchen, Maisons d'accueil a Jugendhaiser ëmmer méi zu Konstanten an eise Gemenge gi sinn. Eng Entwécklung, déi sech och op d'Besoinen u qualifizéiertem Personal iwwerdroen huet an déi däitlech gemaach huet, datt sech de socio-éducativë Beräich huet missen opmaachen, fir sech op aner Beräicher, wéi beispillsweis Jugendbetreiung, schwéier erzéibar Kanner an esou weider ze erstrecken.

Et ass eng Entwécklung, déi sech an de gesellschaftleche Wandel vun der Zäit afügt, e Wandel, dee bis haut nach net definitiv ofgeschloss ass. D'Programmer an der Formatioun hunn deem misse Rechnung droen, andeems se un dës nei Demanden hu missen ugepasst ginn.

An den 80er Joren hunn d'Moniteuren an d'Educateuren an Institute fir handicapéiert Kanner geschafft souwéi an de Centres de propédeutique professionnelle, a Kanner- a Jugendhaiser, a Crèchen, a Maisons d'éducation, am Prisong, an Internater am Postprimaire, wat beleet, datt sech de Secteur ëmmer weiderentwéckelt huet, ouni datt d'Politik dësen Trend ausreechend erkannt an encadréiert hat. D'Physiognomie vum socio-éducativë Secteur hat sech innerhalb vun zwee Jorzéngte grondleeënd geännert, wat de politeschen Handlungsbedarf ëmmer méi ënnerstrach huet.

Mam Gesetz vum 6. August 1990 goufen déi socio-éducativ Studien nei organiséiert an den IEES an d'Liewe geruff, also deen Institut, dee mer mat dësem Gesetz ofschafen. Aus der Appellatioun vum Moniteur ass déi vum Educateur ginn, an aus dem Educateur ass den Éducateur gradué ginn. D'Dauer vun de Studië gouf verlängert an d'Missioun vun der Formation continue gouf offiziell an dëse Gesetzestext integréiert. Domadder gouf eng wichteg Trendwend agelaut an engem Beruff, deen an de kommende Joren ëmmer méi beléift sollt ginn. Den Här Castegnaro huet dat jo och mat Zuele beluecht.

1995 hu sech erëm eng Rei Adaptatiounen opgedrängt, dës Kéier um Niveau vun den Etüde vum Educateur. D'Chamber hat an der Debatt zum viregt genannte Gesetz vun 1990 eng Motioun adoptéiert, wou d'Regierung ënner anerem invitéiert gouf, an ech zitéieren, «à réaliser, en cas d'expertise positive, l'équivalence des diplômes du secondaire technique et de la formation du personnel socio-éducatif».

Dat ass schlussendlech 1995 am Kader vum Gesetz iwwert d'Reorganisatioun vun den öffentlechen a privaten Infirmièresschoule geschitt, andeems d'Studien zum Educateur u sech och op Héichschoulstudië sollte virbereeden. Et war also eng weider Unerkennung vum Secteur an hat op d'Noutwendegkeet higewisen, fir sech weider an dësem Beräich am Kader vun engem Héichschoulopenthalt ze spezialiséieren.

Mam Universitéitsgesetz vum 12. August 2003 sinn d'Éducateur-gradué-Studien an d'Uni Lëtzebuerg integréiert ginn, woubäi d'Etüde vum Educateur mam virleiende Projet an den neien technesche Lycée fir Beruffer am socio-éducativë Beräich integréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem historeschen Exkurs an d'Geschicht vum socio-éducativë Secteur, zréck zu eiser Gesetzesvirlag. Ech hunn d'Gefill wéi wann déi Responsabel vum IEES eng gewësse Besuergnis iwwert déi rezent Entwécklung hätten, déi engersäits duerch déi nei geschafen Uni Lëtzebuerg hiren Ufank an duerch den neien technesche Lycée hiren Ofschloss fënnt. Op hirer Homepage steet nämlech ënner anerem nozeliesen, an hei muss ee vläicht tëschent den Zeile liesen:

«Depuis 2003, une nouvelle étape importante a été franchie. Les études d'éducateur gradué ont été intégrées dans l'Université du Luxembourg, et la section des études d'éducateur est progressivement intégrée en un nouveau Lycée technique pour professions éducatives et sociales. En d'autres termes, l'Institut d'Études Éducatives et Sociales (IEES), qui a été officiellement créé en 1990 et s'est très solidement développé depuis lors, cessera au cours de l'année 2005 ses missions; institutionnellement parlant, il n'aura pas atteint ‚l'âge de la majorité'.»

Et steet ausser Zweifel, datt den IEES eng Experienz, en Erfahrungsvolumen entwéckelt huet, déi am Kontext vum neien technesche Lycée net dierfe verluer goen. An et huet een e gewëssent Verständnis, wann déi Enseignanten a Professeren, déi mat vill Engagement während Jorzéngten dësen Institut opgebaut hunn, sech Gedanke maachen iwwert d'Zukunft vun hirer Formatioun. D'Dispositions transitoires, denken ech, garantéieren den Transfert vum Wëssen, vum Know-how a vun Erfahrungswäerter. Ech mengen, datt d'Approche vun der Regierung eng verstänneg ass, well den Know-how souwuel op Universitéitsniveau wéi och um Niveau vum Lycée einfach récupéréiert gëtt.

D'Experienz fléisst mat a beim Opbau vun deenen zwee Enseignementer. D'Formatioun vum Educateur eegestänneg fonctionnéieren ze loossen, onofhängeg vum generelle Kader vum Lëtzebuerger Enseignement, mat besonnesche Regele beim Recrutement vun den Enseignanten, der Admissioun an der Promotioun vun de Schüler, wier, an dat war och d'Meenung vun der Kommissioun, net de richtege Wee gewiescht. Duerfir menge mir als CSV-Fraktioun, datt et besser ass - an dat gëtt jo och mat dësem Gesetzestext elo Realitéit -, datt dës Formatioun an de Kader vum Enseignement secondaire technique gesat gëtt, wat jo, wéi ech gesot hunn, mat dësem Gesetz geschitt.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Fro un d'Ministesch. Madame Minister, am Artikel 3 gëtt drop higewisen, datt et méiglech ass, d'Formation en cours d'emploi ze maachen, an datt dat géif geregelt ginn duerch Règlement-grand-ducalen. Meng Fro ass, wéi wäit datt et mat dësem Règlement grand-ducal ass a wéi déi Formation en cours d'emploi géif ausgesinn, well hei am Land huet se jo praktesch d'duebel Zäit wéi dat wat d'Schüler am Ausland ugebuede kréien. Ech mengen hei am Land sinn et sechs Joer. An der Belsch kann een déi Formation en cours d'emploi an dräi Joer maachen.

An dann zum Schluss, trotz enger Tréin am Knapplach, wéinst dem Départ vum IEES fort aus eiser Gemeng, net well mer se fortjoen, mä well mer d'Haus musse récupéréiere fir eis Besoinen am Primärschoulunterrecht, wënschen ech dem Lycée technique pour professions éducatives et sociales séier en neit Doheem an e geglécktene Start am Hierscht, an ech ginn och heimadder selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Dann huet elo d'Wuert d'Madame Brasseur. Madame Brasseur, wann ech gelift.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss ee sech freeën, dass et elo nach een Dag éier d'Parlament ophält zum Vote hei kënnt iwwert d'Schafung vum Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Wann ech soen, et muss ee sech freeën, dat ass well et eng Nécessitéit ass. Well ech froe mech, ënner welleche Bedingungen am Hierscht d'Schoul hätt kënne weider fonctionnéieren, wa mer dee Projet de loi, dee viru méi wéi engem Joer déposéiert ginn ass, haut net hätte kënne stëmmen. Dat ass eng prinzipiell Remarque, déi ech wollt maachen.

Wann et laang dauert bis mer Schoulgebaier opriichten, esou dauert et awer och an der Procédure oft laang vum Dépôt vun engem Gesetz bis zu dem Ofstëmmen, an dat ass net gutt, well hei si mer an der Situatioun, dass - an de Rapporteur huet et gesot a meng Virriednerin huet et gesot - mer duerch d'Schafung vun der Uni Lëtzebuerg déi ganz Struktur vum Institut, deen d'Formatioun vun den Educateuren an Éducateur-graduéë gemaach huet, op d'Kopp gehäit hunn. An dat ass jo eppes, mat deem mer jo all d'accord waren. Mä da muss eppes amplaz kommen!

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech wëllt hei net an den Detail goen, well den Här Castegnaro huet dat als Rapporteur a sengem mëndleche Rapport wéi och a sengem schréftlechen excellent gemaach, an d'Madame Gantenbein ass elo grad op d'Geschicht agaange vun deem Ganzen, vun der Formatioun vun den Educateuren hei zu Lëtzebuerg, esou dass ech dat och net brauch ze widderhuelen.

Mä mir sinn hei an engem Kader, dass, wéi mer d'Gesetz vun der Uni Lëtzebuerg gestëmmt hunn, sech do d'Fro gestallt huet: Wat geschitt elo mat den Educateuren, déi jo net zum Supérieur gehéieren? Do ware véier Optiounen, déi sech ginn hunn.

Déi éischt Optioun wier déi gewiescht, den Institut esou wéi e bis elo bestanen huet, minus d'Formatioun vum Éducateur gradué, als Institut virubestoen ze loossen. Dat hätt awer als Désavantage gehat, dass all déi Problemer, déi sech stellen, wat d'Personal ubelaangt, wat d'Strukturen ubelaangt, domat net geléist wieren, an dass mer hei en Institut weider à part gehat hätten, deen nieft all deenen anere Formatiounen hei zu Lëtzebuerg gelaf wier, esou dass dat net déi beschte Solutioun gewiescht wier.

Eng zweet Léisung wier gewiescht, dass déi Formatioun, déi fir d'Educateure gemaach gëtt, un en anere Lycée technique oder un aner Lycée-techniquen als zousätzlech Formatioun ugehaange gi wier. Wann een dat gemaach hätt, da wier een zu enger Regionalisatioun komm vun de Formatiounen. Eng Léisung, déi net gutt gewiescht wier, well mer hei eng Spezifissitéit hunn, Personal hunn, wat en Know-how brauch an eng extra Organisatioun vun enger Schoul, esou dass dat och net d'Léisung gewiescht wär.

Da wär eng drëtt Méiglechkeet gewiescht, dass mer de Lycée technique pour professions de santé an zwee gespléckt hätten, engersäits d'Ausbildung vun den Infirmieren an Infirmièren an anerersäits d'Ausbildung vun den Educateuren an Educatricen. Mä och do huet een awer séier gesinn, dass dat net déi beschte Léisung wier, well d'Ausriichtung vun deenen zwou Formatiounen awer eng ganz aner ass, esou dass déi véiert Léisung, hei en eegene Lycée technique ze kreéieren, zréckbehale ginn ass.

De Conseil d'État seet a sengem Avis, dat wier keng gutt Léisung, mir hätten elo hei esou eng Formation à part, an da weist hien awer drop hin, dass dat och an anere Schoulen de Fall ass. E weist op d'Professions de santé hin; e weist och op d'Hotelschoul hin, an da weist en zum Beispill op de Lycée technique des arts et métiers hin. Ech weess net, wat de Conseil d'État domat gemengt huet. Ech mengen, do ass eng kleng Confusioun gewiescht, wéi dat geschriwwe ginn ass.

Et schéngt mir wichteg, dass een hei en extrae Lycée technique fir d'Formatioun schaaft, well een - an d'Madame Gantenbein huet dat gesot - hei op d'Expériencë konnt opbaue vun all deene Joren, déi hei ugesammelt gi sinn, fir eng spezifesch Schoul draus ze maachen, déi awer ënnert deeneselwechte Regele fonctionnéiert wéi déi aner Lycée-techniquen.

Dat ass jo 1973 ugaangen deemools mat dem IFEM, dem Institut de Formation pour Éducateurs et Moniteurs, ier dann d'Gesetz 1990 gestëmmt ginn ass vum jëtzegen IEES. Et war awer eng Schoul, zu där vill Idealissem gehéiert huet, well et eng Schoul war, déi geschafe ginn ass ouni e Personalkader nach eng Infrastruktur. A wann och duerch d'Gesetz vun 1990 verschidde Personalprobleme geléist gi sinn, esou sinn anerer awer derbäikomm, an de Problem vun der Infrastruktur ass bis haut leider net geléist ginn.

D'Formatioun, déi do ugebuede ginn ass, ass natierlech op eng enorm Résonance bei de jonke Leit gestouss. Éischtens, well et eng attraktiv Formatioun ass, mä och well duerch de Gesellschaftswandel Leit mat där dote Formatioun dobausse gebraucht gi sinn an all deenen Domänen vum socio-éducativë Beräich.

Am Gesetzesprojet steet jo och, dass een d'Formatioun kënnt ausbauen op verschidden Niveauen. Well et brauch ee Leit am socio-éducativë Beräich, déi a verschidde Sparten an Niveauen ugesiedelt sinn.

Ech hu gesot, dass bis elo deen Institut Schwieregkeeten hat, well d'Personalstruktur net geklappt huet. Si hate verschidde Leit duerch d'Gesetz zougestane kritt. Mä wat den Enseignement général ubelaangt, stoung am Gesetz iwwert den Institut, et géingen Enseignanten aus anere Schoulgebaier détachéiert ginn. Dat ass eng Léisung gewiescht, déi bis elo fonctionnéiert huet, mä déi net glécklech war - fir kee vun deene Bedeelegten. Besonnesch net fir d'Schoul, well d'Schoul domat net hiren eegene Corps konnt rekrutéieren an esou zu engem Corps maache konnt.

Dann ass derbäikomm, dass mer all déi Leit als Chargés de cours haten, déi en onséchere Statut haten. Gott sei Dank kruten si am Joer 2000 méi Sécherheet, mä och dat huet de Problem net geléist. An ech hat d'lescht Woch hei gesot, wa mer eppes schafen, da musse mer ons als Stat och d'Moyenë ginn, fir dat duerno fonctionnéieren ze dinn, an da kann een net soen, wéi mer dat gemaach hu beim SREA, beim Service rééducatif ambulatoire, dass mer da Crédits d'heures iwwert de Budget huelen, an da ginn doriwwer Leit bezuelt an dat geet während Joren esou virun, mat där Onsécherheet, déi dat fir d'Leit bedeit, an och mat där Fluctuatioun, déi dat beim Personal bedeit.

Hei hu mer eng Situatioun gehat, déi net esou grave ass wéi am SREA, mä awer och eng Situatioun, déi alles aneschters wéi glécklech war. Schwiereg ass et, wann ee Personalstrukture schaaft am Enseignement, wat net déi typesch traditionell Enseignementsfächer sinn, an dass een nei Fonctiounen do schaaft, schéngt mer awer wichteg ze sinn, well hei gi jo och aner Matièren enseignéiert wéi dat an engem typesche Lycée technique ass.

De Conseil d'État hat eng Opposition formelle ugemellt, well e gesot huet, et geet dach net, dass hei e Lycée technique och kann nom Bac technique Spezialisten ausbilden. An och do mengen ech, dass de Conseil d'État awer a senger Attitüd net ganz richteg louch a sengem Avis, well bei de Professions de santé ginn och nom Bac technique an nom Infirmiersdiplom Spezialisten ausgebilt.

De Conseil d'État schreift a sengem Avis, dat géing an den Enseignement supérieur gehéieren. Mä mir sinn hei an enger Weiderbildung, an enger Beruffsweiderbildung. Dat ass eppes ganz aneschters. Ech gesi wierklech net an, wéi d'Uni Lëtzebuerg beispillsweis soll Hiewammen ausbilden, fir e Beispill ze huelen aus dem Santésberäich, an hei brauche mer och nom Educateur Spezialisten, an et wier gutt gewiescht, wa mer dat kënnten an deem Beräich vum Lycée technique effektiv maachen, déi den Know-how hunn, déi wëssen, wou d'Besoinen um Terrain sinn an déi d'Personal hunn.

Menger Meenung no muss ee sech nach eng Kéier iwwerleeën, wéi dat da virugeet, well déi weiderbildend Beruffsausbildung kann ee menger Meenung no jo awer net am Enseignement supérieur usiedelen. Ech sinn och frou, dass d'Madame Modert hei ass. Si kann dat da mat der Madame Delvaux klären, wou do d'Trennlinn ass. Mä menger Meenung no besteet eng Confusioun tëschen Enseignement supérieur, wat eng akademesch Ausbildung ass, an enger weiderbildender professioneller Formatioun, wéi se hei ugestrieft ass. Menger Meenung no muss een dat nach eng Kéier analyséieren.

Da wollt ech nach, Här President, ee Wuert soen zu der Infrastruktur. Ech hunn am Ufank gesot, et huet vill Courage dozou gehéiert déi Schoul opzebauen, vun 1973 un. Ech wëll wierklech all deene Leit, déi do geschafft hunn, e grousse Merci soe fir hiren Engagement an dass si un hir Iddi gegleeft hunn, wéinst de Schwieregkeeten, déi do woren, a bei der Infrastruktur, an ech mengen d'Madame Gantenbein ass am beschte placéiert gewiescht fir iwwert déi Problematik ze schwätzen, mä, de Rapporteur huet et och ugeschwat, déi Infrastrukturprobleme konnte leider net geléist ginn.

An den Här Castegnaro huet elo grad gesot, mir géinge wëssen, dass e Schoulgebai géing aacht Joer brauchen. Ech froe mech, ob een hei net soll op eng Léisung zréckgräife wéi beim Neie Lycée, deen awer an dräi Méint ka realiséiert ginn. Well hei schéngt et effektiv…

(Interruption)

Also, wann ech d'Situatioun kucken, wéi se elo am Moment zu Léiweng ënnerbruecht sinn, dat ass wierklech kee Palais. An ech froe mech, ob een net kann awer op en anere Wee an der Prozedur goen, quitte dass et Containere sinn - well Containere kënnen och haut vu ganz gudder Qualitéit sinn -, mä wou een eng Infrastruktur huet, déi awer appropriéiert ass. Well déi zu Léiweng, déi do ass, entsprécht wierklech net deene Konditiounen. Et ass nun eemol esou, dass d'Gemeng Hesper dat do brauch.

Ech wier frou gewiescht, muss ech éierlech soen, an ech riichten hei kee Reproche u keen, wann déi Léisung schonn éischter hätt kënne fonnt gi fir eng definitiv Infrastruktur. Mä et ass jo beim Neie Lycée eng nei Prozedur ageschloe ginn. Dofir froen ech mech, ob een net kéint hei op dee Wee goen, fir dass mer awer méi séier virukéimen.

Den Här Castegnaro huet och gesot, et misst ee kucken, wann een eng Schoul géing schafen, dass dann och de Bau misst prett sinn. Mir haten eng Kéier eng Motioun hei ugeholl, vrun e puer Joer, wou d'Chamber d'Regierung opgefuerdert huet, dass all Kéiers beim Beschloss vun engem Bau och gläichzäiteg de Lycée geschaf gëtt, fir dass béides ka matenee wuessen. Dat ass zu Mamer net geschitt, well do wor de Bau amgaang.

Mä déi éischte Kéier, wou dat virgeholl ginn ass, dat ass fir de Réidener Lycée. An dat wor, menger Meenung no, och déi Prozedur, déi ee sollt maachen. Well da kann een direkt e Responsabelen, en Direkter nennen, deen dee Bau da vun Ufank u mat ka begleeden, wat enorm wichteg ass, fir dass och en Interlocuteur, en Haushär op der Plaz ass. An déi Experienzen, déi gemaach si ginn, an den Här Calmes, deen Noper ass dovun, dee kann dat nëmme bestätegen, dass dat och op der Plaz ganz wichteg ass fir d'Abanne vun deem Lycée an d'Ëmfeld, an d'Noperschaft, an dass dat de richtege Wee ass. Sou dass mer an Zukunft och dee Wee musse goen.

Hei si mer awer an enger ganz anerer Situatioun. Hei hu mer en Institut wat soll ëmfonctionnéiert ginn, als Lycée technique. Menger Meenung no ass dat de Wee deen ee muss goen, fir dass mer Personalstrukture kréien an dass mer och eng Struktur kréien, déi deene gläichgestallt ass, mat deenen anere Lycées techniques, an dass mer net hei eppes à part hunn.

Et bleiwen nun natierlech Problemer déi opstinn. Dat ass dee vum Klassement, an do hate mer eng Entrevue mat der Fonction publique, mä dat geet aus dem Kader eraus vun der Éducation nationale. An déi Problemer, déi sinn op jiddfer Fall nach ze léisen. Ech hoffen awer, dass och à terme eng Léisung fonnt gëtt fir déi Personalfroen. Well et ass enorm wichteg, dass eng Stabilitéit an deene Schoulstrukturen och ass, well dat ass am Intérêt finalement vum Enseignement selwer an domat am Intérêt vun deene jonke Leit, déi do hir Ausbildung fannen.

No deene Remarquen, Här President, wollt ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Dir hutt d'Wuert, Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass hei scho gesot ginn, dëse Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, ass eng weider Etapp, eng wichteg, déi erreecht ginn ass, an deem eigentlech mouvementéierte Parcours vun dëser Schoul.

Dobäi geet d'Geschicht vun der Ausbildung vun de soziale Beruffer nach vill méi wäit zréck, an ech géif mer gären erlaben e bësselche méi wäit zréckzegoen, bis 1973, fir herno kënne verschidde Parallèlen zu haut ze zéien.

Et war effektiv esou, wéi der schonn e puer gesot hunn: Am Joer 1973 ass d'Éducation différenciée entstanen, an an dësem Gesetz iwwert d'Éducation différenciée war dann och Rieds vum Éducateur de l'éducation différenciée a vum Moniteur vun der Éducation différenciée.

Et gouf awer keng Schoul fir dës nei Beruffer, et gouf keng Formatioun, et gouf keng Carrière, et gouf eigentlech guer näischt. Et gouf och nach keen oder ganz wéineg soziale Secteur zu der Zäit. Déi Institutiounen, déi et gouf, wéi zum Beispill d'Rumm oder d'Kannerland oder Betzdorf, oder soss Altersheimer, waren haaptsächlech vun de Congrégatioune geleet oder vun der Croix-Rouge oder vun der Ligue, déi ufanks vum 20. Jorhonnert entstane sinn, mat där deemoleger Missioun fir haaptsächlech d'Tuberculose ze bekämpfen. Vun do komme mer also hier.

Déi éischt Kandidaten a Kandidatinnen, fir Educateur oder Moniteur ze ginn, hunn am Institut pédagogique zu Walfer eng Plaz fonnt; si kruten nämlech den ieweschte Stack ënnert dem Daach, deen ass fir si fräigemaach ginn. An dës éischt Educateuren a Moniteuren hunn och haaptsächlech en cours d'emploi hir Formatioun gemaach, well se ebe parallell zu hirem Studium schaffe gaange sinn, sprich de Secteur lues a lues opgebaut hunn.

De Virdeel vun där Zäit war deen, datt d'Studenten an d'Studentinnen aus dem Enseignement scolaire a préscolaire an d'Studenten an d'Studentinne fir Moniteur an Educateur, déi Zäit, all Dag sech begéint hunn. Déi haten all Dag mateneen ze dinn, well se am selwechte Gebai waren, an zum Deel haten se och gemeinsam Coursen.

1985 ass dunn dee Staff vun dësen neie Formatiounen op Fenteng geplënnert, wou si dann d'Primärschoul vun der Fentenger Gemeng zur Verfügung gestallt kruten; dat ass jo hei schonn esquisséiert ginn. Dunn huet dës Schoul IFEM geheescht, offiziell - méi oder wéineger - Institut de Formation des Éducateurs et des Moniteurs; dat ass och scho gesot ginn, awer och nach ëmmer eigentlech ouni en eegent Gesetz. Ouni een eegent Gesetz wat d'Organisatioun, wat d'Planifikatioun, wat d'Gestioun an esou weider ugeet; alles wat zu enger Schoul gehéiert, vun den Enseignanten engersäits, awer och vun de Studenten a Studentinnen. Näischt war definéiert. Duerno huet de Stat nach eng Hal an enger Zone industrielle et commerciale zu Léiweng gelount, well d'Fentenger Schoul eben aus allen Néite geplatzt ass. An et ass och déi Hal do, déi eigentlech elo dee Lycée technique soll ginn.

Am Joer 1990 war de soziale Secteur a voller Expansioun. Net nëmmen eng nei iwwerduechte Philosophie vu Kannerheemer war entstanen, mä de ganze Behënnertemilieu hat souwuel Schoulen, Beruffsausbildungen, Atelier-protégéën, wéi Heimbetreiung, Fräizäitgestaltung an esou weider. Déi éischt Structures d'accueil fir Klengkanner, Crèchen, Foyers; all déi Saache sinn och lues a lues entstanen.

Am Joer 1990, dat ass och scho gesot ginn, ass dunn endlech dat éischt Gesetz komm, a wat net gesot ginn ass, dat ass dass dat 17 Joer duerno war. Et kann een et ausrechnen, voller 17 Joer duerno koum dat éischt Gesetz wat déi Schoul an déi Formatioun eigentlech definéiert huet an aus deem Fenteng a Léiweng ass den IEES ginn, dat ass och scho gesot ginn.

D'Formatioune sinn dunn och ëm ee Joer verlängert ginn. Aus dem Educateur ass den Éducateur gradué ginn an aus dem Moniteur ass den Éducateur diplômé ginn. Mä all déi schonns diplomiéiert schaffend Leit, dat waren der jo vill, déi an deene 17 Joer duerch déi Schoule passéiert sinn an déi an deene Strukture geschafft hunn an déi opgebaut hunn an déi d'Formatioun professionaliséiert hunn, all déi diplomiéiert schaffend Leit am soziale Secteur hunn dunn nach misse fënnef Joer waarden, bis e Règlement grand-ducal endlech definéiert huet, wat dann hir Mesures transitoires, déi Mesuren da wieren, déi si missten huele fir hire Studium weiderzeféieren a fir och kënnen dann dësen neien Titel ze droen.

Dëst alles - Dir kënnt Iech et denken - ouni Changementer op der Beruffscarrière, weder fir den Éducateur diplômé, deen dann domadder eng Première huet, e Bac technique; nach fir den Éducateur gradué, deen domadder e Bac+3 huet.

Haut am Joer 2005 soll dann d'Uni Lëtzebuerg, dat ass och scho widderholl ginn hei e puermol, sech ëm den eigentleche Bachelor vun dem/der Éducateur(trice) gradué(e) këmmeren. A well den Éducateur diplômé mam 90er Gesetz gläichgestallt ginn ass mam Bac technique, gëtt dann elo endlech - endlech! - aus dem IEES e richtege Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Awer, an dofir ebe mäi klengen Historique, aus enger Traditioun eraus - vun 1973 bis haut - ass de socio-éducativë Secteur trotzdeem e bëssen d'Stéifkand vun der Natioun bliwwen. D'Beruffscarrière vum Educateur, den Éducateurs diplômés, berücksichtegt hir dräi Joer Ausbildung an dësem spezifesche Lycée technique net, de facto gëtt hire Bac technique net unerkannt. Wa se elo beim Stat oder am konventionéierte Secteur agestallt ginn, gi se agestuuft wéi een, deen eigentlech seng Troisième oder seng Onzième huet, also gläich e bësselchen engem Expéditionnaire.

Dem Éducateur gradué geet et net besser. De facto kritt hie seng dräi Joer Héichschoul, seng dräi Joer Éducateur-gradué-s-Studien no der Première net ugerechent, mä si ginn och erëm eng Kéier parallell zum Stat mam Ufangsgehalt vun engem Redakter agestallt.

Och bei dësem neie Lycée technique ass net grad alles esou wéi bei deenen anere Lycéeën, an dat ass och schonn hei ugeklongen. Datselwecht gëllt eigentlech och fir déi Éducateur-graduéen, déi an dëser Schoul ausbilden. Si si praktesch all säit Jorzéngten derbäi, hu matgehollef, dee Secteur opzebauen an d'Ausbildung ze professionaliséieren. Vu datt et jo bis 1990 gedauert huet, bis dann e Gesetz gesot huet, wat da Saach wier an där Formatioun.

Si kréien haut d'Méiglechkeet, hir Carrière als Maître de cours spéciaux an hirer Schoul weiderzefëieren. Hinne bleift awer trotz hirem Bac+3 an dem Fait, dass si ausschliesslech am Cycle supérieur vun deem Lycée technique enseignéieren, den Titel vum Professeur d'enseignement technique verspaart.

Et ass schonn erstaunlech wéi d'Regierung respektiv de Ministère vun der Fonction publique et fäerdeg bréngt, deem Éducateur gradué wëllen ze erklären, firwat den Éducateur gradué an engem Cycle supérieur, mat engem Bac+3, net Urecht huet op déiselwecht Carrière wéi en Infirmier gradué Bac+3 am Lycée des professions de santé. Wat fir deen ee gëllt, misst jo eigentlech och fir deen anere gëllen.

Bon, ouni wëllen deen ee géint deen aneren auszespillen, sou muss ee feststellen, datt et, obwuel et eigentlech eng komplett analog Situatioun gëtt, souwuel bei de Studië vun deenen enge wéi vun deenen aneren, obwuel déi zwou Schoulen op deemselwechten Niveau scolaire ausbilden, nämlech ausschliesslech Cycle supérieur vum Secondaire technique, et dach awer symptomatesch ass, datt et grad déi sozial Beruffer sinn, déi ënnerbewäert ginn.

Et ass eigentlech e flagrant Beispill méi an enger ganzer Linn vun Ënnerbewäertunge vun deene socio-éducativë Beruffer. Wat e gudde Moossstab ass, nämlech den Infirmier gradué a sengem Lycée technique pour professions de santé mat sengem Gesetz aus dem Joer 1995, gëllt am Gesetz vum Joer 2005 net fir den Éducateur gradué am Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Dobäi, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass de soziale Secteur e Secteur, deen haut net méi ewechzedenken ass, gradesou wéi eben déi Professiounen aus dem Santéssecteur. Wann de soziale Secteur aus där enger oder där anerer Ursaach eng Kéier géing komplett ausfalen - ugeholl si géingen emol eng Kéier radikal alleguerte matenee streiken, aus wat fir engem Grond och ëmmer, - da wier eis Gesellschaft méi behënnert, wéi wann zum Beispill den Transportsecteur oder d'Schoulpersonal géing streiken. Da géing näischt, awer guer näischt méi hei funktionéieren: keng Crèche, keng

parascolaire Infrastrukturen, keng Structures d'accueil fir eeler Leit, fir behënnert Leit, an nach villes méi. Keen normalen Dagesoflaf fir bal jiddereen an eiser Gesellschaft wier da méi méiglech.

Dat ass d'Envergure vun der geleeschter Aarbecht am soziale Secteur. Just fir sech dat emol eng Kéier virzestellen. An dofir verdéngt si eng besser an eng méi respektvoll Ausbildungsplaz a besser Ausbildungskonditiounen, wéi dat de Fall ass a wéi dat eigentlech nach ëmmer de Fall war. Dëst muss och emol eng Kéier hei kloer op dëser Plaz gesot ginn. Well vill ze vill oft gëtt d'Qualitéit wéi d'Ampleur vun där geleeschter Aarbecht säit iwwer 30 Joer net richteg gesinn. A well se net richteg gesi gëtt, gëtt se och net richteg ageschat.

Et ass eigentlech um sozialen Aspekt vun engem Land wou een de soziale Fridden an och de mënschleche Räichtum vun engem Land moosst. Dofir ass et d'autant plus regrettabel wann engersäits mir net wëssen, ob een iwwerhaapt vläicht kann herno eng Äntwert ginn, ob mer iwwerhaapt e soziale Bachelor wäerten d'nächst Joer op där neier Uni kréien, an et ass nach méi regrettabel, datt een nach ëmmer, no 30 Joer Bestehen, de Lycée technique pour professions éducatives et sociales muss an enger Hal siche goen a gesinn, datt ënner onméigleche Konditiounen dës Formatioun muss ofgehale ginn.

E Lycée technique pour professions éducatives et sociales misst sengem Numm no um Niveau CATP ausbilden. Obwuel mir dës nei Méiglechkeet vum CATP begréissen, déi jo elo soll kommen d'nächst Joer, sou musse mer awer bedaueren, datt net oder eben nach net deen neie Lycée technique fir dës Formatiounen zoustänneg ass. Ech muss soen, dass d'Organisatioun vun deem neie CATP dach e bësselchen iwwerstierzt schéngt.

Engersäits gëtt elo e spezialiséierten technesche Lycée kreéiert, dee mat laangjährege qualifizéierten Enseignantë gestaffelt ass, an da gëtt parallell eng nei Formation CATP „auxiliaire de vie" agefouert, déi vu ganz anerem Personal ofgehale gëtt, déi - an do och erëm eng Kéier wëll ech wierklech kengem ze no trieden - dach awer net iwwert déiselwecht Kompetenze verfüge wéi am neien technesche Lycée. An dat alles dréit sécherlech net zur Klarifikatioun um sozialen Terrain a senge Beruffer bäi.

Och misst dësen neie Lycée iwwert d'Méiglechkeete verfügen, fir Weiderbildung unzebidden - dat ass och schonn hei gesot ginn -, souwuel fir déi Leit, déi do hiren Diplom kritt hu wéi awer och fir Leit, déi vläicht an engem ganz aneren Domän schaffen, awer punktuell eng Weiderbildung an engem socio-éducativë Fach brauchen. Eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg imposéiert sech praktesch an dësem Kontext. En Austausch mat aneren Institutiounen am Land oder am Ausland ass onëmgänglech, wann ee wëllt dëser wichteger Formatioun hire richtege Stellewäert ginn.

A wann een dat dann esou e bësse riets a lénks héiert, déi eng dat mat e bësse méi Fachkenntnis a méi Engagement maache wéi déi aner; dann ass dat eppes wat ze bedaueren ass. D'Musek ass eppes ganz Wichteges. Si gehéiert zur Allgemengbildung. Wann ee Leit, déi sech méi intensiv domadder ofginn, däerf gleewen, dann dréit se souguer an engem net onbeträchtleche Mooss zur intellektueller Entwécklung vun deene jonke Mënsche bäi, esou datt ee menger Meenung no och de Problem wierklech ganz vir um Enn misst ufänken, vläicht scho virum Primaire.

Ech soen dat mat e bëssen Häerzblutt derbäi als een, dee laang bénévole an deem Secteur wat de Gesank ubelaangt e bëssen täteg war an och haut nach täteg ass, awer leider gesäit, datt d'Begeeschterung och bei deene jonke Leit, fir selwer a Gesanksveräiner oder a Museksveräiner ze goen, dach awer staark nogelooss huet, an datt mer a ville Secteure Rekrutéierungsschwieregkeeten hunn, wat vläicht drop zréckzeféieren ass, datt et vu klengem un net méi vermëttelt gëtt, datt mer vill méi konsuméiere wéi selwer Musek maachen. Bei de Museken ass eng positiv Entwécklung Gott sei Dank och duerch dat Gesetz hei komm. Bei de Gesanksveräiner ass et leider Gottes e bësselche méi schwiereg.

Ech wollt dat awer als Ureegung trotzdeem matginn, och wann et net direkt am Kader vun dësem Gesetz ze gesinn ass. Dat gesot, soen ech lech och - ech mengen, d'Madame Minister oder Statssekretärin wäert nach schwätzen - als deen zweetleschten Orateur Merci fir Är Gedold, a mir wäerten dëse Projet och stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet dann d'Regierung d'Wuert. Madame Statssekretärin Modert, et wier elo un lech. Ech ginn lech d'Wuert.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll vläicht fir unzefänke froen, wat Der elo am léifsten hätt: Soll ech kuerz sinn oder soll ech op all Fro äntwerten?

(Interruption)

Vu datt jo net méi vill Leit hei kënne sinn, huelen ech un, datt déi, déi et nach kënne sinn, léiwer hätten, ech géif op d'Froen äntwerten.

Ech sinn emol fir d'alleréischt ganz frou iwwert déi allgemeng an eestëmmeg Zoustëmmung, déi Der hei zu dësem Gesetz wëllt ginn, a soen dofir Merci. Et kënnt ee jo scho bal mengen, dat wär orchestréiert, net? Ech stoung schonn eng Kéier hei wéi d'Gemengen…

(Interruption)

Ech sinn och ganz frou doriwwer, datt, wann de Stat de Gemengen zousätzlech Sue gëtt, Der dann domadder eestëmmeg zefridde sidd – vläicht net ganz zefridde sidd, awer jiddefalls zoustëmmt. Ech stoung schonn eng Kéier hei virun e puer Méint, du war och esou e Gesetzestext wou de Stat de Gemenge Sue bäiginn huet. Do waart Der och eestëmmeg domat d'accord. Also hu mer jo schonn emol ganz vill Gemeinsames an deem dote Kontext.

Da géif ech gäre feststellen, datt de Géigestand vun deem Gesetzestext, iwwer dee mer haut schwätzen, eigentlech just eenzeg an eleng deen ass, fir de Gesamtbetrag eropzesetzen, deen de Budget vum Kulturministère iwwerhëlt am Käschtepunkt vum Gemengemuseksunterrecht, deem Museksunterrecht, deen d'Gemengen ubidden, an dat vun 2005 un. Dat ass bedéngt doduerch, wéi scho gesot ginn ass - an nach eng Kéier villmools Merci, Madame Rapportrice, fir dee gudde Rapport, a Merci fir Är Aarbecht alleguer -, datt zwee Instituter en neie Statut kritt hunn, an datt dorophin de gesetzleche Plaffong net soll déi aner Gemengen ze vill benodeelegen.

Ech wëll just soen, datt dee Gesamtbetrag, deen an dësem Gesetz drasteet, jo net alles ass wat bezuelt gëtt, mä datt nach eng Kéier en Drëttel derbäigeluecht gëtt iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Da kënnt derbäi, datt mer d'Gesetz vun 1998 elo effektiv déi éischte Kéier hei ganz punktuell änneren. Dat ass ëmmerhi mat engem Deel Sue verbonnen, well virun 1998 de Stat näischt bäigeluecht huet beim kommunale Museksunterrecht. Vun näischt op haut, wéi d'Madame Stein géif soen, bal 300 Milliounen aler Frang, ass jo alt schonn e klenge Sprong.

Déi zweet Saach, déi een, mengen ech, heizou muss soen, dat ass, datt ganz vill Aspekter matspillen. Éischtens ass et e fakultatiivt Ugebuet vun de Gemengen. Och wa mer natierlech frou sinn, datt dat ëmmer méi flächendeckend gemaach gëtt, an natierlech sinn ech och ganz frou doriwwer, datt gesot ginn ass, datt d'Musek éischtens wäertvoll ass, zweetens scho bal e Grondrecht ass. Mä mir sinn am Beräich vun engem fakultativen Ugebuet an net wéi am Enseignement primaire, dat obligatoresch ass.

En aneren Aspekt: d'Autonomie communale. Do hu mer net agegraff, an dat war och deemools 1998 weder gewollt vun der Regierung nach vun der Chamber. D'Autonomie communale spillt also a mécht aus, firwat esou vill Ënnerscheeder sinn ënnert de Gemengen, wat déi eng erëmkréien a wat anerer erëmkréien.

Verschidden Aart a Weise fir ze organiséieren, verschiddenaarteg Qualifikatiounsugebueder, Qualifikatioun vun den Enseignanten, en anert Bezuelen, aner Paien, aner Definitioune vun den Tâchen, op där enger Plaz Déchargen, op deenen aneren net, en anere Statut vum Personal, Niewenaktivitéite vun den Enseignanten, déi mat erageholl ginn an dee ganze kommunale Museksunterrecht oder net, déi déi eng iwwert déi normal Tâche lafe loossen, déi aner net, den Niveau vum Unterrecht selbstverständlech als solchen, an dann natierlech verschiddenaarteg Koeffizienten, déi iwwert d'Gesetzer respektiv iwwer Reglement festgeluecht ginn, fir erëmzebezuele jee nodeem ob Museksschoulen oder Conservatoiren organiséiert Coursen ubidden.

Also d'Autonomie vun de Gemenge fir hir Coursen ze organiséieren, fir hir Leit anzestellen, fir hir Leit ze bezuelen, dat bedéngt, datt et keng homogen Situatioun ass an et och guer keng vergläichbar Situatioune gëtt a ka ginn tëschent de Gemengen. Déi kombinéiert Applikatioun vun der Autonomie a vum Plaffong mécht och, datt et esou grouss Ënnerscheeder gëtt vun enger Gemeng op déi aner am Betrag deen se erëmkréien.

Dobäi muss ee soen, datt déi Gemengen, déi hei ugeschwat gi sinn an déi wäit iwwert deenen zwee Drëttel leie vum Remboursement, hire Museksunterrecht aneschters organiséiert hunn, an déi Gemengen, déi wäit ënnert deenen zwee Drëttel leie wat se erëmkréien, manifest och déi sinn, déi ganz kloer do aner Kritären usetze bei der Organisatioun vun hirem eegenen Enseignement musical.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt virun 1998 keng direkt staatlech Bedeelegung do war, mat Ausnahm vun e puer Subsidë beim Museksunterrecht. Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt, wa gesot gëtt, datt de Museksunterrecht méi deier ginn ass zënter dem Gesetz vun 1998, wéi wann do eng Kopplung géif bestoen, ech natierlech da froe muss: Ass et da wierklech gutt wa mer de Plaffong systematesch nach weiderhi géifen unhiewen an dat vläicht e Risiko wier, datt d'Spiral nach weider géif dréinen, et nach weider méi deier géif ginn?

Ech wëll och vläicht soen, wann ee seet, firwat hu mer en extrat Gesetz gemaach fir e puer dausend oder Milliounen Euro, dann ass dat op déi eng Aart wouer, mä op déi aner Manéier huet et erméiglecht, dat hei nach eng Kéier alles unzeschwätzen an och dee Moment eng Demande d'interpellation anzebréngen. Déi Demande d'interpellation, do géif ech eigentlech virschloen, datt een déi mécht wa mer ausgewäert hu wat mer an deem Aarbechts- a Reflexiounsgrupp, deen nom Hierscht agesat gëtt - sou wéi mer et schonn ugekënnegt haten an der Chamberskommissioun - wann do éischt Resultater do sinn. Ech mengen, et ass déi nëtzlechst Aart a Weis fir et dann ze maachen.

Ech muss awer soen, datt déi Aarbechten do och nach net kënnen direkt esou ulafe wéi mir dat wëllen, well mer net vun alle Plazen a vun alle Gemengen d'Statistiken hunn, déi mer brauchen. Ënner anerem zum Beispill ass de Syndikat vu Réiden ee wou mer net all Donnéeën eran hu wéi mer dat bräichte fir eis Aarbechten.

(Interruption)

Ech muss awer och soen,…

(Interruptions)

…datt all déi Froen hei, déi Dir berechtegterweis stellt, och alleguerte schonn an der Kommissioun ugeschwat gi sinn a mir se och alleguerten do, oder bal alleguerte beäntwert hunn, esou datt ech sécherlech iwwer vill Saachen elo ka méi séier driwwer ewechgoen. Berouegt lech also, ech wäert net méi esou laang schwätzen.

Période probatoire, Madame Flesch, do hutt Der Recht. Déi fënnef Joer, déi si weder am Gesetz nach am Reglement drageschriwwen. Déi fënnef Joer hu mer éischtens gemaach fir datt een eng gewëssen Experienz kritt, fir datt ee ka kucke wéi et geet, an dann entscheeden, ob een et zougesteet oder net. Dat ass och am Accord mat deene Gemengen, déi selwer den neie Statut froen, ofgemaach ginn. Fënnef Joer sinn agesat ginn, well dat déi normal Dauer ass vun der Division moyenne.

(Interruption)

Ech weess, Dir hutt vill Froe gehat, mä vläicht net onbedéngt vill Loscht fir Äntwerten op se all ze kréien,…

(Interruptions et hilarité)

…mä wann een dann nach just d'Activités accessoires vun de Militärmuseker uschwätzt, ass et esou, datt se déi kënne maachen, datt se awer als Statsbeamten och un de Statut vum Statsbeamte gebonne sinn, an duerfir ass déi Zuel vun den zousätzleche Stonnen a Coursë beschränkt. Allerdéngs wann ee Coursë muss ubidden, fir déi net genuch Enseignanten disponibel sinn, da kann een och eng Derogatioun kréie fir méi Stonnen.

An d'Saach mat den dräi Langues administratives gëtt esou behandelt, wéi dat fir de ganzen Enseignement gemaach gëtt: Et besteet och do eng Méiglechkeet vun Dispens vun enger vun de Sproochen.

Da wëll ech soen, datt mer mat eise puer Aussoe schonn an Uecht huelen, wéi eng komplex Matière et ass, iwwert déi een natierlech laang kënnt diskutéieren, iwwert déi mer och méi laang geschwat haten an der Kommissioun, wou mer och en Deel Saache gekläert haten; datt duerfir déi Grupp agesat gëtt, an déi och de Syvicol wäert mat agebonne ginn, an anerer déi Coursen ubidden, fir alles ze iwwerkucken.

Ech wëll domadder just zousätzlech, fir ofzeschléissen, soen, datt mer alleguerten eens sinn, datt d'Gesetz vun 1998 positiv Auswierkungen hat. A wann dat de Fall ass, da war et och néideg, gläichzäiteg, fir datt et net sollt ausuferen, e Plaffong dranzesetzen. A wann een de Gesamtbetrag hëlt, deen elo am Gesetz steet, dee jo schliesslech héich ass, wou nach en Drëttel op engem anere Wee dobäikënnt, da muss ee jo awer deelweis Uecht doen, wéi een dat Ganzt organiséiert, fir datt et net ze vill explodéiert.

Mir wëllen net an d'Gemengenautonomie heibäi agräifen an déi a Fro stellen. Dat ass wéi gesot elo net viséiert, an dat war et och net 1998. Ech kënnt mer och virstellen, datt et nach zousätzlech Finanzéierungsquelle gëtt. Do kann een eegestänneg op Gemengenniveau virgoen. Et sinn nach verschidden aner Méiglechkeeten do.

Dozou muss een nach bemierken, datt et natierlech flott wär, wann an der Primärschoul vill méi Akzent op de Museksunterrecht géif gesat ginn, dee jo zum Deel souwisou soll gemaach ginn, deen awer leider net ëmmer gemaach gëtt oder mat ënnerschiddlecher Qualitéit. Do wär natierlech och eng Méiglechkeet fir d'Gemengeverantwortlech, fir do nach e bëssen nozehëllefen.

An da wëll ech - fir definitiv ofzeschléissen - soen: D'Gemengenautonomie wëlle mir respektéieren. Ech denken, datt et awer och wichteg ass, déi dräifach Motivatioun vum Gesetz vun 1998 oprechtzeerhalen, nämlech ze förderen, datt een an de Museksunterrecht soll kënne goen, entweder einfach aus Spaass un der Musek, oder fir sech eventuell op eng professionell Carrière virzebereeden, an datt drëttens d'Museksausbildung fir Erwuessener viséiert ass.

Och dat bedéngt erëm, datt natierlech extrem grouss Ënnerscheeder sinn zwëschen dem Ugebuet, zwëschen dem Zweck vun der Saach, zwëschen dem Käschtepunkt. Dir gesitt also elo schonn, datt et net einfach wäert si fir eng aner Léisung ze fannen oder fir eng Léisung ze fannen, déi fir jiddfereen d'selwecht géif kënnen applikabel sinn.

Trotzdeem mengen ech, datt mer hei e ganz grousse Konsens hunn, net nëmmen doriwwer, datt de Stat hëlleft bezuelen, mä och iwwert d'Nëtzlechkeet an iwwert d'Wichtegkeet vum Ugebuet, vum Museksunterrecht a vun der Museksausbildung. Also denken ech, datt mer och op villen anere Punkte wäerten Accordë fannen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Statssekretärin. Domadder si mer fir haut fäerdeg. Eis nächst a lescht Sëtzung vun der Sessioun 2004-2005 geet mar de Mëtten um hallwer dräi un. Ech soen lech Merci, dass Dir et esou laang ausgehalen hutt.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.56 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op **www.chd.lu** mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Ordre du jour

1. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Londres en date du 7 juillet 2005

2. 5486 - Projet de loi modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

b) la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales (suite)

(Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)

4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

(Vote et dispense du second vote constitutionnel)

5. 5476 - Projet de loi modifiant la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg

(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

6. 5477 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

7. Discours de M. le Président Lucien Weiler

8. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouve M. Claude Wiseler, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Neen, Här President.

1. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Londres en date du 7 juillet 2005

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, leider heefe sech a leschter Zäit déi méi wéi traureg Geleeënheeten, bei deenen d'Chamber, stellvertriedend fir d'Lëtzebuerger Awunner, hir Trauer, hir Indignatioun a fir net ze soen hir Roserei vis-à-vis vun engem Akt vun terroristescher Barbarei zum Ausdrock bréngt.

Leschten Dënschdeg de 7. Juli huet déi ziviliséiert Welt mat Fassungslosegkeet missen erfueren, dass dës Kéier London d'Zilscheif vu krimineller Energie ginn ass, déi eis Welt bal dagdeeglech bedroht.

Ouni Récksiicht op onschëlleg Affer ass zu London nees zougeschloe ginn, géint déi fundamental Wäerter, déi eis Gesellschaft héichhält, a méi wéi jee musse mer eis virun Aen halen, datt dësen Uschlag, dee London getraff huet, leedeglech ee Glidd an enger Ketten ass, déi schlussendlech eis Visioun vun Demokratie a Mënscherechter zu Fall bréngen soll.

Fir Terrorismus gëtt et keng - awer och guer keng - Rechtfäerdegung. Deene fanatesche Géigner vun eise Wäertvirstellungen däerft net entgaange sinn, datt duerch hir Schandtaten eis Entschlossenheet fir d'Verteidegung vun eiser Fräiheet méi staark, méi resolut a méi déterminéiert gëtt.

Et ass haut d'Uleies vun der Chamber, dem Britesche Vollek d'Gefiller vun Trauer, vu Bestierzung a vu Solidaritéit auszedrécken. Jidderee vun eis fillt an dëse Momenter mat de Famillje vun den Affer a mat deenen, déi nach ënnert hire Verletzunge leiden.

Ech géif lech bieden opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un d'Affer ze gedenken.

(Minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

Mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten; et ass dat d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Statsbeamtegehälter. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Grethen, den Här Schreiner, den Här Adam an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

2. 5486 - Projet de loi modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

b) la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 5486, dee mer haut diskutéieren, soll een Deel vun deene Moossnamen ëmsetzen, déi am Accord salarial stinn, deen den 31. Mee vun dësem Joer tëschent der Regierung an der CGFP ënnerschriwwe ginn ass.

Ech mengen et wier gutt wann een déi Moossname géif kuerz rappeléieren, fir och d'Bedeitung vun deem Accord an de Vierdergrond ze stellen.

Et sinn eigentlech dräi Kategorië vu Moossnamen, déi an deem Accord salarial dra sinn. Et si fir d'éischt mol déi Moossnamen, déi duerch ee Gesetz mussen ëmgesat ginn. Et sinn zweetens Moossnamen, déi duerch Règlement grand-ducal kënnen ëmgesat ginn. An et sinn dann eng Rei vun Engagementer - dat ass déi drëtt Kategorie vun deem Accord salarial -, déi de Stat geholl huet, fir am Intérêt vun der Fonction publique ëmzesetzen.

Fir d'éischt mol d'Moossnamen, déi duerch Gesetz ëmgesat ginn; et sinn dat eigentlech véier verschidde Moossnamen. Et ass fir d'éischt d'Erhéijung vum Punktwäert vun de Gehälter; 1% vum 1. Januar 2005 un, an ëm 0,8% vum 1. Januar 2006 un.

Et ass zweetens d'Méiglechkeet vun engem Avancement en traitement fir déi Beamten, déi während 12 Joer vu kengem Avancement konnte profitéieren. Sief et well se an enger Verwaltung si mat engem ganz niddregen Effectif, an där Carrière wou se dra sinn, oder awer well duerch eng sou genannt asymmetresch Alterspyramid d'Méiglechkeet vun engem normalen Avancement an där Verwaltung net besteet.

Et ass dann drëttens d'Aféierung vun engem eenheetlechen Délai vun engem Mount bei dem Reklamatiounsrecht vun de Beamten, deen am Artikel 33 vum Statut virgesinn ass.

An et ass véiertens d'Aféierung vun engem Stage à temps partiel vu 50 oder 75%.

Zweet Kategorie vu Moossname sinn déi, déi duerch Règlement grand-ducal kënnen ëmgesat ginn. Dat sinn der och véier. Et ass fir d'éischt d'Proratisatioun vun der lessenszoulag no der Aarbechtszäit, mat Pallierë vu 25, 50 a 75%.

Et ass zweetens d'nei Festsetzung vun der Indemnité kilométrique op 0,40 Euro.

Et ass drëttens d'Upassung vun der Indemnité d'habillement, der Kleedermass, no dem Index.

An et ass zu gudder Lescht d'Eropsetze vum Congé de circonstance vun zwee op véier Deeg. Dat ass de Congé vun deem Pappe kënne profitéieren, wann hir Fraen ee Kand kréien. Et ass also am Sënn vun enger méi grousser Gläichberechtegung, schéngt et mir.

Déi drëtt Kategorie sinn eenzel Moossnamen, vun deene sech de Stat engagéiert huet ze huelen; ech wëll déi net eenzel hei opzielen. Et geet dat vun der Aféierung oder vun der Neibeliewung vun Aarbechtsgruppen a Kommissioune bis hin zu dem Engagement vum Stat, fir och nei Lokaler ze siche fir d'Statsbeamtekantin, déi duerch den Erfolleg, dee se och an de leschte Jorzéngte kannt huet, net méi den Erfuerdernisse vun haut entsprécht.

Den Accord salarial vum 31. Mee 2005 war noutwendeg ginn, well dee viregten Accord salarial vum 21. Mäerz 2002 ofgelaf war mat dem leschten Dezember 2004. Et huet also een neien Accord missen ausgehandelt ginn. D'Statsbeamtegewerkschaft, d'CGFP, huet dofir um Enn vum leschte Joer, schonn am November, ee Katalog vu Fuerderungen un d'Regierung eraginn. D'Verhandlunge sinn am Laf vun dem November bis Ufank vun dësem Joer gelaf an, wéi gesot, den 31. Mee 2005 konnt dann een neien Accord ofgeschloss ginn. Dee leeft iwwert d'Joren 2005 an 2006, sou dass, wann en Enn 2006 zu Enn geet, nei Verhandlungen um Enn vun deem Joer mussen ugefaange ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord salarial vum 31. Mee vun dësem Joer schreift sech och an an déi kontinuéierlech a moderéiert Gehaltspolitik, sou wéi dat an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 virgesinn ass.

Am Exposé des motifs vum Regierungsprojet, deen iwwregens den 30. Juni an der Chamber deponéiert ginn ass, mä och am schréftleche Rapport vun der Kommissioun sinn déi Eckwäerter, déi Elementer, déi derzou geféiert hunn, dass deen heiten Accord zustane komm ass, mat där Erhéijung, déi fir se virgesinn ass, mat deene Moossnamen, wéi si virgesi sinn. Do sinn déi Motiver répétéiert, sou dass ech haut an hei net méi nach eng Kéier op déi Elementer brauch anzegoen; déi si bekannt. An et ass jo jiddereen och senséiert, déi Dokumenter, déi eis virleien, gelies ze hunn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, den Text vum Gesetzesprojet ass vun der Beruffschamber aviséiert ginn, an déi huet och deem Text hiren Accord ginn.

De Statsrot, deen den 28. Juni mam Projet befaasst ginn ass, huet a sengem Avis vum 5. Juli nëmmen d'Artikelen I, II a V begutacht. Hien huet mat der Motivatioun, et wier em net genuch Zäit zur Verfügung, d'Artikelen III a IV net aviséiert.

Dat sinn déi Artikelen, déi déi Mesurë betreffe wat den Avancement ugeet an esou weider.

D'Artikelen I an II sinn éischtens d'Gehaltserhéijung an zweetens d'Matadaptatiounen um Budget, esou dass, well de Statsrot keen Avis ofginn huet, d'Kommissioun déi zwee Artikelen, déi de Statsrot net aviséiert huet, och net konnt zréckbehalen. Well Dir wësst, dass mer, wa mer dat gemaach hätten, hätte missen den Text un de Statsrot zréckginn. Mir hätten dräi Méint misse waarden. Domat wär och den éischten Artikel dann ëm déi Zäit zréckgeworf ginn. Dofir ware mer och der Meenung, a mir bedaueren dat, dass mer nëmmen d'Artikelen I an II kënnen zréckbehalen.

Mir hunn derniewent awer och den Artikel V gekuckt. Den Artikel V huet als Zil, den Datum vum Akraafttriede vum Gesetz festzesetzen, an zwar ass do den Datum vum 1. September vun dësem Joer virgesinn. Deen Datum ass haaptsächlech an d'Gesetz ageschriwwe gi wéinst de Mesurë vun den Artikelen III a IV.

Well awer déi Artikelen ewechfalen, well op där anerer Säit am Artikel I kloer festgeluecht ass, dass d'Erhéijung vun 1% vun de Gehälter réckwierkend op den 1. Januar vun dësem Joer geschitt, an dass d'Erhéijung vun 0,8% am Januar 2006 geschitt, well zweetens den Artikel II eng Ännerung vum Budget bëinhalt, déi op d'ganzt Joer zoutrëfft, ware mer der Meenung, dass den Artikel V an där Form net bräicht zréckbehalen ze ginn. Well esou wéi e virlouch, hätt en héchstens zu Ambiguïtéite gefouert, well een dann net kloer gewosst hätt, ob dann d'Regierung schonn den 1. September hätt missen ausbezuelen oder zu deem Datum, deen zréckbehale gi wär.

Op jidde Fall war d'Kommissioun der Meenung, dass et net méi noutwendeg wär fir deen Artikel an där Form zréckzebehalen. Dofir fält deen Artikel och ewech. Dat bedeit, dass d'Gesetz a Kraaft trëtt no deem normalen Délai, dat heescht dräi Deeg no der Publikatioun am Mémorial. Et hänkt also elo un der Regierung fir dass deen Text, dee mer haut stëmmen a wou mer unhuelen, dass de Conseil d'État d'Dispense du second vote gëtt, och séier kann a Kraaft trieden.

Dir Dammen an Dir Hären, dee méi kuerzen Text vum Gesetz ass e gudden Text. Dofir géif ech och d'Chamber bieden, deen an där Form ze stëmmen, an ech kann heimat och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Henri Grethen ageschriwwen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Merci soen, souwuel fir säi schréftleche wéi fir säi mëndleche Bericht. Mat him bedaueren ech, dass mer haut net kënne sämtlech Elementer vum Accord salarial ëmsetzen. Dat wéinst der Haltung vum Conseil d'État, deen aus zäitleche Grënn net dozou komm ass, dee ganzen Text ze aviséieren.

Ech gesinn et als e positiivt Zeechen, Här President, dass et zu engem Accord salarial komm ass. Dat war jo net ëmmer de Fall, a bis 1999 hu mer eng laang Period kannt wou et net zu engem Accord komm war, an et ass eréischt no 1999 wou meng Kolleege Lydie Polfer a Jos Schaack et fäerdeg bruecht hunn, erëm Accords salariaux auszehandelen.

Dofir sinn ech frou, dass de Minister Claude Wiseler an deem Geescht weidergeschafft huet, an ech sinn och frou an ech félicitéieren ausdrécklech deene verschiddene Verhandlungspartner, dat heescht der Regierung op där enger Säit an der CGFP als déi representativ Gewerkschaft am öffentleche Secteur op där anerer Säit, dass se déi Verhandlungen an engem Klima vun, wéi soll ech soen, an engem gudde Klima wuel, mä awer net op der Place publique gefouert hunn. Well et weess ee jo wéi vill Näider d'Fonction publique huet a wéi et dann ëm esou Verhandlunge gestallt ass, wann, entschëllegt den Ausdrock, Jänni a Männi mengt e misst sech op där enger an op där anerer Säit do amëschen.

Dat Resultat, wat erziilt ginn ass, 1% fir d'Joer 2005 réckwierkend op den 1. Januar also an 0,8% fir

d'Joer 2006, kann a muss een als moderat bezeechnen, wann ee weess, dass mer d'lescht Joer e Wirtschaftswuesstum vu 4,5% haten. Däerf ech awer drun erënneren, Här President, dass am Joer 2004, um Ufank vum Joer, wéi ech gewot hat an enger Ried ze soen, dass d'Prévisioune fir de Wirtschaftswuesstum, déi d'Regierung an de Statec virausgesot haten, mengem Gefill no e bëssen ze moderat wären, an dass ech géif mengen, dass mer géifen e Wirtschaftswuesstum vun op d'mannst 2,5, jo souguer vläicht 3% erreechen, mer deemools Electoralissem virgeworf ginn ass. Deemools hunn ech gesot kritt, am Hibléck op d'Wahle wéilt ech d'Situatioun schéirieden. Elo, 2005, stelle mer fest, dass et 4,5% sinn, an am Liicht vun deenen Zuelen ass deen Ofschloss hei absolut ze verteidegen.

Här President, mir brauchen eng modern Fonction publique. Mir brauchen an der Fonction publique motivéiert, engagéiert Mataarbechter. Dofir huet och déi viregt Regierung gekuckt, dass sollte Passerellë kommen zwëschent dem Privatsecteur an dem öffentleche Secteur. An ech muss Iech soen, Här President, vläicht net bei deenen ënneschte Gehälterkategorien, mä bei deenen ieweschte Gehälterkategorië gesäit ee jo wéi schwéier et ass fir aus dem Privatsecteur gutt Leit ze rekrutéieren. Eenzel Ministeren an dëser Regierung hu jo misse praktesch den Hochstand drécken, wéi se deen een oder deen anere vun hire Conseillere wollten engagéieren.

Dat beweist, dass dat Mäerche vum Iwwerbezuelen an der Fonction publique op alle Fall net iwwerall richteg ass. Mir hunn och aus dem Rapport Fontagné erausgelies, een dee wollt dat liesen, wéi wichteg den öffentleche Secteur fir d'Kompetitivitéit wär, e gudden, performanten öffentleche Secteur fir eis Ekonomie wär. Ech hoffen, Här President, dass bei deene Reformen, déi an deene leschte Joren initiéiert gi sinn, an deemselwechte Geescht weidergefuer gëtt.

Ech ka mech nëmme félicitéiere fir dësen Accord, deen zwëschent der Regierung an der CGFP erreecht ginn ass, an ech däerf, Här President, den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Accord bréngen, verbonne mam Wonsch, deen aneren Deel vum Accord salarial esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt och emol vu menger Säit aus e ganz häerzleche Merci un de Rapporteur, de Paul-Henri Meyers, fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, dee jo ganz kuerzfristeg huet missen erstallt a verfaasst ginn, fir dass mer dëse Projet de loi, oder wéinstens en Deel dovun, haut nach kënne virun der Vakanz evakuéieren.

Ech erënneren drun, an et ass scho gesot ginn, dass jo de Gehälteraccord eréischt den 31. Mee, dat ass jo nach net esou laang hier, ënnerschriwwe ginn ass, an dass déi Prozedur - Statsrot, Avisë vun de Chambres professionnelles - a relativ kuerzer Zäit huet misse gemaach ginn.

Wéi de Rapporteur och scho gesot huet, beschränkt sech dëse Projet just op d'Augmentatioun vum Punktwäert a seng Inzidenzen op de Budget. Op déi aner Elementer vum Accord salarial, déi an e Gesetz musse gekleet ginn, dorop kréie mer jo dann d'Geleeënheet an enger zweeter Etapp zréckzekommen, och wann ech, grad wéi mäi Virriedner, bedaueren, dass et eis eben aus deenen techneschen, organisatoresche Grënn net méiglech war, dee gesamte Package elo nach ze evakuéieren - mä dat wëlle mer jo dann an enger zweeter Etapp esou séier wéi méiglech nohuelen.

Gehälterverträg hunn an der Vergaangenheet des Öfteren Ulass gi fir vill Diskussiounen an der Öffentlechkeet; och ech begréissen, dass dat u sech dës Kéier méi roueg ofgelaf ass.

Et ass awer selbstverständlech nëmme logesch a wichteg, dass Accord-salarialen an der Fonction publique musse gesi ginn am Kontext vun der finanzieller Lag vum Stat, well et eben hien ass, deen d'Gehälter vu seng Beamte bezilt a se och muss finanzéiere kënnen, dass se awer och musse gesi ginn am Kontext vun der Kontinuitéit vun der Besoldung vun den öffentleche Bedéngschteten.

Kontinuitéit ass wichteg, well wa mer e modernen an en effiziente Stat wëllen, deen am Déngscht vum Bierger steet, da brauche mer och gutt forméiert a motivéiert Beamten. Dofir ass et wichteg, dass e gesond Vertrauensverhältnis besteet tëscht dem Patron a senge Leit, an dozou gehéiert och Vertrauen an eng gesond Gehälterpolitik.

Natierlech muss esou en Ofkommes och an de Kader vun der wirtschaftlecher Dynamik an eisem Land gestallt ginn. Wann et dem Stat gutt geet, wann en iwwer ausräichend finanziell Ressourcë verfügt, da kann e sech gewësse Générositéite géintiwwer vu senge Beamte leeschten an erlaben. Wann dat net esou ass, da gesinn d'Gehälteraccorden och emol anescht aus. Dat hu mer an der Vergaangenheet jo och schonn erlieft.

Dat hu mer zum Beispill Mëtt den 80er Jore gesinn, wéi eng Period vu gréisserer Zréckhalung opgrond vun enger wirtschaftlecher Flaut op en Enn gaangen ass, an en Accord, dee 4% Augmentatioun iwwer zwee Joer virgesinn huet, konnt applizéiert ginn. Vun deem Moment un hu sech all nofolgend Accorden, wann et dann Accordë waren, op engem méi héijen Augmentatiounsniveau ugesiedelt, well dat gesamtwirtschaftlech gekuckt och da gerechtfertegt war.

D'Abettung vun de Gehälter am öffentleche Secteur an de Kontext vun der wirtschaftlecher Leeschtungsfäegkeet vum Land, an domat och der Leeschtungsfäegkeet vum Stat, ass e wichtege Kritär. Et ass sécher richteg, dass mir de Moment net méi an därselwechter Boomlogik dra sinn an eiser Ekonomie wéi dat nach virun e puer Joer vläicht de Fall war, och wann eng gewësse Reprise jo net ze verkennen ass, an och Deeler vun der Privatwirtschaft déck Gewënner de Moment nach ëmmer verzeechnen.

Mir leie fir d'lescht Joer - an den Henri Grethen huet et gesot - bei engem Wuesstum vu 4,5%. Am Joer 2000 waren et der nach ronn 8,5%. Et muss een och wëssen, dass am Privatsecteur jo ganz virsiichteg de Moment och verhandelt gëtt, well d'Verhandlungskontexter vläicht net ëmmer déi gënschtegst an och oft ganz kriddelech sinn.

Wa mer d'Virgabe vun der Regierungserklärung kucken, an dat ass och schonn hei gesot ginn, da kann ee roueg behaapten, dass dësen Accord de Statsfinanze souwéi de Prinzipien, déi fir dës Legislaturperiod a Saache Gehälterpolitik opgestallt goufen, Rechnung dréit. Kontinuitéit a Saache Besoldung vun den öffentleche Beamten, moderat Moossnamen, an och Respekt virun de budgetäre Contrainten. Ech wëll elo hei net doriwwer spekuléieren, ob den Accord dann och deem méi zolitte 4,5%ege wirtschaftleche Wuesstum bis zum Schluss elo Rechnung dréit.

Grondsätzlech, mengen ech, si mir och als LSAP der Meenung, an ech mengen dat ënnerscheet eis och net vun deenen anere Parteien, dass d'Fonctionnairen, d'Beamten, d'Aarbechter beim Stat, de Gemengen an och aus den assimiléierte Secteuren e Recht hunn, un där allgemenger dach gudder wirtschaftlecher Lag während der Period, op déi sech den Accord berifft, ze participéieren. Ech wëll och elo hei keng Stee opmaachen a soen, den Accord hätt quantitativ nach missen oder kënne besser ausgesinn. Den Impakt op d'Statsfinanzen - an déi Zuelen, déi mer jo och am Rapport konnten noliesen, ënnermaueren dat - ass jo awer och substanziell, och wann ee muss wëssen, dass iwwert de Wee vun de Steieren en Deel nees zréckfléisst an och de positiven Impakt op d'allgemeng Ekonomie net ze ënnerschätzen ass. Et kann ee global feststellen, dass dësen Accord eng gutt Mëschung duerstellt tëschent deene finanzielle Capacitéite vum Stat op där enger Säit an de legitimen Usprëch vum Personal op där anerer Säit.

Här President, grondsätzlech ass et jo esou, dass déi staatlech Lounpolitik net fundamental anescht ka si wéi déi am Privatsecteur. An der Vergaangenheet war et des Öfteren esou, dass d'Regierung d'Verhandlunge mat der Statsbeamtegewerkschaft opgrond vun enger Etude comparative iwwert d'Evolutioun vun dem Akommes am Privatsecteur an am öffenleche Secteur gefouert huet. Dës Kéier ass déi doten Etüd net gemaach ginn, mä d'Regierung huet sech beruff op eng ganz Rei vu komparativen Etüde sektorieller Natur, och wat d'Evolutioun am konventionéierte Secteur zum Beispill ugeet.

An der Kommissioun hu mer eigentlech déi doten Elementer net esou diskutéiert bis an den Detail, an och den Exposé des motifs gëtt wuel ganz chiffréiert an étoffëiert Informatiounen iwwer eis national, europäesch an och Weltwirtschaft, mä e léisst eis awer dach e bëssen am Onkloeren iwwert déi eigentlech Parameteren, op déi d'Regierung sech bei de Verhandlungen nach beruff huet, niewent de Prémissë vun der Regierungserklärung. Vläicht kann de Minister eis herno doriwwer nach e bësse méi prezis Informatioune liwweren.

Ech hu gesot, den Accord entsprécht de Virgabe vun der Regierungserklärung. Ech wëll mech och dofir net ze vill inhaltlech domat ausernee setzen. E gouf jo och vun de Verhandlungspartner als en zefridde stellenden Accord beschriwwen, wat jo beleet, dass de Patron Stat mat de Vertrieder vu senge Beschäftegten eens ginn ass.

Et sief mer awer d'Feststellung erlaabt, dass mer et hei, wéi mer et eigentlech och aus der Vergaangenheet scho gewinnt sinn, mat engem eigentlech klasseschen, linéairen Accord ze dinn hunn, dee wuel quantitativ korrekt ass, deen awer qualitativ och anescht hätt kënnen agencéiert ginn, fir vläicht de Sensibilitéite vu verschiddene Kategorien, besonnesch méi an deenen ënneschte Beräicher, besser Rechnung ze droen. Hei soll och vläicht d'Regierung sech iwwerleeën, ob bei zukünftege Verhandlungen net op esou e Wee och ka gaange ginn.

Dann ass et och esou, dass laut der Fiche d'évaluation d'impact, déi jo partie intégrante vum Projet de loi ass, dësen Accord salarial sech direkt applizéiert op ronn 20.000 bis 21.000 Statsbeamten, -employéen an -aarbechter, an doriwwer eraus zousätzlech och op ronn 21.000 Leit aus deene sou genannten assimiléierte Secteuren. D'Regierung verhandelt jo traditionell mat där bei wäitem stäerkster a representativster Gewerkschaft aus dem Secteur, wat u sech e politesche Choix ass, deen déi jeeweileg Regierungen an der Vergaangenheet ëmmer gemaach hunn.

Bon, ech bleiwen der Meenung, dass dat och kéint anescht fonctionnéieren. Wichteg ass awer, dass - an dat entsprécht, mengen ech, dem allgemengen demokratesche Versteesdemech - och déi aner Gewerkschaften am Secteur zumindest hir Meenung an d'Verhandlunge kënnen afléisse loossen an hir Sensibilitéite kënnen zur Sprooch bréngen. Wa se da schonn net un den eigentleche Verhandlunge kënnen deelhuelen, da solle se zumindest gehéiert, consultéiert an och informéiert ginn.

Ech muss soen, dës Kéier huet dat jo och emol besser geklappt wéi dat schonn emol an der Vergaangenheet de Fall war, wou och déi Gewerkschaften oder déi Vertrieder vun hire Kategorien d'Verhandlungsresultat aus der Press hu missen erfueren. Zumindest op deem Plang ass dat schonn als e Fortschrëtt ze verzeechnen.

Ech wëll awer do mech net weider avancéieren op deem Thema. Ech wëll just ofschléissend soen, compte tenu vun all deem, wat scho virdru gesot ginn ass, a vun deem, wat ech och elo hei gesot hunn, a compte tenu och vun där grousser Eenegkeet déi besteet tëschent deenen zwee Verhandlungspartner, soll d'Chamber dann och sech dëser allgemenger Eenegkeet uschléissen an dëse Projet guttheeschen. Op alle Fall wäert meng Fraktioun dee Projet och esou hei stëmmen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Adam. Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho ganz villes gesot ginn. Ech wëll dat och net widderhuelen, et war och näischt derbäi wou ech menge Virriedner net bäigeflicht hätt. Et ass och fir déi gréng Fraktioun selbstverständlech, datt mir eisen Accord ginn zu deem Accord salarial, dee vun der Regierung an der CGFP ausgehandelt an den 31. Mee ënnerschriwwe gouf.

Eng Augmentatioun vun 1% ab dem 1. Januar 2005 a vun 0,8% ab dem 1. Januar 2006 ass an eisen Aen eng moderat Lounentwécklung. Mir hätten och kënne mat e bësse méi liewen, mä mir hätten och kënne mat e bësse manner liewen. Dat wëll ech awer erklären.

Mir sinn der Meenung, vläicht wier dat eng Iddi fir emol an Zukunft och esou ze verhandelen. Mir hätten eis och kënnen eng Nullronn virstellen an der Pai, an dann hätt een de Beamten de Choix gelooss, ob se vläicht anstatt 1% méi an der Pai gär 1% méi Congé gehat hätten. Wier dat net eng Méiglechkeet, fir och emol eng Kéier op esou e Wee ze goen an esou eng Iwwerleeung ze féieren?

(Interruption)

All déi Accorden, wéi gesot, sinn eiser Meenung no e gutt Resultat vun enger Verhandlung. Mir sinn eis och bewosst, datt dat Resultat hei, dat ass ëmmerhin de Stat, dee gréissten Employeur aus dem Lëtzebuerger Land, dat heescht dat ass schonn en Accord salarial vun enger ganz grousser Bedeitung. Op déi eenzel Mesuren, op déi och den Här Paul-Henri Meyers agaang ass, wëll ech elo net méi am Detail agoen.

Ech begréissen awer nach ausdrécklech zwou familljepolitesch Mesuren, déi och an deem Accord stinn. Dat eent ass, datt de Congé de circonstance ëm zwee Deeg eropgesat ginn ass. Ech mengen dat ass eng Mesure, déi den zukünftegen Elteren et erlaabt, wann och nach kleng Kanner am Haus sinn, fir sech besser ze organiséieren.

E ganz wichtegen Detail an en zweete Punkt, deen eigentlech nach kee Resultat viraussoe léisst, ass, datt e Groupe de travail sech wëllt domat beschäftegen, datt d'Allocation de famille integral un déi Elteren ausbezuelt gëtt, wou déi zwee Elteren décidéiere fir hallef schaffen ze goen. Dat war bis elo oder dat ass nach ëmmer am Moment eng Ongerechtegkeet, datt, wann zwee Leit hallef schaffe ginn, se nëmmen eng hallef Allocation de famille kréien. Ech fannen et awer flott, datt dat och als Problem erkannt ginn ass an datt ee sech wëllt domat ausernee setzen.

Ech bréngen dann den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport iwwert dëst Gesetz, wat zesummegeschrumpft ass opgrond vum Avis vum Conseil d'État an am Fong nëmme méi nach d'Artikelen I an II huet, déi eng Gehaltsopbesserung an der Fonction publique virgesinn den 1.1.2005 vun 1% an den 1.1.2006 vun 0,8%.

Et ass vu menge Virriedner gesot ginn, datt d'Lëtzebuerger Land, de Stat, d'lescht Joer e Wirtschaftswuesstum hat vu 4,5%, wat mer, mengen ech, alleguer begréissen. Et ass normal, wann e Wirtschaftswuesstum ass, datt dann och déi Leit, déi gehollef hunn, souwuel am private wéi am öffentleche Secteur, datt dee Wuesstum zustane kënnt, och e Recht op en Undeel vun deem Wuesstum hunn.

Et ass en Accord vun 1,8% op zwee Joer. Wa mer e mam Privatsecteur vergläichen, gëtt et am Privatsecteur Betriber, wou mer op zwee Joer ähnlech Resultater a Kollektivverträg hunn. Mir hunn awer allerdéngs och leider an der leschter Zäit Kollektivverträg am Privatsecteur, déi net méi déi doten Augmentatioun erauskréien. Mir hunn och déi leschte Kéier bei engem gréissere Betrib gesinn, datt wuel am Kader vun de Kollektivvertragsverhandlunge bei den Aktiven eng liicht Progressioun ass, mä datt déi Leit, déi nei an déi Betriber erakommen, awer mat méi niddrege Gehälter ufänke wéi dat bis elo de Fall war.

D'Fro, déi ee sech insgesamt ka stellen, dat ass ob et richteg ass, datt mer ëmmer eng linéaire Augmentatioun beim Stat maachen, an ob een net sollt versichen, och am Kader vun där Enveloppe vläicht méi punktuell ze reagéieren, well mer jo awer och wëssen, datt mer beim Stat eng Rei vu Carrièren hunn, wou mer Problemer hu fir Leit ze fannen - et ass net bei alle Carrièren, mä et si spezifesch Fäll do -, ob een net do misst vläicht méi selektiv virgoen, fir eben déi Gehälter oder déi Carrièrë méi attraktiv ze maachen.

Et ass kloer, wann ee beim Stat géif elo direkt e Verglach maachen tëschent den eenzelne Carrièren am Privatsecteur, da géif ech mengen, datt ee kéint global gesi soen, datt déi ënnescht Carrièren eventuell, oder beim Stat an der Moyenne gesinn, méi héich bezuelt si wéi am Privatsecteur. Wann ee méi eropgeet, kann een allerdéngs am Privatsecteur Carrièrë fannen, déi do besser bezuelt sinn - net alleguer, awer zum Deel -, wéi dat am öffentleche Secteur de Fall ass. Et ass och do wou ee gréisstendeels Problemer huet, fir eben déi Topleit ze kréien, déi ee brauch.

Ech géif mengen, datt een éischter misst an esou eng Richtung goe wéi déi, déi de Kolleeg Adam elo hei gesot huet, woubäi ech dovunner ausginn, datt hien, wéi e gesot huet 1% Lounaugmentatioun oder 1% Congé, domadder déi Masse

salariale gemengt huet, de Coût gemengt huet vun deem enge Prozent. Well soss wier et nämlech relativ schwaach wat do géif u Stonnen, u Congé erausfalen.

Mä ech mengen op där anerer Säit musse mer och oppassen, datt mer eng Fonction publique behalen, déi awer och fonctionnel bleift, an datt mer net sollte vläicht ze vill an déi Richtung goen, well mer dann och wëssen, datt ëmmer méi Leit op hire Fonctioune feelen, wat sécherlech dann och erëm aner Problemer mat sech bréngt, esou datt ee menger Meenung no awer besser läit, datt een um Gehalt eppes mécht, wéi datt ee sollt d'Reduktioun vun der Aarbechtszäit beim Stat virgesinn.

Wann d'Regierung higeet a si akzeptéiert dësen Accord, da gi mer och dovun aus - an dat ass am Fong eppes wat eis positiv stëmmt -, datt d'Regierung der Meenung ass oder der Iwwerzeegung ass, datt d'Statsfinanzen dësen Accord kënnen duerchaus verkraaften.

Här President, da si mer der Meenung, wann d'Regierung zu där Konklusioun komm ass, datt mer dann och sécher, well dëse Vertrag eben elo ëmgesat gëtt, eng gewësse Garantie kréien, datt mer net an den nächste Méint oder an den nächsten zwee Joer däerften iergendwéi vun dëser Regierung Moossname proposéiert kréien, déi op där anerer Säit géifen e sozialen Ofbau bedeiten. Mä dat hei gëtt eis dann och eng gewësse Garantie, datt de Stat eis hei seet, d'Finanzen erlaben et fir d'Gehälter ze erhéijen, an dat bedeit da gläichzäiteg, datt mer net och brauchen op anere Plazen e sozialen Ofbau ze maachen.

Insgesamt, Här President, mengen ech ass et awer d'Missioun vun engem Stat, vun enger Regierung, fir ëmmer ze kucken, datt e gesonden Equiliber tëschent dem privaten an dem öffentleche Secteur besteet. Mir wëssen, datt eng Rei vun eise Betriber, virun allem mëttelstänneg a kleng Betriber am Land, haut Problemer hunn, well si en duebele Konkurrenzdrock hunn. Eis Betriber hunn engersäits de Konkurrenzdrock vun de Betriber aus der Grenzregioun, déi massiv op eise Maart hei erakommen, wou se musse mat deene konkurrenzéieren, an noutgedronge spillen dann och d'Gehälter, déi an de mëttelstännegen a klenge Betriber bezuelt ginn, eng Roll mat fir konkurrenzfäeg vis-à-vis vun de Betriber aus der Grenzregioun ze bleiwen.

Op där anerer Säit hunn déi Betriber dann awer och d'Konkurrenz vum Secteur public, well ganz vill Leit am Privatsecteur schaffen, mä - an dat ass och mënschlech -, soubal wa se eng Plaz kënne kréien am Secteur public, dann an de Secteur public eriwwerwiesselen. Et ass emol vläicht net ëmmer esou, mä d'Gehälter, déi am Secteur public bezuelt ginn, sinn och eng Ursaach. Mä et ass awer och virun allem d'Garantie d'emploi, déi mer am Secteur public hunn, a mat de steigenden Zuele vum Chômage gewënnt déi Garantie d'emploi, déi mer am Secteur public hunn, u Valeur.

D'Leit sinn natierlech gären ofgeséchert, a wann een natierlech eng Plaz kritt, op där een ofgeséchert ass, ass een natierlech frou, wann een déi ka kréien, an ech géing souguer mengen - wat zwar net de Fall ass -, wa souguer d'Gehälter e bësse méi niddreg wiere wéi am Secteur privé, géifen d'Leit éischter nach an de Secteur public goen, fir eben déi Garantie d'emploi ze hunn. Elo hu se eng Garantie d'emploi a si hunn op där anerer Säit och, wéi gesot, Gehälter, déi duerchaus comparabel mam Secteur privé sinn.

Deen Accord salarial huet eng aner weider positiv Beaflossung, an zwar vun eisem Rentenajustement. Mir wëssen, datt mer zënter 1989 en eenheetlechen Ajustement hunn, wou mer d'Gehälter aus dem privaten an dem öffentleche Secteur considéréieren, wat d'Evolutioun ubelaangt, fir den Ajustement vun de Pensiounen, dee fir de privaten an den öffentleche Secteur spillt, ze berechnen. A wann eben d'Masse salariale an d'Luucht geet, da wësse mer och, datt mer doduerch sämtlech Pensioune beim nächsten Ajustement an enger ähnlecher Héicht wäerte kënnen opbesseren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi puer Iwwerleeunge vun eiser Säit aus zu dësem Accord, wou ech och vun eiser Säit aus wëll d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. De leschte Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den honorabelen Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu grad héieren, an ech deelen dat och, datt eng moderat Erhéijung hei zréckbehale ginn ass, datt déi am Aklang ass mat der Croissance économique, datt se fir d'öffentlech Finanze finanziell tragbar ass, wéinstens esou wéi d'Situatioun de Moment ausgesäit, an et liest een och, datt aus dem private sozioekonomeschen Ëmfeld dës Kéier keng Reaktioune komm wären, déi negativ gewiescht wären. Et däerf ee sech d'Fro stellen: Ass alles okay?

